Grad wéi och d'Räichesteier, déi am Wahlprogramm vun der LSAP steet, net agefouert gëtt. Net onlogesch, well am Wahlprogramm vun der CSV steet, si dierft net agefouert ginn. Onlogesch ass et allerdéngs, dass d'Sozialistesch Partei déi zwou Haaptfuerderungen am steierleche Beräich einfach esou ofraumt, an zwar schonn innerhalb vu 24 Stonnen, well et ass jo méindes owes um sechs Auer scho gesot ginn, den 21. Oktober, d'Knackpunkte wieren alleguer eliminéiert ginn an deene Gespréicher, déi Der gefouert hutt.

Ech wosst net, dass d'LSAP bereet wier, zwou Mesures phares aus hirem Wahlprogramm esou séier op dem Altor vun enger vun hir absolut ugestrieftener Dräierkoalitioun ze afferen. Mä et ass gutt esou, dass notamment d'Demokratesch Partei sech duerchgesat huet mat hirer Weigerung, fir d'Finanzplaz an all hire Verästlunge gravement ze schiedegen duerch d'Neesaféierung vun der Verméigenssteier.

Dass Der sot, Dir wëllt d'Individualbesteierung maachen - eng schwieregst Entreprise! -, ass gutt. Et steet och am Wahlprogramm vun der CSV, woubäi mer eis de Schwieregkeete vun der Aféierung vun der Individualbesteierung duerchaus bewosst sinn. Ech hoffen, Dir och.

Dass Der bei der Tarifreform, déi soll kommen, dem Ofbau vum Mëttelstandsbockel gréisser Opmierksamkeet wëllt schenken, ass richteg. Dat steet och am Wahlprogramm vun der CSV. Mä dat hänkt selbstverständlech vun de budgetäre Méiglechkeeten of, déi de Stat huet.

Dass Der eng global Steierreform wëllt maachen a Kombinatioun mat enger Iwwerpréiwung vun de sozialen a vun aneren Transferten, ass richteg. Och dat steet am Wahlprogramm vun der CSV, grad wéi d'Reform vun der Grondsteier am Wahlprogramm vun der CSV steet, an dofir noutwendegerweis och am Koalitiounsaccord.

An eng Reform vun de Gemengefinanzen och, woubäi et mer schonn drop ukënnt, drop opmierksam ze maachen, dass déi Reform vun de Gemengefinanzen, un där sech scho vill Regierungen d'Zänn ausgebass hunn, och esou muss gemaach ginn, dass méi Akommesgerechtegkeet ënnert de Gemengen entsteet. Net alles fir een oder zwee, mä méi fir déi, déi näischt oder bal näischt hunn oder déi net genuch hunn. Dir wäert doriwwer interessant Gespréicher ënnereneen a mat verschiddene Schäfferéit vu verschiddene gréissere Gemengen hei am Land evidenterweis kréien.

Une voix.- Très bien!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- D'Grondsteier: Hat ech gesot, dass mer déi wollte reforméieren? Oder hat ech dat nach net gesot? Well ech verwiesselen hei dauernd de Wahlprogramm vun der CSV an de Regierungsprogramm mateneen, dofir weess ech ni, wat ech schonn erwähnt hunn. Dat steet jiddefalls dran.

Dass Der d'Betribssteieren net wëllt héijen, fannen ech richteg. Ech hätt just gäre gehat, dass Der där Iddi, déi d'CSV an hirem Wahlprogramm énoncéiert huet an déi an engem gesplécktene Kierperschaftssteiersaz besteet, ze splécken tëschent deene Betriber, déi vill Ofschreiwunge maachen, an deene Betriber, déi keng Ofschreiwunge wëlle maachen, also ee Kierperschaftssteiersaz a Relatioun mat der Bemiessungsgrondlag, ech hätt net ongär gesinn, wann Der där Iddi nogaange wiert - an den Här Schneider hat sech och eng Kéier während de Wahldebatten, déi mer haten, där viller, opgewise fir déi Iddi -, well ech effektiv der Meenung sinn, dat kéint nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg brëngen.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Et kann een net grad alles vun Iech iwwerhuelen.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Jo, ech si jo berouegt, dass Der esou villes iwwerhuelt. Mä do, wou et komplizéiert gëtt, do sidd Der net amstand et ze iwwerhuelen, well dat ass eng komplizéiert Saach. Mä loosst et just eng Kéier - den Här Finanzminister ass leider net hei - iwwerpréiwen, well ech wier drun interesséiert ze gesinn, wéi dat sech kéint auswierken!

Da proposéiert Der - an dat hunn ech net verstanen - näischt, wat a Richtung méi staark Besteierung vum Kapital weist. Näischt. Dat war eng Fuerderung vun de Gréngen, dat war eng Fuerderung vun de Sozialisten. Näischt steet am Regierungsprogramm iwwer eng méi staark Besteierung vum Kapital.

Do komme mer nach eng Kéier drop zréck. Well do wier munches ze maachen, fir dass een eng méi équilibréiert Situatioun krit tëschent der Besteierung vun deene Leit, déi schaffe ginn, an der Besteierung vun de Betriber, a besonnesch vun de Betriber, déi an der Finanzindustrie ënnerwee sinn. Do ass munches dran.

Ech verstinn net, firwat dass d'Vertrieder vun der Weltrevolutioun et net fäerdegbruecht hunn, déi Evidenz, déi an hirem Wahlprogramm steet, och an de Koalitiounsprogramm ze kréien.

An da proposéiert Der - an ech hunn dat net verstanen - ee Gesetz iwwert d'Intérêts notionnels. Ech weess net, wéi een d'Intérêts notionnels op Lëtzebuergesch nennt, an ech weess och net, wéi ee se op Däitsch nennt, mä ech weess awer, wat et ass. Dat ass ee massive Kapp, zumindest ee massiivt Entgéintkommen inlännesche grousse Betriber an auslännesche grousse Betriber géintiwwer.

D'Belsch huet dat gemaach. D'Belsch steet am Feier vun enger permanenter Kritik vun deenen anere Regierungen an Europa wéinst dem System vun den Intérêts notionnels. De belsche Stat hat eleng doduerch, ouni dass eng Aarbechtsplaz geschaf ginn ass, ouni dass de belsche Stat dovu profitéiert huet, ee Steierausfall vu 5,6 Milliarden Euro d'lescht Joer.

Iwwerleet Iech et ganz gutt, wéi wäit dass Der Är Kapitalfrëndlechkeet dreift, an iwwerpréift dat Instrument, ier Der et aféiert, well et riskéiert ouni Notze fir d'Land ee ganz deiert Instrument zum Schued vun den ëffentleche Finanzen hei zu Lëtzebuerg ze ginn! Maacht net alles dat, wat déi Iech an d'Ouer flüsteren, déi Iech beroden hunn, wéi Der dëse Koalitiounsaccord ofgeschloss hutt!

Une voix.- Très bien!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Frou sinn ech natierlech driwwer, dass een aneren Discours iwwert d'Finanztransaktiounssteier opkënnt. Woubäi ech hei selbstkritesch muss soen, dass ech an där Fro och op eenzel Flottementer a mengen diskursiven Excursiounen hiweise muss.

Mir waren ëmmer der Meenung, no heftegen Debatten och tëschent dem Finanzminister Frieden a mir, dass een dat soll an Europa aféieren. Ech war laang der Meenung, dat sollt ee just..., dat géif och an der Eurozon goen, bis ech de konkrete Projet vun der Kommissioun gesinn hunn. An do hunn ech mech distanzéiert zu mengem Courage, deen ech hat, well ech einfach d'Propositioun selwer als schiedlech fir eis Finanzplaz emfonnt hunn.

Elo sot Der, dat kéint nëmme gemaach ginn, wann dat weltwäit géif agefouert ginn. Dat ass wäit ewech vu villen Äusserungen, déi eis gréng Kolleegen an der Vergaangenheet gemaach hunn. Dat ass och wäit ewech vun deenen an der Sozialistescher Partei, déi mat erhuewener Fauscht heiansdo eng Ännerung vun der europäescher Finanz- a Konsolidéierungspolitik agefuerdert hunn. Ännerungswëllen, deen ech am Regierungsprogramm an an der Regierungserklärung net liesen.

Dobäi muss munches am Beräich vun der Sanéierung vun den ëffentleche Finanzen an Europa geännert ginn, well d'Dosis Austeritéit ze staark ass, oder d'Dosis Croissance net ausgeprägt genuch ass. Mä déi Efforte sinn, wéi mer wëssen, amgaang. An dat ass net, well déi Europapolitik do..., déi Europolitik eng konservativ wier. Ech liesen dat och am Wahlprogramm nach vun der LSAP, et ass jo déi konservativ Finanzpolitik an Europa. Do fillen ech mech jo ëmmer ugesprach, wann ee vu Finanzpolitiker schwätzt, mä awer net vu konservativen. Déi géifen alles op Austeritéit setzen.

Vun deene 17 Länner, déi an der Eurozon sinn, sinn zwielef Länner, wou d'Sozialiste matregéieren. Insofern verstinn ech, dass Der déi Politik net kënnt fundamental vun haut op muer änneren. Souwisou kéinte mer dat och net maachen, well zur Konsolidéierung vun de Statsfinanzen an alle Länner vun der Eurozon gëtt et keng valabel Alternativ.

Dat, wat Der iwwert d'Finanzplaz opschreift, ass gutt. Ganz gutt. Ech hu mech heiansdo gefrot, wou ass de Luc Frieden, déi lescht Woch. An elo weess ech, wou e war. Dir hat dee beschlagnahmt fir e puer Deeg!

(Hilarité)

Deen huet Iech dat hei..., deen huet eng genau Beschreiwung vu senger Politik hei opgeschriwwen. An ech si frou, dass en elo erëm do ass an dass e ka mat deem d'accord sinn, wat Dir opgeschriwwen hutt a wat genau där Politik entsprécht, déi hie gemaach huet, an allen Detailer.

An allen Detailer, wat d'Finanzplazpolitik ubelaangt, ass dat, wat de Luc Frieden gemaach huet, wat en ugefaangen huet a wat en ugeduecht huet, an der Regierungserklärung esou gutt formuléiert, wéi hien et besser net hätt kënne formuléieren, soudass et bei mengem Verdacht bleift, dass en eis ontrei ginn ass während e puer Deeg, fir Är Aarbecht do ze maachen.

Ech si frou doriwwer an ech wëll och deenen, déi derfir gesuergt hunn, dass a Saache Finanzplaz déi richteg Politik virugefouert gëtt, och an all hiren asiateschen a Golfstatenerweiderungen, dass déi virugefouert gëtt.

Wat mer gäre gewuer gi wieren, wier, wat dann dee Regierungsprogramm eigentlech kascht. Dir sot, et kann een net einfach esou virufuere wéi bis elo. Et war net Usus, dass Regierungen am Ufank vun hirer Aarbecht de Käschtepunkt vun hirem Koalitiouns- a Regierungsprogramm ausgerechent hunn. Mä well Der jo alles wëllt anescht maachen a besser maachen, wier et gutt gewiescht, wann Der eis eng approximativ Iddi ginn hätt iwwert de Coût vun deem Regierungsprogramm.

Well wann ech déi eenzel Detailer vun de Fachberäicher eraginn, muss ech soen, do lauere gréisser Ausgabebléck, déi um Uwuesse sinn oder déi nei ugesat solle ginn, op eis, soudass ech wierklech gäre gewosst hätt, wéi Der dann 1,5 Milliarde wëllt konsolidéieren a gläichzäiteg a ville Politikberäicher wiesentlech méi Geld wëllt an d'Hand huelen, fir déi Politik, déi Der wëllt maachen - zu Recht heiansdo wëllt maachen -, ze finanzéieren.

Och an der Wirtschaftspolitik an an der Politik Classes moyennes kann ech näischt Neies erkennen. Dir sot, an dat ass och richteg esou, dass d'Politik vun der Desindexéierung vun de staatleche Kontrakter misst virugefouert ginn. Mir hunn déi Politik ugefaang, notamment den Här Wiseler, déi muss virugefouert ginn. Et hätt och nach gefeelt, dass déi gestoppt géif ginn.

Da schwätzt Der dovun, dass een iwwer eng generaliséiert Desindexéierung vun der Lëtzebuerger Ekonomie muss nodenken an hiren Impakt op d'wirtschaftlecht Behuelen zu Lëtzebuerg muss iwwerpréiwen. Ech woe mer net virzestellen, wat geschitt wier, wann een CSV-Politiker an enger Regierungserklärung esou eppes gesot hätt. Ech weess net, wéi vill Leit dass dann an der Escher Kanalstrooss vum Stull opgespronge wieren an direkt an d'Stad gefuer komm wieren, fir eis et emol ze soen a fir emol ze iwwerpréiwen, ob mir se nach alleguer hätten. Ech halen dat trotzdeem fir eng noutwendeg Debatt.

Grad wéi ech et richteg fannen, dat steet och an eisem Wahlprogramm, dass een aus de Souveränitéitsnischen eriwwergeet a Kompetenznischen. An all deene Beräicher, déi Der opzielt - ICT, Biotechnologie, Gesondheetsberuffer, Ecotechnologie, Logistik -, ass dat noutwendeg. Et ass keng nei Erkenntnis vun där neier Regierung, déi d'ganz Politik wëllt erneieren. Dat ass d'Fortschreiwung vun enger Politik, déi et gëtt an déi och vum fréieren an aktuelle Wirtschaftsminister a vum fréiere Finanzminister, jiddwereen a sengem Beräich, konsequent duerchgefouert ginn ass.

Index: Quelle affaire! Quelle affaire!

Den Här Dan Kersch huet jo scho festgestallt an engem Interview, dass - woumat d'DP ouni all Zweifel averstanen ass - d'DP méi sozial wier wéi d'CSV. Den Här Kersch huet scho vill Kräid musse schlécken. Mä dass dat Kräidschlécken awer zum sofortegen Effekt hätt, dass en déi Welt, déi e virdru kannt huet, net méi erëmerkennt, weist, dass d'Kräidfriessen engem net nëmmen eng hell Stëmm mécht, mä dass et een och blann mécht, well soss hätt en esou eppes net kënne soen!

Well bei der Indexéierung, wat ass do geschitt? An ech si mat deem d'accord, mir sinn d'accord mat deem, wat an der Regierungserklärung iwwert den Index steet. Dat ass d'Weiderféierung vum Gesetz, esou wéi et ass. Am CSV-Wahlprogramm steet genau dat.

Aner Parteien hu gesot, d'Indexéierung vun de Léin a Gehälter, déi misst erëm integral retabléiert ginn am Gesetz, esou wéi se virdru war. Et steet a kengem Wahlprogramm, dass d'Compteuren op null géife gesat ginn am Joer 2015. An eisem Wahlprogramm steet dat och net esou. Mä wann ee seet, dass et nëmme maximal eng Indextranche pro Joer kéint ginn, an dass een dat bis un d'Enn vun der Legislaturperiod géif duerchzéie wëllen, dann heescht et dat. Jo, mir hunn et virun de Wahle gesot.

D'Demokratesch Partei hat proposéiert, eng Indextranche ze iwwersprangen, an déi Suen, déi een esou géif gewannen, aneren Zwecker, notamment aarbechtsmaartpoliteschen Zwecker zouzeféieren. Déi Iddi ass ofgeraumt ginn. D'LSAP hat gesot, den Index géif erëm integral retabléiert ginn, à moins dass d'wirtschaftlech Situatioun esou wier, dass dat net géif goen. An da misst et mindestens eng Indextranche pro Joer ginn.

Elo steet an der Regierungserklärung: „Bis un d'Enn vun dëser Legislaturperiod gëtt et maximal eng Indextranche." Et ass genau dat, wat am CSV-Wahlprogramm steet. Et ass genau dat, wat d'Léisung ass, déi mer an där leschter Regierung fonnt hunn. An dofir sinn ech zefridden domat, dass déi Politik, déi räsonabel war, géint déi d'Gewerkschaften net gestreikt hunn - déi éischt Indexmoduléierung, géint déi d'Gewerkschaften net gestreikt hunn, an déi mer an där leschter Regierung ausgeschafft hunn -, dass déi vun där neier Regierung virugefouert gëtt. Kontinuitéit och do.

Grad wéi de Statut vum Indépendant agefouert soll ginn: Dat steet am Wahlprogramm vun der CSV. Logescherweis fanne mer et am Koalitiounsaccord erëm.

Wat Der wëlles hutt mat den Öffnungszäite vun de Geschäfter, dat fënnt een net eraus, wann een Äre Programm liest. Dir sot, Dir géift mat de Sozialpartner schwätzen. D'Demokratesch Partei huet ëmmer gesot - ech hat eigentlech ëmmer vill Sympathie fir déi Positioun -, d'Regierung muss selwer soen, ier se an d'Tripartite oder op aner Plaze geet, wat hir Meenung ass, hiert Konzept virleeën an net ëmmer nëmmen op Verhandlunge verweisen an net selwer Positioun bezéien.

Sot eis nach am Laf vun dëser Debatt e bësse méi genau, wéi Der dat wëllt maache mat dem Kierze vun den Dépensen, wéi Der dat mat der selektiver, méi selektiver Gestaltung vun de Sozialtransferte wëllt maachen, wéi Der dat mat den Öffnungszäite vun de Geschäfter wëllt maachen, wéi Der dat mat den Intérêts notionnels, ass eng wichteg Fro fir d'Budgetspolitik hei am Land, genau wëllt ugoen!

An da kommen ech op een anert Kapitel, wat vu primordialer Bedeitung ass, dat ass d'Aarbechtsmaartpolitik an d'Politik am Beräich vum Aarbechtsministère. Och hei muss ech soen, léif Kolleegen, mam beschte Wëllen, wou do de grousse Renouveau elo soll stiechen, wou deen neie Start duerchstarte soll, stattfannen, kann ech beim beschte Wëllen net erkennen. Jiddefalls net, wann ech et mat deem vergläichen, wat déi lescht Regierung gemaach huet - de Minister ass jo deeselwechte bliwwen -, oder mat deem vergläichen, wat mir bei der Wahlexplikatioun de Lëtzebuerger proposéiert hunn.

Dass d'Reform vun der ADEM muss virugefouert ginn, ass richteg. De Minister huet do eng wichteg Reform virgeluecht. Dir sot elo, déi wier net wäit genuch gaang. Déi ass och net wäit genuch gaang. Ech mengen och, dass déi décemment dee Moment net konnt méi wäit goen, well et war esou villes ze maachen, dass een och net ze vill um Seel huet kënnen zéien. Mir ënnerstëtze jiddefalls den Aarbechtsminister bei senge Beméiungen, déi ADEM an deem Sënn ze moderniséieren, wéi en dat virschléit. An do si vill Virschléi derbäi, déi Der och am Wahlprogramm vun der CSV zur beschter Inspiratioun lech kënnt uliesen.

Dass d'Zoumuttbarkeetsregel iwwerpréift gëtt, ass richteg - steet och dofir am Wahlprogramm vun der CSV -, et muss gemaach ginn. Dass d'Aide au réemploi muss iwwerpréift ginn, wéinst den Abusen, déi do draleien - de Minister huet dat jorelaang gesot, dass déi muss reforméiert ginn -, ass richteg. Et steet am Wahlprogramm vun der CSV. Et hätt eigentlech scho kënne gemaach ginn, mä ech verstinn d'Schwieregkeeten, déi sech ronderëm déi Fro entwéckelt haten.

Dass eng Garantie fir déi Jonk kënnt, déi innerhalb vu véier Méint mussen eng Beschäftegung, e Stage oder eng Aarbecht oder eng Weiderbildung kréien, ass richteg, ass keng Erfindung vun der neier Regierung, war och keng vun der aler Regierung, mä ass eng Transcriptioun an d'Innenpolitik vun Décisioune vum Conseil européen, déi hirersäits zréckgegraff hunn op Décisioune vum Beschäftegungssommet vun der Europäescher Unioun vum 23. November 1997.

Insofern ass dat och net grad, dréit dat och net grad de Stempel vun der Totalerneierung vun der Bekämpfung, vun der Bekämpfungsmethod géint d'Jugendaarbechtslosegkeet. Mä mir ënnerstëtzen awer den Aarbechtsminister bei sengem Beméien, fir dat dote bis an d'Joer 2014 eran op d'Pist ze kréien. D'Maison de l'Orientation maacht Der, wollte mir och maachen, steet am Wahlprogramm.

Dann hätt ech e puer Froen. Ech hu jo nach ëmmer…

M. le Président.- Dir sidd an der Zäit.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ech ka leider déi ganz Regierungserklärung, dee ganze Koalitiounsaccord hei net duerchliichten, well Dir gesitt schonn, wéi vill Zäit dass ee brauch, wann een nëmmen op dat ageet, wat an de Mëttelpunkt vum Statsminister sengen Erklärungen an zum Substanzdeel vum Koalitiounsprogramm gehéiert.

Mä ech hätt e puer Froen awer. Dir sot, Dir géift eng Analys maache vum Mindestloun, vun den Aarbechtslosenentschiedegungen a vum RMG. Eng Analys. Ech wëll emol froen: Mat wat fir engem Zil maacht Der dann eng Analys iwwert dee Mindestloun an iwwert d'Chômage-Entschiedegung? Firwat maacht Der déi Analys? Wat wëllt Der eigentlech do maachen a Saache Mindestloun an a Saache Chômage-Entschiedegung?

Dir schreift, Dir misst kucken, wéi RMG a Mindestloun mateneen ootmen, fir déi Elementer eventuell kënnen ze eliminéieren aus der Landschaft, wou den RMG den Zougank zur Aarbecht géif net attraktiv erschénge loossen. Dat hate mer schonn am leschten État de la nation gesot am Numm vun der fréierer Regierung. Ech weess nach ganz genau, wat fir Reaktiounen ech vun eenzelne sozialistesche Parteigänger kritt hunn, a wéi déi gréisste Gewerkschaft hei am Land dorop reagéiert huet, déi jo proposéiert hat, et dierft een d'CSV net stëmmen.

Mat der CSV wier esou ee Saz net an ee Koalitiounsaccord an an eng Regierungserklärung komm. Denkt driwwer no, wat Der do maacht! A préift dat am Liicht vun deem, wat Der sidd a wat Der eigentlech wëllt bleiwen! Ech schwätze vun de Sozialisten an der Regierung. Et kann een och de Koalitiounswëlle ganz wäit dreiwen, wann een onbedéngt wëllt, obschonn ee manner wéi 20% bei de Wahle kritt huet, an der Regierung bleiwen. Mä dass Der op deem Punkt ufänkt, Analysen ze maachen, ouni ze soen, firwat dass Der déi Analyse maacht, dat ass trotzdeem eppes, wat mech negativ extreemst impressionnéiert huet.

Grad wéi Der de Plan d'organisation du travail wëllt iwwerpréiwen - do ass munches ze iwwerpréiwen, wéi mer wëssen -, ouni ze soen, a wat fir eng Richtung dass Der wëllt goen. Grad wéi Der d'Referenzperiode wëllt iwwerpréiwen; do ass manner ze iwwerpréiwen, obschonn do och Diskussiounsbedarf besteet.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Imprimeries
Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Mä mir hätte gäre gewosst vun der Regierung, wann Der a Consultatioun mat de Sozialpartner gitt, an eingedenk vun der kluger pädagogescher Recommandatioun vun der DP, dass d'Regierung ëmmer muss soen, wat se gären hätt, ier se a Gespréicher mat de Sozialpartner geet, hätte mer gären, dass Der am Laf vun dëser Debatt eis méi Opklärung gitt iwwert dat, wat Der mat deene Punkten do genau mengt.

Grad wéi ech net verstinn, dass een einfach esou, als Sozialistesch Partei, an eng Regierungserklärung schreift, dass déi zäitbefristen Aarbechtsverträg, Contrats à durée déterminée, innerhalb vun zwee Joer mussen, ech drécke mech a menger Sprooch aus, méi flexibel gestalt ginn. Dass et do Eenzelnes gëtt, wat ee kann iwwerpréiwen, okay, mä sot eis, wat Der do ganz genau wëllt! Déi Leit, déi hei am Land schaffen, déi wéisste gären, wat op se zoukënnt.

Et ass richteg, wann den Här Statsminister a senger Erklärung seet, d'Entreprisen, déi wirtschaftlech Acteuren, auslännesch Investisseure misste wëssen, wat op si zoukënnt. Mä déi Leit, déi schaffe ginn hei am Land, déi mussen och wëssen, wat op se zoukënnt. An dofir hätte mer gären, dass Der an dëser Debatt kloer an däitlech sot, wat Är Absichten an deene Beräicher sinn.

Logement ass eng grouss Fro. Och do fannen ech net extrem vill Neies, mä eigentlech d'Weiderféierung vun där Politik, déi amgaang ass an déi streckeweis jo och ganz gutt ass, besonnesch an deem Deel, deen elo eréischt zur Gesetzeskraaft verhollef soll kréien.

Ech hunn net verstanen, wéi dat elo mat där Klimabank do geet. Well den Här Bettel, den Här Statsminister huet a senger Ried gëschter gesot: „D'Klimabank kënnt." Am Koalitiounsaccord steet: „Et kënnt een Typ vu Klimabank." Wat kënnt dann elo? D'Bank oder een Typ vu Bank? Sot eis emol genau, wat ech ënnert deem Ënnerscheed muss verstoen, dass den Här Statsminister seet: „D'Klimabank kënnt" an dass am Koalitiounsaccord steet: „Et kënnt een Typ vu Klimabank"!

De Marco Schank huet a sengem Projet de loi proposéiert, ee Prêt à taux zéro mat staatlecher Garantie virzegesinn a mat engem bestëmmten Ëmgank mat den Zënsen. Dat ass besser, menge mir, wéi een Typ vu Klimabank. À moins, dass Klimabank eppes anescht ers wier wéi een Typ vu Klimabank. An da musst Der eis dat erklären.

Ech stelle fest, dass et zu kenger Erweiderung vum Bauperimeter kënnt. Dat war och eng vun de grousse Fuerderunge vun der Sozialistescher Aarbechterpartei a vun hirem Spëtzekandidat an dem Wahlprogramm an an dem Wahlkampf. Déi Iddi ass net zréckbehale ginn.

(Interruption)

D'Erweiderung vum Bauperimeter. Jo, Dir gitt net esou gären drun erënnert, mä dat ass eppes, wat Dir proposéiert hat virun e puer...

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Här Juncker, do kënnt esou munches.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ah sou. Elo wollt ech schonn déi gréng luewen, dass se wéinstens op deem Punkt standhaft bliwwe sinn. Mä wann Der elo sot: „Do kënnt esou munches", dann deiten ech dat emol als Äre Wëllen, der grénger Fraktioun nach eng Informatioun ze ginn, déi Der bis elo nach keng Geleeënheet hat hinnen ze ginn.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dir kritt eis net auserneen, Här Juncker.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Neen, et ass schwéier, lech auserneen ze kréien, well Dir sidd nach net richteg beieneen!

Une voix.- Jo, jo.

(Hilarité)

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ech wëll just soen, ech si frou, dass déi Erweiderung vum Bauperimeter net kënnt. Grad wéi ech och frou sinn iwwert déi Usätz, déi am Beräich vum Innenministère beschriwwe gi sinn, Här Statsminister, an Ärer Erklärung, an Dir Dammen an Dir Hären, an Ärem Koalitiounsaccord. Dat ass Copy paste dat, wat am leschten État de la nation, am Numm vun der leschter Regierung, a Saachen Tutelle opgeschriwwe ginn ass. An dass den Innenminister net méi d'Opportunitéit, mä nach just sollt d'Legalitéit kontrolléieren, halen ech fir richteg, ass awer genau dat, wat an eisem Wahlprogramm steet a wat och an der Erklärung zur Lag vum leschte Joer stoung.

De Beräich Santé, och wichteg, ass besonnesch interessant ze liesen, et ass dat gréisst Kapitel aus Ärem Koalitiounsaccord. An d'Halschent vun deem, wat Der opschreift, ass d'Beschreiwung vun der Politik, esou wéi se ass, an déi aner Halschent ass d'Beschreiwung vun der Politik, esou wéi déi al Politik soll virugefouert ginn. Ech hunn d'Handschréft vum Här Di Bartolomeo - Här President, wann ech lech däerf zitéieren -...

M. le Président.- Jo.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- ...däitlech gesinn. Deen huet...

M. le Président.- An deem dote Beräich selbstverständlech.

(Hilarité)

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Virun deenen anere maachen ech Halt. Den Här Di Bartolomeo huet lech säin Testament do opgeschriwwen. An do si vill richteg Saachen a vill gutt Saachen derbäi. A mir begleeden déi Politik positiv, préiwe se awer am Detail, notamment wat d'Finanzéierung vun de Spideeler ubelaangt, wou ech mengen, dass Der ofréckt vun der Budgétiséierung, esou wéi mer se bis haut kennen a wou Der eng aktebezunne Finanzéierung wëllt maachen. Dat ass dat Wichtegst, wat am Kapitel Santé steet. Vu dass dat och am CSV-Wahlprogramm steet, wonnert et mech net, dass et Agank fonnt huet an de Koalitiounsaccord.

Esou wéi et mech och net wonnert, dass um Pensiounsgesetz näischt soll direkt geännert ginn. Et si Parteien an d'Regierung komm - ech schwätzen net vun der Sozialistescher Partei -, déi hunn déi Pensiounsreform beschriwwen als eng, déi bäi Wäitem net wäit genuch geet an déi déi mëttelfristeg Finanzéierung an d'Ofsécherung vun der Finanzéierung vun der Sécurité sociale net sécherstellt. Do gëtt näischt geännert, do bleift et bei deem Gesetz wéi et war, à moins dass d'Situatioun sech esou eintrübt, dass een déi Mechanisme vun deem neie Gesetz notzt, fir de System ofzebremsen.

Ech hu just eng Fro, ech wëll dat net verdéiwen, ech wéisst gären, wéi et no 2015 virugeet mam Rentenajustement. Kënnt Der eis dat vläicht erklären? Déi Diskussioun hate mer och schonn an der Finanzkommissioun. Ech wëll dat hei net verdéiwen, mä mir wéissten et just gär.

Éducatioun, extrem wichteg. D'Zäit leeft mer fort. Dass mer eng Alphabetiséierung op Franséisch wëlle maachen, halen ech fir richteg. Och an der Form, wéi den Här Statsminister se hei erkläert huet. Ech hale se och dofir fir richteg, well dat och am Wahlprogramm vun der CSV däitlech ugeduecht ass a beschriwwe gëtt, dass eng Alphabetiséierung op Franséisch muss kommen.

Dass kee Schouldirekter kënnt, ass erstaunlech! Zwou Parteien haten dat proposéiert, déi gréng an d'DP. D'Sozialistesch Partei ass do dergéint, mierkt awer selwer, dass de System, wéi en haut ass, net ganz gutt ass, dofir soll elo déi Präsidialstruktur an de Grondschoulen erweidert ginn. Et wier méi einfach gewiescht, well och all international Avisen a Recommandatiounen an déi Richtung ginn, fir e Schouldirekter anzeféieren. Well eng Schoul, och eng Primärschoul, brauch een Direkter an eng kloer Direktiounsstruktur. Dat hutt Der verpasst, an Äre Koalitiounsaccord ze schreiwen.

Grad wéi een och am Koalitiounsaccord net däitlech kann erkennen, wat dann d'Zukunft vun dem Enseignement vum Englesche soll sinn an deenen nächste Joren. Ech halen et fir noutwendeg, dass een den Englesch-Enseignement an eisem Secondaire verstäerkt. Ech gesinn Är Absichten net ganz kloer. Dir kënnt eis dat vläicht am Laf vun der Debatt soen.

Grad wéi mer och gäre wéissten, wat dann elo soll am Beräich vun der Reform vum Secondaire geschéien. Den CSV-Wahlprogramm ass einfach, limpide, propper. Do steet dran: „Déi Reform, déi vun enger sozialistescher Éducatiounsministerin abruecht ginn ass, déi stëmme mer esou, wéi se abruecht ginn ass." Elo steet am Koalitiounsaccord, nodeems de Versuch jo gestart gi war, déi Reform ganz zréckzezéien - hunn ech gelies, war dat esou? -, elo steet dran: „Déi Reform, déi d'Madame Delvaux virgeschloen huet, wier d'Basis vun enger Reform."

Déi Reform also, déi d'Sozialiste wéi eng Monstranz während der Wahlcampagne viru sech gedroen hunn, fir ze soen: „Do gesitt Der emol, wat d'sozialistesch Ministere kënne fäerdegbréngen a wat d'Sozialisten an der Regierung kënne bewierken", déi Reform gëtt elo zu enger Basis deklasséiert, fir eng aner Reform ze maachen. Dir sollt lech schummen, déi Ministeren, déi net méi derbäi sinn, esou am Ree stoen ze loossen an domat ze annulléieren, wat Der am Wahlkampf gesot hutt! Mir sti jiddefalls zu där Reform, esou wéi déi lescht Regierung se abruecht huet.

Iwwer Aussepolitik ass näischt ze soen. Dat heescht, et wier villes ze soen, mä dat, wat do vum Här Statsminister gesot ginn ass a wat am Koalitiounsaccord steet, dat fënnt eis honnertprozenteg Zoustëmmung, bis op kleng Nuancen, op déi ech hei net wëll agoen.

Ausserdeem wëll ech soen, als een, deen net iwwert d'Persoune wëllt schwätzen, déi an der Regierung sinn - well ech einfach am Ufank, wou eng nei Regierung do ass, dat de très mauvais goût géif fannen -, wëll ech soen, dass ech frou sinn, dass den Här Asselborn Ausseminister bleift. Well hien huet dat gutt gemaach an dat ass fir eis d'Garantie, dass staark europapolitesch Convictiounen an der Regierung och Gehéier fannen an hoffentlech à tout moment, och wann et kritesch gëtt, duerchgesat ginn. Dofir si mer frou, dass den Här Asselborn - dee jo och extrem gutt gewielt ginn ass, als Véiertbeschten am Land, zéng Plaze virum Spëtzekandidat vu senger eegener Partei -, dass deen an der Regierung bleift an dee Ressort weiderhi bekleet.

Et muss ee sech also froen, wéi et zu dëser Koalitioun eigentlech konnt kommen. Wéi hutt Der dat fäerdegbruecht? Ech soen lech, wéi Der dat fäerdegbruecht hutt. Mä Dir wësst et selwer. Déi Parteien, déi d'Regierung bilden, hunn, fir kënnen déi Koalitioun zu dräi ze maachen, op hir Haaptfuerderungen aus dem Wahlkampf verzicht!

D'LSAP verzicht op d'Verméigenssteier, verzicht op d'Räichesteier, verzicht op d'Erweiderung vum Bauperimeter, verzicht op eng méi staark Kapitalbesteierung a verzicht op hir Fuerderung aus hirem Wahlprogramm an aus hire Rieden, déi doranner bestanen huet, fir sech enger Flexibiliséierung vum Aarbechtsrecht an de Wee ze stellen.

D'Demokratesch Partei verzicht op de Schouldirekter, verzicht op hir Iddi, wéi ee mat dem Index soll an deenen nächste Joren ëmgoen, a verzicht op hir Fuerderung, dass een den Accord salarial mat der Fonction publique misst stoppen.

D'Demokratesch Partei huet am Wahlkampf gesot, et wier schlëmm, dass een d'Reform vun der Fonction publique, d'Strukturreform vun der Fonction publique, déi et a sech huet, géif kombinéiere mam Accord salarial. Elo steet am Koalitiounsaccord, den Accord salarial an d'Strukturreform komme mateneen an net vunenee getrennt. Op déi Fuerderung huet d'Demokratesch Partei verzicht.

An déi gréng hunn op villes verzicht, wat hinnen eng atmosphäresch partikulär Dimensioun hei zu Lëtzebuerg ginn huet. Ech hunn elo éinescht e puer Beispiller genannt.

Wann een natierlech op déi Haaptfuerderunge verzicht, déi een huet, jo, dann ass et séier gemaach, fir en Accord ze fannen. Mä dass Der esou séier bereet waart, op Är Haaptfuerderungen ze verzichten, dat ass dach eppes, wat mech iwwerrascht huet.

Elo kënnt dës Koalitioun zustanen net opgrond vun engem Wahlresultat, well dat Wahlresultat war eendeiteg! Se kënnt zustanen net duerch de Wieler, mä duerch de Wëlle vun den handelnde Persounen, déi déi nei Koalitioun ausmaachen. D'CSV huet zwar Stëmme verluer, huet awer d'Wahlen net verluer! Wann ee 34% Zoustëmmung vun de Wieler fënnt, da muss ee laang Aufsätz schreiwen…

(Interruption)

Gelift?

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Dann huet ee 66% net.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- A wann ech den Här Schneider wier, dee wollt Statsminister ginn, an ech wëll als Spëtzekandidat vun der LSAP aus der LSAP déi stäerkste Partei zu Lëtzebuerg maachen, deen net wollt Juniorpartner vun enger méi staarker Partei ginn, an deen elo, obschonn nëmmen als 14. gewielt, wat d'Zuel vun deene Stëmmen ubelaangt, déi en iwwerhaapt a sengem Bezierk sollt kréien, als Vizepremier, als Juniorpartner vun der drëttstäerkster Partei an d'Regierung antrëtt, da géif ech mech bremsen, fir aner Leit ze ënnerbriechen, wann déi iwwert d'Wahlresultater schwätzen!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha général)

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- D'LSAP ass déi stäerksten, déi an der Regierung ass.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Jiddefalls huet d'LSAP dat schlechtst Resultat zënter dem Zweete Weltkrich.

(Interruption)

Nach ni, nach ni war d'LSAP ënner 20%. Dir hutt 19%. 81% vun de Leit, fir Äert Beispill ze huelen, hu géint d'LSAP gestëmmt. Obschonn Der dat schlechtste Resultat hutt, obschonn Äre Spëtzekandidat ofgeschloen agelaf ass deen Dag, wéi d'Chamber gewielt ginn ass, gitt Der awer an d'Regierung! Fréier ass et vill Sozialiste ginn, déi wieren net mat manner wéi der Zoustëmmung vun engem Fënneftel vun de Wieler an enger Koalitioun bliwwen!

A well Der mat manner wéi 20% - dat schlechtste Resultat zënter dem Zweete Weltkrich - onbedéngt wollt an der Regierung bleiwen, obschonn Äre Spëtzekandidat ofgestrooft ginn ass an obschonn Är Partei ënner 20% ofgesenkt ginn ass, hutt Der natierlech missen där drëttstäerkster Partei hei am Land de Poste vum Premier ubidden, fir iwwerhaapt kënnen an der Regierung ze bleiwen, well…

(Interruption)

Ma, ech…

M. le Président.- Also, ech géif nach eng Kéier drun erënneren, dass mer an der Chamber sinn an dass mer net op Parteikongresser sinn. Villmools Merci.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ass et esou, dass bei lech op de Parteikongresser ëmmer een ënnerbrach gëtt? Bei eis ass dat…

(Hilarité)

Bei eis ass dat net esou.

M. le Président.- An dofir géif ech och jiddweree bieden, de Riedner ausschwätzen ze loossen,…

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ja!

M. le Président.- …well jiddwereen Zäit genuch huet, fir selwer un de Mikro ze kommen. Villmools Merci.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ech wosst jo, Här President, dass Der ganz gutt wäert, soss hätte mer Iech jo net gestëmmt.

(Hilarité)

D'CSV ass mat Ofstand déi stäerkste Partei. Wann een an 99 vun 106 Gemengen als éischt Partei gewielt gëtt, wann een an deene véier Wahlbezierker déi stäerkste Partei ass, dann ass een net de Verléirer vun de Wahlen. Wann een eng Kéier sonndes 2:0 géint deen anere gewënnt an deen anere Sonndeg 2:1 géint deen anere gewënnt, dann huet een ëmmer nach gewonnen! Och wann een ee Goal méi kasséiert huet oder och wann een der net esou vill geschoss huet wéi dee Sonndeg virdrun!

Mir sinn - ech liesen dat heiansdo - schlecht Verléirer, gëtt gesot. Mir sinn iwwerhaapt keng schlecht Verléirer, well mir sinn iwwerhaapt keng Verléirer. Well, wéi kënne mer schlecht Verléirer si mat 34% Zoustëmmung vun de Lëtzebuerger?

Den Här Schneider, dee wollt Premier ginn a wollt seng Partei zur stäerkster Partei maachen. Den Här Schneider wollt Premier ginn an den Här Bettel wollt et net ginn! A wéi ass et haut? Den Här Schneider wollt et, mä e konnt net. An den Här Bettel wollt net, mä en huet musse kënnen, well d'LSAP wollt, dass e kéint kënnen! An dofir ass dës Koalitioun esou zustane komm, wéi mer se haut hei gesinn.

Dir hutt eng Majoritéit vun 32 Sëtz, insofern brauche mer guer net iwwert d'Legitimitéit vun dëser Koalitioun ze diskutéieren. Mä Dir hutt nëmmen 48 an eppes, 48,5% Zoustëmmung vun de Wieler. Et ass fir d'éischt, dass eng Regierung op manner wéi 50% Zoustëmmung bei de Wieler kann zielen! 1974 - et gëtt jo ëmmer mat ´74 verglach -, do hat d'Oppositioun 48,5% a si war dofir an der Oppositioun. Dës Kéier huet d'Majoritéit 48% an ass trotzdeem, ënner Form vun engem Dräierbündnis, an der Regierung!

Dat doten hunn d'Leit net gewielt. An déi Kolleege vun der liberaler Partei wësse ganz genau, dass vill Wieler, déi d'DP gestäerkt hunn, eng aner Regierung wollten. Mä si wollten - déi, déi d'DP gestëmmt hunn - an hirer Majoritéit net déi Koalitioun, déi se elo kritt hunn. D'Wahlresultat war eendeiteg an eng aner Richtung ze interpretéieren, esou wéi et fréier och ëmmer interpretéiert ginn ass!

Hei ass et richteg, wat Der sot: „Mir kënnen net esou weidermaache wéi bis elo." Dir maacht et aneschters, well Der eng Regierung bilt, obschonn Der manner wéi d'Zoustëmmung vu 50% vun de Wieler hutt.

Dir, Här Bettel, hutt gesot - ech hunn déi Formel gutt fonnt -, Äre Patron wier de Wieler. Dir féiert Iech op wéi de Patron vun de Wieler. Dat ass d'Realitéit! Well Dir maacht mat hirem Votum eppes ganz aneschters wéi dat, wat d'Leit mat hirem Votum wollte bewierken!

Ech wëll hei mech net mat der Struktur vun der Regierung beschäftegen. Ech weess, dass dat ee komplizéiert Geschäft ass, besonnesch wann een zu dräi wëllt onbedéngt sinn. Ech wëll just, nodeem ech gesot hunn, den Här Asselborn, dee wier okay, soen, dass ech déi Kritiken, déi um neie Finanzminister geäussert ginn, net deelen. Net deelen! Ech fannen et net korrekt, wann ee vu baussen, wéi gesot gëtt, an d'Regierung kënnt, dass dee vu vireran duergestallt gëtt wéi een, dee sech op der falscher Plaz an der Stad verlaf hätt.

Ech kennen den Här Gramegna zënter laange Joren. „Hien ass kee Finanzspezialist", gëtt gesot.

Wien ass dann als Finanzspezialist jeemools eng Kéier op d'Welt komm? Ech war och ni ee Finanzspezialist. Eenzelner si souguer der Meenung, ech wär haut nach keen.

(Hilarité)

Ech si President vum Eurogroup ginn, ech sinn net als Währungsspezialist op d'Welt komm. Ech hunn dat geléiert. Alles léisst sech léieren. An en intelligente Mann wéi den Här Gramegna wäert dat och léieren. An e wäert och léieren, en huet et och scho geléiert, dass et zu Bréissel net esou lëschteg zougeet wéi zu Lëtzebuerg. An e wäert séier léieren, dass déi einfach Iddien, déi d'Chambre de Commerce zum Budgetsprojet 2003 proposéiert huet, wierklech ze einfach sinn, fir kënnen a Regierungspolitik transforméiert ze ginn.

Mä dat ass kee perséinleche Virworf un d'Adress vum Här Gramegna, mä en zaarten Hiweis op d'Liichtfankegkeet vun eenzelne Patronatsorganisatiounen, wa se iwwert d'Budgetssituatioun vum Stat schwätzen.

Ech sinn iwwerzeegt, dass den Här Gramegna seng Saach wäert gutt maachen. A wou mer kënnen hëllefen, wäerte mer dat selbstverständlech och maachen.

Mir diskutéieren hei net d'Fro, firwat dass mer elo op eemol 18 Regierungsmembere brauchen. Wësst Der, déi Geschichten, déi Der do erzielt mat Administrateur-généralen an dëst an dat, dat ass jo alles net zilführend.

D'Leit hu sech hir eege Meenung driwwer gemaach, dass mer vu 15 op 18 Regierungsmembere ginn. déi gréng komme besonnesch gutt ewech: sechs Deputéierten, véier Leit an der Regierung! Wann d'CSV an där leschter Regierung behandelt gi wär wéi déi gréng an dëser Regierung, dann hätte mer bei 26 Deputéierte 17 Ministere musse kréien!

(Hilarité)

A wann, a wa mer dann och nach… Wa mer nach…

Mir wiere mat 17 Ministere manner gehäit gewiescht, wéi Dir mat 18 wäert ginn! Dat kann ech Iech awer elo scho soen.

(Brouhaha)

Mä onofhängeg dovun, d'Leit maache sech hir eege Meenung. Dir sidd net d'Regierung vun der Erneierung, Dir sidd d'Regierung vun der Erweiderung! Dat ass wat hei passéiert bei dëser Regierungsbildung. An…

Une voix.- Wow!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Dat kann eis awer net dovun ofhalen, e puer Remarquen zur Regierungsstruktur ze maachen.

Bis elo war et esou, an domat si mer net schlecht gefuer, dass de Statsminister ëmmer sech och ëm d'Finanzpolitik bekëmmert huet. Och an Zäiten, wou d'Finanzpolitik ustrengend war. Och an Zäiten, wou dat ee ganz staark an Usproch geholl huet. Dat mécht eng grouss Differenz, wann een am internationale Beräich, notamment bei den europäesche Finanzministeren, mä net nëmmen do, als Premier a Verhandlunge geet, déi vun deenen anere Länner vun de Finanzministere gefouert ginn.

Vu dass d'Budgetskonsolidéierung eng essenziell Saach ass, an dat huet den Här Statsminister richteg an zu Recht beschriwwen, hätt ech mer erwaart, dass en een Deel Verantwortung am Finanzministère géif iwwerhuelen, anstatt den Här Gramegna mat deenen dräi Dimensioune vun deem Finanzministère ze beschäftegen, wat enorm vill Aarbecht ass a vill Ustrengung kascht.

Mä wa schonn de Premier net bereet ass, Responsabilitéit an dem Substanz- a Kärstéck vun der Politik mat ze iwwerhuelen, dann hätt ech mer erwaart, dass zumindest de Vizepremier awer géif sech mat Gewalt op de Finanzministère stierzen, statt op d'Arméi an d'Polizei.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Dat ass déi éischt Etapp.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Also, Här President, kënnt Der den Här Schneider bieden, mech méi oft ze ënnerbriechen, well et gëtt ee ganz vill gewuer, wann hien een hei ënnerbrécht!

(Hilarité)

Neen, et ass… Ech sinn em ganz dankbar. Dat hei ass jo eng richteg Debatt. Wat gi mer dann nach…, wat ass dann déi nächst Etapp?

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Dat wäert Der gesinn! Dat wäert Der gesinn.

(Brouhaha général)

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Also, wann ech kucken, wéi vill dass Der bei der éischter Etapp agelaf sidd, da wäert Dir Iech emol nach wonneren, wéi vill dass Der bei där nächster Etapp alafe wäert.

Mä Dir hätt missen de Finanzressort iwwerhuelen. Idealerweis - alles gëtt aneschters an et geet net weider wéi bis elo - hätt ee missen ee Mann mat der Wirtschaft a mat de Finanze beoptragen.

Elo hunn ech verlauschtert, ech mengen, Dir hutt et selwer gesot, Dir wiert och am Gespréich gewiescht fir Finanzminister, eng Kéier wier d'Versioun…, et wier esou hin- an hiergaangen. Ech kennen dat mat Iech, eng Kéier wäert Der Finanzminister gewiescht an duerno erëm net méi gewiescht.

Kënnt Der eis emol erklären, firwat dass Der et finalement net gi sidd?

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Neen.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Gelift?

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Neen, kann ech net.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ech verstinn Iech net.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Ech wäert Iech dat net erklären, well dat intern Diskussioune ware vun de Koalitiounspartner, déi zu engem Resultat fonnt hunn, wou Dir jo elo amgaange sidd, dat a Fro ze stelle respektiv ze kritiséieren, wat Äert gutt Recht ass.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ma ech kritiséieren iwwerhaapt net de Regierungsprogramm, well et ass d'Weiderféierung vun deem, wat war, an de Rescht ass aus dem CSV-Wahlprogramm. Insofern kritiséieren ech net grouss.

(Hilarité)

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Mä da misst Der jo en zefriddene Mënsch sinn, Här Juncker.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ech wier nach méi een zefriddene Mënsch, wann Der wierklech Responsabilitéiten an dëser Regierung iwwerholl hätt. Da wier ech een zefriddene Mënsch.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Ech mengen, dass dat de Fall ass.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- An… Dir musst eis net erklären, firwat dass Der net Finanzminister gitt.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Dat ass richteg.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Et géif mer schonn duergoen, wann Der eis géift soen, ob Der et hätt wëlle ginn.

(Hilarité générale)

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Dat war, Här Juncker, dat war definitiv, definitiv eng Optioun.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ma!

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Dir wëllt jo hei elo maachen, wéi wa keen dee Finanzministère gewollt hätt. Dat ass iwwerhaapt net de Sujet. Dat war iwwerhaapt ni de Punkt. Iwwerhaapt net.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Jiddefalls…

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Loosst Iech net vum Här Juncker provozéieren!

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Neen, oh Mamm neen, do muss nach méi kommen!

(Hilarité)

Mä dann, dat kann ech Iech einfach…

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Jiddefalls…

(Brouhaha général)

M. le Président.- Ech géif Iech bieden, erëm zu der gewinnter Souveränitéit zréckzekommen! Den Här Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Jiddefalls seet den Här Schneider, et wier eng Optioun gewiescht.

(Interruption)

An e seet, dat däerfe mer gewuer ginn, mä firwat dass d'Optioun net gezu ginn ass vun him a senger Partei, dat däerfe mer net gewuer ginn. Esou vill zur Transparenz! Mä ech verstinn dat doten awer, dass een net alles aus der Schoul zielt.

Ech wëll nach eng Kéier, Här President, soen, dass mer mat deene grousse Linne vun der Regierungserklärung a vum Regierungsprogramm averstane sinn. Et reflétéiert d'Kontinuitéit vun der Politik. Et gëtt souguer als Kontinuitéit beschriwwen, respektiv baséieren déi grouss Linnen op deene Propositiounen, déi Agank fonnt hunn an den CSV-Wahlprogramm.

Mir kënnen eis iwwert d'Konsistenz vun deem Regierungsprogramm net ausschwätzen, well enorm vill Froen net gekläert sinn an enorm vill Detailer net gekläert sinn. Ech sinn och der Meenung, dass Der déi Detailer selwer an där kuerzer Zäit, wou Der zesummesouzt, net konnt klären. Wéi ech gesot hunn: Dir hutt vill matenee geschwat, mä Dir hutt Iech net alles gesot.

Et läit iwwert dëser Koalitioun eng grouss Ambiguïtéit, well se net d'Zoustëmmung vun op d'mannst der Halschent vum Wielercorps huet.

Dës Regierung, déi war planifiéiert, mä si war net annoncéiert. Et wier méi richteg gewiescht, wann Der de Wieler virun de Wahle gesot hätt, wat Der een Dag no de Wahlen - wann Der déi Absicht net hat, da war et séier gaangen - gemaach hutt.

Ech wëll Iech eppes proposéieren: A fënnef Joer sinn erëm Wahlen. Sot dann de Wieler wann ech gelift virun de Wahlen, wat Der no de Wahle souwisou décidéiert sidd ze maachen, fir dass d'Leit wëssen, wa se wiele ginn, wouriwwer se wielen a fir dass hir Stëmmen hinnen net gestuel ginn; déi, déi eppes aneschters gestëmmt hunn, wéi déi dräi Parteien, déi géint de Wielerwëllen hei eng Koalitioun gebilt hunn.

Sot eis et déi nächste Kéier!

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Hutt Dir et da gesot?

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ah, ech hunn am Numm vu menger Partei erkläert, mir géifen a keng Dräierkoalitioun goen. Eenzelner vun…

(Interruption et hilarité)

Ah neen, neen, neen, mä…

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Mir hunn als Partei, wëll ech Iech awer soen, Här Juncker, als Partei op e puer Plaze gesot, wat mer wëlles hunn.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Jo, jo, jo.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Den Här Bodry als Parteipresident huet ganz fréi gesot, dass eng Koalitioun mat Iech éischter onwahrscheinlech wär, no all deem, wat geschitt war, an dass e géif préféréieren eng Koalitioun zu dräi. Ech sinn an engem Débat dorop ugeschwat ginn an hunn identesch datselwecht gesot. Ech weess net, wat mer nach méi solle soen.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Dir hätt solle soen…

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Dir hutt awer ni gesot, mat wiem Dir wéilt eng Koalitioun agoen.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Dat war och net…

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Ech hunn allerdéngs um Wahlowend sonndes gemierkt, dass et definitiv net méi mat eis war, dass Der eng hätt wëllen agoen.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- An den Här Bettel hat definitiv gemierkt, dass ech eigentlech am léifste mat him eng Regierung gemaach hätt. An en huet et virgezunn, fir de Wielerwëllen net ze respektéieren an…

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Da musst Der Iech emol froen, firwat!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Är Partei, Här Juncker, och net mat Iech!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Jo, wéi et schéngt. Sot Dir!

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Frot Iech emol, firwat da kee mat Iech wollt!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Frot Iech emol,…

M. le Président.- Wann ech gelift!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Här Schneider, frot Dir Iech emol, firwat dass Dir net respektéiert, wann eng Partei 34% vun de Stëmme kritt huet, dass Dir net d'Majoritéit vun de Wieler hutt an dass hei eng Regierung zustane kënnt vun zwou klenge Parteien a vun enger ganz klenger Partei an dass déi gréisste Partei mat 34% einfach net a Fro…

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Dir kommt net driwwer ewech, mä mir hunn eng…

M. le Président.- Also, wann ech gelift, ech géif Iech elo bieden, mat den Zwiegespréicher opzehalen!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ech kommen, Här President, net driwwer ewech, dass einfach ignoréiert gëtt, dass eng Partei an honnert Gemengen d'Majoritéit huet, a véier Bezierker d'Majoritéit huet, 34% vun de Stëmmen huet, déi aner 19% an 10% vun de Stëmmen hunn, an dass Dir esou maacht, wéi wann dat dat Normaalst vun der Welt wär, eng net annoncéiert Dräi-Parteien-Koalitioun ze maachen!

(Interruption)

Ech wënschen Iech all Guddes am Intérêt vum Land. Ech géif besonnesch dem Här Statsminister och ganz perséinlech all Guddes wënschen. Ech kennen d'Contrainten, d'Belaaschtunge vun deem Amt, an ech wënschen Iech, Här Statsminister, all Guddes!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Applaudissements)

M. le Président.- Mir sinn definitiv net op engem Parteikongress, an ech géif dofir erëm bieden, zu deenen normale Gepflogenheeten zréckzekommen!

(Interruptions diverses)

An ech géif dann…, ech géif dann… Just de President huet d'Wuert, Här Gibéryen! Ech géif dann dem Här Berger als Nächstem d'Wuert ginn. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Här Statsminister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an dësen Deeg sinn d'Ae vun de Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger ganz speziell op eis geriicht, well de Wiessel vun enger Regierung ass ëmmer eppes Besonnesches. Et ass ëmmer e Moment vu Spannung an Erwaardung, fir ze wëssen, wat déi nei Équipe elo aneschters a besser maache wëllt. D'Biergerinnen an d'Bierger kucken op eis, well mer an dësen Deeg, well mer haut d'Weiche fir eist Land nei stellen.

Här President, dëst ass déi véiert Presentatioun vun engem Koalitiounsaccord, déi ech an der Chamber suivéieren an hautno materliewen. Ech hunn dat méi wéi eng Kéier aus der Oppositioun eraus erlieft, ech hunn et awer och schonn aus der Regierung eraus matgemaach, an ech muss Iech soen, Här President, dës Kéier ass et aneschters wéi all déi aner Kéieren an deene leschten 20 Joer, well d'Problemer vun eisem Land si grouss, d'Suerge vun de Leit, vun de Bierger dobausse si grouss an d'Erwaardungen un d'Politik, d'Erwaardungen un déi nei Regierung sinn nach méi grouss.

Här President, déi vergaange Joren, mä besonnesch déi vergaange Méint hu vill fir Veronsécherung gesuergt. Eist Land ass duerch eng déif institutionell Kris gaangen, wou d'Vertraue vun de Bierger an d'Institutioune verluer gaangen ass a wou d'Institutiounen ënnerenee kee Vertraue méi hunn. Mir befannen eis am Joer fënnef vun enger Finanz- a Wirtschaftskris, déi eist Land fest am Griff huet. An déi vergaange Regierung huet sech méi wéi schwéiergedoen, fir déi richteg Äntwerten op déi grouss Erausfuerderungen, déi sech eisem Land, am Land stellen, ze ginn.

D'Neiwahlen, déi mer den 20. Oktober haten, ware leschtendlech déi inévitabel Konsequenz vun der Kris vun den Institutiounen, ënner anerem duerch eng Rei Evenementer am Dossier Geheimdéngscht, an op där anerer Säit vun der Onfäegkeet vun der viregter Regierung, resolut d'Problemer vum Land unzegoen. An d'Wielerinnen an d'Wieler hu bei deene Wahlen den 20. Oktober e kloert Signal ginn. Si hu sech fir e Politikwiessel ausgeschwat. Si hu sech derfir ausgeschwat, datt d'Problemer vun eisem Land mat enger couragéierter Politik sollen ugepaakt ginn.

A si hunn och d'DP, d'Demokratesch Partei gestäerkt an zu deene grousse Gewënner vun dëse Wahle gemaach. D'DP, déi wäert wëssen, mat dësem Vertrauen ëmzegoen. Mir hunn déi vergaange Joren aus der Oppositioun eraus eng verantwortungsvoll Roll ageholl a mir wäerten dëst an der Regierung ënnert dem Xavier Bettel als Premierminister och weiderféieren. Mat enger Politik, déi eist Land virubréngt an d'Bierger dobäi mat op de Wee hëlt; mat enger Politik, déi net ee géint deen aneren ausspillt, mä Brécke baut an zesumme versicht, d'Erausfuerderunge vun eisem Land unzegoen. Mat enger Politik, déi d'Vertraue vun de Biergerinnen a Bierger zréckgewënnt.

Vertrauen doranner, datt d'Institutioune vum Stat no rechtsstaatleche Prinzipie gefouert ginn. Mat enger Politik, déi d'Problemer net nëmme benennt, mä och de Courage huet, fir se ze léisen. A mir mussen de Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger och d'Vertrauen zréckginn, datt eist Land et besser kann, datt mer Potenzialer hunn, déi mer notze mussen, an datt d'Zukunft zwar Erausfuerderungen, mä och grouss Chancë fir Lëtzebuerg bereet hält.

Mat Politikverdrossenheet a Resignatioun wäerte mer de Wee net aus der Kris erausfannen. Neit Vertrauen, dat gewannen d'Leit awer eréischt, d'Mënschen eréischt, wa se e klore Wee gesinn, deen d'Politik goe wëllt a mat deem se eist Land aus der Kris erausféiere wëllt. Nëmmen an deem Fall, da kënne mer och Verständnis an Ënnerstëtzung erwaarde fir d'Reformen an d'Politikwiesselen.

Dëse Wee, deen hunn d'Koalitiounspartner an engem ronn 200 Säiten décke Programm festgehalen. E Programm, dee méi ass, wéi nëmmen dee klengste gemeinsamen Nenner tëschent dräi Parteien. Et ass ee kohärenten Zukunftsprojet, bei deem ee gesäit, datt déi dräi Partner zesummefonnt hunn; Partner, déi gemeinsam un engem Strang zéie wëllen; Partner, déi och e gemeinsamt Zil verfollegen.

An déi vergaange Wochen hu jo gewisen, d'Koalitiounsverhandlungen hunn an enger gudder, an enger ganz gudder, sachlecher Atmosphär stattfonnt, déi den Erwaardunge vun de Leit och gerecht ginn ass.

Ech war selwer an enger Rei Aarbechtsgruppe bedeelegt an ech kann Iech soen, an dëse Verhandlunge war et net, datt déi eng gesot hunn, mir sinn d'Gewënner an eise Programm huet Exklusivitéit. Et war net emol zwee géint een oder emol ee géint zwee. Et ass net mat Muechtpolitik argumentéiert ginn. Et ass net esou argumentéiert ginn, wéi den Här Juncker dat virdru vläicht ugedeit huet, datt deen een oder anere sech hätt oder sollte missen duerchsetzen oder de Klengen zéien. Neen, hei ass mat Iddien, alternative Virschléi, mat Argumenter ass all Kéiers diskutéiert ginn, an d'Zil war ëmmer, fir déi beschtméiglech Léisunge fir Lëtzebuerg ze fannen.

Ech wëll och hei vun dëser Plaz aus alle Bedeelegten, et sinn der eng Rei hei am Sall, déi dodrunner bedeelegt waren, och nach eng Kéier ausdrécklech Merci soen, an ech hoffen - ech hoffen! -, datt mer dës Aarbecht an deemselwechten Esprit am Interessi vun eisem Land hei an der Chamber wäerte kënne weiderféieren.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Ënnert de Regierungsparteien natierlech, awer och mat der Oppositioun. Eng Oppositioun, déi mer an hirer konstruktiver - an hirer konstruktiver! - Kritik an an hire politesche Propose wäerten eescht huelen. Mir wäerten d'Oppositioun do sécher ganz eescht huelen.

Als neie Fraktiounspresident vun der DP freeën ech mech op déi politesch Diskussiounen, déi mer an de kommende Méint an an de kommende Joren an dësem Haus wäerte féieren. An ech wënsche menge Kolleege Fraktiounspresidentinnen a -presidenten, se sinn zwar alleguerten al Huesen, awer déi meescht nei an hirer Funktioun, bonne Chance an eng glécklech politesch Hand fir eist Land.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Datselwecht wënschen ech och eisem neie Chamberspresident, a Vertriedung hei…

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Merci!

M. Eugène Berger *(DP)*.- …der Vizepresidentin.

Ah! Ech wënschen also och dem neie Chamberspresident, dem Mars Di Bartolomeo, eng glécklech Hand fir eist Land.

Madame Presidentin, et gouf an et gëtt och nach gesot, dës Koalitioun hätt zum Zil gehat, fir eng Partei auszebooten. Et huet een och nach e bëssen do dat an där Ried virdrun héieren, dat ass erausgeklongen.

Ech kann Iech soen, dat ass net de Fall. Villméi muss d'CSV sech froen, firwat keng Partei méi bereet war, mat hinnen eng Koalitioun anzegoen an zesummenzeschaffen. Zum engen, an ech mengen, dat ass e wichtege Punkt, zum enge war kee Vertraue méi do. An en Neiufank, e Politikwiessel wär an eisen Aen net mat der CSV méiglech gewiescht.

Här President… Madame Presidentin, mir hunn an der Wahlcampagne ëmmer gesot, datt et eis drëms geet, mat manner Suen eng besser Politik fir eist Land ze maachen. An dësem Sënn ass dëse Koalitiounsaccord eng Aart Geschierkëscht, déi sech d'Regierung ginn huet, fir dëst Zil ze erreechen. An an dëser Këscht sinn eng ganz Rei vun neien, gudden, konkreten Iddien dran, vun deenen ech iwwerzeegt sinn, datt se hir Ziler net wäerte verfeelen. Ech wäert elo a menger Ried nach op déi eng oder aner Rei vun Iddien ze schwätze kommen.

Här President, an de vergaangenen Deeg, wann een d'Zeitunge gekuckt huet, Radio, Fernseh gelauschtert huet, waren et zum Deel gesellschaftspolitesch Froen, déi déi ëffentlech Debatt geprägt hunn. Och hei erwaarden ech mer eng Diskussioun, déi an der néideger Serenitéit an Dignitéit wäert gefouert ginn. De Kulturkampf, dee wäert mat der DP net stattfannen. A mir sollen och net zouloossen, datt anerer e wëllen eropbeschwieren.

Am Géigendeel, mir wäerte Brécke bauen zu deenen ënnerschiddlechste Gruppe vu Glawen a Glawensrichtungen a mat eiser Politik e Kader setzen, an deem e gemeinsamt Zesummeliewen an enger pluralistescher Gesellschaft am géigesäitege Respekt wäert méiglech sinn.

De Choix vun der Koalitioun, fir e gemeinsame Wäerteunterrecht an der Schoul anzeféieren, ass duerfir kee Choix géint d'Reliounen. Et ass e Choix am Respekt vun der Meenungsvillfalt, déi a reliéisen a philosophesche Froen an eiser Gesellschaft haut herrscht. Et ass eng Diskussioun an der Kontinuitéit vum Bildungsoptrag, deen d'ëffentlech Schoul zu Lëtzebuerg huet. An deem neie Wäerteunterrecht, do sollen d'Schüler déi grouss philosophesch a reliéis Denkrichtungen, déi et gëtt, zesummen an engem Cours virgestallt kréien an do och diskutéiere kënnen, gradesou wéi zum Beispill déi essenziell Elementer vun de Mënscherechtskonventiounen.

An d'Wahlcampagne, wann een déi eenzel Wahlprogrammer duerchliest, huet jo gewisen, datt déi grouss Parteie sech iwwert de Prinzip vun engem eenheetleche Wäerteunterrecht eens waren. Ma och, wann et do ënnerschiddlech Opfaassungen doriwwer gouf, ob et nëmmen am Secondaire, wéi vun der CSV proposéiert, oder och am Fondamental sollt agefouert ginn. Ech ginn duerfir dovunner aus, datt vun dëser Tribün aus eng sachlech Diskussioun vun dëse Froe wäert méiglech sinn.

Datselwecht, dat gëllt fir d'Froe vum Zesummeliewe mat eisen auslännesche Matbierger. An all eisen Nopeschlänner ass an de vergaangene Joren a Jorzéngten den Undeel vun auslännesche Matbierger an der Bevëlkerung geklommen. Als klengt Land mat enger oppener Ekonomie gëllt dëst fir Lëtzebuerg ëmsou méi an nach vill méi engem grousse Mooss.

D'Fro vun der politescher Participatioun, dem Zougank zum Wahlrecht fir Matbierger mat auslänneschem Pass, stellt sech duerfir bei eis ëmsou méi staark. Den Här Juncker hat virdrun a senger Ried gesot, hien hat dat, mengen ech, gesot, dat wier eng héich geféierlech Démarche. Mir sinn der Meenung op alle Fall, datt een der Lëtzebuerger Gesellschaft en Débat iwwer esou grondsätzlech Froe vum Zesummeliewen zoumudde kann.

Aus dësem Grond wëllt d'Regierung d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger zu dëser an anere wichtege gesellschaftleche Froen an engem Referendum befroen. Dat soll d'Geleeënheet da sinn, net fir eis ausenanerdividéieren ze loossen am Land, mä fir e gemeinsamt Fundament vun Toleranz a géigesäitegem Respekt ze leeën, op deem eis Gesellschaft opbaut.

Dat bedéngt natierlech, datt mer d'Bierger am Virfeld adequat informéieren, datt mer ons och net wäerte scheien, mat hinnen ze diskutéieren, och heiansdo kontrovers ze diskutéieren. Dat bedéngt natierlech och, datt do och d'Chamber hir Responsabilitéit iwwerhëlt an och an deem Débat do wäert eng wichteg Roll iwwerhuelen.

Madame Presidentin, dat schwéierst Iewen, dat dës Regierung iwwerhuele muss, ass bäi Wäitem den Deséquiliber vun den ëffentleche Finanzen. D'Budgets- an d'Finanzpolitik ass dee groussen Défi, déi grouss Aufgab fir déi nei Regierung.

D'Perspektive fir déi nächst Jore loosse wéineg Optimismus a wéineg Spillraum zou. Wichteg Recetten, wéi déi aus dem Commerce électronique, wäerten 2015 ewechbriechen. An anerer, wéi déi aus den Akzisen op dem Bensin an den Zigaretten, wäerten och kontinuéierlech ofhuelen. D'Zäiten, wou nach Steiereinnahme vu grousse Banken a Betriber ausstoungen, sinn och eriwwer, well se alleguerten, praktesch alleguerten erageholl gi sinn. An zum Deel si bei de Steierrecettë schonn Avancë mat agerechent. Grouss Spréng sinn duerfir do och net méi ze erwaarden.

D'Ausgabe vum Stat lafen eis awer fort, an d'Aarbechte ronderëm de Budget 2013 haten dat jo scho gewisen, nach eng Kéier gewisen. E Budget, dee sech einfach nëmmen enger Weiderféierung vun der aktueller Politik verschreift, ouni datt nei Akzenter gesat ginn, klëmmt Joer fir Joer ëm méi wéi 4%. Bon, dëst weist, datt de Problem bei den Ausgabe vum Stat struktureller Natur ass, an de Gros vun de Spuerustrengungen aus deene vergaangene Jore war awer punktueller Natur an duerfir och net déi adequat Äntwert, fir de Budget an den Équiliber ze kréien.

An dëse Problem, deen ass net nei. Deen ass scho jorelaang bekannt. Ech erënnere mech zum Beispill drun, datt déi successiv Budgetsrapporteuren, de Gilles Roth oder och nach de Lucien Lux, dorobber higewisen hunn. Ech erënnere mech och un den deemolege Finanzminister, de Luc Frieden, dee schonn 2005… deen 2005 virun der Schiflag vun den ëffentleche Finanze gewarnt hat.

Am Koalitiounsaccord huet déi nei Regierung sech kloer Ziler gesat, un deene se sech wäert moosse loossen: en équilibréierte Budget bis zum Enn vun der Legislaturperiod; eng Dette publique, déi zu kengem Zäitpunkt de Seuil vun 30% vum PIB dierf iwwersteigen. Dëst bedeit iwwert déi kommend Joren e Konsolidéierungseffort vun 1,5 Milliarden Euro. An de Wee dohinner kann nëmmen iwwer eng aner Gestioun vun den ëffentleche Finanze féieren.

Madame Presidentin, ech hat et aganks scho gesot: D'Politik muss nei Weeër goen, fir d'Problemer vun haut ze léisen. An dëse Koalitiounsaccord enthält konkret Iddien, wéi dëst geschéie muss.

Am Beräich vun den ëffentleche Finanze soll de Screening vun de staatlechen Ausgaben zur Regel ginn a konkret Formen unhuelen duerch de Prozess vun engem Kassensturz, enger „task force", déi agesat wäert ginn. Et gi keng aner lëtzebuergesch Wierder, duerfir gebrauchen ech eben och dann déi däitsch oder englesch Wierder.

Déi néideg Reforme wäerten an d'Weeër geleet ginn, fir datt de Statsbudget an Zukunft nom Prinzip vum „zero-based budgeting" kann opgestallt ginn. An op der Basis vum aktuelle Comité de prévision wäert en onofhängege Comité économique et financier national geschaf ginn, deen d'Regierung an hirer Budgetspolitik beréit a guidéiert.

Dat sinn déi dräi grouss Eckfeiler vun enger neier Approche vun der Regierung an der Budgetspolitik. Eng Politik, déi wäert fir méi Transparenz an Effizienz, awer och méi eng grouss Planungssécherheet bei den ëffentleche Finanze suergen.

An d'DP, déi begréisst kloer dëst Bekenntnis vun der Regierung zu enger Budgetssanéierung, déi sech prioritär iwwert d'Ausgabesäit wäert maachen, an datt duerfir eng Rei vu Politikfelder och wäerte grondsätzlech iwwerduecht ginn.

A wann ech elo gëschter, haut verschidde Kommentarer a Reaktiounen an der Press liesen, héieren… Et gëtt jo vun der Oppositioun monéiert, datt net genuch Detailer… detailléiert Mesuren, am Volet vun de Finanzen haaptsächlech, presentéiert gi wieren. Ech mengen, dat ass och zu dësem Moment net méiglech, well d'Regierung wëllt jo fir d'éischt eng Kéier eng genau Bestandsopnahm vun de Statsfinanze maache mat deenen Instrumenter zum Beispill, déi ech elo genannt hunn - Kassensturz, Screening -, well se en neie Comité économique et financier national wëllt asetzen, fir sech och a Finanzfroe beroden ze loossen.

Et kann ee wierklech net a fënnef Wochen eng fäerdeg Steierreform op den Dësch leeën. Et kann een net millimetergenau nei Akzenter setzen an der Finanzpolitik, ouni eng Bestandsopnahm vun der aktueller Finanzlag an ouni duerchzerechnen, wéi eng Moossnam sech kéint wéi auswierken. Zum Beispill dee ganze Volet vu sozialen Transferte muss ee genau ënnert d'Lupp huelen an dann och all Kéiers sech déi néideg Zäit huelen, fir ze kucken, wann een eppes dorun ännert, wann ee Schrauwen dréit, wat dat da mëttelfristeg, laangfristeg ka bedeiten.

Hei muss een also där neier Koalitioun déi néideg Zäit a Viraarbechten zougestoen, fir datt se an deenen nächste Méint kann déi eenzel detailléiert Akzenter presentéieren. An ech mengen, dat, wat wichteg ass, d'Eckpunkter, déi gesat sinn, déi stëmmen. An deem kann ech och, wann ech den Här Wiseler gëschter richteg héieren hunn… Hie kann also och… D'CSV kann also och deenen Eckfeiler, déi mer elo wäerten an den nächste Méint mat Liewen opfëllen, zoustëmmen.

An et ass och net esou, wéi dat den Här Juncker virdru gesot huet, datt do d'Koalitiounspartner sech net eens wieren, duerfir géife se keng Detailer bréngen. Neen, dat brauch e bëssen Zäit, wéi ech elo erkläert hunn, fir dat auszeschaffen. Mä ech kann nëmme soen, datt den Här Juncker sech op alle Fall iert, wann e mengt, do wiere sech d'Koalitiounspartner net eens. Do

passt kee Blat, wéi een esou schéi seet, tëschent déi dräi.

Madame Presidentin, ech wëll dann awer och ervirsträichen, datt eng Politik vun der sozialer Keelt mat enger DP net wäert ze maache sinn. Ech hunn an deene vergaangenen Deeg a Wochen och heizou d'Stellungnahme vun där enger oder där anerer Partei zur Kenntnis geholl. Bon, ech mengen als Oppositiounsrhetorik ass dat de bonne guerre. Mä ech kann lech versécheren, datt déi Schwächst an eiser Gesellschaft Leit mat klengen Akommesse sinn, datt elengerzéiend Elteren, Kanner a Jugendlecher mat der Politik vun dëser Regierung besser Zukunftschancë wäerte kréie wéi bis elo.

Duerfir sinn ech och besonnesch frou, datt d'Regierung aus der Bildung an der Kannerbetreiung eng vun hire Prioritéite gemaach huet. Well Aarmut ass verierfbar an eisem Land. Wéi de Statec, CEPS/Instead an d'Caritas an hire jeeweilege Publikatiounen ëmmer erëm festgestallt hunn, ginn d'Kanner vun aarmen Elteren an eisem Land besonnesch oft och selwer erëm aarm. Kanner; dat heescht de soziale Lift fonctionnéiert zu Lëtzebuerg net méi. Dat heescht, déi Schwächste bleiwen am Keller vun eiser Gesellschaft stiechen an hu kaum Chancen, dorauser erauszekommen. Dëst dierf eis net kalloossen.

Ee vun de Grënn, firwat mer dëse Problem an de vergaangene Joren awer net an de Gréff kritt hunn, war, well mer vill ze wéineg Wäert op d'Zäit virun der Aschoulung, virun der sougenannter „Scolarisatioun" geluecht hunn. E Kand, dat a senger Famill oder an enger Betreiungsstruktur adequat gefërdert gouf, huet schonn am Alter vun dräi Joer, well do geschitt ganz vill an deenen éischten dräi Joer an der Entwécklung vun engem Kand, dat huet zum Beispill mat dräi Joer schonn en duebel esou grousse Wortschatz wéi e Kand, dat net gefërdert oder dat vernoléissegt gouf.

D'Kanner hunn also deemno net déiselwecht Startchancen, wa se bis an d'Schoul, bis an d'Grondschoul kommen. An da sinn natierlech oft d'Weiche fir e weidere Bildungswee bei de Kanner gestallt, ier se an d'Grondschoul kommen.

Wa mer also Chancëgerechtegkeet tëschent de Kanner wëllen hierstellen an all Kand optimal férdere wëllen, brauche mer duerfir e Paradigmewiessel bei eiser Vue op d'Kannerbetreiung. Do gräift einfach d'ëffentlech Schoul ze kuerz. Duerfir brauche mer eng qualitativ héichwäerteg Kannerbetreiung, fir d'Chancëgerechtegkeet tëschent de Kanner hierzestellen.

D'Koalitiounspartner gesinn d'Kannerbetreiung duerfir an der Linn vun der ëffentlecher Schoul. D'Fuerderung vun engem fräien Zougank zu enger qualitativ héichwäerteger Kannerbetreiung, un där d'Regierung mëttelfristeg festhält, ass duerfir kee Luxus, mä et ass eng fundamental Fro vu Chancëgerechtegkeet. An duerfir muss d'Kannerbetreiung Hand an Hand goe mat der ëffentlecher Schoul. Dat heescht net, datt d'Kannerbetreiung elo zu engem regelrechten Unterrecht soll ginn. Neen, déi nonformal Bildung steet am Mëttelpunkt vun der Kannerbetreiung. An et wäert och an Zukunft ganz interessant sinn, Approchen aus dësem Beräich dann an d'ëffentlech Schoul mat afléissen ze loossen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

D'Regierung ass duerfir de Wee gaangen, fir d'Kannerbetreiung an d'Schoul an engem grousse Ministère ze integréieren. Eppes, wat, wann ee sech mat deem Sujet beschäftegt, eigentlech evident war, evident schéngt, a wat d'DP och déi lescht Jore gefrot huet. A mir si frou, datt dat dann elo och endlech zesummen an engem Ministère regruppéiert ass.

Madame... Här President, an der Schoul mussen d'Kanner och endlech nees am Mëttelpunkt stoen. Mir begréissen duerfir, datt an der Grondschoul eng Rei vun Adaptatioune wäerte virgeholl ginn, fir den administrativen Opwand ze reduzéieren, deen duerch d'Reformen entstanen ass. Ech denken do besonnesch un d'Vereinfachunge vun de Bilanen, fir datt déi erëm verständlech ginn, souwuel fir d'Kanner, fir d'Léierpersonal an och fir d'Elteren.

A mir wäerten och - net wéi dat vläicht virdrun hätt kënne beim Här Juncker uklängen... -, mir wäerten och eng Schouldirektioun an der Grondschoul aféieren, déi op dem aktuelle President vun der École opbaut.

Mir mussen de Bléck nees fräi kréie fir dat, wat wierklech wichteg an der Schoul ass, an dat ass den Unterrecht letztendlech. Wat sinn déi Facteuren, déi e gudden Unterrecht ausmaachen? Dozou gehéiert d'Ausbildung vun den Enseignanten, déi nach méi professionaliséiert soll ginn a bei där déi pädagogesch a fachdidaktesch Aspekter méi staark an de Vierdergrond gehéieren.

Mir mussen awer och d'Kohärenz an d'Qualitéit vun eise Programmer an de Schoulen iwwerpréiwen an iwwerschaffen. D'Basis vun engem gudden Unterrecht sinn och d'Léiermaterialien. Dat schéngt eigentlech eng ganz banal Ausso ze sinn. Et kann ee sech awer nëmme wonneren, datt a verschiddene wichtege Fächer adequat Bicher feelen oder datt mer mat Bicher enseignéieren, déi zum Deel iwwereelst sinn, iwwer 20 Joer, an och mat op Methoden opbauen, déi mëttlerweil net méi an eise Schoulen Agank fannen. Aus dësem Grond brauche mer och eng Offensiv beim Ausschaffe vun neiem Léiermaterial, an dëst soll zesumme mat engem Conseil national des programmes an de Programmkommissiounen ausgeschafft ginn.

Eng besonnesch Erausfuerderung stellt an der Lëtzebuerger Schoul de Sproochenunterrecht duer. Dat hu mer an deene vergaangene Joren hei an der Chamber a méi wéi enger Debatt och gesot. D'Méisproochegkeet ass ee vun de groussen Atouten, natierlech, natierlech e groussen Atout vun eisem Schoulsystem. Fir ëmmer méi Kanner ass et awer och esou, datt dat zu enger Hürd gëtt, enger praktesch oniwwerwindbarer Hürd, déi de Wee zu enger Qualifikatioun an engem Ofschloss oft verspäert.

D'Aart a Weis, wéi d'Sproochen an eisem Schoulsystem enseignéiert ginn, soll duerfir prioritär analyséiert an ugepasst ginn. D'Regierung wäert do verschidde Pilotprojeten duerchféieren. Pilotprojeten, wou sollen d'Méiglechkeeten ebe vun alternativen Alphabetiséierungen analyséiert ginn, sief parallell franséisch an däitsch, sief eng exklusiv franséisch, sief datt een och drun denkt, fir zum Beispill de schréftleche Gebrauch vum Franséischen ee Joer no hannen ze réckelen.

Eng Prioritéit wäert awer och eng systematesch Sproocheférderung an der lëtzebuergescher Sprooch bleiwen oder gi virun der Scolarisatioun, dat heescht an de Crèchen, an de Maison-relaisen awer och am Précoce.

Här President, d'Reform vum Secondaire wäert - jo! - iwwerschafft ginn. Diskussioune mat de Schoulpartner hunn an deene vergaangene Méint eng ganz Rei vu Punkten erausgeschielt, wou Konsens besteet. An anere Punkte besteet awer nach Diskussiouns-, Analysbedarf. Ech hunn de Sproochenunterrecht schonns ugeschwat, awer och eng Reform vun de Promotiounskritären an aner Punkte wäerte vun der Regierung nach eng Kéier iwwerpréift a mat de Schoulpartner diskutéiert ginn.

Mir hunn déi Aarbechten, déi virlouchen, net an den Drecksbac gehäit. Neen, mir bauen op deenen Aarbechten op, a wéi gesot, mir kucken do déi néideg Weiderféierung vun den Aarbechten ze maachen, fir dann e kohärente Pak op den Dësch ze leeën.

Mir wëssen och, datt een d'Schoul net verännert ouni d'Schoulpartner. D'Schoul, dat sinn d'Schüler, d'Enseignanten, d'Elteren. D'Politik, déi kann de Kader vun der Schoul, déi kann de Schoulkader reforméieren, an dann dëse Kader ze fëllen, dat läit awer an der Hand vun de Schoulpartner. Duerfir wëllt dës Regierung och d'Autonomie vun de Schoule virun allem am Secondaire ausbauen an de Schoulen och méi Moyene ginn, fir dat dann all Dag kënnen auszeüben. A mir brauchen och den Know-how an d'Erfahrung vun de Leit vum Terrain, fir besser op déi regional, soziokulturell Spezifissitéite kënnen anzegoen.

D'Regierung, déi gesäit d'Enseignanten duerfir als Partner an der Bildungspolitik. Tëschent esou Partner muss e verantwortungsbewossten a sachlechen Dialog méiglech sinn am Déngscht vun der Saach vun der Qualitéit vun eisem Schoulsystem an och am Déngscht letztendlech vun den Zukunftschancë vun eise Kanner.

Ech vertrauen dorobber, datt d'Politik an d'Schoulpartner an de kommende Joren zesummen un engem Strang wäerten zéien, fir déi grouss Linne vun dësem Koalitiounsaccord am Schoulalldag ëmzesetzen an eist Bildungswiese weiderzëentwéckelen.

Här President, eng weider Prioritéit vun der Regierung wäerten d'Upassungen an der Beruffsausbildung sinn. De Régime modulaire, deen hei agefouert gouf, erweist sech an der Realitéit als zimlech komplizéiert, fir net ze soen ze komplizéiert. An dobäi ass jo awer d'Beruffsausbildung e ganz wichtege Bausteen fir eis Ekonomie. Eis mëttelstännesch Betriber brauche qualifizéiert Personal an déi Jonk brauchen eng gutt Qualifikatioun, fir sech um Aarbechtsmarché kënnen duerchzesetzen. A mir musse jo och kucken, datt mer nach méi Jonker erëm Richtung Handwierk orientéieren, well do, wéi een esou schéi seet, beim Handwierk nach ëmmer gëllene Buedem och läit.

Här President, Lëtzebuerg huet e Rekordchômage, dee bei 7% läit. De Jugendchômage, dee läit bei ronn 17%, an dat sinn net nëmmen, wéi een esou schéi seet, dréchen Zuelen. Hannert dësen Zuelen, do verbiergt sech all Kéiers en eenzelt Schicksal. Dat sinn hei iwwer 15.000 eenzel Schicksaler. Dat sinn zum groussen Deel Mënschen, déi net déi richteg oder guer keng Ausbildung hunn, déi et hinnen da kann erlaben, fir op dem Aarbechtsmarché, um Lëtzebuerger Aarbechtsmarché kënne Fouss ze faassen, an déi letztendlech och keng Plaz an der Gesellschaft fannen.

Et ass jo och de Lëtzebuerger Paradox, datt d'Zuel vun Aarbechtsplazen an de vergaangene Méint a Joren an d'Luucht gaangen ass an awer och parallell d'Aarbechtslosegkeet geklommen ass. Duerfir musse mer hei kucken, datt mer Remedur schafen. Do musse mer net bei null ufänken.

D'Regierung wëllt duerfir d'Reform vun der ADEM weiderdreiwen, déi ugefaangen huet, an ënner anerem d'Zuel vun de Placeuren unhiewen. Déi Mënschen, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, mussen endlech nees méi si wéi just eng Dossiersnummer.

Wéi erreeche mer dat? Mir erreechen nëmme méi eng individuell Prise en charge, wa mer d'Zuel vun den Demandeure pro Placeur och reduzéieren a kucken, eis lues a lues den Normen aus dem Ausland unzepassen.

Doriwwer eraus brauche mer awer och an dëser Regierung eng kloer Virfahrtsregel fir d'Schafe vun neien Aarbechtsplazen. An ouni eng nohalteg Wuesstumsstrategie wäerte mer de Problem vun der Aarbechtslosegkeet, awer och dee vun de Statsfinanzen nëmme schwéier an de Gréff kréien.

Aktuell, wësse mer, ass eng liicht Reprise an der Lëtzebuerger Ekonomie ze verzeechnen. Mä dëst schéngt awer staark duerch de Cours vun de Bourusse bedéngt ze sinn a riskéiert duerfir och, an der Realekonomie zu Lëtzebuerg kee weideren Nidderschlag ze fannen.

Fir nei Betriber op Lëtzebuerg ze zéien, muss d'Promotioun vum Standuert Lëtzebuerg besser koordinéiert ginn. D'Ambassaden am Ausland sollen duerfir méi enk an d'Promotioun vum Standuert Lëtzebuerg mat agebonne ginn. Mä Promotioun an Nation Branding, wéi een dat och esou schéin nennt, eleng, déi ginn net duer. Mir brauchen och e kloert wirtschaftlecht Leitbild, dat sech dann ewéi e roude Fuedem duerch d'Politik vun der Regierung zitt.

An ech betounen, déi ganz Regierung, net en Deel vun der Regierung, mä déi ganz Regierung muss sech der Erschafung vun neien an dem Erhale vu bestehenden Aarbechtsplaze verschreiwen. A wann ech dat aus den Ausféierunge vum Premierminister och héieren hunn, huet d'Regierung jo och wëlles, sech praktesch all Mount un den Dësch ze setzen, fir besonnesch déi do Problematik ze diskutéieren. Eppes, wat mer op alle Fall begréissen.

Grouss Hoffnung setzt d'DP an d'Schafe vun enger Investitiounsagence, déi de Lien soll maachen tëschent Acteuren, déi e kommerzielle Projet entwéckelt hunn, a potenziellen Investisseuren zu Lëtzebuerg. Dës Agence kann zu engem weidere Moteur gi fir d'ekonomesch Diversifizéierung vun eisem Land.

Eng vun den ekonomesche Prioritéite vun dëser Regierung, sécherlech ass dat an der Kontinuitéit, wäerten nieft der Logistik, den ICT an de Gesondheetstechnologien awer och d'Ecotechnologië sinn. Hei ass och dee ganze Volet vun de sougenannten „green jobs, deen een am Hannerkapp muss behalen. An hei sollen och virun allem am Beräich vun der Konstruktioun an der Energieeffizienz nei Akzenter gesat ginn. Dëst sinn d'Zukunftsmarchéen, op deenen d'Lëtzebuerger Entreprisë sech kënne weiderdéveloppéieren. An och do, wat mer méi schnell domadder ufänken oder weider nach méi intensiv weiderfueren, wat et besser ass, well do oft déi „first mover" déi beschte Chancen hunn.

An dësem Beräich soll och iwwer alternativ Finanzementsmodeller nogeduecht ginn, déi iwwer eng Klimabank ofgewéckelt kéinte ginn. Dir wësst, datt dëst eng jorelaang Fuerderung vun der DP war. Ech si jo och net midd ginn, hei op der Tribün ëmmer erëm dee Modell ze proposéieren. Mir haten och emol an der vergaangener Legislatur eng Motioun do an deem Sënn déposéiert, wou mer eng Rei Detailer, wéi dat kéint fonctionnéieren, och scho beschriwwen haten.

Op alle Fall, mir si frou, datt dës villverspriechend Iddi de Wee an de Koalitiounsaccord fonnt huet. Ech mengen, och do wäerten an den nächste Wochen a Méint nach méi Prezisioune kommen. Mä awer, fir kuerz dat awer ze ëmräissen an och fir ze soen, datt et awer Differenze gëtt vun deene Modeller, déi an der Vergaangenheet usazweis fonctionnéiert hunn: E grondleeënde Prinzip vun der Klimabank ass deen, datt all, datt all d'Leit sollen ënnerstëtzt ginn, fir hir nei Haiser energetesch ze sanéieren, net nëmmen e puer der selektiv.

Firwat maache vill Leit haut dat net, datt si hir Haiser assainéieren? Mä dat ass einfach, well se net dat néidegt Startkapital hunn. A wann ee mat enger Virfinanzéierung vun de Käschten duerch eng Klimabank dat mécht, da kann een hei eng nei Dynamik schafen, wou et am Endeffekt nëmme Gewënner gëtt.

Et hëlleft een de Mënschen, de Bierger, aus der Energiefal erauszekommen a virun allem am Endeffekt och Suen ze spueren am Portmonni. Et schaaft een nei Aarbechtsplazen am Beräich vum Handwierk, a schlussendlech kënne mer jo och doduerjer grouss Aspuerunge bei den CO_2-Emissioune realiséieren an eise Kyoto-Engagementer dann och méi nokommen.

D'Ëmsetze vun engem nationalen Albausanéierungsprogramm mat Hëllef vun der Klimabank ass eigentlech eng perfekt Ëmsetzung, wat een nennt eng nohalteg Strategie, wou Ekologie an Ekonomie net géinteneen, mä matenee ginn a wou een eigentlech gesäit, datt eng nei Klima- an Energiepolitik am Endeffekt eng ganz grouss Chance fir eis Wirtschaft ka sinn.

D'Albausanéierung an en Ukuerbele vun der Offer um Wunnengsmaart ass doriwwer eraus och eng wichteg Pist, wa mer d'Aarbechtslosegkeet wëlle senken, well jo do dann och eng ganz Rei vun neien Aarbechtsplaze kënne kreéiert ginn.

Här President, dat bréngt mech dann zur Wunnengsproblematik. De Logement ass ee vun deene wichtegste Facteuren, déi d'Kafkraaft vun de Leit zu Lëtzebuerg beanträchtegen. Et ass eng reell sozial Erausfuerderung ginn.

A mir hunn nëmmen eigentlech eng Solutioun: Mir mussen d'Offer um Wunnengsmaart massiv steigeren, wa mer déi Spiral wëlle stoppen, déi d'Präisser vun de Wunnengen zu Lëtzebuerg hei an deene vergaangene Jore kannt huet. Präisser, déi regelrecht explodéiert sinn. An d'Wunnengsmaartpolitik vun deene vergaangene Regierungen huet net erreecht, fir déi Präisser ze stoppen, fir déi Evolutioun ze stoppen, trotz enger Rei héijen - et muss ee soen héijen! - finanziellen Hëllefen, déi awer am Endeffekt net ganz effizient waren.

De Problem ass jo och hei séier ausgemaach. Schonn haut kéinte grouss Deeler vun där Demande, déi um Wunnengsmarché ass, iwwer bestehend Terrainen, déi am Bauperimeter leien, ofgedeckt ginn. Do ware jo emol an der Zäit och eng Kéier Chiffere genannt ginn, datt een do kéint also e ganz grousse Besoin ofdecken. Déi Terraine kommen aus ënnerschiddlechen Ursaachen net ëmmer op de Marché, sinn net ëmmer zum Verkaf prett. An dëse Problem, dee wäert sech och beim Ausweise vun neie Bauterrainen an engem Ausweidere vu Bauperimeteren oder Plans sectoriels stellen, wa mer do näischt änneren.

Wat ännere mer? D'Regierung, déi wëllt déi sougenannten „Baulandverträg" obligatoresch maachen. Dat heescht, e Vertrag tëschent der Gemeng an dem Propriétaire vum Terrain soll dann Opschloss gi bei der Ëmklasséierung, am Moment vun der Ëmklasséierung vum Terrain, an do solle kënnen Délaie festgehale ginn, innerhalb vun deenen den Terrain zum Beispill muss valoriséiert ginn. Innerhalb vun engem Délai mussen zum Beispill x Wunnengen zu engem gewëssene Präis gebaut ginn.

Wann een dann dës Konditiounen net erfëllt, da kann d'Gemeng sech zum Beispill d'Recht eraushuelen, fir den Terrain ze kafen a selwer ze valoriséieren. Dat ass an eisen Aen also e wichtegt Instrument, wou ee kéint soen, datt de Stat e bësse reguléierend awierkt, fir eben déi Terraine méi schnell an och méi effizient kënnen ze viabiliséieren.

Doriwwer eraus muss een natierlech och kucken, déi Terrainen, déi schonn am Besëtz si vu Stat, vu Gemengen, datt een déi dann och elo mobiliséiert. Duerfir ass jo och en nationale Baulückeprogramm op d'Bee gestallt ginn. An ech mengen, leschtendlech soll dann och duerch d'Ëmsetze vum Plan sectoriel «Logement», dee jo eng Rei Joren an den Tiräng louch, d'Zuel vun de Wunnengen an den Terrainen, déi op de Marché kommen, gesteigert ginn. Dëst ass och eng vun de Méiglechkeeten, fir d'Präisser mëttelfristeg ze stabiliséieren.

Och am soziale Wunnengsbau ass groussen Nohuelbedarf. D'Regierung ass do determinéiert, fir d'Ugebuet vu soziale Wunnengen a Mietwunnengen an deenen nächste Jore massiv an d'Luucht ze setzen. Duerfir kënnt een och net laanscht eng Reform vum Fonds du Logement, deen an dësem Beräich sengen Aufgaben an Objektiver…, wann een einfach d'Zuele kuckt, wat do an deene leschten 20 Joer geschafft ginn ass, ass en deenen Aufgaben an Objektiver an deene leschte Joren net adequat nokomm.

Här President, d'Rechter vun de Consommateure sollen an dëser Regierung och méi groussgeschriwwe ginn. D'Koalitiounspartner sinn higaangen an hu mat der Schafung vun engem Verbraucherschutzministère e wichtegt Signal gesat. An de kommende Jore wäert et dorëms goen, dann nieft der Perspektiv vun de Produzenten d'Interesse vun de Konsumente méi staark ze schützen.

Dat war jo och eng Fuerderung ënner anerem hei zu Lëtzebuerg vun de Vertrieder vun de Konsumenten. An dëse Verbraucherschutz, ech mengen, dee gëtt och ëmmer méi wichteg an enger globaliséierter Welt, wou de Kontext, an deem Produiten an Déngschtleeschtungen ugebuede ginn, och ëmmer méi komplex gëtt.

Här President, ech sinn a menger Ried just op e puer Punkten aus dem Koalitiounsaccord agaangen. Ech ginn net op se alleguerten an. De Premier huet jo gëschter och ganz vill respektiv alles presentéiert. Mä ech sinn op e puer Punkten aus dem Koalitiounsaccord agaangen, bei deenen d'Koalitiounspartner gewisen hunn, datt se nei innovativ Weeër wëlle goen, fir eist Land no vir ze bréngen, an ech gesinn, datt vill vun dësen Iddien, déi stoungen esou oder an ähnlecher Form och am DP-Wahlprogramm. Iddien, Konzepter a Léisungen, mat deene mer an d'Wahle gaange sinn an déi mer do offensiv vertrueden hunn.

Wann ech d'Wahlresultat kucken, da gesäit een, datt op alle Fall déi Iddien och Uklang bei de Wieler fonnt hunn. Dëse Programm huet also och eng Chance verdéngt. Déi kommend Wochen a Méint wäerten also dann eis Geleeënheet ginn, fir an d'Gespréich mat de Biergerinnen a Bierger ze kommen an hinnen eis Iddie méi no ze bréngen, fir datt mer déi Erausfuerderunge vun der Zukunft uginn. An déi grouss Chancen, déi sech eisem Land och stellen, well eisem Land stelle sech och grouss Chancen, datt mer déi och notzen.

Här President, och wann ech elo net op all Punkte vun dem Regierungsprogramm agaange sinn, konnt Der awer sécherlech aus den Ausféierungen aus menger Ried eraushéieren, datt d'DP Vertrauen an dës Regierung, an hire Programm, an hir Politik huet, déi se wëllt ëmsetzen.

Duerfir déposéieren ech am Numm vun der DP, der LSAP an deene Gréngen eng Motioun, déi dëst Vertrauen ënnermauert. A wann ech un den Ufank op alle Fall vum Här Juncker senger Ried virdrun erënneren, misst et jo eigentlech och awer esou sinn, datt d'CSV kee Problem dierft hunn, fir dës Motioun ze ënnerstëtzen. An deem Sënn, Här President, déposéieren ech dann déi Motioun.

Motion 1

La Chambre des Députés,

après avoir entendu la déclaration gouvernementale, y donne son approbation, fait confiance au Gouvernement pour sa réalisation et passe à l'ordre du jour.

(s.) Eugène Berger, Simone Beissel, Alex Bodry, Claude Haagen, Viviane Loschetter.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Villmools Merci.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Applaudissements)

M. le Président.- Merci och. Also, ech muss soen, et gëllt datselwecht wéi virdrun: Wann ech gelift, kommt mir bleiwe bei deene Regelen, wéi mer se bis elo ëmmer haten! Merci dem Här Berger.

3. Ordre du jour

Ech géif dann d'Wuert weiderginn un den Här Alex Bodry, dee leschte Riedner vun de Moien, duerno géife mer d'Sitzung ënnerbriechen. Här Alex Bodry, Dir hutt d'Wuert.

4. Débat sur le programme gouvernemental (suite)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här Statsminister, Dir Dammen an Dir Hären, dee Ritual ass net nei. Ee wéi ech, deen zënter elo ´84 derbäi ass, muss soen, bis elo verlafen och d'Diskussiounen net iwwerraschend. Et ass üblech, dass d'Koalitiounsparteien an deem Accord hir Handschréft erëmfannen, dass se d'Vertrauen ausdrécken, där neier Équipe eng Chance wëlle ginn, déi se och verdéngt, an et ass normal, dass, zemools, wann et zu engem Wiessel kënnt, déi Leit, déi nei an der Oppositioun sinn, wëlle weisen, dass sech esou vill net geännert huet.

Ech hu viru Kuerzem meng Ried vun ´99 nogelies, déi ech deemools als Oppositiounssprecher hei gehalen hunn. An ech hunn eigentlech déiselwecht Method erëmfonnt, déi hei de Jean-Claude Juncker praktizéiert huet: drop hinzeweisen, dass eigentlech - an ech hat mech deemools natierlech haaptsächlech mat der DP, déi nei an déi deemoleg Koalitioun mat der CSV eragetratt ass -, dass eigentlech esou vill sech net geännert huet. Dass an deem neie Programm vun där Regierung u sech vill Kontinuitéit dra war, méi Kontinuitéit dra war wéi Bréch mat deem, wat déi lescht Jore gemaach ginn ass. An eigentlech gëtt haut vum Oppositiounssprecher déiselwecht Analys gemaach.

Dat entsprécht och den Tatsaachen. Wat mech just erstaunt, dat ass d'Erstaune vum Jean-Claude Juncker, dass dat esou ass. Dofir mengen ech, dass dat Erstaunen och éischter hei zum Ritual gehéiert, wéi dass et éierlech emfonnt wär. Well grad him wäert et, wéi allen aneren hei, net entgaange sinn, dass hei et üblech ass, hei zu Lëtzebuerg, dass net op absolut Konfrontatioun gesat gëtt an de parlamentareschen Diskussiounen, dass hei net een op deen anere lassgeet, dass hei keng radikal Bréch tëschent deem enge Lager an deem aneren ze verzeechne sinn. Well dat war ni déi lescht Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg. An dat wäert och, hoffen ech, an Zukunft net hei zu Lëtzebuerg anescht kommen.

Bal 90% vun de Voten hei am Parlament fannen eestëmmeg statt. Dat beweist also, dass e breede Konsens, glécklecherweis, besteet. E breede Konsens besteet a wichtege politesche Froen. Also ass et normal, dass bei engem Regierungsprogramm, deen aus enger neier Koalitioun erausgeet, wou och nach ee Regierungspartner weider an där Koalitioun dran ass, also keng, géif ech soen, honnertprozenteg Alternance ass, well ëmmer eng Kontinuitéit eleng schonn duerch déi Partei erhale bleift, déi an där neier Regierung dran ass, dass dann zu engem gudden Deel Konsensus besteet.

Mä dee Konsensus an déi Iwwereestëmmegkeet a wesentleche Punkten, déi fënnt een och an de Wahlprogrammer erëm! Net nëmmen, wann ee vergläicht den CSV-Wahlprogramm mat deem Koalitiounsofkommes, wat hei presentéiert ginn ass, mä selbstverständlech fënnt een déi breet Iwwereneestëmmung a wesentleche Punkten och erëm, wann een am Virfeld elo d'Wahlprogrammer vun der DP, vun der LSAP, vun deene Gréngen a vun der CSV notamment beieneeleet.

Also ass et eigentlech normal, dass mer dee Phenomeen hunn, dass a wichtegen Deeler, besonnesch do, wou eng Responsabilitéit direkt bestanen huet vun enge vun de Parteien, der LSAP, déi weider an där neier Regierung ass, dass do Kontinuitéit sech erëmspigelt. An dass u sech, an eenzelne Beräicher, et zu engem Broch, zu enger Neidefinitioun vu Politike kënnt, mä awer, glécklecherweis, erhale bleift, wat d'Stäerkt och vun dësem Land ausgemaach huet a wat och wichteg ass fir e klengt Land, dass et sech a wesentleche politesche Froen, a wesentleche politeschen Optiounen eens ass.

Ech wëll net hunn, dass mer eng Kéier an eng aner Situatioun hei zu Lëtzebuerg erakommen. An dofir mengen ech, dass dee Constat, dee gemaach ginn ass vun anerer Säit, richteg ass. Ech hu souguer an der éischter Reaktioun bal datselwecht gëschter gesot, eng breet Kontinuitéit, awer en Neiufank, een neien Elan, deen ech awer och spieren.

Ech wëll nach eng Kéier op déi Neiwahlen an dee Broch vun der viregter Koalitioun zréckkommen, well och e Virriedner dat hei gemaach huet. Zu deenen Neiwahlen ass et jo net komm, well tëschent den deemolege Koalitiounsparteien et oniwwerbréckbar Géigesätz an inhaltleche politesche Froe ginn hätt; den Ausgangspunkt ass jo e ganz anere gewiescht.

Den Ausgangspunkt ass déi ganz Diskussioun ronderëm de Fonctionnement vun den Institutiounen, ronderëm d'Vertrauen tëschent den Institutiounen, wat verluer gaangen ass, ronderëm de Fonctionnement an d'Kontroll vum Service de Renseignement an d'politesch Responsabilitéiten, déi sech dorauser erginn. Also, éischter Froen, géif ech soen, vu politescher Ethik, vu politescher Verantwortung, wou Divergenze bestanen hunn an déi och den Ausléiser ware vun deenen Neiwahlen, wéi dass eigentlech een hätt net méi kënnen inhaltlech an der viregter Koalitioun zesummeschaffen.

An dofir kann ech - bei allem Respekt an allem Versteesdemech fir Roserei, Onzefriddenheet, déi ee kann emfannen, wann ee sech an der Oppositioun erëmfënnt, wat eng ongewinnte Situatioun ass fir eng Partei wéi d'CSV, wou aner Parteie sech méi liicht vläicht drun hu misse schonn an der Vergaangenheet gewinnen, net well se onbedéngt méi schlecht geschafft hätte wéi anerer, mä well eben d'Wahlresultat dat ginn huet, wat et ginn huet - déi Analys vun deene Wahlen net akzeptéieren.

Eleng de Fait, dass gesot gëtt hei, an et ass scho virdru geschriwwe ginn a gesot ginn op anere Plazen: „Mir stellen d'Legitimitéit vun där Regierung net a Fro." Eleng duerch dee Saz huet een awer schonn eigentlech insinuéiert, dass ee se kéint a Fro stellen. An dat gefält mir guer net un där Haltung!

Wann een dann och gläichzäiteg seet: „Ma, déi huet jo emol keng 50% vun de Stëmmen hannert sech", dann huet een erëm eng Kéier d'Fro vun der Legitimitéit, ouni et offen ze soen, erëm eng Kéier opgeworf. An ech verweisen do op e remarquablen Artikel vum Romain Hilgert am „Lëtzebuerger Land" iwwert d'Fro vun der Contestatioun vun der Legitimitéit duerch Rietsparteien, wa si selwer net an der Regierung sinn, wann déi aner an der Regierung sinn.

Genau déi dote Politik gëtt an Däitschland gemaach, vu Leit, Copé a Konsorten. Genau déi dote Politik ass och op anere Plaze vun anere gemaach ginn, well iergendwéi schéngt an de Käpp vun eenzelne Leit déi Wourecht dragebrannt ze sinn, wéi wann et eigentlech bal widdernatierlech wier, wann aner Parteie wéi si an enger Regierung sinn. Dat ass et net! Ech fannen, dass mer mat dësem Wiessel, mat dëser Alternance e Stéck Normalitéit hei zu Lëtzebuerg am politesche Geschäft erëmkritt hunn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Déi Koalitioun hei, an där Zesummestellung, kënnt och net iwwerraschend. Och net fir d'CSV. Ech hunn am Virfeld kloer Aussoen dozou gemaach. Aner Leit och. Aner Leit och manner, dat ass wouer.

Mä op där anerer Säit wëll ech awer soen, dass d'CSV awer hir ganz Wahlcampagne dorobber opgebaut huet. Der CSV hiert Haaptargument war: „Stabilitéit, a mir mussen eng Dräierkoalitioun géint d'CSV verhënneren." Dat ass se net midd ginn ze soen, dat ass se net midd ginn ze schreiwen. Elo ze maachen, wéi wa se erstaunt wier, dass dat elo wierklech zustane komm ass, wat se ëmmer gesot huet, wat géif zustane kommen, erstaunt mech erëm eng Kéier ganz staark.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech zitéieren de Jean-Claude Juncker an engem Schréftstéck fir Lëtzebuerg heiheem an dobaussen. Ech zitéieren: „…well déi aner Parteie sech informell eens gi sinn,…" - dat war virun de Wahlen - „…informell eens gi sinn, d'CSV aus der Regierungsverantwortung ze katapultéieren, onofhängeg vum Wahlresultat."

Une voix.- Jo.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Zweet Zitat Jean-Claude Juncker, virun de Wahlen, e Bestanddeel also vun där ganzer Wahlcampagne, an deem sympathesche Jargon, deen der CSV heiansdo eegen ass: „Dofir musse mer eng wackeleg Anti-CSV-Dräier-Wischiwaschi-Koalitioun verhënneren." Anerer hu geschriwwe vun „Wischiwaschi-Tuttifrutti-Koalitioun".

Ech sinn dankbar, aus dem Mond vum Jean-Claude Juncker hei ze héieren, dass en zumindest de Regierungsprogramm net als Tuttifrutti a Wischiwaschi bezeechent huet. Well als een, dee scho laang derbäi ass, als een, deen, mengen ech, bei fënnef Koalitiounsverhandlungen derbäi war, kann ech hei bestätegen, dass déi Koalitiounsverhandlunge wuel esou seriö - wuel esou seriö! - gefouert gi si wéi all déi Kéiere virdrun, wou ech d'Chance hat, mat aneren zesummen déi Koalitiounsverhandlungen ze féieren.

An och inhaltlech hält deen heite Programm, mat all senge Stäerkten a Schwächten, déi en huet - e Programm ass net an alle Kapitele gläich staark -, de Verglach aus mat allen anere Programmer, déi ech virdrun d'Éier hat, hei ze kommentéieren an zum Deel och mat ze verhandelen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech mengen also, dass och esou Zuelespillereien - „net d'Majoritéit vun de Leit steet hannert dëser Koalitioun" - net vill bréngen. An England, däitlech d'Kärstéck, um Ursprong vun de parlamentareschen Demokratien, ass et esou, dass, duerch hire Wahlsystem bedéngt, praktesch ni eng Regierung, ni an der Geschicht vun England, 50% vun de Wieler hannert sech hat.

Hätt een et gewot, dat doten a Fro ze stellen an ze soen: „Ma, well se nëmme 40% hunn, sinn déi net legitiméiert eigentlech, fir d'Koalitioun fir d'Regierung ze stellen."? Soudass ech also mengen, dat weess och jiddwereen heibannen, dass dat Eenzegt, wat zielt, de politesche Wëllen ass, fir eng Koalitioun ze maachen. Deen ass do, dee spieren ech, dee spieren ech och an dësem Programm erëm.

A gläichzäiteg, natierlech de Fait, dass een an engem Parlament muss eng Majoritéit hunn, an dës Majoritéit ass do, déi ass knapp, si ass net esou breet wéi aner Majoritéiten an der Vergaangenheet do waren, mä mir haten och schonn awer hei wuel esou knapp Majoritéiten, an déi Regierungen hu wuel esou gutt Aarbecht geleescht wéi aner Regierungen, déi vläicht op méi breet Majoritéite kënnen zréckkucken. Ech mengen, dass dat souguer heiansdo fir d'Disziplin a fir d'Kohärenz an enger Équipe méi wichteg ass, fir méi enk opgestallt ze ginn, wéi wann een dat ganz breet wëllt maachen.

Ech erkennen an dësem Programm e Programm vum Bon sens, vum gesonde Mënscheverstand. An dat, wat als Virworf hei geäussert ginn ass, dass Parteien op hir pointéiertst Fuerderunge verzicht hätten, dat stëmmt zum Deel. Mä awer d'Resultat ass d'Sich vum gëllene Mëttelwee.

D'Resultat ass d'Sich, effektiv, dass de Bon sens sech am Endeffekt duerchgesat huet an dass doduerjer eenzel méi extrem Fuerderungen, méi pointéiert Fuerderungen, déi jiddwereen a senge Wahlprogrammer huet, och emol net majoritéitsfäeg sinn. Dont acte dovunner. Do hätt och eng Diskussioun iwwer laang Wochen, soen ech Iech, net méi bruecht. Dat seet awer och meng Erfahrung vun deenen Diskussiounen, déi mer emol an der Vergaangenheet bei Regierungsverhandlungen haten.

An ech mengen, dass dat hei, wat erauskomm ass, eppes ass, wat dann doduerch awer och gedroe gëtt vun deenen dräi Parteien a wou effektiv déi dräi Parteien hir Handschréft an dësem Programm erëmfannen an - ech si frou - och d'CSV indirekt hir Handschréft an dësem Wahlprogramm erëmfënnt. Dat misst also scho bal dozou féieren, dass se sech zumindest géifen enthalen, wann et zur Ofstëmmung hei iwwert d'Vertrauensfro un d'Regierung opgrond vun dësem Programm kënnt.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech wëll op déi siwe Schwéierpunkten zréckkommen, déi mir als LSAP formuléiert haten an dëser Wahlcampagne, a se kuerz beliichten, wéi déi schlussendlech hiren Nidderschlag fonnt hunn an deem heite Programm.

Éischte Punkt war: Mir setzen eis an, fir all Aarbechtsplaz hei zu Lëtzebuerg ze halen an nei Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg ze schafen. Ech mengen, dat ass och dee Schwéierpunkt, deen ech erkennen hei. De Wëlle vun där ganzer Regierung, an dat geet jo iwwert d'Parteie vun dëser Koalitioun eraus, all d'Bedéngungen esou opzestellen, dass weider kënnen d'Aarbechtsplazen, déi hei sinn, dass déi erhale bleiwen an dass mer gutt Aarbechtsplazen, uerdentlech bezuelten, dezent Aarbechtsplazen zousätzlech hei zu Lëtzebuerg bäikréien.

Dofir eng Kontinuitéit selbstverständlech mat där Wirtschaftspolitik, déi déi lescht Jore gemaach ginn ass. Eng Kontinuitéit och mat der Éducatiounspolitik, déi an deene leschte Jore gemaach ginn ass. Alles dat gëtt weider gebündelt. An ech si gudder Hoffnung, dass mer et fäerdegbréngen, an d'Experte schléissen dat net aus, dass, wa mer wirtschaftlech erëm op d'Wuesstumsrat vun iwwer 2% hei zu Lëtzebuerg kommen, dann och d'Courbe vum Chômage net méi eropgeet, mä erstmaleg zënter 15 Joer erëm eng Kéier no ënne weist. Dat muss erkläertent Zil... dat ass erkläertent Zil vun dëser Koalitioun.

Zweete Punkt: Eise Sozialstat laangfristeg ofsécheren. Ech gesi kee Punkt an dësem Regierungsprogramm dran, dee contraire wier zu där doter Absicht, déi mer geäussert hunn. De Sozialstat zu Lëtzebuerg, an och e staarke Stat zu Lëtzebuerg, gëtt vu kengem a Fro gestallt. Och net vun enger Demokratescher Partei.

Et ass emol ee Mann ginn, den Henri Grethen, dee viru laange Joren d'Iddi - hie war vläicht personell net dee Beschten, fir dat ze soen - vum schlanke Stat formuléiert huet. Mä entretemps huet d'Demokratesch Partei, an den Här Berger huet dat och hei confirméiert, déi Iddi do opginn. Do ass Konsensus, fir also dee Sozialstat ze erhalen an eigentlech net nach op déi Reformen, notamment vum Pensiounswiesen, déi déi lescht Regierung gemaach huet, weider Reformen dropzeleeën, mä emol ze kucken, wéi déi Reforme gräifen.

Do muss ech allerdéngs soen, dass den CSV-Wahlprogramm, ech si jo nëmme mat mëttlerer Intelligenz ausgestatt, fir mech awer eng Rei Rätselen opwerft, grad op deem dote Punkt. Do liesen ech dran, zumindest ganz kloer tëschent den Zeilen, dass no der CSV och elo an dëser Period hätt missen nach eng Kéier eng nei Reform vum Pensiounsregime kommen, well déi Pensioun (veuillez lire: déi Reform) virdrun net wäit genuch gaangen ass. Oder wéi ass dee Saz am CSV-Wahlprogramm ze verstoen?

Dat ass hei net de Fall. Mir wëllen eise Sozialstat net doutreforméieren duerch successiv Reformen, mä mir kucken, wéi déi Reforme gräifen, an dann, wann et néideg ass, wëlle mer Korrekture virhuelen. Dat gëllt fir d'Pensiounssystemer. Dat gëllt fir d'Krankekeesen. Dat gëllt fir d'Fleeg, wou mer wëssen, dass muss gehandelt ginn. Soss ass d'Finanzéierung net méi garantéiert iwwert déi nächst Joren. Dat gëllt also fir dee ganze Sozialsystem hei zu Lëtzebuerg.

Drëtte Punkt: Mir hu gesot: „Mir verhënneren, dass den Index ofgeschaf gëtt." Firwat hu mer dat gesot? Well et wichteg - wichteg! - sozial Kräfte gëtt, déi dat verlaangt hunn, déi eng Desindexéierung vum ganze Land gefrot hunn an notamment och en totaalt Ofschafe vun der Indexéierung, vun der automatescher Upassung vu Loun, Gehälter un d'Deierecht. Dat war keng politesch Partei, déi hei vertratt ass, mä et sinn awer net onwesentlech Kräften. Leit, déi regelméisseg och Partner waren a weider musse si vun enger Regierung, déi esou Iddien an d'Welt gesat hunn. Mä mir hu gesot: Neen!

A mir sinn elo schlussendlech op deem System, dass, wann d'Inflatioun am Grëff bleift, wa mer also net méi wéi 2,5% Inflatioun pro Joer hunn, da spillt d'Indexklausel, wéi se fréier gespillt huet. Da mierkt keen, dass iergendeppes geännert huet.

Wann dat dérapéiert, wa mer dobäi nach e luese Wuesstum hunn, vun 1, vun 2%, da musse mer effektiv reagéieren. An och dat hu mir an eisem Wahlprogramm gesot.

Mä wat net kënnt, wat am CSV-Programm awer drastoung, dat ass, dass och um Wuerekuerf soll gepiddelt ginn. Dat kënnt jo nach zousätzlech bei déi Regelung vun der jährlecher Tranche derbäi.

Wat och net kënnt, dat ass, dass mer dobäi och nach géifen eng Diskussioun ronderëm erëm eng Kéier de gedeckelten Index féieren. Och dat ass ewech an den Diskussiounen. Dat ass scho ganz verklausuléiert an ofgeschwächt am CSV-Programm erëmzeliese gewiescht. De fréiere Premierminister war do am Virfeld vill méi däitlech.

Mir wëllen erreechen, dass d'Wunnengspräisser zu Lëtzebuerg net méi weider explodéieren. Do si mer eis alleguerten eens. An ech hunn eigentlech ni eppes aneschters och während der Wahlcampagne gesot. Keng Partei heibannen huet eng Patentléisung, wéi een deem dote Fléau endlech ka begéinen, mat deem wierklech iwwer elo 15 Joer unhalende stännegen Uwuesse vun de Baulandpräisser a vun de Wunnengen, sief et d'Kafpräisser wéi och op de Loyeren.

An dofir ass dës Koalitioun dohinnergaangen, a selbstverständlech ass se op fir aner Suggestiounen, fir all déi gutt Iddien, déi do sinn, wou mer mengen, déi kéinten deelweis hëllefen de Problem erëm an de Grëff ze kréien, dass mer déi beieneebréngen. Dass do, wou se sech net selwer a Kontradiktioun bréngen, dass mer déi beieneebréngen a probéieren esou gemeinsam do eens ze ginn.

Do brauche mer reglementaresch Agrëff. Mir brauchen awer selbstverständlech och de Privatsecteur, fir matzegoen. Mir brauche staatlech, ëffentlech Institutiounen, déi an deem ganze Beräich méi aktiv gi wéi dat.

A mir brauche virun allem erëm eng Kéier de Geescht vum Wunnengsbaupakt. Deen ass verluer gaangen. Ech hat eng Kéier als Buergermeeschter eng Réunioun, wéi et lassgaangen ass. An der Halschent sollt Bilan gezu ginn zesummen. Ech sinn ni méi kontaktéiert ginn. Et ass verpasst ginn eigentlech - an ech weess, dass dat e schrecklechen Zäitopwand ass, fir dat ze maachen - wierklech déi Iddi vum Pakt, vum Gemeinsamen, Stat a Gemengen zesummen, hëllefe méi Wunnengen ze bauen, méi Sozialwunnengen ze bauen, méi bëlleg ze bauen. Alles dat, dat ass fale gelooss ginn. Dat ass net mat der néideger Konsequenz weidergedriwwe ginn.

Do musse mer erëm op den Ursprongsgedanken, dee gutt war, dee mer jo gemeinsam haten, op dee musse mer erëm eng Kéier zréckkommen, fir esou wierklech och konkret virunzekommen, ewechzekomme vun de Gesetzer an an den Discoursen. Dat ass eent, mä konkret um Terrain praktesch, pragmatesch virukommen op deem dote Plang. An dat geet nëmme mat engem partnerschaftleche Virgoen tëschent dem Stat an de Gemengen, wou béid Säite selbstverständlech hir Responsabilitéit mussen iwwerhuelen.

Mir hu gesot: „Mir suerge fir méi eng gerecht Gesellschaft." Den Zesummenhalt vun der Gesellschaft ass eng absolut Prioritéit och vun dëser Regierungspolitik. An dat ass sécherlech kee Broch mat där Regierungspolitik déi lescht Joren, déi ënner enger anerer politescher Konstellatioun gemaach ginn ass. Dat heescht fir eis weider, och besonnesch an der Schoulausbildung, an der Beruffsausbildung d'Chancëgerechtegkeet fir déi jonk Leit erëm eng Kéier hierstellen. Also och do weider Reforme maachen, Reformen upassen, fir dass mer dat Zil erëm, wat ursprénglech eis Schoul emol hat, dat se verluer huet, fir dass d'Schoul och als soziale Lift no uewen erëm fonctionnéiert, dass mer dat erëm eng Kéier hikréien.

Sechste Punkt: Mir stinn a fir eng kloer Trennung vu Kierch a Stat. Dee Punkt, dee gëtt 1:1 an eisem Wahlprogramm iwwerholl an de Regierungsprogramm. An ech muss soen: Dat hate mer nach net. Mir sinn eis eens, wéi mer un déi dote Fro eruginn. Mir hu kloergemaach... An dës Kéier hu keng parallell Diskussioune mat iergendwelleche kierchlechen Institutioune stattfonnt. Mir hu kloergemaach, wat mer wëllen. Mä selbstverständlech, fir dat Ganzt a Musek ëmzesetzen, fir dat Ganzt praktesch ze implementéieren, kann dat nëmmen a Verhandlungen an Diskussioune mat de betraffene Reliounsgemeinschafte gefouert ginn. Dat ass selbstverständlech.

Mir wëllen en éischte kloeren Akt setzen, méi e symboleschen, mä op deem mer eigentlech eens waren, och a viregte Regierungen. Dat muss ech dem Jean-Claude Juncker gären zougestoen. Mä firwat ass et net gemaach ginn? Firwat hu mer eigentlech déi ganz Feier ronderëm den Nationalfeierdag net méi reforméiert, wéi mer eis eigentlech am Fong eens waren? Mä et ass net ëmmer bis zum Schluss duerchgezu ginn.

Et ass och éischter dat, wat ech eigentlech der viregter Regierung a Konstellatioun virwerfen, wou ech net ka maachen, wéi wann ech guer näischt dermat ze di gehat hätt. Vill Projete vun der viregter Regierung fënnt een erëm. Mä der viregter Regierung muss ee virwerfen, dass se net mat der néideger Konsequenz, mat der néideger Beharrlechkeet un deene Projeten drubliwwen ass, fir och ze kucken, dass se géife bis un de finale Stadium kommen. Dass se sollten ëmgesat an hätte kënne gestëmmt ginn.

Ech kéint hei eng Lëscht vu Projet-de-loien opzielen, vu Reformen opzielen, déi sech elo erëm am Koalitiounsaccord vun dëser Koalitioun erëmfannen, déi net nëmme scho stoungen an deem Accord vu viru knapp fënnef Joer, mä déi och scho stoungen an deem vu fënnef Joer virdrun an zum Deel scho stoungen an deem virdrun.

E Beispill zum Beispill: d'Grondsteier. D'Reform vun der Grondsteier. Wéi vill Joren diskutéiere mer hei driwwer? Wat ass vu Viraarbecht an deem Dossier bis haut gemaach ginn no 15 Joer Diskussioun?

D'Reform vun de kommunale Finanzen: Wéi vill Joren diskutéiere mer doriwwer? Wéi vill gutt Iddien hu mer um Wee? An awer hu mer et net fäerdegbruecht, eng Zügegkeet an dat Ganzt eranzekréien, fir dass mer wierklech op en Enn do komme mat alle komplexe Froen. An déi Warnungen, déi ware gutt gemaach.

(Interruption)

Jo. Jean-Marie, ech kennen d'Diskussioun. Déi geet schonn a virun deng Zäit zréck. Déi ass laang, soen ech lech. Déi ass laang.

Divorce, ass och..., selbstverständlech si mer eis eens. Ech wëll awer soen, dass deen Text vum Luc Frieden och bei der CSV an der leschter Period keen Zousproch méi fonnt huet. De Premier war..., den Expremier war esou léif, dat hei ervirzehiewen, mä deen ass eigentlech zum Deel awer och gescheitert u verschidde Meenungen, déi an der CSV-Fraktioun an der Juridique och louchen.

An och do op eemol, déi lescht 18 Méint, war weder e Minister do nach aner Leit, déi gesot hunn: Ma kommt, mir gräifen den Dossier erëm op a maachen dat, wou mer eis och eigentlech mëndlech eens waren! Mir huelen de belschen Text a kucken, deen dann op Lëtzebuergesch ze transposéieren. Dat ass net gemaach ginn. Dës Regierung wäert dat maachen, an dofir wäerte mer och mathëllefe suergen, dass dat geschitt.

Leschte Punkt: Mir wëllen d'Biergerbedeelegung virun Entscheedungen ausbauen. Fir mech ee wichtege Punkt. Ech si perséinlech frou, dass déi Iddi vum duebele Referendum hei zréckbehale ginn ass, déi ech effektiv scho viru länger Zäit lancéiert hunn, wou ech wéineg Reaktiounen drop kritt hunn, muss ech soen. Ausnahm: Ech hunn eng Trace fonnt an engem Neijoersinterview vum fréiere Premierminister, deen op eng spezifesch Fro vum Journalist geäntwert huet, dat wier eng Iddi, iwwert déi ze diskutéiere wier.

Mä och do muss ech soen, den CSV-Programm ass esou verklausuléiert an där doter Fro ausgedréckt, dass ech all meng Schwieregkeeten hat, ze verstoen, wat dat eigentlech kéint beinhalten. An ech hunn alt gemengt, dat wier esou eng Ankerplaz gewiescht, dass, wann éieren dann awer sollt eng Koalitioun mat der LSAP kommen, een do kéint dann e gemeinsamen..., och nach eng Bréck baue kéint op deem dote Punkt.

Wéi ech ëmmer nach fonnt hunn, dass d'CSV relativ schlau Wahlprogrammer hat, well och bei dësem Wahlprogramm - dee virdru war och ähnlech - et ëmmer erëm e puer Punkte gëtt, Iddien, déi ech eigentlech ni héieren hunn d'CSV soe während där ganzer Period, déi aner Leit gesot hunn an déi se da mat, usazweis zumindest, integréiert hunn an hire Wahlprogramm, fir herno kënnen da Brécken ze schloe mat aneren. A wéi gesot, dee Wahlprogramm - dee leschten, mengen ech - mécht do keng Ausnahm par rapport zu deem intelligenten Opbau, deen d'CSV vun hire Wahlprogrammer an der Regel mécht.

Duebele Referendum: D'Volleksinitiativ ass net vergiess, mä do musse mer allerdéngs kënnen d'Verfassung änneren, fir dat ze maachen. Ugestrieft hu mer jo den islännesche Modell. Island huet deen Exercice gemaach, dass u sech net e Parlament eleng un enger Verfassung schafft. D'Parlament muss weider d'Ankerplaz vun enger Verfassungsreform bleiwen. Dat ass fir mech ganz kloer, mä wou s de am Virfeld effektiv eng Rei vu prinzipielle Froe stells, déi awer och solle Froe sinn, déi kontrovers sinn. Et déngt jo awer näischt, d'Leit ze beméien an och Froen ze stellen, wou am Parlament schonn Eestëmmegkeet besteet, an nach eng Kéier ze soe loosse vun de Bierger, ma sidd Der dann och domat d'accord.

Ech menge schonn, dass een do soll awer déi Froen..., an déi Lëscht ass net exhaustiv, déi däerf natierlech och net ze laang ginn. Iwwert d'Froestellung musse mer vill diskutéieren. Do musse mer och Rot, mengen ech, vu wierkleche Spezialiste vu baussen huelen, fir déi Formulatiounen do richteg ze maachen. Dat probéiere mer och selbstverständlech an engem méigleche Konsens mat alle Forces politiques hei ze maachen. Well ech wëll elo net schonn eng Diskussioun hunn iwwert d'Froestellung, well soss ass dee ganze Referendum biaiséiert vun Ufank un.

Mir wëssen och, mir hu wéineg Erfahrung mat Referenden, déi mer haten, nu jo, et sinn net ëmmer déi positivst gewiescht. Gefor, déi natierlech ëmmer besteet, och herno, wann iwwert déi ganz Verfassung ofgestëmmt gëtt, wou mer an d'Richtung ginn, wierklech eng nei Verfassung ze maachen - net eng Ofännerung vun der bestehender Verfassung, wierklech eng nei Verfassung wëlle presentéieren -, dass dat ëmmer riskéiert natierlech eppes ze ginn, wou d'Leit vläicht net op déi Fro esou äntwerten, déi se grad gestallt kréien, mä op déi Fro äntwerten, déi si wëllen dee Moment grad beäntwerten, déi awer grad an der politescher Diskussioun ass.

Dat wësse mer. De Referendum, dee biergt eben deen dote Risiko ëmmer a sech. Dat heescht awer net, dass et awer net wichteg wier, och hei zu Lëtzebuerg Elementer vun direkter Demokratie, net nëmmen an den Texter, virzegesinn, mä och praktesch ze exercéieren.

Wichteg fir eis ass natierlech och de prakteschen, de fräien Zougank zu den Informatiounen. Ech mengen, och do ass gewosst, wéi laang dass dee Projet an der Maturatioun war. Do wëlle mer en neien Text virleeën, dee méi wäit geet, deen och Schlichtungsprozedure virgesäit, déi d'Leit net forcéieren, wa se Dokumenter net kréien, da viru Geriichter mussen ze goen.

Virun allem awer, mengen ech, ass et wichteg, och an de Verwaltungen eng Kultur ze kréie vu méi Offenheet. Ech mengen, et déngt näischt, Texter ze maachen an da bleift u sech d'Praxis eigentlech déi, déi sech agefleescht huet iwwer laang Jorzéngten. Mä och do muss, mengen ech, en Ëmdenke komme mat deene Leit, déi u sech d'Gestioun vun deenen Donnéeë maachen, e Maximum eigentlech am Virfeld schonn erauszeginn, dass d'Leit eigentlech am Virfeld schonn e Maximum d'office vun Informatioune kréien a bei Nofroen dann och bereet sinn, mengen ech, zousätzlech Informatiounen ze ginn.

Ech mengen, dass do kee grousse Sträit kënnt op deem dote Punkt. Et ass awer wichteg, dass mer, nodeem mer laang driwwer diskutéiert hunn - ausser am Ëmweltberäich, wou dat jo scho besteet -, awer och an deenen anere Beräicher do dee fräien Accès kréien.

Op de Service de Renseignement an dat alles wëll ech net agoen. Do besteet, ausser an e puer Detailpunkten, e grousse Konsens. Och do wär ech frou, wann déi... En Deel Propositions de loi ass jo schonn do. Ech wär awer frou, wann och de Rescht géif vun der neier Regierung esou schnell wéi méiglech an Ugrëff geholl ginn, fir dass mer och do net jorelaang musse weider waarden, bis et zu enger Reform kënnt.

Ech wëll e puer Wuert soen och zum wirtschaftlechen an zum finanziellen a budgetären Ëmfeld. Dat ass eng wichteg Fro. Och mat de Wahle sinn d'Problemer déi al. Déi sinn net ewechgewëscht, och mat der neier Regierung bleiwe se déi al.

Mir sinn do agebett an e relativ contraignant europäescht Regelwierk, wat d'Gouvernance économique ugeet, wat de Budget betrëfft, wat awer och déi faméis Déséquilibres macroéconomiques ugeet - Semestre européen, Sixpack, Twopack, alles ass schonn opgezielt ginn. Alles dat ass net evident, an och eng nei Koalitioun, egal wéi déi Zesummesetzung wär, ka sech deenen dote Contrainten net entzéien.

Gutt wär et - do bleiwe mer där Meenung -, wann een op europäeschem Plang géif erreechen, eng gewëssen Oplackerung ze kréien, wat eenzel Regelen ugeet. Mä dat ass natierlech eng schwiereg Konstellatioun, eng schwiereg Operatioun, déi net vun haut op muer ze maachen ass.

Wichteg ass fir mech festzestellen, et ass eigentlech op haut gekuckt, dass d'Situatioun - och vun de Statsfinanzen - net schlecht ass. Ech hunn och do guer kee Problem, zu där Budgetspolitik ze stoe vun deene leschte Joren. Mir wëssen, wéi mer do gestridden hunn, wéi schwiereg déi Diskussioune waren.

Mä schlussendlech hu mer awer, wann och net mat der leschter Konsequenz bis zum Schluss, etappeweis schwiereg Décisioune missen huelen, woufir déi viregt Regierung net geklappt kritt huet. Dobaussen hu mer se gemeinsam och duerchgestanen. An och dës Koalitioun mécht keng vun deene strukturellen Décisiounen, där waren der och derbäi, stellt se a Fro, déi geholl si ginn.

Et muss een och soen, dass elo mat der Échéance 2015 wuel esou grouss Erausfuerderungen op d'Budgetspolitik zoukommen, wann dann net méi grousser, wéi mer se an de Joren 2009-2010 haten. Dat gëtt eng ganz schwiereg Saach. Do kann ee bemängelen, dass vläicht deen een oder aneren Dossier net esou preparéiert ass, wéi en hätt kënne preparéiert ginn an deene leschte Joren. Mä och do ass et selbstverständlech, dass, wann all Detailer um Dësch leien, dës Koalitioun wäert do misse politesch Décisiounen huelen.

Mir kënnen net zouloossen, dass mer an ee Rhythmus erarutschen, wou all Joer missten zwou Milliarden Euro a méi als nei Scholden opgeholl ginn. Dat wär onverantwortlech par rapport zu eise Kanner a Kandskanner. Dofir musse mer déi Décisiounen huelen.

Mir mussen déi Décisiounen awer esou huelen, dass se verstänneg sinn, dass se sech kohärent sinn ënnereneen, wat Steiererhéijung, wat Aspuernisser ugeet. An et ass déi Diskussioun, déi ugefaangen huet, an et ass déi Diskussioun, déi eis wäert an deenen nächste Méint bis zur Opstellung vum Budget 2015 anhuelen.

Mä ech erkennen och do, dass zumindest Deeler vun der Oppositioun bereet sinn, mat an déi Diskussioun do eranzegoen, well jo déi Zilsetzungen eigentlech comparabel sinn. Se si jo eigentlech net esou aus der Loft gegraff, well se ergi sech einfach zum Deel aus europäesche Verflichtungen, déi mer hunn, a mir mussen also gemeinsam kucken, dat hinzekréien.

Och do, mengen ech, sinn all gutt Iddie wëllkomm, fir do e Pak ze schnüren, deen d'Strooss hält. Dat schéngt mer wichteg ze sinn. Dat schéngt mer och de Kritär ze ginn zur Réussite oder net vun där grousser Steierreform, ech mengen, déi mer wierklech brauchen.

Et ass iwwert déi lescht Jore relativ vill Patchwork gemaach ginn an där doter Fro. Et ass ni eng fundamental Iwwerpréiwung vum ganze System gemaach ginn, ob e wierklech nach déi Zilsetzungen erfëllt, déi en huet, ob en effektiv eng Ëmverdeelung garantéiert, déi als gerecht emfonnt gëtt. An et ass dat dote Gefill, ob d'ëffentlech Meenung, ob d'Leit dobaussen d'Impressioun hunn, dass déi Efforte musse gemaach ginn.

An ech mengen, dass ëmmer méi Leit eigentlech prett sinn am Kapp, fir e Stéck Wee matzegoen op deem dote Wee, fir Lëtzebuerg erëm zukunftsfäeg ze maachen. Se mussen awer d'Gefill hunn, dass dat gerecht ass, dass, ier et u si geet, och all aner Méiglechkeete virdru gekuckt si ginn, fir eventuell Suen ze spueren, anescht u Projeten erunzegoen, méi bëlleg ze bauen, dass all déi Froe gekuckt si ginn.

Ech mengen, dass dann, wann dat an der richteger Reiefolleg geschitt a begleet gëtt, mat enger gudder Explikatioun a Kommunikatioun dobaussen, een och weider op ass fir Kritiken an net einfach seet, basta, dat maache mer esou.

Da mengen ech, dass effektiv dës Regierung déi néideg Viraussetzungen oder deen néidegen Elan och matbréngt als nei Équipe, fir un déi dote Saachen erunzegoen. Vläicht besser wéi déi al Équipe dat konnt, wou awer ee gemierkt huet, dass eng staark Routine sech awer bemierkbar gemaach huet iwwer Joren. An ech gi ganz einfach enger neier Équipe am Ufank vun enger Period do méi Chancen, déi doten Hürd ze huelen, wéi dat ass, wann déi Politik einfach esou weidergefouert gëtt.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech net weider hei ausloossen iwwer aner Punkten. Op dat Wesentlecht sinn ech agaangen.

Ech mengen, dass mer elo e Programm hunn, dass mer eng Équipe hunn - iwwert déi Zesummesetzung kann een ëmmer diskutéieren, iwwert d'Zuel och. Ech mengen awer, dass och emol eng Kéier e fréiere Statsminister déi Iddi hat vu Statssekretären, e bëssen nom däitsche Muster, also et ass probéiert ginn, sech eigentlech relativ no un déi doten Iddi hei ze orientéieren.

Mä et bleift, mengen ech, dass dës Regierung prett ass mat deem Programm, deen net méi onprezis ass wéi aner Programmer et och waren. Dat ass och virdru schonn hei ervirgehuewe ginn, deen an Deeler méi prezis ass, dat ass ganz kloer. Et huet een ëmmer och Kapitelen, déi anescht ausgeriicht si wéi anerer, wou méi Literatur gemaach gëtt. Bei anere gi méi prezis einfach Projeten opgezielt, déi ee wëllt maachen, a gewësse Projete brauchen nach Reifezäit. Déi mussen nach eruräifen. Do mussen nach Diskussioune gefouert ginn, ier ee mat deene Projeten no vir geet.

Wat elo muss kommen, dat wär e Wonsch, deen ech un d'Regierung hätt, an ech wäert vu menger Plaz aus da probéieren, och an déi Richtung do hinzewierken, dat ass opgrond vun deem Koalitiounsofkommes en Aarbechtsprogramm, en Aarbechtsprogramm mat engem Zäitplang, mat Prioritéiten.

Ech wëll net dat erëm begéinen, wat mer allze oft an der Vergaangenheet haten, wou jiddwer Minister säi Plang hat, seng Projete gemaach huet. Dat huet dann zu engem komplette Stau gefouert. Dat erkläert och, firwat dass esou vill Projeten zum Deel nach am Tirang leien. Well da vun alle Säiten op eemol Projete komm sinn an d'legislativ Prozedur eigentlech net konnt richteg duerchgezu ginn. Et si keng Prioritéite gesat ginn, an doduerjer si vill gutt Absichten eigentlech sträflech vernoléissegt ginn.

Dofir ass et wichteg, mengen ech, dass dës Regierung, dës Koalitioun sech deen Aarbechtsprogramm gëtt, mat engem konkreten Zäitplang, mat Prioritéiten, wat se wëllt an den éischte Periode maachen, fir esou geuerdnet eigentlech un d'Emsetzung vun hirem Koalitiouns- a Regierungsaccord erunzegoen.

Et kann een net alles gläichzäiteg maachen. Ech mengen, dee Wonsch vu Koordinatioun, dee jo och verankert ass an deem Accord tëschent de Ministeren, also méi eng interministeriell Zesummenaarbecht, ech wënsche mer, dass mer déi och kréien, selbstverständlech vun der Regierung mam Parlament, mat de Fraktiounen. Mir sinn eis jo och eens ginn iwwert de Prinzip vun engem Koalitiounsrot, deen aner Leit eigentlech an der Vergaangenheet net wollten.

De Koalitiounsrot, allerdéngs net fir Pompjee ze spillen - esou huet en nämlech zum Schluss nach fonctionnéiert -, mä e Koalitiounsrot, dee regelméisseg zesummekënnt, fir eben eng geuerdnet Aarbecht méiglech ze maachen, ze plangen um Niveau vun enger Koalitioun. Zu zwee wär et noutwendeg gewiescht, dat ass zu dräi net manner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, egal wéi een elo als Partei oder als Eenzelnen zu dëser neier Koalitioun steet, et ass eng Realitéit. An ech héieren och ëmmer méi vu Leit dobaussen - och Leit, déi aner Parteie gestëmmt hunn -: „Oh, mer sollen deenen eng Chance ginn."

Une voix.- Ganz richteg!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- An dat ass dat, wat ech gären hätt, och wann eng Partei, déi laang an der Regierung war an déi sécherlech vill Verdéngschter fir dëst Land huet, net méi derbäi ass dës Kéier, dass dës Regierung déiselwecht Chance soll kréie wéi aner Regierunge virdru kritt hunn, dass mer Parteiinteresse fir kuerz Momenter vergiessen, dass mer hinnen eng Chance ginn, déi Reformen ze maachen, déi se ugekënnegt hunn, déi oft uknäppen un aner Reformen, déi virdru gemaach si ginn, déi net ëmmer e Broch duerstellen, mä déi awer en neien Elan sécherlech mat sech bréngen, fir dass mer dat Vertrauen an d'Politik, Vertrauen an d'Institutiounen, Vertrauen tëschent den Institutiounen, dat awer gelidden huet an deene leschte Joren, dass mer dat erëm hiergestallt kréien.

An dofir wäerte mir als LSAP dëser Regierung d'Vertrauen ausschwätzen.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Applaudissements)

M. le Président.- Ech soen nach eng Kéier datselwecht wéi virdrun. Ech ginn och dervun aus, dass nach méi Leit gär geklappt hätten, mä dass awer eng Rei dem President gefollegt huet.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat ass d'Sëtzung vun de Moien um Enn. Ech wënschen lech e gudden Appetit, grad wéi deene Leit, déi eis de Moie mat begleet hunn. Rendez-vous de Mëtten um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 12.08 heures)

SÉANCE 4 MERCREDI, 11 DÉCEMBRE 2013

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

Débat sur le programme gouvernemental (suite)

- *Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Justin Turpel (dépôt de deux motions)*
- *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *Motion 1: M. Justin Turpel*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*
- *Motion 2: M. Justin Turpel, M. Alex Bodry, M. Jean-Claude Juncker, M. Eugène Berger, M. Alex Bodry, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany, Mme Viviane Loschetter, M. Alex Bodry, M. Justin Turpel*
- *Renvoi de la motion 2 en commission*
- *Motion 3: M. Justin Turpel, M. Alex Bodry, M. Eugène Berger, M. Jean-Claude Juncker*
- *Vote sur la motion 3 (adoptée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Jean Asselborn, Félix Braz, Nicolas Schmit, Romain Schneider, François Bausch, Fernand Etgen, Mme Maggy Nagel, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch, Mmes Corinne Cahen et Carole Dieschbourg, Ministres; M. Camille Gira, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Sëtzung ass op a mer fueren da viru mat der Debatt iwwert de Regierungsprogramm. Nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Débat sur le programme gouvernemental (suite)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ons nei Regierung trëtt un an enger Konstellatioun, wéi et se nach ni zu Lëtzebuerg ginn ass. Et trëtt domadder eng Équipe mat vill Engagement un - hire Programm stellt eng enorm Erausfuerderung - an dat besonnesch an dëse schwieregen Zäiten, net nëmmen an onsem Land, mä och an Europa.

Mir liewen elo an Zäiten, wou d'Bierger an d'Biergerinne sech Froe stellen, wéi et weidergeet a wat d'Zukunft brénge wäert. Froen, op déi och d'Politik keng Äntwert dierf schëlleg bleiwen. Wat brauch ons Gesellschaft? A wat brauch all eenzelne Bierger a Biergerin, egal ob al oder jonk, ob Lëtzebuerger oder net, ob räich oder aarm, ob Single oder bestuet, fir seng Zukunft ze gestalten?

Wéi solle mer ons organiséieren oder, besser gesot, nei organiséieren, fir datt eis Gesellschaft méi sozial a gerecht gëtt? Eng Gesellschaft, wou Chancëgläichheet keen eidelt Wuert ass. Wéi musse mer ons opstellen, fir datt mer onse Kanner, onsen Enkelen an allen nächste Generatiounen eng liewenswäert Welt hannerloossen? Eng Gesellschaft, wou mer oppassen, wat mer haut maachen, wéi mer liewen, fir datt muer an iwwermuer d'Méiglechkeeten zur Liewensgestaltung gräifbar bleiwen. Wéi kënne mer hei an onsem Land derfir suergen, datt dee grousse Projet vun engem friddlechen, solidareschen Europa ouni Grenze weidergefouert gëtt? A wat kënne mer géint den Euro-Pessimismus maachen?

Dës einfach Froestellung ass net nei am politesche Liewen, mä se kritt haut eng aner Dimensioun, där kee sech méi entzéie kann. D'Verhandlungsdelegatioune vun deenen dräi Regierungsparteien hu sech deene Froen och net entzunn, an déi 202 Säite vum Regierungsprogramm bréngen Äntwerten. Mat Sécherheet wäerte mer an dësem Land nach vill kontrovers diskutéieren iwwert de Wee, fir ons gemeinsam Ziler ze erreechen. Mir wäerten och sécherlech net ëmmer enger Meenung sinn, an de Cas de figure, dee mer heibannen heiansdo kennen, nämlech dee vu Majoritéit/Oppositioun wäert sech munchmol erëmfannen.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn iwwerzeegt, datt mir zesumme Léisungen zu de groussen Erausfuerderunge vun den nächste fënnef Joer kënne fannen, sief et an der Ausgestaltung vun Ziler, wéi och de Wee bis dohinner.

Kontinuitéit ass e wichtege Facteur, ouni dee bestëmmte Politike mëttel- a laangfristeg net kënne gräifen. Nei Akzenter an de Kontinuitéitspolitike wäerte gesat ginn, fir méi séier a méi gerecht ze handelen an zu engem gräifbaren Zil ze kommen. A ville Gesellschaftsfroe wäert dës Majoritéit duerch eng manner konservativ Approche nei Weeër aschloen, an dës Majoritéit wäert och vill Mesuren, oder eng Rei Mesuren a Fro stellen, déi allefalls enger Ideologie entsprach hunn, déi sozial genannt goufen, mä net ëmmer sozial gerecht sinn.

Mir wënschen ons als gréng Fraktioun, datt all ons Debatten déi nächst fënnef Joer heibanne mat der Oppositioun esou beräichernd a konstruktiv wäerte stattfannen, wéi mir et selwer gewinnt waren, wéi mir an der Oppositioun waren. Mir denken och, datt dëst Land eng fair Ausernanersetzung vun der Politik verdéngt huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de grénge Wahlprogramm ass net de Koalitiounsaccord, mä de Koalitiounsaccord ass absolut gréng kompatibel. Net nëmmen, wéi ech gelies hunn, euphoresch gréng Memberen hunn deem zougestëmmt, mä och nawell eng ganz Rei vu kritesche bis ganz kritesche Memberen, bei ons heescht dat „Fundien", hunn dësem Accord zougestëmmt, à l'unanimité! Dat ass onse Bäitrag zur blo-rout-grénger Basis.

Wat mir ons virgeholl hunn, dat stëmmt. Et gëllt elo dëse Programm ëmzesetzen, mat sengen diversen Approchë vu Kontinuitéit bis Neiufank.

Mir sinn, Dir Dammen an Dir Hären, als gréng Fraktioun immens zefridden iwwert déi nei Form vu Gouvernance, déi dës Regierung adoptéiert huet. An erlaabt mer just nach eng Kéier op e Virriedner vun de Moien aus der CSV zréckzekommen an eng kleng Korrektur dran ze brengen. Mir schwätzen net vun engem Renouveau vun der Demokratie. Dat ass iwwerhaapt net méiglech. D'Demokratie ass en onantastbaart Recht. Mir schwätze vun engem Renouveau démocratique, wat eppes ganz aneschters ass. Mir wëllen eng Erneierung a mir wëllen déi op eng demokratesch Manéier.

Fir ons ass dat esou wichteg, well fir ons ass Form och Programm. Informatioun an Transparenz si wichteg Vecteure fir e gutt Vertrauen an d'Politik. D'office informéieren, net méi just sur demande, an d'Méiglechkeeten och dozou schafen, ass e Meileschrëtt no vir a gëtt dem Wuert „moderniser" säi richtege Sënn. Iwwregens, wann dat Wuert esou oft virkënnt am Regierungsprogramm, et ass jo gezielt ginn, dann ass et och vläicht, well et esou vill Potenzial dofir gëtt.

Referendum fir d'Bierger an d'Biergerinnen, net nëmmen zu Verfassungsfroen, kann een och als eng méi modern Vue vu Participatioun definéieren. An och do ass et selbstverständlech, datt och d'Froe wäerten erakommen, déi zum Beispill elo schonn definéiert gi sinn. Si gehéieren zum Regierungsprogramm. An de Referendum ass eng Form vun aktiver Participatioun. Natierlech, esou wéi et de Moie gesot ginn ass, kann ee vill Saachen hei an der Chamber décidéieren, mä et kann een awer och Saachen an e Referendum ginn an d'Bierger an d'Biergerinne mat erunzéien. A genau dat ass vläicht ee vun de Merkmaler vun deem neie Stil vun dëser Majoritéit.

A virun allem de Modus vivendi, dee sech dës Regierung selwer niddergeschriwwen huet, ass net nëmme modern, mä batter noutwendeg! Beréierungsängschten a Chasses gardées ofbauen, eng transversal interministeriell Schaffmanéier, wou transversal Komponenten der Politik nëmme kënnen déngen. Bravo! Genau esou eng Politik brauche mir, fir d'Problemer vun dësem Land unzegoen.

An dës Approche fënnt een an den eenzelne Kapitelen erëm, déi openee Referenz maachen. Dës nei Gouvernance wëllen d'Majoritéitsparteien och an der Chamber aféieren. Eng ganz Rei vun Adaptatioune si virun zwee Deeg der Reglementskommissioun proposéiert ginn. All Sensibilité politique oder souguer all eenzelne Volleksvertrieder soll méi Initiativrechter kréien, soll méi Riedezäit kréien, soll iwwerhaapt emol d'Méiglechkeet kréien, d'Wuert ze ergräifen. Dës Propositiounen, wa se am Januar hei am Plenum ugeholl ginn, kënnen nëmmen zu enger méi interessanter an animéierter Debatt bäidroen.

Dës nei, fir net erëm modern ze soen, Manéier ze schaffen, huet iwwregens och eng Rei strukturell Ännerunge mat sech bruecht. Mir begréissen, datt et fäerdegbruecht ginn ass, eng Aart Kanner- a Jugendministère ze schafen, wou och d'Éducatioun dran ass. An onsen Aen ass dësen neie Ministère ee vun de wichtegsten. An dësem Ministère ginn déi méi wichteg an nohalteg Décisioune getraff. Hei ginn d'Weiche fir d'Zukunft vun den nächste Generatioune gesat. A mir profitéieren haut, fir sengem neie Minister eng glécklech Hand ze wënsche fir dësen noblen Défi, deen hie sech selwer gestallt huet.

A mir behaapte souguer, datt dëse Ministère net manner wichteg ass an net manner schwiereg ass wéi e Finanzministère. Et ass dee Ministère, deen zoustänneg wäert sinn, fir d'Chancëgläichheet tëscht alle Kanner ze garantéieren, ugefaangen an der Crèche, an de Maisons relais, a virun allem an der Schoul. Well Chancëgläichheet an der Schoul ass keng Selbstverständlechkeet fir vill Kanner.

Fréier atypesch duerch hire soziokulturelle Background, esou kann haut mat iwwer 40% Netlëtzebuerger Kanner an onsen ëffentleche Schoulen net méi vun atypescher Situatioun Rieds sinn. Och dës Netlëtzebuerger Kanner sinn ons Kanner a gehéieren zu der nächster Generatioun vun onsem Land. Mir kënnen ons net erlaben, op all dee Potenzial ze verzichten. Mir begréissen ausdrécklech déi spezifesch Punkten aus dem Programm, déi der Sprooch am Enseignement eng nei Dimensioun ginn, well d'Kompetenz ass méi wéi d'Sprooch. An d'Sprooche si bei ons en Atout a sollen net méi eng Barrière sinn.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- D'Beruffsausbildung bleift och fir dës Regierung e wichtegt Thema. Net nëmme fir de Bilan vun der Reform ze maachen a gegebenenfalls ze adaptéieren, mä virun allem, well d'Beruffer an d'Handwierk Zukunft huet an d'Zukunft ass.

Fir der Wirtschaft zu Lëtzebuerg hire Wuesstum oder, méi richteg gesot, hiren noutwendege qualitativen a selektive Wuesstum kënnen ze assuréieren, brauche mer d'Handwierk. Keng aner Politik wéi d'Wirtschaftspolitik ass esou ugewisen, transversal ze schaffen, mat alle Politiken, wéi d'Formation professionnelle, wéi d'Beschäftegungspolitik, awer och wéi d'Ëmweltpolitik. Domadder garantéiere mer onser Ekonomie déi beschte Viraussetzungen, fir sech längerfristeg an nohalteg ze entwéckelen an esou der nächster Generatioun virun allem Aarbecht a Liewensqualitéit ze hannerloossen.

Mir brauchen en intelligente Wuesstum, en innovative Wuesstum, wäitsiichteg Iddien, déi ons erméiglechen, ons Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg ze erhalen a weiderhin Aarbechtsplazen ze schafen. Intelligente Wuesstum heescht fir ons Wuesstum, deen hält, dee sech regeneréiert, deen nohalteg ass, dee sech am Ausland weise léisst, deen net nach zousätzlech verseuchte Frichen hannerléisst an dee keng Plans sociaux hannerléisst.

An am Regierungsprogramm fanne mir, onser Meenung no, do déi richteg Pisten dofir. Ugefaange mam PIB du bien-être, deen, nieft dem klassesche PIB, eng wichteg Komponent gëtt, fir d'Wuelbefanne vun onser Gesellschaft ze definéieren. Dëse Koalitiounsaccord versteet de Begréff Wuelstand net nëmmen als Kafkraaft. Eng gutt Liewensqualitéit besteet net nëmmen aus Uschafungen. Et ginn Aspekter, déi kann een net monetariséieren.

D'Ekotechnologië si mat Sécherheet en intelligente Schachzuch a gehéiere sonner Zweifel zur Zukunft vun der Wirtschaft iwwert d'europäesch Grenzen eraus. Et gëllt haut ze investéieren an ze promouvéieren, a genau déi Nischen ze fanne mat deene mir, nieft der Finanzplaz an onofhängeg vun der Finanzplaz, e weideren zolitte Pilier fir Lëtzebuerg kënnen entwéckelen.

Mir sollen awer och déi sougenannten „green jobs" en général fir de Wirtschaftswuesstum net ënnerschätzen. Dësen Term fanne mer an de Kapitelen iwwert d'Aarbecht an d'Beschäftegung erëm.

Beschäftegung an de Kampf géint de Chômage ass eng deklaréiert Prioritéit vun dëser Regierung. Nei ass, datt se sech déi néideg Moyenen dozou gëtt, net nëmme finanzieller Natur. Déi ganz Beschäftegungspolitik vun dëser Regierung baséiert op Zesummeschaffen, op transversale Komponenten, well déi transversal Komponente fanne mer praktesch an alle Punkte vun dësem Kapitel erëm. Eng Kollaboratioun tëscht Wirtschaft, Beschäftegung, Ausbildung, Energie, Ëmwelt a Landwirtschaft ass onëmgänglech. De Potenzial vun enger enker Zesummenaarbecht tëscht dëse Ressorte vun Ausbildung, Wirtschaft a Beschäftegung ass enorm a bei Wäitem nach net ausgeschëpft!

Dir Dammen an Dir Hären, dës Transversalitéit, dës ëmmer erëm erwähnte Kollaboratioun - iwwregens ass deen Term „Kollaboratioun" net gezielt ginn; ech hunn e gezielt, e kënnt 81-mol vir am Koalitiounsaccord -, deen Term „Kollaboratioun" kann nëmme vun enger Équipe geschriwwe gi sinn, fir déi dësen Term och Bedeitung huet. Mir wënschen der Regierung eng interministeriell Kollaboratioun, déi e Virbild gëtt fir all déi Leit, déi bei hinnen an de Ministèrë schaffen, an déi, déi direkt um Terrain schaffen. D'Bereetschaft ass op alle Fall do, well dee Feedback ass scho komm. Wahrscheinlech och, well um Niveau vun de Verwaltungen de Besoin dozou scho längst erkannt ginn ass!

An der Beschäftegungspolitik wäerte mir als gréng Fraktioun och an der Kontinuitéit bleiwen. Virdrun an der Oppositioun, elo an der Majoritéit. Mir wäerte weiderhin d'Reform vum Arbeitsamt ënnerstëtzen, mam Ënnerscheed, datt elo dem Aarbechtsminister senger Demande fir eng substanziell Personalerhéijung Rechnung gedroe gëtt. Mir musse séier an d'Standardnorme kommen, wat d'Quot vun de betreiten, concernéierten Demandeurs d'emploi pro Conseiller definéiert. Mir brauche séier adequat Infrastrukturen, fir eng gutt Aarbecht ze erméiglechen an e mënschewürdegen Empfang vun de Leit, déi eng Aarbecht sichen.

A genau dat ass dat Neit an der Kontinuitéit. Dës Prioritéite sinn am Regierungsprogramm niddergeschriwwen. An dat ass och gutt esou!

Eng Evaluatioun vun alle Mesures à l'emploi ass virgesinn. Och dat ass richteg an noutwendeg. Eng besser Analys vum Besoin vun der Ënnerstëtzung vum Demandeur d'emploi oder vun der Persoun ouni Aarbecht - dat sinn zwou verschidde Saachen heiansdo - ass gefrot. Wéini ass et besser, temporär en RMG ze hunn, mat oder ouni ATI? Wéini ass et besser, an enger Initiative au travail affectéiert ze ginn? Wéini ass et besser, net assignéiert ze ginn? An esou weider. Och do ass endlech virgesinn, dës verschidde Mesuren, fir déi och nach verschidde Ministèren zoustänneg sinn, besser openeen ofzestëmmen.

De Projet „Garantie pour la jeunesse" ass eng dynamesch Approche fir de Jugendlechen. Et erlaabt de Jugendlechen net mussen an e Gefill ze fale vu betreit sinn, en éischter passivt a fatalistescht Gefill, mä encouragéiert hien, aktiv ze bleiwen, respektiv aktiv ze ginn. Dëse Projet soll séier fonctionnel ginn. Fir ons och extrem wichteg, déi dozougehéierend festgehale Qualitéitskontrollen.

D'Gläichheet tëscht Männer a Fraen ass fir déi gréng e fundamentaalt, wichtegt Element a gehéiert mat der Anti-Atombewegung an der Ëmwelt zu de wichtegste Prinzipien iwwerhaapt vun onser Partei. Datt dëst keen Dogma ass vun deene Gréngen, mä zur Alldagsrealitéit gehéiert, weisen déi deklaréiert Ziler am Regierungsprogramm, déi op de reellen Déséquiliber an der Prise de position (veuillez lire: Prise de décision) reagéiert.

Datt d'Fraen haut grad esou vill Kompetenzen an Erfahrung matbrénge wéi Männer, steet iwwerhaapt net méi zur Diskussioun. D'Diskussioun ass éischter: Wéi eng Politik fir méi eng gerecht Opdeelung? Dës Regierung verabschit sech vum Prinzip: „Mir loossen de Leit emol de Choix, dat selwer ze maachen, an duerno kucke mer." Dës Regierung zitt en éierlechen a gerechte Bilan an hëlt direkt Mesurë fir eng besser Representatioun vu Männer a Fraen op Décisiounsposten, net nëmmen an der Politik, mä och an de Verwaltungsréit, wou se matdécidéiere kann. An dat mat engem faire Rapport vu 60% zu 40%.

Effektiv bléist elo en neie Wand, an och wann heibannen oder an der Regierung Nachholbedarf ass, all Respekt fir dës Erkenntnis an dës wichteg a courageiert Schrëtt. A mir wënschen der neier Ministesch eng flott Aarbecht am Ministère de l'Égalité (veuillez lire: Ministère de l'Égalité des chances), deem seng Daseinsberechtegung méi wéi jee confirméiert ginn ass.

Déi annoncéiert Gesellschaftsreformen, déi d'Regierung schonn ugekënnegt huet, hu scho fir vill Austausch an der Gesellschaft gesuergt. Eigentlech ass dëst eng positiv Saach. Et gëtt erëm iwwert d'Gesellschaftsgestaltung ënnert de Leit diskutéiert an debattéiert. Et entsteet erëm eng Dynamik, wou jiddweree sech erëm concernéiert fillt a matschwätzt.

Richteg fanne mir, datt d'Politik sech méi aus de kathoulesche Kierchenugeleeënheeten eraushält. Et ass souguer fair. Fair vis-à-vis vun deenen anere Kierchen a Glawensgemeinschaften, fair par rapport zu onser Gesellschaft, déi, anescht wéi virun 100 Joer, haut multikulturell ass.

Fair, well et och unerkennt, datt et an onser Gesellschaft och en Deel Leit gëtt, déi net gleeweg sinn. Fair ass et och, déi verschidde sexuell Orientatiounen endlech wouerzehuelen a gläich Rechter fir gläich Léiften ze schafen. Richteg fanne mir, datt endlech der Fra dat enormt Gewiicht vum Code pénal beim Avortement ewechgeholl gëtt. A richteg, gerecht a fair fanne mir och, dass Leit, déi Joren a Jorzéngten an onsem Land liewen a schaffen, och kënne matdécidéieren, wien hir Vertrieder an der Politik solle sinn. Praktesch alles Komponenten, déi et an aneren europäesche Länner scho gëtt, mä wou mir stolz drop sinn, datt mer och endlech dozougehéieren.

Mir begréissen explizit d'Kreatioun vun der Maison des droits de l'Homme. Säit Jore revendiquéieren déi gréng - d'Fraktioun - eng éierlech Reform vum Jugendschutz. D'Politik ronderëm de Jugendschutz ass eng äusserst sensibel. Et handelt sech ëm Kanner- a Jugendrechter, déi onberéiert bleiwe mussen. Et handelt sech awer och ëm Realitéiten, oft dramatesch Realitéiten, wou Doten a Schued munchmol sech vermëschen, a wou et net ëmmer evident ass, eng Konklusioun ze zéien. Awer mir brauchen dës Reform. An elo kënnt se, a si ass als urgent am Regierungsprogramm ugekënnegt. Bravo fir dëse politesche Courage!

Den Office national de l'enfance gëtt reforméiert, fir d'Aarbecht um Terrain net nëmmen erëm méi einfach, mä virun allem méi effizient ze maachen. D'Zesummenaarbecht tëschent Sozial a Justiz muss gefërdert ginn an ënnerstëtzt ginn zum Wuel vum Kand a senger Famill.

Awer zur Gesellschaftspolitik gehéiert och, datt d'Chancëgläichheet fir jiddwereen déiselwecht ass. Zur UNO-Konventioun fir Mënsche mat Behënnerunge gehéiert och en nationalen Aktiounsplang. Dësen Aktiounsplang gëtt an Zesummenaarbecht mat alle concernéierten Instanzen a Leit iwwerschafft an ëmgesat. Mir brauchen dësen Aktiounsplang, net nëmmen, well et ëm Chancëgläichheet geet, mä ganz einfach ëm Gerechtegkeet. D'Gebäerdesprooch gëtt och als Sprooch unerkannt a gefërdert. Hei och geet et ëm den Zougang zur Participatioun, an domadder implizit ëm Gerechtegkeet.

Mir waren och als Gréng ëmmer der Iwwerzeegung, hu mir heibannen och ëmmer gesot, datt ee mat enger preventiver Approche an der Santéspolitik vill Sue ka spueren. De Premier huet gëschter gesot, duebel spueren. Mä et kann een och vill Misär sech erspueren, vill Suen op verschidden Niveaue vun der Infrastruktur bis zur Gesondheetskeess. An d'preventiv Moossname sinn ënnert dem Strëch méi bëlleg wéi réparatrice Moossnamen.

An dann natierlech freeë mer ons besonnesch iwwert de Service hospitalier national de l'environnement. D'Ëmweltmedezin ass bis viru Kuerzem nach oft mat Skepsis betruecht ginn. Haut sinn Ëmweltkrankheeten unerkannt a leider och keng Rariteit.

Ech muss och am Numm vun deene Gréngen, der grénger Fraktioun natierlech op d'Wunnengspolitik agoen. Et ass eng vun deene gréissten Erausfuerderunge vun dëser Regierung. Mir hunn an dësem Land en enorme Wunnengsproblem, a gläich op verschidden Niveauen. A mir mussen och feststellen, datt déi lescht Jorzéngte leider keng oder munchmol déi falsch Weiche gestallt gi sinn.

Mir begréissen, datt d'Noutwendegkeet erkannt ginn ass, fir de Fonds du Logement nei opzestellen an en erëm zu deem ze maachen, wat mer brauchen, nämlech en Établissement public, dee virun allem Sozialwunnenge baut, verkeeft a verlount. Mir begréissen, datt d'Noutwendegkeet erkannt ginn ass, datt et virun allem de Rôle vun den ëffentlechen Instanzen ass, derfir ze suergen, datt genuch Sozialwunnengen an erschwéngleche Wunnraum ugebuede kënne ginn. Mir begréissen, datt d'Noutwendegkeet erkannt ginn ass, virun allem an de Parc locatif ze investéieren. Mir begréissen, datt d'Noutwendegkeet erkannt ginn ass, de Präis vum Foncier ze neutraliséieren.

Dat sinn alles konkret Moossnamen, déi stinn am Regierungsprogramm. Et ass weder flou nach vag.

Mir begréissen, datt d'Noutwendegkeet erkannt ginn ass, virsiichteg mam Bauperimeter ëmzegoen, datt seng Erweiderung gekoppelt ass un Antispekulatiounsmoossnamen an u kuerzfristeg Baubedingungen, notamment vun der ëffentlecher Hand.

Dat steet och prezis am Regierungsprogramm. Et ass net vag, et ass net flou.

Mir begréissen, datt d'Noutwendegkeet erkannt ginn ass, datt d'Offer u Suivi social garantéiert gëtt, souwuel beim Kaf wéi och bei der Locatioun vu soziale Wunnengen. A mir encouragéieren déi nei Ministesch, séier de Bilan vum Pacte logement a vum Paquet logement ze maachen, an da gegebenenfalls déi noutwendeg Adaptatiounen ze maachen.

D'Gemenge sinn de Partner Nummer eent an der Wunnengsbaupolitik a brauche konkret Ënnerstëtzung. Dës konkret Ënnerstëtzung, a Form notamment vu Berodung, ass elo endlech

virgesinn. Esou wäert all Gemeng kënnen à même sinn, hir Verantwortung an der Wunnengsbaupolitik ze iwwerhuelen an domadder en autonomen, awer fiabele Partner fir de Stat kënnen ze sinn.

An der Wunnengspolitik ass mat Sécherheet eng Revisioun vun alle méigleche Subsidë sënnvoll. Mir mierken haut, datt net onbedéngt déi Leit, déi eng finanziell Ënnerstëtzung brauchen, déi och genuch kréien. Anersäits mierke mer och, datt ee mat Wunnengsbau vill Fric ka maachen. Anstänneg a mënschewierdeg wunnen ass awer e Mënscherecht, e Besoin, mat deem net nëmme solle Geschäfter gemaach ginn!

D'Subsiden a finanziell Ënnerstëtzunge sollen do ausbezuelt ginn, wou se gebraucht ginn, fir en Daach iwwert dem Kapp ze hunn, fir sech e Liewen opzebauen oder fir senge Kanner eng Wunnméiglechkeet ze hannerloossen.

Wunnenge bidden awer och en enorme Potenzial fir Energie ze spueren, respektiv fir an Zukunft keng Energie méi ze verbrauchen. E Pionéier an der Groussregioun ze ginn an de Ressorten Energieeffizienz an erneierbar Energien, dat ass e geschriwwent, deklaréiert Zil vun dëser Regierung. Sécherlech en ambitiéist Zil, mä eng intelligent Strategie. Genau esou Projete brauche mir hei zu Lëtzebuerg. Enorm vill Aarbechtsplaze kënne geschafe ginn, wa mir op dës nei Créneaue setzen, wa mir proaktiv an dës Wirtschaftsnischen investéieren.

An dës nei Secteure garantéieren den nächste Generatiounen eng Onofhängegkeet vu Pëtrol a Gas. Dës Onofhängegkeet ass och eng Saach vu Gerechtegkeet, well spéitstens bei der nächster Generatioun kann de Pëtrol an de Gas nach just vu räiche Leit bezuelt ginn. D'Onofhängegkeet vu Gas a Pëtrol an den Ausbau vun erneierbaren Energien huet net nëmmen eng wirtschaftlech an eng sozial Komponent, mä och ekologesch Konsequenzen. Einfach ausgedréckt, awer richteg: keen Dreck an der Loft, keen Dreck am Waasser, kee radioaktiven Offall, keng nei verseuchte Frichen, keng gesondheetsschiedlech Ëmwelt fir Kanner an Erwuessener.

Jo, mir fannen de grénge Fuedem am Regierungsprogramm erëm a mir sinn iwwerzeegt, datt déi gréng Regierungsmemberen, alle véier, mat Kompetenz an Erfahrung dëse Programm déi nächst fënnef Joer wäerten hëllefen an d'Praxis ëmzesetzen. Well si wäerten dat net eleng maachen. Et ass keng gréng Aufgab, et ass eng Regierungsaufgab, esou wéi et am Regierungsprogramm steet. Et ass eng gemeinsam Aufgab, de Premier huet et gëschter ënnerstrach.

Ons natierlech Ressourcë sinn net onendlech. De Klimaschutz huet am Regierungsprogramm eng reell Wichtegkeet. Dës wäert bei der Présidence 2015 spéitstens e Schwéierpunkt gi vun dëser Regierung. Dës Regierung bekennt sech kloer géint Atomenergie a wëllt aus dem ITER-Atomfuerschungsreaktorprogramm erausklammen. Mir brauche méi wéi jee esou Stëmmen um EU-Niveau. De Stat wäert op 100% grénge Stroum ëmswitchen. D'Regierung wëll sech och beméien, méi Ustrengungen heiheem ze maachen, fir d'Klimaziler ze erreechen.

An de Kapitelen iwwert de Buedemschutz, d'Loftqualitéit, de Kaméidi oder d'Offallgestioun, liest ee kloer Aktiounen, wéi dës Regierung den Naturschutz wëllt förderen. De Biolandbau soll staark gefërdert ginn, fir kënnen der nationaler riseger Nofro e bësse besser nozekommen. An datt de Principe de précaution bei den OGMen oder bei de GSM-Antenne weiderhi verstäerkt gëtt, kann ee feststelle bei de Mesuren, déi dës Regierung sech virgeholl huet.

Den Naturschutz kritt eng nei Dimensioun an dësem Regierungsprogramm. Dozou gehéiert och de Waasserschutz. Beim Waasserschutz gëtt et enorm vill nozehuelen. Déi viregt politesch Responsabel hunn et verpasst, eng Politik anzeféieren, déi ons Gewässer an e gudden Zoustand bréngt. Si hunn net derfir gesuergt, datt onst Land iwwer flächendeckend Ofwasserinfrastrukture verfügt. Et feelen nach ëmmer adequat Règlements grand-ducaux zu den noutwendege Waasserschutzzonen, déi gebraucht ginn, fir e proppert Waasser ze garantéieren, e proppert Drénkwaasser.

D'Waasserpolitik huet elo seng richteg Plaz am Ëmweltministère fonnt. An d'Ëmweltpolitik huet elo hire richtege Stellewäert an der Chamber fonnt, doduerch datt mer eng eegen Ëmweltkommission geschafen hunn. Vun haut un ass fir dës Regierung d'Ëmweltpolitik eng transversal Politik par excellence.

D'Vernetzung mat der Landwirtschaft a mat dem Konsumenteschutz ass evident. Awer och d'Vernetzung mat der Wirtschaft an der Ëmwelt ass wichteg. Et sinn zwou Politiken, déi, wéi de Premier et gëschter gesot huet, komplementaresch ze verstoe sinn. Mat dëser neier Manéier ze schaffen, ewech vun der Silosorganisatioun an eriwwer zur interministerieller Zesummenaarbecht, kréie mir déi Bedingungen, déi mer brauchen, fir kompetent an effektiv ze schaffen.

Den RMG an d'Aarmut: 10.600 Stéit kréien hei am Land oder iwwer 20.000 Fraen a Männer, wouvun dee gréissten Deel elengerzéiend Frae mat Kanner sinn, mussen Ënnerstëtzung kréien a leien ënnert der Aarmutsgrenz. Zum Schluss kucke mer, leien do méi Leit a Familljen drënner oder leien der méi driwwer.

Wunnen: Ëmmer méi Jonker - wat hei zu Lëtzebuerg ëmmer d'Normalitéit war, datt bis den Aarbechter jidderee sech konnt eng Wunneng uschafen, ass haut zu Lëtzebuerg d'Exceptioun ginn - an ëmmer méi Lëtzebuerger mussen an d'Grenzregioun goen a gi selwer zum Frontalier hei zu Lëtzebuerg. Zum Schluss vun dëser Legislaturperiod kucke mer, ob erëm jiddereen eng Wunneng hei zu Lëtzebuerg fënnt, oder ob se nach weider mussen an d'Grenzregioun goen.

Mir kucken zum Schluss, ob d'Statsschold méi héich ginn ass oder méi kleng, ob se iwwer 30% oder ënner 30% bliwwen ass. A mer kucken an der Transportpolitik, ob d'Staue moies an owes am Land méi kleng oder méi grouss gi sinn. An esou kucke mer all Politik. D'Parameteren, d'Startpositioun vun dëser neier Regierung ass kloer, se ass definéiert a se gëtt dorunner gemooss.

Här President, dës Regierung huet sech an enger Rei vu Punkten ambitiéis Ziler gesat. D'ADR wäert iwwerall do, wou d'Ziler sech mat eisem Wahlprogramm an eisen Usiichten decken, d'Regierung ënnerstëtzen. Do, wou dat net de Fall ass, wäerte mer duerch eng konstruktiv a fair Oppositiounspolitik versichen, d'Regierung op e bessere Wee ze brëngen. An deem Sënn wënsche mer dem Här Bettel als Statsminister a senger Regierung eng glécklech Hand fir dëst Land.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gibéryen. Den nächste Riedner ass den Här Justin Turpel. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Wann ech gelift, Här President.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- rappelant les discussions et conclusions de la Commission d'enquête parlementaire sur le Service de Renseignement (SREL);

- vu la volonté du Gouvernement de soumettre les archives du SREL dans leur ensemble à un examen historique et scientifique, le cas échéant selon des règles législatives;

- vu la volonté du Gouvernement d'appliquer la législation sur la protection des données à caractère personnel sans restriction aux banques de données créées ou gérées par le SREL;

- considérant le fait que des fiches non autorisées de personnes privées furent détruites dans le passé récent;

- estimant que le droit à l'autodétermination informationnelle constitue un droit fondamental;

invite le Gouvernement

- à prendre toutes les mesures possibles à ce qu'aucune fiche tenue par le SREL contenant des données personnelles ne sera détruite jusqu'à la mise en place d'une nouvelle législation.

(s.) Justin Turpel, Serge Urbany.

(La motion 2 n'ayant porté que deux signatures lors du dépôt, elle a par la suite été cosignée pour appui par MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Michel Wolter.)

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant la déclaration gouvernementale du Premier Ministre faite hier à la Chambre des Députés;

- considérant que cette déclaration constituera le cadre de la politique gouvernementale pour ces cinq prochaines années;

- constatant que la déclaration gouvernementale ne détaille ni les actions concrètes ni les échéances que le Gouvernement entend mener dans beaucoup de domaines politiques;

invite le Gouvernement

- à détailler, au sein de chaque commission parlementaire et pour chaque domaine, ses intentions et échéances approximatives pour les cinq années à venir et à présenter régulièrement un bilan des actions réalisées et à venir.

(s.) Justin Turpel, Jean-Claude Juncker, Serge Urbany, Claude Wiseler, Michel Wolter.

M. le Président.- Merci.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Matbiergerinnen a Matbierger, an der Regierungserklärung vu gëschter, an där mir näischt méi gewuer gi sinn, wéi dat, wat schonn am Koalitiounsofkommes steet, huet de Premierminister gesot, datt bei de Wahle vum 20. Oktober d'Wieler déi eng Parteie gestäerkt an déi aner Parteie geschwächt hätten. Och dat ass näischt Neies, mä wou de Premier recht huet, huet e recht.

Une voix.- Très bien!

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Vun deene Parteien, déi hei vertruede sinn, goufen der genee zwou gestäerkt. Déi Lénk op der lénker Säit, an d'DP op der rietser Säit vum politesche Spektrum. D'Pirate koumen och bal op 3%, kruten awer kee Sëtz. All déi aner hu verluer. D'CSV huet 4,4% verluer an ass net méi an der Regierung. D'LSAP, déi ebe grad wéi d'CSV am Süden an am Zentrum 3% verluer huet, ass geschwächt an d'Koalitiounsverhandlunge gaang. Grad wéi déi gréng, déi insgesamt 1,5% am Süden, am Zentrum bal 3% verluer hunn. Den ADR koum...

(Interruptions)

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- 0,3%, richteg.

Une voix.- E klengen Ënnerscheed.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Am Zentrum ass et anescht. Richteg.

Une voix.- Eng kleng Korrektur.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Ech loosse mech gär berichtegen. Den ADR: Mat engem Minus vun 1,6% ass e mat engem bloen A dervukomm.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dann hu mer nach bal dat Duebelt vun Iech!

(Hilarité)

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Eis Aufgabe sinn awer anerer. D'Aufgab vun déi Lénk an hiren zwee Deputéierten...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da sidd Dir elo blann op zwee Aen.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Mengen ech net.

...ass déi, déi Leit ze vertrieden, déi net Schold sinn un der Kris an déi awer dofir berappe mussen. Dat maacht Dir net. A mir wäerte weisen, datt et wuel eng Alternativ gëtt zu enger Politik, déi déi Räich ëmmer méi räich an déi aner ëmmer méi aarm an d'sozial Ongläichheeten ëmmer méi grouss mécht.

Ech komme vum Duerf, deemselwechten Duerf wéi den Dokter Michel Welter, dee sech virun 100 Joer an dëser gesetzgebender Versammlung als éischten Deputéierte fir mënschewierdeg Aarbechts-, Wunnengs- a Liewensbedingungen agesat huet. Haut gëtt esou een Asaz erëm méi aktuell.

Sou ware beispillsweis a Spuenien d'lescht Joer sechs Millioune Leit ouni Aarbecht. 1,4 Millioune Leit konnten hire Stroum net méi bezuelen a souzen ouni Heizung do. 400.000 Leit sinn aus hire Wunnengen ausgewise ginn, well se net méi bezuele konnten. An déi Situatioun begéine mer ëmmer méi och an anere Länner matzen an Europa. A Lëtzebuerg ass och an där Hisiicht keng Insel.

Awer elo zum Koalitiounsprogramm. Positiv am Koalitiounsaccord ass d'Ambitioun, de Stëllstand ze behiewen, den Opbroch a verschiddene Beräicher; d'Fënsteren opmaachen, wéi si et genannt hunn. Positiv si sécherlech eng Rei gesellschaftlech Reformen, déi scho laang iwwerfälleg sinn a vun der CSV blockéiert goufen. Mä fir vill Leit wäert duerch déi oppe Fënsteren ee ganz kale Wand erablosen, well d'Ausriichtung vum Koalitiounsprogramm, an doriwwer si sech mëttlerweil all Kommentatoren eens, kloer an däitlech vun den Interesse vun der Wirtschaft an dem Finanzsecteur dominéiert gëtt.

D'CSV seet selwer, 80% vum Koalitiounsprogramm wier d'Fortféierung vun hirer Politik, an ech mengen, d'CSV ass nach mat deem Prozentsaz ganz bescheiden. An deen neie Finanzminister sträicht d'Kontinuitéit mat der Politik vu sengem Virgänger ervir. De Lobbyismus vu verschiddene Wirtschaftskreesser huet sech deemno bezuelt gemaach. An d'Lëtzebuerger Wort huet recht, wann et de 4. Dezember schreift: „Die einflussreiche Investmentfondsvereinigung kann also aufatmen und sich für eine gelungene Lobbyarbeit im Vorfeld der Regierungsbildung beglückwünschen."

Deen alen an deen neie Wirtschaftsminister Etienne Schneider huet ëmmer gefuerdert, datt een ee fir allemol kläre misst, wat priméiert: Wirtschaft oder Sozialpolitik an Ëmwelt. Abee, d'Predominanz vun der Wirtschaft iwwert déi aner Politiken huet sech duerchgesat. Awer d'Ambitioun, sozial Ongläichheeten ze behiewen, gëtt et net! D'Vergréisserung vun de sozialen Ongläichheete gëtt weider a Kaf geholl.

Nieft der Predominanz vu Wirtschafts- a Finanzinteressen dréit de Koalitiounsaccord de Stempel vu villen, ganz villen Ukënnegungen, villen, ganz vill Etüden, Analysen, Iwwerleeungen, déi a ville Beräicher gemaach solle ginn. Esou eng Ukënnegungspolitik kenne mir aus der Stad, wou ausser Ukënnegung oft näischt nokomm ass. Ee Beispill: Am Dezember 2011 krute mir an der Stad vum deemolege Buergermeeschter versprach, d'Verkéiersimpaktetüd vum Ban de Gasperich, wat näischt Onwichteges ass, zougestallt ze kréien. Dat Verspriechen, obscho mir e puermol nogefrot hunn, gouf bis haut net agehal. A mir hunn déi Etüd bis haut, zwee Joer duerno, nach ëmmer net kritt!

An där doten Ukënnegunge gëtt et eng Hällewull am Koalitiounsprogramm. Fir gewuer ze ginn, wat hanner all deenen Ukënnegungen a schéinen Absichte stécht, froe mir an enger Motioun, déi mer déposéiert hunn, datt an all Kommissioun iwwert dat jeeweilegt Gebitt d'Intentioune vun der Regierung an déi méiglech Échéancë geschwat soll ginn.

Ech wëll drun erënneren, datt mir Transparenz ugekënnegt kruten, och an de Koalitiounsverhandlungen. Gëschter huet d'Regierung d'Berichter an d'Dokumenter vun de Verhandlungen op hirem Site veröffentlecht, an et war net méiglech déi bis haut ze liesen, wat jo och evident ass. Firwat sinn déi net direkt mam Koalitiounsaccord veröffentlecht ginn?

A firwat wollt d'Regierung de Koalitiounsaccord eréischt veröffentlechen, wat et onméiglech gemaach hätt, wann e gëschter veröffentlecht gi wier, nach seriö sech domadder auserneenzesetzen, weder fir eis nach fir déi Organisatioune vun der ziviler Gesellschaft, déi dat nach versicht hunn ze maachen. Zur Transparenz gehéiert awer och d'Offeleeung vun der Zesummesetzung vun den Aarbechtsgruppen, déi sech mat deenen eenzelne Kapitele vum Koalitiounsaccord ofginn hunn, fir datt jidderee gesi kann, wéi eng Lobbyen do aktiv waren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Premier Xavier Bettel sot: „Mir kënnen nëmmen dat verdeelen, wat mer hunn. Et däerf een net iwwer senge Moyene liewen." De Spëtzekandidat vun der LSAP Etienne Schneider gouf net midd ze erklären, datt mir Wuesstum brauchen, fir Aarbechtsplazen a Sozialpolitik ze garantéieren. Dat kléngt wuel gutt, mä esou fonctionnéiert et net! An zwar aus enger ganzer Rei Grënn, vun deenen ech der dräi kuerz duerleeë wëll.

Éischte Grond: Wuesstum schaaft net automatesch Wuelstand fir jiddereen. Och de Bundeskanzler Helmut Schmidt huet 1974 behaapt, d'Gewënner vun haut sinn d'Investitioune vu muer an d'Aarbechtsplaze vun iwwermuer. Mä a Wirklechkeet ass déi Rechnung net opgaangen, well d'Gewënner net investéiert gi sinn, a wann, da just fir ze rationaliséieren an Aarbechtsplazen ofzebauen!

Trotz ëmmer méi grousse Gewënner an deene leschten 30 bis 40 Joer huet de Chômage ëmmer méi zougeholl. De Wirtschaftswëssenschaftler John M. Keynes war schonn 1930 der Meenung, datt duerch Wuesstum a Verbesserung vun der Produktivitéit 100 Joer méi spéit, no 1930, jidderee just nach héchstens 15 Stonnen d'Woch schaffe misst. Mir sinn zwar nach e bëssen ewech vun 2030, mä dat geet awer schnell, an och den Här Keynes huet sech geiert, well dee geschafene Räichtum sech net automatesch verdeelt. D'Naturgesetzer vum Kapital, wéi de Karl Marx se genannt huet, fonctionnéieren eben anescht, wéi dat gewënscht gouf.

En zweete Grond: Ëmmer méi Wirtschaftswuesstum - an den Ae vun der Regierung d'Mamm vun de Politiken - ass och destruktiv fir Mënsch an Ëmwelt. Oder, wéi de Mouvement écologique et ausdréckt: „Kontinuierliches Wachstum auf einem begrenzten Planeten ist schlichtweg nicht machbar, aus Sicht der weltweiten Gerechtigkeit nicht mehr zulässig, führt a priori nicht zur Lösung des Arbeitslosigkeitsproblems, nicht zu einer Verkleinerung der Schere zwischen Arm und Reich und auch nicht zu mehr Wohlstand. Nicht zuletzt: Es ist kaum vereinbar mit dem Ziel des Erhalts der Lebensqualität, Natur und Landschaft und andere mehr."

An och de widderhuelten Zousaz „no nohaltege Kritären" ännert näischt drun, datt de Koali-

tiounsprogramm den Test vum Mouvement écologique grad an där Hisiicht net bestanen huet.

An deen drëtten, leschte Grond: D'Konzentratioun vu Räichtum uewen - Här Braz! - ass eng wesentlech Ursaach vun der Spekulatiounskris. An Dir wësst dat.

Mat dëser Politik steiere mer schnurstracks an d'Mauer vun der nächster Kris, déi vill Aarbechtsplaze kaschte wäert an erëm vun deene muss bezuelt ginn, déi se net verschëllt hunn.

De Problem ass éischter deen, datt zu Lëtzebuerg deen enorme Räichtum, dee geschafe gëtt, net méi bei de Leit ukënnt. Lëtzebuerg ass trotzdeem dat Land an Europa, wou d'Betriber déi héchste Gewënner maache kënnen, wou d'Lounkäschten am niddregste sinn an trotz ëmmer méi Räichtum sozial Ongläichheete konstant zouhuelen, vill Leit an Aarmut oder un der Aarmutsgrenz liewen. Ech spueren Iech d'Detailer vun deene Chifferen, mä se leie vir.

A wann d'Regierung elo all Joer 1,5 Milliarden aspuere wëllt, souwuel beim Funktionement vum Stat, wou trotzdeem eng Rei vun Déngschtleeschtunge solle verbessert ginn - ech erënneren un d'Kannerbetreiung, méi Mëttele fir d'Schoul -, wéi och virun allem an der Sozialpolitik, déi méi selektiv soll ginn, da wäert dat direkt Auswierkungen op d'sozial Situatioun vu ville Leit hunn. Souguer den RMG soll op de Leescht geholl ginn an ënnert der Siichtweis vun Hartz IV ënnersicht ginn.

(Brouhaha)

Une voix.- Wou steet dat?

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Obschonn zu Lëtzebuerg…

Mir kënnen dat…

La même voix.- Wou steet dat?

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Sicht Iech dat erëm. D'Methodologie, déi dra beschriwwen ass, ass kloer. D'Grondversécherung gëtt gekuckt an doriwwer eraus, iwwert d'Grondversécherung kuckt ee just nach, wat een onbedéngt brauch. Dat ass eng wesentlech Änneruing vun der Methodologie, déi an anere Länner zu Katastrophe gefouert huet. A wann Der der Meenung sidd, et wier net gutt, da solle mer dat och net maachen!

Obschonn zu Lëtzebuerg zwee Drëttel vun den direkte Steiere vun de Stéit, dat ass och e Fakt, an nëmmen een Drëttel vun de Betriber bezuelt ginn - Fakt! -, gëtt d'Kapitalsteier net erhéicht. Am Géigendeel, et gëtt e puermol betount, ech kann och opziele wéi dacks, datt déi lächerlech niddreg Taxe d'abonnement esou bleift. Et gëtt ëmmer erëm betount, datt alles drugesat gëtt, fir duerch d'Steierpolitik nach méi Räicher op Lëtzebuerg unzezéien.

Eng sozial gerecht Steierreform ass net geplangt: net nëmme keng Räichesteier, och keng Verméigenssteier, keng Erhéijung vun der Ierfschaftssteier. Alles Saachen, déi d'LSAP an de Wahle gefuerdert huet, an och kee Matmaache bei der internationaler Finanztransaktiounssteier, wéi déi gréng et gefuerdert hunn, emol keng Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun oder d'Ofschafe vun den Ongerechtegkeete vis-à-vis vun de Witfraen a Witmänner oder de Leit, déi gescheet sinn.

De Wirtschaftsminister hat während dem Wahlkampf op enger Patronatsversammlung sengen Nolauschterer verséchert, all déi Steiermossnamen, déi seng Partei virgesi géif, géife just dozou déngen, fir en Deel vu senger eegener Basis ze berouegen. Elo wësse mer, datt dat kee Witz war.

Deem géintiwwer soll awer d'TVA eropgesat ginn. Wahrscheinlech, wéi mer héieren hunn, ëm 2%. Dat ass eng vun den ongerechteste Steiermoossnamen, déi een iwwerhaapt huele kann, well do d'Konsumenten a virun allem déijéineg gestrooft ginn, déi hiert Akommes fir hire Liewensënnerhalt brauchen. Hiert Liewe gëtt méi deier an hiert Akommes wäert ëmmer manner duergoen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

An da sollen d'Indexmanipulatioune vun deene leschte Jore weidergefouert ginn. Esou krut d'Patronat vun 2006 bis 2013 ëmmerhin 1,5 Milliarden op d'Käschte vun de Leit hire Léin a Pensioune geschenkt. Dat soll esou weidergoen a souguer, mam definitve Verloscht vun e puer Tranchen, definitv an d'Gesetz ageschriwwe ginn. Dobäi ass d'Verréckelen an d'Aussetze vu ganzen Indextranchen total ongerecht, well se jiddweree strofen, egal wéi niddreg säin Akommes ass. A sécherlech stinn am Kader vun der besoter „méi sozialer Sozialpolitik" (veuillez lire: „méi selektiver Sozialpolitik") eng Rei aner Moossnamen un, déi maachen, datt déi Leit, déi d'Kris net verschëllt hunn, dofir bleche mussen, an datt déi, déi wierklech vill hunn, ëmmer méi kréien.

Mir wëssen net, wat sech hannert der geplangter Reform vun der Fleegeversécherung verstoppt a maachen ons Suergen ëm de Solidaritéitsprinzip vun der Sozialversécherung an ëm de Pensiounssystem. Grad am Beräich Chômage muss vill geschéien, mä et ass ze fäerten, datt de Chômage weider genotzt gëtt, fir nach méi bëlleg Aarbechtskräften ze kréien.

An et gëtt Alternative fir eng aner Sozial- a Wirtschaftspolitik, virun allem duerch eng aner Steierpolitik, duerch eng Steiergerechtegkeet, esou wéi mir an d'LSAP se an eise Wahlprogrammer duergeluecht hunn.

Mir brauchen och eng aner Wirtschaftspolitik, déi d'Ofhängegkeet vun der elengeger Finanzplaz a Fro stellt. Eng systematesch a konsequent Diversifikatioun gradesou wéi eng aktiv Wirtschaftspolitik vum Stat ass trotz verschiddenen Neiorientéierungen net geplangt.

Här President, Dir Dammen an Hären, eng Rei Moossnamen, déi an de Beräich „d'Demokratie stäerken" falen, sinn ze begréissen. Esou wéi mir dat gefuerdert hunn, ass virgesinn, eng breet ëffentlech Debatt mat verschiddene Referenden iwwert d'Verfassungsreform ze organiséieren. Mir hoffen, datt eng wierklech demokratesch Debatt, wou jiddwereen déiselwecht Mëttelen zur Verfügung gestallt kritt, fir seng Meenung virzedroen, zustane kënnt.

Mir verlaangen dobäi och, datt aner Froe wéi déi véier, déi am Koalitiounsprogramm opgelëscht ginn, diskutéiert kënne ginn, wéi zum Beispill d'Stäerkung vu Grondrechter, virun allem sozial Rechter: d'Recht op d'Waasser, d'Recht op Aarbecht, d'Recht op Wunnen, solidaresch a kollektiv Sozialversécherung, awer och d'Recht op eng informationell Selbstbestëmmung, grad wéi d'Roll vun der Monarchie am Parlamentarismus, d'Trennung vu Kierch a Stat, oder besser d'Aschreiwe vun engem laizistesche Stat an ons Verfassung.

Da geet et och drëms, d'Bierger besser un den Entscheedungsprozesser deelhuelen ze loossen. Den Zougang vun all Bierger zu den Dokumenter an Informatioune vum Stat, och der Chamber an de Gemengen, soll an engem neie Gesetz - et steet op Säit 7 vum Koalitiounsprogramm - geregelt ginn. Op enger anerer Plaz, Säit 64, a gëschter an der Erklärung vum Premier ass geschwat ginn iwwert den Amendement vum bestehende Gesetz. Et weess een elo net richteg: Gëtt et en neit Gesetz? Gëtt dat bestehend amendéiert? Mä mir hunn do ganz kloer Virstellungen, wéi esou een Transparenzgesetz kéint no engem Hamburger Modell ausgesinn.

Mir brauchen och méi Initiativrechter fir d'Bierger zu Referenden, d'Recht op Ufroen un d'Chamber an d'Regierung, ee Recht vun de Bierger op parlamentaresch Initiativen; eppes, wat iwwert d'Petitiounskommissioun méiglech gemaach misst ginn.

Dofir si mir och prett, d'Presidentschaft vun där Kommissioun, wann d'Kommissioun domat d'accord ass, ze iwwerhuelen an aktiv zu enger Stäerkung vun den Initiativrechter vun de Bierger bäizedroen.

Iwwregens soll och all Deputéierten, an et ass virdru gesot ginn, egal vu wéi enger Partei, gläich Rechter hunn. Dat war bis elo net de Fall a soll - och dat ass positiv - elo gréisstendeels an ouni Trapebesetzung realiséiert ginn.

Ganz kloer misst d'Bespëtzelung vun de Bierger opgeschafft ginn, souwuel déi duerch de SREL, déi historesch an déi aktuell, wéi och duerch aner Instanzen, an déi noutwendeg Konsequenzen dorauser gezu ginn.

Doriwwer bräichte mir weider Opaarbechtung duerch eng Enquêtëkommissioun. Mir hunn an deem Sënn eng Resolutioun um Chambersbureau hannerluecht. Déi nei Definitioun vun de Missioune vum Spëtzeldéngscht, sou wéi se nach an der leschter Regierung geplangt an zu Pabeier bruecht si ginn, si fir ons inakzeptabel. Dora kritt de Spëtzeldéngscht wäitgefächert Méiglechkeete bis hin „zum großen Lausch- und Spähangriff", souwuel am ëffentleche Raum wéi a private Wunnengen.

Mir hoffen, datt deemnächst och d'Recht op d'informell Selbstbestëmmung, dat et an anere Länner - zum Beispill an Däitschland - gëtt, och zu Lëtzebuerg endlech rechtlech verankert gëtt an datt, soulaang wéi dat net geschitt ass, ee Moratoire iwwert dat aalt Gesetz, wat d'Schreddere vun Dossieren erlaabt, verhaange gëtt. An deem Sënn hu mir och eng Motioun hei verfaasst, déi hei offen opläit, fir datt déi, déi interesséiert sinn, se kënne matdroen.

Net zulescht wier et wichteg, fir Whistleblower wéi den Edward Snowden oder de Bradley Manning ze schützen. Lëtzebuerg soll eng Initiativ huelen, fir dem Snowden an Europa Asylrecht a Schutz ze garantéieren.

Une voix.- En huet jo schonn Asyl an engem Land.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Nëmmen an enger Ambassade!

Loosst mech et kloer an däitlech soen: Mir mengen, datt et gutt ass, datt d'CSV net méi an der Regierung ass an datt den CSV-Stat ausgebremst gëtt!

Mä vergiesse mer net, datt mat der Politik, déi déi nei Regierung mécht, d'CSV awer nach ëmmer derbäi ass, esou, wéi wa se mat op der Regierungsbänk sëtze géif. A wann déi nei Koalitioun wollt beweisen, datt d'CSV hir Finanz-, Wirtschafts- a Sozialpolitik och ouni d'CSV ka maachen, dann ass et hir elo scho gelongen!

Dat stëmmt iwwregens och fir d'Europapolitik vun där neier Koalitioun, där hir Oplagen an Austeritéitsvirschréften dës Regierung unerkennt a grad wéi déi Regierung virdrun nach ënnerbitt. An dat, obschonn eminent Perséinlechkeete wéi de Wirtschaftsnobelpräisträger Joseph E. Stiglitz grad nach virun e puer Wochen op enger Konferenz um Kierchbierg viru genee esou Politike warnen, well se d'sozial Ongläichheeten an d'Viraussetzungen, fir an d'Mauer vun der nächster Kris ze rennen, just nach verstäerken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an enger ganzer Rei Beräicher wëllt dës Regierung do weiderfueren, wou viru fënnef Joer oder méi opgehale ginn ass. Dat stëmmt fir d'Transportpolitik - Stéchwuert MoDu -, wou awer zousätzlech iwwer eng Eisebunnslinn op Saarbrécken geschwat an d'Ausdehnung vum Tram op Findel, Cloche d'Or an Zéisseng beschleunegt soll ginn; dat stëmmt och fir d'Landesplanung - Stéchwuert IVL - inklusiv d'Plans sectoriels vum Wunnen, Landschaft, Transport an Aktivitéitszonen, déi elo, wéi gefuerdert, endlech veréffentlecht an och ëffentlech diskutéiert solle ginn. Et ass just ze hoffen, dat och déi do Mëttelen an Zäit do sinn, fir déi Diskussioun breet an demokratesch ze féieren.

An anere Beräicher wéi Ëmwelt, Energie, Klimaschutz bleift de Koalitiounsaccord wäit hannert den Erwaardungen zréck. 11% erneierbar Energien am Joer 2020 ass alles anescht wéi ambitiéis. Datselwecht stëmmt am Beräich vum Klimaschutz, deen och aus Siicht vum Mouvement écologique „onbefriddegend" - et ass een Zitat - ass, well konkret Ziler bei der Reduktioun vun den CO_2-Emissioune feelen, an ähnlech Bemierkunge kann een iwwert de Manktum u Courage vis-à-vis vun der Atomenergie, fir déi ze verbidden an d'Sotelslinn net ze bauen, duerleeën.

Och am Beräich Wunnen ass, iwwert de Fait, datt d'Bauterraine virun allem am Perimeter fräigesat solle ginn, villes onkloer. Dorops wäerte mir am Detail zréckkommen, gradesou wéi op d'Beräicher Schoul a Kultur.

Ofschléissend wëll ech matdeelen, datt de Serge Urbany an ech als eng vun onsen éischten Handlungen als nei vereedegt Deputéiert zesumme mat Deputéierten aus anere Länner een europäescht Manifest vu Parlamentarier géint Faschismus ënnerschriwwen hunn.

A ville Länner kommen déi brong an nationalistesch Iddien erëm héich, an an Ungarn an a Griichenland gëtt erëm an Uniformen am Gleichschritt offen duerch d'Stroosse marschéiert a gi Minoritéite stigmatiséiert. Wann d'Leit vun der Politik, an dozou gehéieren och dës Regierung an dës Chamber, keng Äntwert op hir berechtegt Suergen, Ängschten an Erwaardunge kréien, da wäerten a ganz Europa an och zu Lëtzebuerg riets Demagogien an Nationalismus ëmmer méi Uklang fannen. Esou eng Léisung wëlle mir net. Déi musse mir verhënneren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wëll ech betounen, datt villes, wat an onser Gesellschaft geschitt, gezeechent ass net nëmmen duerch méi grouss sozial Ongläichheeten, mä och duerch en absolute Mangel u Respekt virum Mënsch. Ouni dee Mangel u Respekt virum Mënsch wier et net méiglech, datt an dëser globaler Welt all sechs Sekonnen e Kand un Honger oder un enger Krankheet géif stierwen, wou d'Mëttelen do sinn, och hei bei eis zu Lëtzebuerg zum Deel gebunkert ginn, d'Mëttelen, fir dat ze verhënneren! Ons Gesellschaft ass awer net fäeg a bréngt et net fäerdeg, dat esou ze organiséieren, datt dat net méi de Fall ass, fir deene se zoukommen ze loossen, déi se brauchen.

Ouni dee Mangel u Respekt virum Mënsch géife Leit, déi fortlafe viru Krich an Honger, net kriminaliséiert, ofgewisen an erdrénke gelooss ginn. Jo, si, d'Affer, gi kriminaliséiert, an net d'Krichsdreiwer an déi, déi vum Krich an der Ausbeutung profitéieren. Leider ass dee Mangel u Respekt virum Mënsch an der Natur net einfach duerch waarm Appeller, wéi se gäre gemaach ginn, ze behiewen, well e méi déif Ursaachen huet: an zwar ee Gesellschaftssystem vu Striewen no Profit oder well, fir en nach eng Kéier ze zitéieren, d'Naturgesetzer vum Kapital, wéi de Karl Marx et ausgedréckt huet, méi wichteg si wéi d'Liewe vun de Mënschen a vun der Natur.

Un dësen Ëmstänn wäert dës Chamber grondsätzlech näischt änneren. Dofir brauche mir ausserparlamentaresch Mobiliséierungen a Strukturreformen, déi de Gesellschaftssystem a Fro stellen. Mä déi komme réischt dann, wann déi uewen net méi kënnen an déi ënnen net méi wëllen. Mä mir waarden net, bis déi Zäit do ass. Och elo, am Hei an Elo, gëllt et, all Mëttelen ze notzen, fir Diskriminéierungen an Ongerechtegkeeten ze bekämpfen.

Ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. Ech hu keng weider Wuertmeldungen aus der Chamber. Dann hätt de Premier- a Statsminister d'Wuert, fir op d'Debatt ze äntweren. Här Statsminister.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert probéieren, op déi vill Interventioune vun de Moien an de Mëtteg anzegoen. Ech wëll Iech och Merci soen, fir awer quer duerch déi ganz Chamber, ob Majoritéit oder Oppositioun, der neier Regierung bonne Chance ze wënschen. Ech mengen, dat ass fair.

Et si vill Saache gesot ginn, wou ech muss drop reagéieren. Ech fänken un, Här Juncker, mat Ärer Interventioun vun de Moien. Dir hutt fonnt, dass ganz vill vum Regierungsprogramm dem CSV-Programm géif gläichen.

Ech kann dat net behaapten. Eppes steet fest: D'CSV ass ëmmer déi lescht Partei, déi och hire Programm presentéiert. Dat heescht, Är Partei ka vläicht och e Best-of si vun deenen dräi anere Parteien. Ech weess och, dass zum Beispill de Programm vun der Demokratescher Partei op Ärem Kongress bei Iech am Grapp war an dass Der dorauser och nach zitéiert hutt. Dat heescht, wa mir eng gutt Inspiratioun ware fir Äre Parteiprogramm, freet eis dat.

(Hilarité et brouhaha)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech wëll och elo op e puer Punkten agoen, déi den Här Juncker och abordéiert huet. Wahlalter mat 16 Joer, Ministeschmandater, do ass d'Fro gestallt ginn: Kann een dat net an der Chamber maachen? Dir hutt och an deemselwechten Otemzuch gesot, dass dës Regierung der Meenung ass, dass ee keng Angscht virum Wieler soll hunn.

Et soll ee keng Angscht hunn, fir mat der Populatioun ze diskutéieren, an et soll ee keng Angscht hunn, der Populatioun och Décisiounen ze loossen. An dass, wann een de Leit erkläert, ëm wat et geet, wann ee mat de Leit wëllt diskutéieren, wann een de Leit wëllt erklären, firwat dat eent oder dat anert sollt gemaach ginn, een och dem Wieler d'Recht sollt ginn, säi Wonsch zum Ausdrock ze bréngen!

An dat, wat Der awer och gesot hutt, dass mer gesot hunn, dass de Wieler eise Patron wier, stëmmt! An net nëmmen eise Patron, vun der Regierung, mä de Patron vun all de Leit, déi heibanne sëtzen!

An de Wieler huet recht. A mir mengen, dass et duerfir wichteg ass, am Dialog mam Wieler, him ze erklären, ëm wat et geet, an de Wieler ze bedeelegen a keng Angscht virum Wieler ze hunn, mä au contraire Vertrauen an de Wieler ze hunn an dat Vertrauen och wëllen opzebauen.

Andeems ee seet, dass een all fënnef Joer dem Wieler d'Méiglechkeet gëtt, de Vote zum Ausdrock ze bréngen, geet eis net duer. Mir mengen, dass dee permanent muss stattfannen an dass et och duerfir ganz wichteg ass, déi Referenden och ze organiséieren.

Dir hutt eppes gesot, wat och mir mengen, an dofir ass deen Dialog esou wichteg. Wann et

Froe sinn, wéi zum Beispill d'Wahlrecht opzemaachen, solle mer net dëst Land trennen an op eng Kéier e Front national hunn, deen hei op 15% kënnt. Mä dat kréie mer, wa mer net mat de Leit diskutéieren. Dat ass, wa mer mengen, dass et Tabusujete géif ginn an dann eng Evolutioun op eng Kéier vun Zwouklassegesellschaften hei an dësem Land hunn, well mer justement net de Courage hunn, fir iwwert déi Sujeten ze diskutéieren.

Da brénge mer et fäerdeg, d'Land ze trennen an op eng Kéier heibanne Vertrieder ze hu vun extrem nationalistesche Parteien. An ech si frou an houfreg, Premier hei an engem Land ze sinn, wou keng Vertrieder vun extrem rietse Parteien hei mat an d'Wahle gaange sinn an dann och selbstverständlech net gewielt gi sinn.

Et ass geschwat ginn och vun Trennung vu Kierch a Stat. An, jo, ech sinn och frou, dass een hei gesot huet, dass mer net wëllen den Te Deum ofschafen oder aner Saachen ofschafen an dass och Dir, an ech mengen, dat ass och e wichtegt Signal no baussen, déi Iddien och énerstëtzt, well Der och der Meenung sidd, dass et net ka sinn, dass eng Cérémonie, eng national Cérémonie, en Défilé militaire, an da gëtt zivil gesot, well dann d'Pompjeeën an d'Protection civile an d'UGDA matmaachen, an op där anerer Säit de Militär an en Te Deum ass.

En zivilen Akt ass ganz wichteg! A mir sinn och der Meenung, dass deen den 23. moies sollt mat deem zivilen Akt ufänken, an da selbstverständlech den Te Deum, an - gleeft mer et! - d'CSV wäert doudsécher net eleng an den Te Deum goen. Et sinn doudsécher nach vill Leit. An et ass net, well ee seet, dass den Te Deum net den haaptsächlechen offizielle Statsakt ass, dass et eppes géint d'Katholiken ass. Mir respektéieren, dës Regierung respektéiert all Relioun, all Culte! Dat Eenzegt, wat ass: Mir mengen, dass et och eng Manifestatioun muss ginn, wou all Persoun sech an där Diversitéit och kann erëmfannen. An dat soll och deen zivilen Akt sinn.

A mir wäerten och, an dofir, ech si jo och Ministre des Cultes, mat de Leit aus de verschiddene Reliounen diskutéieren. Well eppes däerf een net vergiessen: Et gëtt hei zu Lëtzebuerg aner Culten, déi och Saache revendiquéieren, déi se am Moment net kritt hunn. An dowéinst ass et och immens wichteg, deen Dialog ze féiere mat de verschiddene Vertrieder vum Culte. An ech sinn och frou, dass déi verschidde Relioune sech och zesummegesat hunn, fir do zesummen ze diskutéieren.

Wat fir mech wichteg ass, et ass vu ville Reforme geschwat ginn, déi mer wëlles hunn ze maachen, och an der Justiz. Den Divorce pour faute ofschafen. Jo, tatsächlech den Divorce pour faute wor och eng Diskussioun bei eis an der Koalitioun. Mä mir sinn zur Konklusioun komm, an déi lescht Zäit wor den Text och blockéiert, dass den Divorce pour faute nach muss an extreme Fäll do sinn. Et kann net sinn, dass ee fir Violence domestique ee kann eraussetzen, mä dass et keng Ursaach ass, fir gescheet ze ginn!

An dat sinn déi Punkten, wou ee sech ka soen, et kann net sinn, well deen Text wor jo zimlech hypokritesch um Ufank, andeems ee seet, d'Leit gi gescheet an duerno musse se, kënne se awer Dommages et intérêts froe fir Violencen oder fir aner Saachen. Mir sinn der Meenung gewiescht..., an ech si frou, dass och d'CSV elo mat op de Wee geet.

An, Här Juncker, ech muss Iech soen, déi Ausso, déi Der gemaach hutt, huet mech iwwerrascht, mä ech mengen, mech net eleng iwwerrascht, virun allem de fréiere Koalitiounspartner iwwerrascht. Dat ass déi, wou gesot ginn ass, dass Der net dogéint wiert, dass een déi zweet Consultation obligatoire géif fakultativ maachen.

Well ech ka mech erënneren, wéi eng Débate mer hei an der Chamber haten an an de Kommissiounen, wou awer Är Partei déi war, déi do drop insistéiert huet.

(Interruption)

Jo, net alleguer, awer eng grouss Majoritéit, Madame Arendt.

An ech soen et elo just: Dowéinst, dass Der elo sot, dass Der derfir sidd, dat éiert Iech. Mä ech wier frou gewiescht, Dir wiert schonn deemools derfir gewiescht, well dann hätt ee schonn déi Evolutioune kënnen och maachen an net waarde bis elo.

Dir hutt och gesot, den Här Braz hätt net vill ze maachen, well den Här Biltgen alles fäerdeg gemaach huet. Ech kann Iech just soen: Den Här Biltgen huet ganz vill ugefaangen, e bëssen ze vill ugefaangen! An ech si frou, wann den Här Braz alles fäerdeg kritt.

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Iwwert d'Finanze wëll ech fir d'éischt de Choix vum Här Gramegna hei kommentéieren. Ech muss Iech soen, dass de Choix vum Här Gramegna ee war vun der Demokratescher Partei, dee selbstverständlech och mat deenen zwou anere Parteien diskutéiert ginn ass, mä dass et ee Choix ass, dee mir fir richteg fannen.

An ech muss Iech soen, dass déi lescht Deeg, wou den Här Gramegna elo schonn zu Bréissel war an och scho seng Interventioune gemaach huet, bewisen hunn, dass den Här Gramegna dee richtege Choix war. An déi Leit, déi mengen, dass déi aner Parteie kee Courage haten, fir dat do ze maachen, ire sech. Dat Eenzegt, wat ass, ass, dass mir fonnt hunn, dass den Här Gramegna - an et ass keen Ufo; den Här Gramegna ass Member bei eis an der Partei - bereet ass, déi Charge ze iwwerhuelen, a bereet ass, an an eisen Aen d'Qualitéit vum Jurist, vum Ekonomist, vum Diplomat cumuléiert, déi déi wichtegst ass.

An ech sinn och frou, dass un eng Ausso, déi och d'Iescht Woch um Radio gemaach ginn ass, och hei nees erënnert ginn ass: Et ass keen heibannen, an och net den Här Frieden, als Finanzminister op d'Welt komm, an dass den Här Gramegna doudsécher mat deem Wëssen, dat en huet, och déi richteg Aarbecht op där richteger Plaz wäert maachen.

Et ass gesot ginn, d'Zuele wiere bekannt. Den Här Gibéryen huet gesot, den Här Juncker huet gesot, d'Zuele wiere bekannt. Dat heescht, Dir maacht hei, wéi wa mer e bëssen iwwerrascht waren. Neen, mir sinn net iwwerrascht. Mä dat Eenzegt, wat ass: Mir hu just gemierkt, dass eng Rëtsch vun Administratiounen an de Koalitiounsverhandlungen eis gesot hunn: „Mir hunn et schonn deemools gesot, mä et ass awer näischt gemaach ginn."

An dat bescht Beispill ass de Commerce électronique. Mir wëssen alleguer, dass de Commerce électronique ewechfält, mä mir waarde bis dee leschten Dag, fir ze kucken, wat ee ka maachen.

Dat heescht, wann ech Iech misst äntweren, Här Juncker: D'CSV huet geschwat, mä mir maachen et. A mir kucken net, mä mir agéieren. An dowéinst ass et dat, wat immens wichteg ass. An Dir hutt et och gesot, an dat freet mech och, dass déi gréisste Fraktioun hei an der Chamber alles wäert maachen, fir dass mer den Triple-A sollen halen. Mir sollen elo net alles futtimaachen, fir den Triple-A ze behalen. Mä selbstverständlech, an do si mer eis eens, wa mer dee géife verléieren, ass et fir e klengt Land awer vill méi schwéier wéi fir een anert Land, dat den Triple-A géif verléieren.

Zu den Dépensen ass gesot ginn: „Jo, mä da sot eis, wou a wat Der wéilt spueren." Ech muss Iech soen, den Här Gibéryen huet et och gesot: „Jo, Dir gitt eis net genuch Informatiounen, wou Der wëllt genau spueren."

Ech muss Iech soen, dass dës Regierung vill méi wäit ass an hiren Aarbechten, wéi et ass. Mä mir hunn... Dat, wat mer grad kritiséiert hunn, dass mer net wéilten nëmme Rechnunge maachen, andeem mer net kucken, wat d'Répercussioune vun enger Rechnung sinn, wat dat mat sech bréngt, wat dat kann awer duerno kaschten, dowéinst si se nach net presentéiert ginn.

Mir wëllen net hei mat engem Tableau kommen, andeem mer soen: „Elo kréie mer esou vill do eran, esou vill do eran, esou vill do eran." Dat ass genau déi Kontabelspolitik, déi virdru gemaach ginn ass. A mir wëllen déi net maachen!

Mir wëlle wierklech déi eng Mesuren an déi aner genau analyséieren, fir ze kucken, wéi eng Répercussiounen et kann hunn, fir dass se och sozial gerecht ass, an net einfach mat der See seet: „Elo ass fir jiddwereen alles fort.", an dann duerno kucken, wéi eng Répercussiounen dat mat sech bréngt.

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Den Här Juncker huet sech och gefrot, wou den Här Frieden déi lescht Deeg war. Här Juncker, ech muss Iech soen: Den Här Frieden wor net bei eis.

(Hilarité)

Mä ech muss Iech soen: Dir hutt gesot, dass dat d'Politik vum Här Frieden ass, déi den Här Gramegna wäert weidermaachen.

Ech kann Iech perséinlech soen, Här Juncker, dass et e ganzen Deel vun där Politik och ass, déi den Här Frieden gär gemaach hätt, awer net maache konnt.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- An dass mir och soen... Et ass och d'Fro gestallt ginn, firwat mer dat eent oder dat anert géife maachen. Jo, mir stinn och dozou, dass mer Saache kloer soen, déi net sollte gemaach ginn, well mer mengen, dass mer an enger Situatioun sinn, wou zu Lëtzebuerg ee muss, fir d'Finanzsituatioun och ze rassuréieren an d'Finanzplaz ze rassuréieren, och Saachen ukënnegen, wou ee sech seet: „Do si mer eis eens, dat dote maache mer net, well mer riskéieren, och deen een oder deen aneren negativen Effet dobäi ze kréien."

Beim Index: Jo, et si Kompromësser. Deen ee werft eis vir, dass et net nëmmen dem Grénge säi Programm ass. Da kréie mer gesot, dass et net der LSAP hire Programm ass. Da kritt een de Virworf gemaach, dass et net der DP hire Programm ass.

E Koalitiounsaccord par essence ass e Koalitiounsaccord. An do ass et wichteg, dass ee justement déi Richtungen, déi Linnen, déi déi Parteie verteidegt hunn, och erëmfënnt. An dat, wat elo dosteet, ass e Kompromëss tëschent deene Parteien. A wann een iwwert d'Ëffnungszäite schwätzt, andeem ee seet: „Jo, Dir wëllt fir d'éischt mat de Leit diskutéieren." Jo! Mir wëllen de Sozialdialog nees kreéieren hei an dësem Land.

Mä wa mer et drastoen hunn, ass et bestëmmt net, fir d'Ëffnungszäite méi kuerz ze maachen, soss hätte mer et bestëmmt net am Koalitiounsaccord drastoen. Wa mer et drastoen hunn, ass et justement, well mer wëlle mat de Partner am Dialog dat duerchdiskutéieren, fir ze kucken, wat méiglech ass.

Mä mir ginn och preparéiert an déi Verhandlungen. Mir ginn net „finger in the pocket" dohinner, andeem mer soen, elo lauschtere mer mol deenen no. Neen, mir wësse schonn, wat mer wëllen. Mä et soll een awer mat de Leit diskutéieren, ier ee seet, wat elo kënnt.

De Réajustement, do hutt Der och vun de Pensioune geschwat. Selon den Zuelen, déi mer kritt hunn, d'Calcule vun 2011-2012 wäerten ausmaachen, dass 2014 deen Ajustement minus 0,3 wier, an 2012-2013 dann op 2015 e Réajustement vu plus 0,4 wier. A fir de Revenu ze stabiliséieren, si mer der Meenung gewiescht, dass et gutt wier, dat ze neutraliséieren.

Zur Aarbecht ass och eppes gesot ginn. Et ass esou en Amalgam gemaach ginn - an dat hunn ech wierklech net opportun fonnt - tëscht RMG, Mindestloun, aarbechtslos. Et ass esou gemaach ginn, wéi wa virun allem d'Sozialisten do géifen op eng Kéier jiddwerengem eppes wëllen ewechhuelen. Neen, dat ass bestëmmt net dat, wat dës Regierung wëllt! Well dat ass jo ëmmer dann typesch, andeems ee seet: „Dat sinn déi Liberal. Déi wëllen do onbedéngt deem engen oder deem aneren eppes ewechhuelen." Et ass guer net dat.

Mä et ginn Effet-perversen. Wann Der verschidde Leit hutt, déi rechnen, wat se géife verdéngen oder manner am RMG duerno kréien, wann en aneren an der Famill bei se wunne kënnt, wann Der verschidde Rechnungen hutt, wou verschidde Leit kucken, wat dat eent a wat dat anert ass, si mir der Meenung, dass et wichteg ass, Analysen ze maachen, ier een Décisiounen hélt.

An déi éischt Analys, déi gemaach ginn ass, déi ass am Sozialalmanach vun der Caritas gemaach ginn. An déi sinn déi Éischt, déi schonn d'Konsequenz vun deem enge vis-à-vis vun deem anere wëllen hunn.

Mir wëllen net, dass den RMG eng Fatalitéit oder eng Finalitéit soll sinn. Mir sinn der Meenung, dass d'Aarbecht dat muss sinn, wou d'Leit nees Loscht hunn, sech ze investéieren a sech bewosst sinn, zu wéi engem Wäert se bäidroen, wa se justement eppes och zur Allgemengheet bäidroen.

An dann zu den CDDen. Dass gesot ginn ass, dass der vläicht méi kënnen an där Period vun zwee Joer kommen. Jo, mä mir hu léiwer een, deen nach en CDD kritt, wéi een, dee guer keng Aarbecht huet. An dofir muss ee kucken, wéi een dat och organiséiert kritt.

Zum Logement. Do hutt Der vun der Klimabank geschwat. Mir ass et egal, Här Juncker, wéi se heescht. Ob se Klimabank heescht, Altbausanierung - fir dann dem Här Meisch Freed ze maachen -, Bank heescht. Egal wéi se heescht, fir eis... Mir wëssen, wat mer wëlle maachen. An do...

Ech sinn och immens frou, dass Dir gesot hutt...

(Interruption)

An ech muss Iech soen, zum Logement wor déi kierzesten Interventioun, déi Der hat, Här Juncker. An ech verstinn dat och. Mä dass Der da gesot hutt... Den Här Schank huet dat och proposéiert. Ech si frou, well bei eis op verschiddene Bänke konnte ganz vill Leit et och scho bal net méi héieren, déi Klimabank. An ech si frou, dass dann och elo de fréiere Minister Schank och an déi Richtung gaangen ass.

Dann, zur Éducatioun, hutt Der gesot: Jo, Dir wollt e Schouldirekter, Dir hutt kee kritt, an der Madame Delvaux hir Propositioune ginn einfach esou an de Back gehäit. Neen, d'Madame Delvaux huet eng Aarbecht gemaach, déi fir eis ganz wichteg ass. Mä mir... Et sinn nach aner... D'Madame Delvaux wor selwer och nach am Aarbechtsgrupp an de Koalitiounsverhandlungen, wou deen doten Text gemaach ginn ass. Dat heescht, et ass keen Désaveu vis-à-vis vun der Politik, déi vun der Madame Delvaux gemaach ginn ass, mä et ass just, dass mer an déi Richtung och wëlle weidergoen.

Den Här Berger huet dat gesot, wat fir eis ganz wichteg och ass, dass d'Erwaardunge ganz grouss sinn. Jo, d'Bierger hu grouss Erwaardungen. D'Bierger erwaarde sech, dass dës Koalitioun et seriö mécht an aneschters mécht. An hei geet et net ëm eng Koalitioun ee géint deen aneren, mä eng Koalitioun, wou mer wëllen zesummen eng Politik fir eist Land maachen.

Dir hutt och justement vun der Integratioun geschwat, den Débat vun der Integratioun. An ech soen et nach eng Kéier: Mir dierfe keng Angscht hu virun der Integratioun a virum Zesummeliewen een nieft deem aneren.

Och zu de Kanner, d'Startchancen. D'Schoul ass - a mir sinn eis eens - déi Case départ vun all Liewen, vun engem jonke Kand, wou derno seng Liewenschancë gestallt ginn. A wann een do schonn dès le départ selon d'Origines sociales oder linguistiques, déi ee vun doheem huet, net déiselwecht Chancen huet wéi een aneren, ass e Problem an eiser Gesellschaft. An ech soen dofir och e grousse Merci, dass dee Punkt abordéiert ginn ass.

Den Här Bodry huet eis erënnert u seng Ried vun 1999 „same procedure". Et hänkt ëmmer dovun of, wou ee sëtzt. Ech hunn et jo och gesot. A wat ganz wichteg ass, dat ass och, wat den Här Bodry gesot huet: „Jo, Kontinuitéit." Et soll ee sech net schummen - an ech hunn et och scho gëschter gesot -, dass déi Saachen, déi virdru gemaach gi sinn, net all falsch waren. Mir hu jo och bestëmmt net géint all Text gestëmmt. Mir hunn op villen Texter matgestëmmt, well mer der Meenung waren, dass se och wichteg a richteg fir eist Land waren.

An dowéinst, dass eng gewësse Kontinuitéit do ass, mengen ech, ass och ganz wichteg. An et géif ganz ville Leit Suerge maachen, ze wëssen, dass zu Lëtzebuerg all véier oder fënnef Joer op eng Kéier alles vergiess muss ginn, well eng nei Regierung géif kommen, an dann alles, wat virdru geschitt ass, schlecht war an alles muss nei gemaach ginn. Well justement déi Stabilitéit, déi Garantie, och dat ass en Attrait vun eisem Land an och de Grond, firwat d'Leit op Lëtzebuerg kommen.

„Jo, d'Sich vum Mëttelwee", huet och den Här Bodry gesot. Mir sinn eis do ganz eens. Wann dräi Parteien zesumme sinn, ass et e Mëttelwee, deen ee sicht. Mä e gesonde Mëttelwee. E Mëttelwee, deen am Intérêt vun der gréisster Majoritéit vun de Lëtzebuerger och ass.

An dat, wat mer och selbstverständlech iwwert d'horizontal Zesummenaarbecht an d'zillos Mentalitéit... Et geet duer! Mir mussen zesummeschaffen! An ech hunn et och gëschter gesot, ob dat de Logement, ob dat de Chômage, ob dat d'Finanzplaz ass, ob dat d'Steierzuel ass, ob dat d'Europapolitik ass, wäerte mer all Mount am Regierungsrot diskutéieren, fir dass mer och wëssen, wou mer dru sinn. An den Här Kersch, och bei der Réforme administrative, fir e Suivi ze hunn an net einfach ze soen, a véier Joer: „Wou si mer elo drun? Ass eppes geschitt?" Neen, all Mount wäerte mer am Regierungsrot driwwer diskutéieren an deen een an deen anere Punkt diskutéieren.

CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

D'Madame Loschetter huet och vun der Form geschwat vun der Gouvernance, de Renouveau. An d'Form ass och Programm, hutt Der gesot. Jo, dëst ass..., an dee leschte Pressebriefing wor en anere Pressebriefing. De leschte Pressebriefing wor keng One-Man-Show. De Pressebriefing wor do, wou zesumme presentéiert ginn ass, wat virdrun am Regierungsrot diskutéiert ginn ass. An ech hunn elo just virdrun och ausgemaach, dass e Freiden nom nächste Pressebriefing och e Vertrieder do ass, fir eis de Punkt vun der CAR-e-Prime vun den Autoen ze erklären.

An dat wäert all Kéiers esou sinn. Ech mengen, et weess keen den Dossier besser, an och, fir kënne säin ze presentéieren. En huet e jo och ausgeschafft. An da soll een deem och d'Recht ginn, deen och kënnen ze presentéieren. Do wäert ech och froen, fir dass dat esou geschitt.

Jo, Madame Loschetter, d'Schoul ass e Facteur vun Integratioun a muss e Facteur vun Integratioun sinn. An ech sinn och ganz frou, dass Der iwwert d'Gebäerdesprooch geschwat hutt. Dir wësst, dass mer déi immens um Häerz läit. An ech wëll elo nach eng Kéier mech entschëllege gëschter bei der Gebäerdendolmetscherin. Ech hoffen, dass se haut net e Muskelkater kritt huet.

(Hilarité)

Ech wëll och op d'Ëmweltaspekter just ganz kuerz agoen, esou wéi Dir et gesot hutt. Jo, déi sinn transversal. Et kann een net bei Ëmweltaspekter just dat eent oder dat anert kucken. Well all Politik, déi ee mécht, huet en Impakt op Ëmweltaspekter. A selbstverständlech ass et wichteg, dass een déi och zesummen diskutéiert.

Dem Här Gibéryen soen ech Merci fir säi Cours de droit constitutionnel, deen en eis gehalen huet, iwwert d'Zesummebilde vu Majoritéiten an enger Regierung. En huet eis och gesot: „Jo, mat den Douzièmen, wéi geet et da weider?" Ma mir wäerten elo... Dat muss ee jo awer verstoen: Mir hunn elo e Koalitiounsaccord zesumme geschriwwen. Mir wäerten elo de Budget ufänken ze analyséieren. A mir wäerten dat maachen, well mer eis och virginn hunn, dat heescht, d'Dépensen och ze analyséieren an ze kucken, wéi mer elo schonn direkt - direkt! - kënnen do, wou mir kënnen influencéieren, Sue spueren.

A gleeft mer et, dat ass... Dat nennt een e Screening, wou mer wäerten all Dépense bei eis emol ufänken. Well mer och der Meenung sinn, amplaz dass een elo direkt schonn de Leit géif soen: „Mir huelen direkt eppes ewech", emol bei eis selwer solle kucken, wéi mer bei eis kënne spueren.

Mä esou, wéi ech virdrun och gesot hunn: Mat deem Verloscht vum Commerce électronique wäert et ganz schwéier sinn, a mir kommen net derlaanscht, fir eng Hausse vun der TVA vun 2% - esou wéi den Här Juncker den Här Schneider zitéiert huet - schonn ze maachen.

Zum Koalitiounsaccord hunn och den Här Turpel an den Här Gibéryen eis gesot: „Jo, Dir hutt et du public gemaach, dat doten. Dir wollt et awer net public maachen." Neen, et wor fir d'éischt freides, dass mer wollte verbesseren. An du méindes hu mer gemierkt, dass... An ech muss just soen, ech sinn elo net éiweg hei an där Chamber, mä et ass nach ni en Accord virdru public gemaach ginn.

Mä mir hunn et einfach wichteg fonnt, well mer gemierkt hunn, dass d'Interpretatiounen dobaussen, vun deem engen a vun deem aneren, divergent kéinte sinn a mer gemengt hu: Mir hu jo näischt ze verstoppen, firwat gi mer dat net? An ech sinn och frou, dass den Här Turpel gesot huet, dass et souwisou onméiglech gewiescht wär, soss haut sech kënnen ze preparéieren. Well heiansdo huet ee ganz oft d'Gefill gehat, dass d'Riede scho preparéiert gi sinn, ier iwwerhaapt hei scho geschwat ginn ass. Dowéinst sinn ech och frou, dass dat net de Fall war.

(Interruptions)

2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail
- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Serge Wilmes, Mme Joëlle Elvinger, Mme Viviane Loschetter, M. Serge Urbany*
- *M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

8. 6606 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 avril 2008 concernant le renouvellement du soutien au développement rural
- *Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs: M. Edy Mertens*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen, M. Frank Arndt, M. Henri Kox*
- *M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

9. Désignation d'un président et de quatre membres du Centre pour l'égalité de traitement
- *M. le Président*

10. Discours de fin d'année de M. le Président
- *M. le Président*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; MM. Félix Braz, Nicolas Schmit, Romain Schneider, Fernand Etgen, Pierre Gramegna et Mme Corinne Cahen, Ministres; M. Camille Gira, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- E schéine gudde Mëtteg. Domat ass eis Chamberssëtzung offiziell opgemaach.

1. Communication

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

Communication du Président - séance publique du 17 décembre 2013

La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

Ech wollt dann och froen, ob d'Regierung eng speziell Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Neen, Här President, dat ass net de Fall.

M. le Président.- Merci, Här Statsminister.

2. Composition des commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ugeet, esou sinn dës, ausser der Commission de Contrôle parlementaire vum Service de Renseignement de l'État, all definitiv constituéiert.

D'Lëschte ginn un d'Fraktiounspresidente verdeelt, a wann nach Ännerungen ze proposéiere wären, da wär ech frou, wann déi dem Greffe respektiv der Administration parlementaire gemellt géife ginn.

3. Ordre du jour

Dann zum Ordre du jour. An hirer Réuniouun vum 12. Dezember huet d'Presidentekonferenz fir haut folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Éischtens de Projet de loi 6571. Et handelt sech ëm eng Ofännerung vum Wahlgesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 virgesinn.

Zweetens de Projet de loi 6630 iwwert déi sougenannten Douzièmes provisoires. Och hei gëllt de Modell 1.

De Projet de loi 6580 iwwert déi finanziell Bedeelegung vum Stat un der Moderniséierung vun der Kläranlag Nordstad/Bleesbréck. Och hei gëllt de Modell 1 bei der Riedezäit.

De Projet de loi 6594; et handelt sech ëm eng Ofännerung vum Code du Travail. Och hei gëllt de Modell 1 bei der Riedezäit.

An de Projet de loi 6606, wat eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Ënnerstëtzungen am Beräich vum Développement rural ass. Hei gëllt de Basismodell bei der Riedezäit.

Als leschte Punkt gesäit den Ordre du jour dann d'Designatioun vun engem President a véier Membere vum Centre pour l'égalité de traitement vir.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Villmools Merci.

Mir fänken haut de Mëtteg mam Projet de loi 6571 un, wou et jo, wéi gesot, ëm eng Änderung vum Wahlgesetz geet. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: CSV 33 Minutten, DP 23 Minutten, LSAP 23 Minutten, déi gréng 16 Minutten, ADR siwen an eng hallef Minutten, déi Lénk fënnef Minutten an d'Regierung 15 Minutten.

Ech géif dann direkt d'Wuert un de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Alex Bodry, weiderginn. Et sinn doniewent agedroen: den Här Gloden, d'Madame Brasseur, den Här Adam an den Här Urbany.

Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

4. 6571 - Projet de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Gesetzesprojet 6571 geet et ëm eng Deelreform vun eisem Wahlgesetz vum 18. Februar 2003.

Et ass e Projet, dee vun der viregter Regierung abruecht ginn ass, deen eigentlech ursprünglech zwee Haaptziler verfollegt huet.

Éischtens d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv vum 20. Dezember 2012 iwwer verschidde Modalitéite vun der Ausübung vum passive Wahlrecht bei de Wahle fir d'Europaparlament an zweetens eng gesetzlech Regelung fir d'Festleeung vum Datum vun de Chamberwahlen, fir e gläichzäitegt Ofhale vun den National- an Europawahle méiglech ze maachen. Europawahlen, déi jo op de 25. Mee 2014 fixéiert sinn.

D'Regierung huet dann och gläichzäiteg vun där Geleeënheet profitéiert, fir och d'Regel vum Netcumul vum nationalen Deputéiertemandat mat dem Mandat vum Europadeputéierten endlech fest an eist Wahlgesetz anzeschreiwen.

Do gëtt et zwar en europäeschen Accord zu där doter Fro, dass déi europäesch an national Deputéiertemandater net kompatibel sinn, also net kënne cumuléiert ginn. Et gëtt och en Accord tëschent de Parteien hei zu Lëtzebuerg, fir dat ze maachen, mä dat war bis elo formal ni an eisem Wahlgesetz verankert ginn. Dat geschitt also och duerch dëse Gesetzesprojet.

D'Verfassungskommissioun huet hirersäits dee Regierungstext schonn am Juni an e puer Sitzungen diskutéiert an och, wéinst der Urgence, net den Avis vum Statsrot ofgewaart, mä vu sech aus eng Rei vun Amendementen zum Regierungstext ugeholl.

Déi wichtegst Ännerung, op déi mer eis sengerzäit an der Institutiounskommissioun gëeenegt hunn, war déi, fir an Zukunft op eng minimal Residenzklausel fir Netlëtzebuerger bei den Europawahlen ze verzichten. An Zukunft ass et also deemno esou, wann d'Chamber dëse Gesetzesprojet an där Form guttheescht, dass all Bierger aus der Europäescher Unioun bei den Europawahlen hei zu Lëtzebuerg matmaache kënnen, als Wieler oder als Kandidat; also aktivt Wahlrecht respektiv passivt Wahlrecht, wa se op eise Lëschten ageschriwwe sinn.

Si musse sech also nach wie vor vu sech aus op déi Wielerlëschten aschreiwen, mä si brauchen eigentlech net méi eng gewëssen Zuel vu Joren am Virfeld hei zu Lëtzebuerg gewunnt ze hunn.

Am aktuelle Gesetz ass et esou, dass een, fir dat aktivt Wahlrecht auszeüben, muss zwee Joer hei zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, fir sech kënnen op déi Wielerlëschten anzeschreiwe fir d'Europawahlen. An et huet ee misse fënnef Joer hei zu Lëtzebuerg residéiert hunn, fir kënnen als Kandidat bei Europawahlen hei zu Lëtzebuerg matzemaachen. Mir proposéieren also hei, fir dat ofzeänneren an an deem heite Fall op déi minimal Residenzklausel ze verzichten.

Ech mengen, dass, wann een de Werdegang vum Wahlrecht och fir Netlëtzebuerger hei zu Lëtzebuerg kuckt, dass dat schonn en historesche Schrack ass, dee mer hei maachen. Lëtzebuerg akzeptéiert also, an deem heite Fall vun den Europawahlen, den Droit commun an Europa a bénéficiéiert also net méi, verzicht drop, fir op eng Ausnahmeregelung kënnen zréckzegräifen, déi deene Länner zougestane ginn ass, wou den Undeel vun den Auslänner iwwer 20% läit. Dat brauche mer also an Zukunft net méi. Hei géife mer dat fale loossen zu Lëtzebuerg fir d'Europawahlen.

Déi eenzeg Bedéngung natierlech, déi bleift: Et muss een a sengem eegene Land, a sengem Ursprongsland selwer iwwert dat Wahlrecht verfügen. Een, deen a sengem Land duerch gesetzlech Bestëmmungen, duerch e Geriichtsuerteel dat Wahlrecht net méi huet, deen däerf och hei zu Lëtzebuerg als Netlëtzebuerger net bei Europawahle matmaachen, sief et als Wieler, sief et als Kandidat.

Eng aner Ännerung, déi mer iwwert déi Direktiv hei iwwerhuelen, an iwwert déi ee kann duerchaus misstrauesch sinn, mä wou mer als nationale Législateur keng Marge d'appréciation méi hunn - mir mussen den Direktivtext ëmsetzen -, ass de Virschlag, deen an där Direktiv iwwerholl ginn ass, fir dass an Zukunft Kandidaten aus engem aneren EU-Stat, déi hei zu Lëtzebuerg géife matmaache bei den Europawahlen als Kandidat, net méi brauchen eng offiziell Attestatioun aus hirem Land matzebréngen, déi beleet, dass se dat passivt Wahlrecht bei sech hunn.

Dat war bis elo also de Fall. Dat huet anscheinend - net onbedéngt hei zu Lëtzebuerg, mä an anere Länner - zu Komplikatioune gefouert, well et net evident war, wat fir eng Instanz an deene Länner géif esou e Certificat ausstellen, also wat fir eng national Autoritéit géif eng Attestatioun ausstellen, dass eng bestëmmte Persoun am Besëtz vun hire politesche Rechter ass.

An duerfir ass dann iwwert de Conseil an iwwert d'Europäescht Parlament proposéiert ginn, iwwer eng Direktiv déi dote Bestëmmungen opzelackeren. Mir kommen haut also vun engem System, vun enger offizieller Attestatioun vun enger nationaler auslännescher Autoritéit, an e System eran, wou de Kandidat selwer muss op seng Éier deklaréieren, dass en am Besëtz vu sengem politesche Recht ass an notamment vun deem Recht, sech als Kandidat ze presentéiere bei politesche Wahlen. Dat ass also, géif ech soen, dee grousse Changement, dee kënnt, iwwert déi europäesch Direktiv, déi mer hei dann och op deem dote Punkt eent zu eent probéieren ëmzesetzen.

Dat ass a priori manner bürokratesch, méi schnell a sécherlech méi einfach. Et ass méi einfach, sech selwer e Certificat auszestellen, eng Deklaratioun ze ginn, wéi wann ee muss Démarchë maache bei enger Verwaltung, zemools déi och dann am Ausland nach situéiert ass, fir déi doten Attestatioun ze kréien.

Mä et ass awer och esou - do ware mer eis eens an do deele mer eigentlech déi kritesch Astellung, déi och de Statsrot a sengem Avis zudag bruecht huet -, dass, wann et zwar méi einfach ass, manner bürokratesch ass, dat doten natierlech och kann zu enger méi grousser Onsécherheet, zu enger méi grousser politescher a juristescher Onsécherheet féieren, zemools wa géif ex post no Wahle festgestallt ginn, dass eng Persoun zwar hei Kandidat war fir d'Europawahlen op enger Lëscht, mä en fait an hirem eegene Land d'Recht net gehat hätt, fir Kandidat ze sinn.

Domadder stelle sech also eng ganz Partie vu juristeschen, awer och héich politesche Froen, wou et net méiglech war, op all Hypothees eng kloer Äntwert an eisem Gesetzestext ze ginn.

De Statsrot huet eng ganz Rëtsch vu Froen opgeworf, wou et Deeläntwerte sécherlech am Gesetz ginn, mä wou mer net an allen Hypotheesen och wahrscheinlech d'Méiglechkeet hunn, esou ze légiféréieren, dass een alles kann am Virfeld propper regelen. Zemools wësse mer jo, wa bis d'Parlamenter selwer jugéiert hunn, dass eng Wahl definitiv ass, a festgestallt hunn, dass hir Zesummesetzung rechtens war, dass et ganz schwéier gëtt, duerno eigentlech déi doten Décisioun, souverän Décisioun vun de Parlamenter, sief et eng Lëtzebuerger Chamber, sief et en Europaparlament, erëm eng Kéier a Fro ze stellen.

Eng wichteg Fonctioun an deem ganze System do vun der Certificatioun kënnt dem President vum Haaptwahlbüro zou, deen also do muss déi Demande vun deem EU-Kandidat weiderreechen. Dat gëtt da weidergereecht un den Ausseministère. Den Ausseminister ass eigentlech de Point de contact, fir déi Iwwerpréiwung ze maachen, ob eng Persoun hei rechtens Kandidat ass am Moment vun der Opstellung vun de Kandidatelëschten. Dee gëtt dat da weider un déi zoustänneg auslännesch Instanz. An déi muss dann no dem europäeschen Text och bannent fënnef Deeg äntwerten.

D'Gefor ass natierlech ganz grouss - ausser d'Verwaltunge géife ganz anescht fonctionnéieren am Ausland wéi déi, déi mer hei kennen -, dass vläicht während fënnef Deeg do net direkt eng Äntwert kënnt vun der richteger Stell. Dee Moment muss déi Kandidatur zougelooss ginn. Déi muss dann zougelooss ginn a si kann natierlech nach a Fro gestallt ginn, wann e bësse méi spéit dann eng Äntwert kënnt, aus där géif ervirgoen, dass déi dote Persoun d'Wahlrecht eigentlech net hätt.

Mä do spillt dann och, wéi gesot, de President vum Haaptwahlbüro nach eng Roll. Do spillt och den Texter no d'Regierung eng Roll, well d'Regierung och muss nom Direktivtext derfir suergen, dass u sech keng Persoun onrechtméisseg eigentlech gewielt gëtt doduerjer, dass se net iwwer all politesch Rechter géif verfügen.

Duerfir maache mir ganz kloer en Appell och als Kommissioun - do ware mer eis eens - un all déi Parteien, un all déi Leit, déi Lëschte presentéieren, wierklech op där doter Fro opzepassen, wierklech sech net vläicht einfach mat enger mëndlecher Erklärung vun deem Kandidat zefridden ze ginn, mä Virsiicht walten ze loossen, fir ze suergen, dass u sech och kloer ass, dass déi Persoun och iwwer hiert vollt Wahlrecht verfügt, wa se als Kandidat op enger Lëscht optrëtt.

Et ass esou, dass selbstverständlech och Strofbestëmmungen hei am Gesetz mat dra sinn. Mir hunn do ganz gären eng Suggestioun vum Statsrot opgeholl an deem Sënn, dass natierlech an Zukunft all falsch Deklaratioun, déi e Kandidat géif maachen hisiichtlech senge Capacitéiten, fir Kandidat ze sinn, kann zu Lëtzebuerg bestrooft gi vun de Geriichter mat enger Geldstrof vu 500 bis 15.000 Euro respektiv enger Prisongsstrof vun engem Mount bis zwee Joer, dat geméiss dem Artikel 114 vun eisem Wahlgesetz.

Et ass och esou, dass déi individuell Stëmmen, déi en net éierleche Kandidat kritt hätt bei Wahlen, him selwer a senger Lëscht och géifen ofgezu ginn. Esou gesäit et och den aktuellen Text vun eisem Wahlgesetz vir.

An den Ae vun der zoustänneger Kommissioun muss och eigentlech hei den Artikel 286 Alinéa 2 vum Wahlgesetz applizéiert ginn, dee seet: «la perte d'une des conditions d'éligibilité entraîne la cessation du mandat».

Also et gëtt eng ganz Rëtsch vu rechtlechen Handhaben, fir hei géint onéierlech oder onopmierksam Kandidate virzegoen. Mä et bleift, dass awer eng gewësse Rechtsonsécherheet besteet, wéi ee kann an alle Fäll dat doten och wierklech praktesch ëmsetzen, well do och d'Kompetenze vun der Regierung an engem gewëssene Moment net méi do sinn, an eigentlech dat Ganzt an d'Hänn vun den eenzelne Parlamenter, notamment och vum Europaparlament, zréckkënnt.

En anere Punkt, deen een Haaptausléiser war, fir dat Gesetz hei ze maachen, war d'Problematik vum Dag vun eise Chamberswahlen. Et war alles geschitt, ier et zur fréizäiteger Opléisung komm ass vum Parlament, soudass sech déi dote Fro haut liicht an engem anere Bléckwénkel stellt.

Op jidde Fall hu mer schlussendlech hei eng Stipulatioun zréckbehalen, wou am Prinzip et esou ass, dass weider och d'Chamberswahlen hei zu Lëtzebuerg den 1. Sonndeg am Mount Juni stattfannen, mä awer do eng gewësse Flexibilitéit dra besteet, notamment wann et drëm geet, dass Europawahlen a Landeswahle solle gläichzäiteg ofgehale ginn, an zwar an deem Sënn, dass och déi zwee Sonndeger virun deem éischte Sonndeg am Juni kënnen als Wahlsonndeg zréckbehale ginn, respektiv déi zwee Sonndeger duerno och kënnen als méigleche Wahldatum zréckbehale ginn.

Bon, et ass natierlech esou, dass an deem Rhythmus elo vun de Wahlen, wou mer momentan dra sinn, déi dote Bestëmmung riskéiert vun hirer direkter Utilitéit ze verléieren duerch eben de Fait, dass et den 20. Oktober zu virgezunnen Neiwahle komm ass. Mä et ass evident, dass mer op déi dote Fro vum Wahldatum wéi och op aner Aspekter vum Wahlgesetz nach wäerte mussen an dëser Wahlperiod zréckkommen.

Wat nämlech an d'A stécht, dat hu mer net behandelt an der Kommissioun, dat musse mer awer parteiiwwergräifend an och mat der Regierung nach deemnächst diskutéieren, dat ass dee Widdersproch, deen haut besteet op där enger Säit am Wahlgesetz, den Artikel 123, wou ee kéint erausliesen, dass dës Chamber och gewielt wär bis de Juni 2019, an eiser Constitutioun, déi formell ass an déi fir mech nach ëmmer iwwert dem Wahlgesetz steet, déi kloer seet, d'Deputéierte si gewielt fir fënnef Joer. Dat heescht, dës Chamber ass gewielt fir fënnef Joer, an net fir fënnef Joer a siwe Méint, aacht Méint, wat et dann och ass. Mä dës Fro muss gekläert ginn. Mir kënnen dee Widdersproch an eise Gesetzestexter net méi weider bestoe loossen.

Eng Suggestioun vum Statsrot, op déi mer och zréckgegraff hunn - dat war eng Opposition formelle; dat hu mer gären iwwerholl -, dat huet déi Strofbestëmmunge betraff, déi ech virdrun hei zitéiert hunn. A fir de Rescht si mer eigentlech an der Linn bliwwe vun deem, wat op eenzelne Punkten e Virschlag vum Statsrot war.

Mir hunn d'Nummeréierung geännert, mir hunn den Emplacement vun engem Artikel geännert an deem ganze Gesetzesprojet. A mir hu schliisslech och d'Suggestioun vum Statsrot opgegraff, dee gemengt huet, dass déi Mise en vigueur op den 28. Januar 2014 vun deem heite Gesetz eigentlech iwwerflësseg wär, a mir hunn dann eise Mutt an zwee Hänn geholl a gesot, ma da sträiche mer deen Artikel, dat ass dee leschten Artikel vum Gesetz, an dann trëtt dat heite Gesetz a Kraaft no den normale Regele vun der Publikatioun vu Gesetzer hei zu Lëtzebuerg. Dat misst dann normalerweis virum 28. Januar 2014 souguer sinn.

De Conseil d'État huet schlussendlech säin Accord ginn zu eiser Approche an huet eis Meenung gedeelt, dass dat, wat mir virgeschloen hunn hei, keng Amendementen am eigentleche Sënn vun eise legislative Prozedure sinn, mä eigentlech fousst op deenen Avisen an Dokumenter, déi schonn an der Prozedur dra sinn.

Wéi gesot, et bleift, dass een zréckbehale muss, dass mer en historesche Schrack maachen, andeem mer eis gemeinsam eens gi sinn, schonn am Juni vun dësem Joer, fir déi minimal Residenzklausel fir EU-Bierger bei Europawahle falen ze loossen an domadder eigentlech och dem Konzept vun der Citoyenneté européenne bei dësen Europawahle Rechnung droen. Dat war fir eis eigentlech dat Haaptargument, fir an deem heite Fall op deen dote Wee ze goen.

Et muss een elo a weideren Diskussioune gesinn, wat sech eventuell deet um Niveau och vun de minimale Residenzklausele bei de Kommunalwahlen, wou déi nach ëmmer an eise Gesetzestexter drastinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu mengen Ausféierungen als Rapporteur, fir ze soen, dass et eis och bewosst ginn ass, wéi mer de Gesetzestext nach eng Kéier gekuckt hunn. Op där enger Säit iwwert d'Komplexitéit vun deem Text, notamment wat d'Délaifroen ugeet, dat ass net evident, dass déi eenzel Délaien, déi an deem heiten Text sinn, wierklech 100%eg aneneegräifen.

All Reform, déi mer op deem dote Punkt maachen, nodeems mer d'Appréciatioun vum Statsrot kritt hunn, muss gutt iwwerluecht sinn. Mir sinn awer der Meenung, dass dee Gesetzestext och e Patchwork e bësse ginn ass am Laf vun de Jorzéngten. Et ass eng Basis do, déi ganz al ass nach an deem heiten Text. Da sinn ëmmer erëm nei Textcouchen an deem Wahlgesetz dropgesat ginn. An et geet och drëm, mengen ech, déi ganz Terminologie vun deenen Texter erëm eng Kéier unzepassen, ze moderniséieren.

D'Regierung huet jo och an hirem Programm virgesinn, fir op eenzel Punkten am Wahlgesetz zréckzekommen. Et geet net nëmmen ëm d'Definitioun vum Wahlrecht - dat ass ee vun de wichtege Punkten -, mä et geet och drëm, dat hu mer gesot, dass mer och wéilten déi Strofbestëmmungen, déi am Code pénal nach zum Deel sinn, déi mat de Wahlen ze dinn hunn, iwwerpréiwen.

Déi sinn nach ganz al. Déi sinn eigentlech am Fong ni geännert ginn. Déi gi wierklech op bal den Ursprong zréck vun der Aféierung vum allgemenge Wahlrecht hei zu Lëtzebuerg. An do gëtt et schonn déi eng oder déi aner Décisioune vun de Lëtzebuerger Geriichter, déi fonnt hunn, dass emol esou eng Dispositioun net konform ass zu europäesche Mënscherechtskonventiounen, well se eigentlech net méi zäitgeméiss wären, net méi enger moderner Approche vun enger Wahlcampagne géifen entspriechen.

Dat sinn also Froen, déi mer nach ze kläre kréien. Also d'Aarbecht wäert eis net ausgoen, och a puncto Reform vun eiser Wahlgesetzgebung. Mä elo geet et emol drëm, dass mer déi kleng Deelreform hei stëmmen. An ech géif am Numm vun der Kommissioun, déi mat breeder Majoritéit dee Rapport guttgeheescht huet, och bieden dann, deen Text hei ze stëmmen.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Alex Bodry. Als nächste Riedner ass den Här Gloden agedroen. Dir hutt d'Wuert, Här Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV)*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet de loi ass e weidere Schrëtt zur politescher Europäescher Unioun, well duerch dëse Gesetzesentworf et méi einfach soll gi fir en EU-Bierger, an engem anere Land wéi sengem Heemechtsland fir d'Europawahlen ze kandidéieren oder wielen ze goen.

Erlaabt mer fir d'Éischt, eisem fréiere Kolleeg Raymond Weydert Merci ze soe fir seng Viraarbecht als Rapporteur zu dësem Projet de loi. Den Här Alex Bodry huet d'Charge als Rapporteur iwwerholl, an ech soen em Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

De Rapporteur huet et gesot: Duerch dëse Projet de loi setze mer d'Direktiv 2013/1 vum Conseil vum 20. Dezember 2012 ëm. Mir hunn dunn och als Kommissioun virgeschloen, d'Re-

sidenzklausel, fir datt d'EU-Bierger hiert aktivt oder passivt Wahlrecht hei zu Lëtzebuerg exercéiere kënnen, ofzeschafen.

D'Haaptpunkte vun dësem Projet de loi, esou wéi e vun der Institutiounskommissioun amendéiert gouf, sinn: d'Ofschafe vun der Residenzzäit an d'Méiglechkeet fir de Pouvoir réglementaire, den Datum vun den Nationalwahlen un den Datum vun den Europawahlen unzepassen.

E weidere Punkt ass: En EU-Bierger, dee säin aktivt oder passivt Wahlrecht hei zu Lëtzebuerg wëllt exercéieren, brauch net méi eng Attestatioun vu sengem Heemechtsland ofzeginn, datt en net déchu vu sengem Droit de vote respektiv vu sengem Droit d'éligibilité ass, mä eng Déclaration sur l'honneur geet duer. D'Autoritéite vum Residenzland mussen da kontrolléieren, ob déi Persoun dann net an hirem Heemechtsland déchue ass vun hire Rechter.

Am Wahlgesetz gëtt och formell d'Incompatibilitéit, also den Non-cumul vum nationalen an europäeschen Deputéierten ageschriwwen. Dat ass hei zu Lëtzebuerg jo esou gehandhabt ginn a steet och iwwregens am aktuellen Entworf vun der Proposition de loi iwwert d'Verfassung.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum éischte Punkt, zur Ofschafung vun der Residenzklausel.

Den Artikel 10 Paragraph 3 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun seet: «Tout citoyen a le droit de participer à la vie démocratique de l'Union. Les décisions sont prises aussi ouvertement et aussi près que possible des citoyens.» Den Artikel 14 Paragraph 2 vum Traité seet: «Le Parlement européen est composé des représentants des citoyens de l'Union.»

Am Artikel 6 vum Projet de loi gëtt opgrond vun europäeschen Texter d'Expressioun «représentant du Grand-Duché de Luxembourg du Parlement européen» duerch «membre du Parlement européen élu au Grand-Duché de Luxembourg» ersat.

Dëst ass een net onwichtege Changement: Jo, en Europadeputéierten ass net en Deputéierte vu Lëtzebuerg, mä en Europadeputéierten, deen zu Lëtzebuerg gewielt ginn ass.

Et woren all dës Iwwerleeungen, déi d'Institutiounskommissioun dozou beweegt hunn, d'Residenzklausel vun zwee respektiv vu fënnef Joer ofzeschafen. Duerfir hunn ech och am Ufank vu menger Ried gesot, datt mer mat dësem Projet de loi e weidere Schrëtt zur politescher Unioun maachen.

D'Ofschafe vun der Residenzklausel betrëfft just d'Europawahlen an net d'Gemengewahlen. De Rapporteur huet et och betount. D'Fro vum Bäibehalen oder Ofschafe vun der Residenzklausel fir d'Gemengewahle muss an där zoustänneger Kommissioun gekläert ginn.

Zum zweete Punkt, d'Ersetze vun enger Attestatioun duerch eng Déclaration sur l'honneur.

De Rapporteur huet et ënnerstrach: De Statsrot huet e ganz kriteschen Avis zu dësem Punkt ofginn. Ech wéilt dat hei net alles widderhuelen. Doriwwer eraus: Wien ass hei déi richteg Autoritéit, fir d'Échéance vum Mandat ze décidéieren? Déi nei Démarche kléngt luewenswäert, kann awer an der Praxis Problemer opwerfen, besonnesch beim Passivwahlrecht.

Wat geschitt, wann, nodeems d'Délaien ofgelaf sinn, fir sech anzeschreiwen, oder souguer no de Wahlen erausfonnt gëtt, datt déi gewielte Persoun net an hirem Land éligibel wor? Wéi geet ee mat de Stëmmen ëm, déi dës Persoun an hir Lëscht kruten?

Den Artikel 286 vum Wahlgesetz seet, datt d'«perte d'une des conditions d'éligibilité entraîne la cessation du mandat». Mä wat geschitt mat deene Stëmme vun där Persoun? Behält déi Lëscht, op där déi betreffend Persoun kandidéiert huet, d'Lëschtestëmmen, déi de Kandidat bruecht huet, an déi perséinlech Stëmmen? Oder zum Beispill just d'Lëschtestëmmen? Oder falen d'Stëmmen einfach alleguer ewech?

D'Direktiv muss bis den 28. Januar d'nächst Joer ëmgesat ginn, well d'Europawahle jo schonns am Mee sinn. Duerfir konnte mer dës Froen all net elo beäntwerten. Dës Froe mussen am Kader vun enger globaler Reform vum Wahlgesetz méi déif analyséiert ginn an och beäntwert ginn. Hei brauch ee méi Zäit an et sollt een zum Beispill eng Étude comparative vun de Lois électorales vun aneren EU-State maachen.

Sous peine d'opposition formelle huet de Statsrot verlaangt, datt déi Persoun, déi eng falsch Deklaratioun gemaach huet, eng Amende tëschent 500 a 15.000 Euro an eng Prisongsstrof tëschent engem an zwee Joer ka kréien - Strofen, déi am aktuelle Wahlgesetz virgesi sinn. Heimat ass d'Institutiounskommissioun averstanen.

Den drëtte Punkt ass, datt duerch Règlement grand-ducal d'Parlamentswahlen, déi am Prinzip den éischte Sonndeg am Mount Juni stattfannen, och kéinten am Mee ofgehale ginn, wann d'Europawahlen am Mee wieren: op engem vun den zwee Sonndeger virum éischte Sonndeg am Juni oder op engem vun den zwee Sonndeger nom éischte Sonndeg am Juni.

An dësem Zesummenhang wëll ech folgend Iwwerleeunge maachen: D'Durée vum Mandat vun de Membere vun dësem Haus ass fënnef Joer. Dëst steet an der Verfassung. Soumat géif eist Mandat am Oktober 2018 oflafen. No dem Wahlgesetz wieren d'Nationalwahlen awer entweder am Mee oder am Juni.

Am Koalitiounsaccord hunn ech näischt gesinn, wat dës Fro ugeet. Hei muss een am Kader vun enger globaler Reform vum Wahlgesetz d'Wahlgesetz an Aklang mat der Verfassung bréngen.

De Problem ass, wann d'Chamberswahlen am Oktober oder November stattfannen, dann hu mer de Problem, dee mer elo hunn, datt de Budget net kann zurzäit gestëmmt ginn. Dëst ass fir eng Regierung, déi aus deene Wahlen erauskënnt, net glécklech. Et schéngt mer op jidde Fall esou ze sinn, datt mer net kënnen am Mee oder Juni 2019 wiele goen, well mer jo da méi wéi fënnef Joer am Amt wieren, wat net am Aklang mat der Verfassung wier.

Vläicht kann eis d'Regierung hei éischt Elementer vun enger Äntwert ginn.

Zum Schluss ginn ech den Accord vu menger Fraktioun.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gloden. Eis nächst Riednerin ass d'Madame Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng gutt gemengten Iddi, dat ass wierklech begréissenswäert. Mä wann een esou eng Initiativ ergräift, wéi hei op europäeschem Niveau, da muss ee sech awer och de Konsequenze vun där gutt gemengten Iddi bewosst sinn. An ech fäerte ganz, dass dat bei där Direktiv, déi ons hei virläit, net gemaach ginn ass.

Et ass eng gutt gemengten Iddi, fir ze soen, mir maachen eng Simplification administrative. Eng Simplification administrative, fir dass deen Eenzelnen, dee sech wëllt op eng Lëscht setzen als Kandidat, net muss aus sengem Heemechtsland e Certificat bréngen an dass en einfach eng Déclaration sur l'honneur mécht. Ech fannen dat vum Prinzip hier eng ganz gutt Saach, mä, a mir hunn de Rapporteur, den Här Alex Bodry elo grad héieren, vun der Ausféierung hier gesäit een, op wellech Schwieregkeeten dat do stéisst.

Wa mer dee Projet de loi elo hei virleien hunn, da musse mer en haut stëmmen, an dat wéinst Délaien. Éischtens, d'Direktiv muss ëmgesat gi bis den 28. Januar 2014. Zweetens, wéinst den Délaie vun onser eegener Gesetzgebung, och wat d'Lëschten ubelaangt. Soudass een och dozou muss Jo soen. An drëttens och, an dat ass d'Flexibilitéit, déi een huet, fir dann de Wahldag ze bestëmmen duerch Règlement grand-ducal.

Allerdéngs muss ee sech dann d'Fro awer stellen zum But vun dëser Direktiv, déi effektiv wollt d'Simplification administrative virgesinn.

Dës Chamber kritt eng ganz grouss Aufgab: Nieft deem, dass mer ons Verfassung elo definitiv musse reforméieren, musse mer och onst Wahlgesetz op de Métier huelen, well de Rapporteur ass elo grad op all déi Onzoulänglechkeeten agaangen. An ech gesinn den Här Meyers, dee bestëmmt do an der Commission des Institutions och wäert eng Hand upaken, dass mer dat Gesetz effektiv op de Métier huelen an deenen heitege Gegebenheeten upassen an ons och de Konsequenze bewosst sinn, wat dat bedeit.

Nämlech hei si mer an engem Cas de figure hypothétique: Wann ee Kandidat sech de Wahle géif stellen an e géif sur l'honneur deklaréieren, en hätt säi Wahlrecht a sengem Land, an et géif sech duerno erausstellen, dass en dat net hätt, wat geschitt dann? Gëtt en dann exclu? Wat geschitt mat de Stëmmen? Ginn déi där Partei zeguttgeschriwwen oder net? Lauter Froen, op déi mer am Moment keng Äntwerten hunn. An dofir musse mer fir d'Zukunft e Wahlgesetz maachen, wat e Ganzt ass, aus engem Goss.

Ech wëll hei den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, well mer selbstverständlech mam Prinzip d'accord sinn, dass all EU-Bierger sech an all EU-Land kann de Wahlen och stellen, net nëmme Wieler ka sinn, mä awer och selwer ka Kandidat sinn. Mä dass mer all déi Bedenken, déi elo grad opgeworf gi sinn, och vu mengem Virriedner genee wéi vum Rapporteur, dass mer déi deelen an dass mer och dorop Äntwerte musse fannen.

Ech wëll och dem Rapporteur, dem Här Bodry, Merci soen, wéi och sengem Virgänger, dem Här Weydert, deen an der Kommissioun schonn d'Aarbechten ugefaangen hat, a soen, dat hei ass am Fong kee gudde Projet, fir ons Aarbechten, Här President, an der Chamber unzefänken. Mir all wëssen heibannen, dass et e Projet ass, dee mer musse stëmmen, well et eng Direktiv ass, déi mer mussen ëmsetzen. Mä mir all wëssen awer och, dass mer net ganz houfreg kënne sinn op déi legislativ Aarbecht, déi mer hei maachen, well mer net Äntwerten op all Froen hunn.

Mä hei ass eng Contrainte, an ech hoffen, dass dat hei just den Ufank ass. Dat éischt Gesetz, wat mer hei stëmmen, dass dat eben duerch d'Circonstancen ass an dass mer an deenen nächste Projeten, déi dëst Haus ze traitéieren huet, awer besser legislativ Aarbecht kënne maachen, wéi an deem heite Fall, wou mer wierklech vu bausse gedréckt gi sinn.

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Brasseur. An ech mengen, et kann nëmme besser goen. Nächste Riedner...

(Brouhaha et hilarité)

Neen, neen, neen, et kann nëmme besser goe wéi dat, wat Der skizzéiert hutt, wat d'legislativ Aarbecht ugeet.

Plusieurs voix.- Ah!

(Hilarité)

M. le Président.- Wann een also d'Lat e bësse méi déif leet, da kann ee se progressiv méi héich leeën. Dir hutt dat scho richteg verstanen, Madame Éierepresidentin.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Merci, Här President.

M. le Président.- Ech géif dann eisem nächste Riedner d'Wuert ginn, dem Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech ginn der Madame Brasseur natierlech recht: Mat deem Gesetz hei léise mer nach laang net all Problemer. Trotzdeem si mer der Meenung, datt mer éischtens verflicht sinn, dee Projet de loi hei duerchzehuelen, a mir ginn och selbstverständlech eis Zoustëmmung. Mä zweetens, datt en awer och an eng gutt Richtung geet, an eng richteg Richtung.

Mir maachen hei eng Deelreform vum Wahlgesetz vun 2003. Mir setzen eng europäesch Direktiv ëm, wou mer och eng gewëssen Urgence hunn, well eben den 28. Januar d'Échéance ass. An um Gesetz derbäi, ben, dat ass net méi esou aktuell, ass dann och déi Regelung vum Datum vu Chamberswahlen an Europawahlen. En plus hu mer derbäigesat den Netcumul vun Europa- an Nationalmandater. Dat hu mir als Gréng nach ëmmer eng gutt Iddi fonnt. An duerfir fanne mer et och gutt, datt mer et elo formell verankeren.

Et muss ee sech och elo, wa mer dat Gesetz hei votéieren, nach ëmmer als EU-Bierger an d'Wielerlëscht androen. Mä, an dat ass och nach vun, mengen ech, jiddwerengem hei gesot ginn, mer verzichten awer elo op déi minimal Residenzklausel, déi mer virdrun haten. Et waren zwee Joer, fir ze wielen, a fënnef Joer, fir gewielt ze ginn.

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, dat mécht Sënn. Mir brauche jo schliisslech méi Bedeelegung um politesche Liewen an net manner. An duerfir soll den Zougank zum Politesch-aktiv-ginn esou einfach wéi méiglech gemaach ginn. En plus, an dat huet och ënner anerem de Léon Gloden hei gesot, et ass och an der Philosophie vum Europaparlament, datt mer méi dorobber higinn, datt europäesch Bierger europäesch Deputéierte wielen, an net méi eenzel Vertrieder vun eenzelne Länner. An deem Sënn fanne mer et richteg, datt mer op déi Residenzklausel verzichten.

Et muss een awer, fir kënne Kandidat ze sinn a fir kënnen ze wielen, all seng Wahlrechter hunn a sengem Pays d'origine. Dat ass dann och eng Ännerung. Haut brauch ee keng offiziell Attestatioun méi, déi dann och nach op verschiddene Plazen a verschiddene Länner ze froe war. Dat war net ëmmer einfach. Haut geet et duer, wann een eng Deklaratioun op seng Éier mécht, datt een déi Rechter huet. Dat ass méi einfach, mä de Statsrot huet zu Recht do eng Rei Kritikpunkten dru fonnt, an d'Madame Brasseur huet déi och zu Recht geäussert. Dat bréngt eng Rei Onsécherheete mat sech.

Et stellt sech d'Fro, wa mer eréischt no de Wahle feststellen, datt ee gewielt gouf, deen iwwerhaapt net hätt dierfe gewielt ginn, dann hu mer Problemer. Deeläntwerte stinn an eisem Wahlgesetz, mä net all Äntwerten.

Den Här Bodry huet gesot: „Eng wichteg Roll wäert de President vum Haaptwahlbüro spillen, ob eng Persoun zougelooss gëtt oder eventuell net." Mä den Délai fir Äntwerten, déi dee stellt, ass knapps. An natierlech och, mengen ech, misst esou ee President vum Wahlbüro och ganz virsiichteg sinn, wann en ee Kandidat net zouléisst. Well dat ass jo och eng problematesch Décisioun, déi eng ganz Rei Konsequenzen no sech zitt.

Et ass och d'Problematik an dësem Projet opgeworf gi vum Zesummefale vum Sonndeg, vun deenen zwee Wahlsonndeger, déi mer hunn, engersäits Europawahlen, anerersäits Chamberswahlen. Bon, duerch déi Neiwahlen, déi mer haten, ass déi Problematik net méi aktuell fir d'nächst Fréijoer. Mä mat dësem Gesetz, wéi gesot, léise mer awer nach laang net all Problemer.

Et ass och hei drop higewise ginn, datt dës Chamber gewielt ass fir fënnef Joer. An dat ass e Widdersproch zu engem Datum am Juni.

Et ass och kuerz ugedeit ginn, datt mer jo och nach eng minimal Residenzklausel bei Gemengewahlen hunn. Do musse mer eis eng Kéier derzou äusseren.

Mir hunn och nach Virstellungen an dëser Majoritéit iwwert den Alter vum Wieler. An et stellt sech natierlech och nach ëmmer d'Fro vun deene villen Net-EU-Bierger, déi och potenziell Wieler sinn. An ech mengen, déi Punkte wäerte mer nach alleguerten an där Kommissioun diskutéieren.

Fir deen hei Projet de loi bréngen ech den Accord vun der gréngер Fraktioun an ech soen Iech Merci fir Äert Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Adam. Nächsten agedroene Riedner ass den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text bréngen, virun allem well mer mat deene wesentleche Punkten d'accord sinn. Sief dat d'Verschwanne vun der Condition de résidence, d'Virverleeë vum Wahldatum oder och nach déi formell Interdictioun vum Cumul vum Mandat als nationalen oder Europadeputéierten.

Den Här Bodry ass jo schonn op d'Kritik vum Statsrot agaangen. Déi war natierlech geharnescht. Wann de Statsrot schreift, deen Text géif eng Image indigne gi vun engem Kandidat, deen ze blöd wier, ze wëssen a sengem Land, wat e misst maachen, fir dee Certificat ze kréien, oder wann de Conseil d'État schreift: «On fait abstraction de tout bon sens.», ech fannen, da soll een op esou Kritiken och anescht agoen, wéi dat hei geschitt ass. Trotzdeem huet dann déi Kommissioun décidéiert, ze soen: „Mir ersetzen déi Attestatioun duerch eng einfach Déclaration sur l'honneur."

Mä wie verifizéiert, ob déi richteg ass? Dat ass eis Regierung. A wat geschitt, wa se keng Äntwert kritt? Ma dann ass de Kandidat awer nach ëmmer admis, seet den Artikel 13. Dat ass natierlech eng einfach Léisung, an ech wier frou, wa mer de Lëtzebuerger Bierger, an hiren Démarchen am Sënn vun enger Simplification administrative, géifen datselwecht Recht araumen.

Ech ka mech erënneren, wéi meng Frau - déi war deemools Premier juge - Notaire ginn ass, huet se misse beweisen, datt se eng Maîtrise en droit hätt. Wann Der Iech an de Stage judiciaire aschreift, musst Der Ären Diplom homologué bréngen. An esou Beispiller gëtt et Honnerten an Dausenden, déi een hei kéint opzielen, wou Lëtzebuerger Bierger bei Administratioune

mussen dëst oder dat beweisen oder dësen oder dee Certificat bréngen.

Ech schloe vir: Kommt, mir ersetzen dat, genau wéi an dësem Gesetzestext, duerch eng einfach Attestation sur l'honneur. An da kann de Stat jo bei sengen eegenen Administratiounen nofroen, ob dat, wat do deklaréiert ginn ass, och richteg ass.

Da sinn ech ganz frou, datt den Här Bodry profitéiert huet vun dësem Débat, fir iwwert d'Wahlgesetz am Allgemengen ze schwätzen an och vun där noutwendeger Reform vun deem Wahlgesetz, well mir als ADR sinn der Meenung, datt dat Wahlgesetz net konform zu eiser Verfassung ass, duerch déi verschidde Gewiichtung vum Lëtzebuerger senger Stëmm, jee nodeem wou en hei am Ländche wunnt.

An ech hoffen, datt dës Regierung hir Deklaratioun, datt se wëllt méi demokratesch virgoen, wouermécht an endlech ee richtege Proporz aféiert, wou all Lëtzebuerger seng Stëmm d'selwecht vill wäert ass. Och wann dat géif heeschen, datt „Gambia" haut hei keng Majoritéit hätt.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Déi gréissten Ännerung an deem Gesetz hei kënnt net duerch den urspréngleche Projet de loi, mä se kënnt duerch en Amendement, deen an der Kommissioun a virun de Wahlen duerchgaangen ass, nodeems d'Regierung enger anerer Meenung war an där Kommissiounssitzung virdrun, an dat ass d'Ofschafung vun der Mindestresidenzklausel, déi bei zwee Joer louch fir Wieler a bei fënnef Joer fir Kandidaten zu den Europawahlen.

Domat gëtt de Prinzip vum europäesche Bierger hei applizéiert, dee säi Wahlrecht iwwerall do unerkannt kritt, wou e grad wunnt. Gradesou wéi e Bierger, dee vu München op Berlin plënnert a säi Wahlrecht do bei de Landeswahle mathëlt. Däitschland ass e Federalstat. Europa ass och um Wee, wéinstens wat deen heite Punkt ugeet, e Federalstat ze ginn.

Et ass ze begréissen, dass Lëtzebuerg domadder op déi Ausnahm verzicht, déi et sech als eenzegt Land ausgehandelt hat, wéi déi Bestëmmungen agefouert gi sinn, nämlech eng Mindestresidenzklausel kënnen anzeféieren, wann op d'mannst 20% vun den Awunner Auslänner sinn.

Domadder, mengen ech, an dat ass wichteg awer ze soen, gëtt och implizit unerkannt, dass en héijen Undeel vun Auslänner keen Argument ka si fir en Ausschloss vum Wahlrecht. An domadder kréien déi am Fong geholl recht, déi et nach ni normal fonnt hunn, dass 44% vun den Awunner, dorënner vill Aarbechter, nach ëmmer deelweis vum allgemenge Wahlrecht op deene verschiddenen Niveauen ausgeschloss sinn an zum Beispill ganz ausgeschloss si bei de Chamberswahlen.

Ech wëll domadder soen, dass, wéi et versprach ginn ass, et elo drop wäert ukommen, net nëmmen d'Residenzklausel bei de Gemengewahlen nei ze diskutéieren - do ass eng Resolutioun hei an der Chamber ugeholl ginn de 27. Januar 2011 vun alle Parteie mat Handophiewen -, mä mer och d'Modalitéiten op de Leescht sollen huele vum allgemenge Wahlrecht bei de Chamberswahlen, esou wéi dat am Regierungsprogramm drasteet.

Eis Usiichten zu deene Punkte si scho laang kloer. Mir si fir eng Citoyenneté de résidence bei alle Wahlen, dat heescht fir d'Recht vun allen Awunner, egal wat fir eng Nationalitéit se hunn, och eng aussereuropäesch Nationalitéit, hei wiele kënnen ze goen, esou wéi dat, muss een awer och soen, elo scho bei de Gemengewahlen de Fall ass.

Den eigentlechen Ursprong vun deem Gesetz hei natierlech war net dat. Et war eng europäesch Direktiv, déi festleet, dass auslännesch Kandidate bei den Europawahlen net méi mussen e Certificat bréngen, dass se Wahlrecht an hirem Land nach hunn an net ewechgeholl kritt hunn, mä et geet elo duer, dass se eng einfach Erklärung bréngen.

Woubäi natierlech de Risiko bei der Défaillance vun Administratiounen an deenen eenzelne Länner, bei Schwieregkeeten, fir Certificaten ze kréien, eng Bescheinegung ze kréien, dass een d'Wahlrecht nach huet, elo verschobe gëtt awer iergendwéi op déi eenzel Kandidaten an op déi eenzel Parteien, déi natierlech, wa sech déi Deklaratioun sollt als falsch erausstellen - an dat kann awer och einfach de Fall sinn, well ee sech net bewosst ass, wat fir Konsequenzen an der Zäit en Uerteel oder eng administrativ Décisioun an engem gewësse Land kann hunn -, dann hunn natierlech déi Leit déi Konsequenze voll ze droen.

Ech wëll net op déi Schwieregkeeten nach eng Kéier agoen, déi den Alex Bodry a sengem Rapport ganz däitlech ugeschnidden huet. Dat ware Schwieregkeeten, déi hu mer och diskutéiert an der Kommissioun. Et féiert zu enger Rechtsonsécherheet an e puer Fäll, déi net geregelt sinn an Zukunft.

Ech hat mech och dowéinst an der Kommissioun enthalen, bei deem Rapport hei.

Mir wäerten dat Gesetz awer trotzdeem stëmmen, och well mer fannen, dass et dréngend ass, dass dat Gesetz muss elo kommen, wéinst dem Virzéie vum Wahltermin am Mee an och wéinst deenen Terminer, déi an där europäescher Direktiv festgehale sinn, bis zu deenen dat Gesetz hei muss gestëmmt sinn.

Mir hoffen awer, esou wéi verschidde vu menge Virriedner dat och scho gemaach hunn, dass d'Wahlgesetz an dëser Legislaturperiod wäert generell nach eng Kéier iwwerschafft ginn, fir deene Problemer Rechnung ze droen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Domat hätt d'Regierung d'Wuert. D'Wuert huet de Premier- a Statsminister, den Här Xavier Bettel.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech dem Här Alex Bodry Merci soe fir de Rapport. Ech wëll och dem Här Gloden, der Madame Brasseur, dem Här Adam, dem Här Reding an dem Här Urbany Merci soen, déi d'Wuert ergraff hunn.

Jo, wéi gesot, et ass eng Transpositioun vun enger Direktiv, déi mer hunn. An ech soen Iech och Merci als Kommissioun, dass Der esou séier et elo fäerdegbruecht hutt, de Rapport unzehuelen an hei deen Text och an de Plenum ze kréien, well mir hätte soss och legal Problemer gehat, fir iwwerhaapt déi doten Direktiv kënnen ëmzesetzen an dann an der Realitéit och kënnen ze hunn.

Et si vill Saache gesot ginn. Den Här Gloden huet eng prezis Fro gestallt, iwwert déi Kontradiktioun, déi mer hu vu fënnef Joer, der Durée vum Mandat an op där anerer Säit Oktober.

Ech muss Iech soen, dass déi fënnef Joer Mandat an den Ae vun der Regierung priméiert op en Datum, deen an enger Verfassung uginn ass, an dass ee muss elo driwwer diskutéieren. Mä, wéi gesot, do muss d'Chamber driwwer diskutéieren. Also, mir sinn awer nach ëmmer der Meenung, dass déi fënnef Joer priméieren op en Datum, deen am Gesetz och steet.

Et ass gesot gi vu verschidde Leit, dass se sech freeën iwwert dat eent oder dat anert. Den Här Reding huet op seng Aart a Weis missen e Kommentar maachen.

Här Reding, et hätt mech och gewonnert, wann Der géint d'Ofschafe vun enger Residenzklausel gewiescht wäert.

Ech wëll och soen, dass et fir eis en…

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wat kommt Der elo zielen?

(Hilarité)

Dir kommt vu Pontius op Pilatus.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Neen, ech soe just, et wonnert mech net. Den Här Reding weess jo, vu wat e schwätzt, wann e vu Residenzklausel schwätzt. Dowéinst wonnert et mech net, dass den Här Reding jo näischt dogéint huet.

(Interruptions)

Une voix.- Eis Partei ass kloer.

M. le Président.- Am Moment huet just de Statsminister d'Wuert. Ech wär ganz frou, wann Der him d'Wuert géift loossen.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Et ass och geschwat ginn iwwert de Regierungsprogramm, iwwert d'Reform vum Wahlgesetz. Selbstverständlech steet dran, dass do eng Rëtsch vu Reforme sollten och gemaach ginn.

An ech muss Iech awer just drun erënneren, dass dat heiten eng Verbesserung ass vun engem Text, wou deemools, wou den éischten Text geholl ginn ass, hei zu Lëtzebuerg schonn esou vill Leit probéiert hunn, een deem aneren Angscht ze maachen, dass hei eng Perte vun der Souveränitéit wier, well iwwerhaapt en anere géif bei Europawahlen oder bei Gemengewahle vläicht Méiglechkeeten hunn, fir dat eent oder dat anert kënnen ze wielen.

A mir gesinn tatsächlech, an dat ass do, dat huet mer e bësse gefeelt: D'Mobilisatioun ass ganz schwaach! Mir gesinn, dass mer wierklech Efforte musse maachen, d'politesch Parteien an och d'Regierung, fir eis EU-Matbierger, déi hei am Land sinn, och ze mobiliséieren, fir wielen ze goen, well mir gesinn, dass d'Participatioun wierklech net ganz staark ass an et wichteg wier, och deene Leit ze soen, wéi hir Rechter och sinn an dass se och dovunner Gebrauch kënne maachen.

Wéi gesot, ech si frou ze gesinn, dass hei eng Unanimitéit och am héijen Haus ass a soen Iech alleguerte Merci fir d'Vertrauen, dat Der eis hei matgitt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung,

Une voix.- Entschëllegt, Här President, den Här Bodry.

M. le Président.- Ah, entschëllegt, Här Rapporteur. Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur*.- Ech hätt effektiv eppes nach eng Kéier ze soen, wat awer wichteg ass no baussen: Den Délai, fir sech anzeschreiwen elo fir dës Europawahl vum 25. Mee, ass den 28. Februar. Also, d'Leit, Ausländer, déi wëlle mat wiele goen, hunn Zäit, sech bis den 28. Februar 2014 anzeschreiwen an d'Wielerlëscht.

M. le Président.- Merci. Domat ass dann elo definitiv d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6571. Den Text steet am Dokument 6571[3].

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6571 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote ass lancéiert.

(Interruption)

Jo, d'Procuratioun ass selbstverständlech och lancéiert.

De Vote ass eriwwer an de Projet de loi 6571 ass mat 60 Jo-Stëmmen, also unanime, ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote? Ass dat esou?

(Assentiment)

Da soen ech Merci an dann ass dat esou décidéiert.

A mir kommen zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 6630 iwwert déi sougenannten Douzièmes provisoires. Ech widderhuelen dann net nach eng Kéier d'Riedezäiten, well mer déi vu virdrun nach wëssen, an ech ginn direkt dem honorabele Rapporteur, dem Här Eugène Berger, d'Wuert. Dir hutt d'Wuert.

5. 6630 - Projet de loi

a) ayant pour objet

1. d'autoriser le Gouvernement à effectuer, au cours des mois de janvier à avril 2014, les dépenses figurant aux tableaux annexés à la présente loi;

2. d'autoriser le Gouvernement à recouvrer les impôts directs et indirects existant au 31 décembre 2013 d'après les lois et tarifs qui en règlent l'assiette et la perception;

3. de proroger certaines dispositions de la loi du 21 décembre 2012 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013

b) portant modification de:

1. la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques;

2. la loi modifiée du 15 juillet 2008 relative au développement économique régional;

3. la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

4. la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 31. Dezember elo leeft dee lafende Budget aus. Et ass awer nach keen neie Budget gestëmmt gi vun der Chamber, deen den 1. Januar kéint starten.

D'Ursaache si bekannt, ech brauch déi net laang ze widderhuelen. Mir haten Neiwahlen den 20. Oktober an et ass esou, datt also déi nei Regierung wéineg Zäit hat, keng Geleeënheet nach hat, fir en neie Budget fir 2014 auszeschaffen.

Ech mengen, do muss een där Regierung natierlech - där neier - d'Chance ginn, fir dat awer och kënnen e bëssen a Rou an e bësse mat Virbereedung ze maachen. Déi Zäit muss een hinnen zougestoen. A souwäit mer jo wëssen, soll dann den nächste Budget fir 2014 spéitstens am Februar déposéiert ginn, datt mer deen och kënnen am Abrëll dann d'nächst Joer 2014 stëmmen.

Wat geschitt elo an där Zäit zwësche Januar an Abrëll? Mir wäerten also net hei zu Lëtzebuerg, dat kann ech scho soen, esou Zoustänn kréie wéi an Amerika, wou op eemol vun engem Dag op deen aneren d'Statsbeamten doheembleiwen, wou dann eng ganz Rei Servicer net méi fonctionnéieren. Dat hu mer hei zu Lëtzebuerg net.

Lëtzebuerg kennt dee System vun den Douzièmes provisoires, dee Budget oder eng Budgetsform vun Douzièmes provisoires. Dat ass kee politesche Budget am klassesche Sënn, wou ee kann Akzenter setzen, mä dat ass jo eigentlech e reng fonctionnelle Budget, fir datt eben de Stat ka weider fonctionnéieren, bis deen definitive Budget dann am Abrëll gestëmmt wäert sinn.

Et ass esou, datt dann och d'Ziler an deem Budget, déi sinn, fir Kreditter eben zur Verfügung ze stellen, datt déi staatlech Verwaltungen, d'Ministèren, d'Administratiounen an esou weider normal fonctionnéiere kënnen, datt also och d'Statsbeamten hir Pai kënne kréien, datt keng Büroe mussen zougemaach ginn.

Dann ass et och esou, datt d'Regierung iwwert de Budget jo och ëmmer d'Regele festleet, fir kënne Steieren anzezéien. Och dat geet viru

mat engem Budget vun Douzièmes provisoires. Dat heescht, datt also och d'Keess ka weider, fir et emol esou ze soen, opgefëllt ginn.

Déi Zuelen an deenen Douzièmes provisoires, an deem Budget, wéi ginn déi festgeluecht, d'Chifferen, d'Montanten? Dat ass eng Regel; bei den Dépensen ass et déi, datt dat soll vu Januar bis Abrëll goen, véier Méint. Dat ass ronn en Drëttel vum Joer. Wann Der kuckt, kéint een eigentlech soen, et ass e bësse mathematesch. Voilà, mir huelen déi Montante vun deem Budget virdrun, vun 2013, an dann huele mer ronn en Drëttel dann all Kéiers vum Montant, fir dat da bis den Abrëll 2014 anzesetzen.

Do gëtt et liicht Fluctuatiounen, déi kënnen do entstoen, well do zum Beispill d'Kreditter, déi un der Evolutioun vun de Salairen hänken, natierlech musse berücksichtegt ginn. Och eng Rei Ajustementer am Beräich vun der Sécurité sociale, déi duerch verschidde Gesetzer jo och geregelt sinn, dat muss een awer och hei dann an deem provisoresche fonctionnelle Budget berücksichtegen.

Bei de Recetten ass et och esou, datt een do wahrscheinlech déi eng oder déi aner Fluctuatiounen huet. Heiansdo si Rentréeë méi fréi am Joer oder zu engem anere Moment. Mä och do gëtt dann einfach en Drëttel agesat.

Natierlech ass et och kloer, datt, wann déi Limitë bei de Recetten iwwerschratt ginn, datt do kee Problem ass. Bei den Dépensen natierlech dierf een net déi Limiten, déi am Gesetz stinn, iwwerschreiden.

Wat awer och kloer ass: Et dierfe keng nei Finanzementer vun der Regierung getätegt gi mat deem provisoresche Budget, ausser et géif an anere Gesetzer preziséiert sinn.

Et muss een och soen, datt esou Douzièmes provisoires näischt Neies sinn hei zu Lëtzebuerg. Wann een e bëssen an der Geschicht nobliedert, da gesäit een, datt zwëschen 1945 an 1969 all Joers - all Joers! - hei an der Chamber Douzièmes provisoires gestëmmt gi sinn.

Wat war do d'Ursaach? Dat war net, well mer Neiwahlen all Joers haten oder soss een Evenement. Neen, do ass ëmmer de Budget an deenen normalen Délaien déposéiert ginn. D'Diskussiounen hunn ugefaangen hei an der Chamber, an dat waren - wahrscheinlech an där Zäit, dat misst een emol e bëssen noliesen - méi laang Diskussiounen, do si vill Detailer diskutéiert ginn, soudatt een net bis den 31. Dezember déi Budgetsdiskussiounen ofgeschloss hat, datt déi alt bis an de Februar eragaange sinn. A fir dann eben nach déi Zäit, wou diskutéiert ginn ass iwwert deen neie Budget, ze iwwerbrécken, sinn dann do och Douzièmes provisoires gestëmmt ginn. Et ass also näischt Neies.

Och an anere Länner an Europa, ënner anerem, kenne mer dee System. A Frankräich, an der Belsch. Oh, et kann een elo soen, et ass vläicht net dat beschte Beispill, mä do war och während praktesch e puer Joer, wou se mat den Douzièmes provisoires gefuer sinn.

Och um europäesche Plang gëtt et Dispositiounen am Kader vun dem Paquet, oder den „Twopack", wéi dat esou schéin heescht, gesäit dat och vir. A mir hunn och hei e Projet de loi unhängeg vum Juli 2013 relatif à la coordination et la gouvernance des finances publiques, deen dat soll ëmsetzen, mä dee gesäit och vir, datt d'europäesch Memberstate kucken, esou Systemer ze hunn, fir datt se kënne mat enger Aart Douzièmes provisoires fueren.

Bon, wann ech elo no dëse Virbemierkungen dann e bëssen zu de méi techneschen Detailer komme vun dem Rapport respektiv vum Gesetzesprojet: Also, de Projet ass nach vun där aler Regierung, déi nach am Amt war, den 18. November vum Luc Frieden déposéiert ginn. Dofir awer och, ech mengen, dat war eng Saach vu Responsabilitéit, fir déi och ze huelen an dann eben - wéi soll ech soen? - do och net de Risiko opkommen ze loossen, datt eventuell kéint e Vide entstoen. Dat do war also eng gutt Viraarbecht vun der viregter Regierung, fir datt eben déi Transitioun ka stattfannen.

De 6. Dezember hate mer dann déi éischt Finanzkommissioun, wou ech Rapporteur genannt gi sinn a wou mer eis dann och direkt mat deem Projet beschäftegt hunn. Deeselwechten Dag sinn och verschidden Amendementer vun der neier Regierung déposéiert ginn. Dat waren Amendementer haaptsächlech am Beräich vu verschiddenen Engagementer, déi mer national respektiv op europäeschem Plang kënne weiderféieren an déi den 31. Dezember ausgelaf wieren.

Wat fir Engagementer sinn dat oder wat fir Dispositioune sinn dat, wou nach Amendementer erakomm sinn?

Dat war éischtens am Beräich erneierbar Energien. Do ass en Engagement bis 2020 vun de Regierungen, och vun eiser Regierung, fir bis 2020 11% erneierbar Energie ze produzéiere respektiv och 10% Agrocarburanten am Bäisaz respektiv an der Consommatioun ze hunn. An dofir ass de Bäisaz vun Agrocarburanten am Bensin an am Diesel vun 3,75% op 4,75% eropgesat ginn.

En zweeten Amendement, dat waren déi staatlech Hëllefe fir Kleng- a Mëttelentreprisen am Kader vun den europäesche regionalen Investitiounshëllefen. Do hu mer och e Gesetz als Basis vun 2008, an dat leeft elo den 31. Dezember aus. D'Kommissioun huet déi Hëllefen oder dee Kader bis de Juni 2014 verlängert a mir wollten eis do och parallell schalten, fir datt also och dann déi Hëllefen, déi Kleng- a Mëttelentreprisë kéinte kréien, datt se dat och bis den 30. Juni kéinte kréien.

Da war och en Amendement iwwert d'Hëllefen am Beräich vun der Promotioun vu Recherche, Développement an Innovatioun. Och hei ass et haaptsächlech eng Verlängerung vu sechs Méint. Hei geet et drëms, datt Exceptioune bei den Notifikatioune fir staatlech Hëllefe virgesi sinn. Dat war also och en Amendement.

Dann e véierten Amendement, dat war, fir och dat Gesetz vun 2010 iwwert d'Hëllefsregimer am Beräich Ëmweltschutz an Utilisation rationnelle des ressources ze verlängeren.

E leschten Amendement, do ass et gaangen ëm eng Ëmsetzung vun engem EU-Reglement betreffend d'Biociden; ech wäert herno nach eng Kéier kuerz drop agoen.

Mir hunn zwee Avisen zu deem Projet de loi gehat. Dee vum Statsrot natierlech, dee mer och musse considéréieren. De 6. oder och den 13. Dezember elo, wéi mer de Rapport an der Kommissioun diskutéiert an ofgestëmmt hunn, krute mer och nach iwwert de Courrier électronique en Avis vun der Chambre des Salariés, deen zwar op de 6. Dezember datéiert war, mä mir kruten deen eréischt den 13. hei an der Chamber eran, soudatt mer deen also net méi am schréftleche Rapport konnte considéréieren. Ech maachen herno awer och e kuerze Résumé, eng kuerz Remarque also mëndlech dann, Här President, zu deem Avis.

De Statsrot ka prinzipiell mat där Démarche d'accord sinn. E schwätzt och vun engem provisoresche Budget, wat eng Rei oder eng Zort Avancen ass, fir datt eben de Stat ka weider fonctionnéieren, bis datt den definitive Budget da gestëmmt ass. E mécht duerfir och keng detailléiert Analys iwwert déi eenzel Dépensen oder Recetten. E mécht och keng Analys iwwer méi generell den Zoustand vun de Statsfinanzen, well et wierklech och an där Logik ass strictement vun engem Iwwergangsbudget.

En huet da méi eng generell Remarque gehat. Et war och zu deem Moment - dat muss ee verstoen -, wéi de Statsrot den Avis geschriwwen huet, nach net kloer iwwert den Arrêté festgeluecht, wéi d'Kompetenzen innerhalb vun der Regierung opgedeelt waren oder opgedeelt sollte ginn. A mir hunn duerfir och de Rapport eréischt den 13. an der Kommissioun definitiv guttgeheescht, fir op den Arrêté vun der Regierung ze waarden, dee moies den 13. Dezember geholl gi war, fir dat awer dann nach kënnen afléissen ze loosse respektiv och als Annex derbäi ze hunn.

Dann ass eng aner Remarque, déi mer och considéréiert hunn, dat ass dat, wat alles dat betrëfft - och an de Budgete steet dat jo geméinlech -, datt Personal beim Stat kann agestallt ginn, datt een dat soll bis den Abrëll limitéieren an net doriwwer erausgoen. Deem hu mer Rechnung gedroen.

Dann hat de Statsrot e puer méi kritesch Remarquen zu verschiddenen Dispositiounen am Beräich vun der Sécurité sociale. Dat betrëfft verschidden Artikelen, wou et ëm Akten a Lettres-clés geet am Beräich vun der Assurance maladie-maternité an de Laboratoires d'analyses médicales an och am Beräich vun den Tâches domestiques an de Fleegeheimer. De Statsrot kritiséiert, datt déi Prestatiounen net eigentlech sollten an dëst Budgetsgesetz ageschriwwe ginn, an e verweist drop, datt et eigentlech do spezifesch Gesetzer gëtt respektiv datt dat soll an de Code vun der Sécurité sociale ageschriwwe ginn.

Mir hunn do och gekuckt, mir haten och an d'Kommissioun e puer Beamten, e puer Experten aus der Sécurité sociale geruff, fir datt déi eis e puer Erklärunge kéinten derbäiginn. Ech ginn elo net op den Detail dovunner an, dat si relativ technesch Detailer. Déi Leit, déi méi an der Sécurité sociale dra sinn, wäerten dat scher och besser nach kënne verstoen oder respektiv wësse wahrscheinlech do méi, wéi de Rapporteur dat hei ka maachen.

Bon, op alle Fall, déi Explikatiounen, déi mer do krute vun de Beamten, dat war, datt déi nei Regierung natierlech muss déi Lettres-clés an d'Dotatiounen nei négociéieren. Dat gëllt souwuel fir déi Laboratoires d'analyses médicales wéi och aner Saachen. Mä wann awer elo näischt géif am Budgetsgesetz stoen, well do sinn eng Rei Saachen 2013 ausgelaf, da kéint och do 2014 näischt fonctionnéieren. Da kéinten elo zum Beispill déi Tâches domestiques an de Fleegeheimer net bezuelt ginn an déi géifen also och net méi prestéiert ginn. Duerfir huet och d'Kommissioun décidéiert, datt mer déi Artikelen eben, wou et ëm de Beräich vun der Sécurité sociale an eng Rei Prestatioune geet, drastoe loossen, fir kee Vide juridique ze hunn, fir datt also och dat ka weider fonctionnéiere respektiv weider ka finanzéiert ginn.

Méi grouss Problemer hat de Statsrot mat dem Artikel 36. Dat ass dee vun de Biociden. Dat war dat Amendement, vun deem ech virdru geschwat hat, dat och nach erakomm war. An, fir et kuerz ze maachen, bei de Biociden, wann eng Firma esou eppes wëllt op de Marché brëngen, da muss se eng Demande eraginn. An déi Prozedur, fir déi Demande eranzeginn, fir se traitéieren ze loossen, ka bis maximal 300.000 Euro kaschten. Dann och nach pro Produit kann do d'Verwaltung bis 400.000 Euro froen. Et sinn och Reduktioune méiglech; wann een eng PME ass bis 60% Reduktiounen.

De Statsrot, ouni elo bis an dee leschten Detail vu sengem Avis anzegoen, huet gesot, datt do awer Problemer wieren, well eigentlech elo awer iwwert déi Biociden nach keen definitiivt Gesetz do ass an eng Rei Detailer iwwer Règlements grand-ducaux sollen awer regléiert ginn. A wann een elo awer einfach hei esou de Prinzip aschreift an dat Budgetsgesetz an et sinn nach keng Règlements grand-ducaux do, wier de Risiko, datt herno net déi eenzel Entreprisë gläich virum Gesetz géife behandelt ginn. Mir hunn einfach décidéiert an der Kommissiounssitzung, datt mer dann deen Artikel sträichen, och mat Récksprooch mat de Ministere vun der Ëmwelt a vun der Nohaltegkeet, fir datt mer awer do dann net eventuell mat enger Opposition formelle nach hätte missen eens ginn.

Ech ginn net op all d'Remarquë vum Statsrot an. Do waren och nach verschidde Saachen, wou de Statsrot wollt, datt een de Budget pour ordre och nëmme sollt op véier Méint maachen, wou mer awer gemengt hunn, datt vun der Technik vum Budget pour ordre hier et awer méi sënnvoll wier, datt een dat op dem ganze Joer géif loossen, well déi Budgets pour ordre sech jo och an engem jährleche Kader bewegen.

Den Avis vun der Chambre des Salariés huet haaptsächlech ee Punkt ervirgestrach, deen och an der Kommissioun diskutéiert ginn ass. Dat war den Artikel 29 vun de Rentenajustementer.

Wéi Der wësst, ass et jo esou, datt d'Rentenajustementer Hand an Hand gi mat der Evolutioun vun de Paien, vun de Salairen. Mir hunn do d'Rechnunge vun der IGSS, an zwëschen 2011 an 2012 ware se réckleefeg. Zwëschen 2012 an 2013 soll e klenge Plus sinn. D'Regierung huet proposéiert, e bësse fir de Minus an de Plus do auszegläichen, fir de Modulateur fir 2012 an 2013 op null ze setzen.

Konkret heescht dat dann, datt also 2014 de Rentenajustement net eigentlech zréckgeet, wéi et misst sinn, wann ee géif elo wierklech de Modulateur, dee bei minus 0,3 da geleeën hätt, fir dat dann ze applizéieren, an een dat Joer duerno awer dann och net déi Hausse da considéréiert. Dat heescht, datt déi zwou Saache sech eigentlech, ënnert dem Strëch, ausgläichen an datt een dann 2015 d'Compteuren eben op null setzt.

Voilà, dat sinn eigentlech déi wichtegst Elementer vun deem provisoresche Budget.

Här President, d'Majoritéit vun der Kommissioun huet dee Rapport och den 13. Dezember ugeholl.

Ech hoffen och, datt mer hei an der Chamber eng grouss Stëmmung...

(Hilarité)

...Zoustëmmung, eng gutt Stëmmung hunn an eng grouss Zoustëmmung zu deem Projet de loi wäerte kréien!

Nach eng Kéier gesot: Et ass kee politesche Budget, dat vläicht awer un d'Adress vu verschiddene Leit aus der Oppositioun, déi dat an der Kommissioun schonn ugedeit hunn. Dat hei ass wierklech kee politesche Budget. Wann een net fir dee Budget hei stëmmt, muss een zum Beispill dem Här Kartheiser soen, datt en dann also derfir stëmmt, datt d'Statsbeamten den 1. Januar keng Pai méi kréien, datt Kleng- a Mëttelbetriber...

(Interruption)

...datt Kleng- a Mëttelbetriber...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Sot dem Här Kartheiser dat net. Deen ass net hei.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Ma, et ass mer einfach esou agefall, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech stëmmen et och net. Ma da loosst wann ech gelift...

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Jo, ma dann, da soen ech dem Här Gibéryen...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Sot mir et, sot mir et.

M. le Président.- Ech géif Iech bieden, Iech un d'Chamber ze adresséieren, Här Rapporteur. An ech géif Iech alleguer bieden,...

(Interruption et hilarité)

...keng Zwiegespréicher ze maachen. Merci.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*-Merci, Här President, datt Der mer dat rappeléiert. Effektiv hätt ech eigentlech dat net sollen als Rapporteur soen a verschidde Leit vun der Oppositioun och invitéieren, fir dee Rapport hei ze stëmmen, d'Gesetz hei ze stëmmen, fir datt se net de Fonctionnement vum Stat a Gefor setze respektiv och, datt eng Rei vun Entreprisen da keng Hëllefe méi kënne kréien, op déi se awer Urecht hunn an déi se och onbedéngt brauchen. Dat wier a mengen Aen net ganz responsabel.

Dat gesot, Här President, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi hei abréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci villmools. Eisen nächsten agedroene Riedner ass den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Berger, dat Wichtegst virop: D'CSV wäert dëse Gesetzesprojet stëmmen!

(Brouhaha et hilarité)

Une voix.- Quelle surprise!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Wat op politeschem Plang déi lescht zwee Méint am Land geschitt ass, jo, dat ass geschitt, mä d'CSV, déi kuckt no vir. Mir maachen dat am Interessi vum Land a vun de Leit. A mir maache keng bëlleg Oppositiounspolitik.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- D'CSV, déi steet zum moderne Rechtsstat. An dee muss kënne fonctionnéieren. Duerfir brauch et Kontinuitéit. An dat och iwwert den 31. Dezember vum Joer eraus. D'CSV wëllt de gudde Fonctionnement vum Stat weider garantéieren. Mir wëllen, dass d'Gehälter an d'Paie vun de Statsbedéngschtete kënnen ausbezuelt ginn. Mir wëllen net, dass d'Pensiounen an d'Sozialleeschtungen a Fro gestallt ginn. Eis Institutiounen, d'Geriichter, d'Police, d'Arméi, déi staatlech Servicer mussen am Interessi vum Land hiren Aufgabe kënnen nogoen.

Mir wëllen, dass lafend Schantercher op Stroossenaarbechten oder de Bau vu Schoulen an aner Gebaier kënne virugoen, jo, an duerfir brauch de Stat nun eemol Suen. De Stat muss kënne Steieren ophiewen, Ausgaben tätegen a geschëllte Rechnunge bezuelen.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Mat dem Gesetzesprojet iwwert déi sougenannten „Zwieleftel" stëmme mir och duerfir ee provisoresche Budget. Verfassungsrechtlech ass de Vote vun dem Budget eigentlech déi gréisste Prärogativ vun der Chamber, also vun eis, deene 60 gewielte Volleksvertrieder.

D'Kontrollfonctioun vun der Chamber géigeniwwer der Regierung kënnt hei voll zum Droen. Ouni d'Zoustëmmung vun dem Parlament kënne keng Steieren opgehuewe ginn, ouni eis Zoustëmmung kann d'Regierung och keng

Rechnunge bezuelen. An dës Autorisatioun, déi muss all Joers gi sinn, an zwar virun dem 1. Januar. Geschitt dat net, jo, da wier et eigentlech fir d'Regierung de politesche Feierowend. Mä esou wäit soll et jo awer net kommen, besonnesch elo an der Adventszäit.

Plusieurs voix.- Ooohhh!

(Interruptions diverses)

M. Gilles Roth *(CSV)*.- D'Prozedur vun de sougenannten „Zwieleftel" ass eigentlech eng Derogatioun zu dem Prinzip vun der sougenannter „Annualitéit" vun dem Budget, deen, esou wéi d'Wuert et seet, fir ee Joer opgestallt gëtt. Mä wéinst de virgezunnenen Neiwahle konnt déi normal Prozedur dëst Joer net applizéiert ginn. An dës Prozedur, déi gouf et iwwregens och bei der Regierungskris 1968, mä, wéi den Eugène Berger dat virdru gesot huet, war dat och all Kéiers an net politesche Krisenzäiten de Fall, nämlech bis zum Joer 1970.

D'Explikatioun war eigentlech déi, dass de Budget eréischt de 15. November déposéiert gouf an dunn déi Diskussiounen awer méi laang iwwer all Rond-point, all Bréck an all Feldwee gefouert hunn an déi sech bis an dat Joer duerno eraus verzögert hunn.

Mat den europäesche Virgaben - an ech mengen, dat ass eppes Wichteges - am Kontext vun dem sougenannten „Semestre européen" muss déi Praxis vun den Douzièmes provisoires och eng Ausnahm bleiwen. D'Zäitdélaien, déi Bréissel eis virschreift, kënne soss net agehale ginn. A politesch, muss een och soen, ass et net opportun, well et eigentlech, fir dee wichtegste Gesetzesprojet vum Joer, zu enger ganz steriler a kuerzer Diskussioun kënnt.

Här President, zum Schluss: An dësem Fall muss d'CSV hei wierklech mat ugezunnener Handbrems fueren, well keen anere wéi de fréiere Budgets- a Finanzminister, de Luc Frieden, den 18. November dëst Joer nach de provisoresche Budget déposéiert huet. An dëse Budget, dee gëllt fir véier Méint. Zäit also fir déi nei Regierung, ee Budget fir d'ganzt Joer 2014 opzestellen. An d'CSV ass da gespaant, ob, Här Finanzminister, a wat fir eng éischt Akzenter Dir am Numm vun der Regierung a virun allem am Liicht vun där villversprachener Erneierung dann an deem Budget wäert aschreiwen.

Ofschléissend soen ech dann dem Rapporteur, et ass e bëssen ongewinnt, dem Eugène Berger, Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport a soen Iech Merci fir Är Gedold, fir mer nozelauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Roth. Nächste Riedner ass den Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetzesprojet knäppt eigentlech d'Regierung, oder d'Regierung an d'Chamber un eng Praxis un, déi kee vun eis heibannen eigentlech de Genoss hat ze erliewen: d'Praxis vun den Douzièmes provisoires. Et muss een effektiv an d'50er oder bis an d'60er Joren zréckgoen, fir déi dote Praxis erëmzefannen, wou et eigentlech keng Seelenheet war, dass, anscheinend wéinst der Längt vun den Debatten an der Chamber iwwert de Budget, et dozou komm ass, dass eréischt am Laf vum Joer de Budget gestëmmt ginn ass fir datselwecht Joer.

Mir mussen op dës Praxis vun den Douzièmes provisoires zréckgräifen, net well iergendee gréisseren Accident virkomm wär, mä u sech ass dat heiten eng logesch Suite vun deem Kalenner, deem Budgetskalenner, dee sech ergëtt opgrond vun deene virgezunnene Wahle vum 20. Oktober, wou et ganz einfach zäitlech net méiglech ass, an Zäit vun e puer Deeg e Budgetsprojet dohinnerzeleeën, dee schonn d'Handschréft géif droe vun där Regierung, déi grad am Amt wär. Och mat den Délaien, fir d'Avisen ze maachen, mat de Chambersaarbechte wär et onméiglech gewiescht, hei nach viru Joresenn kënnen e Budget an der gudder aler Form, wéi mer e kannt hunn, ze stëmmen.

Duerfir mengen ech ass et ze begréissen, dass scho relativ fréi Kontakter opgeholl si gi vun der viregter Regierung mat deene Leit, déi amgaange waren ze probéieren eng nei Regierung op d'Been ze stellen, fir e Modus Vivendi ze fannen. An am géigesäitege Versteesdemech ass eigentlech vun der geschäftsführender Regierung dann den Dépôt vun deem heite spezifesche Projet de loi gemaach ginn, deen also eng Autorisatioun duerstellt fir d'Regierung, eng Rei vun Ausgaben ze tätege respektiv Einnahmen ze erhiewen, an dat ebe während deenen éischte véier Méint vum Joer 2014.

Dat ass natierlech och domadder verbonnen, d'Obligatioun vun der Regierung, vun dëser Regierung an dem Parlament, derfir ze suergen, dass virun där doter Échéance dann och en zeguttstene Budgetsprojet hei gestëmmt gëtt vum Parlament an och kann a Kraaft trieden.

Ech géif wëlle vläicht zwou Léieren zéien aus där heiter Situatioun, déi jo ideal net ass - dat muss ee jo zouginn.

Déi éischt Fro stellt sech, ob een net sech misst awer déi Praxis - well et gëtt kee Gesetzestext zu Lëtzebuerg, deen déi Douzièmes provisoires regelt; et muss ee sech op eng Coutume bezéien -, ob een net misst sech fest gesetzlech Regele gi fir déi Douzièmes provisoires. Ech mengen, am Gemengesecteur gëtt et den Ufank vun enger Regelung, mä um nationale Plang gëtt et näischt. An et wier vläicht interessant awer an eisem Kontabilitéitsgesetz, wat jo och deemnächst wäert reforméiert ginn, och déi dote Méiglechkeet vum Douzième provisoire ze verankeren.

Vläicht kéint een dat esou ronnbréngen, dass ee souguer do eng Rei vu feste Regele géif draschreiwen. Da wier et vläicht net onbedéngt noutwendeg, e Gesetzesprojet mat deem heite Contenu zu dësem Zäitpunkt hei am Parlament ze diskutéieren. Dat wier nach ze kucken. Op jidde Fall mengen ech wier et eng Saach och vu Rechtssécherheet, fir awer déi Méiglechkeet vun Douzièmes provisoires och an eis national Kontabilitéitsgesetzgebung anzeschreiwen.

Eng zweet Iddi fir d'Zukunft ass natierlech, an déi hänkt mat där Diskussioun, déi mer virdrun ugefaangen an net zu Enn gefouert hunn, vun dem zukünftege Rhythmus vun de Wahlen hei zesummen. Et stellt sech jo effektiv d'Fro, ob een, wann ee bei där Regel - fënnef Joer - bleift, dann ass ee jo an enger Logik dran, wann et net erëm zu virgezunnen Neiwahle kënnt, dass dann all Kéiers am Mount Oktober all fënnef Joer Wahle stattfannen.

Dann hätte mer all fënnef Joer deeselwechte Problem, wéi mer en elo hunn, dass déi Regierung, déi da just a Kraaft ass, net kann e fäerdege Budgetsgesetzesprojet maachen. Si muss dann erëm eng Kéier mat engem Provisorium fueren. Dann erëm eng Kéier, no e puer Méint, nohake mat engem aneren Deel vum Budgetsgesetz, fir da mat engem Gesetz, fir da schonn erëm d'Preparatioun ze maachen, fir de Budget vun deem Joer drop.

Ech mengen, do si mer eis eens, dat ass keng ideal Situatioun. Wann dat dote géif d'Regel ginn, an net méi d'Ausnahm bleiwen, wär dat an eisen Aen net gutt. An dofir sollt ee wierklech déi Diskussioun, d'Mandatsdauer vun dëser Chamber, och méi wäit kucken, wat dat an Zukunft heescht, och fir den Oflaf vun esou, trotzdeem wichtegen, Prozeduren, wéi déi vum Budget.

Dat ass, wéi gesot, eng Diskussioun, déi net, mengen ech, d'Majoritéit géint d'Oppositioun ze féieren huet, mä déi mateneen ze féieren ass, fir ze kucken, wat do déi bescht Regel ass fir de Fonctionnement vum Stat, fir d'politesch Gouvernance och vun engem Land fir déi nächst Jorzéngten. Dat misst eigentlech dat sinn, wat eis soll leeden, wa mer déi dote Fro wëlle besser regelen, wéi dat elo haut méiglech ass.

Eppes Positives kann een awer deem Ganzen, mengen ech, schonn elo ofgewinnen, dat ass, wann een déi Zuele kuckt, gesäit een natierlech, dass do den Deckel drop ass bei den Dépensen, well jo a priori keng nei zousätzlech Dépensë virgesi sinn, quitte dass eng gewësse Flexibilitéit an der Ausféierung mat agebaut ass. Dat heescht, mir hunn eigentlech en Taux de progression vun deem heite provisoresche Budget fir déi éischt véier Méint, dee manner héich ass wéi dat, wat mer eigentlech déi lescht Joren an der Regel bei eisen zerguttste Budgete kannt hunn. Also dat heite féiert dozou, dass éischter de Fouss beim Mol gehale gëtt, wat de Statsdefizit respektiv wat d'Progressioun vun den Ausgabe vum Budget ugeet.

E Bémol natierlech huet dat Ganzt och, an dat ass déi kuerz Zäit, déi och elo déi nei Regierung huet, fir de Rescht vum Budget opzestellen. Wann een do d'Délaie berücksichtegt, déi ee brauch, fir dass d'Chamber kann hir Aarbechte maachen, dass d'Avisen erakommen, notamment den Avis vum Statsrot erakënnt, da bleiwen, menger Rechnung no, der Regierung vläicht sechs, maximal aacht Wochen, fir elo de Budget fir 2014 fir de Rescht vum Joer opzestellen. Dat ass awer immens knapp. Sécherlech wäert deen Zäitraum do et net méiglech maachen, dass dee fundamentale Screening, deen dës Koalitioun jo wëllt maachen, mat sämtlechen Ausgabe fir de Budget 2014, mer praktesch onméiglech ze si schéngt. Dat muss eng Operatioun sinn, déi am vollen Émfang eréischt ka gëlle fir de Budgetsprojet 2015. Nach erwaarde mir och - d'selwecht, wéi dat den CSV-Riedner hei gemaach huet - vun dëser Regierung, dass se awer bei deem Budgetsprojet, dee mer dann héchstwahrscheinlech am Abrëll hei wäerten ze diskutéiere kréien, éischt Akzenter setzt, och wat d'Budgetspolitik ugeet. Kloer Prioritéite vun dëser Regierungskoalitioun mussen och schonn an deem éischte Budgetsprojet 2014 ze erkenne sinn. Och wann ee selbstverständlech an esou kuerzer Zäit net ka vollends an eng komplett aner Richtung goen.

Souwisou stinn eis nach, opgrond vum europäesche Kalenner, eng Rei vun Échéancen an d'Haus. Dat ass notamment traditionell Enn Mäerz, wa mer op Bréissel mussen eis Aktualiséierung vun eisem Wuesstums- a Stabilitéitsplang eraginn, wou jo och fir dat lafend Joer, mä och fir déi Joren drop, scho wichteg Indikatiounen ze maache sinn, wat d'Ausriichtung vun der Budgets- a vun der Finanzpolitik vu Lëtzebuerg ugeet.

Dat wäert keng einfach Operatioun ginn. Net méi einfach wéi déi Jore virdrun. Vläicht souguer eng Grëtz méi schwéier, besonnesch wat d'Joer an den Exercice 2015 ugeet. Do kann et vläicht hëllefen, dass awer, och wann ech déi lescht Prognosen nach vun der Zentralbank vu gëschter kucken, dat wirtschaftlecht Émfeld an Europa - natierlech och mat de Répercussiounen hei zu Lëtzebuerg - e bësse méi positiv ass wéi dat, wat ee virun e puer Méint nach gemengt huet. Déi Zuele fir d'Joer 2013, mä och fir 2014 an 2015 bewege sech awer an de Prognose ronderëm e Wuesstum vun 2%, iwwert dee mer eis elo scho freeë praktesch.

D'Welt huet vill changéiert. Wann ee bedenkt, dass mer vun 1985 bis 2008 e Wuesstumsduerchschnëtt hate pro Joer, dee praktesch bei 5% an der Moyenne louch. Elo freeë mer eis schonn, wa mer bei 2% leien. Dat weist awer trotzdeem, wéi och d'Welt changéiert a wéi eis Parameteren och hei zu Lëtzebuerg musse changéieren, wa mer eis op déi nei Situatioun wëlle korrekt astellen.

Wichteg fir eis ass och, dass bei deem Budgetsprojet fir 2014, dee mer dann an e puer Woche wäerte vun der Regierung presentéiert kréien, och déi europäesch Budgetsnorm ze respektéieren ass. Et ass fir eis ganz kloer, dass dat muss esou sinn. Et ass net gutt, dass mer eis eigentlech vun deem Normativen ewechbeweegt hunn iwwert déi lescht laang Joren. Et ass, mengen ech, richteg, dass mer do erëm zu där dote Budgetsnormsystematik zréckkommen, déi och eng gewësse Flexibilitéit beinhalt, déi also duerchaus ka reagéieren, wa se dat allgemengt Émfeld an deem engen oder an deem anere Sënn verännert.

Fir de Rescht, mengen ech, ass alles vum Rapporteur schonn inhaltlech zu deem heite Projet gesot ginn. Als sozialistesch Fraktioun begréisse mer ausdrécklech déi Regelung, déi fonnt ginn ass, wat de Rentenajustement ugeet, fir dëst Joer respektiv dat Joer drop. A fir de Rescht wäerte mer natierlech als LSAP-Fraktioun deen heite Projet stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Bodry. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, meng Virriedner alleguerte bis elo, hunn am Fong geholl dat Elementaarst gesot.

Ech kann am Numm vu menger Fraktioun, vun der grénger Fraktioun, deem nëmmen zoustëmmen. Dofir bleiwe mer just nach e puer kleng Remarquen ze maachen. Fir d'Éischt emol, mengem Kolleeg, dem Eugène Berger, Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi e sech gemaach huet, souwuel fir de schrëftleche wéi och fir de mëndleche Rapport. Mir wäerten hie jo dann eng nächste Kéier erëm hei gesi fir…

(Interruption)

…méi en interessanten a méi politeschen Deel vum Budget.

Dëse Projet de loi ass, Dir Dammen an Dir Hären, och fir ons, fir déi gréng Fraktioun, en Iwwergang. Et ass eng Mesure, déi mir gesinn och als eng reng technesch Noutwendegkeet, fir kënnen déi nächst véier Méint ze assuréieren; et ass schonn hei gesot ginn, an dat vun de Paie bis zu deem klengste Subsid, esou wéi e bis elo nach definéiert ass.

Mir sinn ons och bewosst, datt an dësem Budget - déi véier Zwieleftel - eng Rei Artikelen opgezielt sinn, déi eng Rei Politiken duerstellen, déi d'Regierung mat Sécherheet net esou wëllt an dann och wahrscheinlech net esou wäert weiderféieren. Dofir kënne mer ons och virstellen, zum Beispill, datt d'Regierung op eng Rei vu Punkte wahrscheinlech déi Budgete vläicht méi differenzéiert, vläicht net ganz ausschöpfe wäert. An an deem Sënn ass et och esou e bësse wéi de Kolleeg Bodry gesot hat, datt mer eigentlech schonn indirekt en Deckel e bëssen op verschidde Budgetsartikele wäerte kënnen halen.

Awer wat wichteg ass, an dat ass och schonn hei ënnerstrach ginn, dat ass, datt dëse Budget der Regierung déi noutwendeg Zäit gëtt, déi se brauch, fir éischt Akzenter ze setzen an hirer Politik am Allgemengen, awer och an hirer Finanz- a Budgetspolitik am Spezifeschen. Éischt Akzenter, déi selbstverständlech aus dem Regierungsprogramm wäerte geschöpft ginn.

D'Prioritéiten, déi ugekënnegt gi sinn, déi festgeschriwwe gi sinn am Regierungsprogramm, déi debattéiert gi sinn d'lescht Woch, wéi zum Beispill de Logement, d'Kanner an d'Schoul, awer virun allem och de Kampf géint de Chômage an d'Cohésion sociale, déi och net zum Nulltarif ze kréien ass hei an dësem Land.

An dann, wat och scho gesot ginn ass: Ech denken, datt awer schonn am Budget 2014 éischt Aspekter vum Screening oder vum Zero based budgeting kënnen dra virkommen. An ech denken, datt dat och wichteg ass, well et e wichtegt Zeeche gëtt, wéi ee bei sech kann och ufänken. A sécherlech och, well sech net alles an dëser kuerzer Zäit kann am Budget 2014 erëmfannen, wann een dat wëllt op eng propper a professionell a verantwortungsvoll Manéier maachen, mä, denken ech, kënnt mat Sécherheet och eng zweet Phas, wou mer méi eng geziilt an dofir awer och méi eng effizient a méi gerecht Politik vu finanzieller Hëllef wäerten erëmfannen.

Fir dat Zil ze erreechen a kënne verantwortungsvoll ze schaffen, brauch d'Regierung effektiv déi noutwendeg Zäit, an héchstwahrscheinlech iwwert deen Dräivéierelsbudget 2014 eraus. Déi noutwendeg Zäit, fir déi richteg Analysen duerchzerechnen an duerchzespillen. Déi noutwendeg Zäit, fir méiglech Répercussioune vun deene verschiddene Modellen ze estiméieren a se mat der Zilsetzung, déi se sech ginn huet, géigeniwwer ze setzen. An dann denken ech, wat och wichteg ass, dat ass d'Indicateuren opzestellen, fir eng regelméisseg Evaluatioun, jo souguer Kontroll vum System kënnen ze assuréieren.

An dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir brauchen dës nei Approche, déi mer sécherlech wäerten 2014 an enger éischter Phas erkennen a virun allem och an deene Joren duerno. Mir brauchen dës nei Approche an der Opstellung vun engem nationale Budget. Eng Approche, déi wäitsiichteg programméiert, jo och nohalteg programméiert. A virun allem, déi déi verschidde Politiken aus de verschiddene Ressorten openeen ofstëmmt. An dat ass jo och en deklaréiert Zil an der Gouvernance vun dëser Regierung.

An dofir, a fir dësen neien a wichtegen Erausfuerderunge vun der Regierung déi Zäit ze ginn, wëll ech heimat den Accord selbstverständlech gi vun der grénger Fraktioun zu dësem provisoresche Budget. An ech mengen, domadder hätt ech komplementar zu deem, wat schonn alles gesot ginn ass, och nach onse grénge Pefferkär bäigefügt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat hei ass wierklech en aussergewéinlechen Exercice, wéi scho verschidde Virriedner dat hei ugeschniden hunn. Wa mer wëssen, wéi mer soss eis Budgetsprozedur an eis Budgetsdebatten heibannen hunn, dann ass dat hei sécherlech net domadder vergläichbar.

Et ass kloer, datt de Stat muss och vum 1. Januar u fonctionnéieren, souwuel op där enger Säit, wat d'Recetten ubelaangt, wéi op där anerer Säit, wat d'Dépensen ubelaangt. An dofir versteet een och, datt mer an dëser Situatioun

eben elo..., datt d'Chamber esou ee Gesetz muss hei stëmmen, fir iwwert déi berühmten Douzièmes provisoires eben déi Méiglechkeeten ze schafen, fir datt de Stat sengen Obligatiounen an deenen zwou Richtungen nokënnt.

Et ass natierlech fir d'Parteien heibannen, fir déi eng méi liicht a fir déi aner méi schwéier, fir esou engem Projet zouzestëmmen. Fir eng Partei wéi d'CSV, déi vun der Majoritéit an d'Oppositioun geet, ass et méi liicht. Si huet éischtens de Projet gemaach, zweetens stëmmt se elo engem Drëttel vun hirem Budget vum leschte Joer nach eng Kéier nodréiglech zou. Aus hirer Siicht, well deen esou gutt war.

An op där anerer Säit sinn natierlech zwou Parteien, déi an d'Majoritéit komm sinn, d'DP an déi gréng, déi d'lescht Joer, wéi déi gesamt Oppositioun, an dem Kader vun de Budgetsdebatte vum Budget vun 2013 am Fong kee gutt Hoer un deem Budget gelooss hunn, déi kommen dann heihinner a mussen elo, noutgedrongen, awer een Drëttel vun deem Budget nodréiglech guttheeschen an deem zoustëmmen!

Fir eis ass d'Situatioun méi liicht, mir kënne konsequent op eiser Positioun bleiwen. Dee Budget war 2013 am Ganzen näischt, aus eiser Siicht, an en ass dofir och zu engem Drëttel dofir net besser. Dofir wäerte mir dann och géint dee Projet hei stëmmen.

(Interruption)

Här President, wëllt den Här Berger eppes soen?

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Da ka jo elo ee vun Iech, Dir sidd jo zu dräi, een derfir stëmmen an zwee dergéint. Dann hutt Der och en Drëttel zougestëmmt.

M. le Président.- Jo, ech géif datselwecht widderhuelen, wéi ech virdrun zum Här Gibéryen gesot hunn. Wann Der wëllt eppes soen, Här Berger, wann ech gelift, mellt Iech, an dann ass den Här Gibéryen doudsécher bereet fir e klenge Quiproquo.

Sou, an elo huet just den Här Gibéryen d'Wuert!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech sinn awer och elo bereet, dem Här Berger dorobber ze äntwerten. Den Här Berger hat virdrun hei gemengt, den Här Kartheiser, dee sech zu dësem Projet nach ni geäussert huet - ech hu mech an der Finanzkommissioun geäussert an hei -, den Här Berger hat gemengt, wann een dëse Projet net géif stëmmen, da géif een domadder de Fonctionnairë vum 1. Januar un, während deenen éischte véier Méint am Joer, keng Pai méi zoukomme loossen.

Dat ass net esou schlëmm, Här President, wéi dat, wat den Här Berger d'lescht Joer gemaach huet. Well do hunn hien a seng Partei de Budget vum ganze Joer net gestëmmt! Dat heescht, wann et dem Här Berger dem leschte Joer no gaange wier, dann hätt d'ganzt Joer keen, inklusiv mir heibannen, eng Pai kritt.

Also, Här Berger, wann Der engem dat virwerft, fir dräi Méint oder véier Méint kréich e keng Pai, da musst Der drun denken, datt Dir de Budget d'lescht ganzt Joer net gestëmmt hutt. An domadder hätt also, laut Ärer Iwwerleeung, esou wéi Dir dat interpretéiert, d'lescht ganzt Joer kee Fonctionnaire hei am Land, vum Stat...

Da muss ech soen, Gott sei Dank, datt mer awer eng Majoritéit haten, déi de Budget gestëmmt huet, an datt der DP hir Iwwerleeungen zum Budget net zréckbehale gi sinn! Soss wier dat awer e Chaos hei am Land ginn, wann dann d'DP... An ech kann nëmmen hoffen, Här President, datt an deenen nächste Méint a Joren, wou elo d'DP jo awer méi ze soen huet an dësem Land, datt se dann awer anescht iwwerleeën, wéi dat elo grad virun enger Véirelstonn hei vum Rapporteur de Fall war.

M. le Président.- Erlaabt Der, Här Gibéryen, dass den Här Berger eng Explikatioun dozou gëtt?

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Här President, ganz kuerz. Ech wollt just soen, datt mir...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech erlaben et.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Mir haten awer aner Propositiounen. Mir haten och Initiative geholl, fir aner Saachen ze proposéieren. Ech huelen un, datt den Här Gibéryen dann och elo aner Saache proposéiert, fir iwwert déi véier Méint ze kommen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här Berger, dat spillt keng Roll. Ech wäert elo och nach Saache proposéieren. Mä dat spillt keng Roll, datt Der dergéint gestëmmt hutt. A laut Ärer Interpretatioun huet een da géint alles gestëmmt an et kéint näischt gemaach ginn. Et ass just dat, wat ech hei wëll kloerstellen.

Här President, ee Punkt, wou ech dann, fir dem Här Berger Satisfaktioun ze ginn, wëll kloerstellen, datt mat dësem Projet de loi och de Rentenajustement fixéiert gëtt. Mir wëssen, datt laut dem neie Pensiounsgesetz, wat mer virun zwee Joer gestëmmt hunn, den Ajustement all Joers gemaach gëtt, an zréckgekuckt gëtt fir den Ajustement vun 2014 op 2011 an 2012. An da gëtt festgestallt, datt do d'Lounmass ëm 0,3% zréckgaangen ass. Dat kann een och emol soe fir déi Leit, déi ëmmer hei am Land soen, d'Lounmass géif hei am Land terribel séier wuessen. Op jidde Fall, an de Joren 2011/2012 ass d'Lounmass hei zu Lëtzebuerg, déi reell Lounmass, ëm 0,3% zréckgaangen!

D'Chambre des Salariés huet dorobber opmierksam gemaach. An déi nei Regierung ass och direkt higaangen an huet deklaréiert, datt dat net géif a Fro kommen, datt d'Pensioune géifen ëm 0,3% gesenkt ginn, mä datt se géifen op hirem Niveau bleiwen. Wat se net esou haart gesot hunn an awer gemaach hunn, dat ass, datt déiselwecht Etüd ergëtt, datt fir den Ajustement vum 1. Januar 2015, gekuckt op d'Lounentwécklung vun 2012/2013, d'Lounmass ëm 0,4% an d'Luucht geet an datt déi an dësem Projet de loi och op null erofgesat gëtt. An domadder, seet d'Chambre des Salariés zu Recht, wa mer dann d'Joer erëmhunn, déi zwee Joren erëmhunn, dann hunn d'Pensiounen eng Upassung vun 0,1% net kritt.

A se maache souguer an hirem Avis eng Rei vu Berechnunge fir déi Leit, déi duerno an d'Pensioun ginn a virun allem am Joer 2016 an d'Pensioun ginn, wou 2012 de Facteur gekuckt gëtt, datt déi Leit souguer e gutt Stéck manner an hirer Pensioun kréien! A se seet souguer, et misst een de Leit recommandéieren, déi 2016 an d'Pensioun ginn, datt déi virum 1. Januar 2016, also spéitstens den 31. Dezember 2015 an d'Pensioun ginn, fir net dee Verloscht ze kréien, deen duerch dësen Ajustement entsteet! Dat huet d'Chambre des Salariés gesot.

An dann deen zweete Punkt, wat och elo heimadder festgeluecht gëtt, dat ass, datt mer net nëmme jo d'Dépensë kucken, mä de Stat zitt jo och seng Steieren an. An ech ka mech erënneren, datt vill Politiker, déi haut an der Majoritéit sinn, och ëmmer hei d'Remarquen als Oppositiounspolitiker gemaach hunn, datt d'Steiertabell net un d'Inflatioun ugepasst gëtt. Wa mer elo déiselwecht Steieren hei viruféieren, zumindest déi éischt véier Méint, also gëtt och déi nächst véier Méint am nächste Joer d'Steiertabell net un d'Inflatioun ugepasst, esou wéi dat am Fong ëmmer verlaangt ginn ass! Vläicht geet déi nei Regierung hin a seet, datt vum 1. Mee u se géif ugepasst ginn. Mä déi véier éischt Méint gëtt se net ugepasst.

Här President, ech war iwwerrascht, datt mer elo... An der neier Chamber hu mer jo och nei Leit kritt, wat gutt ass, fir datt mer ëmmer erëm nei Iddien hei erakréien. A mir hunn och Leit erakritt, déi Gewerkschaftssekretär sinn, zwee Gewerkschaftssekretäre beim OGB-L, an ech war frou ze liesen, datt de President vum OGB-L a senger Fonctioun als President vun der Chambre des Salariés verlaangt huet, datt den Ajustement misst integral 2014 bezuelt ginn an och déi Berechnung gemaach huet, déi dat hei mat sech brëngt, nämlech déi negativ Tendenz fir d'Pensionären.

An eng Gewerkschaft, déi ëmmer verlaangt huet, datt d'Steiere missten un d'Inflatioun ugepasst ginn, do hätt ech net geduecht, datt direkt an der éischter ëffentlecher Sitzung, déi dëst neit Parlament huet, schonn déi Gewerkschaftssekretären am Fong géint hir Prinzipien als Gewerkschaftler, géint d'Fuerderunge vun hirer Gewerkschaft, géint de Bréif, den Avis, dee vun hirem President ënnerschriwwen ass, direkt den éischten Dag hei schonn et esou fäerdegbréngen, esou massiv géint d'Interesse vun deenen ze stëmmen hei an der Chamber, déi se esou haart virun de Wahlen dobausse vertrueden hunn.

Mir bleiwen eis konsequent a stëmmen dergéint!

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gibéryen. Als nächste Riedner ass den Här Justin Turpel agedroen. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Ech soe Merci fir d'Wuert. Et ass normal, datt an enger Period wéi där heiter keen ordinäre Budget virläit. Et ass och normal, datt ee provisoresche Budget gestëmmt gëtt iwwert Douzièmes provisoires op Basis vum Budget vun 2013. Et ass och üblech, datt am Budgetsgesetz eng Rei aner Froe geregelt ginn, wat net ëmmer heescht, datt ee mat all deene muss d'accord sinn. Eng vun deene Froen, déi hei matgeregelt gëtt, ass déi vum Rentenajustement, dat heescht d'Upasse vun de Pensiounen, Renten un déi allgemeng Lounentwécklung.

Wat de Rentenajustement ugeet, wëll ech kuerz drun erënneren, datt d'UEL, grad wéi den Internationale Währungsfong an d'EU-Kommissioun eigentlech ëmmer d'Ofschafung vum Rentenajustement gefuerdert hunn. Och d'DP huet an hirem Wahlprogramm gesot, de Rentenajustement soll ofgeschaaft ginn an et misst souguer méi Eegevirsuerg gemaach ginn, dat heescht déi privat Pensiounsversécherunge misste gefërdert ginn.

An der Pensiounsreform, déi den Datum dréit vum 21. Dezember 2012, goufen eng Rei Mechanismen agefouert, fir op Käschte vun de Pensionéierten a vun deene Beschäftegten ze spueren. Eng vun deene Moossnamen ass déi, wann d'Ausgaben an engem Joer d'Einnahmen iwwert d'Beiträg iwwerschreiden, datt dann ee Facteur modérateur agefouert gëtt, deen den Ajustement, deen all Joers fälleg ass, op 0,5 oder op 0 fixéiert. Et ass ugeholl ginn, datt dat ongefeier 2018, 2020 kéint de Fall sinn. Dat ass d'Ofschafung vun deem Rentenajustement, déi UEL, IWF an EU-Kommissioun mat der DP ëmmer gefuerdert hunn.

Elo gëtt festgestallt, datt d'Reallounentwécklung 2011/2012 minus 0,3% war. Eleng iwwert dee Facteur vun enger Reallounentwécklung vu minus 0,3% misst een eigentlech méi seriö emol eng Kéier diskutéieren, well et ass jo kee linearen, duerchschnëttleche Reallounverloscht vun 0,3%, mä deen trëfft d'Leit jo op ganz ënnerschiddlech Aart a Weis. An ech sinn iwwerzeegt, datt et net déi Iewescht sinn, déi am meeschte verluer hunn, an déi Ënnescht, déi am mannste verluer hunn, mä datt et ëmgedréint ass.

2012/2013 gesäit et aus, wéi wann d'Reallounentwécklung plus 0,4% wier. An elo seet d'Regierung, souwuel déi al wéi déi nei, kommt mir fueren net Achterbahn mat de Leit, 0,3% erof, 0,4% erop, mä mir maachen zweemol de Facteur modérateur op null. Mä domadder gëtt net nëmme verhënnert, datt et 2014 ëm 0,3% erofgeet, mä et gëtt och verhënnert, datt et 2015 ëm 0,1% (veuillez lire: 0,4%) eropgeet. Dat heescht, d'Rentner an d'Pensionäre kréien 0,1% geklaut! Elo kann ee soen, dat ass net vill, Peanuts. Mä et ass alt erëm ee Stéck méi.

Ech wëll drun erënneren, datt den Ajustement, deen den 1. Januar 2013 fälleg war vun 1,5%, scho virdrun ersatzlos gestrach ginn ass. Ech wëll och drun erënneren, datt deemools an engem oppene Bréif verschidde Leit geschriwwen hunn, datt do déi Leit gestrooft ginn, déi hiert Liewe laang aktiv zum sozialen a wirtschaftlechen Erfolleg bäigedroen hunn. An dat, wat ech elo gesot hunn, ass een Zitat aus engem oppene Bréif vum Henri Kremer, President vun der OGB-L-Sektioun, Nico Wennmacher, President vum Secteur Pensionéierter vum Landesverband, Carlos Pereira, Guy Greivelding a Jean-Claude Reding.

En plus ass et esou, datt déi Erspuernis, déi deemools gemaach ginn ass vun zwielef Milliounе fir de Stat, plus 75 Milliounе fir d'Pensiounskeess, héchst fragwürdeg ass, well wat vu Steieren ausgefall ass, iwwerschreit wahrscheinlech dee Betrag, deen do gespuert ginn ass. A wa mer soen, mir wieren deemools do dergéint gewiescht an och haut nach dergéint sinn, ass dat och am Interessi vun deene Jonken, déi och muer nach eng uerdentlech Pensioun wëllen an ëmmer méi gestréppt ginn.

Ech wëll och drun erënneren, datt virdru schonn zweemol den Ajustement verschobe ginn ass. Datt d'Pensiounsgesetz vun 2012 och virgesäit, datt een Décalage supplémentaire kënnt fir d'Upassung vun deenen neie Pensioune vun deene Leit, déi a Pensioun ginn, op véier Joer, wou d'CSL ausgerechent huet, datt dat ee permanente Verloscht gëtt vun 1,8%.

Ech wëll erënneren un d'Indexmanipulatiounen, déi vun 2006 bis 2009 de Salariéën zu Lëtzebuerg, och de Pensionären, 1,5 Milliard kascht hunn an déi och elo soll weidergefouert ginn. Ech wëll un aneres erënneren, wou vill Leit mengen, et wiere Klengegkeeten: d'Seniorekaart, déi ëm 100% an d'Luucht geet, oder d'Steierdiskriminéierung vu Wittfraen a Wittmänner a vu gescheete Leit. Ech stelle fest: Dir huelt et bei deene Klengen a gitt et deenen Décken!

Zum Vote. Och wa mir net d'accord ware mam Budget vun 2013, misst een eigentlech d'accord si mat engem Budget provisoire, dee just déi Sue libelléiert, déi ee bräicht, fir effektiv am neie Joer d'Paien ze bezuelen. Wann dat hei elo een neie Budget wier, wier et ganz kloer, datt mer dergéint géife stëmmen.

Mir soen och nee zu deem Null-Ajustement. Et hätt ee jo och kéinten higoen, wéi d'CSL an d'Gewerkschaften dat fuerderen, fir den Ajustement 2015 weider spillen ze loossen. Dofir hätte mer missen en Accord hunn, fir e Vote séparé iwwert dat Gesetz, iwwert deen Artikel ze maachen. Deen Accord hu mer net. An aus all deenen Ursaache vun derfir an dergéint wäerte mir eis bei dësem Projet enthalen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. D'Wuert huet dann elo d'Regierung, den Här Pierre Gramegna. Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Hären Deputéierten, ech géif gäre fir d'Éischt allen, déi intervenéiert sinn, Merci soen. Haaptsächlech emol fir d'Éischt dem Rapporteur fir seng gutt Aarbecht a säin Asaz, allen Acteuren an der Finanzkommissioun an all deenen, déi elo intervenéiert sinn.

Deen heite Budget ass net richteg e provisoresche Budget. Et ass en Transitiounsbudget, well et ass e Budget, dee gëtt gestëmmt, dee fonctionnéiert wierklech elo während véier Méint. An et ass en Zeeche vu Kontinuitéit vun eisem Stat. Dofir mengen ech, dass et eng ganz gutt an eng ganz räsonabel Décisioun ass, dass esou vill Parteien derfir stëmmen.

Ech géif gär der viregter Regierung félicitéieren, fir deen dote Schrëtt geholl ze hunn. Si hätt jo kënnen e ganze Budget stëmmen, wollt se net, well Wahlen dertëschent waren. Si hätt och kéinte guer näischt maachen. Si huet léiwer déi dote Léisung gewielt vun den Douzièmes provisoires, déi mer, wéi mer héieren hunn, zu Lëtzebuerg emol kannt hu viru laanger Zäit, an dat war eng Gewunnecht, déi mer Gott sei Dank verluer hunn.

Ech huelen och zur Kenntnis, wat den Här Bodry gesot huet, dass mer eis wierklech Gedanke musse maachen, ob mer déi Prozedur net mussen e bësse besser regelen - jee nodeem wéi eise Kalenner geet, kann dat méi oft geschéien. An haaptsächlech hu mer europäesch Contrainten, déi et vill méi schwéier maachen, eise Budget a kuerzer Zäit ze preparéieren an ze votéieren.

Ech mengen och, dass déi ganz europäesch Contrainte, déi ech zwar kannt hunn, mä déi ech elo ëmmer méi entdecken, ëmmer méi staark gëtt an dass d'Marge de manœuvre, déi mer hunn, fir eis Budgeten ze maachen an ze stëmmen, méi kleng gëtt. An déi Contrainte huet déi viregt Regierung scho kannt an déi wäerte mer nach ëmmer méi als nei Regierung kenneléieren.

Mir hunn d'Kritiken oder d'Amendementer vum Statsrot alleguerten ugeholl. Mir hunn eng Rëtsch Amendementer proposéiert; déi meescht vun deene ware justifiéiert a konnten och vum Statsrot ënnerstëtzt ginn. Et hat haaptsächlech domat ze dinn, datt mir verschidde Mesuren hu missen ëm e puer Méint méi laang ausdehnen. Déi eng Mesure, déi de Statsrot net positiv beuerteelt huet, hu mer aus dem Projet erausgezunn.

Wat d'Pensiounen ubelaangt, mengen ech, dass d'Solutioun, déi gewielt ginn ass, eng fair Léisung ass. Si gëtt eng gewësse Stabilitéit, brëngt mat sech, Gott sei Dank, dass d'Leit net elo 0,3 verléieren, fir dann herno 0,4 ze kréien. Ech mengen zwar, dass déi Ziffer vun 0,4 och nach ëmmer nëmme provisoresch ass. Si ass nach net definitiv, dat muss jo nach ausgerechent ginn. Dofir wësse mer nach guer net, wéi vill déi dote gëtt. An dofir, mengen ech, dass déi Stabilitéit an der Zäit eng gutt Saach ass.

An dann, vu dass d'Leit déi 0,3% jo op den 1. Januar net verléieren, hu se jo do e Gain op engem Joer. Dee Gain ass sécher, während dat, wat se hypothetesch verléieren, wéi gesot, dass deen Taux vun 0,4 net definitiv ass. Dat ass och dann eng Rechnung, déi net ganz komplett ass. Dofir fannen ech, dass dat eng gutt Léisung war.

Ech wëll e puer Wuert soen och iwwert d'Trésorerie vum Stat, well déi Fro ass an der Commission des Finances et du Budget gestallt ginn.

Ech hunn dat nokucke gelooss. Mir hu genuch Liquiditéiten zur Verfügung fir déi kommend Méint a mir hunn och nach Sputt an den Emprunten, déi vun dëser Chamber genehmegt gi sinn, falls dat an där Period misst néideg sinn. Mat deenen zwee Elementer komme mer ouni Problemer fir déi nächst véier Méint iwwert d'Ronnen.

Ech wäert Iech Mëtt Februar e Projet de budget hei presentéieren. An dee Budget muss jo virun Enn Abrëll gestëmmt ginn. Wéi richteg gesot ginn ass vu verschiddenen Intervenanten, ass et net ze erwaarden, dass mer do en totale Screening vun allen Depensë wäerte kënne maachen. Dat ass eng Aarbecht, déi hëlt ganz vill Zäit. Mir wäerten déi Aarbecht maachen, mä d'Répercussioun dovu wäert wahrscheinlech eréischt am Budget fir 2015 komplett zur Geltung kommen. Wa mer awer Saache méi fréi fannen, wäerte mer se natierlech utiliséieren.

Zweetens wäerte mer natierlech Akzenter setzen an deem Budget op Basis vun deene Saachen, déi am Koalitiounsprogramm zréckbehale gi sinn.

Zum Schluss wéilt ech nach soen, dass mer eis och ganz staark wäerten un de Recommandatiounen, déi mer vun Europa kréien, inspiréieren, och wat d'Normes budgétaires européennes ubelaangt. Ech mengen, dass dat e ganz wichtege Punkt ass. An dat ënnersträicht erëm eng Kéier, dass mer net méi eleng am Boot sinn am Budget, dee mer fir Lëtzebuerg maachen. A wa mir dat Land sinn, wat vläicht nach déi mannste Budgetsschwieregkeeten huet, oder op d'mannst eent vun de Länner sinn, wat déi mannste Budgetsschwieregkeeten huet, verglach mat eise Kolleegen aus der Eurozon oder an Europa, ass et nun awer emol esou, dass déi europäesch Manéier, fir dat ze kucken, ëmmer verglach gëtt mam Land selwer. An dass mer do also - et ass wéi op enger Zensur - ëmmer musse Progrèse maachen a mer net kënnen do verfalen.

Ech wäert och elo, nodeem dës Debatte fäerdeg sinn, erëm zréck op Bréissel fueren, wou den Eurogroup den Owend zesummekënnt a mar den ECOFIN, wou d'Bankenunioun vläicht finaliséiert gëtt - e Kompromëss schéngt a Siicht ze sinn. Dat beweist eis erëm, wéi wichteg Europa fir eis ass, a wat fir eng grouss Roll et an eisem alldeegleche Liewen an och fir eis Finanzplaz a fir eise Stat spillt.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Finanzminister. Mär wären domat, wann ech dat richteg gesinn, um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mer géifen zum Vote iwwert de Projet de loi 6630 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6630 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. De Vote par procuration. Enn vum Vote.

De Projet de loi 6630 ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexandre Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Wëllt ee seng Abstentioun motivéieren?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da géif ech nach d'Fro stellen, ob d'Chamber d'accord ass, fir de Projet vum zweete Vote constitutionnel ze entbannen.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 6580. Dobäi geet et ëm déi finanziell Bedeelegung vum Stat bei der Moderniséierung vun der Kläranlag Nordstad/Bleesbréck. Dir wësst, dass de Riedezäitmodell deen ass vum Modell 1. Ageschriwwe sinn: d'Häre Marco Schank, Roger Negri, Gusty Graas, Gast Gibéryen a Justin Turpel.

An d'Wuert huet den honorabelen Här Rapporteur, den Här Henri Kox. Dir hutt d'Wuert.

6. 6580 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Nordstad/Bleesbruck

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President.

Dir Dammen an Hären, de Gesetzesprojet 6580 ass a sech e Finanzéierungsgesetz. Sou wéi Der virdru richteg gesot hutt, Här President, geet et drëms, dass de Stat hëlleft d'Kläranlag vun der Bleesbréck, besser gesot, déi vun der Nordstad, éischtens ze erweiteren an zweetens op den neiste Stand vun der Technik ze bréngen.

D'Kläranlag selwer ass aus de Joren '63, mëttlerweil kënnt Der Iech jo virstellen, dass do eng ganz Rei weider Uertschaften ugeschloss goufen, dass natierlech och ganz anescht vis-à-vis vun Europa respektiv vun den Obligatiounen, wat am Ëmweltberäich uläit, eng Verbesserung komm ass, soudass et onerlässlech ass, dass déi Kläranlag muss erneiert ginn.

Et sinn zwee Punkten an dësem Gesetz virgesinn. Den éischte Punkt ass d'Erweiderung an d'Klärung selwer, dat heescht se op den neiste Stand ze bréngen. An dat beleeft sech op 46,3 Milliounen.

An den zweete Punkt ass natierlech, dass déi Kläranlag aus de Joren '63 war an dass do eng Rei vu Pollutiounen entstane sinn um Site selwer, an déi mussen dann entspriechend och erëm ewechgemaach ginn. An dee Betrag beleeft sech op zwou Milliounen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Firwat si mer haut iwwerhaapt hei? Et ass kloer, wann e Gesetz iwwer 40 Milliounen usteet, muss, laut der Constitutioun, laut dem Artikel 99, e speziaalt Gesetz gemaach ginn, also e Finanzéierungsgesetz, an dofir maache mer dat och haut hei.

E puer Sätz awer nach zum Contexte historique. Ech hu virdru gesot, d'Kläranlag ass aus dem Joer '63, deemools gebaut gi fir Ettelbréck an Dikrech mat engem Équivalent-habitant vun 62.000 Unitéiten. Deemools ware jo zu Dikrech an Ettelbréck Brauereien, Molkereien, an all Méigleches ass deemools an déi Kläranlag gefloss, soudass déi enger grousser Belaaschtung och huet misse standhalen.

Déi Kläranlag war awer deemools ënner staatlecher Regie a si ass eréischt '94 an den Nordsyndicat komm vum SIDEN a säitdeem si si och responsabel dovun.

An Zwëschenzäit ass, mengen ech, de Groussraum Nordstad un där Kläranlag ugeschloss. Et wäerten och weiderhin nach weider Dierfer ugeschloss ginn, soudass et wierklech de Rôle ginn ass vun där Kläranlag, déi ganz Nordstad-Gemengen un enger performanter Kläranlag spéiderhin dann och ugeschloss ze hunn. Duerfir dës Erweiderung.

Nodeems '94 eben de SIDEN och d'Kläranlag iwwerholl huet, ass si higaangen 2003, fir dëse Projet mat den néidegen Instanzen op dem Waasserwirtschaftsamt duerchzekucken, a si huet och e Bureau d'études beoptraagt, fir sech ze conformitéieren.

Dir wësst, dass eng ganz héich Belaaschtung an eise Gewässer mëttlerweil ass, nämlech insbesondere Nährstoffer, an déi Nährstoffer mussen eben erausgeholl ginn. Och ass d'Evolutioun vun der Populatioun an dem Beräich vun der Nordstad net ofzeweisen.

Haut ass d'Kläranlag eng vun de véier gréissten, a wann dës Erweiderung fäerdeg ass - a si geet nämlech vun 80.000 plus déi 50, déi projezéiert sinn, 50.000 Einwohnergläichwäerter -, komme mer op e Betrag vun 130 (veuillez lire: 130.000) Einwohnergläichwäerter, dat wär dann déi Zweetgréissten hei am Land, no Beggen an der Stad.

Mir hunn natierlech eng Urgence. Dir wësst, dass mer um europäesche Geriichtshaff verurteelt gi sinn, well mer der Obligatioun net nokomm sinn, nämlech der Direktiv aus de Joren '91 - et ass schonn e bësse méi laang hir -, dass eis Gewässer engem gudden Zoustand zougefouert sollte ginn, an dofir sollte méiglechst schnell all eis Uertschaften u Kläranlagen ugeschloss ginn.

Dëst hu mer leider verpasst, a mir sollten elo no vir kucken, well déi Zomm, déi mer elo de Moment ze bezuelen hunn, éischtens e forfaitairë Betrag ass vun zwou Milliounen an nach eng Kéier all Dag zousätzlech 2.800 Euro, soudass mer all Interêt hunn, fir esou séier wéi méiglech dat och an d'Rei ze bréngen. Dofir ass dës Regierung gewëllt, esou séier wéi méiglech dat a Musek och ëmzesetzen.

Aus de Kommissiounssëtzungen: Den 9. Dezember si mer fir d'éischte Kéier zesummekomm, wou mer de Projet analyséiert hunn. Et waren Avise vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, déi virlouchen, awer selbstverständlech och déi vum Statsrot. An de Statsrot, dee säin Avis den 8. Oktober 2013 ginn huet, huet, besonnesch wat de finanzielle Volet ubelaangt, e puer Remarquë gemaach.

Et war nämlech net ganz eendeiteg erauszeliesen, wéi déi Suen imputéiert ginn. Nämlech, déi 46,3 Millioune gi ganz kloer aus dem Fonds pour la gestion de l'Eau, dat heescht aus dem Waasserfong, ervir. An dee Betrag vun zwou Milliounen, dee mer brauche fir d'Depollutioun, dee kënnt dann natierlech aus dem Fonds pour l'Environnement.

Dat war net explizit genuch am Gesetz virgesinn, dofir sinn déi Remarquen do entspriechend eragefloss. Also nach eng Kéier de Rappel: 46,3 Milliounen aus dem Fonds pour la gestion de l'Eau an zwou Milliounen aus dem Fonds pour la protection de l'Environnement!

Wichteg ass awer och nach ze soen, dass dee Betrag, deen do ernimmt gouf, sech op e Präisindex vun der Konstruktioun mat der Valeur 725,25 zum 1. Oktober 2012 berifft.

Et war awer och wichteg, nach op ee Punkt anzegoen, wa mer iwwer Finanze schwätzen. Do huet e Member vun der Kommissioun drop higewisen, dass an dësem Projet selwer schonn eng ganz Rei vun Aarbechten duerchgefouert gi sinn. Déi Aarbechte belafe sech mëttlerweil op 5,5 Milliounen, e bësse méi. Dass déi awer schonn engagéiert goufe vun dem Syndicat an dass déi 46,3 Milliounen dat net beinhalten.

Dat heescht, et ass eng Fiche technique oder Fiche financière, déi integrale Bestand vun dësem Gesetz ass, wou ganz kloer drop higewise gëtt, dass u sech de Montant total, dee sech hei fir d'Sanéierung vun der Kläranlag ergëtt, 51,7 Milliounen ass. Do ginn déi 5,5 ofgezunn, déi schonn u sech an der Vergaangenheet vum SIDEN engagéiert goufen, soudass mer elo op dee Betrag vu 46,3 Millioune kommen.

Den 11. Dezember an dëser Kommissioun gouf ech dann zum Rapporteur ernannt. Mir hunn déi Ännerungen eestëmmeg, entspriechend dem Gesetz, duerchgeholl. Mir hunn d'Gesetz entspriechend och ugepasst, well déi Proposen och direkt vum Statsrot komm sinn, soudass net nach eng Kéier e Va-et-vient gemaach muss gi mat dem Statsrot.

Soudass och dann dëse Projet eestëmmeg an der Kommissioun ugeholl gouf an ech bieden Iech, och dësem Projet kënnen zouzestëmmen. An ech géif och gläichzäiteg mäin Accord vun der grénger Fraktioun bäisteieren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Et ass elo un dem Här Schank, fir eis seng Vuen ze presentéieren. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV)*.- Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt emol wollt ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Henri Kox, Merci soe fir säin detailléierte schréftlechen a mëndleche Rapport zu dësem Projet.

An Dir hutt héieren, am Rapport ass däitlech ginn, wéi noutwendeg datt et ass fir dëst Finanzéierungsgesetz, fir d'Upassungsaarbechten, d'Vergréisserungsaarbechten op der Bleesbréck, vun der Kläranlag Nordstad, wann een esou wëllt soen, fir déi esou séier wéi méiglech op an och iwwert den Instanzewee ze bréngen. A fir datt et selbstverständlech méiglechst ganz konkret och séier ka mat den Aarbechten um Site, um Terrain ugoen, vun der Bleesbréck.

Dës Urgence, de Rapporteur huet et gesot, steet natierlech och am Kontext vun deem Arrêt vun der Cour de justice, wou Lëtzebuerg zu verschiddene Sanktioune condamnéiert gouf. Mä ech mengen, d'Urgence ergëtt sech och aus dem Waasser- an Ëmweltschutz, dee mer jo eis méiglechst séier wënschen op ville Plazen hei am Land.

An duerfir ass et och gutt, datt déi viregt Regierung, an elo déi heite Regierung gekuckt huet, fir dëse Projet direkt a séier elo op den Instanzewee ze bréngen. An duerfir begréisst meng Fraktioun, datt mir haut och dëse Projet stëmme kënnen.

Déi Responsabel vum Ofwaassersyndikat SIDEN, deen iwwregens insgesamt 35 Gemenge regruppéiert, déi hu jo schonn däitlech gemaach, datt, soubal d'Autorisatiounen all virleien, d'Ausschreiwunge kënne gemaach ginn, fir dann och de Projet an deene beschten Délaie kënnen ze realiséieren. An ech mengen, si sinn déi Éischt, déi 35 Gemengen, déi en Intérêt drun hunn, datt de Projet realiséiert gëtt an datt se wëllen de Projet och méiglechst séier fäerdeg gesinn.

D'Infrastrukturen op der Bleesbréck sinn natierlech an deene vergaangene Joren ëmmer erëm ugepasst ginn, entspriechend der Populatioun, déi gewuess ass, virun allem am Norden, an der Nordstad, mä awer och an deenen Uertschaften, déi no an no bäikoumen. Mä et ass net nëmmen d'Populatioun, déi gewuess ass, och déi ekonomesch Aktivitéiten hunn zougeholl.

Wann ech kucken, datt d'Zones d'activités gewuess sinn, datt der bäikomm sinn, a wann ech de Plan sectoriel «Zones d'activités» gutt am Kapp hunn, da kommen der nach derbäi, Verschiddener. Ënner anerem déi vum Fridhaff, den ZANO, wat, mengen ech - ech kucken de Claude Haagen - eng 45 Hektar insgesamt wäerten duerstellen, déi zousätzlech dann och an d'Bleesbréck herno wäerten ausschëdden.

An eleng wann een d'Einwohnergleichwerte kuckt, an de Rapporteur huet se gesot, 130.000 Unitéiten, da gesäit een, wéi wichteg déi Anlag ass, net nëmme fir d'Nordstad oder den Norden - kann ee roueg soen -, mä och fir d'Waasserqualitéit vun der Ënnersauer, wat jo e wesentlechen Aspekt ass. Also eng Kläranlag, déi wichteg eigentlech ass fir eist Land.

Wann een d'Chronologie kuckt vum Dossier Kläranlag Bleesbréck, da fält engem natierlech op, datt een herno ka soen: „Majo, et hätt alles méi séier a besser kënne geschéien." Dann däerf een awer och déi extrem Komplexitéit an déi grouss Technicitéit, déi deen Dossier huet, net ënnerschätzen!

An et sinn zum Beispill eng ganz Partie Diskussioune ginn, fir méiglechst prezis och déi noutwendeg Sanéierungscapacitéit ze fixéieren, well dat ass jo e wesentlechen Aspekt. „Do kann een net einfach draschloe wéi d'Sau an de Weesbräi", wéi mir am Norde soen, mä et muss ee prezis definéieren, fir datt herno de Prozess och vun der Sanéierung fonctionnéiert.

An duerfir sinn eng Partie Simulatioune gemaach ginn, eben och am Kontext net nëmme vun der Bevëlkerung, déi dat ugeet, mä och am Kontext vun den ekonomeschen Aktivitéiten, déi an deenen nächste Méint a Joren an der Nordstad a ronderëm d'Nordstad sollen derbäikommen.

Esou eng Diskussioun, just fir dat Beispill ze soen, war och d'Luxlait, wou laang diskutéiert gouf: Mécht d'Bleesbréck déi Sanéierung oder mécht d'Luxlait se selwer? An Dir wësst, wéi et ausgaangen ass, datt schlussendlech dann d'Luxlait selwer déi Sanéierung da bei sech elo iwwerhëlt.

Ben, onofhängeg dovunner, wat ee bei dësem Projet Kläranlag oder bei deenen anere Projete vu grousse Kläranlagen hätt kënne méi séier oder besser maachen an der Vergaangenheet, fir eis och a Conformitéit vun der Direktiv '91/271 ze setzen, sinn an deene leschte Joren awer enorm Ustrengunge gemaach gi fir eng

modern Ofwaassersanéierung hei zu Lëtzebuerg. D'Gemengen hunn enorm vill gemaach. Bei de Gemengen hunn ech elo keng Chifferen, mä do si vill Suen investéiert ginn a kleng an a grouss Kläranlagen.

Mä wann ech kucken, wat déi successiv Regierungen investéiert hunn, da waren dat Enn den 90er Jore bis 2004 an der Moyenne iwwer 20 Milliounen Euro; vun 2004 bis haut waren dat an der Moyenne 53 Milliounen Euro; 2013 waren dat tëschent 60 a 70 Milliounen Euro. Just fir och awer eng Kéier deen Impakt ze soen, wéi gesot, nieft all deem, wat och d'Gemengen an d'Ofwaassersanéierung an der Vergaangenheet gestach hunn.

D'Chronologie vum Projet Bleesbréck weist deemno, datt vill successiv Etappen hu misse geholl ginn, fir datt mer haut de Mëtteg hei an der Chamber dee Projet de loi kënne stëmmen, andeems mer de Stat autoriséieren, um Ausbau an der Moderniséierung vun der Kläranlag Bleesbréck ze participéieren.

Wichteg vläicht nach ee Saz zum Schluss, dat ass awer och vum Rapporteur gesot ginn, datt ech wollt preziséieren, datt de SIDEN an de leschte Joren eng Partie Moossnamen ebe geholl huet, déi déi Sue kascht hunn, déi virdru gesot gi sinn, 5,5 Milliounen, fir d'Ofwaasserqualitéit um Site selwer ze verbesseren.

An domat wollt ech dann, ganz zum Schluss, den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci dem Här Schank fir déi och wichteg zousätzlech Erklärungen zu dësem wichtege Projet. Ech wollt dann elo d'Wuert ginn dem Här Roger Negri als nächstem Riedner.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Merci, Madame Presidentin. Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Président-rapporteur Henri Kox Merci soe fir seng exzellent Rapporten, schrëftlech wéi mëndlech.

Als LSAP-Fraktioun wäerte mir dee Projet herno stëmmen. Dofir wëll ech mech just op e puer Bemierkungen a Froen un d'Regierung beschränken.

Fir d'Éischt wëll ech nach emol, wéi de Rapporteur dat och scho gesot huet, drun erënneren, dass déi entspriechend Direktiv den 13. Mee 1994, also fir propper Baachen a Flëss hierzestellen, an nationalt Lëtzebuerger Recht ëmgesat ginn ass. Dat si quasi 20 Joer! An datt mer elo als Land fir d'Netanhale vun dëser Direktiv bestrooft gi mat zwou Milliounen Euro Forfait an 2.800 Euro Astreinte pro Dag bis déi Kläranlag vun der Bleesbréck gebaut gëtt an duerno nach sechs Méint bis den Délai de finition och riwwer ass. Bon, dat ass schonn e relativ staarkt Stéck, wouriwwer mer net brauchen houfreg ze sinn. Bien au contraire!

Dofir wëll ech den Här Statssekretär Camille Gira froen, wéi wäit den Dossier an der Prozedur selwer ass. Gëtt zum Beispill dru geduecht, fir d'Aarbechte méi zügeg ze realiséieren, fir domat eventuell d'Strof fir eist Land ze reduzéieren? Bei engem Gesamtinvest vun 81 Milliounen, si jo scho ronn, wéi gesot ginn ass, 5,5 Millioune vun dem betraffene Kläranlagesyndikat SIDEN bezuelt ginn. An et bleiwen der nach eng ronn 30 Millioune fir de SIDEN selwer elo ze bezuelen.

Mä dës Fraisë fale jo awer am Endeffekt op d'Gemengen, op déi betraffe Gemenge vun deem Syndikat do zréck. An hei ass d'Fro: Wéi wäit sinn d'Gemengen, vu dass mer elo an enger Urgence sinn, hir Invester an hirer Mehrjahresplanung do drop preparéiert? Bestinn do scho vläicht Detailer, fir dass dat herno och kann esou bezuelt ginn? A wat fir eng Form vun Opschlësselung et eventuell do scho gëtt.

Dann ass déi Fro: Wie bezilt am Endeffekt déi Astreinte journalière, wou mer jo ugesicht ginn, vun 2.800 Euro pro Dag? Dat hänkt jo deelweis och dovun of, wéi laang dat dauert. Dat heescht, dat hänkt vun der Gestioun vum Chantier vum SIDEN of. Do stellt sech also d'Fro, ob do e gewëssene Schlëssel kënnt, wat de Stat an eventuell de Syndikat do bezilt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Dat bréngt een einfach zur Fro, ob et net géif an där Saach Sënn maachen, fir eventuell d'Cour des Comptes dermat ze beoptragen, fir an dësem Sënn eng Analys ze maachen, dass et herno net zu onnëtze Streidereie kéint kommen.

An deem Sënn géif ech den Accord vu menger Fraktioun ginn zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och Iech, Här Negri. Nächste Riedner ass dann den honorabele Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, u sech huet dëse Projet jo zwee ganz interessant Aspekter: Deen Éischten ass deen, datt et natierlech ëm den Ausbau an d'Vergréisserung vun enger wichteger Kläranlag geet. An deen Zweeten ass deen, datt et deen éischte Waasserschutzprojet ass zënter 1999, deen net méi ënnert der Tutelle vum Innenministère steet, wat jo u sech och eng ganz grouss an eng ganz wichteg Neierung ass.

Ech mengen, mir sinn eis all eens heibannen, déi sech e bësse mat Gewässerschutz ofginn, datt d'Kläranlag Bleesbréck natierlech enorm vill Defiziter opzeweisen huet - ënner anerem ass dat hei jo schonn erkläert ginn -, bedéngt och duerch déi enorm Entwécklung vun deem ganze Ballungsgebitt do. An dofir ass et och net méi wéi richteg, datt elo d'EWG-Zuel op 130.000 eropgesat gëtt.

Et ass och bekannt, datt d'Eliminatioun vun de Stéckstoffer ee vun deene ganz grousse Problemer de Moment vun där Anlag do ass. An ech wëll och dorop hiweisen, datt „die deutsche Vereinigung für Wasserwirtschaft", huet emol eng Kéier och, an dat ass nach net allze laang hier, eng Bewäertung iwwert d'Réckstänn vun där Kläranlag matgedeelt, an do huet se vu mëttelméissege Pollutiounsréckstänn geschwat. Och dat ass jiddefalls de Beweis, datt déi Kläranlag, de Moment jiddefalls, wäit ënnert deenen noutwendege Capacitéite fonctionnéiert.

Et ass natierlech ze bedaueren, an ech mengen, dat soll awer och hei éierlech gesot ginn, datt dee Projet awer dach enorm Retarde bei der Ëmsetzung kritt huet. Ech erënneren drun, datt zum Beispill 1991 den deemolegen LSAP-Deputéierte Lucien Lux am Juli eng Question parlementaire un den deemolegen Emweltminister Alex Bodry gestallt huet, wou en da wollt och emol Erklärunge kréien, wéi et da mat der Verbesserung vun der Kläranlag Bleesbréck wär. An deemools ass da gesot ginn - dat ass awer elo net hei polemesch gemengt -, dat wär an der Etüd an dat géif net méi laang daueren, bis datt dee Projet géif definitiv an där Envergure ëmgesat ginn. Bon, entre-temps sinn 22 Joer an d'Land gezunn a mir musse feststellen, datt mer elo endlech op der Zillinn ukomm sinn, datt de Projet och kann da realiséiert ginn.

Et sinn natierlech och eng Rei aner Ursaachen, déi dozou bäigedroen hunn, firwat datt de Projet net esou séier konnt ëmgesat ginn; de Marco Schank ass schonn op deen een oder deen aneren agaangen. Ech wëll net hei nach eng Kéier drop zréckkommen, ob och eng Buvette Ursaach war, firwat datt elo dee Projet retardéiert ginn ass. Ech mengen, dat soll net onbedéngt elo hei thematiséiert ginn. Wat wichteg ass, datt elo endlech emol de Projet dann och hei kann definitiv ëmgesat ginn.

Et muss een natierlech eppes hei besonnesch ënnersträichen: Et gëtt jo ganz vill Leit an eiser Gesellschaft, déi ëmmer eng negativ Approche vis-à-vis vun Europa hunn. Mä loosse mer mol ganz éierlech sinn, wann et Europa net géif ginn, a wann et net déi Gäissel vun Europa géif ginn, da fäerten ech ganz, da wier d'Situatioun vun eise Gewässerleef nach méi schlecht! An och dat soll emol eng Kéier kloer an däitlech hei ënnerstrach ginn.

An et ass awer net onbedéngt och eng gutt Bewäertung fir eist Land, wann Europa op eemol muss d'Gäissel huelen a soen: „Hei, Dir hutt nach do an do Defiziter an da gitt Iech elo emol drun, och dat ëmzesetzen." An an deem Sënn, dat kléngt elo vläicht e bësse kontradiktoresch, mä et muss een och souguer op eng Manéier frou sinn, datt mer veruerteelt gi sinn, datt elo emol eng nei Dynamik kënnt, datt neien Drock kënnt, och wann et ganz, entschëllegt deen Ausdrock hei, e bësse lamentabel ass, datt e Land wéi Lëtzebuerg, wat jo awer nun, naja, net onbedéngt hannen op der Lëscht steet, wann et ëm d'Capacités financières vun den EU-State geet, datt dat muss veruerteelt ginn, fir endlech emol déi noutwendeg Schrëtt ze ënnerhuelen.

A wa mer vun Europa schwätzen, da muss een natierlech besonnesch awer och op déi EU-Waasserrahmen-Richtlinn hiweisen. Dat ass eng ganz wesentlech Richtlinn, déi och Gott sei Dank duerch d'Gesetz jo vun 2008 ëmgesat ginn ass. A virun allem natierlech och, an et ass hei schonn e puermol vu menge Virriedner ugedeit ginn, dat ass dee berühmt-berüchtegten Arrêt vun der Europäescher Cour de justice vum leschten 28. November, nodeems mer jo dann elo definitiv och veruerteelt goufen, wéi gesot, wat net onbedéngt eng Renommée fir eist Land duerstellt.

Dëse Gesetzesprojet gesäit jo, an dat ass jo och e bësse speziell fir Kläranlagen (veuillez lire: fir e Kläranlageprojet), e Projet, Ausgaben iwwert de Wee vun zwee Fonge vir. Engersäits, wat jo normal ass, iwwert de Fonds pour la protection de l'eau. Awer op där anerer Säit dann eben och iwwert den Emweltfong. An och do muss ee sech awer munch Froe stellen, wéi et méiglech awer ass, datt eng Verwaltung, fir d'Ponts & Chaussées hei net mam Numm ze nennen, datt déi dann awer jorelaang einfach esou Saachen deponéiert huet, wuelwëssend, datt dat jo awer géif Problemer mat sech brénge.

Datt mer haut mussen zwou Milliounen zousätzlech investéieren, fir d'Sanéierung vun engem Site virzehuelen, och dat werft Froen op. An ech hoffen awer, datt och esou Saachen an Zukunft der Vergaangenheet wäerten awer ugehéieren.

Ee Volet, deen net hei ugeschnidde ginn ass - ech hat dat zwar och kuerz an der Kommissioun ugeschnidden -, an zwar geet et do ëm Réckstänn vu Medikamenter an eisen Ofwässer. Dat ass e Problem, deen ëmmer méi eng grouss Envergure kritt. An eng lescht Etüd aus Däitschland seet zum Beispill, datt europawäit ka festgehale ginn, datt ronn 3.000 Medikamenteréckstänn an eisen Ofwässer festgestallt gi sinn. Do sti mer also virun enger ganz grousser Erausfuerderung, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, europawäit, weltwäit kann ee soen.

Et ass eng Problematik, déi jo och zu enger genetescher Pollutioun vum Fëschbestand ka bäidroen an och nach aner Problemer wäert mat Sécherheet generéieren. An dowéinst, wéi gesot, ass dat een Aspekt, dee mer awer kënnen an der Klärtechnik, och hei zu Lëtzebuerg, an Zukunft net méi ignoréieren. Et ass also wesentlech, datt mer dat och zur Kenntnis huelen, datt mer kucken, wat entwéckelt sech um internationalen Niveau an der Klärtechnik, fir dann och, wéi gesot, deen Aspekt an Zukunft méi ze considéréieren.

Ech mengen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee schonn am Ufank hei steet vun enger neier Legislaturperiod an et schwätzt een iwwer esou ee wichtege Projet, wäert et jo och erlaabt sinn, vläicht e puer Reflexiounen ze maachen iwwert déi nei Gewässerschutzpolitik, déi elo an Ugréff geholl gëtt.

Wat sécher ass, och wann een net onbedéngt elo sech am Detail mat eise Gewässerleef, mat der Qualitéit vun eise Gewässerleef ofgëtt, esou ass et falsch, d'Bild ze verschéineren! Neen, mir hu ganz seriö Problemer nach mat de Gewässer hei zu Lëtzebuerg. Een, deen de Contraire seet, dee seet net d'Wourecht. An dowéinst ass et also wichteg, datt eng nei Dynamik och an d'Gewässerschutzpolitik kënnt. An ech wëll dat nach eng Kéier hei betounen, an déi nei Regierung ass och ze félicitéieren, datt se dee wesentlechen, dee wichtege Schrëtt ënnerholl huet, datt se d'Waasserwirtschaftsamt, wat ni an den Intérieur gehéiert huet, (veuillez lire: datt se d'Waasserwirtschaftsamt an den Ëmweltministère transféréiert huet).

1999, wéi mer et hei kreéiert hunn - a wann ech hei duerch d'Reie kucken, si jo nach eng Rei bekannte Gesiichter hei -, ware mer gréisstendeels natierlech zefridden, datt endlech e Waasserwirtschaftsamt geschafe ginn ass. Mä mir waren awer gläichzäiteg zu enger ganzer Rei och onzefridden, well et net an dee richtege Ministère komm ass. Firwat, dat wësse mer och, mä ech wëll net méi an d'Vergaangenheet wulle goen. Mä déi Leit, déi op dëser Säit sëtzen, wëssen d'Ursaach minimum esou gutt wéi ech. An dofir sinn ech besonnesch frou, an ech félicitéieren nach eng Kéier déi nei Regierung, dass se dee Courage huet.

Et muss een och soen, dozou gehéiert jo awer och e gewëssene Courage. Hei maache mer en Transfert vun enger Verwaltung, déi esou implantéiert war an engem Ministère aus enger Rei vun Ursaachen, déi transféiere mer elo riwwer an en anere Ministère. Dat wäert och net esou vun haut op muer goen, mä et ass e wesentlechen, et ass e wichtege Schrëtt, an ech sinn och iwwerzeegt, datt dat och wäert ouni Zweifel zu enger gewëssener Verbesserung bäidroen.

Wann et mer erlaabt ass, ee kuerzt Beispill ze ginn, an ech huelen dann d'Kolleegin Josée Lorschée hei als Témoin. Mir si jo de Moment an eiser Gemeng amgaang, e ganz wichtege Projet vu Renaturéierung ze maache vun der Uelzecht. A wat musse mer feststellen? Mir sinn elo iwwer zwee Joer amgaang, mir si keng dräi Millimeter weiderkomm, ënner anerem well zwou Verwaltungen zwou kontradiktoresch Approchen hunn. Dat däerf et awer net méi sinn!

An dowéinst hoffen ech och, datt elo duerch déi Zesummeleeung en neien Esprit an der Gewässerschutzpolitik hei zu Lëtzebuerg wäert ouni Zweifel entstoen. An datt mer, wéi gesot, nach grouss Retarden hei hunn, do ass guer keen Zweifel. An ech zitéieren hei zum Beispill aus dem Rapport 2012 - also et ass elo net, datt een hei einfach nëmme selwer Bewäertungen ofgëtt - aus dem Intérieur, wou dann do steet: «Il y a lieu de noter que de nombreuses stations d'épuration reçoivent des charges hydrauliques trop importantes. Ces surcharges sont dues, d'une part, à des équipements épuratoires non adaptés à l'évolution croissante de la population et, d'autre part, à des réseaux de collecte vétustes transportant trop d'eau claire parasite.» Ech mengen, deem ass näischt hinzuzefügen. Dat ass eng wesentlech Autokritik. An ech mengen, och dat soll eis am Fong dozou animéieren, fir eng verstäerkte Gewässerschutzpolitik an d'Wee ze leeden.

De Marco Schank, an dat ass guer net polemesch gemengt, den Här Schank huet natierlech engersäits drop higewisen, wéi vill an deene leschte Joren investéiert ginn ass. Dat ass richteg. Wann een d'Zuelen zwar e bësselche vun enger anerer Säit analyséiert, da gesäit een, datt awer oft d'Kreditter, déi virgesi waren, net an deem Mooss ëmmer benotzt gi sinn. Ech soen dat emol einfach esou faktuell hei. 2010 zum Beispill ware 75,3 Millioune virgesinn, et sinn der 56,5 investéiert ginn. 2011 waren der souguer nach manner investéiert gi wéi déi, déi virgesi waren. Et waren der 86,6 virgesinn, et sinn der 50,4 investéiert ginn. Einfach nëmmen emol esou. Ech mengen, dat si Fakten, wat awer och e bësselchen eppes zréckgëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer schonn iwwer eng effikass Gewässerschutzpolitik schwätzen, da komme mer awer och net derlaanscht e Wuert ze verléieren um Niveau vum Logement. Et ass ganz kloer, datt dës Regierung sech zum Zil gesat huet, wat och richteg ass, datt mer mussen zousätzlech bauen, datt mer méi séier musse bauen. Mä da musse mer awer och deen aneren Aspekt mat considéréieren. Zousätzlech bauen heescht awer och zousätzlecht Ofwaasser klären. An do maachen ech en Appell un, praktesch kann ech bal soen, eis heibannen, et si jo nach ëmmer vill Kommunalpolitiker hei, virun allem un d'Gemengen, datt een an Zukunft, wann en neien, gréissere Lotissement virläit, datt een awer virun allem sech och Gedanke mécht, wat fir eng Konsequenz huet dat fir d'Charge polluante herno, well jo awer déi Kläranlage mussen och deementspriechend déi néideg Capacitéiten opweisen.

Een anere wesentleche Punkt, wa mer vu Gewässerschutz schwätzen, ass natierlech och d'Renaturéierung vun eise Gewässerleef. Och do muss ee feststellen, datt nach ëmmer (veuillez lire: datt nach ëmmer gesënnegt gëtt). An ech kéint och do erëm e Beispill aus menger Géigend soen, et ass zwar méi no bei Diddeleng, mä bon, ech ginn elo net op den Détail hei an, mä do ass och geplangt, eng Baach ze renaturéieren. Wéi mer déi éischt Pläng gesinn hunn, do hu mer eis och munch Froe gestallt. An, Här Statssekretär, ech mengen, Dir sidd jo entre-temps am Bild, wier ech frou, wann och do emol vläicht géif e bësselchen awer eng aner Approche kommen.

Wat ass eng Renaturéierung? Eng Renaturéierung ass net einfach e Gewässerlaf, deen duerch e Rouer gelaf ass, niewendrun an en anere Rouer ze leeën, dee vläicht en hallwe Meter méi breet ass. Well ech mengen, och do läit nach ganz vill Potenzial, fir a sech d'Qualitéit vun eise Gewässer ze verbesseren.

E leschte Punkt nach, an dat geet nach op eng Décisioun vun där leschter Regierung zréck, wou u sech jo nei Parametere festgeluecht gi sinn, inwiefern datt an Zukunft d'Gemenge respektiv d'Gemengesyndikater kënnen op Subventioune vum Stat zréckgräifen. Déi si jo dann zréckgefuer ginn, ënner anerem zum Beispill vun 90% op 75%, wann et sech ëm netprioritär Projeten handelt. Dat ass engersäits ze verstoen, mä anerersäits wëll ech awer drop hiweisen, ech weess net, ob et richteg ass, an der Philosophie weiderzeliewen, datt an Zukunft

exklusiv d'Gemenge respektiv d'Gemengesyndikater sollen d'Kompetenz hunn an der Klärung vun eisen Ofwässer.

Well doduerch kann nämlech en Ongläichgewiicht entstoen, andeems datt mer engersäits de Syndikat X hunn, deen elo déi néideg Investissementer mécht en amont. Mir hunn awer en aval de Syndikat Y, deen awer vläicht net an deem Mooss déi Aarbechte mécht. An dann hu mer am Endeffekt net ganz vill fir de Floss geschafft, esou datt ech awer trotzdeem, net warnen, mä awer trotzdeem wëll drop hiweisen, datt et liicht geféierlech ass, wa mer lues a lues all d'Responsabilitéiten op d'Gemenge respektiv d'Gemengesyndikater ofdrécken.

D'Gewässerklärung ass nach wie vor mat Sécherheet awer och e wesentleche Bestanddeel vun enger staatlecher Aufgab, an dat kann natierlech nëmmen zesumme mat de Gemenge geschéien, respektiv mat de Gemengesyndikater. Mä de Stat kann op kee Fall hei ganz aus senger Verantwortung entlooss ginn.

Wéi gesot, nach eng Kéier, mir als Demokratesch Partei sinn natierlech houfreg, datt dee Projet de loi esou séier op den Ordre du jour komm ass. Dat erlaabt mer awer och dem Rapporteur, dem Henri Kox, Merci ze soen, souwuel fir säi schréftleche wéi och fir säi mëndleche Bericht. Et ass e ganz wichtege Projet, dee mer haut stëmmen, an et ass evident, datt d'DP d'Zoustëmmung dozou gëtt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Graas. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg Henri Kox als Rapporteur Merci soen. Ech mengen, de Rapporteur huet de Projet an all senge Facettë ventiléiert an analyséiert. An ech mengen, mir sinn eis heibannen eens, datt et e wichtege Projet ass an datt et héich Zäit ginn ass, datt mer dee Projet kënnen heibanne stëmmen.

An deene leschte Joren hu mer regelméisseg heibanne Projete gestëmmt, wat d'Kläranlagen-, d'Ofwässersanéierung ubelaangt, an ech mengen, déi Projete sinn am Prinzip och, esou wäit ech kann zréckdenken, ëmmer eestëmmeg heibanne gestëmmt ginn, wat och beweist, datt d'Parlament sech global senger Responsabilitéit do bewosst ass.

Et muss een allerdéngs wëssen, datt dat op eng Direktiv zréckgeet vum Joer 1991, also scho méi wéi 20 Joer, wou mer am Fong iwwer Europa, an dat hunn och scho Virriedner hei gesot, am Fong forcéiert gi sinn, Gott sei Dank kann een haut soen, fir eis Ofwässer, fir déi ze klären. An et muss ee sech haut d'Fro stellen, wann ee weess, datt déi Direktiv iwwer 20 Joer al ass, an datt Lëtzebuerg nach huet missen ugesicht ginn, wann och schonn iwwer Joren déi Prozedur leeft, an datt mer souguer hu misse condamnéiert ginn, fir bis an d'lescht Instanz ze reagéieren, da kéint ee sech haut nodréiglech d'Fro stellen: Wéi wäit wiere mer haut an der Klärung vun den Ofwässer, wa mer déi europäesch Direktiv 1991 net kritt hätten? Wann een als Land schonn iwwer 20 Joer brauch, fir eng Direktiv an d'Praxis ëmzesetzen, mat der Drohung vu Strofen, wat wier geschitt, wa mer dat net hätten?

An hei ass ee vun deene Punkten, mengen ech, wou ee muss soen, Gott sei Dank hu mer Europa, dat eis an esou Saache forcéiert, well soss wiere mer sécherlech haut net esou wäit, wéi mer sinn. An et ass am Fong en Aarmutszeugnis fir e Land wéi Lëtzebuerg, wann et och haut de Fall net méi ass, mä wat an deene méi wéi 20 Joer eng grouss Period hat, wou mer quasi am Geld geschwomme sinn, et awer net fäerdegbruecht hunn, fir dat Geld richteg ze investéieren. Mir hunn, op gutt Lëtzebuergesch gesot, vill Blödsinn an deenen 20... An onnëtz Saachen hu mer investéiert, an esou wichteg Saache wéi déi heiten, déi si mat deene verschiddensten Argumenter zréckgesat ginn.

Et ass och dacks gesot ginn, dat géif un de Gemengen oder un de Syndikater leien. Ech géif soen, aus eegener Erfahrung, datt dat net de Fall ass. Mir wësse jo awer, datt d'Gemengen oder d'Syndikater am Prinzip bis elo mat 10% nëmmen un den Investitioune bedeelegt waren, de Stat mat 90%. An déi 10% ware fir déi wéinegst Gemengen oder Syndikater eng Ursaach, fir e Projet net ze bauen. Mä déi meescht Gemengen, déi hu jorelaang drop gewaart, fir de Feu vert ze kréie vum Ministère, fir de Projet ze realiséieren, well de Stat eben zu deem Zäitpunkt net d'Suen hat, fir seng Obligatiounen ze finanzéieren. An et war jo och net méiglech fir Gemengen oder fir Syndikater, fir am Fong 100% ze finanzéieren, an dann hätte se misse jorelaang drop waarden, fir déi 90% zréckzekréien.

Ech hu selwer iwwer Jorzéngten un esou engem Projet an enger Gemeng geschafft. A mir hunn ëmmer nëmmen a genau esou séier, wéi de Stat eis d'Suen zur Verfügung gestallt huet, esou séier hu mer de Projet realiséiert. Et huet ni un de Gemengen oder un de Syndikater geleeën, mä et huet ëmmer un dem Finanzéiere vun deem groussen Deel vun 90% gehaangen, wat vum Stat ass.

Dat heescht, hei hu mer eng Responsabilitéit, déi iwwer 20 Joer um nationalen Niveau louch, wou net déi néideg Kreditter zur Verfügung gestallt gi sinn, fir datt mer d'Land flächendeckend konnte mat deene Kläranlagen ausstatten, wéi dat muss sinn.

An elo hu mer eben en Uerteel kritt, wou Lëtzebuerg condamnéiert ginn ass fir e Forfait vun zwou Milliounen Euro a vun 2.800 Euro den Dag. Dat ass, menger Meenung no, eng Katastroph! Wa mer wëssen, wéi vill Geld datt mer elo als Land mussen hei Dag fir Dag als Strof bezuelen.

An do gëtt net genuch iwwert d'Responsabilitéit diskutéiert, wien duerfir responsabel ass. Wien iwwerhëlt déi politesch Responsabilitéit fir dat Uerteel? An dat sinn am Fong alleguerten déi, déi an där ganzer Zäit an der Responsabilitéit waren! Déi missten elo opstoen a soen: Dat doten ass eis Responsabilitéit, mir iwwerhuelen déi fir dat, wat de Stat elo muss iwwer all déi Méint a Joren als Strof bezuelen.

An ech hätt och an deem Zesummenhang eng Fro un den Här Statssekretär, ob scho gerechent ginn ass, wéi vill datt dat global ausmécht, wat de Lëtzebuerger Stat wäert do misse bezuelen. De Stat wäert jo wëssen, wéini ongeféier se rechnen, mat den Infrastrukture fäerdeg ze sinn, a wéini deen Dag dann ongeféier wier, wou de Lëtzebuerger Stat déi Suen dann net méi muss als Strof bezuelen.

Et gëtt ëmmer diskutéiert bei de Leit dobaussen: Wie bezilt dat dann elo? Ass dat de Stat, deen déi Strof do bezilt? Oder ass et d'Gemeng oder dee Syndikat, deen déi Kläranlag net gebaut huet?

Ech hunn Iech elo grad gesot, datt déi Responsabilitéit an der Vergaangenheet menger Meenung no nach ëmmer - d'Ursaach - beim Stat war. Et kann een natierlech och soen, dee Syndikat oder déi Gemengen hätten och kënnen den néidegen Drock maachen oder e Schrack no vir maachen, da wier de Projet och vläicht realiséiert ginn. Mä ech soen, et ass weder de Stat nach ass et d'Gemeng oder de Syndikat, dee se bezilt. Dee se bezilt, dat sinn d'Steierzueler!

Dat sinn d'Steierzueler, déi mussen déi Strof hei bezuelen, well iwwer Jorzéngten déi zoustänneg Regierung an déi zoustänneg Ministere versot hunn, eng Ofwaasserpolitik ze maachen, déi konform zu eisen europäeschen Engagementer war, déi mer mat der Direktiv vun '91, déi mer '94 ëmgesat hunn, geholl hunn!

Do muss een also soen, déi Strof, déi hei geholl gouf, do gëtt et Käpp mat Nimm drop, déi an deenen 20 Joer responsabel waren. Vill vun deene sinn haut nach heibannen. A wann ech géif soen, déi sollen elo emol alleguer opstoen, déi déi politesch Responsabilitéit iwwert déi Strof hunn, ech sinn iwwerzeegt, Här President, da stinn der genausou vill do, wéi ech. A vu datt ech net déi Responsabilitéit ze droen hunn, ier déi aner opstinn, ginn ech mech setzen.

(Hilarité)

M. le Président.- Domat wäre mer bal um Enn. Mir hunn nach een ageschriwwene Riedner, dat ass den Här Justin Turpel. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu véier Bemierkungen zu deem Projet do ze maachen.

Déi éischt Bemierkung ass déi: Mir stëmme fir dee Projet. Aus där ganz einfacher Ursaach, well dat muss gemaach ginn. Dat ass noutwendeg an dat ass och richteg, datt de Stat sech dorunner bedeelegt. Mir sinn och d'accord, datt déi Bedeelegung 90% fir d'Kläranlag bedréit an 100% fir den Assainissement.

D'zweet Bemierkung: De Vote derfir gëtt awer keng Dispens, fir ze kucken, wat d'Ursaache si vun deem Retard. Dat Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff war een ugekënnegt Uerteel. Ech kéint elo Question-parlementairë vun 2006 an esou weider dozou widderhuelen, mä elo läit et vir: zwou Millioune plus 2.800 Euro den Dag, wat nach eng Kéier ronn eng Millioun d'Joer ausmécht, wou et da wichteg wier, ze wëssen, wéi laang leeft dat.

Mir wëssen och, datt dat Uerteel net nëmme wéinst der Bleesbréck ass. Dat Uerteel ass och wéinst der Stad Lëtzebuerg. Ursprénglech war och Déifferdeng nach mat am Coup. Déifferdeng kënnt just mat eraus, well se soen, se géife sech den 1. Januar 2014 u Péiteng uschléissen.

An et wier wichteg, et muss een och wëssen, datt déi Strof sechs Méint méi laang leeft wéi d'Mise en conformité, wann ech dat richteg verstanen hunn. Do kann de Statssekretär eis driwwer opklären. Et wier wichteg, fir ze wëssen, wéi laang datt déi Strof do leeft.

Ech hunn an där Kommissioun, an där ech Member sinn, d'Ursaache gefrot. Eng Chronologie vun den Ursaachen, wéi et dozou konnt kommen. Ech krut ee Relevé, oder d'Membere vun der Kommissioun hunn ee Relevé kritt, wou dropstoung, wat geschitt ass. Net d'Ursaachen, mä wat wéini gemaach ginn ass. Net, wat net gemaach ginn ass, mä wat gemaach ginn ass. An dee Relevé, dee geet un 2003.

Mir kruten och mëndlech verschidden Erklärungen iwwert d'Schwieregkeet fir festzeleeën, wéi vill Einwohnerwäerter datt et wieren, iwwert d'Schwieregkeet fir erauszefannen, ob Luxlait misst eng eege Kläranlag hunn oder net, déi se finalement elo huet, iwwert d'technesch Schwieregkeeten.

Mä et sinn och Saache gesot ginn, déi net stëmmen, wou mer eis vergewëssere gelooss hunn an der Kommissioun, datt se net stëmmen, wéi déi berühmten Diskussioun iwwert déi Buvette, wat näischt aneschters ass wéi - wann ech dat richteg verstanen hunn - ee Réfectoire fir 60 Aarbechter, déi do schaffen. An ech hoffen, datt déi Aarbechter dee Réfectoire kréien. A wann en elo am Projet net mat dran ass, da misst dat ganz schnell nogeholl ginn.

Mä wat vun 1991 respektiv vu '94, wou mer de Règlement grand-ducal geholl hunn iwwert d'Ëmsetzung vun der 91er Direktiv, bis 2003 geschitt ass, do ass „das große Schweigen". Manifestement ass do net dat geschitt, wat hätt sollen oder wat hätt missen.

De Jean-Marie Halsdorf sot an der Kommissioun, jiddweree wier schold, an hien hätt keng Loscht, fir do méi driwwer ze schwätzen. Ech mengen, et gëtt een Accord an der Kommissioun, ausser mir, fir ze soen: Kommt, mer kucken net, wie schëlleg ass! Ech wéisst awer gären, wéi et dozou komm ass. An ech kann net akzeptéieren (veuillez lire: verhënneren), datt dee Gedächtnisschwund, deen hei virläit, datt dee mech fatal erënnert un ee grousse Prozess, deen de Moment amgaang ass!

Ech krut och versprach, an duerfir féieren ech dat och elo net méi wäit aus, datt an enger vun deenen nächste Kommissioune (veuillez lire: Sitzunge) vun der Ëmweltkommissioun eng Diskussioun géif entstoen iwwert dee Relevé an iwwert d'Ursaachen, déi dozou gefouert hunn.

Ech wëll iwwregens soen, déi nämlecht Diskussioun féiere mer an der Stad, wou de Projet de loi fir de Kollekter ze bauen 2003 déposéiert ginn ass, a wou ech eng Ufro am Gemengerot gemaach hunn, fir och do d'Ursaachen, d'Chronologie vun den Evenementer vun den Ursaachen, firwat datt et do zu Retarde komm ass... Wou et och objektiv Ursaache gëtt, wéi Failliten an esou weider, mä awer net nëmmen. 1991 bis 2003 ass ee laangen Dag, an do bleift munches ze klären!

Drëtt Bemierkung: Et gëtt nach eng Rei wäiss Flecken op der Kaart vun de Kläranlagen, esou wéi se gebraucht ginn. Ech schwätzen elo net vun deenen, déi ënner EU-Recht falen, well se iwwer 10.000 Einwohner wäerte sinn, mä ech schwätze vun deenen, déi drënner sinn. An et brauch een nëmmen de Rapport ze huele vum Ëmweltministère an ze liesen, datt do drënnerfalen: Mondorf, Elweng, Kënzeg, Jonglënster, Tënten, Waldbëlleg an esou weider an esou fort. An och do stellt sech d'Fro: Wéini gëtt dat gemaach?

(Interruption)

An déi lescht Fro, déi ech an der Kommissioun gestallt hunn, wou ech nach keng Äntwert konnt drop kréien, an de Statssekretär och gesot huet, hie kéint de Moment net drop äntwerten - vläicht kréie mer se haut beäntwert -, dat ass d'Fro a Bezuch op d'Gesetz, iwwert d'Waassergesetz vum 19. Dezember 2008, wat de Gestehungspräis ugeet, dee seet, datt d'Taxen, déi gefrot ginn, dee reelle Käschtepunkt mussen decken, «l'ensemble des charges...» an esou weider.

D'Fro ass déi: Sinn dat 100% vun den urspréngleche Käschten, oder sinn et déi 10%, déi bleiwen, wann de Stat seng Subventioun ginn huet? Wann et nämlech 100% sinn, da ginn do erëm eng Kéier d'Bierger an d'Stéit bei d'Lisette gelooss, wéi bei der Strof. Da bezuele se duebel: eng Kéier iwwert d'Steieren an eng Kéier iwwert d'Taxen. Soudass ech hoffen, datt et nëmmen déi 10% sinn. Mä d'Äntwert ass bis elo ausbliwwen, an ech ginn dovunner aus, datt mer déi Äntwert elo kréien.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Domat wär d'Diskussioun eriwwer an ech géif dem zoustännege Statssekretär, dem Här Camille Gira, d'Wuert ginn. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Alleréischt wëll ech hei och am Numm vun der Regierung ganz häerzlech Merci soen. Merci dem Rapporteur fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, deen esou gutt an esou detailléiert war, dass ech zum Projet selwer eigentlech net méi allze vill muss soen. Merci awer och fir d'Unanimitéit zu dësem Projet.

Mä Merci awer virun allem, dass déi nei Chamber, kaum dass se zesummegesat war, esou séier dëse Projet zur Ofstëmmung bruecht huet. Ech kann et ëmmer nëmme widderhuelen, Dir kennt d'Situatioun esou gutt ewéi ech: Eng Strof, e Forfait vun zwou Milliounen Euro, déi sinn emol fälleg. An dann, fir dat ze preziséieren, déi 2.800 Euro lafe vum Dag vum Uerteel un, also viru ronn 14 Deeg.

Ech si gefrot gi vum Här Gibéryen, op wat dat Ganzt kann dann erauslafen. Dat ass natierlech elo schwéier ze soen. Dat hänkt elo ganz staark dovun of, wéi séier dass de Projet vun der Stad Lëtzebuerg fäerdeg ass a wéi séier dann duerno de Projet vun der Bleesbréck fäerdeg ass. Wann dat antrëfft, wat déi zwee Maîtres d'ouvrage eis soen, da kënnt Der ongeféier mat nach eng Kéier zwou bis dräi Millioune rechnen.

Et ass och esou, dass déi 2.800 Euro proportionell sinn. Mir ginn dovun aus, dass Beggen/Bouneweg vläicht an der Mëtt vun 2015 konform sinn. An da gëtt während sechs Méint gekuckt, ob déi Kläranlag och déi Wäerter, déi Aflosswäerter respektéiert. A wann dann nodréiglech festgestallt gëtt, dass déi sechs Méint scho konform waren, dann hält dee Moment déi proportionell Strof, déi mat den Einwohnergleichwerter vun där Kläranlag ze dinn huet, op.

Elo muss een awer wëssen, dass dat ronn en Drëttel ass vun den Einwohnergleichwerter an dass déi aner zwee Drëttel Bleesbréck sinn. Also wa Bouneweg éischter fäerdeg ass, da kënnt Der ongeféier 900 bis 1.000 Euro ofrechnen. Déi aner lafe bis zum Schluss, bis d'Bleesbréck fäerdeg ass.

Mir si ganz frou, dass dee Projet elo kann esou séier gestëmmt ginn, well all Dag - all Dag! -, dat hutt Der matkritt, Dir Dammen an Dir Hären, dee mer spueren, dat ass also boer Mënz. Mir wollten heimat och e staarkt Signal un d'Kommissioun op Bréissel schécken, fir ze weisen, dass dës Regierung alles wëllt maachen, fir esou séier wéi méiglech konform ze sinn.

Mir gesinn dat hei awer och als e kloert Signal un de Bedreiwer, den Ofwaassersyndikat, dass elo wierklech keng Ursaach méi do ass, fir net virunzemaachen.

Et ass awer ganz kloer esou, an dat ass hei e puermol gesot ginn, dat hei ass e Finanzéierungsgesetz. Nach bleift de SIDEN de Maître d'ouvrage. Et ass natierlech un hinnen, ze kucken, dass se esou séier wéi méiglech virukommen. Mir wäerte vum Ministère aus alles maachen, fir dass déi néideg Autorisatiounen - wou en Deel schonn do ass, anerer sinn um Lafen; do waren dës Woch nach Gespréicher tëschent dem Ministère an dem SIDEN -, dass dat esou séier wéi méiglech ka virugoen. Mä duerno muss awer de Syndikat selwer alles maachen, fir esou séier wéi méiglech fäerdeg ze ginn.

An dann, wat d'Cour des Comptes ubelaangt, kann ech Iech soen, dass ees wéi ees e Rapport vun der Cour des Comptes iwwer sechs vergaange Kläranlagen ënnerwee ass. Ech hunn deen nach net gesinn. Ech hu mer just vum Ministère soe gelooss, dass deen do ass.

An dat wier och vläicht e gudde Moment, Här Turpel, dass mer dann net nëmme géifen iwwert déi eng oder déi aner Kläranlag schwätzen, mä wann de Rapport vun der Cour des Comptes wierklech do ass an dee kontradiktoreschen Hin an Hier tëschent de Ministèrë fäerdeg ass, géif ech proposéieren, dass mer dann nach eng Kéier an der Emweltkommissioun generell iwwert déi ganz Problematik schwätzen, firwat et ëmmer erëm an deem Beräich zu Retarde kënnt.

An da kann ee jo och spezifesch iwwert déi zwou Kläranlagen, déi Dir spezifesch opgeworf hutt, kann een da gären och nach méi an den Detail goen. Ech kennen awer, wéi gesot, deen Inhalt nach net. Wann déi Prozedur ofgelaf ass, da wäerte mer eis eng Kéier bei Iech mellen.

Mä, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet jo net nëmmen ëm d'Suen! Et ass elo schrecklech vill iwwert d'Sue geschwat ginn, déi mer musse bezuelen. Ech wier frou gewiescht, wa mer grad esou vill iwwert den Emweltschued, deen hannert deene Sue steet, géife schwätzen.

Well Bréissel veruerteelt eis jo net, well et hinnen op eemol agefall ass '91, et misst ee Kläranlage bauen. Mä mir gi veruerteelt, well mer d'Kläranlagen net konform hunn, well mer d'Flëss an engem katastrophalen Zoustand loossen! An ech mengen, dat ass eigentlech nach vill méi schlëmm, wéi déi Suen, déi mer mussen op Bréissel bezuelen.

Ech kéint elo hei probéieren, e laangen Exkurs ze maachen, wéisou mer 22 Joer no der Kläranlagendirektiv nach ëmmer net konform sinn. Dat géif meng Zäit sprengen. Ech mengen awer och, och bei aller Pertinenz, eng gewësse Vergaangenheetsbewältegung ze maachen. Mir wëllen awer als nei Regierung an deem Dossier hei virun allem no vir kucken. Dat ass elo dat, wat fir eis zielt.

Dir erlaabt mer awer trotzdeem, eng Rei allgemeng Bemierkungen zu den Ursaache vun dëser bedauerlecher Situatioun ze maachen. An ech géif ganz gäre vläicht bei där enger oder anerer Ursaach e Verglach maache mat engem anere Beräich aus der Ëmweltpolitik, deen ech speziell gutt kennen, mä vill vun Iech och, dat ass d'Offallpolitik.

Dir hutt nach ni héieren, dass mer an der Offallpolitik e Problem hate mat der Ëmsetzung vun europäeschen Direktiven! Jo, ganz oft kënne mer als Lëtzebuerg souguer soen: „Mä do si mer scho ganz gutt!"

Dir hutt vläicht matkritt, dass déi nei Ëmweltministesch fir d'Éischt op Bréissel war, an do war déi Direktiv ënnerwee mat de Plastikstuten, fir déi vläicht ze reduzéieren an Europa. Du konnt se ganz houfreg sinn - dat ass elo net hire Mérite an net där neier Regierung hire Mérite gewiescht, mä deene vu virdrun - a soen: „Mä dat, wat Dir hei wëllt maachen, dat ass zu Lëtzebuerg längst de Fall. Mir hu praktesch d'Plastikstuten an de klengen a groussen Épicerien ëm 90% reduzéiert."

Ech ginn Iech aus mengen Aen, aus menger Analys e puer Ursaachen, firwat mer an déi bedauerlech Situatioun komm sinn:

Déi éischt ass, dass déi jeeweileg Regierungen, wéi déi Direktiv komm ass, net derfir gesuergt hunn, dass déi néideg Strukturen en place gesat gi sinn. Et ass hei gesot ginn: „Dat si Milliarden Ausgaben, esou Kläranlagen, Kollekteren! An de Gros vun deene Gemenge sinn iwwerfuerdert." An et huet éischtens éiweg gedauert, bis déi Syndikater en place waren. A souguer haut, an dat ass och schonn erwähnt ginn, gëtt et nach ëmmer wäiss Flecken op der Landkaart!

Wann ech do den Offallberäich huelen, 1981, wou déi éischt Direktiv komm ass vu Bréissel, war den deemolegen, e war nach net Ëmweltminister, mä de Précurseur am Ëmweltberäich, de Josy Barthel, ass higaangen an huet direkt Drock op d'Gemenge gemaach. En huet gesot: „Dir musst elo all Är Tippen zoumaachen. A wann Dir net an e puer Joer an engem Offallsyndikat sidd, da kritt Der eng ganz Rei Subsiden net méi gemaach!" Ech mengen, dat war méi eng wäitsiichteg an och méi eng contraignant Politik.

Zweetens, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hu mer déi richteg Präisser net verrechent am Ofwaasserberäich. Et huet bis 2008 gedauert, bis an deem Land hei, wou d'Nopeschlänner scho längst käschtendeckend Präisser am Waasser, am Ofwaasserberäich haten, bis iwwerhaapt iwwer käschtendeckend Präisser geschwat ginn ass! A well dat Waasser an dat Ofwaasser jo och näischt kascht huet, oder mer hu gemengt, et géif näischt kaschten, war et keen Thema bei de Gemengen a bei de Gemengesyndikater.

An op där anerer Säit war et och schwiereg, an de Gast Gibéryen huet dat gesot, besonnesch fir kleng Gemengen, iwwerhaapt esou Projeten unzegoen. Well souguer déi 10%, déi d'Gemengen hu misse bréngen, hu se, well mer keng käschtendeckend Ofwaassertaxen haten, praktesch alles „en apport en capital" misse bréngen aus hirem normale Budget, wat déi meescht dann och iwwerfuerdert huet.

Och do kann ech awer vergläiche mam Offallberäich. Do gëtt et schonn, zumindest an eenzelne Syndikater, zënter den 90er Jore käschtendeckend Präisser fir déi grouss. An domadder sinn déi grouss Infrastrukture finanzéiert ginn.

Ech kann Iech e Beispill aus mengem fréiere Liewen als President vum SIDEC hei zitéieren: Déi ganz Deponie, déi ganz Infrastrukture fir 55 Gemengen, do si 40 Milliounen Euro investéiert ginn. Wësst Der, dass do net eng Gemeng een Euro „apport en capital" huet misse bréngen? Firwat? Mä well mer zënter den 90er Jore käschtendeckend Taxe gefrot hunn, domadder Reserven ugeluecht hunn an domadder och konnten déi néideg Infrastrukture finanzéieren, fir konform ze sinn zu deene jeeweilegen EU-Direktiven, déi komm sinn!

Dat kléngt dann heiansdo am Ufank, wéi wann dat méi deier wier fir d'Bierger an d'Biergerinnen. Haut gesi mer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass dat hei vill méi deier gëtt an dass mer hei onnëtz Geld op Bréissel mussen iwwerweisen.

Drëtt Ursaach: Mir hunn de Pollueur-payeur net seriö ugewannt. An ech bedaueren, dass bei der Loi-cadre 2008 eng politesch Décisioun geholl ginn ass, d'Taxes de rejet, déi d'Gemengen un de Stat mussen offéieren, fir all Gemeng d'selwecht ze maachen, wat eigentlech pervers ass. Dat heescht, déi Gemengen, déi keng Kläranlagen hunn, hu vill manner Fraisen, brauchen awer net méi eng héich Taxe de rejet un de Stat ofzeféieren. Et ass eigentlech paradox.

Dat huet deemools bei där Majoritéit kee Konsens fonnt. Ech fannen dat net gutt, well domat huet d'Regierung, léif Kolleeginnen a Kolleegen, sech praktesch all Drockmëttel geholl, fir par rapport zu de Gemengen an de Gemengesyndikater Drock auszeüben.

Véiertens, an dat ass scho gesot ginn, ech stinn och dozou, hunn och zu deene gehéiert, déi dat deemools scho prophezeit hunn, dass et e Feeler war, d'Waasser an d'Kompetenz vum Innenministère ze setzen. Dat huet emol näischt mat deene jeeweilege Persounen ze dinn, déi do an deem Ministère waren, mä dat war strukturell ganz einfach e Feeler.

A fënneftens an net déi lescht Ursaach, ass en typescht Beispill, wéi an der Vergaangenheet d'Récksäit vun der Wuesstumsmedail net considéréiert ginn ass. Wann een all Joers Dausenden Aarbechtsplaze schaaft a wann all Joers Dausenden nei Leit op Lëtzebuerg kommen, dann däerf ee sech net nëmme freeën iwwert déi zousätzlech Steiere fir de Stat, déi supplémentaire Cotisatioune fir d'Kranken- a Pensiounskeesen, neen, da muss een och Crèchë bauen, Schoule plangen a Kläranlagen eventuell vergréisseren!

An, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Regierung huet sech fest virgeholl, an dësem Kontext eng Rei Saachen ze verbesseren. De Koalitiounsprogramm ass schonn ugeschwat ginn. Mir hu ganz kloer an och unanime décidéiert, d'Waasser erëm dohin ze bréngen, wou et higehéiert, nämlech an den Ëmweltministère. An ech kann den Här Graas berouegen: Net méi spéit wéi d'lescht Woch, wéi déi eenzel Direktioune vun de Verwaltunge bei eis komm sinn op de Kierchbierg, hu mer de Problem ugeschwat, fir ze soen, et kann elo net sinn, dass dräi verschidden Acteure bei d'Gemenge ginn an ënnerschiddlech Konzepter hunn, fir Baachen a Flëss ze renaturéieren.

Do ass eng Kéier d'Natur- a Bëschverwaltung; do ass awer och eng Kéier d'Waasserverwaltung an heiansdo sinn dann och nach d'SICONAen, déi bei d'Gemenge ginn, an deemno wéi sinn do dräi verschidde Konzepter. Si hunn e kloren Optrag kritt, prioritär derfir ze suergen, dass deemnächst eng kloer Vue ass, wat eng Renaturéierung vun enger Baach bedeit. An dat soll och esou séier wéi méiglech koordinéiert ginn, dass esou ënnerschiddlech Approchen net méi virkommen.

Zweetens, wat mer wëllen ënneren: Mir wëllen, dat hutt Der matkritt am Koalitiounsaccord, e generellen Nohaltegkeetscheck aféiere bei gréissere Projete vun der Regierung, fir dass eben och d'Récksäit vun der Medail vun eenzelne Projete gekuckt gëtt, an net nëmme gekuckt gëtt, wat vu Steieren a Cotisatiounen erakënnt, mä wat dann och eventuell negativ Effeten op d'Ëmwelt an aner Beräicher am Statsbudget sinn.

Drëttens wëlle mer derfir suergen, an ech freeë mech all Dag, wann ech d'Rapporte vun de Gemenge liesen, dass awer lues a lues erkannt gëtt, dass et éischtens méiglech ass, dass et kee Biergerkrich an enger Gemeng gëtt, wann ee käschtendeckend Taxen aféiert, an dass zweetens genau domadder déi Suen an de Gemengebudget fléissen, fir dann och déi Dépensë fir Kollekteren a Kläranlagen ze maachen. An dofir wäerte mir och derfir suergen, dass den harmoniséierte Waasserpräis, mengen ech, dee korrekt ass, net méi héich ass wéi siwen Euro fir d'ganzt Land. Do ass jo schonn deene ländleche Raim Rücksicht gedroe ginn, mengen ech, an do wëlle mer och derfir suergen, dass dee lues a lues iwwerall agefouert gëtt.

A véiertens, an domat kann ech och op e puer Froen äntwerten: Et steet och am Koalitiounsaccord, dass mer eng Diskussioun als Regierung wëlle féiere mat de Gemengesyndikater, fir da genee och emol eng Kéier d'Kompetenzen tëschent dem Ministère, tëschent der Waasserverwaltung an de Syndikater ze féieren. Mir mussen évitéieren, an Zäite vu knappe Keesen, dass mer do double emploi maachen. An an deem Kontext wäerte mer och da mat deene Gemenge schwätzen, déi elo nach als wäisse Fleck op där Ofwaasserkaart sinn. An ech hoffen, dass mer och do eng Entente fannen, fir dass déi och an deen een oder deen aneren Ofwaassersyndikat wäerte goen.

A fënneftens: Wa mer net vun der Plaz kéimen, dann, mengen ech, misst een och kënnen nodenken, ob een déi Taxe de rejet, déi un de Verschmotzungsgrad de Moment net gebonnen ass, ob een net esou wäit sollt higoen an d'Gesetz erëm änneren an derfir suergen, dass, wa Gemenge wierklech do wären, wou manifestement Blocagë wären, dass een do géif higoen a wierklech erëm d'Welt op d'Féiss stellen an dass déijéineg méi eng héich Taxe de rejet misste bezuelen, wéi déi, déi hir Hausaufgabe gemaach hunn an deenen hir Kläranlage konform sinn.

Domat, Här President, menge mer am Beräich Ofwaassergestioun endlech zu definitiven an nohaltege Léisungen ze kommen.

Mä mengt awer net, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat wiere mer am Waasserberäich iwwert de Bierg! Nach laang net! Ech wëll lech soen, dass bei enger zweeter Direktiv, déi och vun ´91 ass, nämlech déi iwwert d'Nitrater, eng zweet Saisine ass vun der Kommissioun. A mer riskéieren och do veruerteelt ze ginn! An dofir hu mer och do elo alles an d'Wee geleet, an net méi spéit wéi muer de Moien ass e Règlement grand-ducal oder en Avant-projet de règlement grand-ducal am Regierungsrot. An ech hoffen, dass domadder endlech d'Kommissioun Rou gëtt, well soss blitt eis, an deem Kontext, datselwecht!

An och bei der Waasserdirektiv huet eng vun den Ursaachen dofir, dass nëmme 7% vun de Baachen a Flëss, de Moment, an engem gudden Zoustand sinn, och mat den Nitrater, mat der Auswäschung vun der Landwirtschaft ze dinn. An deen neie Landwirtschaftsminister a mir als Ëmweltministère wäerten alles drusetzen, an deem do Beräich op jidde Fall, dass eisen Nokommen net deeselwechte Misär blitt an do vläicht nach méi massiv Strofe misste bezuelt ginn.

Op jidde Fall, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci villmools fir Är Diligence. A mir si frou, dass mer, wann dat Gesetz hei unanime gestëmmt gëtt, scho muer kënnen de Communiqué op Bréissel schécken, fir ze soen, dass mer alles wäerten drusetzen, fir, no 22 Joer, esou séier wéi méiglech mat där Direktiv do konform ze sinn.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Statssekretär Camille Gira. Ech hunn nach eng Wuertmeldung.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Parole après ministre. Kann ech…

M. le Président.- Jo.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Kann ech eng Prezisioun kréien zu der Fro vum Amortissement respektiv zum Käschtendeckungspräis, wat d'Subventiounen ugeet, ob se do mat dra sinn oder net?

Merci.

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*.- Also, ech kann Iech keng Äntwert ginn op déi Problematik vum Amortissement. Do si scho mam Virgänger, am Intérieur, Diskussioune gelaf mat den Ofwaassersyndikater. Gitt eis eng Chance. Mir sinn, mengen ech, elo aacht oder zéng Deeg do. Dee Problem wäerte mer ugoen. An ech hoffen, dass, wa mer eng Kéier iwwert dee Rapport vun der Cour des Comptes schwätzen, dass mer do scho weider sinn an Iech konkret Äntwerte kënne ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mer ginn zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6580 iwwer.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6580 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6580 ass unanime mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Nächste Punkt vum Ordre du jour ass d'Diskussioun vum Projet de loi 6594, eng Ofännerung vum Code du Travail. Den Här Georges Engel ass Rapporteur. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

7. 6594 - Projet de loi portant modification

1. de l'article L. 122-10 du Code du Travail;

2. de l'article 1er de la loi modifiée du 3 août 2010

1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l'emploi et à adapter les modalités d'indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail;

2) modifiant les articles L. 513-3, L. 521-7 et L. 523-1 du Code du Travail;

3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant:

1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail;

2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail;

3. des articles 2 et 3 de la loi modifiée du 17 février 2009 portant

1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail;

2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, Merci der Kommissioun fir d'Versteesdemech fir dat séiert Aberuffe vun enger Sitzung an och, datt se mech Rapporteur gemaach huet vun deem Projet de loi, deen de Minister Nicolas Schmit den 19. Juli 2013 déposéiert huet. Et leien Avise vir vun der Chambre des Salariés, vun der Chambre de Commerce, vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics an natierlech och vum Statsrot. De Projet de loi gouf duerch en Amendement gouvernemental eng zweete Kéier vum Statsrot aviséiert.

D'Gesetz, iwwert dat mer haut ofstëmmen, huet eng gewëssen Urgence, well mer soss ab dem 1. Januar an e Vide juridique kéinte falen. Et besteet aus zwee Voleten.

Deen éischte Volet handelt ëm den Artikel L. 122-10 vum Code du Travail. Dee soll dem Avis motivé vun der Europäescher Kommissioun Rechnung droen, laut deem Lëtzebuerg d'Direktiv 1999/70 net vollstänneg ëmgesat huet.

An deem Sënn gëtt een Abschnitt bäigesat. Dëse féiert eng Obligation d'information vun alle Salariéen an, déi e befristeten Aarbechtskontrakt - also en CDD - hunn, am Fall wou de Betrib e Poste mat engem onbefristete Kontrakt géif fräimaachen oder dee géif fräiginn.

De Statsrot ass ausserdeem der Meenung, datt Lëtzebuerg déiselwecht Direktiv nëmmen zum Deel ëmgesat huet, well et hei keng anstänneg Protektioun vun de Salariéë géigeniwwer ze heefegen Erneierunge vun CDDe gëtt.

Et geet hei haaptsächlech ëm d'Professeren an d'Chercheure vun der Uni an déi Leit, déi am Beräich vun dem Art du spectacle schaffen. D'parlamentaresch Kommissioun weist hei op eng Prise de position vun der leschter Regierung hin, déi dës un d'EU-Kommissioun adresséiert hat. Do stoung dran, dass eng abusiv an heefeg Uwendung vun den CDDen fir Enseignants et Chercheurs an der Uni ausgeschloss wier, well se just en CDD mat enger Maximaldauer vu 60 Méint kënne kréien. Do sinn d'Verlängerungen dann inclus. Dëst entsprécht iwwregens och dem Wonsch vu ville Chercheuren, wou et Usus u sech ass, datt si sech just fir eng bestëmmten an zäitlech begrenzten Zäit an enger Uni engagéieren.

Wat d'Intermittents du spectacle ugeet, sou huet d'Regierung drop higewisen, datt et am Secteur duerch d'Natur vum Beruff dozou gehéiert, en CDD ze kréien, well d'Engagementer bal ëmmer temporärer Natur sinn. Ausserdeem sinn am Gesetz iwwert de Statut vum Artist, deem neie Gesetz, eng Rei vu Mesures sociales virgesinn, notamment, dass se méi séier Zougang zum Chômage kréichen.

Deen zweete Volet vun deem virleiende Gesetzestext betrëfft d'Verlängerung vu verschiddenen temporäre Moossnamen am Aarbechtsrecht. Dës sollen Enn Dezember dëst Joer auslafen a ginn duerch deen heite virleiende Gesetzestext bis den 31. Dezember 2015 verlängert. Et handelt sech ëm Dispositiounen zu der Indemnisation du chômage complet an der Indemnisatioun vum Chômage partiel.

Dës Moossname sinn an der Kris agefouert ginn am Gesetz vum 17. Februar 2009 an haten als kloer Zilsetzung, d'Beschäftegung ze erhalen an d'Betriber ze ënnerstëtzen. An d'Zréckgräifen op d'Kuerzaarbecht huet sech hei als e ganz effikasse Moyen erwisen, fir Massenentloossungen ze verhënneren an och weider op forméiert Personal kënnen ze zielen.

Dës temporär Moossname sollen auslafen, soubal d'Wirtschaft nees unzitt, mä si hunn iwwert déi lescht Joren awer nach missen e puermol verlängert ginn. Och wann déi lescht Previsioune vum Statec no enger Croissance vun zirka 2,7% am Joer fir 2014 ausgesinn, sou gëllt et awer hei virsiichteg ze sinn, well Enn November hunn nach 41 Betriber eng Demande op Kuerzaarbecht gestallt, wat weist, datt verschidde Betriber nach ëmmer Schwieregkeeten hunn.

Well d'Wirtschaft nach net esou richteg dréit, sollen dës Krisemoossnamen hei nach eemol ëm zwee Joer verlängert ginn, bis den 31. Dezember 2015.

Hei gouf et och eng Partie Kritike wéinst dëse Verlängerungen. De Statsrot huet Bedenken, wat eng weider Verlängerung vun deene Moossnamen ugeet, ausgedréckt. En huet virgeschloen, d'Dispositioun direkt vum Code du Travail ze änneren, quitte datt een dann am Fall, wou d'Wirtschaft erëm unzitt, op déi viregt méi restriktiv Mesuren zréckkomme soll.

Do muss een ënnersträichen, datt d'Commission du Travail et de l'Emploi d'Regierung scho gefrot hat, am Gesetz vum 31. Juli 2012 eng aner Léisung amplaz déi konstant Verlängerungen ze fannen an och eng Analys vun de Käschten a vun der Effikassitéit vun dëse Moossnamen ze maachen. Déi politesch Revirementer awer vun deene leschte Méint hunn dës Analys net méiglech gemaach, an esou huet eng séier Léisung misse fonnt ginn. Fir elo eben e Vide juridique ze verhënneren, ass also ausgemaach ginn, eng allerlescht, eng ultime Verlängerung zu deene Moossnamen ze maachen.

Hei ass e Gesetz, wat am Intérêt vun de Leit awierkt, déi an engem Betrib schaffen, deen duerch déi wirtschaftlech Situatioun hei am Land Schwieregkeeten huet. Et wierkt géint Massenentloossungen an erlaabt et och weiderhin, op gutt forméiert Personal zréckzegräifen.

An der Kommissioun war eng breet Majoritéit fir dëse Projet de loi, et gouf eng Abstentioun.

Haut ass och nach eng Dépêche erausgaangen un de President vum Conseil d'État. Ech wollt Iech dat dofir och soen, dass et an deem Text eng Erreur matérielle gëtt, déi sech vun Ufank un an den Text geschlach hat, déi weder der Kommissioun nach dem Statsrot opgefall war, a wou dann am Artikel 3 en „Éischtens" gefeelt huet. Et ass en „Zweetens" dran an den „Éischtens" huet awer gefeelt. An ech wollt Iech dat richtegkeetshallwer dann och matdeelen. Mä et ännert näischt un der Essenz vun dësem Gesetz.

Ech ginn domadder den Accord vun der sozialistescher Fraktioun, bieden Iech, dat Gesetz hei matzestëmmen, a soen Iech och Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Serge Wilmes *(CSV)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn hei e Modell 1 ausgewielt. Ech wäert dann also als CSV-Vertrieder 33 Minutten hunn, fir kënnen elo zu deem Projet hei ze schwätzen, brauch déi awer net, well et éischtens nach e Projet ass, dee mer am Joer virdrun als Regierung erabruecht hunn. Mir stinn och zu deem Projet, well e wichteg Mesurë beinhalt, fir ebe kënne grad a schwéiere wirtschaftlechen Zäiten den Aarbechter méi Rechter ze ginn an hinnen, de Betriber, méi Sécherheet och ze ginn. Datt mer also kënne géint de Chômage hei kämpfen.

Zweetens och, well et e grousse Konsens gëtt an der Kommissioun fir deen heite Projet, dass mer also eis eens sinn, datt e wichteg ass. An drëttens, well de Rapporteur, de Georges Engel, och elo schonn alles in extenso hei beschriwwen huet, ëm wat et hei geet, an ech em villmools Merci soen och fir dee Rapport, deen e gemaach huet, souwuel dee schréftleche wéi dee mëndlechen.

Deen eenzege Bémol, an dat huet de Georges Engel jo och bruecht, ass dee vum Statsrot, deen ebe gesot huet, datt et effektiv net gutt ass, ëmmer erëm mat temporäre Mesuren ze kommen, aus engem juristesche Grond, well eben eng gewësse Sécurité juridique domadder net ginn ass. Mä op där anerer Säit versteet een awer och, firwat dat gemaach ginn ass vun der Regierung. Well et drëms geet, ebe fir elo an onsécheren Zäiten de Betriber d'Méiglechkeet ze ginn, awer kënnen hir Leit ze halen an net ze entloossen.

Bon, mir waren eis an der Kommissioun eens, datt mer géifen eben elo nach eng Kéier dat akzeptéieren, a mir gi mat op de Wee, déi nei Regierung och ze encouragéieren, ze kucken, ob et dann do eng Méiglechkeet gëtt, fir an Zukunft vläicht e bësse méi dann eng Mesure ze fannen, déi méi Rechtssécherheet verschaaft. Also dat ass deen eenzege Wonsch, dee mer da géife mat op de Wee ginn. Fir soss soen ech dann den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem heite Projet.

M. le Président.- Merci dem Här Wilmes. Nächst Riednerin ass d'Joëlle Elvinger vun der DP. Madame Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass scho bal eng Traditioun, eng dach éischter bedauerlech Traditioun, dass mir zënter 2009 regelméisseg Joer fir Joer de Code du Travail ëmänneren, fir zäitlech begrenzte Mesurë géint de Chômage ze verlängeren oder auszedehne respektiv nei Mesuren ze schafen. Et ass alles aneschters wéi eng flott Traditioun, well et sech ëm Mesuren handelt, déi versichen, d'Effete vun der Kris ofzefiederen, déi eist Land nach ëmmer am Grëff huet.

Fir eis als Demokratesch Partei ass et selbstverständlech, dass mir nach eemol Moossnamen, déi dozou bäidroe sollen, de Betriber, déi a Branchë schaffen, déi vun der Kris zolidd gerëselt goufen a vum Chômage partiel betraff sinn, finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen, zoustëmmen. Dofir si mir bereet, nach eemol der Verlängerung vun dëse Krisemoossnamen zouzestëmmen. Domat konnten an der Vergaangenheet a kënnen och an Zukunft Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg erhale ginn.

Dat Gesetz, dat mir haut stëmme wäerten, verlängert jo fir zwee Joer, wéi ech schonns gesot hunn, ënner anerem eng ganz Partie Mesuren, déi schonn an de Joren 2009, 2010, 2011 an 2012 gestëmmt gi waren. Ech wëll elo net nach eng Kéier op all déi eenzel Mesuren agoen, well dat gouf an der Vergaangenheet scho genuch gemaach. Ausserdeem huet dat de Rapporteur Georges Engel och schonn a sengem exzellente mëndlechen a schréftleche Rapport gemaach, fir dee mir him villmools Merci soen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass dës Mesuren eppes kaschten! An der Fiche financière, déi mam Projet de loi déposéiert ginn ass, ass vun 28,5 Milliounе Rieds fir d'Joer 2012 a vun 30 Milliounе fir d'Joer 2013. Den Erhalt vun Aarbechtsplazen ass net zum Nulltarif ze kréien. Op dësem Wee sinn d'Suen awer besser investéiert, wéi an all Mesures pour l'emploi.

Här President, wat eis als Demokratesch Partei awer gradesou wichteg ass, ass, datt all Hiewelen a Bewegung gesat ginn, fir d'Demandeurs d'emploi a Brout an an Aarbecht ze bréngen. Dofir si mir frou, dass d'Regierung gewëllt ass, d'Reform vun der ADEM virunzefëieren. Mir si frou, dass d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet eng politesch Prioritéit bleift. Well hannert deene plakegen Zuele verstoppt sech all Kéiers e perséinlecht Drama, e perséinlecht Schicksal, an dat souwuel fir den eenzelne Betraffene wéi a ville Fäll och fir seng ganz Famill.

Ganz speziell läit eis de Jugendchômage um Häerz. D'Jugendaarbechtslosegkeet ass a muss de Schwéierpunkt vun eiser Beschäftegungspolitik bleiwen. Och wa mer hei zu Lëtzebuerg keng Explosioun wéi a verschiddene südeuropäesche Länner vun dësem Phenomeen hunn, sou ass et wichteg, d'Grënn vum Jugendchômage genau ënnert d'Lupp ze huelen an effikass ze bekämpfen.

Näischt ass méi schlëmm fir eng Gesellschaft, wéi wann hir jonk Leit keng Aarbecht fannen. Do geet d'Selbstwäertgefill vun enger ganzer Generatioun verluer, an dat biergt soziale Sprengstoff an Ongerechtegkeeten, déi mir net einfach esou dierfen hinhuelen. Mir kënnen, jo mir däerfe keng verluere Generatioun erlaben!

Wa mir de Problem vum Jugendchômage effektiv wëllen ugoen, musse mer en un der Wuerzel upaken. Un der Wuerzel heescht an der Schoul! Also an enger besserer Ausbildung a Bildung fir eis Jonk. Hei hapert et awer virun allem an der Beruffsausbildung, wou de Moment nach villes schif- a falschleeft! Hei gëllt et, séier ze handelen. A mir ware frou, ze héieren am Statsminister senger Deklaratioun, dass d'Beruffsausbildung eng vun deene grousse bildungspolitesche Prioritéite vun där neier Regierung soll duerstellen.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Elvinger. D'Wuert huet sech gefrot d'Madame Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo, just zwee Wierder, fir dem Rapporteur Merci ze soen a fir ze soen, datt déi gréng Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen, mat enger Remarque.

Mir hunn effektiv och all déi aner Joren ëmmer bemängelt, datt dat Mesurë sinn, déi vu Joer zu Joer ëmmer weider matgeholl gi sinn. Elo hu mer effektiv zwee Joer Zäit, fir dat ze maachen, wat mer eis och virgeholl hunn, nämlech déi eenzel Mesuren ze evaluéieren, dat ze halen, wat gutt ass, dat ze stabiliséieren, wat gutt ass, dat ze adaptéieren, wat adaptatiounsnoutwendeg ass, an déi Mesuren, déi mer vläicht - Gott sei Dank! - dann net méi géife brauchen oder déi vläicht net an der Evaluatioun esou gutt ofgeschnidden hunn, déi da vläicht éischter net méi weiderzefëieren.

Soudatt dat hei elo wierklech e Projet ass mat senger temporärer Adaptatioun, déi eis Zäit léisst, fir dat ze maachen, wat mer ons oder wat d'Regierung sech am Regierungsprogramm virgeholl huet.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Leschte Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Dee Projet de loi hei gesäit jo bekanntlecherweis dräi Mesurë vir. Zwou sinn eng Fortsetzung vun de Krisemoossnamen, déi Enn vun dësem Joer ausgelaf wieren; fir weider zwee Joer gi se fortgesat. Dat betrëfft éischtens de Chômage partiel, dat heescht, d'Indemnisatioun vun de Salariéen, déi an esou engem Chômage partiel sinn, wou, wéi et am urspréngleche Text war, déi éischt 16 Stonne vum Chômage partiel zu Laaschte vun de Patrone gaange sinn, wou awer 2009 beschloss ginn ass, an dat gëtt elo prorogéiert bis 2015, dass se zu 100% vum Stat iwwerholl ginn.

Eng weider Moossnam ass, dass keng Subventiounen ausbezuelt solle ginn - esou gesäit den Text et vir vum Gesetz urspréngleche rweis -, wann Aarbechtszäitreduktioune virleien, déi méi wéi 50% ausmaachen. Och do ass eng Derogatioun geschafe ginn am Intérêt vun deene Betriber, déi déi Aarbechtszäitreduktioune virhuelen. Bis elo war et vun 2009 un, leeft elo weider bis 2015.

An dann eng zweet Mesure, dat betrëfft d'Chômage-Indemnitéite fir d'Leit also, déi am Chômage sinn, wou eng Senkung vu Plaffongen urspréngleche virgesi war, déi awer elo, wéinst der Krisesituatioun, solle bleiwen.

Déi drëtt Moossnam ass eng Äntwert op eng Mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun wéinst der Netëmsetzung vun engem Deel vum Accord vun den europäesche Sozialpartner iwwert d'Deelzäitaarbecht. An déi Ëmsetzung, déi elo endlech geschitt, mécht et da méiglech, dass an de Betriber d'Leit, déi en CDD hunn, iwwerhaapt emol informéiert ginn, wann eng Plaz an engem CDI opgeet.

An am Fong geholl gëtt domat de Prinzip aus dem Code du Travail bestätegt, dass den CDD eng Ausnahm ass par rapport zum CDI. Dat ass deen allgemenge Prinzip, deen domadder endlech och iwwer esou eng Mesure, déi natierlech net ganz wäitgehend wäert sinn, well et nëmmen eng einfach Informatiounsflicht natierlech ass, hei ëmgesat gëtt.

Wat d'Krisemoossnamen ugeet, sou hu mir eis ëmmer bei deenen enthalen, aus enger ganz einfacher Ursaach: Éischtens kënne mer net dergéint sinn, well et betrëfft d'Salariéen, déi dovunner profitéieren. Déi kréie Chômagegeld bezuelt, déi kréien och Geld bezuelt, wann hire Betrib am Chômage technique ass.

Zweetens muss een awer och wëssen, dass d'Fro vun der Verantwortung vun de Patronen an esou Fäll gestallt bleift. Zum Beispill iwwert de Wee vun engem Krisefong, dee kéint vun der Gesamtheet vun de Patronen ugeluecht ginn, fir wann esou Situatioune sech bei engem Deel vun de Betriber stellen.

Oder zum Beispill doduerch, dass d'Cotisatioun fir de Fonds pour l'Emploi, déi jo virun enger Rei vu Joren op null gesat ginn ass, erëm agefouert gëtt an also do och d'Patronat géif responsabiliséiert gi fir de Chômage.

Et ass einfach, ëmmer zréckzegräifen op de Stat, an da gläichzäiteg ëmmer ze soen, et missten ze vill Steiere bezuelt ginn an d'Steiere missten erofgesat ginn!

Mir si mat der Ëmsetzung vun der Direktiv hei d'accord; déi Moossnamen, déi ech elo just genannt hunn.

Wat d'Uni Lëtzebuerg awer ugeet a wat d'Recherche ugeet, do deelen ech allerdéngs net dem Rapporteur seng Meenung. Ech bleiwen do der Meenung, dass d'CDDe bei der Universitéit an och an de Centres de recherche, och well se gebonne sinn u begrenzte Finanzéie-

rungsmoossnamen, dat vun der Europäescher Unioun, déi domadder zesummenhänken, dass déi problematesch bleiwen an dass se och a ganz ville Fäll net gewënscht sinn.

Ech mengen net, dass et esou ass, dass vill Chercheure guer net wëllen, dass hiren CDD prolongéiert gëtt. Ech mengen, dass vill Leit frou wieren, wa se eng méi geséchert Aarbechtsplaz, och an deem Beräich, hätten a wann et net géif zu där akademescher Précaritéit kommen, déi awer och eng Realitéit ass.

Ech mengen, Dir hutt elo eraushéieren aus mengen Erklärungen, dass mir eis wäerte bei deem Gesamtprojet hei enthalen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Domat huet d'Regierung d'Wuert, den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Merci, Här President. Ech soen emol fir d'Éischt dem Rapporteur Merci an all deenen, déi och dësem Projet hir Zoustëmmung ginn.

Ech wëll just zwou Remarquë maachen iwwert de Provisorium: Ech mengen, déi Mesuren hei, déi situéiere sech an engem ganz klore Kontext, an dat ass de Kontext vun enger Kris. De Kontext, wou op eemol Leit méi laang am Chômage bleiwen, wéi se virdru bliwwe sinn.

Mir hunn zum Beispill elo 2.800 Leit, déi tëschent engem Joer an zwee Joer schonn am Chômage sinn. An dat hei ass d'Äntwert, fir deene Leit d'Méiglechkeet ze ginn, e bësse méi, e bësse bessere Chômage ze behalen.

Ech kéint mer jo och virstellen, ech hoffen op jidde Fall, datt iergendwann d'Situatioun sech verbessert an datt mer dann erëm an déi normal Situatioun vun de Seuilen, wat d'Indemnisatioun vum Chômage ubelaangt, géifen zréckkommen. Mä soulaang eben de Chômage sech iwwert d'Durée ëmmer méi verlängert, ass dat hei jo eng Äntwert op déi Situation de crise.

An dat, wat de Chômage partiel ubelaangt, ass genau déi nämlecht Situatioun. Och do ass de Problem, datt éischtens d'Zuel vun den Entreprisen, déi am Chômage partiel sinn, erëm eropgaangen ass an datt mer e spezifesche Problem hu vun Entreprisen, déi a strukturelle Schwieregkeete sinn, wou also e Chômage partiel wéinst strukturelle Problemer ass.

An ee Secteur, deen direkt betraff ass, dee kenne mer, mir schwätze vill momentan dovun, dat ass d'Sidérurgie. Wa mer also déi heite Situatioun, déi mer jo nëmme fir ee Joer verlängeren, andeem déi Situatioun och deem Rechnung dréit, well mer en Accord hu mat de Sozialpartner an deem Secteur, soll een ebe grad net dat definitiv maachen, mä kucken, wéi an deene Beräicher d'Situatioun evoluéiert. A mir hoffen alleguer - mir hoffe jo alleguer -, datt mer progressiv aus där Kris hei erauskommen an datt mer dann erëm op méi normal Instrumenter kënnen zréckkommen.

M. le Président.- Merci dem Här Aarbechtsminister.

Domat si mer um Enn vun der Diskussioun an ech géif de Vote iwwert de Projet de loi 6594 lancéieren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6594 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass amgaangen. D'Procuratioun.

Huet jiddwereen ofgestëmmt? Dat schéngt de Fall ze sinn. Enn vum Vote.

De Projet de loi 6594 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Félix Eischen);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech ginn dovun aus, dass déi Abstentioune motivéiert gi sinn.

Domat ass dee Projet ugeholl an ech géif d'Chamber froen, ob se d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete konstitutionelle Vote ze ginn.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou beschloss.

Mir géifen dann zum nächste Projet de loi kommen. Dat ass de Projet de loi 6606, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Ënnerstëtzung am Beräich vum Développement rural. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell geregelt an de Rapporteur, den Här...

Plusieurs voix.- Mertens!

M. le Président.- ...den Här Mertens, huet d'Wuert.

Merci. Merci och fir d'Gedold.

8. 6606 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 avril 2008 concernant le renouvellement du soutien au développement rural

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

M. Edy Mertens *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, iwwert dee mer elo de Mëtteg hei schwätzen, ass den 30. August d'lescht Joer vum deemolege Landwirtschaftsminister déposéiert ginn. Et geet dobäi ëm Ännerunge vum Agrargesetz, wéi et den 18. Abrëll 2008 festgehale gouf.

D'Lëtzebuerger Bauerenzentral huet hiren Avis den 29. Juli dëst Joer publizéiert. Den Avis vun der Landwirtschaftskummer ass den 8. August 2013 komm. De Statsrot huet säin Avis de 24. September 2013 erausginn.

De 26. September huet déi zoustänneg Kommissioun de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert. D'Regierung huet den 18. November 2013 Amendementer un de Statsrot weiderginn, deen dunn de 26. November säin Avis complémentaire dozou ginn huet. Dësen Avis huet sech d'Kommissioun den 10. Dezember ugekuckt. De Rapport ass dunn den 12. Dezember an der Kommissioun eestëmmeg ugeholl ginn.

Här President, eis Landwirtschaft steet fir qualitativ héichwäerteg Produiten a fir d'Erhale vun eiser Natur, mä och fir en nohaltegen Ëmgang mat eise Ressourcen. D'Agrargesetz stellt sécher, dass eis Baueren hir Aarbecht mat der néideger Ënnerstëtzung ugoe kënnen.

Et ass awer elo esou, dass dës Subsiden um Enn vun dësem Joer auslafen, well et zu Retarde bei der Ausschaffung vun der europäescher Gesetzgebung komm ass. Well eis Mesuren, fir d'Baueren ze ënnerstëtzen, awer op dëser opgebaut sinn, sti mer ouni Interventioun vum Législateur virun engem Vide juridique. Mir mussen also sécherstellen, dass eis Baueren och am nächste Joer Rechts- a Planungssécherheet hunn an domadder hir Aktivitéit esou weiderféiere kënne wéi bis elo.

De Mëtteg geet et elo drëms, dem Législateur et ze erlaben, verschidde Mesurë vum aktuellen Agrargesetz an der Zäit ze verlängeren. Den Artikel 63 vum Agrargesetz gesäit vir, dass d'Mesurë vum Gesetz eng Lafdauer vu siwe Joer hunn, an dat vum 1. Januar 2007 un. Dat heescht, dass mer ab dem 1. Januar d'nächst Joer - a wéi Der all wësst, ass dat geschwënn, a knapps zwou Wochen - keng legal Basis méi hunn, fir eise Baueren hir Hëllefen ausbezuelen ze kënnen. De Législateur ass an deem Sënn gefuerdert, ze reagéieren, an dat nach virum Enn vun dësem Joer. Verschidde Mesurë sollen also an der Zäit verlängert ginn.

Här President, d'Landwirtschaftskummer war an hirem Avis domadder averstanen, verschidden Dispositioune vum Agrargesetz ze verlängeren. Si huet awer drop higewisen, dass d'Mesurë vun den Artikele 36 a 37 och ëm sechs Méint verlängert sollte ginn. Dës Artikele schreiwe steierlech Virdeeler fir jonk Baueren, wa si eng Entreprise ufänke wëllen, vir. Well am Gesetzesprojet d'Mesuren aus den Artikelen 9 bis 11 ëm sechs Méint verlängert solle ginn, déi sech ebenfalls mat der Nidderloossung vun de jonke Bauere beschäftegen, sollten also och dës Artikele genausou ëm sechs Méint verlängert ginn.

Dëser Fuerderung ass d'Regierung an hiren Amendementer nokomm. Och huet dësen Avis virgesinn, fir d'Mesuren aus dem Artikel 21 ze verlängeren. Dës betrëfft d'Entreprises de transformation et de commercialisation.

Am Avis vum Statsrot goufen haaptsächlech zwou Froen opgeworf. Zum enge wollt de Statsrot wëssen, awéiwäit dëse Gesetzesprojet mat der europäescher Gesetzgebung kompatibel wier, an zum aneren huet de Statsrot méi Informatioune verlaangt, wat d'Ënnerscheeder an der Zäit vun der Verlängerung uginn. Hien huet sech gefrot, firwat een net d'Mesurë vun all deenen opgezielten Artikelen ëm zwielef Méint verlängere kéint.

Am Avis complémentaire ass de Statsrot nach eng Kéier op déi zwou Froen aus sengem éischten Avis agaangen. D'Explikatiounen am Zesummenhang mat der Fro vun der Kompatibilitéit mat der europäescher Législatioun goufen als ongenügend ugesinn. De Statsrot huet an där Matière der Chamber d'Appréciatioun iwwerlooss.

Wat déi selektiv Approche ugeet, do huet de Statsrot déi weider Explikatiounen ugeholl. Dës Ënnerscheeder nämlech an der Zäit vun der Verlängerung sinn néideg, fir ze vermeiden, dass mer ab dem November 2014 ee Konflikt mat der „block exemption" bei de Statsbäihëllefe kréien, déi Lëtzebuerg vun der Europäescher Kommissioun am Zesummenhang mat den Investitiounsmesuren zougesprach kritt huet. An, anere Wierder gesot, mir kënnen net eng Hëllef bis Enn 2014 lafe loossen, wa se ab November hire legale Status verléiert.

Här President, ech ginn elo dee virleienden Text duerch a ginn op déi eenzel Artikelen an.

Zum Titel ass ze soen, dass de Statsrot am Avis een aneren Titel virgeschloen hat, ënnert der Hypothees, dass all d'Mesuren aus deenen opgezielten Artikele fir zwielef Méint verlängert géife ginn. Well dat jo awer net de Fall ass, bleift et beim Titel, esou wéi de Gesetzesprojet dat beim Dépôt virgesinn hat. Domadder war de Statsrot am Avis complémentaire och d'accord.

Deen éischten Artikel vum Gesetzesprojet lëscht fir d'Éischt déi Artikele vum Agrargesetz op, deenen hir Mesurë fir sechs Méint verlängert solle ginn. Dat si folgend: Investitiounssubsiden, dat ass den Artikel 3 bis 8; Subside fir Jongbaueren, Artikel 9 bis 11; steierlech Erliichterunge bei verschiddenen Transaktiounen, 12 an 13; Subside fir lokal Veräiner, Artikel 15, an eben déi steierlech Virdeeler fir jonk Baueren, wa si eng Entreprise wëllen ufänken, dat sinn déi Artikele 36 a 37.

Da lëscht den Artikel 1 vum Gesetzesprojet déi Artikelen op, deenen hir Mesurë fir zwielef Méint verlängert solle ginn. Dat ass d'Hëllefe wat d'Chargë vun de Fraisë bei der Entraide uginn, Artikel 14 vum Agrargesetz; Subside fir d'Verbesserung vun der Beruffsausbildung, Artikel 17; a fir déi landwirtschaftlech Vulgarisatioun a Recherche, Artikel 18; Hëllefe bei der Berodung, Artikel 19; d'Indemnité compensatoire, Artikel 24; Hëllefe bei der Opstellung vu Programmer fir d'Biodiversitéit ze erhalen, Artikel 26; d'Subside fir Restrukturatioun an der Rekonversioun vu Wéngerten, Artikel 31; Hëllef fir d'Sylviculture, also de Bësch, Artikel 32 bis 34; an déi bestehend Subsiden am Kader vun de Mesures agri-environnementales, dorënner och d'Landschaftsfleegeprime, wéi den Artikel 25 dat virgesäit, an déi den 31. Dezember 2013 och auslafen.

Den éischten Artikel vum virleiende Gesetzestext gesäit da vir, dass d'Modalitéiten, wat d'Recevabilitéit vun den Demandë fir dës Subsiden ugeet, duerch e Règlement grand-ducal festgehale ginn. Dëse kann och een Datum als Délai vun der Recevabilitéit vun der Demande virgesinn, dee virun dem Datum vum Auslafe vun der Mesure ass. Souwuel am Avis wéi am Avis complémentaire steet de Statsrot dëser Formulatioun kritesch géigeniwwer.

Den zweeten Artikel vum Gesetzesprojet, wéi en am August déposéiert gouf, huet den 1. Januar 2014 als Datum genannt, op deem dat neit Gesetz a Kraaft triede soll. Dësen Artikel ass awer ewechgefall, well de Statsrot dësen am aktuelle politesche Kontext als iwwerflësseg ugesinn huet.

De viregten Artikel 3 gëtt also elo den Artikel 2 vun dësem Gesetzesprojet. Dëse gesäit vir, dass d'Règlements grand-ducaux, déi fir d'Exekutioun vum Agrargesetz an der Vergaangenheet geholl gi sinn, weider a Kraaft bleiwen, ënnert der Konditioun, dass se net inkompatibel mat den Dispositioune vum virleiende Gesetzesprojet sinn.

Här President, ech wëll dann op dëser Plaz souwuel deem fréiere wéi och deem jëtzege Landwirtschaftsminister Merci soe fir déi gutt an effikass Zesummenaarbecht mat der Chamber, déi et eis erlaabt, dëse Gesetzesprojet nach dëst Joer abauen ze loossen.

Dat gesot, a mat der Hoffnung, dass d'Chamber dësem Gesetzesprojet hir breet Zoustëmmung ausschwätzt, bréngen ech heimadder och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleienden Text.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Mertens. Nach eng Kéier, entschëllegt fir mäin Zécken. Dir waart en Affer gi vun der moderner Technik copy-paste. Et war ee Rapporteur hei niddergeschriwwen, wou ech mer net konnt virstellen, dass en et zu dësem Projet wär. Dat war de Georges Engel. Här Mertens, nach eng Kéier...

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Traut Der mir dat net zou?

Une voix.- Jo!

M. le Président.- Dach. Mä ech ginn Iech an eng aner Regioun vum Land sichen. Iwwregens: Schéin, dass d'„Woschen" erëm hei sinn!

(Hilarité)

Dann zu den ageschriwwene Riedner: Éischt Riednerin ass d'Madame Martine Hansen. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6606, iwwer - vereinfacht gesot - d'Verlängerung vum aktuellen Agrargesetz, wat den 31.12.2013 ausleeft, ass eng absolut Prioritéit fir d'CSV-Fraktioun.

Sou wéi schonn d'Agrargesetz vun 2007 bis ´13 net konnt mat Zäit fäerdeg sinn, sou ass och dat neit Agrargesetz vun 2014 net mat Zäit fäerdeg. Eng Verlängerung vum bestehenden Agrargesetz ass also éischtens absolut erfuerderlech an zweetens absolut dréngend erfuerderlech.

Mir kéinten elo laang diskutéieren, firwat eenzel Moossnamen net verlängert gi sinn, firwat aner Moossname fir sechs Méint verlängert gi sinn an anerer och nach fir zwielef Méint verlängert gi sinn. Dat maache mer awer net, well mer gären hätten, datt d'Baueren esou séier wéi méiglech Gewëssheet kréien.

Mir begréissen ausdrécklech, datt d'Avantages fiscaux am Kader vun der Installéierung vun de jonke Baueren nach nodréiglech bei der Verlängerung mat berücksichtegt gi sinn. An aus dëse verschiddene Grënn gëtt d'CSV-Fraktioun hiren Accord zu dësem Projet de loi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der CSV-Fraktioun wëll ech awer nach ausdrécklech drop hiweisen, datt deen neie PDR an dat neit Agrargesetz an den éischte Méint vum nächste Joer fäerdeggestallt musse ginn. Eis Baueren, Wënzer, Gäertner, eise ländleche Raum, eis Veraarbechtungsbetriber - déi sinn iwwregens net mat bei der Verlängerung berücksichtegt - brauche Planungssécherheet. Well och wann ee ka retroaktiv op den 1. Januar 2014 Saachen ausbezuelen, wat jo virgesinn ass, esou ass et awer leider net méiglech, retroaktiv ze plangen an nach vill manner retroaktiv ze handelen.

D'Betriber mussen awer fir hir Zukunft plangen. An dat geet nëmmen, wann ech dat kann esou ausdrécken, „wann een d'Konditioune vun der Stee kennt". Si musse wëssen, wat déi laut Regierungserklärung vum leschten Dënschdeg „modern Weeër fir d'Landwirtschaft" sinn, a wéi enger schwiereger Transformatiounsphas eis Landwirtschaft sech am Moment befënnt respektiv wouhinner datt se sech missten transforméieren, wéi déi vun Iech beschriwwe modern, performant an innovativ Landwirtschaft soll ausgesinn a virun allem, wéi eng Auswierkungen dës Punkten op dat neit Agrargesetz sollen hunn.

Dofir - nach eemol - muss dat neit Agrargesetz séier fäerdeggestallt ginn a mir wënschen eis

eng lafend Informatioun a Kommunikatioun mat de Concernéierten am Allgemengen an awer och mat der concernéierter Chambers-kommissioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Martine Hansen. Nächste Riedner ass de Frank Arndt. Här Arndt, Dir hutt d'Wuert.

M. Frank Arndt *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun allem emol Merci dem Rapporteur Edy Mertens fir deen ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport, deen en eis hei ofginn huet.

Et ass ee wichtegen Text fir d'Landwirtschaft, dee mir haut an der Chamber hei stëmmen. Deen ass och vum Statsrot... Se ware fläisseg a si hu wierklech vill dru geschafft, an et ass ee vun deenen éischten Akten hei vun där neier Chamber.

Ech wëll awer och dem fréiere Minister Schneider Romain Merci soen, well hien dësen Text schonn am Viraus geplangt huet an anticipéiert huet, deen direkt den 1. Januar dann och kann ëmgesat ginn, wa mer en dann elo stëmmen.

Zum Inhalt vum Gesetzestext: D'Loi agraire, déi fir siwe Joer virgesi war, déi muss verlängert ginn, well mir soss d'Bäihëllefen no dem Délai vum 31. Dezember 2013 net méi ausbezuele kënnen. Wichteg ass, datt Iwwergangsléisunge fir verschidden Investissementsbäihëllefen, Hëllefe fir jonk Baueren an aner Hëllefen, déi zum Beispill d'Weiderbildung, d'Recherche an d'Biodiversitéit betreffen, fonnt goufen.

D'Baueren, d'Wënzer an de Gaardebau brauche Planungssécherheet. Mir brauchen och fir an Zukunft eng staark, nohalteg, leeschtungsfäeg Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg. Awer och ee wichtegen Text fir eis Wirtschaft ass et eben, fir d'Aarbechtsplazen ze schafen a virun allem och ofzesécheren. Et gëllt awer och, nei Défien an der Zukunft ze bewältegen, wéi zum Beispill nach méi Liewensmëttel, d'Sécherheet, den Naturschutz, Landschaftsschutz, Biodiversitéit a Waasserschutz.

Mä wéi Der wësst, ass d'Verlängerung vum Agrargesetz een Deel vun der Landwirtschaftspolitik. Déi nei PAG, also déi gemeinsam EU-Agrarpolitik, ass an hirer Fäerdegstellung fir d'Period 2014-2020. Dat Ëmsetzen, wat mer musse maachen, de PDR maachen a vu Bréissel accordéiert ze kréien, dann d'Agrargesetz hei am Parlament ze diskutéieren an ze stëmmen.

Dofir ass dat Verlängerungsgesetz wichteg, fir déi Zäit ze iwwerbrécken an net e Vide entstoen ze loossen. An deem Sënn gëtt d'sozialistesch Fraktioun den Accord zu dësem Text a wäert den Text och stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och, Här Arndt. Ech hunn eng Wuertmeldung nach vum Här Henri Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- D'Riedner, mengen ech, hunn alles gesot. Ech wëll dem Rapporteur dann och nach eng Kéier vu menger Säit aus Merci soen. An ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. le Président.- Merci. Ech mengen, domat wäre mer um Enn vun der offizieller Riednerlëscht an d'Regierung huet d'Wuert. Här Landwirtschaftsminister, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt mer d'Verlängerung vum Agrargesetz haut kënne stëmmen. Eng Verlängerung, déi noutwendeg ass, net well déi viregt Regierung geschlof hätt, net well dës Regierung net aus de Startbléck erauskéim, mä ganz einfach well et Retarde gëtt beim Ausschaffe vun de reglementareschen Texter vun der neier PAC, déi et als Basis fir déi national Législatioun gëtt.

Net méi spéit wéi gëschter sinn déi véier reglementaresch Texter um Conseil Agriculture ugeholl ginn an d'Texter vun den Actes délégués wäerten an deenen nächste Woche kommen an eréischt dann ass et am Fong méiglech dat, wat d'Madame Hansen gefrot huet, fir de PDR auszeschaffen, op dee sech dann dat neit Agrargesetz grefféiert.

Erlaabt mir och, dem Rapporteur Merci ze soe fir säi prezise mëndlechen a schréftleche Rapport, soudatt ech am Fong net weider brauch op d'Gesetz anzegoen. Merci och alle Kommissiounsmembere fir hir Bereetschaft an hire staarke Wëllen, dëst Gesetz nach termingerecht virum 31.12. ze stëmmen. Merci och där viregter Kommissioun, déi am Fong geholl de Gros vun der parlamentarescher Aarbecht gemaach huet.

Ee besonnesche Merci awer mengem Virgänger, dem Romain Schneider, deen am Fong geholl dëst Gesetz op d'Schinne gesat huet an deen am Fong geholl dee gréisste Mérite dorunner huet, datt mer d'Gesetz kënnen termingerecht presentéieren.

Wa mer d'Landwirtschaft zu engem modernen, performanten an innovative Pilier - fir d'Wierder vun der Madame Hansen ze zitéieren - vun eiser Ekonomie wëllen entwéckelen, da brauche mer kloer politesch Signaler. Ech mengen, dofir ass et am Fong geholl wichteg, datt mer am Fong geholl eis Hausaufgabe maachen. A mir wäerte jiddefalls probéieren, de PDR esou séier wéi méiglech ze presentéieren, mat deene verschiddene Milieuen duerchzediskutéieren, a mir wäerte jiddefalls, esou wéi dat gewënscht ass, lafend och déi zoustänneg Kommissioun informéieren a mat hir doriwwer diskutéieren.

Ech freeë mech jiddefalls op all dës Erausfuerderungen a si voll motivéiert, fir dës Défien unzegoen. Ech soen alle Riedner villmools Merci a soen Iech elo scho Merci fir eng grouss Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Etgen. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6606.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6606 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Oh là là, et geet wéi de Blëtz. D'Procuratioun.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet 6606 ass mat 58 Jo-Stëmmen an zwou Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Serge Wilmes), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Félix Eischen);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete konstitutionelle Vote ze ginn?

(Assentiment)

Ech soe Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour kommen, der Designatioun vun engem President a vu véier Membere vum Centre pour l'égalité de traitement.

9. Désignation d'un président et de quatre membres du Centre pour l'égalité de traitement

No den Dispositioune vun den Artikelen 135 an 136 vum Chambersreglement huet d'Presidentekonferenz eng Kandidatelëscht arrêtéiert, déi un d'Deputéiert verschéckt ginn ass an déi och haut nach eng Kéier mam aktuellste Stand verdeelt ginn ass. Mir wielen e President a véier Memberen.

Vote pour le poste de président du Centre pour l'égalité de traitement

Fir d'Presidentschaft hu mer zwou Kandidaturen, déi vum Här Mario Huberty an déi vum Här Charel Schmit.

Den Artikel 137 vun eisem Reglement seet, dass d'Ofstëmmung geheim ass an dass d'Procuratioun net zougelooss ass. De Kandidat, dee gewielt gëtt, muss déi absolut Majoritéit vun de Stëmmen hunn. Déi ongëlteg an déi wäiss Stëmmziedelen zielen net mat. Mir brauchen nach e bësse Gedold fir dës Prozedur.

Mir géifen dann elo fir d'Wiel vum President d'Stëmmziedelen ausdeelen.

Dir wësst, vu dass nëmmen een ze wielen ass, ass och nëmmen een unzekräizen. Ech wäert, wann Der den Ziedel ausgefëllt hutt, de Vote nominal misse maachen. Dat hunn ech esou gesot kritt an dat ass dann och esou. Et ass e bësse méi laangwiereg, mä wat si muss, dat ass!

Dir maacht mer en Zeechen, wann Der esou wäit sidd. Et sinn der nach e puer ënnerwee. D'Stëmmziedele si verdeelt an ech ginn och dervun aus, dass déi éischt am Alphabet och schonn ausgefëllt hunn. Ech ruffen dann déi eenzel Membere vun der Chamber op.

Une voix.- Hei feelt nach e Stëmmziedel, Här President.

M. le Président.- Et feelt nach een. Dem Här Mertens säi Stëmmziedel feelt nach.

Wéi ass et mat den Urnen? Si se prett?

Appel nominal

Mir ënnerbriechen d'Sitzung fir dräi Minutten, fir auszezielen.

(La séance publique est suspendue à 18.20 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 18.24 heures.)

Op den Här Huberty fale 40 Stëmmen, op den Här Charel Schmit zwielef. Zwee Blancen. Sechs Leit hunn net mat ofgestëmmt, soudass de Kont richteg ass.

Domat wär den Här Huberty als President vum Centre pour l'égalité de traitement gewielt a mer ginn direkt zu deem nächste Vote iwwer.

Et si fënnef Kandidate fir véier Posten a mer musse fir all Posten eenzel ofstëmmen.

Also, et gëtt all Kandidat eenzel gewielt. Mir mussen nach véiermol ofstëmmen an däerfen all Kéiers nëmmen eng Stëmm ginn.

Dat hei ass ee vun deenen éischte Chantieren, déi mer wäerten upaken.

Also, et ass all Kéiers een ze wielen op der Lëscht vun deene fënnef an deen, deen d'absolut Majoritéit huet, deen ass da gewielt an da gi mer zum nächsten Tour.

Also, vläicht eng Explikatioun, firwat dass den Här Schmidt nach op deem heiten Ziedel drop ass. Den Här Schmidt war Kandidat entweder fir President oder fir Member. A well mer en net gewielt hunn als President, ass en automatesch Kandidat fir Member. Dofir ass en och dës Kéier nach am Tour dran. Deen nächsten, deen elo gewielt gëtt, fält ewech an da sinn et nach véier Kandidate fir dräi Posten. Elo sinn et fënnef Kandidate fir véier Posten a mir wielen een.

Une voix.- Mir brauchen nach e puer nei Ziedelen.

M. le Président.- Et sinn nach e puer nei Ziedelen, déi gebraucht ginn.

Vote pour le poste de premier membre du Centre pour l'égalité de traitement

Si mer prett?

(Assentiment)

Appel nominal

Domat wär och deen heiten Tour ofgeschloss a mir géifen d'Sëtzung erëm eng Kéier kuerz ënnerbriechen.

(La séance publique est suspendue à 18.32 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 18.36 heures.)

D'Sëtzung ass erëm op.

Bei der zweeter Ofstëmmung ass folgend Resultat erauskomm: Den Här Hurst ass mat 47 Stëmmen, bei 54 Votanten, gewielt. Als Zweeten ass erausgaang den Här Charel Schmit mat 7 Stëmmen.

Mir géifen dann direkt zum nächsten Tour iwwergoen. Et bleiwen nach véier Kandidate fir dräi Posten. Et ass all Kéiers nëmmen een ze wielen.

Vote pour le poste de deuxième membre du Centre pour l'égalité de traitement

Da géif ech bieden, d'Stëmmziedelen auszedeelen. D'Maschinn leeft nach, et dauert nach eng Sekonn.

Sou, d'Stëmmziedele sinn amgaang ausgedeelt ze ginn. Wéi ass et mat dëser Säit?

Ech ginn dervun aus, dass jiddweree säi Stëmmziedel huet a mir géifen dann déiselwecht Operatioun nach eng Kéier maachen. Ech gesinn, dass mer esou lues Routine kréien.

Appel nominal

D'Sëtzung ass ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 18.43 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 18.45 heures.)

D'Sëtzung ass erëm op.

Mir hunn d'Resultat vun dësem Tour: Gewielt ass, mat 32 Stëmmen, de Paul Kremer, virum Charel Schmit mat 20 Stëmmen an der Madame Maquil mat 2 Stëmmen. D'absolut Majoritéit louch bei 28.

Vote pour le poste de troisième membre du Centre pour l'égalité de traitement

Mir mussen ëmmer nei Stëmmziedele maachen, vu dass een ewechfält. Nach e bëssche Gedold.

D'Stëmmziedele sinn ënnerwee. Ech menge mer misste prett sinn.

Appel nominal

Huet jiddweree säin Ziedel ofginn?

D'Sëtzung ass ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 18.52 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 18.54 heures.)

An dësem Tour ass d'Madame Maquil mat 46 Stëmme gewielt. Hannendrun déi Häre Schmit a Remakel mat 6 respektiv 2 Stëmmen. Wéi virdru war erëm eng Kéier d'absolut Majoritéit bei 28.

Domat ass d'Madame Maquil als drëtt Kandidatin gewielt.

Vote pour le poste de quatrième membre du Centre pour l'égalité de traitement

A mir géifen zum leschten Tour iwwergoen, wou nach d'Wiel tëschent zwee Kandidate fir ee Posten ass.

Sidd Der prett? D'Urne sinn ënnerwee.

Appel nominal

D'Wahlgeschäft ass sougutt wéi ofgeschloss. Dofir ënnerbrieche mer d'Sëtzung nach eng Kéier kuerz.

(La séance publique est suspendue à 19.00 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 19.03 heures.)

Ech géif d'Sëtzung erëm opmaachen.

Am leschten Tour ass de Raymond Remakel mat 33 Stëmme gewielt ginn, an de Charel Schmit huet der 21 kritt. 28 waren der noutwendeg gewiescht, fir d'absolut Majoritéit ze hunn, soudass mer eise Vote elo ofgeschloss hunn. An ech wär da frou, wa mer nach eng Kéier kéinten d'Nimm vun deene Gewielten en bloc ginn.

Also, als President ass gewielt ginn: de Mario Huberty. An als Membere si gewielt: de Patrick Hurst, de Paul Kremer, d'Annemie Maquil an de Raymond Remakel.

Ech géif Iech villmools Merci soe fir d'Gedold, mir si bal um Enn vun eiser Sëtzung ukomm.

10. Discours de fin d'année de M. le Président

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn um Enn vun eiser leschter ëffentlecher Sëtzung vum Joer 2013 ukomm an ech wëll allen Deputéiertekolleegen, de Leit vum Generalsekretariat, eisem Personal, de Mataarbechter aus dësem Haus, aus de Fraktiounen an natierlech der parlamentarescher Press en häerzleche Merci soen.

No deene leschte Wochen a Méint, déi gefëllt ware mat Aarbecht, Diskussiounen, Opreegung

an Emotiounen, sinn ech frou, datt mir alleguer elo e puer Deeg zur Rou wäerte kommen an duerno mat neier Motivatioun erëm urappen. Fir 2014 wënschen ech eis alleguer eng zolidd Gesondheet an eng gutt Dosis Optimismus. D'Chancen, gleeft mer et, si grouss, dass dat neit Joer a villen Hisiichte besser gëtt wéi dat lescht schwéiert an déi lescht schwéier Joren.

Meng beschte Wënsch ginn natierlech och un d'Membere vun der Regierung a vun deenen aneren Institutiounen, déi un der legislativer Aarbecht bedeelegt waren. All deene Leit, déi eis nolauschteren oder nokucken, wënschen ech ganz schéi Chrëschtdeeg, alles Guddes a virun allem eng gutt Gesondheet. Maacht et gutt a passt op lech op! Merci.

Domat ass eis ëffentlech Sëtzung um Enn. Merci villmools.

(Fin de la séance publique à 19.06 heures)

SÉANCE 6

MARDI, 21 JANVIER 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Président

Sommaire

1. Octroi du titre honorifique à d'anciens députés
- *M. le Président*

2. Communications
- *M. le Président*

3. Changements de composition des commissions parlementaires et des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales
- *M. le Président*

4. Ordre du jour
- *M. le Président*

5. Heure de questions au Gouvernement

Question n°1 du 17 janvier 2014 de Mme Anne Brasseur relative au conventionnement du culte musulman, adressée à M. le Ministre des Cultes
- *Mme Anne Brasseur - M. Xavier Bettel, Ministre des Cultes*

Question n°2 du 21 janvier 2014 de M. Claude Wiseler relative aux récentes déclarations du Président américain Barack Obama au sujet des programmes de surveillance des services secrets américains, adressée à M. le Premier Ministre
- *M. Claude Wiseler - M. Xavier Bettel, Premier Ministre*

Question n°3 du 20 janvier 2014 de M. Marc Angel relative au site du château Mansfeld à Luxembourg-Clausen, adressée à Mme la Ministre de la Culture
- *M. Marc Angel - Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture*

Question n°4 du 21 janvier 2014 de M. Fernand Kartheiser relative au forfait d'éducation, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration
- *M. Fernand Kartheiser - Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration*

Question n°5 du 21 janvier 2014 de M. Claude Adam relative à l'avenir de la station de radio «ARA», adressée à M. le Premier Ministre et à M. le Ministre des Communications et des Médias
- *M. Claude Adam - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias*

Question n°6 du 21 janvier 2014 de M. Gilles Roth relative aux hausses annoncées des différents taux de TVA, adressée à M. le Ministre des Finances
- *M. Gilles Roth - M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*

Question n°7 du 20 janvier 2014 de M. Alexander Krieps relative à l'éventuelle fermeture de bureaux de la Poste, adressée à M. le Ministre de l'Économie
- *M. Alexander Krieps - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*

Question n°8 du 21 janvier 2014 de M. Serge Urbany relative à la récente étude de l'ONG Greenpeace en relation avec des substances toxiques relevées dans les vêtements d'enfants, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs
- *M. Serge Urbany - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs*

Question n°9 du 21 janvier 2014 de M. Franz Fayot relative au début de construction de la nouvelle Bibliothèque Nationale au Bricherhaff à Luxembourg-Kirchberg, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- *M. Franz Fayot - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°10 du 21 janvier 2014 de M. Marc Spautz relative aux changements éventuels qui pourraient toucher le système d'allocations familiales au Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration
- *M. Marc Spautz - Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration*

Question n°11 du 21 janvier 2014 de Mme Martine Hansen relative au projet de construction du Lycée technique agricole à Gilsdorf, à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- *Mme Martine Hansen - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

6. 5974 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales en vue de mettre en œuvre le Règlement (CE) n°1435/2003 du Conseil du 22 juillet 2003 relatif au statut de la société coopérative européenne (SEC)
- *Rapport de la Commission juridique: M. Léon Gloden*
- *Discussion générale: M. Guy Arendt, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding, M. Franz Fayot*
- *M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 6559 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un dixième programme quinquennal d'équipement sportif
- *Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports: Mme Cécile Hemmen*
- *Discussion générale: Mme Nancy Arendt, M. Eugène Berger, Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser*
- *M. Romain Schneider, Ministre des Sports (M. Fernand Kartheiser et Mme Nancy Arendt posent des questions)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

8. 6590 - Projet de loi portant approbation de la Convention relative à l'assistance alimentaire, faite à Londres, le 25 avril 2012
- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Romain Schneider, François Bausch, Fernand Etgen, Mme Maggy Nagel, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch, Mmes Corinne Cahen et Carole Dieschbourg, Ministres; M. André Bauler, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sëtzung op.

Fir unzefänke wéilt ech un d'Regierung d'Fro stellen, ob se eis Kommunikatiounen ze maachen huet.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Neen, Här President.

M. le Président.- Merci, Här Statsminister.

1. Octroi du titre honorifique à d'anciens députés

Ech wollt da vun der Geleeënheet profitéieren, fir lech ze informéieren, dass a senger Réunioun vum 12. Dezember 2013 de Bureau opgrond vun den Artikelen 198 an 199 vum Chambersreglement virgeschloen huet, dem Här Lucien Weiler den Éierentitel Président d'honneur zouzëerkennen. De Lucien Weiler huet dat largement verdéngt.

An därselwechter Réunioun huet de Bureau opgrond vun den Artikelen 197 an 199 vum Chambersreglement virgeschloen, folgende fréieren Deputéierten den Éierentitel vun hirer Fonctioun zouzëerkennen: dem Här François-Biltgen, dem Här Fernand Boden, dem Här Lucien Clement, dem Här Jean Colombera, der Madame Mady Delvaux-Stehres, dem Här Fernand Diederich, der Madame Christine Doerner, dem Herr Ben Fayot, der Madame Marie-Josée Frank, dem Här Norbert Haupert, dem Här Jacques-Yves Henckes, dem Här Jean-Pierre Klein, dem Här Lucien Lux, der Madame Martine Mergen, dem Här Jean-Paul Schaaf, dem Här Ben Scheuer, dem Här Roland Schreiner, dem Här Carlo Wagner, dem Här Robert Weber an dem Här Raymond Weydert.

Ass d'Chamber mat dëse Virschléi averstanen?

(Assentiment)

Dat ass de Fall. Dann ass dat…

(Interruption)

Mir hunn e Problem mat der Anlag. Da muss ech de mobile Mikrofon huelen.

Dann ass dat esou décidéiert.

Dem neien Éierepresident an deenen neien Éierendeputéierte géif ech mer erlaben, am Numm vun eis alleguer eis Félicitatiounen auszedrécken an eisen häerzleche Merci fir hiren Engagement.

2. Communications

Ech wollt der Chamber folgend Kommunikatioune maachen:

1) Éischtens ass d'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten um Bureau deponéiert.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi an der Administration parlementaire déposéiert goufen, ass un d'Fraktioune verdeelt ginn.

3) Op Ufro vun der Regierung ass iwwert den Arrêté grand-gucal de retrait vum 30. Juli 2013 de Projet de loi 6360 iwwert d'Aféiere vun engem Statut iwwert déi touristesch Ënnerbréngungsméiglechkeete vum Rôle gestrach ginn.

De 16. Januar huet doriwwer eraus d'Madame Viviane Loschetter hir Proposition de loi 6115 iwwert d'Fraequoten op de Wahllëschte vum Rôle zréckgezunn - awer net d'Objektiver.

(Hilarité)

4) Den 13. Januar huet d'Associatioun vun de Patiente mat chronesche Schmäerzen (ALPADOC) d'Petitioun 327 iwwert d'Unerkenne vun der Schmäerztherapie zu Lëtzebuerg eragerecht.

Communications du Président - Séance publique du 21 janvier 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6631** - Projet de loi portant autorisation d'aliénation de trois immeubles administratifs en vue de leur location et de leur rachat*

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 17.12.2013

***6632** - Projet de loi portant transposition de l'article 8 de la directive 2011/16/UE du Conseil du 15 février 2011 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal et portant modification 1. de la loi du 29 mars 2013 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu*

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 17.12.2013

***6633** - Projet de loi portant approbation des conventions fiscales et prévoyant la procédure y applicable en matière d'échange de renseignements sur demande*

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 17.12.2013

***6635** - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne, réunis au sein du Conseil, relatif à la protection des informations classifiées échangées dans l'intérêt de l'Union européenne, signé à Bruxelles, le 25 mai 2011*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 20.12.2013

***6636** - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel aux Conventions de Genève du 12 août 1949 relatif à l'adoption d'un signe distinctif additionnel (Protocole III), fait à Genève, le 8 décembre 2005*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 20.12.2013

***6637** - Projet de loi portant approbation*

- des amendements apportés par les Conférences de plénipotentiaires du 24 novembre 2006 et du 22 octobre 2010 à la Constitution et à la Convention de l'Union internationale des télécommunications telles qu'amendées par la suite

- des réserves formulées par le Luxembourg lors des Conférences de plénipotentiaires du 24 novembre 2006 et du 22 octobre 2010

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 20.12.2013

***6638** - Projet de loi portant approbation de l'Accord interne entre les Représentants des Gouvernements des États membres de l'Union européenne, réunis au sein du Conseil, relatif au financement de l'aide de l'Union européenne au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2014-2020 conformément à l'Accord de partenariat ACP-UE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du traité de fonctionnement de l'Union européenne, fait à Luxembourg et à Bruxelles, les 24 juin et 26 juin 2013 respectivement*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 20.12.2013

***6639** - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Serbie en matière de sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 7 juin 2013*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 20.12.2013

***6640** - Projet de loi portant approbation*

- du Huitième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union Postale Universelle,

- du Premier Protocole additionnel au Règlement général,

- des amendements à la Convention postale universelle et à son Protocole Final,

signés au Congrès Postal Universel de Genève, le 12 août 2008

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 20.12.2013

***6641** - Projet de loi portant modification de l'article 491 du Code pénal*

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 24.12.2013

***6642** - Projet de loi*

- portant transposition de l'article 5 de la directive 2008/8/CE du Conseil du 12 février 2008 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne le lieu des prestations de services;

- modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 06.01.2014

***6643** - Projet de loi portant approbation de la Convention concernant l'assistance administrative mutuelle en matière fiscale et de son protocole d'amendement, signés à Paris, le 29 mai 2013 et portant modification de la loi générale des impôts*

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 06.01.2014

***6644** - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux droits des sensibilités politiques et des députés*

Dépôt: M. Eugène Berger, Député, M. Alex Bodry, Député, Mme Claudia Dall'Agnol, Députée, M. Gast Gibéryen, Député, M. Max Hahn, Député, Mme Viviane Loschetter, Députée, M. Serge Urbany, Député, le 10.01.2014

***6645** - Projet de loi relatif à la promotion du transport combiné*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 13.01.2014

***6646** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la direction de la santé et la loi modifiée du 16 août 1968 portant création d'un Centre de logopédie et de services audiométrique et orthophonique*

Dépôt: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé, le 15.01.2014

***6647** - Projet de loi modifiant les articles 15 (2) et 16 (2) de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat*

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 17.01.2014

***6648** - Projet de loi portant création d'un lycée militaire d'enseignement secondaire à Ettelbruck*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 17.01.2014

3) Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 30 juillet 2013 le projet de loi n°6360 relatif à l'institution d'un statut d'hébergement touristique a été retiré du rôle des affaires de la Chambre des Députés en date du 6 août 2013.

Le 16 janvier 2014 Mme Viviane Loschetter a retiré du rôle des affaires de la Chambre des Députés sa proposition de loi n°6115 modifiant la loi électorale modifiée du 18 février 2003 et visant à promouvoir une représentation politique paritaire des femmes et des hommes.

4) La pétition n°327 pour la reconnaissance de la thérapie de la douleur au Luxembourg a été introduite en date du 13 janvier 2014 par l'Association des patients à douleurs chroniques (ALPADOC).

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Changements de composition des commissions parlementaires et des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Da sinn eis eng Rei vu Modifikatiounen an de Chamberskommissiounen an an den internationale parlamentareschen Delegatioune matgedeelt ginn.

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ugeet, huet d'LSAP-Fraktioun duerch hire Bréif vum 8. Januar 2014 ugefrot, dass den Här Georges Engel d'Madame Claudia Dall'Agnol an der Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports all Kéier fir de Punkt vum Projet de loi 6469 iwwert d'Patienterechter a -flichte kann ersetze bis un d'Enn vun der Prozedur.

Duerch hire Bréif vum 21. Januar huet d'LSAP-Fraktioun ugefrot, dass den Här Alex Bodry d'Madame Tess Burton an der Commission de l'Économie all Kéier fir de Punkt vum Projet de loi 6478 iwwert de Code de la consommation ersetze ka bis un d'Enn vun där doter Prozedur.

D'DP-Fraktioun huet duerch hire Bréif vum 17. Januar 2014 folgend Ännerung an der d'Zesummesetzung vun der Commission du Développement durable a vun der Commission de l'Environnement proposéiert: An der Kommissioun vum Développement durable ersetzt den Här Gusty Graas den Här Eugène Berger, an der Émweltkommissioun ersetzt den Här Eugène Berger den Här Gusty Graas.

Ass d'Chamber mat deene Modifikatiounen averstanen?

(Assentiment)

Da soen ech Iech Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentareschen Delegatiounen ugeet, huet d'Fraktioun vun deene Grénge ugefrot, dass den Här Claude Adam Suppléant an der Benelux-Delegatioun gëtt.

D'Sensibilité politique déi Lénk huet folgende Virschlag proposéiert, wat d'Zesummesetzung vun der COSAC-Delegatioun ugeet: Do ersetzt den Här Justin Turpel den Här Serge Urbany.

Wat d'Delegatioune vun der Assemblée parlementaire de la Francophonie an der Union interparlementaire ugeet, ginn déi traditionellerweis am Bureau zesummegesat.

A senger Réunioun vum 17. Januar huet de Bureau fir d'Delegatioun vun der APF - Francophonie folgend Zesummesetzung zréckbehalen: de Chamberspresident, da fir d'CSV den Här Michel Wolter, deen och Trésorier vun dëser Institutioun ass; derniewent den Här Claude Wiseler; fir d'DP d'Madame Anne Brasseur; fir d'LSAP den Här Alex Bodry a fir déi gréng d'Madame Viviane Loschetter.

A wat d'Zesummesetzung vun der Delegatioun bei der UIP ugeet, ass zréckbehale ginn, dass de ganze Bureau zur Delegatioun gehéiert.

Ech froen d'Chamber, ob si mat dëse Virschléi d'accord ass.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

4. Ordre du jour

Da komme mer zum Ordre du jour. An hirer Réunioun vum 16. Januar huet d'Presidentekonferenz fir haut folgenden Ordre du jour virgeschloen:

éischtens eng Froestonn, wou mer och den Akzent op d'Froestonn leeën; de Projet de loi 5974, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Sociétés commerciales - Riedezäit nom Basismodell; de Projet de loi 6559 iwwert d'Subventioun vum 10. Fënnefjoresprogramm vun de sportlechen Équipementer - do ass de Riedemodell nom Modell 1; a schliesslech de Projet de loi 6590, eng Konventioun iwwert d'Ernährungshëllef, dës Kéier nom Basismodell.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

(La séance publique est interrompue à 14.43 heures pour cause de problèmes techniques de sonorisation.)

* * *

(La séance publique reprend à 15.10 heures.)

D'Sëtzung ass erëm op.

Mir wollten eis entschëllege fir déi technesch Pann. Wéi Der wësst, ass eng global Revisioun vun der Anlag gemaach ginn, alles revidéiert. Den Toun soll eigentlech besser sinn, mä dat kënnt vir. Dofir Merci fir Är Gedold. Merci och fir d'Gedold vun de Leit dobaussen. Mir géifen da virufuere mat eiser Sëtzung vun de Mëtteg, mat der Froestonn.

5. Heure de questions au Gouvernement

Laut Artikel 83 vum Chambersreglement huet all Deputéierten, deen intervenéiert bei der Froestonn, zwou Minutten Zäit, fir seng Fro ze développéieren. D'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten. Wéi Der wësst, wiessele sech Majoritéit an Oppositioun bei de Froen of.

Als Éischt kënnt d'Madame Anne Brasseur mat der Fro N°1, déi de Conventionnement mat der Muslim-Communautéit betrëfft. D'Fro riicht sech un de Ministre des Cultes. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°1 du 17 janvier 2014 de Mme Anne Brasseur relative au conventionnement du culte musulman, adressée à M. le Ministre des Cultes

Mme Anne Brasseur *(DP).*- Merci, Här President. Ech wollt eng Fro stellen un den Här Statsminister, mä a senger Qualitéit als Ministre des Cultes. Wéi mer all wëssen, ass déi zweetgréisst Communauté religieuse hei zu Lëtzebuerg déi musulmanesch Communautéit, déi sech och zesummegeschloss hunn an engem Groupement, well déi hu jo a sech keng Hierarchie, fir dass de Stat een Interlocuteur huet.

Dat wor eng Konditioun, déi hinne virgeschloe ginn ass vum Virvirgänger vun deem jetzege Kultusminister, nämlech vum Här Biltgen, deen och en Expertebericht ugefrot huet, fir ze kucken, wéi an Zukunft och d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Communautés religieuses solle sinn.

D'musulmanesch Communautéit huet Ärem Virgänger, nämlech dem Här Jean-Claude Juncker, e Bréif geschriwwen am Mee. Si hunn dat duerno rappeléiert, well se keng Äntwert kruten. An aus deem Bréif geet wierklech ervir, dass do Onrou ass an där Communautéit, well se keng Äntwert kréien. An hir éischt Demande, déi wor vun 2003, fir e Conventionnement mam Stat ze kréien.

Elo meng Fro un d'Regierung - ech weess jo, dass gekuckt gëtt, fir dee ganze Conventionnement op de Leescht ze kréien -, mä wat ee ka maachen, fir dëser Communautéit, déi, an ech widderhuelen et, déi zweetgréisst Communauté religieuse hei am Land ass, fir deenen entgéintzekommen. An ech wollt och de Kultusminister da froen, ob e bereet ass, déi Leit a kierzester Zäit ze gesinn, fir do zesumme Léisungen ze fannen.

Ech soen Iech Merci, Här President.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Den Här Kultusminister huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Ministre des Cultes*.- Här President, ech wëll fir d'Éischt der Madame Brasseur Merci soe fir déi Fro. Ech muss och soen, dass mer den Dossier viru Kuerzem jo an engem Zeitungsartikel ze liese kritt hunn, wou drastoung, dass d'Schura justement géif de Stat usichen, well se der Meenung wier, dass se net gerecht géif behandelt gi vis-à-vis vun deenen anere Culten, déi hei am Land sinn.

Ech hunn haut, bis den Dag vun haut, also wéi ech elo fortgaange sinn op jidde Fall, net vun engem Dierwiechter eng Assignatioun kritt, fir lech elo kënnen ze soen, dass dat elo schonn direkt de Fall wier, dass mer elo schonn ugesicht gi wieren.

Tatsächlech si Courriere gemaach ginn am Mee, am Juni an och am Oktober 2013. A wann een dann esou kuckt, da géif ee mengen, dass et schonn e ganz alen Dossier wär vun 2003, wéi och déi éischt Diskussiounen zesummekomm sinn.

Mä Dir musst och wëssen, dass an der Tëschenzäit et ganz wichteg war, dass och déi Communautéit organiséiert ginn ass, well dat och eng vun de Konditiounen ass, déi bei eis beim Conventionnement virgesi sinn. An de Regierungsrot huet de 6. Juli 2007 fir d'éischte Kéier gesot, dass en och mam Prinzip vun engem

Conventionnement mat der musulmanescher Communautéit averstane wär, awer, wéi gesot, dass se sech misst organiséieren.

D'Schura ass dunn organiséiert ginn, wat den Organe représentatif ass vun der Communauté musulmane. An déi ass eréischt 2011 zu Pabeier komm an eréischt zustane komm. An déi huet du vun deenen aacht Moscheeën, déi mer hei am Land hunn, der och sechs vertrueden.

Dunn ass gekuckt ginn: Wat muss dann elo gemaach ginn? A sauf erreur de ma part ass och am Abrëll 2013 vun der Institutiounskommissioun gesot ginn, dass een am Moment keng nei Konventioune soll mat Communauté-religieusen ënnerschreiwen, well och déi ganz Diskussioun do mat deem Rapport war, deen och beoptragt gi war vun der Regierung, fir justement iwwert d'Reliounen och eng Etüd ze maachen.

Bon, mir sinn elo Januar 2014. An elo ass d'Fro: Wéi solle mer weidermaachen? Mir hu keng honnertdausend Méiglechkeeten.

Et ass déi eng, wou ee seet: Mir musse kucken, wéi een der zweetgréisster Communautéit hei am Land kann op där Basis, esou wéi déi aner Communautéiten och finanzéiert ginn, entgéintkommen. Dat ass déi eng Méiglechkeet.

Déi aner Méiglechkeet ass, dass ee seet: Dës Regierung wëllt jo... ass éischter der Meenung, dass ee soll am Moment keng nei Conventionnementer maachen, well mer jo och schonn ugekënnegt hunn, dass mer keng nei Conventionnementer... dass mer déi al Conventionnementer wëllen dénoncéieren an och op nei Pratiquen agoen.

Ech muss Iech soen, dass de Regierungsrot elo nach net driwwer diskutéiert huet, a wéi eng Richtung dass e wëllt goen, ob en éischter seet: Elo en attendant musse mer där Communautéit entgéintkommen, well se déi Konditioun erfëllt, déi säit 2007 och gefrot ginn ass. Oder si mer der Meenung, dass ee soll elo direkt Konventiounen dénoncéieren, obwuel ee muss direkt wëssen - an ech weess, dass hei déi Konstitutionalisten et och wëssen -, dass ganz vill vun deene Froe vu Conventionnementer mat de Relioune verfassungsméisseg reglementéiert sinn, dat heescht, dass een net kann einfach als Regierung soen: Mir dénoncéiere se.

Dowéinst wéilt ech och an deenen nächste Conseilen - Regierungsconseilen - mat de Kolleegen iwwert deen dote Sujet diskutéieren, fir ze kucken, a wéi eng Richtung et soll goen. Mä wéi Der wësst, steet och an der Regierungserklärung, dass de Stat éischter der Meenung ass, dass e sech soll vun de Reliounen zréckzéien, wéi elo nei Konventioune wëlle mat neie Communautéiten ze maachen.

Mä Dir hutt et och virdru gesot, et ass e Pied d'égalité. Dee muss och an dësem Land zielen. An dofir wäerte mer an deenen nächste Wochen driwwer diskutéieren, an dann, soubal mer d'Décisioun och geholl hunn, Madame Brasseur, Iech déi matdeelen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Premierminister.

Mir kommen dann zur Fro N°2, d'Fro vum honorabelen Här Claude Wiseler un de Premier iwwert déi rezent Deklaratioune vum amerikanesche President zu den Iwwerwaachungsprogrammer vun den USA. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°2 du 21 janvier 2014 de M. Claude Wiseler relative aux récentes déclarations du Président américain Barack Obama au sujet des programmes de surveillance des services secrets américains, adressée à M. le Premier Ministre

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. Wéi am Juni 2013 déi Révélatioune komm sinn, vun dem „Washington Post" op där enger Säit, vum „Guardian" op där anerer Säit, iwwert dee geheimen amerikaneschen Oflauschterprogramm, war d'Onverständnis an der Welt an haaptsächlech an Europa extrem grouss. An och wann déi amerikanesch Autoritéite versicht hunn, déi Saachen erofzespillen, sinn an deene leschte Méint ëmmer weider Detailer vun dësem Iwwerwaachungsprogramm un d'Liicht komm. An den Héichpunkt war sécher de Fait, datt révéléiert ginn ass, datt déi däitsch Kanzlerin säit Joren ofgelauschtert gëtt.

Dat huet et a sech mat sech bruecht, datt den Europäesche Conseil am Oktober 2013 dat op säin Ordre du jour gesat huet an och eng Deklaratioun gemaach huet, wou en ënnerstrach huet, datt e Partenariat tëschent de Länner ëmmer misst a sollt am Respekt an am Vertraue béidersäits gemaach ginn. En huet zwar och ervirgestrach, datt d'Renseignementer e vitaalt Element am Kampf géint den Terrorismus wären. Nach ass dat Vertrauen tëschent Partner an de Vierdergrond gestallt ginn.

An do wëll ech zitéieren een Extrait aus deem Conseil, dee folgendermoosse laut: «Les chefs d'État et de gouvernement ont pris note de l'intention de la France et de l'Allemagne de demander des discussions bilatérales avec les États-Unis avec l'objectif de trouver avant la fin de l'année un accord sur les relations mutuelles dans ce domaine. Ils ont noté que les autres pays européens seront invités à rejoindre l'initiative.»

Weiderhin ass och geschwat gi vun der Existenz vun engem Groupe de travail, wou d'Unioun an d'Vereenegt Staten iwwert d'Protection des données matenee schwätzen, a gefrot ginn, datt esou schnell wéi méiglech an deem Kontext och géif weidergefuer ginn. Et ass vill Drock opgebaut ginn, a virun e puer Deeg huet den amerikanesche President och ugekënnegt, datt d'Aktivitéite vun der NSA géifen agegrenzt ginn an eng laang Ried mat Detailer doriwwer gehalen. An d'Reaktioune vu féierende Politiker aus der EU ware ganz ënnerschiddlech.

Duerfir wëll ech e puer Froe stellen.

Déi éischt ass: Wéi schätzt de Premierminister déi rezent Aussoen iwwert dëse Sujet vum amerikanesche President an?

Déi zweet ass: Kann de Premierminister eis soen, ob hie sengen däitschen a franséischen Homologen d'Ënnerstëtzung zougesot huet, wat hir Initiativ, déi ech virdrun zitéiert hunn, ubelaangt, wéi dat aus der Deklaratioun vum 24. Oktober 2013 ervirgeet? A goufen do scho Fortschrëtter erziilt?

Déi drëtt Fro, dat ass: Wou stinn d'Verhandlunge mat den USA, wat de Safe-Harbor-Ofkommes, dat heescht den Dateschutz ugeet?

An déi lescht Fro, dat ass: Wéi steet d'Lëtzebuerger Regierung zur Iddi vun engem schrëftlechen No-Spy-Ofkommes tëschent den USA an der EU, esou wéi deen an der Lescht diskutéiert ginn ass?

Villmools Merci fir Är Äntwerten.

M. le Président.- Merci dem Här Claude Wiseler.

Här Wiseler, d'Auer ass bei zwou Minutte 50 stoe bliwwen. Ech mengen, et ass heiansdo gutt, wann een de Feeling vun der Zäit kritt, an ech kann Iech e Lidd dovu päifen. Den Här Premier huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre*.- Här President, wann Der erlaabt just? Ech wëll net hei engem soen, wéi e seng Froen ze stellen huet. Mä wann den Här Wiseler mech hei freet, wéi et mat Däitschland, wéi et mat Frankräich, wéi et mat hei a wéi et mat do ass, an awer seng Fro einfach seet: «j'aimerais lui poser une question concernant les récentes déclarations du Président Barack Obama au sujet des problèmes de surveillance des services secrets américains», wier ech frou, wann Der wierklech ganz prezis - Dir stoungt jo och eng Kéier hei, Här Wiseler -, wann Der ganz prezis Froen ze stellen hutt, iwwer wéi eng Konventioune wou gemaach gi sinn, dass Der och déi dann am Viraus vläicht kënnt stellen. Dat erlaabt dann dem Minister, Iech méi komplett op Är Fro och ze äntwerten.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Vu datt mer dat heiansdo gesot hunn, hutt Dir et jo duerno ëmmer gemaach.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre*.- Mir hunn et ëmmer gemaach. Dowéinst wier ech och frou, wann dann Är Fraktioun dat an Zukunft och géif maachen.

(Interruption)

Neen, also, wéi gesot, hei si Froe gestallt ginn. Ech muss Iech soen, dass iwwert de Conseil och vum Oktober doudsécher den Här Wiseler säin Noper ka froen, fir ze wëssen, wat ganz genau do dat wollt heeschen, well leider sinn ech eréischt am Conseil vum Dezember derbäi gewiescht, wou deen heiten Dossier net e Sujet war.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV)*.- Ech leider net.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre*.- Jo. Mä Dir waart...

M. le Président.- Den Här Statsminister huet d'Wuert a soss keen aneren.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre*.- Dee vum Oktober, mat deenen Engagementer, déi geholl gi sinn, kann ech mer virstellen, dass do den Här Wiseler am beschte säin Noper freet, dee kann da wëssen, wat ganz genau diskutéiert ginn ass.

Mä, wéi gesot, elo dat, wat immens wichteg ass, dat ass jo ze wëssen - an dat huet och de SREL der Kommissioun scho gesot an der Regierung och bestätegt -, dass se net mat der NSA zesummegeschafft hunn. De SREL wosst och näischt vum Programm „PRISM", dee jo d'Amerikaner gemaach hunn, bis dass den Edward Snowden jo déi ganz Informatiounen och matgedeelt huet am Juni 2013. Dofir kënne mer och net de Virworf gemaach kréien, mir hätten op jidde Fall do eng Roll matgespillt.

Mir hunn den Amerikaner an den Englänner och geschriwwen, well Dir hutt eis déi Fro jo och gestallt, fir ze wëssen, wéi eng Informatiounen hei iwwer Lëtzebuerg erausgaange sinn. Mir kruten do - a virun allem duerch déi Informatiounen, déi do duerch „El Mundo" och diffuséiert gi sinn - jo verschidde Virwërf gemaach. Ech kréien tatsächlech gesot, dass mer vun den Amerikaner a vun den Englänner Äntwerte kritt hunn, mä déi zimlech évasives waren. Dat ass de Prinzip vu Geheimdéngschter, dass déi net ëmmer ganz prezis hei, an deem heite Kontext, eis soen, wéi eng Aktivitéite se wou och maachen.

Dir hutt mer och d'Fro gestallt, wéi et wier mat deenen däitschen a mat deene franséische Kollaboratiounen, déi mer elo hätten iwwert déi Kommissioun, déi sollt jo geschaf ginn. Ech gesinn d'Madame Merkel an zwou Wochen, da wäerte mer och doriwwer diskutéieren. Ech mengen, Dir hutt se och selwer zitéiert, dass d'Madame Merkel hei Victime ginn ass vun Écoutë vun engem auslänneschen Déngscht. Ech muss Iech soen, dass ech dat och inakzeptabel fonnt hunn. An ech mengen, dass och de Conseil am Oktober, deen dat och condamnéiert huet, an déi richteg Richtung gaang ass.

Dass mir eleng elo als Lëtzebuerger den Amerikaner soen, Dir däerft dat net méi maachen, mengen ech, huet wéineg Afloss. Ech sinn der Meenung, dass et hei wichteg ass, dass ee wierklech och an engem nächste Conseil zesummen Décisiounen hëlt an dass och um Niveau vun de Geheimdéngschter an Europa doriwwer diskutéiert gëtt, wéi déi Zesummenaarbecht kéint si mat deene Länner, virun allem, wou mer „ami" sinn.

Et si verschidde Länner, wou mer jo och op militäreschem Niveau zesummeschaffen. An ech mengen, et wier net opportun, wann een d'Gefill hätt, dass een am Fong hannergaange géif ginn an dass d'Informatiounen, wou een am Fong net mengt, dass se sollte gesammelt ginn, awer gesammelt ginn.

Wéi gesot, mat de Fransouse musse mer och Kontakt ophuelen an deem dote Kontext. Ech soen Iech just, dass ech nach keng Diskussiounen, weder mat dem Här Hollande nach mat der Madame Merkel, an deem dote Kontext hat. Mä ech mengen, dass een Zeeche vun Europa immens wichteg ass, dass mer och eng Deklaratioun hunn, déi mer gemeinsam maachen, déi och op déi dote Problematik ageet.

Ech soen et nach eng Kéier: Et kann net sinn, dass een op där enger Säit seet, mir kollaboréieren, an op där anerer Säit deen aneren espionnéiert. Dat ass inakzeptabel!

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Statsminister.

Mir kommen zu der Fro N°3 vum honorabelen Här Marc Angel un d'Kulturministesch iwwert d'Mansfelder Schlass. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°3 du 20 janvier 2014 de M. Marc Angel relative au site du château Mansfeld à Luxembourg-Clausen, adressée à Mme la Ministre de la Culture

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Här President, Merci. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madame Minister, ech wollt hei e puer Froe stellen am Kontext vun deem Terrain oder deem Site a Clausen, wou fréier d'Mansfeld-Schlass stoung a wou och archäologesch Fouillë stattfonnt hunn an och iwwert d'Zukunft vun deem Site e puer Erklärunge kréien.

2007, am Kader vum Kulturjoer, hate mer do eng grouss Ausstellung am Musée, déi och e grousse Succès kannt huet. An Dir wësst, dass de Pierre-Ernest de Mansfeld am Joer 1545 Gouverneur vum Duché de Luxembourg gouf an dat ënnert dem Keeser Charles Quint. De Mansfeld war ee vun deene wéinege grousse Personnagen, déi eis Stad marquéiert hunn, andeems en och net militäresch Gebaier gebaut huet. A vum Joer 1563 bis 1604 gouf dat grousst Schlass mat Park an Déieregaart a Clausen erriicht.

Ech mengen, do sinn och am Kader vum Kulturjoer grouss Fouillë gemaach ginn an interessant Beschreiwunge vun deene Fouillë kann een an engem immens interessanten Ouvrage vum Jean-Luc Mousset noliesen aus dem Joer 2007. An do sinn eng ganz Rei Bauwierker fräigeluecht ginn, fonnt ginn, Fontainen, Reschter vu Fassaden an esou weider. Ech hunn elo keng Zäit, fir dorobber anzegoen.

An ech sinn och iwwerzeegt, dass, wann déi Fouillë weidergefouert gi wären, nach ganz flott Elementer do fonnt gi wären. Ech erlabe mer dofir, der Ministesch véier prezis Froen ze stellen:

Éischtens: Firwat sinn déi Fouillë géint 2007 gestoppt ginn, a gedenkt de Ministère dës Fouillen erëm weiderzefëieren?

Zweetens: Wéi ass et mat der Mise en valeur an der Accessibilitéit fir de Public vum Site selwer a vun deem, wat fonnt ginn ass? A gëtt et eng Volonté politique, fir dat alles ze sauvegardéieren an en valeur ze setzen? A wéi ass et mat de Mesures de sauvegarde, fir dass déi Degradatioun net weidergeet vun deem, wat fonnt ginn ass?

En drëtte Volet vu Froen: Wéi lafen d'Verhandlunge mat der Stad Lëtzebuerg, déi Propriétaire ass vun deem Terrain, fir den Terrain ze kafen? An do kann ee sech d'Fro stellen, ob een dat iwwerhaapt muss, ob een net kann e gemeinsame Projet mat der Gemeng Lëtzebuerg maachen. Dofir wollt ech wëssen, wéi de Stand vun de Pourparlers mat der Gemeng ass.

An déi lescht Fro: Ass de Site an dat, wat fonnt ginn ass, ass dee Site protegéiert, dat heescht klasséiert, fir dass näischt dem Bagger do kann zum Affer falen? An, falls dat net klasséiert wär, gedenkt Dir dat ze maachen?

Als Konklusioun wollt ech soen, dass de Mouvement écologique net méi spéit wéi gëschter oder haut de Moien eng Pressekonferenz hat, och iwwert dee Site, an ech deelen d'Meenung vum Mouvement écologique, dee seet, dass eng intelligent Valoriséierung vun deem Areal aus urbanistescher, mä och aus kulturhistorescher Siicht grouss Chancë biergt, net nëmme fir nei ëffentlech Fräiraim an der Siicht vum Denkmalschutz ze schafen, mä och fir do op deem Site, wou näischt Wäertvolles steet, Wunnengen ze bauen.

Ech soen Iech schonns am Viraus Merci fir Är Opmierksamkeet. Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Marc Angel.

Och him wëll ech soen, dass e bei zwou Minutten an eng hallef gelant ass. Wa mer alleguerten d'Froe wëllen duerchkréien, wëll ech ëm e bëssche Disziplin bieden. Domat huet d'Madame Kulturminister d'Wuert, d'Madame Nagel.

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture*.- Merci, Här President. Véier Minutten, hu mer gesot kritt. Natierlech géif et elo och wierklech de Rahme sprengen, wann ech géif op dee ganzen Historique zréckgoen. Ech géif Iech schonn am Ufank proposéieren, wann dat gewënscht wier, wann d'Kulturkommissioun eng Kéier gären eng Visite des lieux géif maachen a vu mengen zoustännege Leit an deenen zwee Ministèren, Kultur a Logement, Explikatioune wëllt kréien, mir sti ganz gäre bereet, fir iwwert dee ganz flotte Site an iwwer wat alles do nach wäert kommen an Zukunft Iech Ried an Äntwert ze stoen.

Et ass gesot ginn hei vum Här Angel, et ass de Site vum Mansfeld. D'Schlass „La Fontaine" zu Clausen, mat sengem Park ronderëm, dee gebaut ginn ass 1563 bis 1604 vum spuenesche Gouverneur Pierre-Ernest de Mansfeld, war e Gebai awer, dat ganz séier zerfall ass. D'Schlass mat de Gäert woren deemools am Renaissance-Stil gebaut ginn a woren zimlech avantgardistesch fir hir Zäit.

Wat ass nach haut vum Schlass ze gesinn? Iwwerreschter vum Buer St-Pierre, Iwwerreschter vum Buer Vénus, Stécker vu Figurinnen, d'Mauere vum Palais selwer, virun allem d'Südsäit vun der Grande Galerie a verschidden Elementer am Gaart.

Ech fänke mat der Stad Lëtzebuerg un. D'Stad Lëtzebuerg ass Propriétaire vun engem groussen Deel vun den Terrainen, déi kaaft gi sinn

1987, 2002 an 2003. Am Ganzen ass deen Terrain 1 Hektar 30 Ar a 87 Centiare grouss. An d'Iddi war ëmmer vun der Stad Lëtzebuerg, fir eng Zentralschoul fir Clausen ze bauen. Déi Iddi ass awer 2006 fale gelooss ginn, well eben zu deem Zäitpunkt d'Fouillen um Terrain ugaange sinn a well et quasi onméiglech war, fir ze wëssen, wéi laang déi Fouillë géifen daueren, an dann esou e Projet vun enger Zentralschoul komplett géif, déi Iddi géif hifälleg ginn.

2007 freet d'Stad Lëtzebuerg beim Finanzministère, ob se net un den Terrainen interesséiert wieren. An de Juni 2012 widderhuele se nach eng Kéier hir Demande a soen awer och, datt se kee Problem hätten, fir e soziale Wunnengsbau ze ënnerstëtzen, wat se och dem Fonds du Logement matgedeelt hunn. Am Februar 2012 freet dann och de Fonds du Logement nach eng Kéier, ob d'Sessioun vum Site un de Stat nach ëmmer aktuell wär, wat d'Stad dann och den August 2013 dem Fong nach eng Kéier confirméiert huet. Och freet d'Stad Lëtzebuerg, ob de Fonds du Logement e Projet ausgeschafft hätt a wéi e gedenkt dee Projet ze realiséieren.

Op d'Ufro vum Fonds du Logement et de l'Habitat huet Luxconsult op eng Réunioun sur place den 13. Januar dëst Joer elo invitéiert, wou och all concernéiert Parteien derbäi woren. D'Stad Lëtzebuerg war vertrueden, de Fonds du Logement, den SSMN, den MNHA, de Musée naturel an de Centre national vun der Recherche archéologique.

Et ass och zu deem Zäitpunkt gekuckt ginn, wat fir ee Potenzial dee ganze Site huet, fir nei kënne bebaut ze ginn. An et ass och zu deem Zäitpunkt scho gesot ginn, den 13. Januar, fir eng nächst Réunioun festzehalen de 25. Februar.

Net méi spéit wéi de Moien hunn ech matgedeelt kritt, datt de Comité directeur vum Fonds du Logement den Accord ginn huet, e Concours d'idées ze lancéieren. De Bureau d'études Luxconsult bereet de Concours elo vir. An da kann deen an deenen nächsten dräi Méint lancéiert ginn, wat eng flott Saach ass a wou een dann awer wierklech scho weess vläicht, a wat fir eng Richtung dee ganze Site an déi Projeten, déi virgesi ginn, wäerten an Zukunft an der Form och ugeholl ginn.

Selbstverständlech ass vu Sites et Monuments gefrot ginn, fir et op den Inventaire ze setzen. An dat muss awer an all deem Projet do respektéiert ginn. An do ass och virgesinn, datt dat soll an Zukunft och respektéiert ginn, well et ass wierklech e Site, deen derwäert ass, fir dat och ze schützen. Et gehéiert méi wéi sécher zum Patrimoine vun eiser Geschicht vun der Stad Lëtzebuerg.

Och ass awer ze soen, datt de Fonds de rénovation de la Vieille Ville inoffiziell mam Dossier eng Kéier saiséiert ginn ass, well dee vill Erfahrunge mat Projeten huet, wou et och drëms geet, d'historesch Bausubstanz mat neie Projeten ze verbannen. De Fong kéint hei och d'Roll vum Promoteur spillen. Déi Iddi ass nach ëmmer am Gespréich an do sinn och nach ëmmer Diskussiounen, déi lafen. Dat heescht, et sinn am Fong zwou Pisten op, fir kënnen do e ganz flotte Projet zesummen och ze realiséieren.

Et ass net virgesinn, déi al Bausubstanz komplett ofzerappen, mä se soll an deen neie Projet agegliddert ginn, esou wéi dat och schonn op anere Plazen am Land gemaach ginn ass. An dëst gëllt net nëmme fir de Site vum Schlass Mansfeld, mä och wat d'Maison Fischer aus dem 18. Jorhonnert, déi haut dosteet, ugeet, wou deemools en Deel vum Mansfeld sengem Palais och stoung.

Och ass e Kompromëss duerchaus méiglech, fir...

M. le Président.- Madame Minister, d'Zäit leeft lech fort.

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture*.- Jo.

...verschidden Elementer am Gaart ze erhalen.

Ech wollt just soen, datt scho ganz vill dru gemaach ginn ass. Déi archäologesch Fouillen, fir do nach drop ze äntwerten, sinn nach net ofgeschloss. Déi wäerten och virugoen, well de Centre national vun der Recherche archéologique leet grousse Wäert drop, datt den Esprit du lieu net verluer geet.

Ech wollt ganz zum Schluss awer och nach soen, datt wierklech och ganz vill vum Kulturministère schonn all déi Joren investéiert ginn ass. D'Stabilisatioun an d'Protektioun vum Site tëschent 2001 an 2013: 358.306 Euro, am Budget 2014 si 26.900 Euro virgesinn. D'Mesures d'urgence, déi musse getraff ginn 2014: 145.000 Euro. An de Budget Locatioun an Démontage vun der Structure de protection: 37.000 Euro. An de Contrat de location fir d'Gerüst leeft Enn 2014 of. Do muss esou séier wéi méiglech och eng Décisioun getraff ginn.

Schued. Et ass eriwwer. Merci.

(Hilarité)

M. le Président.- Et war schonn zwou Minutten 20 eriwwer, Madame Nagel.

(Hilarité)

Mä vu dass et Är éischt Nagelprouf war,...

(Brouhaha et hilarité)

...war ech, grad wéi bei de Kolleegen, e bësse méi large. Dir kënnt lech awer drop verloossen, dass mer ab nächster Kéier e bësse méi streng ginn.

Mat der Fro N°4 un d'Familljeministesch wëllt den honorabelen Här Kartheiser Informatiounen iwwert de Forfait d'éducation, op Lëtzebuergesch d'Mammerent.

- Question n°4 du 21 janvier 2014 de M. Fernand Kartheiser relative au forfait d'éducation, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir haten a leschter Zäit e puer Deklaratioune vun der Regierung héieren iwwert d'Thema Mammerent. Den Här Premierminister huet op der Televisioun gesot, datt en eventuell iwwert d'Opportunitéit vu Cumule kéint nodenken. D'Madame Minister Cahen hat gemengt, datt et eng Fro wär, ob een net d'Mamme misst encouragéieren - dat wier d'Intentioun vun der Regierung -, fir schaffen ze goen.

Alles dat stellt eis also direkt Froen iwwert d'Zukunft vun der Mammerent. An dat ass och schonn déi éischt Fro un d'Regierung: Wat gedenkt elo d'Regierung an deem Dossier Mammerent ze maachen?

An déi zweet Fro, déi ass op d'mannst gradesou interessant, wéinstens an eisen Aen, nämlech dat ass déi vun der Équitéit an deem Ganzen. Well Dir erënnert Iech, datt an der leschter Legislaturperiod schonn d'Mammerent vu 60 op 65 Joer - de Bezuchsalter - eropgesat gouf. An dat ass u sech näischt aneschters wéi eng Injustice gewiescht géintiwwer deene Mammen, déi net eng eege berufflech Carrière an net eege Pensiounsusprech haten, géintiwwer deenen, déi awer schaffe gaange sinn.

Firwat? Ma well am Calcul vun der Rent, wann een en eegent Renterecht huet, och dee Forfait mat dran ass, deen d'Regierung als Salariatspartie weiderbezuelt huet fir déi Mammen, also u sech d'Babyjoren. A vun deene kënnen déi Mamme profitéieren, déi eege Pensiounsrechter hunn. Während den Ausgläich dofir, d'Mammerent eben, op zwou Manéieren net matgezunn huet: engersäits duerch d'Unhéijung vum Bezuchsalter an op där anerer Säit eben op d'Fro, wéi dat an Zukunft iwwerhaapt nach deene Mamme soll zeguttkommen - oder Pappen, a gewësse Fäll -, déi ebe sech selwer ëm d'Erzéiung vun de Kanner këmmeren.

Also eis Fro un d'Regierung: Wat huet d'Regierung wëlles mat der Mammerent? An ass de Principe d'équité garantéiert tëschent deenen, déi eege Pensiounsusprech hunn, an deenen, déi déi net hunn?

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. D'Wuert huet d'Madame Familljeministesch, d'Madame Corinne Cahen. Madame Familljeministesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Villmools Merci, Här President. Den Ament ass et esou, dass d'Regierung, d'Koalitioun natierlech all d'Mesuren, d'Aktiounen an all d'Aktivitéiten analyséiert a kuckt, ob se konform si mat de generelle politeschen Orientatioune vun dëser Regierung. Mir wëlle virun allem gesinn, ob all déi Mesuren hir eigentlech Ziler och erreechen an ob d'Moyenen adaptéiert sinn a richteg benotzt ginn.

D'Mammerent gehéiert natierlech zu deenen Allocatiounen. An dofir gëtt natierlech och d'Mammerent de Moment analyséiert, wat mer maachen zesumme mam Minister vun der Sécurité sociale.

Méi kann ech am Fong elo am Moment net soen dozou, well d'Mammerent, wéi gesot, ee vun deene Punkten ass vun all deene Mesuren, vun deem ganze Package, déi den Ament ebe gekuckt ginn.

D'Fro war och relativ kuerz, mä natierlech si mir fir eng absolut Egalitéit. Ech géif dat net Équitéit, mä Egalitéit nennen tëschent Mann a Fra. Dat ass ons ganz wichteg. A mir wëllen och keen elo encouragéieren, schaffen ze goen. Mir wëlle virun allem awer d'Leit encouragéieren, vläicht de Lien mat der Aarbechtswelt awer e bëssen ze behalen, och en vue fir wann d'Kanner net méi doheem sinn. Voilà!

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Familljeministesch.

An der Fro N°5 riicht den honorabelen Här Claude Adam sech un de Premier- a Kommunikatiounsminister a wëllt méi iwwert d'Zukunft vu Radio «ARA» wëssen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°5 du 21 janvier 2014 de M. Claude Adam relative à l'avenir de la station de radio «ARA», adressée à M. le Premier Ministre et à M. le Ministre des Communications et des Médias

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Här Premierminister a Medieminister, Kommunikatiounsminister, wann een d'Geschicht vum Radio «ARA» kennt, da weess een, datt souwuel an der Vergaangenheet wéi och an der Zukunft d'Liene vun deene Gréngen an d'Sympathië ganz staark un dee Sender gebonne sinn. Duerfir deet et eis ëmsou méi wéi, wann, wéi dat elo an der Lescht bekannt ginn ass, de Radio «ARA» gréisser Problemer huet.

Déi gréisser Problemer si séier résuméiert: Zënter ongefeier Mee 2013 ass den Empfang vum Radio «ARA» ganz staark gestéiert. En ass gestéiert duerch e Radio aus der Belsch, dee vun den Ardennen aus sent. Duerfir gëtt et ëmmer méi schwéier, oder duerfir ass et elo laang Zäit schwéier ginn, fir de Radio «ARA» ausserhalb vun der Stad Lëtzebuerg ze empfänken. An dat mécht dem Radio éischtens d'Fonctionnéiere schwéier, an zweetens och d'finanziell Situatioun fir de Radio gëtt ëmmer méi schwiereg, soudatt dee Radio eventuell géif riskéieren, ze verschwannen.

Den Ursprong vun de Frequenzpoblemer läit an den 80er Joren, wou déi international Verdeelung vun de Frequenze festgeluecht ginn ass fir all Land. An deen Accord gëllt nach ëmmer. An zënterhier gëtt et just eng Ëmkodéierung vu Frequenzen innerhalb vun de Länner oder och tëschent Länner, mä dat ass all Kéiers op eng Basis vun donnant-donnant.

Ech ginn elo net an, an där kuerzer Zäit, op d'Liberaliséierungsgesetz vun 1991. Ech wëll awer kuerz och iwwer méiglech Léisungsproblemer schwätzen.

Ech mengen, de Radio «ARA» huet drop higewisen, datt et fir si eng méiglech Léisung wier, fir eng Frequenz vun engem anere Sender eventuell kënnen ze kréien, déi anscheinend net benotzt gëtt. Dat wier schonn emol interessant, ob dat eng méiglech Léisung ass.

Duerfir, Här Minister, un Iech d'Fro: Wat sinn d'Démarchen, déi d'Regierung och schonn zënter dem leschte Joer, also déi Regierung virun Iech, gemaach huet, fir mat deem Problem ëmzegoen, an och déi den ILR gemaach huet? Wat ass am leschte Joer geschitt?

Wat si méiglech Initiativen, déi Dir wëllt huelen, eventuell och mat der belscher Regierung? Ass et méiglech, do en Accord ze kréien? Wat sinn Är Proposen, fir dee Problem hei op méiglechst kuerz Dauer kënnen ze léisen?

Ech soen Iech Merci fir Är Äntwerten.

M. le Président.- Merci och dem Här Adam. Den Här Premier- a Kommunikatiounsminister huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre des Communications et des Médias*.- Merci, Här President. Ech soen och dem Deputéierten Adam Merci fir dës Froen.

Sou wéi hien et gesot huet, huet de Radio «ARA» suite zu den Appels vu Kandidaturen aus dem Joer '92 vun der Commission indépendante de la radiodiffusion an ënnert der Gesellschaft Alter Eco dunn déi éischt Frequenze kritt. Et woren der zwou deemools: 103,3 an 105,2.

Dir wësst jo, dass och déi ganz Frequenze vun de Radioen international geregelt sinn. Dat ass de Plan de Genève, nennt een dat, dee '84 geholl ginn ass bei der UIT an deen och genau regelt, wéi d'Radiosfrequenze kënne gemaach ginn.

Tatsächlech ass de Radio «ARA», esou wéi ech virdru gesot hunn, mat der Frequenz 103,3 - dat ass déi Frequenz, déi se haut benotzen -, mä si hunn och nach eng zweet - 105,2 - a si hunn nach eng zousätzlech bäikritt, dat ass de 87,8. Dat ass déi drëtt Frequenz, déi se bäikritt hunn. A bei 103,3 ass elo NRJ aus der Belsch, déi vu L'Église aus den Ardennen hir Masten installéiert hunn a vu L'Église déi Strahlungen hei zu Lëtzebuerg verschidden Interferenzen hunn.

De Problem, deen awer do ass, mir hunn och bei de Belsch intervenéiert, ass, dass déi eis soen, dass se, wa se de Poteau vu L'Église méi schwaach géifen astellen, de Problem wier vu ganz anere Radioen, déi net op dëse Frequenze sinn. An dass dann de Risque och wär, dass déi aner Radioen doduerjer kéinte leiden.

(Interruption)

Mir hunn och e Kontakt opgeholl. Den ILR huet mat de belschen Homologe geschwat, fir ze kucken, ob do näischt ze maache wier. An déi Äntwert, déi ech lech ginn hunn, hunn d'Belsch eis ginn, fir ze soen, et wiere Répercussiounen op aner Radioen, a si sinn net gewëllt elo, fir do eppes ze änneren.

De Radio «ARA» huet och e Courrier gemaach un d'ALIA, déi elo fest besat ginn ass mam Här Hoscheit un hirer Spëtzt, deen och an d'Compositioun, wou mer elo déi lescht Propositioun vum ORK nach kritt hunn, konnte mam leschte Regierungsrot definitiv besetzen. An ech gesi keng honnertdausend Méiglechkeeten, Här Adam.

Déi éischt ass, dass ee sech géif eenegen, fir op dem 87,8 an Zukunft auszestrahlen. Dat wier eng Méiglechkeet. Wéi gesot, et ass keng Garantie, dass ni méi duerno e Problem géif kommen. Mä et ass dat, wat op jidde Fall eis Servicer géife préconiséieren.

Mä ech géif elo virun allem préconiséieren, dass déi nei ALIA, de Service vun de Medien a vun der Kommunikatioun, an d'ILR zesumme mam Radio «ARA» sollen zesummekommen. Dee Problem ass elo eréischt wierklech akut ginn, an ech mengen, och duerch... Ech muss lech soen, dass dat eppes war, wou keen ni virdrun driwwer diskutéiert hat. An dass ech och gëschter an der Belsch jo war an och mat eise Servicer diskutéiert hunn, wéi mer doriwwer kéinte mat de belschen Autoritéiten diskutéieren. An do krute mer, wéi gesot, vum ILR bestätegt, dass déi scho mat de Belsch diskutéiert haten.

Dofir, ech préconiséieren, dass déi staatlech Säiten, also de Service des Médias et des Communications, den ILR, d'ALIA, zesumme mam Radio «ARA» géifen zesummekommen. Et gëtt keng honnertdausend Méiglechkeeten. Entweder et bleift esou oder et misst een eng aner Frequenz huelen. Ech kann net de Belsch soen, wat se dierfen oder wat se net dierfen, wann et virun allem konform ass zu internationale Konventiounen.

M. le Président.- Merci dem Här Premier- a Kommunikatiounsminister.

Déi nächst Fro vum honorabelen Här Gilles Roth riicht sech un de Finanzminister. Den Här Roth wëllt Detailer wëssen iwwert déi ugekënnegt TVA-Erhéijung. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°6 du 21 janvier 2014 de M. Gilles Roth relative aux hausses annoncées des différents taux de TVA, adressée à M. le Ministre des Finances

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Regierungserklärung gouf et virun engem gudde Mount eigentlech keng weider Prezisiounen iwwer eng méiglech TVA-Erhéijung. Den Här Bettel huet am Kontext vun de Statsfinanzen an der Budgetskonsolidéierung éischter vun „Kassensturz", „Screening vun Ausgaben" an „zero-based budgeting" geschwat. Steiererhéijunge sollten eigentlech als lescht Mëttel a Betruecht gezu ginn.

De Finanzminister huet du virun enger Woch, iwwregens op Nofro vun der CSV hin, an der zoustänneger Chamberskommissioun d'Kaz aus dem Sak gelooss an eng Erhéijung vun der TVA an Aussiicht gestallt.

Am Sënn vun der Transparenz an der Prévisibilitéit vun der Steierlandschaft, fir déi déi nei Regierung, iwwregens zu Recht, wëllt antrieden,

mä och am Geescht vun der Planungssécherheet vu ville Betriber an Zegdausende Privatstéit hei am Land wëll ech duerfir eigentlech méi kloer Äntwerte vum Finanzminister op folgend Froen:

Éischtens, bleift de superreduzéierten TVA-Saz vun 3% an dem Horesca-Beräich, ënner anerem bei de Caféen an de Restauranten, bestoen oder net?

Zweetens, gëtt den Zwëschen-TVA-Saz vu 6% an d'Luucht gesat? A wa jo, ëm wivill? A falen dorënner och Produkter wéi de Gas an d'Elektresch?

Drëttens, geet de sougenannten „Parking"-TVA-Saz vun 12% an d'Luucht? A wéi verhält sech do d'TVA op den Heizuelech?

Véiertens, op wat fir engem konkreten Datum sollen dann déi geplangten TVA-Erhéijungen a Kraaft trieden?

Fënneftens, mat wat fir engem Steiergewënn huet d'Regierung déi geplangten TVA-Erhéijungen geschat?

Sechstens a leschtens, wéisou kënnt d'Regierung no engem Mount Amtszäit, an nodeems si während dräi Méint eigentlech net midd ginn ass, ze soen, fir d'Éischt géif gespuert ginn, dann elo schonns ee Mount no hirer Vereedegung zur Konklusioun, dass et muss zu enger TVA-Erhéijung kommen?

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Roth. Den Här Finanzminister huet d'Wuert. Här Finanzminister, wann ech gelift.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech emol ganz kloer hei soen, dass déi Erhéijung vun der TVA mam Budget vun 2015 ze dinn huet. Ech erkläre mech.

Et ass jo kee Geheimnis, dass mer wéinst de Perten am Commerce électronique e Lach an de Budget 2015 kréien, dat riseg ass. An et ass aus deem Grond, dass mer mussen 1,5 Milliarde fannen. An déi kënne mer net aneschters fannen, wéi wa mer och géifen d'TVA erhéijen.

Dofir Äntwert op Är Fro: D'TVA-Erhéijung gëtt net gemaach, fir de Budget vun 2014 ze équilibréieren, well d'Prioritéit vun der Regierung ass, um 2014er Budget de Gros vun den Efforte mat Reduktioune vun den Dépensen ze maachen. An där Hisiicht bleiwe mer kohärent mat deem, wat am Regierungsprogramm steet.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Zu den Tauxe kann ech Iech partiell äntwerten. Ech kann Iech net komplett äntwerten, well d'Regierungsdiskussioun nach net stattfonnt huet. Mir sinn amgaangen, déi ze preparéieren, an dat wäert an deenen nächste Wochen an de Regierungsrot kommen, soudass meng Kolleegen nach net informéiert sinn, a souguer ech sinn nach an der Aarbechtsphas.

Ech kann Iech awer soen, dass den Taux superréduit vun 3%, wéi och ugekënnegt, wäert bleiwen. Ech kann nach net op déi Fro äntwerten, déi Der gestallt hutt iwwert de Secteur vun der Hôtellerie/Restauratioun, well doriwwer hu mer nach net geschwat.

D'Aarbechtshypothees ass, dass déi aner Tauxen 2% an d'Luucht ginn. Den Taux vu 15 geet ganz bestëmmt 2% an d'Luucht. An d'Aarbechtshypothees ass, dass déi aner Tauxen, dee vu 6 a vun 12, och géifen 2% an d'Luucht goen.

Ech wéilt nach dozou ajoutéieren, dass déi Augmentatioun vun der TVA och en ligne ass mat de Recommandatiounen, déi d'Kommissioun der Regierung gemaach huet am Programme de réforme. Am Mee/Juni 2013 ass eng Recommandatioun vun der Kommissioun komm, fir ze soen, dass Lëtzebuerg soll den Taux normal vu 15% ausweiden, well mir eent vun deene Länner sinn, wou deen Taux am dënnste gesat ass. Dofir leie mer mat där Approche, mengen ech, op enger ganz kohärenter Linn mat de Recommandatioune vun der Kommissioun.

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Merci och dem Finanzminister.

Mat där nächster Fro riicht sech den honorabelen Här Alexander Krieps un de Minister vun der Ekonomie a wëllt Detailer wëssen iwwert d'Schléissung oder déi eventuell Schléissung vu verschiddene Postbüroen. Här Alexander Krieps, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°7 du 20 janvier 2014 de M. Alexander Krieps relative à l'éventuelle fermeture de bureaux de la Poste, adressée à M. le Ministre de l'Économie

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, meng Fro, wann ech elo zréckkucken op déi viregt Froen alleguer vum Geheimdéngscht, iwwert de Pierre-Ernest de Mansfeld, déi fält e bëssen of. Mä déi ass mer e Sonndeg mat op de Wee gi ginn, vun enger ganz sympathescher Dëschnopesch, déi sech Suerge gemaach huet iwwert d'Désertification administrative am Land. An do hunn ech hir gesot, mir wären zwar nach net am Larzac, mä ech géif dann de Minister froen, well si envisagéiert hätten, et géife Postbüroen zougemaach ginn am Land, wéi dat da géif virugoen. Dofir wollt ech dem Minister déi Fro stellen.

Ech wollt him och d'Fro stellen - ech hu gëschter Owend emol am Télefonsbuch gekuckt, wéi vill Postbüroe mer am Land hunn: Dat sinn der 106 an zwielef Postshopen a Packupstatiounen, an am Géigesaz zu där Damm hire Behaaptungen hu mer 51 Büroen am Éislek an am Osten; et ass also net, wéi wann déi ënnerbesat wären -, d'Fro ass also, Här Minister, ob Der an Zukunft, wa Rationalisatioune kéimen, an an deem Wuert „Rationalisatioun" ass jo och déi Racine Ratio/Vernunft, kucke géift, ob Der d'Postbüroen an de Garen installéiere géift, och am Éislek zum Beispill. Ëmgedréit ass et méi schwiereg, fir d'Gare an de Postbüro ze huelen.

(Hilarité)

An da géif ech mengen…

(Brouhaha)

Neen, dat ass eng ganz seriö Fro.

Aner Verwaltunge si jo ënner Ëmstänn och betraff vu Reduktiounen, haaptsächlech an de ländleche Géigenden. Dat ass meng Fro. Merci fir Är Äntwert, Här Minister.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem honorabelen Här Alexander Krieps. D'Wuert huet den Ekonomiesminister, den Här Etienne Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Sou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zur Fro vum honorabelen Deputéierten ass Folgendes ze soen: Also mir brénge keng Garen an d'Postbüroen, fir dat Gerücht direkt emol aus der Welt ze schafen - doriwwer eraus wär et dann och um Här Bausch ze äntwerten.

Et ass esou, dass d'Post amgaangen ass, e Gesamtkonzept ze erstellen, wat hire Service iwwer Land ugeet. Et ass de Moment néierens virgesinn, fir iergendeng Postagence zouzemaachen. Fir d'Éischt gëtt e Konzept erschafft, an d'Iddi vun deem Konzept ass ebe just, fir de Service um Bierger ze verbesseren an net de Contraire.

Dir wësst, dass mer de Moment eng ganz Rei Postbüroen uechtert d'Land hunn, déi nëmme stonneweis op hunn, wat net onbedéngt deene Leit zupasskënnt, déi schaffe ginn, déi also ëmmer dann, wann déi Postbüroen op sinn, meeschtens keng Zäit hunn, fir dohinner ze goen.

Also d'Iddi ass elo, e Gesamtkonzept ze erstellen, wéi mer de Service verbessere kënnen, wéi mer d'Éffnungszäite verbessere kënnen. An d'Stäerkt vun der Post ass ebe just déi, fir iwwert de ganzen Territoire verdeelt ze sinn an net de Contraire. Dofir ass eigentlech net ugeduecht, fir Büroen zouzemaachen, mä fir eng méi optimiséiert Verdeelung an och en optimiséierte Service dem Bierger unzebidden.

An do wäerte mer am Laf vun dësem Joer e Konzept kréien an dat kënne mer da ganz gären eng Kéier zesummen an der zoustänneger Kommissioun diskutéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Ekonomiesminister.

Mir kommen zu der nächster Fro. Et ass d'Fro vum honorabelen Här Serge Urbany un de Landwirtschaftsminister iwwert de rezente Rapport vu Greenpeace iwwert déi toxesch Substanzen a Kannerkleeder. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°8 du 21 janvier 2014 de M. Serge Urbany relative à la récente étude de l'ONG Greenpeace en relation avec des substances toxiques relevées dans les vêtements d'enfants, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Effektiv huet Greenpeace an enger rezenter Etüd Gezei ënnersicht - och dorënner Kannergezei, wat vill op europäesche Mäert, iwwregens och zu Lëtzebuerg, ugebuede gëtt -, fir ze kucken, wat fir toxesch Substanzen doran enthale sinn. An déi Resultater dovunner sinn anscheinend zimlech desastréis a goufen och an der internationaler Press kommentéiert.

Och wann et zu deene meeschte vun deene Substanzen, déi hei am Spill sinn, scho Regulatiounen an Europa gëtt, mengen ech, weist dat just, dass déi Regulatiounen nach net wäit genuch ginn. Zum Beispill eng vun deene Substanzen, sougenannte Phthalaten, déi och zum Beispill e Risiko vun der Onfruchtbarkeet kënnen erhéijen, sinn zwar an der EU a Kannerspillsaache verbueden, awer net zum Beispill a Kannerkleedung. An ëm déi handelt et sech hei. Verschidde Produiten, déi an der EU verbuede sinn, kënnen awer eventuell als importéiert Produiten hei ze fanne sinn.

Dofir meng Froen un den Här Minister: Wéi stellt d'Lëtzebuerger Regierung sech vir, Kanner awer och Erwuessener virun esou toxesche Stoffer an der Kleedung preventiv a wierksam ze schützen? Wéi wäit geet do den nationale Spillraum vun der Regierung? Awéiwäit wëllt se dee Spillraum notzen?

Wat fir Test- a Kontrollmechanisme gëtt et hei am Land? Wéi kënnen déi an esou Fäll agesat ginn?

A wéi steet d'Regierung zu weideren, méi restriktiven a méi strengen Dispositiounen, déi och zu Verbueder kënne féieren, vun esou gefäierleche Stoffer a Kleeder, souwuel hei am Land wéi och an Europa am Kader vun der europäescher Reglementatioun? A wat fir Moossname si konkret do an Zukunft geplangt?

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Den Här Landwirtschafts- a Konsumenteschutzminister, den Här Etgen, huet d'Wuert.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs*.- Merci villmools, Här President.

Déi Etüd, vun där den Här Urbany geschwat huet, ass haut virun aacht Deeg publizéiert ginn, de 14. Januar. 82 verschidde Produkter, déi iwwer zwielef verschidde Marke verkaaft ginn, waren hei viséiert. An do waren dann awer esou bekannt Marken derbäi wéi American Apparel, C&A, Disney, Primark, Uniqlo, Adidas, Li-Ning, Nike, Puma a Burberry.

D'Regierung huet déi Etüd zur Kenntnis geholl. Déi Substanzen, déi vun der Etüd viséiert sinn a sech an den analyséierte Kleeder erëmfonnt hunn, sinn zum Deel sougenannt „perturbateurs endocriniens". Dat heescht, et si Substanzen, déi staark mat dem mënschlechen Organismus interagéieren - an den Här Urbany huet och dorop higewisen -, zum Beispill Problemer um Niveau vun den Hormoner, vun de Schilddrüsen an esou weider.

Déi communautaire Texter, déi hei a Kraaft sinn, an do besonnesch REACH, bidden ee gëeegenten Outil fir d'Gestioun vun de Risiken an de chemesche Substanzen. Dësen Outil gëtt och regelméisseg à jour gesat an adaptéiert.

Et ass ee Beräich, wou bis elo nach eng Partie Ministèren hei am Land Kompetenzen hunn, notamment den Ëmweltministère, de Gesondheetsministère an de Wirtschaftsministère, déi awer an der Zukunft ënner engem Daach, dem Verbraucherschutzministère, solle koordinéiert ginn.

Um Lëtzebuerger Niveau si bis elo nach keng Kontrollen an dësem speziell viséierte Beräich ënnerholl ginn. Et ass awer kloer, datt d'Regierung dësen Dossier mat ganz vill Opmierksamkeet wäert suivéieren an och déi néideg Mesurë wäert an d'Weeër leeden, fir dës Produiten aus dem Verkéier ze zéien, wa se deene betreffende Reglementer net entspriechen.

Ech mengen, wat elo de preventive Beräich ubelaangt, ass jiddefalls och hei den Opruff un d'Konsumenten, sech virum Kaf vun esou Produiten iwwer méiglech Nuisancen ze informéieren. Zum Beispill kann een dat maachen um Internetsite www.reach.lu, wou eng ganz Rei Informatiounen zu dësem Thema stinn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Villmools Merci dem Här Landwirtschafts- a Konsumenteschutzminister.

Als Nächsten ass et um Tour vum Här Franz Fayot, dee vum Nohaltegkeetsminister méi iwwert de Bau vun der neier Nationalbibliothéik op Bricherhaff wëllt wëssen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°9 du 21 janvier 2014 de M. Franz Fayot relative au début de construction de la nouvelle Bibliothèque Nationale au Bricherhaff à Luxembourg-Kirchberg, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den deemolege Statsminister huet de 5. Mee 2010 am État de la nation deklaréiert, dass d'Regierung sech géif engagéiere fir d'Konstruktioun vun enger neier Nationalbibliothéik. Deemools ass och schonn de Site genannt gi vun der Nationalbibliothéik: Dat sollt um Lieu-dit „Bricherhaff" um Kierchbierg sinn.

An den Här Juncker huet och deemools den Ufank vun den Aarbechte genannt, dat sollt…, oder plutôt souguer d'Date d'achèvement vun der Bibliothéik, déi sollt 2014 gebaut ginn. D'Gesetz, wat de Bau vun där neier Nationalbibliothéik dunn approuvéiert huet, ass dunn och 2013 ugeholl gi vun dëser Chamber, méi prezis den 18. Abrëll 2013.

Wéi mer alleguer wëssen, platzt eis Nationalbibliothéik, eis aktuell Nationalbibliothéik aus allen Néiten, wéi d'ailleurs och d'Archiven, d'Nationalarchiven - mä dat ass eng aner Fro, en anere Problem. An et gëtt haut nach méi wéi virun dräi, véier Joer e reelle Besoin, fir dass déi Nationalbibliothéik do kënnt.

Meng Fro dohier un de Bauteminister ass eng einfach: Wou si mer dru mat deem Bau? Dat ass jo e Projet, deen à maturité ass, dee ka gebaut ginn. Sinn d'Ausschreiwunge gemaach ginn? A wéini kënne mer mam Ufank vun den Travaux do rechnen?

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Fayot. Den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Ech wollt och dem honorabelen Här Fayot Merci soe fir déi Fro. De Bau dovunner ass och ganz am Timing. Déi éischt Aarbechten hunn ugefaangen elo Enn Dezember, ufanks Januar, an zwar andeem den Terrain um „Bricherhaff" preparéiert gëtt. Et ass eng éischt Soumissioun, déi dréit sech ëm d'Installatioun vum Chantier an den Traitement vun den Décheten, déi ass och schonn um Lafen, déi ass den 2.1. och ofgeschloss ginn. Dat heescht, du krut de Ministère eng Propos gemaach vun der Adjudicatioun, an d'Aarbechten dovunner wäerten de Mäerz 2014 ugoen.

Et ass eng zweet Soumissioun, déi ass um Lafe respektiv och ofgeschloss. Do ass den 21. Januar d'Ouverture gewiescht vun der Soumissioun, an et gëtt gerechent, datt d'Aarbechte vun den Terrassementer uginn Abrëll, Mee dëst Joer, dat heescht an een, zwee, dräi Méint, an datt déi bis Enn 2014, Ufank 2015 daueren.

An da kënnt eng drëtt Soumissioun, dat ass de Gros œuvre. Do ass d'Finalisatioun vum Bordereau fir de Gros œuvre amgaang. Do ass fir de Mäerz 2014 virgesinn, datt dee steet. An da gëtt d'Soumissioun lancéiert am Mee, Juni 2014, also dëst Joer, soudatt d'Aarbechte vum Gros œuvre punkt- an timingsgeméiss 2015 kënnen ugoen. Wann alles normal klappt, am Kader vum Bau - et ware véier Joer Bauzäit virgesinn -, da wäert déi nei Nationalbibliothéik 2018 fäerdeg sinn.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här François Bausch.

Als Nächste kënnt den honorabelen Här Marc Spautz. Hie riicht sech mat enger Fro un d'Madame Familljeministesch a wëllt méi iwwert d'Ännerunge bei de Familljenzoulage wëssen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°10 du 21 janvier 2014 de M. Marc Spautz relative aux changements éventuels qui pourraient toucher le système d'allocations familiales au Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'lescht Woch huet d'Madame Familljeministesch um Radio an och an der Press d'Iddie virgestallt, wéi et soll mat de Familljenzoulage weidergoen. Et war een e bëssen iwwerrascht, well mer jo verstanen

haten, et géif fir d'Éischt e Screening gemaach gi vun de Finanzen, ier och géif geschwat gi vun Aspueren. Bei deene Saachen ass och gesot ginn, dass ee sech ka virstellen, och an der Familljepolitik, dass een do Spuermoossname ka maachen.

Ass de Screening scho fäerdeg, dass een elo scho kann op déi Spuermoossnamen ausgoen? Oder wéi ass déi Virgoensweis ze erkläre vun der Familljeministesch? Oder steet déi net e bëssen am Géigesaz zu där Politik, déi den Här Berger gëschter op der Pressekonferenz oder um Neijoersempfang vun der DP gesot huet, dass fir d'Éischt alles misst iwwerschafft ginn an alles misst gekuckt ginn, ier ee kéint kucken, a wat fir eng Richtung et geet, an et misst een alles eng Kéier op null setzen?

Déi Pisten, déi elo diskutéiert ginn, wat d'Kannergeld ubelaangt, also d'Familljenzoulagen allgemeng, ginn déi eleng gekuckt? Ginn déi gekuckt zesumme mat der Steierreform, déi den Här Gramegna jo soll ausschaffen? Ginn déi zesumme gekuckt mam Chèque-service, wat den Här Meisch jo nach muss ausschaffen?

A ginn déi och zesumme gekuckt mat de Wunnengsbauprimen, well et jo och drëm geet bei de Kanner, well jo och d'Kannerzuel do eng grouss Influenz huet op dat, wat am Logement geschitt? Gëtt dat och am Zesummenhang gekuckt mat de Primë bei de Prêten, bei deene jo och d'Kanner mat berücksichtegt ginn? Ass dat e ganze Package, deen do kënnt? Well eleng mat der Ukënnegung vun engem Punkt kann dat e bëssen zur Veronsécherung féieren.

Et ass des Weidere gesot ginn, et misst vereinfacht ginn, wéinst de Frontalieren. Ech menge jo awer, dass och Frontalieren, wann en neie System do ass, nach ëmmer hiren Ausgläich kréien, dass et nach ëmmer esou ass, dass a Frankräich ee fir dat éischt Kand näischt kritt an eréischt ab deem zweete Kand eppes kritt, an Däitschland erëm eng aner Moossnam ass an an deenen aneren europäesche Länner erëm aner Moossname sinn.

Gëtt dat ofgeännert? Oder wann ee schwätzt vu Vereinfachung, wéi kann een dat maachen? Well op déi Législatioun huet Lëtzebuerg jo keen Afloss, well déi gëtt vun deene jeeweilege Länner bestëmmt.

D'selwecht kann een déi Fro stellen an och de Statsminister hat mir op eng Question parlementaire geäntwert, en hat sech do op den OECD-Bericht vun 2011 beruff, deen den Här Lux schonn eng Kéier am Budgetsrapport, deen hie gemaach huet, zitéiert hat. Mä ech wollt do froen, ob d'Regierung och zwou aner Etüden awer gekuckt huet: «Les enfants pauvres au Luxembourg» vun 2003 an «Tensions financières et nombre d'enfants dans le ménage: quel lien?» vun 2011?

Wann een nämlech seet, dass d'Kannerzuel keen Afloss huet op de Budget vun enger Famill, sinn dat dofir Froen, vun deenen ech weess, dass d'Madame Ministesch elo net kann an den Detail goen, mä wou et awer net schlecht wier, wa mer op d'mannst géife gesot kréien, a wat fir eng Richtung et geet.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Kolleeg Spautz. Och just pour information, Dir loucht bei zwou Minutte 50. D'Zäit vergeet ganz séier.

(Brouhaha)

D'Familljeministesch huet d'Wuert.

Une voix.- Siwe Méint waren och séier erëm!

(Hilarité)

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Villmools Merci, Här President. Merci fir d'Fro.

Wéi mer scho gesot hunn: Mir kucken d'Kand global. Dat ass jo och e bësselchen dat, wat Dir gefrot hutt. Mir wëllen d'Entwécklung vum Kand an de Mëttelpunkt stellen a mir wëlle virun allem och d'Startchancë vun de Kanner am Liewe verbesseren. Dofir hate mer natierlech an dëser Koalitioun och gesot, mir géifen d'Geldleeschtungen eventuell erofsetzen an d'Betreiung dann awer méi grousssschreiwen. Mä dat sinn alles Saachen, déi mer am Moment amgaange sinn ze kucken.

Mir wëllen natierlech och eng selektiv Politik maachen, well mer virun allem d'Kanneraarmut weiderhi wëlle bekämpfen, wat ons ganz wichteg ass. An natierlech ginn den Ament divers Rechnunge gemaach, wéi mer dat och scho gesot hunn.

Deemno ass de Screening natierlech nach net fäerdeg, mä Dir wësst et gradesou gutt wéi ech, dass do scho ganz vill Chifferen awer um Dësch leien, déi een eben einfach esou kritt an déi een dann op eemol kennt, iwwert déi een dann och scho sech konnt seng Iddi maachen.

D'Thema ass natierlech komplex, a wéi Der richteg och schonn d'lescht Woch gesot hutt, ass et natierlech wichteg, dat Ganzt a senger Globalitéit ze kucken, d'Kand a senger Globalitéit. An dozou gehéieren net nëmmen d'Allocatiounen, mä dozou gehéieren eben och nach aner Saache mat derbäi.

Iwwregens hat déi viregt Regierung mat Iech, Här Spautz, och ugekënnegt, si wéilt d'Transferts familiaux méi selektiv gestalten, a mir sinn eben elo amgaangen ze analyséieren, wéi een dat ka maachen, andeems mer eben dann d'Kand an den Zentrum vun eise Beméiunge stellen.

D'Familljepolitik muss global gekuckt ginn, horizontal och an der Regierung, an dat ass eben dat, wat mer amgaange sinn ze maachen. Dir verstitt, dass mer ons den Ament awer nach weider vertraut maache mat de Chifferen, dass mer eis iwwerleeën, wéi een de System méi effikass virun allem ka maachen a wéi een en un d'Zäit vun haut kann upassen, wat ons wierklech extrem wichteg schéngt, och en vue vun den nächste Joren, fir eng Politik ze maachen, déi déi nächst Joren och wierklech Kapp a Schwanz huet.

Wat eventuell Changementer ugeet, do gëtt et haut net méi Informatioune wéi d'lescht Woch. Dir hutt déi Etüden ugeschwat. Jo, déi hunn ech gesinn. Ech hunn och aner Etüde gesinn a gelies. Et gëtt immens vill Etüden. Mä do geet et eben am Moment drëm, effektiv se alleguer ze kucken a sech e Bild ze maachen, e globaalt Bild eben am Sënn vum Kand, am Sënn vun de Familljen, fir dass mer do eng Politik kënnen op d'Bee stellen, déi wierklech gutt ass fir elo an och fir déi Joren, déi kommen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Familljeministesch.

Eigentlech wäre mer elo um Enn vun eiser Froestonn ukomm. Mä vu dass ech net esou streng war mat deenen eenzelnen Intervenantë bei där éischter Ronn, géif ech Iech bieden, déi Froestonn ëm eng Fro ze verlängeren an der honorabeler Madame Martine Hansen d'Wuert un den Nohaltegkeetsminister iwwert de Bau vun enger Akerbauschoul zu Gilsdref ze ginn. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°11 du 21 janvier 2014 de Mme Martine Hansen relative au projet de construction du Lycée technique agricole à Gilsdorf, à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Ech hunn den 18. Dezember eng Fro iwwert de geplangten Neibau vun der Akerbauschoul un den Här Minister Bausch an un den Här Minister Meisch gestallt. Fir d'Fro kënnen ze beäntwerten, ass den Häre Ministeren eng Verlängerung bis den 18. Februar accordéiert ginn. Ëmsou erstaunt war ech, wéi ech e Freideg scho konnt an der Lëtzebuerger Press liesen, datt den Här Minister Etgen gesot hätt, datt de Standuert Gilsdref fir de Bau vun der Akerbauschoul a Fro gestallt wär respektiv guer net méi a Fro kéim.

Duerfir elo meng Fro un Iech, Här Minister Bausch: Kënnt Dir d'Ausso vum Här Minister Etgen bestätegen? Kënnt Der bestätegen, datt d'Regierung dëse Site an déi fäerdeggestallte Pläng erëm a Fro stellt?

An deem Zesummenhang wëll ech gären un e puer Saachen erënneren.

Éischtens, de Site, d'Fläche si kaaft.

Zweetens, d'Pläng si fäerdeg.

Drëttens, de Bau ass, wann d'Regierung eng nohalteg Ausbildung, och fir eis Jugendlech am grénge Secteur, fir wichteg emfënnt, absolut dréngend noutwendeg.

Véiertens, dat Ganzt - de Landkaf, d'Etüden, d'Pläng - huet scho knapps eelef Millioune kascht. Mir hu virdrun iwwert d'Allocations familiales geschwat. Ech hunn dat kuerz ëmgerechent, dat entsprécht 59.500 Méint Kannergeld fir ee Kand. Kënne mer dës Suen zur Fënster erausgeheien?

Fënneftens, um Site „Kréiwénkel" zu Gilsdref ass genuch Plaz, fir dee ganze Kompetenzzentrum Landwirtschaft ze bauen, wat, wann ech d'Press richteg verstanen hunn, Der jo och gären hätt. An och do ware scho Pläng fäerdeg.

An elo meng lescht Fro: Här Minister, kënnt Der bestätegen, datt de Site „Walebroch" an de Site „Laduno", déi zum Deel wéinst der Gréisst vun de Fläche scho viru bal zéng Joer vun de Responsabele vum Aménagement du Territoire net zréckbehale gi sinn, elo erëm an der Diskussioun sinn?

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha et hilarité)

M. le Président.- Merci der Madame Hansen. Domat huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch, d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. An och Merci fir déi Froen.

Déi Drénglechkeet, déi d'Madame Hansen hei un den Dag geluecht huet fir de Bau vum Lycée agricole, déi geet schonn 21 Joer, well esou laang ass de Lycée agricole schonn an der Diskussioun. Dat heescht, dat, wat elo als e grousse Drock duergestallt gëtt, muss ech soen, datt eng Regierung, déi elo e Mount am Amt ass, datt déi hei reprochéiert kritt, wéi wa se wéilt e Projet verschleefen, dee virdrun 21 Joer net gemaach ginn ass, dat fannen ech e bësselchen eng komesch Aart a Weis, Madame Hansen, et deet mer leed, fir ze argumentéieren. Mais soit.

(Interruptions diverses)

Mais soit.

Ech wollt Iech just soen, datt et natierlech net drëms geet, fir hei eelef Milliounen, déi schonn engagéiert sinn, zu der Fënster erauszegeheien. Iwwregens sinn dovunner siwe Millioune fir d'Terrainen, déi kaaft gi sinn. Do kann ee mat deenen Terrainen eventuell, wann ee wëllt eppes aneschters bauen, jo och eppes aneschters maachen. Ech mengen, et ass jo net, datt déi Terraine verluer wären.

Dat Zweet ass awer esou, datt ee muss kucken an ofweien a Fonctioun vun deem, wat do soll gebaut ginn, ob ënnert dem Strëch jee nodeem, wat ee baut, emol den Terrain ausgerechent, dee kaaft ginn ass, et net méi bëlleg gëtt, op enger anerer Plaz trotzdeem ze baue wéi hei. Dat ass mindestens eng Iwwerleeung wäert, déi ee kann ustellen.

Drëttens wëll ech Iech soen, dee Site, deen ass landesplaneresch extrem contestéiert gewiescht! Dat wësst Dir genausou gutt wéi ech och. Et ass iwwregens och hei an der Chamber keng Unanimitéit gi beim Vote vun dem Lycée agricole. D'Demokratesch Partei a meng Fraktioun hunn deemools dergéint gestëmmt. A bei der LSAP gëtt et mindestens op kommunalem Niveau eng Gemeng, dat ass d'Gemeng Dikrech, déi ganz grouss Bedenken huet par rapport zum Projet.

Et ass jo net esou, wéi wann dee Projet hei elo comme une lettre à la poste iwwerall duerchgaange wier an néierens contestéiert gi wier. An och an der Landesplanung, aus landesplanerescher Siicht, ass en extrem contestéiert do, wou en ass.

An et gëtt och vläicht eventuell, an dat wëll ech Iech soen, besser Léisungen. Wann ech soen, vläicht eventuell, dann heescht dat natierlech net, datt mer décidéiert hunn, definitiv dat, wat déi viregt Regierung elo emol festgehalen huet, guer net ze maachen. Mä et muss awer méiglech sinn, eng kritesch Bestandsopnahm vun eppes ze maachen.

An déi kritesch Bestandsopnahm ass amgaangen. Et ass och dowéinst, firwat ech d'Verlängerung vum Délai gefrot hunn op den 18. Februar, déi mer och dankenswäerterweis vun der Chamber kritt hunn. Et ass en Aarbechtsgrupp agesat, wou ech selwer dra sinn, wou de Landwirtschaftsminister dran ass an och den Éducatiounsminister.

Ech hunn och d'Landesplanung beoptragt, fir mer en detailléierten Avis, eng Bestandsopnahm ze beschreiwen nach eng Kéier vun der ganzer Situatioun. An da wëlle mer a Rou bis den 18. Februar dat alles duerchkucken. An dann den 18. Februar kritt Der selbstverständlech, wéi dat sech gehéiert, vu mir och schréftlech déi néideg Äntwerten.

Sollt d'Regierung décidéieren, op een anere Wee ze goen, da wëll ech Iech elo scho soen, datt déi dräi Ministeren direkt deen Dag duerno an d'Chamberskommissioun wäerte kommen, fir Iech ze presentéieren, a wéi eng Richtung et eventuell da geet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister.

Domat wäre mer um Enn vun eiser Froestonn ukomm a mer ginn iwwer zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour. Et handelt sech ëm de Projet de loi 5974, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Sociétés commerciales. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Dat heescht, de Rapporteur huet zéng Minutten, déi véier Fraktioune jee fënnef an d'Vertrieder vun deenen anere Sensibilitéiten am Moment nach dräi an zwou Minutten. D'Regierung huet der zéng. Mä mir sinn haut, vu dass mer een Dag méi spéit un de Reglement kommen, net gradesou streng wéi mer dat sollte sinn.

Et hu sech ageschriwwe bis elo: den Här Guy Arendt an den Här Roy Reding. D'Wuert huet elo den honorabele Rapporteur, den Här Léon Gloden.

6. 5974 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales en vue de mettre en œuvre le Règlement (CE) n°1435/2003 du Conseil du 22 juillet 2003 relatif au statut de la société coopérative européenne (SEC)

Rapport de la Commission juridique

M. Léon Gloden *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de Mëtteg stëmme mer de Projet de loi 5974 betreffend d'Mise en œuvre vum europäesche Reglement vum 22. Juli 2003 iwwert d'Société coopérative européenne.

Firwat e Projet de loi, wa mer en europäescht Reglement hunn? Dëst Reglement gesäit vir, datt d'Memberstaten eng Rei Optiounen hunn an eng Rei Décisioune mussen huele fir d'Ëmsetzung vun der Société coopérative européenne an déi national Législatioun. Duerfir musse mer e Projet de loi hei stëmmen, obwuel e Reglement virläit.

Wat ass eng Société coopérative?

An enger Société coopérative liwweren d'Memberen hir Wueren an dës Kooperativ oder investéieren an dës Gesellschaft. En Contrepartie gi se um Benefiss vun der Kooperativ bedeelegt. Hei am Land kann een als Beispiller d'Raiffeisen Wueregenossenschaft oder d'Coopérative vu Bouneweg - déi Lescht, déi gëtt jo elo an e Supermarchésgrupp integréiert - zitéieren. Fir e Beispill vun der Musel ze huelen, kann een d'Genossenschaftskellereie vu Vinsmoselle zitéieren.

Ech ënnersträichen, datt dëse Projet de loi keng Inzidenz op déi einheimesch Kooperativen huet.

Wat ass also de But vun dësem Reglement?

Et geet drëms, d'Égalité des conditions de concurrence tëschent den Entreprises coopératives an anere Gesellschaftsformen um europäesche Marché ze garantéieren. Et ass e Fait, datt d'Société coopérative laang net esou verbreet ass wéi aner Gesellschaftsformen, wéi zum Beispill eng S.A. oder eng S.à r.l., wat déi gängeg Gesellschaftsforme sinn, fir e Betrib oder eng Aktivitéit auszeüben.

Wat sinn d'Haaptcharakteristike vun enger Société coopérative européenne?

Si huet d'Personnalité juridique wéi all déi aner Gesellschaftsformen, gëtt duerch Notärsakt gegrënnt, muss e Mindestkapital vun 30.000 Euro hunn an hiert Kapital souwéi hir Membere si variabel. D'Membere mussen entweder Client vun der Kooperativ sinn, do schaffen oder Fournisseur sinn.

D'Statute vun enger Société coopérative européenne kënnen awer och virgesinn, datt Persounen, déi just Investisseur sinn, Membere vun esou enger Kooperativ kënne ginn, an dës Optioun zitt Lëtzebuerg duerch dëse Projet de loi.

Eng Société coopérative européenne ka gegrënnt gi vun op d'mannst fënnef Persounen, déi an zwee verschidden États membres wunnen, oder vu fënnef Persounen a Gesellschaften, déi an zwee verschidden États membres wunnen oder sech niddergelooss hunn, oder duerch Fusioun vu Kooperativen, déi an op d'mannst zwee États membres hire Siège oder hir Administration centrale hunn.

Dëse Projet de loi gesäit vir, datt eng Gesellschaft, déi hir Administration centrale net um

Territoire vun der Europäescher Unioun huet, Membre fondateur vun enger Société coopérative ka ginn, wann dës Gesellschaft ënnert dem Recht vun engem Memberstat gegrënnt ginn ass, wou hire Siège statutaire ass a se och e Lien effectif et continu mat der Wirtschaft vun dësem État membre huet.

D'Benefisser ginn distribuéiert opgrond vun de realiséierten Aktivitéite vun der Kooperativ. Am Kader vun enger Dissolutioun geet den Aktiv net an d'Reserven, mä am Prinzip un eng Kooperativ, déi deeselwechten Objet poursuivéiert wéi déi Kooperativ, déi opgeléist gëtt. D'Reglement gesäit e Système moniste mat engem Verwaltungsrot oder e Système dualiste mat engem Directoire an engem Conseil de surveillance vir. Den Directoire féiert déi dagdeeglech Geschäfter an de Conseil de surveillance iwwerwaacht d'Gestioun vum Directoire.

D'Auteure vum Projet de loi wollten d'Optioun vum Système dualiste och fir déi einheimesch Kooperativen aféieren. Opgrond vum Avis vum Statsrot vum 5. Februar 2013 huet d'Kommissioun beschloss, de Système dualiste net op d'Kooperativen, déi ënner lëtzebuergeschem Recht bestinn oder kreéiert ginn, auszeweiden. Dofir gëtt dëse Projet de loi net an d'Dispositioune vun der Sektioun 6 iwwert d'Kooperativ am Gesellschaftsrecht vun 1915 integréiert, mä ënnert dëser Sektioun 6 kënnt eng nei Sous-section, déi heescht: „des sociétés coopératives européennes".

D'Kommissioun huet op dësem Punkt de Statsrot suivéiert, well jo och déi grouss Reform vum Gesellschaftsrecht vun 1915 zurzäit a Preparatioun ass an een elo net wëllt zweespureg fueren.

D'Responsabilitéit vun de Verwaltungsmembere vum Directoire oder vum Conseil de surveillance ënnerläit den normale Regelen, wéi se an eisem Gesellschaftsrecht virgesi sinn. Ënnert dem lëtzebuergesche Recht kann eng Kooperativ entweder ënnert der Form vun enger S.à r.l. oder enger S.A. gegrënnt ginn. De Prinzip bei enger Société coopérative ënner lëtzebuergeschem Recht ass d'Responsabilité illimitée. Bei enger Société coopérative européenne ass de Prinzip d'Responsabilité limitée.

Eng speziell Fro stellt sech fir Lëtzebuerg, ob eng Société coopérative, déi ënnert der Form vun enger S.A., a méi spezifesch ënnert der Form vun enger Société d'épargne-pension à capital variable, wéi d'Gesetz vum 13. Juli 2005 et virgesäit, eng Société coopérative européenne ka ginn. Esou eng Gesellschaft ass eng Kooperativ, mä eng Rei vun Dispositioune vun der Société anonyme conciliéiere sech net forcément mat dem europäesche Reglement. D'Reglement schwätzt vu Parten. Bei enger S.A. schwätze mer vun Aktien.

D'Aktie vun enger SEPCAV sinn net cessibel vis-à-vis vun Tiers. D'Reglement gesäit vir, datt ënner verschidde Konditiounen d'Partë kënnen un Drëtter iwwerdroe ginn. D'Aktie vun der SEPCAV hu keng Valeur nominale, woubäi d'Partë vun enger Société coopérative européenne eng Valeur nominale hunn.

Des Weidere sinn duerch dëse Projet de loi eng Rei vun de Fonctionnementsregele vun der Société coopérative preziséiert ginn.

Laut Reglement huet all Member vun enger Société coopérative européenne eng Stëmm. Mä d'Memberstate kënne virgesinn, datt d'Statute Votes pondérés kënne fixéieren. Dës Optioun zéie mer duerch dëse Projet de loi. Sou kann e Member ee proportionellt Stëmmrecht zu senger Participatioun un den Aktivitéite vun der europäescher Kooperativ kréien, ouni datt d'Participatioun sous forme de contribution am Kapital berücksichtegt gëtt. Sou ee Member kann awer net méi wéi fënnef Stëmme kréien. Dëse Stëmmmodus kann och net méi wéi 30% vun de gesamte Stëmmen ausmaachen.

D'Membere vun enger Société coopérative européenne, déi am Domaine financier oder am Domän vun den Assurancë gegrënnt gëtt, kënnen och e Stëmmrecht proportionell zu hire Participatiounen un den Aktivitéite kréien. Hei kann hir Participatioun um Kapital mat a Betruecht gezu ginn. Esou ee Member kann awer net méi wéi fënnef Stëmme kréien oder dëse Stëmmmodus kann net méi wéi 20% vun de Gesamtstëmmen ausmaachen.

Ofschléissend ass nach ze preziséieren, datt d'Reglement Regele fir all Etapp vum Liewe vun enger Société européenne coopérative virgesäit, dat heescht vun der Grënnung bis zu der Liquidatioun iwwer Fusioun oder Transfert vun esou enger Kooperativ.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gloden. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Guy Arendt.

Discussion générale

M. Guy Arendt *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wéilt ech dem Rapporteur fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, an dësem relativ techneschen Dossier, Merci soen.

D'Kooperative schreiwe sech ënner anerem an d'Économie solidaire, déi eis Regierung, genausou wéi déi viregt Regierung, ënnerstëtze wëllt, an. Am Regierungsprogramm steet ënner anerem: «Le dynamisme de ce secteur dépendra en premier lieu de l'engagement des citoyens, des associations et des entreprises.» Fir deen Dynamismus kënnen ze entwéckelen, brauchen d'Bierger an déi Gesellschaften awer och déi néideg Moyenen. Mat der Transpositioun vun dësem Reglement, an ech wëll net méi op den Detail agoen, firwat dass mer dëse Projet de loi iwwert... dass mer dëst Reglement iwwer e Projet de loi an eist Recht ëmsetzen, kréie si e weideren Outil an d'Hand, fir dat ze maachen.

D'Kooperative kënnen elo och iwwer eis Grenzen eraus Kooperatiounen agoen. Bis ewell huet dat eng Partie juristesch an administrativ Problemer opgeworf a mat sech bruecht. Och wann déi bestehend Kooperativen net onbedéngt elo hir Aktivitéiten op d'Ausland ausweide wäerten, esou besteet awer elo d'Méiglechkeet fir nei Kooperativen, dat ze maachen, an awer och fir aner europäesch Kooperativen eventuell eng Kooperatioun mat enger Lëtzebuerger Kooperativ anzegoen.

Ech wéilt awer och nach op eng Remarque, déi de Statsrot gemaach huet, agoen, an zwar huet déi héich Kierperschaft ervirgestrach, datt de Choix an där Manéier, iwwert de Wee vun engem Reglement ze légiféréieren, net anodin ass. Fir de Statsrot schéngt de Wëlle vun den europäeschen Institutioune kloer deen ze sinn, fir eng wäitgehendst homogen Reglementatioun an deem Domän ze garantéieren.

E féiert säi Gedanken awer virun a stellt fest, et kéint jo och emol sinn, datt déi Bestriewunge sech eventuell op all déi annexéiert Domänen, wéi zum Beispill den Droit de la concurrence, den Droit de la faillite an, wie weess, souguer vläicht op den Droit fiscal an den Droit pénal spécial bezéie kéinten. Dat, mengen ech, soll een am A behalen a sech iwwerleeën, wéi een, le moment venu, dorobber reagéiert.

Ech wéilt awer och nach eng lescht ofschléissend Bemierkung maachen, wann ee feststellt, dass d'Reglement vun 2006 datéiert, de Projet de loi Enn 2008 déposéiert ginn ass a mir haut am Januar 2014 eréischt doriwwer entscheeden. Ech sinn der Meenung, dass mer an Zukunft, fir eng Insécurité juridique ze vermeiden, méi schnell op eventuell esou Reglementer musse reagéieren, wann d'États membres verschidde Méiglechkeeten hunn, Adoptiounen oder Optiounen ze huelen.

Fir de Rescht wéilt ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn an Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Guy Arendt. Den Här Reding war als Éischten ageschriwwen, mä d'Madame Loschetter huet mer d'Wuert gefrot, fir den Accord vun der Fraktioun ze bréngen. Wann Der e bësse Gedold nach hutt, Här Reding. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo, genau dat, Här President, den Accord net nëmme vun der grénger Fraktioun, mä virun allem fir dem Här Gloden Merci ze soe fir dee schréftleche Rapport, dee praktesch fäerdeg war an dee mer konnten direkt hei presentéieren, awer och fir dee mëndleche Rapport vun haut de Mëtteg.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Domat hätt den honorabelen Här Roy Reding d'Wuert. Här Reding, wann ech gelift.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wollt dem Kolleeg Gloden Merci soe fir deen exzellente Rapport. Ech fannen dat eng ganz flott Saach, wat mer an der Commission juridique maachen, datt e Rapporteur net onbedéngt muss vun enger Majoritéitspartei sinn, datt mer eis do wëllen ofwiesselen. Dat ass eppes, wat ze begréissen ass an dat sollt vläicht och an aner Kommissiounen emol gemaach ginn.

Dem Guy Arendt soen ech net Merci, well en huet mer zwee Theme geklaut, op déi ech wollt agoen. Mä dat weist just, datt mer op enger Linn leien.

Déi ganz... wourop de Guy Arendt mat Recht opmierksam gemaach huet, ass déi Tendenz vun der Europäescher Unioun, vun der Kommissioun virun allem, fir sech a Saachen anzemëschen, fir déi se u sech net do ass. An déi Bedenke si ganz gerechtfertegt. Hei gëtt sech an den Droit des sociétés agemëscht säit 2000, de Conseil vun Nice, mam Prétexte, dat géif d'Mobilitéit vun de Firmen an Europa verbesseren. Datt dat net esou ass, gesi mer mat engem extrem techneschen, komplizéierten Text hei.

A virun allem, mir gesinn et och an der Praxis. Wa mer op d'Sociétés européennes am Allgemengen aginn, déi jo ënnert der Form vun der S.A. bestinn, säit 2004 stelle mer fest, datt et a ganz Europa der haut 900 gëtt. Ganzer 900! Vun deenen 900 sinn déi grouss Majoritéit sougenannten „Shelf Gesellschaften". Dat heescht, Vorratsgesellschaften, déi an der Tschechei gegrënnt goufen, déi awer nach net aktiv sinn, déi nach kengem gehéieren.

Et gëtt natierlech och aner Beispiller, et gëtt nennenswäert Sociétés européennes, och dat däerf een net verhehlen, ech denken do un d'Allianz, BASF, MAN a Strabag. Mä dat si ganz, ganz wéineg Beispiller fir jo awer eppes, wat eis trotzdeem relativ vill Opwand kascht.

Déi heite Société coopérative européenne, déi gëtt et säit August 2006. Dat heescht, säit August 2006 hätt eng Société coopérative européenne sech kënnen hei zu Lëtzebuerg am Handelsregëster aschreiwen, well dat Reglement jo d'application immédiate ass. A wësst Der, wéi vill sech der ageschriwwen hu säit 2006? Keng eenzeg. Keng eenzeg! Voilà. Sou vill zu Sënn an Onsënn vun esou Reglementatiounen.

Wa mer also elo no méi wéi siwe Joer dat heite maachen, fir dat ëmzesetzen, da si mer awer d'accord als Fraktioun mat deem Text, aus deem einfache Grond, well d'Reglement eis 21 Optioune ginn huet, wou ee kann an déi eng oder an déi aner Richtung goen. A mir hunn dat gemaach. Mir hunn néng vun deenen 21 Optiounen exercéiert, an ech denken, dat war zum Wuel vun eiser Plaz.

Dofir: Jo, zum Text, awer Neen am Häerz, well et e Beispill ass vun opwendeger an onnéideger Bréisseler Bürokratie.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Reding. Ech hunn dann d'Wuertmeldung nach vum Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech géif och just gären dem Här Gloden villmools Merci soe fir säin exzellente mëndlechen a schréftleche Rapport. Eis Fraktioun huet net weider vill dozou ze rajoutéieren an ech géif dofir gären den Accord gi vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Merci och dem Här Fayot. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an den Här Justizminister, den Här Félix Braz, huet d'Wuert.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech wëll och als Éischt dem Léon Gloden Merci soe fir de schréftlechen a mëndleche Rapport. Net nëmmen dofir, och fir déi Aarbecht, déi en op deem heite Projet gemaach huet, schonn an der viregter Legislatur an der Commission juridique.

Et ass en technesche Projet, dee vläicht net dee Projet ass, deen zu groussen, begeeschterte Riede féiert an och net zu groussen emotionale Wallungen. Mä e muss gemaach ginn. An ech mengen, den Här Gloden huet dat, fir meng Begréffer, ganz, ganz exzellent gemaach. An ech wëll him dofir nach eng Kéier Merci soen, och elo als zoustännege Minister.

Ech ginn och dem Här Reding recht, wann e seet, dass déi Praxis, déi d'Commission juridique elo probéiert unzefänken, nämlech déi, datt net nëmme Majoritéitsdeputéierte Rapporte solle maachen, dass ech déi och ausdrécklech ënnerstëtzen. Hei si mer natierlech an engem Fall, wou de Rapporteur schonn an der viregter Legislatur designéiert gi war. Mä mir wäerten awer och hoffentlech an Zukunft erliewen, dass Deputéierten och aus Fraktiounen a Parteien, déi net an der Majoritéit sinn, Rapporte wäerte maachen.

An ech mengen, dass dat och eng anstänneg Form ass, eng zäitgeméiss Form ass, fir parlamentaresch Debatten ze organiséieren. Net no där klassescher Ligne de partage tëschent Majoritéit an Oppositioun, mä an engem anere Geescht. Op jidde Fall, mengen ech, ass an der Commission juridique, ënnert der Présidence vun der Madame Loschetter, dee Geescht definitiv do.

Et ass bemängelt ginn, dass dëst Reglement laang gebraucht huet, bis et vollstänneg ëmgesat war. Ech mengen, dass dat net falsch ass. Allerdéngs ass et net de Feeler vun der Regierung, och net vun der viregter oder vum Parlament. Et muss ee constatéieren, de Statsrot hat och vläicht dofir seng Grënn, dass den Avis beim Statsrot laang gebraucht huet. Deelweis kann een et verstoen. Dat hei ass bestëmmt net en ultraprioritäre Projet. Mä trotzdeem ass et awer e relativ laangen Délai.

An ech mengen, dass mer elo zu engem Ofschloss kommen, ass sécher e laange Wee gewiescht. Mä op där anerer Säit, an dat huet den Här Reding och gesot, et ass net esou, dass den Andrang terribel grouss gewiescht wär. Mir hu bis haut keng Société coopérative européenne, déi sech bei eis am Regëster, am Handelsregëster ageschriwwen huet. Dat ass deen ee Constat, deen ee muss maachen.

Et hätt awer kënne sinn, an de Fait, dass mer keen Text bis haut hunn, hätt awer net verhënnert, well d'Reglement directement applicable ass, hätt also sech eng Société coopérative européenne bei eis beim RCS gemellt, da wier se selbstverständlech ageschriwwe ginn, soudass och deen elo spéiden Emsetzungsdélai an der Praxis kee Problem geschaf hätt. A vläicht war dat och beim Statsrot ee vun de Grënn, firwat dass de Projet e bësse méi no hanne gerutscht ass.

Ech wëll just nach eng Kéier rappeléieren, dass mer hei zu Lëtzebuerg am Moment 122 immatrikuléiert national Sociétés coopératives hunn, haaptsächlech am Beräich vun der Agrikultur, och vun der Vitikultur an och am Beräich vun deem, wat een nennt vun der Épargne.

Wann Dir sot, de Projet hätt net vill Sënn, well bis elo nach keng europäesch Société coopérative sech bei eis enregistréiere gelooss huet, ass dat awer nëmmen d'Halschent vun der Realitéit. Déi aner Halschent kéint jo och ginn, dass eng national Société coopérative sech dësen Text, deen och elo preziséiert ass an domadder och all Insécurité juridique ewechhëlt, dass also vläicht eng national Société coopérative sech elo géif inspiréiert spieren, fir iwwert déi national Grenze vu Lëtzebuerg eraus aktiv ze ginn an Europa. An ob dat eppes gëtt, dat gesi mer dann.

Dofir mengen ech, ass et e bësse verfréit, fir elo schonn ze soen, dat hei wär eng onsënneg Gesetzgebung an eng onsënneg Reglementatioun. Dat gesi mer eréischt an e puer Joer. An ech denken, dass déi, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, dësen Text op jidde Fall mat Opmierksamkeet wäerte liesen.

Dat gesot, soen ech Iech Merci, och fir d'Zoustëmmung zu dësem Text.

M. le Président.- Merci och dem Här Justizminister.

Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert de Projet ukomm. An ech géif dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5974 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. D'Procuratioune si gelaf. De Vote ass ofgeschloss.

Um Vote hu sech 59 Deputéierte bedeelegt, 59-mol mat Jo ofgestëmmt. Domat ass de Projet mat der Unanimitéit vun deenen, déi ofgestëmmt hunn, akzeptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

M. Serge Urbany.

Ech géif d'Chamber da froen, ob se d'accord ass, fir de Projet vum zweete verfassungsméissege Vote ze befreien?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Merci.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi N°6559 iwwert den zéngte Fënnefjoresprogramm fir d'Subventioun vun de sportlechen Équipementer.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif Iech elo erspueren, wéi vill Riedezäit déi eenzel Fraktiounen hunn. Dir wësst dat. De Rapporteur huet 15 Minutten Zäit fir säi Rapport. An ech ginn dann direkt d'Wuert weider un d'Madame Rapportrice. Bis elo sinn den Här Arendt, den Här Berger, d'Madame Lorsché an den Här Kartheiser ageschriwwen.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- D'Madame Arendt!

M. le Président.- Entschëllegt! Mä vu dass mer der zwee hunn. Ech sinn ontréischtlech: d'Madame Nancy Arendt. Entschëllegt.

D'Rapportrice, d'Madame Hemmen, huet d'Wuert.

7. 6559 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un dixième programme quinquennal d'équipement sportif

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

Mme Cécile Hemmen *(LSAP), rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Projet de loi 6559 geet et drëms, fir dem Sport eng Zomm vu ronn 100 Milliounen Euro zur Verfügung ze stellen, fir iwwert déi nächst fënnef Joer, an dat bis den 31. Dezember 2017, Finanzementer an och Subventioune fir de Bau vun neien oder awer d'Ënnerhalen an d'Moderniséierung vu bestoende Sportinfrastrukturen ze garantéieren. Mir schwätzen hei vum zéngte Fënnefjoresplang.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Vläicht e puer Wuert zum Historique. D'Traditioun vun de Fënnefjoresplänge huet hir Originen am Budgetsgesetz vun 1967, wou festgehale gouf, dass e spezielle Fong geschafe géif, de Fonds d'équipement sportif national, wou déi Zommen drakommen en vue vun der Realisatioun vun engem nationale Sportsprogramm a puncto Équipementer. Mam Gesetz vum 11. November 1968 gouf dunn den éischte Fënnefjoresplang Realitéit, mat engem globale Montant déi Zäit vun 120 Millioune Lëtzebuerger Frang.

D'Motiver an och d'Argumentatioune vum deemolege Projet de loi 1317 sinn eigentlech och nach déiselwecht wéi haut. Et gouf sech baséiert op déi opfalend Frequenz vun Haltungsschied, de Manktum u physescher Resistenz bei jonke Leit, d'Heefegkeet vun den Häerz-Kreeslaf-Erkrankungen an och dem nervöse Stress bei den Erwuessenen.

Dat eleng sollt och drop schléissen, dass de Pouvoir public de Bierger all Mëttele sollt zur Verfügung stellen, fir sportlech aktiv ze ginn oder awer fir sportlech aktiv ze bleiwen.

Eng Enquête, déi 1961 realiséiert gouf, huet du gewisen, dass eis Sportsinfrastrukture bäi Wäitem net géifen duergoen. An et wier och dréngend néideg, en nationale Réseau en place ze setzen.

An enger éischter Phas sollten déi Fënnefjoresplänge sech op eng Durée vu ronn 20 Joer beschränken. Mä och duerno sollt den Elan awer net ofgebremst ginn. D'Popularitéit vum Sport, grad wéi weider Besoinen un Infrastrukturen, sief et op lokalem, regionalem oder awer nationalem Plang, hunn zu der Weiderféierung vun de Fënnefjoresplänge gefouert.

Haut… Abee haut si mer bei der Diskussioun vum zéngte Joresplang, wat jo ganz kloer drop hindeit, dass d'Besoine bäi Wäitem net ofgeholl hunn.

Erënnere mer drun, dass eleng d'Populatioun vun 1991 bis 2011 ëm ronn 127.000 Leit an d'Luucht gaangen ass, mat eleng an der Stad engem Zouwuess vu 17.500 neie Bierger. Eis Populatioun gëtt och méi al, si bleift méi laang aktiv a si erfuerdert och esou erëm nei Besoinen am Pensiounsalter.

Och wann d'Unzuel vun de Schüler am Fondamental méi oder wéineger stabel bleift, esou gëtt et awer eng signifikativ Hausse am Postprimaire mat ronn 8.100 Schüler méi vun 1991 bis 2011. Méi Schüler engersäits, an dann awer och eng méi laang an obligatoresch Schoulzäit setze weider sportlech Infrastrukture viraus.

De Kompetitiounssport huet net nëmmen en Opschwong kritt, mä huet sech och a verschiddenen Diszipline professionaliséiert. Déi international Participatiounen erfuerderen héichwäerteg Trainingsméiglechkeeten an domat och déi néideg Infrastrukturen.

Onnëtz, Iech op dëser Plaz ze soen, wéi wichteg de Sport fir eis Gesondheet a fir d'allgemeng Wuelbefannen ass, besonnesch elo am Zäitalter vun der Sédentaritéit, vum ongesonden Iessen a mat deenen domat verbonnene Krankheete wéi Iwwergewiicht, Diabetes, Häerzproblemer a villes méi.

An deem Kontext gouf jo och de Plan d'action national „Gesond iessen, méi bewegen" ausgeschafft, dee sech iwwert déi ganz Populatioun erstreckt, vun de Kanner an de Crèchen iwwert d'Schoulen, d'Sportsclibb, den drëtten Alter, de Sport am handicapéierte Beräich an esou weider. Och den zéngte Fënnefjoresplang mat all senge Projete sollt am Kader vun dësem globale Sportskonzept gesi ginn.

D'Servicer vum Aménagement du Territoire hu mat Recht drop higewisen, dass zentral Sitë fir d'Sportsinfrastrukture solle privilegéiert ginn, fir esou den Accès mam ëffentlechen Transport beschtméiglech ze garantéieren. Privilegéiert ginn awer och d'Infrastrukture bei de Schoulen an de Centres d'accueil fir déi kleng Kanner. Partenariater an och Synergien tëschent de Gemengen ënner sech oder och mam Stat sollen a Betruecht gezu gi fir déi käschtenopwendeg Baute vu Piscinen oder och soss Équipementer, déi souwuel fir den Enseignement wéi och fir de Public geduecht ginn.

Ech wéilt Iech awer dann och op dëser Plaz op d'Kaarte verweisen an der Annex vum Gesetzesprojet, déi e gudden Abléck ginn op d'Repartitioun vun de verschiddenen Infrastrukturen hei am Land.

Wat ass dann elo geplangt?

Abee, verschidde Projete goufen nach vum néngte Fënnefjoresplang mat eriwwergeholl, anerer si schonn eragereecht ginn, mä am grousse Ganze kann een elo déi folgend Opzielung emol esou previsionell an och hypothetesch gutthalen:

Siwe Piscinen, zwee national Zentren, een nationale Fechtzentrum, een interkommunale Liichtathletikszenter, sechs Fussballsterrainen - mat deem nationale Fussballsstadion abegraff -, sechs Vestiairen, néng Multisportshalen, dräi Sportszentren, zwee Sportssäll, zwielef Sportshalen, eng Tennishal, ee Gymnastikssall, een Hangar fir d'Sportsfligerei an nach eng ganz Partie aner Sportsplazen.

Wat elo den nationale Fussballsstadion ugeet, wéilt ech op dëser Plaz op d'Urgence hiweisen, déi viru Kuerzem nach vun der UEFA rappeléiert gouf, e Fussballsstadion normgerecht ze équipéieren, fir och weiderhin nach d'Méiglechkeet ze hunn, fir bei eis international Matcher ze spillen. Ech erënneren, dass dat bis elo just méiglech war, well mer mat enger spezieller Derogatioun gefuer sinn, déi just eis FLF kritt hat. Op nationalem Niveau hu mer et deemno hei mat enger absoluter Prioritéit ze dinn.

De Sportsministère, zesumme mat der FLF, hunn am November 2012 décidéiert, fir d'Virbereedungsaarbechten unzegoen a fir den aktuelle Site vum Stade Josy-Barthel ze moderniséieren an dorauser dann den neien nationale Fussballsstadion ze schafen (veuillez lire: maachen); eng Décisioun, déi och am neie Regierungsprogramm festgehale gouf. Par rapport zum urspréngleche Projet, deen 2009 geplangt war, huet dës Solutioun de Virdeel, dass mer besonnesch elo an deene méi schwierege budgetären Zäiten déi noutwendeg Ëmännerungen an och d'Exigenze vun der UEFA mat engem räsonabelen Investissement an och méi kuerzfristeg kënnen ugoen.

Déi existent Sportsinfrastrukture fir d'Liichtathletik wäerten am Kader vun dësem Projet wuel verschwannen a ginn dann um INS ënnerbruecht. Och hei ass eng gréisser Renovatioun virgesinn, fir souwuel de Besoine vun der FLA wéi och dem Sportslycée an dem CSL gerecht ze ginn.

De Projet vum Velodrom ass elo net direkt an dësem zéngte Fënnefjoresplang verankert. Den initiale Site zu Zéisseng, dee schonn 2006 iwwer e Règlement grand-ducal festgehale gouf, sollt sech am Nachhinein awer net esou eegnen, soudass de Projet reportéiert gouf. D'Gemeng Mondorf ass mëttlerweil déi eenzeg Kandidatin, fir esou eng Infrastruktur opzehuelen. A virum Hannergrond vun den aktuelle budgetäre Contraintë soll dann elo gekuckt ginn, ob de Bau vun enger iwwerdeckter Vëlospist kéint realiséiert ginn am Zesummenhang mam Projet vum neie Mondorfer Lycée.

Mä nieft der Planifikatioun vun den neien Infrastrukturen an Équipementer ass awer och d'Erhale vun allem, wat schonn en place ass a wat am Kader vun de viregte Fënnefjoresplänge realiséiert gouf, ganz wichteg. E Listing gëtt Opschloss iwwert déi ufalend Renovatiounsaarbechten, déi dann opgrond vun engem groussherzogleche Reglement autoriséiert ginn.

Nei an dësem Fënnefjoresplang ass och de Finanzement vun enger Base de données iwwert d'Sportsinfrastrukturen. Op Urode vun der Comexbu, der Commission du Contrôle de l'exécution budgetaire hei an der Chamber, an no de Kontrolle vun der Cour des Comptes wäert elo an Zesummenaarbecht mam SIGI, dem Syndicat intercommunal de Gestion informatique, en Inventaire opgestallt ginn iwwer sämtlech Sportsinfrastrukturen am Land, sief et op staatlechem oder awer op kommunalem Plang.

Hei geet et zum engem drëms, fir d'Repartitioun vun den Infrastrukturen am Land ze dokumentéieren am Sënn vun enger beschtméiglecher Planifikatioun, mä do dernieft soll dësen Outil awer och d'Gestioun an de Suivi vun den Investissementer méi effikass maachen. D'Bierger wäerten doduerch dann och d'Méiglechkeet kréien, fir sech besser ze informéieren, wou a wéini si hire Sport kënne praktizéieren.

Wat elo de Montant ubelaangt vun dem zéngte Fënnefjoresplang: Abee, déi finanziell Enveloppe war 2008 op ronn 110 Milliounen Euro festgehale ginn an d'Projete fir den néngte Fënnefjoresplang hunn 90 Milliounen erfuerdert.

Opgrond vun de realisteschen Donnéeën, déi aktuell ausgeschafft goufen, ass d'Enveloppe fir den zéngte Fënnefjoresplang elo liicht méi déck, an nodeems se an der jetzeger Krisesituatioun an opgrond vun den ugestriefte Spuermoossnamen no ënne revidéiert gouf, ass se, vun den initialen 120 Milliounen Euro, dann elo schlussendlech op ronn 100 Milliounen Euro fixéiert ginn. Wat den Délai vum zéngte Fënnefjoresplang ugeet, esou erstreckt dee sech vum 1. Januar 2013 bis op den 31. Dezember 2017.

Et bleift awer nach ze soen, dass onofhängeg vun dësem zéngte Fënnefjoresplang aner Sportséquipementer an Infrastrukture kënnen décidéiert an och finanzéiert ginn am Kader vu spezielle gesetzlechen Autorisatiounen; besonnesch déi am Beräich vun de Lycéeën, déi jo alleguerten eng Sportshal a verschiddener och souguer eng Piscine geplangt hunn. An an deem Kontext kann een och nach vum Site Belval schwätzen, wou och hei e Sportscampus wäert realiséiert gi fir d'Studenten an och soss Schoulen an d'Bierger aus der noer Ëmgéigend.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, op dëser Plaz awer nach eemol ze betounen, wéi wichteg et ass, fir de Sport weider ze ënnerstëtzen. D'Investissementer, déi iwwert dëse Fënnefjoresplang duerchgefouert wäerte ginn, schafen oder awer verbessere souguer nach d'Konditiounen, déi et de Leit erméiglechen, fir Sport ze maachen. Dat kënnt dem Wuelbefanne vu jiddwer Eenzelnen natierlech zegutt, mä et ass och ekonomesch gesinn e preventivt Investissement an d'Gesondheet vun der Populatioun.

Gläichzäiteg ass et awer och ganz kloer, dass och hei de Mot d'ordre vum „utile et nécessaire" muss gëllen: dat heescht, räsonabel an dann awer och nohalteg investéieren, soudass d'Infrastrukture funktionell sinn an och optimal kënne genotzt ginn, esou vill an esou gutt wéi méiglech a vun engem méiglechst breeden a grousse Public. Och den Exposé des motifs vum Projet de loi betount dës Aspekter, an ech denken, dass mat deene Virgabe jiddweree misst kënne mat dësem Projet averstane sinn.

Zum Ofschloss dann awer natierlech nach den Avis vum Statsrot zu dësem Gesetzesprojet. Hei beruffen ech mech op den Avis, deen den 12. Juli 2013 erakomm ass a wou eigentlech bedauert gëtt, dass keen État des lieux oder awer soss eng Analys vun de viregte Fënnefjoresplänge gemaach gouf.

Wat elo de Projet vum nationale Fussballsstadion, dem Velodrom an och dem neie Liichtathletikszenter ugeet, esou ass d'Fro gestallt ginn, ob et net derwäert wier, fir eng Etüd ze maachen am Hibléck op ee gemeinsame Site fir dës dräi Infrastrukturen.

De COSL huet de 7. Juni 2013 säi positiven Avis eragereecht a begréisst, dass an dësem Fënnefjoresplang regional Opbesserunge geplangt sinn, grad ewéi och d'Erhalen oder d'Renovatioun vun de bestehende Gebailechkeeten. De COSL bedauert, dass de Projet Velodrom reportéiert gëtt, mä e kuckt awer ganz positiv op de Projet vum nationale Fussballsstadion Josy-Barthel, dee wéinst der Urgence séier sollt ugefaangen a fäerdeggestallt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wäit also zu der Presentatioun vum Gesetzesprojet 6559, wou ech nach ka soen, dass de schréftleche Rapport à l'unanimité vun alle Parteien an der leschter Kommissiounssëtzung approuvéiert gouf.

Heimadder wéilt ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci, Madame Hemmen, fir deen interessanten a breetgefächerte Rapport, wou Der sämtlech wichteg Secteure vum Sport hei fir eis beliicht hutt. Mir hänken - jiddefalls de Gros vun de Leit heibannen, déi hänken - mat Häerz a Séil um Sport, deen extrem wichteg ass fir eis alleguerten, mä och haaptsächlech fir ons Kanner. Mir soen ëmmer „fit for health, fit for competition" an „fit for fun"! Ech mengen, dat gëllt fir eis alleguerten, an dofir solle mer och ganz vill dru schaffen, dass mer deen interessante Fënnefjoresplang hei gutt iwwert d'Bühn kréien.

Elo eng Spëtzesportlerin an engagéiert Deputéiert: d'Madame Nancy Arendt, épouse Kemp - fir et elo richteg ze soen -, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, fir unzefänke wéilt ech der Rapportrice, der Madame Cécile Hemmen, e grousse Merci soe fir hiren ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport an awer och fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun.

Ëm 400 viru Christus huet de griicheschen Dokter Hippokrates scho Folgendes festgestallt: „Wenn wir jedem Individuum das richtige Maß an Nahrung und Bewegung zukommen lassen könnten, hätten wir den sichersten Weg zur Gesundheit gefunden."

A wat virun iwwer 2.000 Joer richteg war, dat stëmmt haut méi wéi jee! Mir liewen an engem Zäitalter, wou d'Leit ëmmer méi duerch sougenannten „Zivilisatiounskrankheeten" geplot ginn, oft well se ze vill sëtzen, sech net genuch bewegen a schlecht an ongesond iessen an drénken. Besonnesch déi Jonk wuessen haut an enger Welt op, déi anescht ass wéi déi, an där mir - op alle Fall déi meescht vun eis heibannen - grouss gi sinn.

Déi méi héich Unzuel vu Leit, déi bei eis wunne kommen, dat méi dicht Verkéiersopkommes an de Stied an an den Dierfer bréngen et mat sech, datt d'Kanner sech méi ageschränkt an hirem direkten Ëmfeld bewegen an dobausse spille kënnen. Derbäi kommen dann och nach déi nei Kommunikatiounstechnologien, d'Medie souwéi och déi technesch flott modern Computerspiller, déi d'Kanner an hire Bann zéien. Et ass och fir d'Elteren oft méi einfach a méi sécher, se dobannen op der Couche ze beschäftegen, verglach mam Opwand an dem Engagement, deen et bedeit, fir eng aktiv sportlech Betätegung ze garantéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, hautdesdaags weess jiddwereen, datt de Sport an eng gutt Ernährung vill zu engem laangen a gesonde

Liewe bäidroen. D'Politik ass sech dëser Tatsaach och scho bewosst an et ginn zënter Jore scho regelméisseg Initiative lancéiert, fir d'Populatioun ze motivéieren, e gesonden Train de vie ze féieren. D'Regierung huet dowéinst och virun e puer Joer schonn zesumme mam Comité olympique den nationalen Aktiounsplang „Gesond iessen, méi bewegen" ausgeschafft, deen an deenen nächste Joren nach weider soll développéiert ginn. An dat fënnt komplett d'Ënnerstëtzung vun der CSV-Fraktioun.

D'Utilitéit vum Sport ass haut vu kengem méi contestéiert a gëtt staark gefërdert. Esou eng Politik bréngt natierlech mat sech, datt ee muss an de Sportséquipement an an d'Sportsinfrastrukturen investéieren. An aus dësem Grond stëmme mer dann haut iwwert den zéngte Fënnefjoresprogramm „Équipements sportifs" of.

De Projet war vun der aler Regierung déposéiert ginn an ass duerch d'Neiwahlen a Verzuch geroden. Dofir besteet och eng gewëssen Urgence, well verschidde Projete virun allem an de Gemenge scho méi wäit fortgeschratt sinn an op hir Realisatioun an op hire Finanzement waarden. Et handelt sech ëm regional, lokal an national Projeten, déi vum Plan quinquennal betraff sinn. A fir datt d'Subside kënne bezuelt ginn, ass et nun eemol néideg, datt de Fënnefjoresplang en vigueur ass.

De Plang trëtt iwwregens réckwierkend op den 1. Januar 2013 a Kraaft, wa mir deen dann haut unhuelen.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, den zéngte Fënnefjoresplang vun de Sportsinfrastrukture gesäit e Gesamtbudget - d'Madame Rapportrice huet et scho gesot - vun 100 Milliounen Euro vir. Heimadder ginn eng sëlleche Projete realiséiert, beschtméiglech opgedeelt uechtert d'Land, well et och wichteg ass, datt d'Infrastrukture fir all d'Awunner vum Land gutt a séier accessibel sinn. Et däerf een de Leit et net ze schwéier maachen, hirem Sport nozegoen.

Ech wëll net ze vill an den Detail vum Projet agoen, well dëst jo scho ganz explizit d'Madame Rapportrice gemaach huet. Ënnert deene sëlleche Projeten, déi solle realiséiert ginn, kënnt Der lech jo bestëmmt virstellen, datt ech mech besonnesch iwwert déi siwe Piscinë freeën. D'Kanner léieren nun eemol just am Waasser schwammen, soudatt mer net laanscht d'Piscinë kommen, och wann dës an hirer Realisatioun an an hirem Entretien méi deier si wéi aner Infrastrukturen an dowéinst oft an der Kritik stinn.

Ech wollt och hei drop hiweisen, datt een et momentan als Otto Normalverbraucher net einfach huet, eng Piscine ze fannen, fir zum Beispill moies schwammen ze goen, well quasi all Piscine vun de Schoulen ausgelaascht ass. Dat ass jo och gutt esou, d'Schoulkanner solle jo och schwamme léieren! Et beweist awer op där anerer Säit, datt nach Schwämmen néideg sinn, fir dës extrem schounend a gesond Sportaart auszeüben. Esou ass d'Schwammen eng vun deenen eenzege Sportaarten, déi verschidde Leit mat kierperlecher Aschränkung iwwerhaapt nach ausübe kënnen. Ech hoffen, oder mir hoffen, datt dës siwe geplangte Piscinen dës Situatioun dann an Zukunft verbessere wäerten.

Léif Kolleegen a Kolleeginnen, ënnert deene fënnef Installatiounen, déi en nationalen oder regionalen Intérêt hunn, fanne mer op éischter Plaz de Fussballsstadion. D'Diskussioune ronderëm de Fussballsstadion ware jo iwwer laang Joren eng „never-ending story". Dowéinst ass et gutt - an d'CSV begréisst et ausdrécklech, och vum Käschtepunkt hier -, datt elo de Stade Josy-Barthel an en nationale Fussballsstadion ëmgebaut gëtt. De Projet erfëllt och sämtlech UEFA-Kritären a puncto Sécherheet, Zuschauerzuelen an Accueil, Raimlechkeete fir d'Press a Pressekonferenzen oder Méiglechkeeten, fir Dopingstester duerchzeféieren, fir der just e puer ze ernimmen.

Wa mir dat net maachen, entzitt d'UEFA eis d'Méiglechkeet, fir d'Lännermatcher hei am Grand-Duché ze spillen. Bis elo ass dat ëmmer nach just duerch eng Derogatioun gaangen, déi d'FLF kritt huet. De Minister huet eis an der Kommissioun och informéiert, datt am Stade Josy-Barthel awer och Rugbymatcher kënne gespillt ginn, an dat zur grousser Zefriddenheet - en ass elo net heibannen - vum Kolleeg Krieps.

Dat ass jo och am Ausland oft de Fall, bei de Fransousen an och an England, wou d'Lännermatcher vun deenen zwou Sportaarten harmonesch an engem Stadion geplangt a koordinéiert matenee fonctionnéieren.

Elo kënnt den Här Krieps eran. Elo hunn ech grad vun Äre Rugbys...

(Interruption)

Voilà!

(Hilarité)

Well d'Liichtathletiksinfrastrukture wéinst den noutwendegen Transformatiounen um Stadion allerdéngs ewechfalen, ass virgesinn, datt dowéinst d'Anlagen um INS solle renovéiert ginn. Dëst ass wuel am Sënn vun der Liichtathletik ze begréissen, an awer werft dëse Projet Froen op. Mir wësse jo awer, datt, wa mer dem internationale Standard gerecht wëlle ginn, mir iwwer aacht Couloire verfüge mussen amplaz vun deene sechs, déi mer do hunn.

Ass de Site an dësem Sënn iwwerhaapt nach ausbaufäeg, ouni do musse Gebaier op eemol ewechzerappen, wat eng Käschtenexplosioun eventuell mat sech géif bréngen, och wat d'Vergréisserung vun den Tribünen ubelaangt, déi jo virgesi si fir 600 Leit?

Ech verstinn och de Räsonnement net, fir iwwerhaapt eng Tribün dohinner ze aménagéieren, wa souwisou den Terrain nëmme fir Trainingszwecker a regional Kompetitiounen a Fro kënnt.

Ech huelen un, datt Dir dat jo an enker Zesummenaarbecht mat der FLA gemaach hutt, net datt mir an e puer Joer awer dem Besoin musse nokomme vun engem nationale Liichtathletikszenter, deen den internationale Standarden entsprécht mat allem, wat och derbäigehéiert.

(Interruption)

Wéi soll de Parkingsproblem ronderëm den INS geléist ginn, wa mer wëssen, datt de Site elo schonn duerch de Sportslycée eleng zu Spëtzenzäiten iwwerlaascht ass, souguer mat Stopp „kiss and go", wann een d'Kanner just do ofsetzt oder siche kënnt?

De Minister huet jo do an der Kommissioun och vag drop geäntwert mat engem Ausbau vum Stopp „kiss and go". Well et ass jo awer en Ënnerscheed, Här Minister, ob een d'Kanner do just ofsetzt, fir se an d'Schoul ze féieren, oder dobleift, fir eventuell gären ze kucken, wa se trainéieren oder och eng Course lafen.

Dëse Parkingsproblem gëllt jo net nëmme fir dëse Site, mä och fir den nationale Fussballsstadion. Mir wären dofir schonn interesséiert ze wëssen, wéi de Sportsminister sech konkret virstellt, dëse Parkings- a Verkéiersproblem souwuel um Cents wéi och op der Areler Strooss ze léisen. Et muss ee jo bedenken, datt op esou engem internationale Fussballsmatch bis zu 9.000 Leit solle kënnen empfaange ginn.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, an Zäiten, wou d'Finanzen net gutt sinn an de Rimm méi enk muss geschnallt ginn, sinn 100 Milliounen Euro vill Geld. Wéi dëse Projet vun der aler Regierung ausgeschafft an déposéiert ginn ass, war scho kloer, datt sech op de strikte Minimum muss reduzéiert ginn. Et muss ee sech der Decken no strecken. Méi cibléiert Investissementer mat manner Suen a méi effikass an och fonctionnel bauen, heescht et.

Wat elo d'Verdeele vun de Subsiden ugeet, sou hat de Minister bis elo ëmmer d'Méiglechkeet, de Gemengen an de Federatiounen en zousätzleche Subsid ze ginn. Am Artikel 4 vum Text vum Projet de loi 6559 ginn elo d'Gemengen net méi genannt. Just nach d'Centres nationaux ginn opgezielt. An anere Wierder also: just nach d'Federatiounen.

Dëst ass natierlech keng einfach Situatioun fir d'Gemengen, well si an Zukunft net méi wéi virdrun an eenzelne Fäll op zousätzlech Subside kënnen zréckgräifen. An datt dës Aschneidunge virun allem bei méi klengen a méi aarme Gemenge sech bemierkbar maachen, ech mengen, dat ass evident. Duerch dëse méi neien, méi exakte Bäihëllefssystem sinn d'Gemengen opgefuerdert, an Zukunft anescht ze plangen, fir sech eventuell och, esou de Minister, ze schütze virun eventuellen onnéidegen Installatiounen oder Luxusdérivë bei Projeten.

Madame Presidentin, ee vun den Haaptobjete vum virleiende Gesetzesprojet ass d'Schafe vun enger Banque de données de l'infrastructure sportive nationale. Unhand vun dësem Inventär vu sämtleche Sportsinfrastrukturen am Land an och der Informatioun iwwert d'Benotzung kann an Zukunft besser a méi effikass geplangt ginn an domadder och gespuert ginn.

Och wann a sengem Avis de Statsrot drop hiweist, datt de Passus zur Banque de données kéint aus dem Projet gestrach ginn, well keng Données à caractère personnel viséiert sinn an domadder keng Autorisatioun duerch e Gesetz néideg ass, kënne mir d'Konklusioune vun der Sportskommissioun zu dësem Punkt awer novollzéien a weisen an dësem Sënn op d'Versécherung vum Sportsminister hin, deen zoustännege Règlement grand-ducal an eiser Kommissioun duerchzediskutéieren.

Et sief awer drop higewisen, datt och wierklech muss garantéiert sinn, datt dës Datebank just Informatiounen iwwert d'Infrastrukture sammelt a keng Donnéeën iwwert d'Utilisateure vun dësen Infrastrukturen.

Mir wollten awer op dëser Plaz d'Schafe vun esou enger Base de données ausdrécklech begréissen. Dës Datebank bréngt déi néideg Informatiounen, méi Transparenz, eng besser Gestioun, e gudden Iwwerbléck doriwwer, a welcher Phas e Projet drun ass, och wat säin Amortissement ubelaangt, souwéi och eng administrativ Vereinfachung fir d'Gemenge mat sech. Besonnesch luewenswäert fanne mir, datt dës Datebank sech och un de grousse Public wennt, dee sech doriwwer informéiere kann, a welchen Infrastrukture wou a wéini säi Liiblingssport bedriwwe ka ginn.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll net vergiessen, an dësem Kontext ass och den Zougang u sech zu de sportlechen Infrastrukturen ze erwähnen. Zu Lëtzebuerg si mer jo an der glécklecher Situatioun, datt d'Veräiner an d'Federatiounen allermeeschtens gratis Accès hunn an d'Halen, op d'Terrainen, Piscinen, déi och vun de Schoule genotzt ginn. Dës Gratuitéit vun den Infrastrukture ass leider net an all Land esou ginn, soudatt am Ausland scho vill Veräiner et ganz schwéier hunn. Mir sinn zu Lëtzebuerg zimlech verwinnt an dëser Hisiicht.

An dach ass och hei net alles optimal. Esou ass den Zougang zu sportlechen Infrastrukturen och net ëmmer garantéiert zum Beispill an de Schoulvakanzen, an dëst meeschtens duerch Personalmangel. Dëst ass virun allem fir den Héichleeschtungssportler e grousse Problem. Et ass un der Politik, sécherzestellen, fir hei no Léisungen ze sichen, fir kënnen déi sëllech deier a ganz gutt ageriichte Sportsinfrastrukturen och wierklech accessibel ze maache fir eis beschte Sportler.

An dësem Kontext gouf jo och schonn an Zesummenaarbecht mat dem Aarbechtsministère e Projet pilote gestart. A mir hoffen dann, datt deen och weider ausgebaut gëtt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Och wat d'Prestatioune vun dësen Infrastrukturen ubelaangt, héiert een ëmmer méi oft, datt verschidde vun dëse Servicer, zum Beispill den Tableau de chronométrage fir eng Kompetitioun oder de Chlor, un d'Veräiner an d'Federatiounen ewell verrechent ginn, déi eigentlech ëmmer zum Gesamtpaquet gehéiert hunn. Hei entwéckelt sech e schläichenden zousätzleche Käschtepunkt, dee verschidde Veräiner a Federatiounen net droe kënnen an deen eng weider Belaaschtung bedeit, virun allem fir déi Sportaarten, déi net finanziell esou déck do sinn. Oft mam Resultat, datt Leit, déi sech do bénévole engagéiere fir eis Kanner, duerch dës zousätzlech finanziell Belaaschtungen esou dee leschte Mutt geholl kréien, fir nach eppes ze organiséieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et läit mer um Häerz, vun der Wichtegkeet vun deem ze schwätzen, wat innerhalb vun dëse Sportsinfrastrukture geschitt, déi haut zur Debatt stinn. D'Gebaier sinn dat eent. Dat, wat all Dag dran ofleeft, dat ass dat anert.

Fir datt an eise Veräiner a Federatiounen dësen dagdeeglechen Effort vun deene sëlleche Bénévolen och weiderhi kann a wäert geleescht ginn, musse mer och weiderhin dréngend Initiative starten, fir de Bénévolat ze fërderen an ze stäerken. Esou ass et awer un der Politik, ze kucken, d'Weichen esou ze stellen, datt de Bénévolat méi attraktiv gëtt an datt d'Leit Loscht kréien, sech ze engagéieren.

Ech wollt an dëser Hisiicht froen, wat d'Regierung gedenkt zousätzlech an deenen nächste Joren ze ënnerhuelen, well de Regierungsprogramm ass do zimlech vag.

Gesäit de Minister eng Chance, de Volontariat an e gesetzleche Kader eventuell eranzehuelen? Eng vun de viregte Moossname war jo, de Bénévole vum Joer ze sichen. Bréngt esou eng Initiativ den néidege Schub an hutt Der wëlles, dës esou wichteg Éierung fir vill Engagéierter am Sport an dësem Format weiderlafen ze loossen oder eventuell ze iwwerdenken?

Hätt een hei net besser, de proposéierte Leit fir hire laangjährege Engagement e Cadeau ze maachen an hir Mériter virun allem ervirzesträichen, wéi éischter no subjektive Kritäre just een eenzelnen oder zwee, dräi Gewënner ze nennen?

Et huet een heiansdo d'Gefill, datt et souguer méi op d'Zesummesetzung an d'Qualitéit oder besser gesot d'Konscht vun der Presentatioun vum Curriculum vitae ukënnt, deen déi zoustänneg Federatioun eragëtt, wéi op dat, wat do all Eenzelne vun hinne fir säi Land a fir säi Sport jorelaang geleescht huet,…

Une voix.- Très bien!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- …a wou der méi mat enttäuschte Gesiichter heemginn, wéi ee mengt. Mir froen eis hei, ob e sportlecht Klassement net hei awer op der falscher Plaz ass fir dëst esou gutt a wuelgemengtent Konzept oder Iddi.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et läit menger Partei no, nach méi allgemeng op déi dräi Volete vum Sport - de Kompetitiounssport, de Schoulsport an de Fräizäitsport -anzegoen, déi fir eis, ech betounen dat, allen dräi gläich wichteg sinn. A mir mussen och an déi allen dräi weider investéieren.

De Leeschtungssport ass ganz kloer d'Aushängeschëld, duerch dat déi Jonk oft motivéiert ginn, de Sport ze bedreiwen. Héichleeschtungssportler si Virbiller fir eis Kanner. Si kucken op zu hinnen, renne mat de Fändelen hannendrun a wëllen esou ginn oder si wéi si. Dofir ass et och wichteg, datt se sech wéi Virbiller behuelen.

Lëtzebuerg huet en Numm am Sport kritt a sech op d'Weltkaart vu verschidde Sportaarte placéiert an esou Opmierksamkeet op eist Land gelenkt. Dës Dimensioun vum Sport muss weider gefërdert ginn, well si ka fir eist Land vill bewegen. Net nëmmen, wat den Nationalstolz an den Zesummenhalt ubelaangt, mä virun allem, well eis beschte Sportler de Bléck op eist Land zéien.

Wat de Schoulsport an de Sport loisir ubelaangt, bleift et virun allem déi preventiv Dimensioun, déi d'Madame Rapportrice schonn ënnerstrach huet. All Etüde weisen, datt eng Erzéiung mat Sport a Bewegung sech positiv op dat ganzt Liewen an d'Gesondheet auswierkt, datt se an all Alter d'Leit méi gesond hält an datt och besonnesch am Alter eng sportlech Aktivitéit souwuel de Kierper wéi och de Geescht fit hält.

An de Schoule kréien d'Kanner oft den éischte Goût dovunner, wat de Sport ass, a si léieren d'Sportaarte kennen. Leider ass et oft esou, datt haut verschidde Kanner elementar Bewegungsofleef net méi kënnen, well se net allze oft d'Méiglechkeet kréien, sech sportlech ze betätegen, an dëst aus den ënnerschiddlechste Grënn.

Vill Kanner sinn nieft der Schoul a Kannerbetreiungsinfrastrukturen ënnerbruecht. Dëst erfuerdert e Sportskonzept, dat dëser Situatioun Rechnung dréit. Mir fannen et wichteg a richteg, datt eis Regierung sech virgeholl huet, am Beräich vum Schoulsport d'Léier- an d'Betreiungspersonal am Sport besser ze formëieren, an datt elo méi a besser Initiative fir déi motoresch a sportlech Entwécklung vun de Kanner a Jugendleche geholl solle ginn. Dat kënne mir als CSV nëmmen ënnerstëtzen a fannen dës Initiativ ganz luewenswäert.

Ganz interessant ass och de Plang, fir d'Programmer an d'Horairë vun de Sportsstonnen an der Schoul an ausserhalb an de Betreiungsinfrastrukturen ze optimiséieren. Mir froen eis just, wéi dëst genee soll an der Praxis, virun allem wat d'Schoul ubelaangt, ëmgesat ginn, well an der Theorie héiere sech déi Saachen nämlech ëmmer ganz flott un; an der Praxis gëtt et dann awer oft méi schwiereg, fir och Tate folgen ze loossen.

Här President, all Mënsch gëtt sech ëmmer méi bewosst, datt mir nëmmen ee Kierper hunn, op dee mer oppasse mussen oder besser gesot däerfen. Och de Sport am Alter hëlt ëmmer méi zou. Sport ze maache verhëlleft deenen Eeleren zu engem gudde Kierpergefill an enger gudder Fitness am héijen Alter.

Esou kann ee scho bal soen, datt zurzäit zu Lëtzebuerg eng nei Kultur vu Sport a Wuelbefannen entsteet. Dëst ass ze begréissen a gëtt en plus och ëmmer méi en ekonomesche Facteur. Zum Beispill duerch déi sëlleche Sportsgeschäfter, d'Entwécklung an der Ernährungswëssenschaft an dësem Gebitt, riseg Sportsevenemen-

ter, déi Touristen op Lëtzebuerg lackelen, déi ëmmer méi heefeg Fitnesszentren a Wohlfühltempelen, gradesou wéi déi rasant Entwécklung vun der Zuel vum Personal Trainer. Dëst wäert an Zukunft net ofhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn um Enn vu mengen Ausféierungen ukomm. D'CSV-Fraktioun wäert dësem Projet, Madame Rapportrice, selbstverständlech zoustëmmen, wéi se et och schonn an der Kommissioun gemaach huet, well et e wichtegt Gesetz ass fir de Sport an eisem Land, deen déi néideg Infrastrukture brauch, fir gutt kënnen ze fonctionnéieren.

Méi wichteg ass awer, an ech sinn elo just dorobber agaangen, dat, wat an den Infrastrukture stattfënnt. D'Infrastruktur, d'Schuel, dat ass dat eent. D'Fëlle vun deem, wat do gemaach gëtt, d'Freed um Kierper an un der Bewegung, wéi de Sport betreit gëtt, wat trainéiert, wéi gelidden, geschweesst a gestridde gëtt, alles am Respekt vum Géigner an am Fairplay, d'Häerz also vun der Infrastruktur, dat ass dat anert.

Et ass un der Politik, sécherzestellen, datt d'Konditioune geschafe ginn, fir datt dës Sportsinfrastrukturen optimal genotzt kënne ginn a mat Liewe gefëllt kënne ginn. An allgemeng brauche mer hei zu Lëtzebuerg eng Politik, déi Loscht a Freed um a fir de Sport vermëttelt. Vive de Sport!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a gi selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Arendt. Als nächste Riedner wär den Här Eugène Berger um Tour. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Ech wéilt och direkt der Rapportrice Merci soe fir hiren ausféierlechen éischte Bericht hei an der Chamber. Dee war exzellent, an ech hoffen, datt mer nach vill Rapporte vun hir wäerten hei héieren.

Bon, et ass haut e bëssen en Anniversaire. Et ass den zéngten Anniversaire vum Fënnefjoresplang. An et ass och e bëssen Traditioun hei an der Chamber, datt da sportlech engagéiert Politiker defiléieren hei op der Tribün, fir eng Rei Remarquen ze maachen zu deem Plang. Gradesou wéi meng Virriednerin Nancy Arendt, déi schonn eng ganz Rei Facettë vum Sport ugeschwat huet a praktesch ganz komplett war, soudatt et da schwéier ass natierlech, duerno och als Sportler do nach vill bäizefügen.

Ech wéilt awer trotzdeem zwou, dräi méi generell Remarquë maachen um Ufank; fir d'Éischt, fir op d'Wichtegkeet vum Sport an eiser Gesellschaft awer méi generell hinzeweisen. Ech mengen, de Sport ass wichteg am Bezuch op d'Gesondheet. Een, dee Sport mécht, dee sech beweegt, dee gëtt net esou schnell krank. Deen huet eppes, wat e ka fir säi Kierper maachen, fir dee fit ze halen. Dat ass och am Sënn vun der Preventioun. Dat ass och am Sënn am Endeffekt, fir Suen ze spueren, well dann och eis Krankekeese manner schnell belaascht ginn.

Sport ass awer net nëmmen eppes, wat dem Kierper eppes bréngt. Sport ass och eppes, wat dem Geescht eppes bréngt. Ech mengen, datt een och kann duerch de Sport, an ech mengen, dat si ganz vill Mënschen, net nëmme Spëtzesportler, mä och Breedesportler, déi eigentlech den Épanouissement personnel, also déi perséinlech Entfalung dobäi sichen.

Dat kann zum Beispill sinn, datt een einfach en Ausgläich sicht, wann een en haarden Aarbechtsdag huet, wann ee Stress hat. Dat kann awer och sinn, datt ee sech wëllt selwer verwierklechen, op egal wat fir engem Level. Mir kennen ëmmer méi Leit, déi zum Beispill sech als Zil huelen, eng Kéier e Marathon ze lafen an dorunner kënne schaffen, fir einfach och esou een Zil kënnen ze realiséieren, sech selwer Ziler ze setzen, sech selwer kënnen ze realiséieren.

Dat huet och eppes mat Unerkennung ze dinn. Bei de Spëtzesportler natierlech, déi wëllen e Resultat hunn, déi sech doduerjer dann och kënne confirméiert fillen duerch all déi Ustrengungen, déi Trainingen, déi se gemaach hunn, mä awer och wéi gesot bei deem Eenzelnen, deen de Sport op engem méi niddrege Level mécht. Dat kann also och beim Fräizäitsport erreecht ginn.

Natierlech huet de Sport och eng sozial Komponent. An de Veräiner, op anere Plaze komme Sportler zesummen, léiere sech kennen, et gi Brécke gebaut. Ech denken do besonnesch och un déi Aspekter vun der Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger, wat ganz oft den Ufank fënnt an engem Sportsveräin. Mir hu ganz vill, ech denken zum Beispill u Fussballsveräiner, wou ganz vill Integratiounsaarbecht am Endeffekt an deem Sënn gemaach gëtt.

Sport huet och eng ekonomesch Komponent, dat wësse mer alleguerten, mat all deene Produiten, déi op de Marché komme fir d'Sportler, mat Mënschen, déi vum Sport liewen, well se Profisportler sinn oder well se an deem Business schaffen. Dat kreéiert Aarbechtsplazen. Do ginn also ganz vill Suen och ëmgewälzt. Wann ech nëmme gëschter huelen, do hunn ech héieren, datt eng Olympiad - also d'Wanterspiller vu Sotschi - 36 Milliarde kaschten. Dat heescht, do ass also och ganz vill vum Geld, wat duerch de Sport an Ëmlaf ass.

An et wär eigentlech interessant, fir och eng Kéier emol déi Fro hei zu Lëtzebuerg ze stellen. Ech froen also de Minister, e muss se haut net beäntwerten, ech soen einfach, et wier interessant, eng Kéier nämlech déi Fro ze stellen, wéivill de Sport hei zu Lëtzebuerg zum PIB bäidréit.

Et gëtt natierlech och Problemer, an ech wëll emol soen an eiser Gesellschaft, well net genuch Sport gemaach gëtt. Et sinn Etüden, déi gemaach gi sinn. Et héiert een et jo ëmmer erëm. Och nach virdrun ass et scho gesot ginn, datt mer anscheinend eis net méi genuch bewegen an eiser Gesellschaft. Dat fänkt bei de Kanner un, well se net méi zefouss an d'Schoul ginn, mä dohinnergefouert ginn, sief dat mam Bus, vun den Elteren, sief dat, datt se duerch Computer, Fernseh an esou weider net méi genuch vläicht am Alldag sech bewegen. Dat ass och bei Erwuessener, gëtt gesot, de Fall, datt se eben och do eng Liewensweis hunn, déi net méi op Bewegung ausgebaut ass.

Ech muss zwar soen, ech hunn heiansdo meng Douten iwwert déi Etüden. A wann ech och a mengem perséinlechen Ëmfeld kucken, meng perséinlech Erfahrung kucken, muss ech soen, hautdesdaags kennen ech a mengem Frëndeskrees der méi wéi jee, déi elo Sport maachen oder déi, loosse mer emol soen, sportlech aktiv sinn, méi wéi fréier, déi op eemol ufänken, net nëmme wéinst der Midlife-Crisis, mä einfach esou. Déi fänken un, Marathon ze lafen, an de Fitnessclub ze goen asw. An och bei de Kanner. Ech kenne vill Elteren, déi sech bekloen, datt se soen: „Ech ginn net fäerdeg, Taxi ze spillen, well um véier Auer muss en nach an de Fussball an um sechs huet en awer och nach en Tenniscours.", an esou weider.

Also, meng perséinlech Erfahrung ass, ech froe mech, ob dat wierklech effektiv an der Realitéit esou ass, wéi et duergestallt gëtt, an datt mer haut op alle Fall sécher net méi schlecht wéi fréier sinn. Mä au contraire, wann ech kucken, wéi ech an d'Primärschoul gaange sinn, datt do vill manner Méiglechkeete waren, vill manner Sport gemaach ginn ass.

Ech sinn op d'Wiss mat de Kolleege Fussball spille gaangen, wou mer zwee Poteauen dohinnergestallt hunn, oder an de Bësch lafe gaang sinn, klammen oder soss eppes gemaach hunn, an datt eigentlech also haut d'Situatioun, déi esou schlecht duergestallt ginn ass, am Endeffekt net esou schlecht ass, a fréier effektiv vläicht manner Bewegung do war. An dat war och d'Origine vun deene Fënnefjorespläng, wann een dat noliest.

D'Madame Rapportrice hat dat jo och kuerz erwähnt an hirem Rapport, datt dat eigentlech eng vun den Ursaache war, fir esou e Plan quinquennal anzeféieren, datt dat eigentlech war, well deemools festgestallt gi war, dat war 1968, datt net genuch Bewegung, net genuch Sport géif (veuillez lire: géif an eiser Gesellschaft) gemaach ginn.

Ech mengen, sécherlech bleiwen nach eng Rei Efforten awer ze maachen, fir nach méi Leit zu der Bewegung an zum Sport ze kréien. Een Element, fir dat ze maachen, ass natierlech och a mengen Aen, als fréieren Enseignant, de Schoulsport, datt een do ganz vill Saache ka mat op de Wee ginn. Do kann ee ganz vill scho maachen.

Haut net nëmme Schoulsport, mä ech géif soen, och all Maison relais an all déi Infrastrukturen, déi elo an engem Ganzen och mat dem Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse verbonne sinn. An och meng Virriednerin huet jo op d'Wichtegkeet do higewisen, datt een do net den Zuch verpasst a wierklech vun Ufank u kuckt, an deenen Infrastrukturen en adequate Sport oder Sportenseignement oder - wéi soll ech soen? - eng Approche zum Sport do och ze vermëttelen.

An dann natierlech, fir datt een d'Leit zum Sport kritt, sinn natierlech och d'Infrastrukture wichteg. An da kommen ech dann och zum Projet de loi hei. Et kann ee sech natierlech froen, ech och als Budgetsrapporteur, wahrscheinleche Budgetsrapporteur vun 2014… Entschëllegt, Här President, ech wëll där Saach net virgräifen!

M. le Président.- Kee Problem.

(Hilarité)

M. Eugène Berger *(DP)*.- Et kann ee sech froen, an Zäiten, wou soll gespuert ginn: 100 Milliounen, dat ass e gudde Batz Geld. Ech muss awer soen, wa meng Informatioune richteg sinn, waren au départ eppes 120 Milliounen am Gespréich. A wa meng Informatioune richteg sinn, huet de Sportsminister och do schonn awer dee Virsaz, fir ze spueren, ugesat a schonn 20 Millioune gestrach, ier de Projet iwwerhaapt an d'Chamber komm ass.

Ech mengen, dat ass e gudden Effort. Bon, et kann een och elo soen, et ass net onbedéngt ginn, datt herno all déi Suen ausgi ginn. Et muss een och vläicht soen, datt een en cours de route bei deene Projeten, déi elo emol programméiert sinn, datt een do nach vläicht ka kucken, ob do, op där enger oder anerer Plaz, e bësse Sputt dran ass.

Well et ass jo esou, datt mer an der Vergaangenheet, muss ee soen, awer ëmmer -jo! -, kommt, mir soen, gären am Luxus gebaut hunn, bei eise Sportsinfrastrukturen. Ech als President vun enger Federatioun, wa mir emol hei zu Lëtzebuerg regional, international Kompetitiounen organiséiert hunn, an da si Sportler aus dem Ausland heihinnerkomm, déi sinn an d'Vestiairë komm, déi sinn op aner Plaze komm, déi éischt Kommentare waren net „wéi schwéier gëtt haut d'Kompetitioun", déi éischt Kommentare waren: „Dir hutt awer hei schéi Vestiairen. Dir hutt awer hei schéin Anlagen."

Also, och do: Sécherlech muss een eng Rei Saachen uerdentlech maache bei de Sportsinfrastrukturen, mä datt een och do kuckt, net onbedéngt mussen d'Ham an der Mëllech ze kachen an déi schéinste Plättercher iwwerall an de Vestiairen ze hunn, datt een do och vläicht déi eng oder déi aner Millioune kann ënnert dem Stréch spueren.

An dofir ass jo och dat neit Element vun den Datebanken, fannen ech, en interessanten Aspekt, net nëmmen och fir d'Informatioun vun de Bierger, mä virun allem och als Instrument vun deem Screening, dee mer elo wëlle maache mat den Analyse vun der Bestandsopnahm, datt also och déi Datebank do hire Sënn ka maachen.

Et ass och scho virdru gesot ginn: D'Infrastrukture si gutt. D'Coque ass, eigentlech am duebele Sënn och, eis „Coque". Mä natierlech ass och (veuillez lire: ass och dat, wat bannendra geschitt,) den Encadrement immens wichteg op allen Niveauen, beim Spëtzesport an och beim Breedesport.

An dat ass eng Problematik hei zu Lëtzebuerg, muss ee soen, besonnesch, wat de Breedesport ubelaangt oder och eben den net ganz ieweschte Level vum Spëtzesport, datt mer ëmmer méi Schwieregkeeten hunn, Bénévoler ze fannen oder iwwerhaapt Trainer, qualifizéiert Trainer ze fannen, fir dat ze encadréieren. An do sinn an der Vergaangenheet jo Aktioune gestart ginn. Och meng Virriednerin war schonn dorobber agaangen. Et wier vläicht gutt eng Kéier, wann een do kéint e Bilan maachen a kucken, wat een awer nach kéint verbesseren, fir ebe méi Leit fir de Bénévolat ze gewannen an eventuell och méi Trainer erëm ze gewannen.

Souwäit ech am Bild sinn, sinn déi eng oder déi aner Saachen, déi um Niveau vun der ENEPS gemaach ginn, fir d'Formatiounen e bëssen, zum Deel, nei ze strukturéieren, fir de Leit et ebe méi attraktiv ze maachen, fir op dee Wee ze goen.

En anere Problem wëll ech awer och kuerz uschwätzen, dat ass dee vun dem Accès zu de Sportsanlagen, déi mer hei am Land hunn. Mir hu ganz vill Anlagen, déi gutt sinn, besonnesch och um kommunale Plang, mä wou awer ëmmer erëm Schwieregkeete sinn an och Kloe kommen, datt net, ech wëll net soen, zu all Moment, mä et awer oft schwiereg ass, fir regelméisseg kënnen dohinnerzegoen, déi ze benotzen, Infrastrukturen, déi mat ëffentleche Gelder gebaut gi sinn, an/oder heiansdo guer net ze benotzen.

Ech huelen ee konkret Besipill: A menger Gemeng ass eng sougenannten „interkommunal" Schoulpiscine, déi natierlech prioritär fir de Schoulsport ass, mä wou awer ganz vill Plagë sinn, wou déi Piscine eidel ass a ganz vill Bierger aus der Gemeng zum Beispill wéilten dohinnergoen an einfach gesot gëtt: „Jo, mir hunn da kee Schwammmeeschter." Mä kéint een dann awer net do ëmgedréit soen: „Ma, déi Leit, da bezuelen déi eppes. Jiddwereen ass och prett, an dat soll jo net gratis sinn, fir dann an déi Piscine ze goen." An da kéint ee jo mat deene Sue Leit astellen an et géif ee souguer Aarbechtsplazen doduerjer kreéieren.

Soudatt een also dat wierklech muss kucken, datt déi Infrastrukturen net nëmmen um kommunale Plang, mä och um nationale Plang, och an de Schoulen, a villen ëffentleche Schoulen, datt een déi besser zougänglech mécht, well jo eben déi Infrastrukturen en Outil sinn, fir d'Leit och zur Bewegung ze invitéieren. An och do wier et vläicht gutt, datt een do Pisten opzeechent oder sech wierklech do virhëlt, fir dat ze verbesseren.

Heiansdo scheitert et och u klenge Saachen. Ech kenne Fäll, ech wëll dat hei net ze vill développéieren, ech schwätzen elo eigentlech och als President vun enger Federatioun, do ass eng Klammmauer, déi an enger Hal ass, déi zu enger Schoul gehéiert, souguer fir mech war et an deene leschten zéng Joer net méiglech, eng Kéier op där Mauer klammen ze goen, well do ee Prof oder zwee Proffe gemengt hunn, dat wier net méiglech. Et kann net sinn, datt e Prof décidéiert, wou hei am Land mat ëffentleche Gelder finanzéiert Infrastrukturen dierfe benotzt ginn oder net.

Une voix.- Très bien!

M. Eugène Berger *(DP)*.- En anere Problem, deen ech och wëll kuerz opwerfen, dat ass, wa mer Gebaier musse renovéieren, och nei bauen natierlech, wat mer an där leschter Zäit hunn, an et si jo eng Rei Halen, Sportsinfrastrukturen, bei deenen dat muss geschéien, datt do ëmmer méi Sécherheetsnormen oder eng Rei Norme mussen agehale ginn, bei deenen ee sech awer och heiansdo freet, wou nach de gesonde Mënscheverstand ass. Dat ass, muss ech soen, iwwregens och net nëmme bei Sportsinfrastrukturen, mä och bei aneren ëffentlechen Infrastrukturen.

Mir hunn zum Beispill an de Gemengen, datt Gebaier, Jugendhaiser, wat weess ech, viru fënnef Joer gebaut gi sinn, no de leschte Standarden, mat deem leschte Schnickschnack, och ofgeholl gi sinn, an da kënnt zwee Joer duerno d'ITM a seet: „Hei ass alles net richteg. Hei musst Der elo nach eng Kéier vu vir ufänke bei den Dieren, bei iergendenger Trap." An hei an do. Dat kascht en Heedegeld. Et kascht en Heedegeld. An do muss een awer och eng Kéier kucken, dat huet eppes mat Simplification administrative ze dinn, wat een domadder (veuillez lire: mat der Approche) mécht.

Mir mussen hei zu Lëtzebuerg natierlech all Sécherheetsnormen anhalen. Mä ech hunn d'Impressioun, datt mir hei zu Lëtzebuerg bal eng Insel sinn, datt déi Normen, déi mir hei vun der ITM opgedroe kréien, zum Deel, datt et déi nëmmen hei zu Lëtzebuerg gëtt an nach vläicht um Mars, mä néierens anzwousch aneschters um Planéit.

An dat ass och ganz vill e Käschtefacteur, datt een also bei all deenen Normen do d'Ham an der Mëllech kacht. Ech froe mech, wéi et eigentlech fréier méiglech war, datt d'Mënschheet an och d'Sportler iwwerlieft hunn a Sportshalen, déi wahrscheinlech dann ni no iergendenger richteger Norm fonctionnéiert hunn.

Datselwecht, muss ech soen, ass och de Fall e bësse fir déi international Normen, déi mer vu Sportsverbänn oder vun der EU opgedroe kréien, déi, ech muss soen, dat war jo och net onbedéngt flott, wann een do gesinn huet, wéi zum Beispill den Här Platini eis do bal virgefouert an eis de béise Fanger gemaach huet a gesot huet, wat mer alles do misste maachen. Dat hätt ee kënnen e bësse méi op eng aner Aart a Weis maachen. Mä datt eigentlech anerer eis diktéieren, wat mir mat den ëffentleche Sue musse maachen, d'accord, datt ee muss do enger Rei Normen entspriechen, mä awer dat kéint een och op eng aner Aart a Weis maachen.

Bon, ech kommen dann zum Schluss och natierlech net derlaanscht, fir iwwert de Fussballsstadion kuerz ze schwätzen. Bon, verzeit mer, wann ech och als Réiserbänner nach eng Kéier ganz kuerz ee Saz soen zu deem Projet, deen näischt ginn ass. Ech soen, glécklecherweis ass…

(Interruption)

…deen näischt ginn.

Wierklech, dee Projet (veuillez lire: dee Projet Léiweng), dat war en absurde Projet, aus landesplanerescher Siicht hier virun allem. Ech mengen, dat wier e risegen Transportproblem ginn, a vun der Liewensqualitéit an der Gemeng hier war dat wierklech kee gudde Projet. En hätt och dem Sport an dem Usinn vun dem Sport näischt gedéngt.

Ech si wierklech frou, datt dee Projet ad acta geluecht ginn ass, deen och eventuell hätt kënnen am Nachhinein vläicht finanziell Schwieregkeete bréngen, wann ee gesäit, datt déiselwecht Promoteuren op anere Plaze finanziell Schwieregkeeten zum Deel hunn, och wa se an de Sportberäich wéi an eng Vëloséquipe zum Beispill investéiert hunn.

(Interruption)

Déi Solutioun, déi elo fonnt ginn ass, déi fënnt eis voll Ënnerstëtzung. Dat ass d'Renovatioun, eng déif gehend Renovatioun vun dem Stadion Josy-Barthel an der Stad. Dat ass eng gutt Solutioun, well een do natierlech de Fussball kann organiséieren och no den internationalen Normen, déi gefrot sinn, natierlech och de Rugby, wou ech frou sinn, datt och de President vun der Rugbysfederatioun deem ganz zoustëmmt.

Dann natierlech ass och am Raum, datt een do nach aner Evenementer kéint organiséieren, datt do also och méi eng villfälteg oder eng multimodal Utilisatioun vun deem Fussballsstadion da ka vustattegoen. Ech mengen, et ass virun allem awer wichteg, datt mer elo do - et si jo schonn eng Rei Réunioune gewiescht - wierklech virumaachen an deem Dossier, datt deen endlech zu Enn ka gefouert ginn, datt do, wann nach Décisiounen opstinn, déi wierklech sollen an deenen nächste Woche geholl ginn, datt een do dann och mat den Aarbechte kann ufänken an datt dee Projet da schnell ka realiséiert ginn.

Voilà, dat gesot, déi puer Remarquen, wëll ech dann d'Zoustëmmung awer och vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet ginn. Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Als nächst Riednerin huet d'Madame Josée Lorsché d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Lauter Sportler.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, am Laf vun de leschte Joren hate mir eigentlech nëmmen eemol d'Chance, an der Chamber iwwer Sport ze schwätzen. Dat war bei der Kreatioun vum Sportslycée, wou et eigentlech drëms gaangen ass, jonke Sportler gutt Bedéngungen ze schafen, fir Sport a Schoul optimal mateneen ze verbannen.

De Leeschtungssport ass e ganz wichtege Volet am ganze Beräich vum Sport. En huet vill positiv Dimensiounen a mir stellen en net a Fro. Mä ech mengen, haut geet et ëm vill méi. Et geet ëm eng global Sportspolitik fir eist ganzt Land, déi net eleng aus der Förderung vu jonke Sportstalenter besteet, mä déi ganz aner Missiounen ze erfëllen huet.

Här Minister, als Gréng si mir frou, datt déi nei Regierung dat och esou gesäit an datt se der Sportspolitik an Zukunft méi Bedeitung wëllt ginn. En éischte Schrëtt ass jo scho gemaach. De Sport ass an engem eegene Ministère doheem an net méi a senger klenger Nisch vum Département ministériel. Dee Changement begréisse mir, net nëmme wéinst sengem symbolesche Charakter. En eegene Ministère huet och méi Autonomie a méi Visibilitéit.

E weidert positivt Signal ass natierlech dat, datt dëst Gesetz zu deenen éischte Gesetzer gehéiert, wat mer no de Wahlen hei virleien hunn - mir kënnen haut driwwer ofstëmmen -, wat de Wee fräi mécht, fir ze investéieren a fir konkret ze schaffen. Op d'Geschicht vun de Fënnefjorespläng vum Sport ass d'Madame Hemmen agaangen, ech wëll elo net drop zréckkommen. Hir awer e grousse Merci fir hiren detailléierte Rapport.

Fir d'Éischt e puer allgemeng Iwwerleeungen iwwert d'Sportspolitik an eisem Land.

Un éischter Stell wënschen ech dem Här Schneider natierlech weiderhi vill Ausdauer an deem Job, well et brauch ee se. Dir braucht se doudsécher, fir déi Ziler ze erreechen, déi am Koalitiounsprogramm festgehale gi sinn. A mir sinn och iwwerzeegt, datt Är Regierungséquipieren lech net am Ree stoe loossen, wann et heescht, zesummenzeschaffen an d'Kompetenzen ze bündelen. Et ass nämlech do, wou de Schong an der leschter Zäit oft gedréckt huet.

De Plan d'action „Gesond iessen, méi bewegen" war eng ganz gutt Initiativ. Et war awer just déi eenzeg Initiativ, mat där versicht ginn ass, méi Ressorten zesummenzebréngen an zesummenzeschaffen. Mir si frou, datt an Zukunft esou Synergien d'Regel wäerte ginn.

Esou soll zum Beispill d'Zesummenaarbecht tëschent dem Sportsministère an dem Éducatiounsministère verbessert ginn. Dat ass och haaptsächlech dowéinst wichteg, well am Éducatiounsministère neierdéngs och de Volet „enfance et jeunesse" ënnerbruecht ginn ass an domat wichteg Zilgruppe regruppéiert sinn. Ech wäert nach drop zréckkommen a wéilt awer fir d'Éischt nach eppes iwwert de Familljeministère soen.

An deem Ministère geet et ëm méi. Et geet, éischtens, ëm déi eeler Generatioun, fir déi de Sport natierlech eng vital Aufgab huet, och eng sozial a gesondheetserhalend Funktioun. Souwuel am Regierungsprogramm wéi och an dësem Projet de loi gëtt den drëtten Alter zimlech oft erwähnt. An et ass un der Regierung natierlech elo, fir déi Aussoen a Musek ëmzesetze respektiv a Sport, a konkrete Sport, wou d'Regierung eis voll Ënnerstëtzung wäert kréien.

En zweete Volet, deen am Familljeministère ënnerbruecht ass, ass dee vun der Integratioun vun eisen net lëtzebuergesche Matbiergerinnen a Matbierger. Zu Lëtzebuerg ginn et sécherlech eng ganz Rei Politiker, Organisatiounen a Bénévoler, déi eng ganz gutt Aarbecht leeschten um Terrain. Mir denken, datt grad am Sport sech eng weider Chance bitt, fir d'Integratioun op eng spilleresch an informell Manéier weiderzedreiwen. Dofir si mir der Meenung, datt all Effort an deem Beräich sech wäert lounen.

En drëtte Volet, deen dem Familljeministère ënnersteet, ass dee vun der Inklusioun vu behënnerte Mënschen. Den Artikel 30 vun der UN-Konventioun vun de Rechter vun de behënnerte Mënschen, déi Lëtzebuerg am Joer 2011 ratifizéiert huet, schreift ausdrécklech vir, datt déi behënnert Leit eng gläichberechtegt Participatioun um Sport sollen erlaabt kréien. Eng gutt Accessibilitéit ass net alles. Déi gëtt an eisem Land op ville Plaze garantéiert, a mir schaffen drop hin, datt all nei Infrastrukturen accessibel wäerte sinn.

Dem Geescht vun der UN-Konventioun no missten déi betraffe Mënschen awer zum Beispill de Choix hunn, ob se an engem homogene Sportsgrupp, e Behënnertesportsgrupp wëllen hire Sport bedreiwen oder léiwer an engem traditionelle Veräin. Dee Choix hu se meeschtens net, well en einfach nach un de Strukture scheitert. Et ass net de Wëlle vun de Veräiner, dee se zréckhält, mä et läit dorun, datt kee Fachpersonal zur Verfügung steet, dat deen néidegen Encadrement ka garantéieren.

Mir mengen, datt um Niveau vun der ENEPS do eng Rei Formatioune kéinten ugebuede ginn oder ausgebaut ginn, fir den Encadrement vu Leit mat spezifesche Besoinen eben ze garantéieren. Och déi Thematik kann an deenen nächste Joren an Ugréff geholl ginn, op Basis erëm vum Regierungsprogramm, wou ech wéilt drop hiweisen, datt deen op verschiddene Plazen op d'Ëmsetzung vun der Behënnerterechtskonventioun hiweist.

Dann e Wuert zum Ministère vum Développement durable, deen an Zukunft, hoffen ech, méi eng grouss Roll ze spille kritt wéi an der Vergaangenheet. Nei Sportsinfrastrukturen hunn nämlech och mat Landesplanung ze dinn. Dat hu mer an der Lescht gesinn, Stéchwuert Fussballsstadion, deen och den Här Berger jo scho genannt huet. „Fussballsstadion mat Akafszenter an engem Iwwerschwemmungsgebitt op der grénger Wiss", ass déi Zäit gesot ginn.

Am Kader vun der Diskussioun iwwert dee leschte Plan quinquennal huet den deemolege Sportsminister de Projet Léiweng hei an der Chamber mat grousser Begeeschterung als rise Fortschrëtt duergestallt. Iwwert d'Ëmweltproblematik an den noutwendege Bau vun neien an extrem deiere Stroossen, Zoufahrtsstroossen op de Site, huet en eigentlech kee Wuert gesot. Am neie Plan quinquennal, ëm deen et haut geet, huet dee Projet der Vernunft Plaz gemaach, an dat begréisse mir. Esou Fehlplanunge sollen an Zukunft verhënnert ginn.

Sech als Stat blannemännerchers an d'Hänn vun engem Privatpartner ze ginn, just well en am Besëtz vun engem zesummenhängenden Terrain ass, wéi am Joer 2008 hei gesot ginn ass, war definitiv de falsche Wee! Dat huet sech an deene leschte Joren erausgestallt. Den Alternativ-Projet mat der Renovéierung vum Stade Josy-Barthel op der Areler Strooss ass souwuel finanziell wéi och landesplaneresch vertrietbar. A mir stinn als Gréng och voll hannert deem Projet.

Dernieft wëll ech awer och de Klimaschutz erwähnen. Och dee soll an der Sportspolitik zum Droe kommen. Beim leschte Plan quinquennal ass mer ee Wuert opgefall: d'Motocrosspist zu Goesdorf. Ech hu vollt Verständnis fir all Unhänger vu Motocross, muss mer awer d'Fro erlaben (veuillez lire: d'Fro muss awer erlaabt sinn), ob de Bau vun enger Motocrosspist an der schéiner Géigend beim Stauséi hätt misse Prioritéit hunn an engem Land, wat senge Klimaschutzziler meilewäit hannendruleeft. Mir mengen dat net. Eis hätt eng Vëlospist eigentlech besser gefall.

Zwee aner an och wichteg Ressorten, déi am Kontext vun der ministerieller Zesummenaarbecht nach kéinten erwähnt ginn, sinn natierlech déi vun der Santé an déi vun der Sécurité sociale. De preventiven Afloss vum Sport op den Organismus vum Mënsch ass onëmstridden a längst eng wëssenschaftlech Evidenz. Meng Virriedner a Virriednerinne sinn drop agaangen.

Wat d'Mënsche sech manner bewegen, wat se méi ufälleg gi fir Krankheeten. D'Resultat si Krankmeldungen iwwer laang Zäiten op der Aarbechtsplaz. Leider hëlt den Absentéismus opgrond vu Krankheet permanent zou a kascht de Sozialsystem ëmmer méi Geld. Dat geet aus enger Etüd ervir, déi vum CEPS/Instead gemaach ginn ass an déi och weiderhin aktualiséiert gëtt. Wahrscheinlech méi Geld, wéi dee beschte Sportsprogramm ka kaschten a wéi déi bescht Infrastrukture jee kéinte kaschten!

Dofir eis Suerg, datt Spuermoossnamen am Sport net onbedéngt gewënnbréngend wieren, mä de Statsfinanzen, ënnert dem Stréch, méi kéinte schuede wéi notzen. Spueren däerf een an eisen Aen héchstens um Luxus!

Spueren däerfe mir virun allem net bei de Kanner, wou d'Noutwendegkeet vun der Bewegung am gréissten ass. E Kand brauch Bewegung esou néideg wéi d'Loft, fir ze ootmen an d'Waasser fir ze drénken. D'Madame Arendt huet et op méi eng edel Manéier ausgedréckt mat hirem Zitat, mä et heescht eigentlech datselwecht. Regelméisseg a vielseiteg Bewegung kënnt jo net nëmmen de Kanner hirer kierperlecher Entwécklung zegutt, vill Bewegung a vill verschidde Bewegungsforme förderen och déi emotional Intelligenz, d'Konzentratioun an d'Léierfäegkeet vun de Kanner, virun allem am Beräich vun der raimlecher Wahrnehmung a vum mathemateschen Denken, a sinn eigentlech déi bescht Preparatioun op en erfollegräiche Schoulparcours.

Aus deem Grond si mir frou, datt d'Sportsaktivitéiten an de Crèchen, de Maisons relais, an de Grondschoulen am Exposé des motifs explizit erwähnt ginn. Et ass och wichteg, déi Aktivitéiten auszebauen, well d'Kanner ëmmer méi Zäit an deene Strukture verbréngen.

Natierlech stellt sech och d'Fro vum Encadrement vun de Kanner. Déi Fro ass an der Kommissioun opgeworf ginn. Et ass gefrot ginn, ob net och Sportsproffe sollten an deene Strukture schaffen. Dat ass eng Fro, déi mir eis net direkt stellen, well mir der Meenung sinn, datt fir d'Éischt soll gekläert ginn, wéi eng Kompetenzen déi Leit mussen hunn, wa se d'Kanner sportlech encadréieren.

E sportleche Parcours hannert sech ze hunn, en Héichleeschtungssportler gewiescht ze sinn oder d'Regele vun all Sportsaart ze kennen, geet sécherlech net duer. Pädagogesch a psychomotoresch Fachkenntnisser sinn eiser Meenung no méi wichteg, vill méi wichteg, well et bei klenge Kanner virun allem ëm eng ganzheetlech informell a kandgerecht Erzéiung geet an net ëm grouss Leeschtungen.

An eisen Ae wier et dofir un der Zäit, Här Minister, de Beruffsprofil vum Personal an deene Strukturen nach eemol ganz genee ënnert d'Lupp ze huelen, ëmsou méi, well den Ausbau vum Sport am Kader vum Plan d'encadrement périscolaire zu den Haaptprioritéite vun de Gemenge gehéiert. Am Kontext vun deem Ausbau begréisse mir natierlech, datt interkommunal Sportservicer sollen entstoen, déi och am Regierungsprogramm erwähnt sinn, an datt d'Gemenge weiderhin op staatlech Bäihëllefe kënnen ziele beim Ausbau, beim Neibau a bei der Renovatioun vu multifunktionelle Sportsinfrastrukturen.

Natierlech fält d'Geld net vum Himmel a scho guer net an dësen Zäiten. Dowéinst muss et méi wéi jee drëms goen, d'Geld esou effikass wéi méiglech anzesetzen a mat manner Geld méi ze maachen, wéi Dir et och an der Kommissioun ausgedréckt hutt.

Fir dëse Fënnefjoresplang stellt d'Regierung 100 Milliounen zur Verfügung, 100 Milliounen Euro, net aler Frang, déi zu engem Deel dem Kompetitiounssport sollen zeguttkommen, zum aneren Deel dem Schoul-, dem Fräizäitan dem Breedesport. Dee Budget vun 100 Milliounen heescht awer nach laang net, datt an den nächste Joren nëmmen 100 Milliounen an de Lëtzebuerger Sport investéiert ginn. Et sinn der bedeitend méi!

En zousätzleche Batz vun Dépensen, an dat ass en zolitte Batz, fält un d'Gemengen an un d'Gemengesyndikater, déi an dëser Diskussioun oft vergiess ginn. D'Sportsinfrastrukture fir d'Grondschoulen, d'Veräiner an den net formaliséierte Breedesport stinn ënnert der Responsabilitéit vun de Gemengen a mussen och vun hinne géréiert an ënnerhale ginn. Well d'Fonctionnementskäschte vun deenen Infrastrukturen net vum Stat subventionéiert ginn an eng héich Dépense op Jorzéngte sinn, kommen d'Gemenge virun allem a wirtschaftlech schwieregen Zäite schnell a Bedrängnis.

Beispillsweis leien d'Fonctionnementskäschte vun enger mëttelgrousser Schwämm bei 1,5 Milliounen Euro d'Joer, wat, op 20 Joer héichgerechent, 30 Millioune ginn, an dat emol ouni der Evolutioun vum Index Rechnung ze droen. Dat sinn natierlech Chifferen, déi d'Gemengen an hirer Finanzplanung net einfach esou ewechstiechen.

Fir finanziell Enkpäss ze vermeiden a fir och strukturell déi néideg Décisioune kënnen ze treffen, brauch all Gemeng eng gewësse Planungssécherheet. Och wann den Ausdrock „Fënnefjoresplang" op éischter en totalitäert Virgoe vum Stat kéint schléisse loossen, esou ass dës Fro awer hei net ze fäerten. Déi Suerg ass net begrënnt. De Fënnefjoresplang ass éischter en Instrument, wat déi néideg Planungssécherheet ebe just garantéiert.

Et ass en Instrument, wat sech jo säit 1968 bewährt huet. Zu Lëtzebuerg bewährt sech net alles esou laang! Et entsteet an enker Partnerschaft mat de Federatiounen, mam Comité olympique an zum Deel eben och mat de Gemengen. Et féiert dozou, datt kee Wildwuchs queesch duerch d'Land entsteet, mä en Netz vun Infrastrukturen, déi engersäits de Besoine vun den eenzelne Sportsaarte Rechnung droen an anerersäits awer och dem massive Bevëlkerungswuesstum an de steigende Schülerzuelen, déi mer jo kennen.

Et ass dofir kee Wonner, datt dëst Gesetz net nëmme vun der Sportswelt mat vill Spannung erwaart gëtt, och de Gemengesecteur ass... de Fënnefjoresplang, deen ass him ganz wichteg, well e wëllt wëssen, wou e mam Stat drun ass a wéi héich d'Bäihëllefe wäerte sinn.

Da kënnt en zousätzlecht Planungsinstrument derbäi mat dësem Gesetz, dat ass d'Banque de données vun den Infrastrukturen, déi jo nei geschafe wäert gi mat dësem Gesetz, ebe fir d'Éischt emol finanzéiert, éier dann de geneeën Inhalt wäert definéiert ginn. Et ass en informateschen Outil, deen d'Gestioun vun Infrastrukture vereinfache soll an d'Dépensë soll méi prévisibel maachen.

An deem Sënn suergt déi nei Datebank net nëmme fir méi Kloerheet an Transparenz, se ass och eigentlech e wichtegt Zousazinstrument zu der Finanzplanung, déi an de Gemenge stattfënnt. Dee Moment kënnen d'Budgete méi realitéitsno opgestallt ginn, wat een och als Gemengepolitiker begréisse kann.

D'Banque de données wäert och der Ëffentlechkeet zougänglech sinn, wat gutt ass, an deem Beräich, wou d'Leit sech kënnen informéieren, wat, wou a wéini stattfënnt vu sportlechen Aktivitéiten a wou se sech kënne betätegen. Et ass och e gutt Instrument am Hibléck op eng rationell Approche vun de Renovatiounen. Se soll prezis Informatioune liwweren iwwert de Grad vum Amortissement a vum Alter vun all Installatioun am Land.

Vill Infrastrukture sinn natierlech während dem Bau-Boom vun de 70er Joren entstanen, si mëttlerweil veraltert an energieméisseg eigentlech eng Katastroph. Dowéinst ass et logesch, datt d'Renovatiounsprojete vu Joer zu Joer zouhuelen. Fir datt déi seriö geplangt kënne ginn, muss natierlech am Virfeld eng Bestandsopnahm vum Alter a vum Zoustand virleien.

Wat mir bedaueren, ass, datt déi Bestandsopnahm net scho laang gemaach ginn ass, well ee jo weess, datt a ville Gemenge schonn den Zou-

stand vun de Gebailechkeete relativ degradéiert ass a wou akut Renovatiounen ustinn. Dat ass dann och de Grond, firwat de Statsrot sech e bësselche méi kritesch zu Wuert gemellt huet. En huet bemängelt, datt feelend Donnéeën eigentlech keng Analys erlaabt hunn. En huet mat Recht drop higewisen, datt de Fënnefjoresplang keng Flucht no vir soll sinn, mä datt och d'Konklusiounen aus der Vergaangenheet musse gezu ginn. An ech hoffen, datt et dat ass, wat mer dann a fënnef Joer kënne maachen, wann d'Banque de données da bis en place ass.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Konklusioun, déi mir als Gréng wëllen zéien, bezitt sech elo net direkt op dem Statsrot säin Avis an och net op den Detail vun all Projet, déi virgestallt ginn. Eis Konklusioun ass vläicht e bësselche méi gréng ugehaucht. Mir sinn eis scho bewosst, datt eis Gesellschaft méi Bewegung brauch, an datt d'Bewegung e Raum brauch, an deem se stattfanne kann. Dofir ënnerstëtze mir de Fënnefjoresplang voll a ganz.

Nieft de genormten Infrastrukture ginn et awer nach aner Plazen, déi genotzt kënne ginn, fir sech ze bewegen. Dat sinn d'Fräizäitanlagen, wéi eis Parken, d'Schoulhäff, d'Vëlosweeër, d'Spadséierweeër, d'Spillplaze fir d'Kanner, d'Skateboardpiste fir déi Jugendlech a wat net nach alles. Dat ass awer och d'Natur mat hire Feldweeër, hire Bëscher a Wisen a Séien. Och am Stauséi kann ee schwammen, wann een net an enger Schwämm ass.

Wat mir déi Liewensraim besser schützen, wat mir méi Raum fir d'Bewegung halen. An deem Sënn hoffen ech op eng gutt Natur, fir sech dran ze bewegen.

An deem Sënn soen ech Iech och villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Lorsché. An als leschten agedroene Riedner, den Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een nëmme siwe Minutten huet, wéi mir elo, da muss ee sech an der Begeeschterung fir de Projet heiansdo kënne méi kuerzfaassen. Dofir vu menger Säit emol e Merci un d'Madame Rapportrice fir e ganz komplette Rapport. An ech muss soen, datt ech mech bei bal allem, wat meng dräi Virriedner bis elo gesot hunn, wat dat Wichtegt an dat Nëtzlecht vum Sport ugeet an dat Gesond, nëmme kann uschléissen.

Ech wëll also dat elo net nach eng Kéier widderhuelen, mä ech wëll déi Zäit, déi mer elo hunn, profitéieren, fir meng Oppositiounsaarbecht ze maachen a vläicht dem Här Minister, der Regierung e puer méi kritesch Froen ze stellen iwwert dëse Projet, wat e puer Volete vum Finanzement ugeet.

Dir hutt jo gesot, Här Minister - oder de Rapporteur; ech mengen, Dir selwer kritt nach d'Wuert -, mä d'Madame Rapportrice huet jo och gesot, dat sinn 100 Milliounen elo, déi mer do investéieren, an et wär e Spuereffort gewiescht, well et wär am Ufank op 120 Milliounen ugesat gewiescht.

Dofir ass meng Fro un Iech: Wat sinn dann déi 20 Milliounen, déi Der agespuert hutt? Wéi eng Projeten hutt Der dann elo net zréckbehalen? A wat fanne mer vun deene Projeten, déi Der net zréckbehalen hutt, dann iwwer Spezialgesetzer eventuell erëm an deenen nächste Joren? An ënnert deem Strëch, wa mer déi fënnef Joer hanner eis hunn, ass da wierklech gespuert ginn?

Et ass eng wichteg Fro an, ech mengen, och eng berechtegt Fro. Et ass net, datt een d'Wichtegkeet vum Sport domadder a Fro stellt, mä wann an anere Ministèren zum Deel drastesch gespuert gëtt, datt mer gesinn, datt Sozialofbau kënnt, datt d'Steieren erhéicht ginn, datt d'Familljenzoulage gekierzt ginn, dann ass et och legitim, fir ze froen, wéi eng Kontributioun an Arem Ressort zu deem gemeinsame Spuereffort bruecht gëtt.

Eng zweet Fro, déi ech wéilt da stellen och, dat ass: Wéi eng Kritären huelt Der fir Är Subsiden? Sidd Der bereet, déi Politik ze iwwerpréiwen? E Virriedner hat geschwat vun de Gemengen, mä och: Wat fir eng Kritären huelt Dir, fir ze décidéieren, ob e Projet kann ënnerstëtzt ginn?

Dat heescht, riicht Der Iech no de Besoinen oder no den Devisen, no de Käschtepunkten? Et ass besser, sech no de wierkleche Besoinen ze riichten, fir eben all Exzesser an de Luxus vu vireran ze verhënneren.

Mir haten net vill gutt Erfahrungen an deene leschte Jore mat enger Bedeelegung vum private Secteur u Sportsinfrastrukturen, dat ass richteg. Trotzdeem gëtt et Iwwerleeungen an Arem Ministère, fir vläicht an eenzelne Projeten mat dem private Secteur zesummenzeschaffen. An denkt Der a verschiddene Sujeten oder verschiddenen Infrastrukturen och direkt mat un eng touristesch Notzung, eventuell iwwert d'Land eraus, vun eenzelnen Infrastrukturen?

Da muss ech soen, déi Diskussioun ëm d'Parkplazen, déi ass relativ schwéier nozevollzéien. Wann een hei an der Stad oder op anere Plaze grouss sportlech Infrastrukture mécht, wou och grouss Evenementer a grousser Zuel solle stattfannen, fir se iergendwéi ze amortiséieren oder vläicht souguer ze rentabiliséieren, dann ass et schwéier, vu vireran den Aspekt vun de Parkplaze wëllen auszeklameren an nëmmen op den Transport public ze verweisen.

Ech mengen, datt dat eng Méiglechkeet oder besser e Wee ass, deen d'Regierung eis do opzeechent, dee bei groussen Evenementer chaotesch Verkéierszoustänn ka provozéieren, an dofir wär et vläicht gutt, och hei e klärend Wuert iwwert d'Noutwendegkeet oder de Verzicht vun der Säit vun der Regierung op Parkplazen ze héieren. Op jidde Fall, ech mengen, et muss een, wann een esou Projete plangt, verantwortungsvoll vu vireran do virgoen.

Wat mech awer elo nach méi beschäftegt, Här Minister, dat ass déi Iddi vun der Base de données. Déi Base de données, déi hei an deem Gesetz steet, an déi net misst an deem Gesetz stoen, do huet de Statsrot vollkomme recht, well wann dat elo net géif drastoen, da wär vläicht keng Finanzéierungsbasis an dësem Gesetz, mä et kéint een ëmmer iwwer e Budgetsgesetz oder en anert Gesetz eng legal Basis dofir schafen.

Meng direkt Virriednerin huet gesot, elo géife mer emol de Finanzement regelen, dann iwwert den Inhalt schwätzen. Mä den Inhalt ass ebe just dat, wat mech net iwwerzeegt. Ech hunn Äert Gesetz do zimlech genee gekuckt, an da kucken ech, wat dann elo déi Base de données do soll leeschten. Do soll zum Beispill eng Kartografie vum Sport gemaach ginn, esou wéi wa mer nach keng hätten.

An Ärem eegene Gesetz hu mer hei eng Kaart vun de Centres nationaux et infrastructures étatiques, piscines couvertes, halls des sports, multisports, halls des sports de la ville de Luxembourg, terrains de football - gazon naturel, terrains de football - synthétique, halls de tennis couverts, stades d'athlétisme, an ech sinn iwwerzeegt, an Ärem Ministère sinn där Kaarten nach méi, an da froen ech mech: Firwat brauche mer e Gesetz, fir Kaarten iwwer sportlech Infrastrukturen ze zeechnen, wa mer esou wäit alles hunn, wat mer brauchen? Wéinstens schéngt dat de Fall ze sinn.

An da liesen ech an Ärem Gesetz, datt d'Leit sech kéinten duerch esou eng Base de données e besseren Iwwerbléck verschafen, wou se hire Sport kënne maachen.

Elo kucken ech, wat Äre Ministère publizéiert: Sport.lu, dann de Calendrier du sport-loisir. Ech schloen iergendeng Säit emol op hei, da liesen ech, datt een hei ka fir Mamm, Papp a Kand bis véier Joer am Hall omnisport zu Gosseldange vun 9.45 bis 11.00 Auer Sport maachen. Dat ass eng gutt Informatioun. A mengen Ae geet dat schonn duer. An dat iwwer ech weess net wéi vill Säiten, 384, neen, 448 Säiten, an där Gréissteuerdnung detailléiert Informatiounen iwwert d'Sportsméiglechkeeten hei am Land. A wann et dat gëtt an et gëtt déi Kaart, da froen ech mech, firwat mer mussen hei eng Base de données opstelle fir Saachen, déi et alt wéinstens an deene wichtegsten Aspekter scho laang gëtt.

An da froen ech Iech, Här Minister - well dat war mer net esou ganz ersiichtlech: Wat kascht dann déi Base de données? Wat soll dat do kaschten, fir eppes, vun deem d'Utilitéit awer op jidde Fall emol a priori, soe mer emol, net direkt iwwerzeegend ass.

Da sot Der, et géif eng Simplification administrative domadder agefouert ginn duerch déi Base de données. Ech hunn dat gelies, och mam A vun engem fréiere Beamten, ob dat do da mech elo géif iwwerzeegen als Simplification administrative, an ech muss soen, et huet mech net iwwerzeegt.

Wann ech do liesen: «pendant la phase de construction des projets (…) un processus automatisé…» - ob dat elo gutt ass! - «…qui permettra d'enregistrer étape par étape l'évolution du projet et d'en assurer un suivi permanent jusqu'à la libération des fonds…», fir mech ass dat do, also als fréiere Finanzdirekter, e vollkomme redundante Prozess mat deem, wat souwisou gemaach gëtt bei all Bauprojet, ouni datt et mir géif aliichten, wou do d'Plus-value vun esou engem Projet oder vun esou enger Prozedur wier, déi hei zousätzlech soll agefouert ginn an där hir Zouverlässegkeet a priori och net evident schéngt.

An, kuerz gesot, Här Minister, mir wären Iech ganz dankbar, bei aller Begeeschterung fir de Sport: Mä firwat déi Base de données do, wou do d'Plus-value soll leien, wat déi do soll kaschten a wat se am Vergläich zu deem, wat schonn existéiert an eigentlech ganz gutt fonctionnéiert an zur Zefriddenheet vu ville Leit fonctionnéiert, wat dat do soll méi bréngen?

Dat gesot, Här Minister, d'ADR ass wéi déi aner Parteien, ech hat et hei um Ufank betount, iwwerzeegt vun der Wichtegkeet vum Sport. Si begréisst och déi Approche vun de Plans quinquennaux, fir eng Planifikatioun iwwer e puer Joer ze erméiglechen.

Mä d'Fro, déi am Ableck an der politescher Aktualitéit am Raum steet, ass awer déi, wéi sech de Sportsministère och an déi allgemeng Spuerefforte vun dësem Land areit an ob net déi Dispositiounen hei am Gesetz, notamment iwwert déi Base de données, einfach superfétatoire sinn an eis an eng Richtung bréngen vun iwwerflëssegen neien administrative Laaschten.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Domat wäre um Enn vun eiser Ronn, an de Sportsminister, den Här Romain Schneider, huet d'Wuert.

M. Romain Schneider, *Ministre des Sports*.- Merci, Här President, fir d'Gedold; et ass e laange Wee bis heihinner. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi gesot als Sportsminister deet dat gutt, datt een heiansdo nach kann opstoen. Et ass schonn hei ugeschwat ginn.

Bon, fir d'Éischt emol vu menger Säit aus e grousse Merci un d'Rapportrice fir dee flotte schréftlechen, mä virun allem fir dee ganz engagéierten an detailléierte mëndleche Rapport, dee se de Mëtteg eis hei ofgeliwwert hutt. E Merci geet awer och engersäits un all d'Memberen aus der Kommissioun, déi an dräi Sitzungen, mengen ech, dëse Projet begleet hunn, soudatt en am Endeffekt ee gëtt, deen eppes Ganzes kann duerstellen.

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

www.chd.lu

Merci virun allem awer och, an dat ass eppes, dat mech wierklech méi wéi positiv, net iwwerrascht huet, mä eigentlech iwwerzeegt huet, datt mer eng Kommissioun hunn, déi fir de Sport denkt an déi virun allem net nëmmen d'Infrastrukture gesäit, mä virun allem d'ganz Sportspolitik hei mat integréiert. An all déi Interventiounen de Mëtteg si wäit erausgaang iwwert den Débat iwwert den zéngte Fënnefjoresplang, mä hunn eigentlech an de Vierdergrond gestallt d'Wichtegkeet vum Sport fir eis Gesellschaft. Ech kommen herno méi drop zréck, wat déi eenzel Impakter betrëfft.

Ech mengen, et war de Mëtteg och d'Chance an d'Geleeënheet, dës Plattform ze notzen, fir och eng Kéier de Regierungsprogramm am Volet Sport ze beliichten. Dat gouf gemaach vun den eenzelne Riednerinnen a Riedner. Dat ass och gutt an dat ass och flott esou.

An ech muss soen, datt ech zu 99% op där Linn leien, wéi si se och hei eriwwerginn hunn. All déi Punkten, déi se ugeschwat hunn, si wichteg Punkten, déi mer an eisem Regierungsprogramm stoen hunn. Et si Punkten, déi mer an deenen nächste Jore wëllen ëmsetzen. Et si virun allem eng ganz Rei vu Punkten, déi awer och an der Kontinuitéit sti vun deem, wat an de leschte fënnef Joer gemaach gouf.

An ech ginn eigentlech och dem Här Berger recht, wéi e gesot huet, datt mer ganz vill schwätzen iwwert d'Motricitéit, déi feelt, iwwer eigentlech de Manktum u Bewegung vu Leit, de Manktum vu Sport maachen. Ech muss soen, datt ech jo all Dag d'Chance hunn, zwou Stonnen Trajet ze hunn, leider, zwou Stonnen Trajet ze hunn, a wou ech ganz vill Leit gesinn, déi sech bewegen, sief dat am Goen, sief dat am Lafen, sief dat am Vëlofueren.

An och, wa mer déi eenzel Infrastrukture kucken, déi elo scho bestinn, gesi mer ganz vill Leit maachen, déi schwammen, déi turnen, déi an de Fitnesse sinn, déi an de Veräiner aktiv sinn, souwuel bei der Jugend wéi bei deenen a mengem Alter wéi och doriwwer eraus. An deem sougenannten „drëtten" oder dem „véierten" Alter gëtt ganz vill an der Bewegung gemaach. An ech muss soen, datt mer eigentlech eise Sport hei op eng richteg Schinn gesat hunn, fir zesummen ze probéieren, och ze motivéieren an effektiv sech méi ze bewegen.

Dee Motto, dee mer eis gesat haten, dat vum „gesond iessen, méi bewegen", wat jo een nationale Plang an där leschter Regierung gi war, nodeem et gestart gi war aus der Iddi vu véier Ministèren, ass dat och, wat mer mussen upaken. Mir wëssen, datt mer och hei nach ganz vill ze maachen hunn. Vun deene sechs Achsen ass de Moment eng Achs ëmgesat, an dat ass déi vun der Bewegung, déi ëmgesat ass. All déi aner Achsen, déi hannendru sinn, déi wäerten an déi mussen - déi musse kommen!

Dat am Viraus zu deem, wat mer haut eigentlech hei diskutéieren a wat mer ofstëmmen, an dat ass den zéngte Fënnefjoresplang, wat d'Sportsinfrastrukture vum Sport, d'Ënnerstëtzung also vun der Regierung vun deenen eenzelne Projete betrëfft. Infrastrukturen, déi sech areien an dat, wat d'Sportspolitik hei zu Lëtzebuerg als hir dräi Haaptpilieren och gewisen huet: deen éischte Pilier, dee vum Sport à l'école, deen zweete vum Sport-loisir an deen drëtte vum Sport de compétition.

Alles dat, mengen ech, wäert eis hëllefen, mat dësen Infrastrukturen, grad an dësen dräi Pilieren, virunzekommen. An eigentlech huet déi Kaart, déi den Här Kartheiser och zu Recht opgezeechent huet, wou ech herno wäert drop agoen, gewisen, datt mer sécher an deene leschte Jorzéngten iwwert déi néng Fënnefjorespläng, déi virdru waren, eng ganz Rei vu Vidë konnten opfëllen, mä datt nach ëmmer wäiss Flecken an eiser Landschaft sinn, déi mer elo kënnen, virun allem och duerch dës Investissementer, déi gemaach ginn, beliichten.

Dës Investissementer, zu Recht gesot, an dat soen ech bei all Ouverture, déi mer hu vun iergendenger Infrastruktur, Sportsinfrastruktur am Land: Mir hu jo an deene leschte Méint ganz vill gemaach, dann ass et richteg, wa mer hei 100 Milliounen investéieren. Wa mer soen, mir droe 25%, 35%, 50%, eventuell 70%, da bleift nach ëmmer dee gréisste Prozentsaz ze finanzéieren. An dee gëtt gemaach säitens de Gemengen, säitens Syndicatgemengen, déi och Prioritéiten an hire Gemengen, bei hire Bierger setzen, fir dem Sport hei zu Lëtzebuerg ze hëllefen, sech ze entwéckelen. An dat ass gutt an dat ass flott och esou. An ech muss soen, datt mer op Säite vun de Gemengen en exzellente Partner hei fonnt hunn, déi eis hëllefen, eis Sportspolitik de Bierger méi no ze brëngen.

Et gesäit een och, datt net nëmmen de Stat, mä virun allem d'Gemengen och erkannt hunn, datt et wichteg ass, an dëse Beräicher ze investéieren. An deene viregte Fënnefjorespläng gouf villes realiséiert, an et ass richteg, datt mer amgaang sinn, och eng Analys vun deenen néng Fënnefjorespläng ze maachen. Hei sinn déi meescht exekutéiert. Vum aachte Fënnefjoresplang stinn nach just een, zwee Projeten op. Am néngte sinn déi lescht amgaang fäerdeggestallt ze ginn.

Ech hunn an der Kommissioun versprach, datt mer, soubal mer de Bilan hunn, souwuel vum aachte wéi vum néngten, zréck wäerte goen, fir ze kucken: Wat gouf dann aus der initialer Iddi, wéi och hei, vun de Fënnefjorespläng an der Praxis ëmgesat? Wat ass dat, wat herno och déi eenzel Lëschte beinhalt huet a konkret ëmgesat gouf? A wéi sti mer elo par rapport zu deem, wat nach muss an deem zéngte Fënnefjoresplang realiséiert ginn?

Ma zu Recht, an dat ass leider virun allem och am Sport esou, soubal Milliounen investéiert ginn, da gi grouss Fragezeiche gemaach. Ech muss awer soen, datt et hei drëm geet, fir 100 Milliounen an d'Infrastrukture mat ze investéieren. An et ass richteg, wéi hei gesot gouf, vu Riedner... Déi Deputéierten, déi virdru mat an der Regierung waren, wëssen, datt am Kader vun där viregter Regierung, wou mer vu Spuermoossname geschwat hunn, dat Zil, dat ech eigentlech hat, fir dës Kéier 120 Milliounen ze investéieren, mam Finanzminister gekläert gouf, datt mer op 100 Millioune géifen erofgoen a virun allem géife probéieren - an dat äntwert op eng vun de Froen hei -, datt mer géife kucken, méi rationell ze bauen, méi zesummen, méi regional ze bauen.

Virun allem awer och kucken, déi eenzel Projeten esou ze begleeden, datt et Projete sinn, déi effektiv dat sollen duerstellen, wat et effektiv ass, an datt mer och solle virun allem déi Coûten esou festleeën, datt een effektiv an Zukunft ka soen: Wat heescht eng Dépense fir eng Sportshal, eng zweedeeleg? Wat heescht eng Dépense fir eng dräistelleg? Wat heescht eng Dépense an enger Schwämm? Wat heescht eng an engem Fussballsterrain? Datt mer also fest Coûten dropsetzen, op deenen dann eis Prozenter gemaach ginn.

Dat wäert eis ganz kuerzfristeg hëllefen, datt déi Coûte wäerten erofgoen. Well ech mengen, wann ech weess, datt e Plaffong gesat ass, op deem e Prozentsaz ass, da gëtt et net no uewen eng Explosioun. Soudatt mer et wäerte fäerdegbréngen, mat manner Suen op d'mannst datselwecht, ech géif souguer soe méi ze maachen, well ech, mengen ech, hei e Moyen kréien, wou mer effektiv och eng Responsabilisatioun vu méi Acteure kréien, souwuel vun deenen, déi plangen, wéi deenen, déi subventionéieren, wéi deenen, déi bauen. An dat Zesummespill wäert eis hëllefen, datt mer effektiv déi 100 Millioune säitens dem Stat och gutt a richteg wäerten investéieren.

Hëllefen dobäi wäert eis déi op e puer Plazen ugeschwaten Datebank, déi jo och a Fro gestallt gëtt. Eng Datebank, déi eng Zort Portail ass, déi wäert hëllefen, virun allem och de Gemengen, eng Kéier en Iwwerbléck ze kréien iwwer hir Infrastrukturen, déi se hunn. Et gouf ugeschwat: Wéi ass den Zoustand vun deenen? Dat hu mer alles net. Dat musse mer all Kéiers nofroen, musse mer op der Plaz kucken. Dat kréie mer heiriwwer. Mir kréien derniewent virun allem och e wichtege Facteur eriwwer, dee vun de Frais de fonctionnement, déi dorunner hänken, déi d'Gemenge solle wëssen.

An ech mengen, dat ass och eng politesch Aufgab vun der Regierung, fir d'Gemengen och ze schützen an dësem Volet an ze soen: Wann Der deen doten Invest maacht, dann heescht dat och iwwert déi nächst Joren déi do an déi do Frais de fonctionnement! D'Madame Lorsché huet d'Beispill vun de Schwämmen ugeschwat. Och hei also heescht et, eng schützend Roll, eng weisend Roll ze spillen, wat heescht bei engem Invest vun engem Coût, déi heiten ordinär Käschten, déi op deen ordinäre Budget vum Stat wäerten hikommen.

An hei hu mer eng ganz flott Datebank zesummegestallt, wou et hei, an dat gouf richteg erkannt, just ëm de Finanzement vun där geet. Ee Finanzement, deen ëm déi 200.000 Euro sech wäert belafen iwwert déi nächst Joren, mat deem ganze Suivi awer derbäi. Et ass net nëmmen d'Erstellen, mä et ass och de Suivi, dee realiséiert gëtt, an dat an Zesummenaarbecht mat dem Gemengesyndikat, dem SIGI, wou mer elo relativ kuerzfristeg an deenen nächste Wochen och eng Presentatioun vun dëser Datebank wäerte maachen, fir ze weisen, wat konkret dobäi erauskoum, a fir ze weisen, wat d'Plus-value effektiv vun dëser Datebank ass.

An ech mengen, wann een dat visuell gesäit, da gesäit een och, wéi gutt datt och dës Suen ugeluecht sinn. Dat wäert eis hëllefen, net nëmmen eng Dépense ze hunn, mä virun allem eng Moins-dépense ze hunn an deenen nächste Jore bei dem Invest vun de Sportsinfrastrukturen.

Et wäert derniewent virun allem awer och e wichtege Facteur eriwwerginn, dee vun der Transparenz, déi mer hu beim Ausgi vun eise Fongen. Hei wäerte mer genau gesinn, wou déi Suen investéiert sinn, wat d'Contrepartie vun de Gemengen ass an och, wat eng gewësse pluriannuel Finanzéierung ugeet respektiv Planungssécherheet gëtt an deenen nächste Joren, fir ze gesinn: Wéini musse mer wéi eng Sportsinfrastrukturen erëm ersetzen, déi effektiv virun enger Rei vu Jorzéngte gebaut gi sinn? Wéini fält et erëm un? Wéi musse mer also plangen, fir deen nächste Fënnefjoresplang opzestellen?

Ganz vill diskutéiert goufen an deem Kader vum zéngte Fënnefjoresplang ëmmer erëm dräi grouss Projeten, wat d'Sportsinfrastrukture betrëfft. De Vëlodrom gouf ëmmer erëm zitéiert, ee Projet, deen am aachte Fënnefjoresplang nach ass. Hei ass et richteg gesot ginn, datt mer plange mat der Gemeng Mondorf - dat am Kader vun dem Projet vum Lycée vu Mondorf - eng Plaz ze reservéieren, fir effektiv och hei erëm eng Kéier käschtegënschteg ze bauen a Synergien ze siche vun Infrastrukturen, déi do sinn, déi ounideem (veuillez lire: souwisou) gebaut ginn, déi do kënne genotzt ginn, an dann och hei d'Planung vun dësem Vëlodrom an deenen nächste Jore parallell zur Entstehung vum Lycée vu Mondorf, respektiv vun deem ganze Site, deen do ass, am Kader och vum Plan directeur do kënnen ëmzesetzen.

Wat den nationale Fussballsstadion betrëfft, mengen ech, huet jiddwereen hei eigentlech gesot, an dofir sinn ech och frou iwwert...

M. le Président.- Entschëllegt, Här Minister, den Här Kartheiser wollt Iech eng Fro stellen.

M. Romain Schneider, *Ministre des Sports*.- Kee Problem.

M. le Président.- Wann Dir d'accord sidd? Här Kartheiser, wann ech gelift.

M. Romain Schneider, *Ministre des Sports*.- Selbstverständlech. Dat erlaabt mir, eng Schlupp ze huelen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Dat ass e gutt Beispill vun Zesummenaarbecht. Merci, Här President. Merci, Här Minister. Ech wollt Iech froen, elo wou Der vum Vëlodrom schwätzt: Mir hate jo festgestallt, datt eng Zomm vun aacht Milliounen nach disponibel wär am Kader. Am leschte budgetäre Kader vum Plan quinquennal sinn déi Rescht bliwwen. Mir hate jo och déi Diskussioun am Kader vun der leschter Legislaturperiod.

Dofir meng Fro: Wat maacht Der elo mat deenen aacht Milliounen, déi fir de Vëlodrom eigentlech nach missten do sinn? Sinn déi nach do? A wat geschitt mat deene Suen an nächster Zäit?

M. Romain Schneider, *Ministre des Sports*.- Jo, ech mengen, déi Fro ass relativ einfach ze beäntwerten. Effektiv waren déi doten am Kader vum aachte Fënnefjoresplang an de Fonds d'équipement gespeist ginn. Vun deene Suen ass just een Deel fort, dat, wat d'Etüd betraff huet, wat de Bau vum Vëlodrom zu Zéisseng deemools betrëfft. Déi aner Sue si selbstverständlech nach do, an ech mengen, déi kommen additionnel zum Fong, dee mer de Moment hunn, derbäi. A wa mer dann de Vëlodrom bauen, wäerte mer selbstverständlech déi Suen och aus dem Fonds d'équipement huelen, fir kënnen dat ze realiséieren.

Mir sinn awer iwwerzeegt, datt mer déi Zomm, déi mer wahrscheinlech deemools haten, net wäerte brauchen, wa mer all déi Synergien hei kënnen notze bei dësem Bau vum Lycée. An ech mengen, do kënne mer dann, och opgrond vun där Aart Fonds, deen nach do ass, och wierklech dëse Vëlodrom dann an deem Moment bauen, am Kader, wéi gesot, vum Konzept vum Lycée zu Mondorf.

Da kommen ech vläicht virun zum nationale Fussballsstadion, deen hei ugeschwat gouf. An ech mengen, et ass richteg, datt vun alle Riedner ugeschwat ginn ass, datt mer hei eng Prioritéit dropgesat hunn als Regierung, dat virun allem wéinst der Nécessitéit, fir dës Installatiounen UEFA-konform ze maachen. Zweetens awer och, fir den Image de marque vu Lëtzebuerg dobaussen ze weisen a well mer effektiv, wat de Standard betrëfft an och wat d'Sécherheet betrëfft, ee vun de schlechteste Stadionen an Europa hunn, soudatt mer hei séier musse reagéieren. Hei ass e gewëssenen Zäitdrock do.

An ech mengen, Dir wësst, datt déi viregt Regierung - an déi nei Regierung huet am Regierungsprogramm dat iwwerholl -, datt mer de Moment zesumme mat der Stad Lëtzebuerg amgaang sinn ze kucken, wéi mer eng Modernisatioun vum Stade Josy-Barthel kënne maachen. D'Servicer vun der Stad Lëtzebuerg sinn amgaang ze kucken um techneschen Niveau, wéi engersäits sécherheetsméisseg an zweetens och verkéierskonzeptméisseg dësen Avantprojet, deen do ass, deen elaboréiert gouf vun der FLF an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg an dem Sportsministère, och kann ëmgesat ginn. Mir wäerten eis duerno da gesinn a mir wäerten dann och en Timing op dës Aarbechte setzen, esou wéi et jo och hei ugeschwat ginn ass.

Derniewent de Liichtathletiksstadion, deen ugeschwat ginn ass. Ech mengen, mir wëssen, datt, wann déi Modernisatioun gemaach gëtt, et dann och usteet, datt de Liichtathletiksstadion gemaach gëtt, an datt virun allem probéiert gëtt, et och hei an der Stad Lëtzebuerg ze maachen. Och hei ass et esou, datt mer den INS erausgesicht hunn, fir e Projet dorobber ze setzen, dat opgrond vun engem Cahier des charges vun der FLA an och vum COSL.

Mir hunn e Projet elaboréiert, deen all deem Rechnung dréit, wat an deem Cahier des charges gefrot ginn ass, souwuel säitens den Zuschauer wéi och säitens de sanitären Anlage wéi och deenen eenzelne Raim, déi ee brauch, fir hei Kompetitiounen ofzehalen, Training, national Kompetitiounen an och international Kompetitiounen.

Mir hunn de Moment ee Projet elaboréiert an Zesummenaarbecht mat de Bâtiments publics, dee sech de Moment nach beleeft op sechs Couloiren. Mir wëssen, datt mer, wa mer a gewëssen international Sphäre wëllen eragoen, aacht Couloire brauchen. Dofir si mer de Moment nach eng Kéier amgaang ze analyséieren, ob et machbar ass, souwuel technesch wéi och finanziell, fir um INS aacht Bunnen ze aménagéieren.

Do wäert och dës Analys geschwë kommen, an da wäerte mer eis zesummesetzen an deem Aarbechtsgrupp, dee mer hunn, tëschent dem Ministère, tëschent de Bâtiments publics, tëschent der FLA an derniewent och dem COSL, fir och dëse Projet kënnen ze lancéieren.

Zum Schluss vläicht e puer Wierder, déi een och héieren huet an och vläicht e puer Remarquen op eng Rei vu Remarquen hei.

D'Madame Nancy Kemp-Arendt ass zu Recht op d'Fro agaangen - ech ginn net méi dorop an -, wéi si d'Sportspolitik gesäit. Ech gesi se genausou. Ech mengen, do leie mer op enger Wellelängt. An ech weess och, datt mer eng ganz Rei vun Efforten nach musse maachen.

Déi Remarque, wat d'Gemenge betrëfft, datt mer hei souzesoen dee Lastik net méi hunn, fir eigentlech ze zéie vu 35% an ze soen: Hei ass eng Gemeng, déi finanziell méi schwaach ass, op 40. Do geet eigentlech den Trend drop hin, och an dësem Kontext, fir méi regional ze bauen, fir méi zesummen ze bauen. An dann ass jo d'Ënnerstëtzung 50%, an do kann een, muss een dann net all Kéiers iwwert den... (veuillez lire: iwwert d'Prozenter 25, 35, 50) fueren, mä do huet ee fix Prozenter. Dat hëlleft also och eng gewësse Stabilisatioun am Management ze maachen, wat déi eenzel Projete betrëfft.

Wat déi zwee Projete betrëfft, souwuel de Liichtathletiksstadion wéi de Fussballsstadion, hunn ech gesot, datt mer selbstverständlech mat der Stad Lëtzebuerg ee Verkéierskonzept mussen ausschaffe fir déi zwee. An hei muss een e gutt Zesummespill hunn tëschent engersäits festem Parkraum, awer och virun allem enger Mobilitéit, déi een hibréngt mam ëffentlechen Transport, also ze kucken esou gutt wéi méiglech dës zwee Siten anzebannen an dat zweet Verkéierskonzept, dat hei steet.

Wat all déi Remarquë vun deenen Eenzelnen ugeet, wat de Schoulsport betrëfft, ginn ech lech recht. Hei musse mer, hei hu mer am Regierungsprogramm vill stoen. Dat musse mer an d'Praxis ëmsetzen, musse mer zesumme maache mat dem Éducatiounsministère, fir eng Rei vu Problemer, déi an deene leschte Joren, mengen ech, ëmmer erëm diskutéiert goufen,

och konkret ze léisen. An dat virun allem zu enger Förderung vun de Kanner am fréien Alter hi sech ze bewegen an eigentlech déi richteg, geziilten Ausbildung derniewent och ze hunn, fir dat ze maachen.

Wat de Bénévolat betrëfft, mengen ech, soll een elo emol eng Kéier eng Bilanzéierung maache vun all deem, wat gemaach ginn ass. Den „bénévole de l'année" wäerte mer viruféieren. Et ass jo esou, datt Der zu Recht sot, mir wielen der all Kéiers dräi eraus. Mä derniewent ass all Federatioun, déi een „bénévole de l'année" huet, dee geéiert gëtt. Dofir ass et scho richteg, datt sécher net jiddwereen ëmmer frou ass, wann en net den Éischten, Zweeten, Drëtten ass. Mä e kritt awer e Präis mat, well e jo de Bénévole ass. An och dat ass eng moralesch Unerkennung, déi hei geleescht gëtt.

Aner Aktiounen hate mer, wéi d'Formatioun an d'Traineren, wéi d'Ënnerstëtzung iwwer Pilotprojete vun de Bénévolen, wéi derniewent och Chèques-services, déi gespillt hunn. Mä ech mengen, datt d'Haaptzil muss dat sinn, datt an de Veräiner erëm de Geescht vun der Famill opkënnt. D'Familljen... dat Ganzt, datt ee Club eng Famill ass, wou jiddweree fir deeselwechte But schafft, wou ee sech wuelfillt, wou ee gären dohinnergeet.

An da vu mir aus nach ëmmer kloer de Message: Wien eng Kéier Sportler war, soll an Zukunft och Bénévole sinn. Well dat, wat de Sport em ginn huet, soll en dem Sport erëm zréckginn. Mir hunn et esou gemaach. An ech mengen, et soll een eng Rei vun aner Leit... An eng ganz Rei heibanne sinn der, déi et esou maachen. Ech mengen, dat soll och een Ureiz sinn, datt nach anerer dat an Zukunft kënne maachen.

Zum Schluss vläicht...

Ech gesinn, Här President, Merci fir Är Gedold, meng Zäit ass effektiv hei, meng Riedezäit ass ofgelaf. Vläicht...

M. le Président.- Här Minister, Dir kënnt och roueg zur Schlussfolgerung da kommen. Mä virdrun hunn ech awer eng Fro vun der Madame Arendt.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Här Minister, ech hat gefrot, wat de gesetzleche Kader betrëfft, ob dat eventuell eng Méiglechkeet wär, wann een e gesetzleche Kader fir d'Bénévolë géif envisagéieren. Dir waart net op d'Fro elo agaangen.

M. Romain Schneider, *Ministre des Sports*.- Jo. Also ech mengen, et ass esou, datt ech gesot hunn, datt mer fir d'Éischt ee Bilan maache vun den Aktiounen, déi gelaf sinn. Et muss ee kucken, wéi dat gewierkt huet. An da muss ee kucken, a wat fir enger gesetzlecher Rumm ee kann effektiv Bénévolen hëllefen.

Mir haten emol eng Kéier d'Iddi gehat vun Assurancen, déi eventuell kéinte spillen. Dat kéint eng Pist sinn. Mir haten d'Iddi, wat keng gesetzlech... iwwer Cartes bénévoles, déi sollten ausgestallt ginn, zum Beispill wéi Kaarten, déi an der Kultur bestinn, fir déi kënnen ze benotzen.

Alles dat si Pisten, déi mer amgaang sinn ze elaboréieren, virun allem awer ofzeschätzen a virun allem och finanziell ofzeschätzen, well do hänkt natierlech och ee gewëssen Impakt drun. Wa mer dat maachen, da musse mer eng Ëmschichtung an eisem Budget vum Ministère maachen. Mä awer mat Sécherheet ass de Bénévole wichteg a wäert och an Zukunft wichteg bleiwen.

Wann Der dann erlaabt, Här President, géif ech zu mengem Schluss kommen. Ech géif eigentlech op dat zréckgräifen, datt déi 100 Milliounen, déi hei investéiert ginn, sécher eng Dépense sinn. Mä op där anerer Säit sinn et awer och grouss Recetten, déi sech an enger Rei Beräicher zréckspigelen. Am Sport selbstverständlech. Dës Sportsinfrastrukture wäerten dem Sport hëllefen an deenen dräi Domänen: Sport à l'école, Sport-loisir a Sport de compétition.

Se wäerten awer och der Ekonomie hëllefen. A wann hei gefrot gouf de PIB eng Kéier vum Sport, do si mer amgaang, dës Analys ze maachen, sinn amgaang iwwert de Volet vum Compte satellite sport dat och hei zu Lëtzebuerg ze iwwerdroen. Dat virun allem ze iwwerdroen och mat Donnéeën, déi mer vum Statec kréien. Ech kann Iech awer Chifferen nennen - den Här Berger huet se gefrot hei an zitéiert, Dir hutt se och vläicht gelies. A Frankräich zum Beispill sinn 2% vum PIB direkt, déi aus dem Sport erauskommen. An derniewent ass do net agerechent dee ganzen Impakt vum Bénévolat.

Wa mer do nämlech d'Stonnen eng Kéier mat engem Stonneloun héichrechnen, gëtt deen Impakt riseg an da gëtt de PIB och vill méi grouss. Ech sinn iwwerzeegt, datt hei zu Lëtzebuerg mer net wäit vun deem, wann net vläicht souguer iwwert dësem Prozentsaz vum PIB eraus stinn.

Derniewent virun allem awer och dee ganzen Impakt, deen dee soziale Volet betrëfft. Déi ganz Integratioun, déi hei zitéiert gëtt. Dat si Wäerter, déi mer net kënne moossen, déi awer do sinn. Evident. Genausou gutt wéi an der Gesondheet mer manner Dépensë mussen a wäerte maachen. Och hei wäert ech d'Kap vum Sécurité-sociales-Minister kënnen opdoen, fir ze soen, déi Suen, déi mer an der Gesondheetskeess manner ausginn, déi hu mer hei am Sport eben investéiert.

Derniewent och den Tourismus, wou mer ganz vill, an dat virun allem och an deene leschte Joren, eng ganz Rei vu flotte Projeten zesumme gemaach hunn, wat deenen eenzelne Regiounen eppes konkret och wierklech erëmbruecht huet.

Alles dat, mengen ech, wäerten eng Rei Saache sinn, wou ech wëll drop hiweisen, datt déi Dépensen, déi mer am Sport hei gemaach hunn, souwuel spille fir de Sport, fir d'Ekonomie, fir den Emploi mat der Kreatioun vun Aarbechtsplazen, fir d'Gesondheet, fir d'Famill, fir d'Éducatioun a fir d'sozial Integratioun. An an deem Sënn soen ech alle Fraktioune Merci fir d'Zoustëmmung a freeë mech, fir zesumme mat de Gemengen dësen immens flotten a kompetitive Programm duerchzezéien.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Och ech soen dem Sportsminister Merci, virun allem, wann e sech déi nächste Kéier un d'Zäit hält. Well déi ass ze moossen, Här Sportsminister.

M. Romain Schneider, *Ministre des Sports*.- Gutt.

M. le Président.- Kee Problem. Mir si jo haut alleguer e bësse méi flexibel, well et deen éischten Elan ass. Jo, ech hunn heiansdo héiere vu fréiere Kolleegen, dass ee Ministerkolleegen, wa se an engem gudden Développement sinn, net soll stoppen. Datselwecht gëllt fir d'Deputéiertekolleegen, wa se am Rahme bleiwen.

Ech soen Iech Merci an ech follegen direkt deenen, déi mer roden, mer sollen zum Vote iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6559 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. De Vote par procuration. Ech hu 57 Votanten. 57-mol Jo.

(Interruption)

Wie mengt, dass et net gaangen ass? Den Här Urbany, d'Madame Hetto. Mir kucken dat no. Merci.

De Projet de loi 6559 ass also à l'unanimité ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6559 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

M. Serge Urbany.

An ech wollt Iech da froen, ob Der d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote gitt.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da géife mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6590. Do geet et ëm eng Konventioun iwwert d'Liewensmëttelhëllef. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgehalen. Den Här Rapporteur ass den Här Marc Angel. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Graas, Adam, Kartheiser an Urbany. Den Här Marc Angel huet d'Wuert.

8. 6590 - Projet de loi portant approbation de la Convention relative à l'assistance alimentaire, faite à Londres, le 25 avril 2012

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur*.- Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet effektiv ëm d'Approbatioun vun enger Konventioun iwwert d'Assistance alimentaire, der Konventioun vu London vum 25. Abrëll 2012, déi am Fong eng ganz al Konventioun ersetzt, déi geheescht huet „relative à l'aide alimentaire" vun 1964.

Kuerz den Historique: Déi 64er Konventioun ass regelméisseg erneiert ginn all fënnef Joer vun 1967 bis 1990. Si ass adaptéiert ginn, awer d'Prinzipie sinn net geännert ginn. Déi lescht Adaptatioun war 1999, an d'Renégociatiounen, fir déi ze erneieren, déi si retardéiert ginn - déi Verhandlungen -, well am Kader vum Cycle vun Doha gemengt ginn ass vun der Welthandelsorganisatioun, dass een, wat d'Négociatiounen iwwert d'Agrikultur an d'Aide alimentaire ubelaangt, d'Resultater vun Doha misst ofwaarden. Do ass also näischt geschitt.

Am Joer 2010 huet dunn d'FAO décidéiert, dass déi Konventioun total inadaptéiert ass an dass se muss erneiert ginn, fir de Besoine vun der Aide alimentaire besser Rechnung ze droen, fir och d'Ursaache vun der Liewensmëttelonsécherheet ze attackéieren. An et ass fonnt ginn, dass déi Konventioun net nëmmen däerf d'Besoine vun der Aide d'urgence abegräifen an och dass déi Konventioun misst moderniséiert ginn, fir och kënnen nohalteg Léisungen ze proposéieren.

D'Experte vun der FAO hunn also eng nei Konventioun ausgeschafft, an där se effektiv dann déi Ursaache vun der Liewensmëttelonsécherheet attackéiert hunn. Déi nei Konventioun enthält och Moossnamen, fir d'Agrarproduktioun an de Südlänner virun allem ze steigeren, och fir déi sougenannten „circuits de commercialisation" besser ze verstäerken an och aner Schwächten an där Konventioun, vun där fréierer Konventioun opzehiewen, besonnesch, wat och de Kontabilitéitssystem ubelaangt, wéi déi Liewensmëttelhëllef quantifizéiert ginn ass.

Déi nei Konventioun reflektéiert awer wéi gesot eng moderniséiert Visioun. An et kann een et résuméieren: Virdrun ass vun der „aide alimentaire" geschwat ginn, elo gëtt vun der „assistance alimentaire" geschwat. An dat seet schonn eng gewësse philosophesch Ännerung an de Prinzipien, déi am Fong d'Plus-value vun dësem Projet sinn an déi och am Artikel 2 genau opgelëscht sinn.

An et ass och dat, wat mer an der Kommissioun diskutéiert hunn, dass dat am Fong d'Plus-value ass vun där neier Konventioun, déi nei Prinzipien, déi opgezielt ginn. D'Aide soll méi effikass ginn, se adaptéiert sech also der Déclaration de Paris, déi mer all kennen an der Entwécklungszesummenaarbecht.

Et gëtt och de Prinzip vun der Responsabiliséierung grouss ënnerstrach; et gëtt op d'Sécurité alimentaire gepocht an och, dass déi Landwirtschaft an deene Länner muss rehabilitéiert an op Vordermann bruecht ginn.

Och den Informatiounsaustausch gëtt grousségeschriwwen. D'Cohérence des politiques, och ee vun deene groussen neie Prinzipien an der Entwécklungszesummenaarbecht, ass an dëser Konventioun zréckbehalen, a besonnesch d'Cohérence tëschent der Assistance alimentaire an den Instrumenter vu konnexe Politiken. An, wat - mengen ech - ganz wichteg ass: D'Prioritéit gëtt ënnerstrach, fir dass haaptsächlech Produkter op de Marchés locaux a régionaux an de Länner ronderëm do, wou Problemer sinn, kaaft ginn.

All Partei, déi dës Konventioun ënnerschreift a Partei dovunner ass, muss all Joers en Engagement, also eng Verflichtung huelen, dat nennt een dat sougenannten „engagement annuel minimum". Dëst Engagement muss da communiquéiert ginn dem Secrétariat général vun dëser Konventioun.

Wat d'Engagement vu Lëtzebuerg ubelaangt, dat kann ee genau noliesen am Exposé des motifs an och a mengem schréftleche Bericht. Ech wëll dat résuméieren: Lëtzebuerg ka bal all seng Kontributiounen, déi en an de PAM, also an de sougenannten „Programme alimentaire mondial" aschreift an och an de Fonds international de développement agricole an och deelweis Gelder, déi mer fir d'ONGe virgesinn, déi an der Liewensmëttelhëllef aktiv sinn, mir kënnen all déi Fongen an Engagementer gëlle loossen, fir dass mer deen Engagement minimal kënnen aschreiwen am Sekretariat an där Konventioun hei weiderschécken.

Déi Konventioun ass och um Niveau vun der Europäescher Unioun traitéiert ginn an diskutéiert ginn an engem informelle Conseil vun de Ministeren. An do ass gesot ginn, et soll een eng virsiichteg Haltung hunn. An zum Beispill huet d'Europäesch Unioun do 80% vun hirem Budget d'aide alimentaire ageschriwwen, wat se am Kader vun där Konventioun géife mellen.

Lëtzebuerg huet sech un där Recommandatioun inspiréiert, an och 80% vun onse Kontributiounen, déi mer an de PAM ginn, schreiwe mer dann do an. Et ass am Fong en initiaalt Engagement vu véier Milliounen Euro fir den Exercice 2013. A wann een d'Fiche financière kuckt, déi beim Projet ass, an ech zitéieren déi, dat si keng Suen, déi mer als supplementar mussen aschreiwen. Dat si Suen, déi souwisou am Budget virgesi sinn. Mä déi schreiwe mer elo an an dat Dokument, wat mer schécke bei dat Sekretariat vun där Organisatioun.

Ech wollt dem Minister just Merci soe fir seng Präsenz den 13. Januar an der Kommissioun, wou mer dee Projet méi am Detail presentéiert hunn, wou mer och eenzel Froen nach geklärt hunn. An dofir him schonn e grousse Merci an och de Membere vun der Kommissioun Merci, dass Der dee Rapport unanime ugeholl hutt. An ech huelen un, dass dat haut och de Fall wäert sinn.

Ech op jidde Fall soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wëll och ganz kuerz just dem Rapporteur Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi en hei gemaach huet. Déi Konventioun iwwert d'Assistance alimentaire ass effektiv säit 1967 eent vun de wichtegsten Instrumenter, déi mer hunn, fir déi Agrariwwerschëss vun eise Länner an déi en voie de développement eriwwerzesetzen.

Mir wëssen awer och, datt effektiv eng Rei Kritiken un deem Instrument do waren, well am Fong considéréiert ginn ass, datt et just Symptomer traitéiert huet an am Fong net déi richteg Léisunge méi fonnt huet.

Mir fannen, datt déi Renégociatioun hei, déi virun e puer Joer ofgeschloss ginn ass, déi also haut hei zu Lëtzebuerg ëmgesat gëtt, am Fong op e puer wesentlech Punkten, Dir hutt se all beschriwwen, haaptsächlech, datt d'Gouvernance verbessert gëtt, datt d'Transparenz wierklech ganz anescht gemaach gëtt an och de Fait, datt e Minimum..., datt minimum Participation-annuellë musse festgeluecht ginn - fir Lëtzebuerg véier Milliounen -, fanne mer och hei e richtege Wee, fir ze goen.

Ech wëll also einfach soen, datt et fir eis e gudde Projet ass, e wichtege Projet ass, an datt mer selbstverständlech mat deem Projet d'accord sinn. Mir wäerten e stëmmen.

Merci, Här President.

M. le Président.- Merci och dem Här Wiseler. Als Nächsten huet d'Wuert den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wier frou, wann de Mikro e bësse méi haart géif agestallt ginn, well et ass jo onschwéier ze erkennen, datt ech e bësse Problemer mat der Stëmm hunn.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Ech mengen, och wann dee Projet hei e Modèle de base ass, esou ass et awer derwäert, datt ee sech e puer Reflexiounen iwwer e wichtegt Gesetz mécht, well ëmmerhi geet et jo awer ëm d'Bekämpfung vum Honger an der Welt, an et däerf een och net vergiessen, datt dës Konventioun u sech dat eenzegt juristescht Instrument ass, fir iwwerhaapt d'Aide alimentaire ze garantéieren.

Ech wollt a menger kuerzer Interventioun virun allem awer op ee Punkt agoen. Et ass scho kuerz hei ugeschwat ginn: Dat sinn déi Kritiken, déi awer an deene leschte Joren un dëser Konventioun geäussert gi sinn, an d'Fro, ob déi Konventioun hei wierklech muss ugepasst ginn.

An ech mengen, et kann een déi Fro direkt mat Jo beäntwerten, well déi Konventioun baséiert sech jo hei effektiv, wéi den Här Wiseler gesot huet, éischter op eng Symptombekämpfung. D'Zil muss natierlech sinn, fir deenen énnerentwéckelte Länner Moyenen ze ginn, fir am Fong geholl sougenannten „Selbsternährungsziler" kënnen ze erreechen. An dozou muss natierlech dann och en Ëmdenke kommen, wat eis Approche zu där ganzer Aide alimentaire ubelaangt.

Ech sinn do u sech direkt bei engem ganz wesentleche Punkt, an dat ass deen, datt nach ëmmer och Produkter, déi bei eis produzéiert ginn, datt déi mat Hëllef vun EU-Subventiounen an énnerentwéckelt Länner awer och exportéiert ginn. Ech wollt zum Beispill op d'Regioun vu Westafrika hiweisen, wou de Maart quasi iwwerschwemmt gëtt mat Pouleten, déi an eise Regioune produzéiert ginn, wat als Konsequenz natierlech huet, datt de lokale Maart sech do net kann entwéckelen an datt déi lokal Produzenten och do guer keng Chance hunn.

Et ass also wichteg, datt een déi Thematik vum Ofschafe vun den EU-Subventiounen usprécht. Ech wëll drop hiweisen, datt schonn 2004, wéi mer eng éischte Kéier dat Gesetz hei diskutéiert hunn, deemools schonn op déi Problematik higewise ginn ass. Déi deemoleg EU-Kommissäre Lamy a Fischler haten dunn awer schonn duerchblécke gelooss, datt sech op deem Niveau eppes géif änneren.

Ech weess net: Ass et Zoufall oder net? Mä net méi spéit wéi d'lescht Woch huet awer den aktuellen EU-Agrarkommissär, den Här Dacian Cioloş, op der Grénger Woch zu Berlin ugekënnegt, datt en u sech mat där Konkurrenz, déi artificiel ass, wéilt ophalen, datt en u sech net méi bereet ass, fir datt an Zukunft nach Produkter, déi an eise Regiounen hiergestallt ginn, beim Export nach géife subventionéiert ginn. Dat mécht plus ou moins 147, 148 Milliounen Euro aus. Dat ass ee ganz klenge Bestanddeel vum gesamten EU-Agrarbudget. Mä ech mengen, dat Zeechen, wat hei gesat ginn ass, ass awer ouni Zweifel ganz wichteg.

Da muss ee sech och d'Fro stellen, ob an Zukunft déi Hëllef sech exklusiv op d'Zurverfügungstellung vu Gelder soll limitéieren, ob net och soll versicht ginn, dat op aner Elementer - ech denken zum Beispill un d'Liwwere vu landwirtschaftleche Maschinnen, ech denken un d'Liwwere vu Som oder Dünger - auszedehnen.

Wann een e puer méi kritesch Bemierkungen iwwert déi Konventioun hei mécht, soll een awer hei ganz kloer énnersträichen, datt se awer och, trotz deene minimalen Adaptatiounen, eng Rei positiv Elementer erëm neierdéngs huet. Ech denke virun allem un d'Transparenz, well et och elo méiglech ass, datt déi Délibératiounen, déi vun deem Comité geholl ginn, asiichtbar sinn, a virun allem, well d'Société civile och kann dorunner bedeelegt ginn.

Fir eist Land ass et evident, datt mer eis dorunner bedeelegen. Ech wëll drun erënneren, datt mer och 2004 schonn deemools Hëllefe vu véier Milliounen Euro virgesinn haten. Deemools sinn allerdéngs zwou Milliounen direkt op de Cap-Vert gefloss. Elo hu mer wéi gesot erëm eng Kéier e Kredit vu véier Millioune virgesinn. Mir als Lëtzebuerg gi mat Sécherheet doduerch net méi aarm, mä awer vill, vill Regioune wäerten dovunner profitéieren. Et ass dat Mannst, wat mer als Lëtzebuerger Land kënne maachen.

Ech wëll an deem Sënn selbstverständlech och d'Ënnerstëtzung vun der DP zu dësem Gesetzesprojet bréngen, net ouni awer ofschléissend nach dem Rapporteur, dem Marc Angel, Merci ze soe fir säi flotte schréftlechen an och mëndleche Rapport.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Graas. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech fänken do un, wou mäi Virriedner opgehalen huet. Ech soen dem Rapporteur villmools Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech wëll och den Accord an d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz bréngen.

Ganz interessant ass och den Historique vun deem Gesetz hei. Et gëtt opgewisen, datt mer ausgi vun enger Konventioun vun 1967, déi kritiséiert ginn ass - den Här Wiseler huet et och gesot - an déi sech weiderentwéckelt huet bis dann zu där Konventioun vun 2012, déi, déi mer haut virleien hunn an déi dann e Lëtzebuerger Gesetz gëtt.

Et gëtt eng Rei Ënnerscheeder vun dëser Konventioun par rapport zu där vu ´67. Et ass eng Reaktioun op d'Kritiken, déi komm sinn. Éischtens, de Sproochgebrauch. Mir hu ´67 nach vun enger „aide alimentaire" geschwat; haut schwätze mer vun enger „assistance alimentaire". Dat ass net just eng Moderniséierung, net just e Spill mat Begréffer, mä villméi en Ausdrock vun enger anerer Philosophie.

Et ass net méi just, schnell hëllefen, wou et brennt. Et ass och, fir d'Ursaache vun dem Honger an der Welt kënne mat der Wuerzel ze huelen an net just a kritesch Situatiounen anzegräifen a Pompjee ze spillen.

En zweete Punkt, wourobber hei Wäert geluecht gëtt, dat ass, datt déi Subventiounen net gebonne sinn un..., dat heescht, datt Hëllefsgidder net mussen onbedéngt an deem Land produzéiert ginn, wat d'Hëllef mécht. Ideal ass et nämlech, an dat huet och de Kolleeg vun der DP gesot, wa mer net duerch eist Agräifen d'regional Marchéé futti maachen. Mir mussen d'regional Marchéé schützen.

Do sinn an der Zäit effektiv vill Feeler gemaach ginn, wann duerch eis gutt gemengten Hëllef vun Iwwerschëss, déi bei eis produzéiert gi sinn, regional Marchéën zerstéiert gi sinn, wat mëttel- a laangfristeg komplett negativ Auswierkungen hat. De Risiko, deen ass mat dëser Konventioun erkannt, an deem probéiere mer, aus de Féiss ze goen.

En drëtte wichtege Punkt vun dëser Konventioun ass d'Transparenz an d'Abezéiung vun de Pays bénéficiaires. Dat ass net ëmmer einfach. E Bespill: Syrien. Da muss een och e Partner hunn, dee matspillt. Et ass awer als Prinzip wichteg a richteg.

An e véierte wichtege Punkt ass, datt dëst en Engagement, een Engagement annuel minimal ass, dee souwuel an Terme vu Quantitéit wéi och an Terme vu Valeur ausgedréckt ka ginn. An dëst Engagement muss dem Sekretariat och matgedeelt ginn.

Et gëtt eng virsiichteg Politik recommandéiert. Dat gëtt och vum Statsrot opgegraff, souguer a Fro gestallt. Vläicht kann de Minister nach e bësselchen drop agoen, firwat datt mer ebe just déi 80% wëlle festschreiwen.

Et kann een dat Ganzt natierlech och e bësse kritiséieren. Ech hu gesot, et ass eng flott Konventioun, eng richteg Konventioun. Op där anerer Säit kann een awer och soen: Et ass näischt Neies. Am Fong geholl verflichte mer eis zu deem, zu deem mer eis scho ganz laang verflichten. Dat geet och aus der Fiche financière eraus, an där drasteet: Majo, eigentlech huet dat Gesetz, wat mer hei stëmmen, wat vum Geescht hier positiv ass - dofir stëmme mer et mat -, mä eigentlech gi mer keng nei Verflichtung an. Mir probéieren, eis Verflichtungen zum Deel an eng méi gerecht Rumm, eng méi transparent Rumm ze setzen. Dat ass positiv.

Et bleift nach just ze soen, datt mer domat net all d'Problemer an der Welt léisen. Mir mussen an Zukunft vläicht méi wéi an der Vergaangenheet och de Lien maache mat där Agrarpolitik, déi mer bei eis an am Westen an an Europa an de westleche Länner maachen. Mir mussen och eng Diskussioun iwwer „biofuels" féieren. Dat gehéiert och alles dozou. Mä wéi gesot, den Accord zu dësem Gesetz wëll ech heimadder vun der grénger Fraktioun bréngen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Adam. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, och am Numm vun der ADR en häerzleche Merci un den Här Angel fir, wéi ëmmer, e ganz, ganz kompletten a flotte Rapport.

Et wär vill ze soen zu dëser Konventioun. Mä ech wéilt eigentlech an Erënnerung bréngen, datt déi Haaptursaach fir den Honger an der Welt, dat ass net onbedéngt de Manktum u Produktioun. Et ass politesch Onrou, et ass Krich, et ass Korruptioun, et ass eng schlecht Gouvernance. An e Beispill, un dat mer eis erënneren, ass dat, wat a Somalia war nach viru Kuerzem, wou d'Hëllef vu lokale Milize gestoppt gouf. An dat ass eigentlech, wann ee kuckt, d'Haaptursaach vun enger Ernährungskatastroph läit dacks um politesche Plang, an net op engem reng technesch alimentäre Plang.

Ech soen dat hei besonnesch, well no mir kënnt nach ee Vertrieder vun der Lénker, dee wahrscheinlech d'Geleeënheet hëlt, fir de kapitalistesche System unzekloen. Et ass esou, datt déi sozialistesch Länner oder déi, déi a senger Richtung leien, souwisou ni kënnen Agrarhëllef leeschten, well déi Leit, déi do wunnen, leider näischt ze räissen an ze bäissen hunn.

An duerfir, sécher musse mir och an eise westleche Länner oppassen op e puer Saachen: Spekulatioun mat Liewensmëttel ass eppes ganz Onmoralesches. De Biosprit däerf net derzou féieren, datt mer wäertvoll Agrarflächen net méi fir landwirtschaftlech Produktiounen an enger Ernährungsoptik notzen. Mir mussen d'Ofholzung bekämpfen. Alles dat si richteg Elementer. Mä awer dach ass eise fräiheetleche System deen, deen d'Ernährung vun der Welt am beschte ka garantéieren. An et ass ëmmer erëm gutt, dat ze betounen.

Awer trotzdeem, richteg ass och ze warne virun e puer Entwécklungen, wéi genmanipuléiert Liewensmëttel, déi sech selwer net kënnen als Saatgut weiderféieren, an der Zäit, wou nei Ofhängegkeete kënne geschafe ginn. An et ass un eis all, mengen ech, fir dës Konventioun als Ureiz ze huelen, fir eng verantwortungsvoll Politik an all dëse Beräicher ze féieren. Awer keng utopesch, Här Urbany!

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Ech wär och ganz frou, wann den Här Kartheiser sech géif un d'Chamber adresséieren an net zu engem Preventivschlag géif aushuelen.

(Hilarité)

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Dee souz awer, dee souz, Här President!

M. le Président.- Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Ech menge just, dass en no hannen ausgeet.

Wann ech hei d'„Tageblatt" vun haut liesen - ech hu mer et elo dobausse geholl -, do ass ee groussen Titel dran, do steet dran am Wesentlechen, an et ass och en Artikel derbäi, dass d'Hëllefsorganisatioun Oxfam festgestallt huet, no enger Analys, dass 85 Leit - Leit! -, perséinlech Leit (veuillez lire: privat Leit) op der Welt esou vill Räichtum besëtze wéi déi aner, déi aarm Halschent vun der Mënschheet. Ech mengen, wann ee wëllt d'Ursaache vun der Aarmut an der Welt kucken, da kann ee se nëmme fannen an enger falscher Ëmverdeelung vum Räichtum. Dat ass déi alleréischt Ursaach.

Dass politesch Ursaachen eng Roll spillen, dass Onrouen a gewësse Géigende vun der Welt eng Roll spillen, dass och Korruptioun do eng Roll spillt, Korruptioun allerdéngs erëm eng Kéier am Interessi vun deene grousse Konzerner, déi an deene Länner do diktéieren, esou wéi se hei diktéieren, diktéiere se och do; an do gëtt et eng grouss Korruptioun. Ech wëll net dovunner schwätzen, wat et hei gëtt, mä mir hunn och Problemer genuch.

Op jidde Fall, Här President, laut dem leschte Rapport vun der Welternährungsorganisatioun FAO hunn am Zäitraum 2011 bis 2013 geschätzten 842 Milliounen Mënschen an der Welt u chronescher Ënnerernährung gelidden. Dat mécht ronn 12% vun der Weltpopulatioun aus. All drëtt an eng hallef Sekonn stierft op dëser Welt e Mënsch un Honger!

Et ass villes iwwert déi Konventioun hei gesot ginn, iwwer hir Urspréng 1967. Déi nei Konventioun vum Abrëll 2012 enthält wesentlech Fortschrëtter, wéi zum Beispill eng nohalteg Liewensmëttelhëllef, déi déi lokal Agrarproduktiounen net ënnerhieleche soll an, souwäit dat méiglech ass, Liewensmëttel an hir Zousätz och op lokalen a regionale Marchéé soll kafen, fir och d'Liewensmëttelautonomie vun deene betraffene Géigenden ze erhalen.

Dëst si sécherlech Fortschrëtter - et ginn och nach aner Fortschrëtter dodran -, déi mir och begréissen a mir wäerten dofir och dëst Gesetz hei ënnerstëtzen.

Et ginn awer natierlech och eng Rei Kritikpunkten, déi an dësem Accord festzehale sinn. Ech mengen, dass deen Accord hei ëmginn ass e bësse vun enger Aura vun Hypocrisie. Well et si jo grad déi ekonomesch Acteuren, déi ugesiedelt sinn an den industrialiséierte Länner, déi déi natierlech Ressourcen dacks an deene Länner do ausbeuten.

Et sinn d'Fräihandelsofkommessen, vun deenen och schonn hei geschwat ginn ass, déi d'Agrikultur an deene Länner futti maachen oder deelweis futti maachen. Et gëtt Phenomeener wéi „landgrabbing", wou international Konzerner agéieren au détriment vu lokalen Agrikulturen an déi Suen, déi se do gewannen, dann erëm eng Kéier investéieren op de Finanzzentren, wahrscheinlech och iwwregens hei zu Lëtzebuerg, an d'Spekulatioun vu Liewensmëttel. An do schléisst sech dann de Krees erëm.

Ech mengen, dass et och e Widdersproch ass, wann deen Text hei déi betraffe Länner encouragéiere wëllt, national Strategië géint d'Ursaache vum Honger ze entwéckelen, a gläichzäiteg steet hei kloer an deem Text, Artikel 3 - ech liesen en net vir -, mä den Artikel 3 seet ganz däitlech, dass d'Fräihandelsregele vun der Welthandelsorganisatioun OMC Virrang virun deene Regelen hei hunn. Dobäi setzt grad dës Konventioun op lokal Entwécklungen.

D'Ziler vun där Konventioun sinn och net contraignant vis-à-vis vun de Geberländer, déi sech iwwregens och an deemselwechten Artikel ausdrécklech d'Verhandlungsfräiheet an der OMC virbehalen. Dat heescht, virbehalen an der OMC, an der Welthandelsorganisatioun géint déi Prinzipien hei virzegoen an do Regelungen ze definéieren, déi dann dodriwwer stinn. An ech mengen, besser kann een déi ekonomesch Interessen net definéieren, déi hanner esou Konventioune stinn, esou luewenswäert se och sinn.

Iwwregens huet d'Europäesch Kommissioun - hunn ech och gelies, de Statsrot huet et kritiséiert, andeems en e bësse sarkastesch schreift, dës Haltung wier net konform zu den Hëllefsufroen aus den Nout leidende Länner - schonn hir Engagementer ganz kloer begrenzt.

Duerfir, Här President, ech menge wierklech, soulaang déi eigentlech Ursaache vum Honger an der Welt net resolut ugaange ginn, riskéieren esou Konventiounen awer nëmme schlussendlech eng Drëps Waasser op e waarme Steen ze sinn.

Ech soen Iech Merci.

Fënnef Minutten. Dat ass dach wonnerbar.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Urbany. Dir appréciéiert, dass mer dat neit Reglement schonn anticipéiert hunn. Ech wollt lech dat just bei där Geleeënheet soen a ginn dann d'Wuert weider un d'Regierung.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Merci, Här President.

Dir erlaabt, datt ech heibleiwen, fir vun deem neie Knäppchen hei ze profitéieren, fir dee vun hei eng Kéier ze notzen. Ech weess, Dir hat virauser net deen neie Knäppche probéiert, soudatt d'Anlag, déi en panne gefall ass, näischt domat ze dinn hat.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech mengen, datt mer gesetzlech dës Konventioun haut hei beschléissen. Ech géif fir d'Éischt emol e grousse Merci soen, souwuel un de Rapporteur, de Marc Angel, fir säi schréftlechen, mëndleche Rapport hei, mä virun allem och an der Kommissioun, wou en een exzellente Rapport gemaach huet iwwert den Inhalt vun dësem Text. Virun allem awer och der Kommissioun fir hiert flott Matschaffen an dësem Kader an och déi Impulser, déi hei eriwwerkomm sinn, déi ech zum Deel richteg fannen an zum Deel och ka matdroen.

Ech hu mech grad bei enger Rei vu Remarquen hei kënnen zréckfillen als Agrarminister, deen eng Rei Saachen, déi hei ugeschwat goufen, ëmmer matgedroen huet an och ëmmer mat verteidegt huet. An dee Moment, wou mer déi nei PAC entwéckelt hunn, d'PAC, déi vun 2014 u leeft, hu mer genau virun allem déi doten Ausriichtunge wëllen hunn, datt mer och hei an Europa eng Agrarpolitik maachen, déi natierlech och Rücksicht hélt op dee ganzen Développement durable, virun allem awer och op d'Impulser, wat d'Drëttlänner betréfft.

Derniewent, mengen ech, hu mer ëmmer opgepasst, datt mer virun allem och e Land wieren „sans OGM", souwuel wat den Ubau betréfft wéi och déi eenzel Liewensmëttel. Och dat ass eng Schinn, déi dëst Parlament zesumme mat der Regierung ëmmer gaangen ass.

Derniewent, mengen ech, ass et och wichteg, an ech hunn dat all Kéiers gesot, datt ech näischt méi haasse wéi Spekulatioun op Liewensmëttel, déi gemaach gouf an ëmmer erëm nach gemaach gëtt. An hei musse mer kucken, datt mer wierklech Regele kréien, fir deem ze entbannen. Well wa mer op enger Rei Punkten ëmmer erëm Explosiounen och op d'Präisser haten, da war et virun allem ëmmer erëm opgrond vu Spekulatioun, wou dat stattfonnt huet.

Zum Schluss muss ech soen, datt virun allem och an deem ganze Volet eng ganz Rei vun Accorde mat der FAO ëmmer gelaf sinn, wou een eng ganz Rei nei Piste konnt opzeechnen, wéi een effektiv och hei dës alimentär Hëllef an Drëttstaten, an ënnerentwéckelt State ka regelen.

Ech mengen, datt ee virun allem och hei richteg gewielt huet, datt ee vun der Aide alimentaire higeet zur Assistance alimentaire. Et geet drëm, datt mer net einfach en Iwwerschoss vu Güter zur Verfügung stellen, mä datt mer einfach de Länner erméiglechen, selwer dat kënnen ze erwirtschaften.

An ech mengen, et geet e bësse ganz genau och an d'Kooperatiounspolitik eran, souwuel vun de viregte Regierunge wéi och elo an der Kontinuitéit, virun allem do ze intervenéieren an der Éducatioun, an der Santé a virun allem am Développement local.

Dat heescht natierlech och, all Viraussetzung ze setzen, datt virun allem och op dem Terrain selwer Landwirtschaft ka bedriwwe ginn, fir ze kucken déi néideg alimentär Méiglechkeeten ze bidden, fir d'Bevëlkerung ze ernähren.

An deem Kontext ënnersträichen ech och déi wichteg Aufgab, déi virun allem hei déi eenzel Lëtzebuerger ONGe maachen, wa se an deene Länner aktiv sinn, fir och aktiv virun allem an der Landwirtschaftspolitik kënnen eng Hand mat unzepaken.

Ganz vill gëtt och ëmmer dacks hei verwiesselt, mengen ech, tëschent Aide oder Assistance alimentaire an Aide humanitaire. Ech mengen, eng Rei Exempelen, déi hei zitéiert goufen, gi ganz kloer an d'Aide humanitaire eran, do, wou mer mierken, datt et ëmmer méi wichteg ass a wou mer ëmmer méi Krisepunkten an der Welt kréien, wou dës Aide humanitaire ganz wichteg ass, ganz séier muss virukommen.

An ech mengen, mir kënnen als Lëtzebuerger Land eigentlech houfreg sinn, datt mer eent vun deene Länner sinn, déi dës Aiden nach ëmmer op engem gudden Niveau halen a virun allem och eisen 1% vum PIB, wat eisen APD betréfft, och kënnen halen. An och dobaussen, mengen ech, doduerch hëllefen, datt mer och international eppes zu engem flotten Équiliber an engem flotte Fridden an der Welt kënne bäisteieren.

Gewosst - an dat gouf richteg erkannt -, datt vill Problemer nëmme kënne geléist ginn, wa mer politesch Stabilitéit an deene Länner kréien. Dofir ass dat och eng vun deene wichtegen Aufgaben, déi an deem ganze Kader ze maachen ass.

Ech wéilt ofschléissend da Merci soe fir dee flotten Appui säitens dem Parlament a wënschen eis, datt dës Konventioun och soll dobäi hëllefen, datt deen Zweck, deem se déngt, och eriwwerkënnt, an datt mer och effektiv eng Verbesserung an deenen eenzelne Länner kënnen erbäiféieren.

Ech soe Merci, Här President.

wM. le Président.- Merci och dem Här Kooperatiounsminister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6590 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Huet jiddwereen ofgestëmmt? Dat ass de Fall. 59 Kolleegen hunn um Vote deelgeholl. De Projet de loi 6590 ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Félix Eischen);

Dans le cadre de la simplification administrative il est proposé de procéder aux modifications à l'endroit (i) de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession, (ii) de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement, (iii) de la loi organique de l'enregistrement du 22 frimaire an VII, (iv) de la loi organique du timbre du 13 brumaire an VII et (v) de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'administration de l'enregistrement et des domaines.

Le «droit de chancellerie» qui concerne l'apposition de timbres mobiles pour l'acquittement de droits de taxes et de redevances notamment lors de la demande d'immatriculation d'une voiture, de la demande d'obtention du permis de conduire, de la demande d'autorisation de commerce ou encore de la demande de prolongation du permis de pêche se fera dorénavant par simple virement ou versement. Il ne sera dès lors plus nécessaire de se déplacer physiquement afin de faire apposer un timbre. Cette disposition vaut pour tous les paiements faits au moyen d'un «timbre de chancellerie».

Avec l'article 2 du projet de loi une meilleure efficacité du contrôle de l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines au niveau de la perception des droits d'enregistrement correspondant au prix réel payé lors d'un acte portant mutation d'un droit réel immobilier est visée. Ainsi, des sanctions sous peine d'amendes sont dorénavant prévues en cas de non-respect de l'obligation, déjà prévue par la loi 28 janvier 1948, de produire une attestation dans laquelle l'intermédiaire affirme (notamment les agents immobiliers) que le prix payé à l'acte est réel.

Dans un souci de simplification du travail des greffiers des juridictions de l'ordre judiciaire et des secrétaires de communes, il est procédé à l'abrogation des répertoires que ces derniers ont l'obligation de tenir afin d'enregistrer les actes portant sur la mutation de droits réels immobiliers et des actes de bail. Ces répertoires visant à augmenter le contrôle de l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines sur des actes dont l'enregistrement est obligatoire sont jugés superflus.

De par l'amendement gouvernemental du 28 mai 2013, il est proposé de modifier la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines. Il s'agit de tenir compte de l'espérance de vie dans l'évaluation de la valeur de l'usufruit. Cette disposition doit s'inscrire dans le cadre de la liquidation et du paiement des droits d'enregistrement et des droits de succession.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre des Finances, le 07.03.2013
Rapportrice: Mme Joëlle Elvinger

Travaux de la Commission des Finances et du Budget
(Président: M. Marc Hansen):
28.01.2014 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
25.02.2014 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 12.03.2014

Contrôle parlementaire du SREL

6589A - Proposition de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 15 juin 2004 portant organisation du Service de Renseignement de l'État

Dans la mesure où la désignation d'un membre de la Commission de Contrôle parlementaire pose actuellement un problème sérieux, il y a lieu de procéder dans les meilleurs délais à une modification ponctuelle de la loi afin de permettre d'élargir le cercle des députés susceptibles de devenir membre de ladite commission. Sinon à l'heure actuelle, le plus important groupe politique de la Chambre des Députés ne serait plus représenté à la Commission de Contrôle parlementaire, faute d'y pouvoir déléguer son président en fonction.

Afin de garantir un fonctionnement complet du contrôle parlementaire, il importe d'anticiper la refonte de l'article 14 de la loi modifiée du 15 juin 2004 portant organisation du SREL.

Le principe du contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État à travers une commission parlementaire reste ancré dans la loi tout comme les pouvoirs de cette commission.

La détermination de la composition de cette commission sera désormais du seul domaine du Règlement de la Chambre des Députés. Cette solution apporte plus de flexibilité dans l'organisation du contrôle parlementaire du SREL, tout en garantissant la sécurité juridique indispensable en la matière.

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter

Dépôt par M. Alex Bodry, M. Gast Gibéryen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Lydie Polfer et M. Serge Urbany, Députés, le 29.01.2014
Rapporteur: M. Alex Bodry

Travaux de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle
(Président: M. Alex Bodry):
29.01.2014 Désignation d'un rapporteur
Présentation et examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 04.02.2014
Loi du 10 mars 2014
Mémorial A: 2014, n°33, page 408

Fonds Monétaire International (FMI)

6596 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à octroyer au Fonds Monétaire International des prêts remboursables pour un montant maximum équivalent à 2,06 milliards d'euros

Le projet de loi a pour but d'autoriser le Gouvernement à prendre les mesures nécessaires en vue de conclure un accord de prêt bilatéral avec le Fonds monétaire international à concurrence d'un montant de 2,06 milliards d'euros.

À l'origine de cette démarche se trouve la confirmation par les Ministres des Finances de la zone euro de l'engagement pris par les Chefs d'État ou de Gouvernement d'accorder des prêts bilatéraux à hauteur de 150 milliards d'euros au Fonds Monétaire International (FMI). Cette démarche s'inscrit dans la lutte contre la crise économique et financière ainsi que de la dette souveraine en Europe. En effet, il s'agit dans ce contexte de doter le Fonds Monétaire International (FMI) des ressources financières nécessaires.

Le montant du prêt bilatéral de 2,06 milliards d'euros du Grand-Duché de Luxembourg correspond à la quote-part de sa contribution au FMI. Le programme des prêts bilatéraux que les pays membres de la zone euro se sont engagés à accorder au FMI porte sur un total de 150 milliards d'euros.

Le prêt prendra la forme d'une ligne de crédit ouverte dont pourra bénéficier le FMI dans la mesure de ses besoins. La Trésorerie de l'État transférera les liquidités nécessaires sur le compte du FMI auprès de la Banque centrale du Luxembourg au moment de l'activation de l'accord bilatéral.

L'activation donne lieu à des prêts temporaires remboursables à l'échéance et rémunérés du taux des droits de tirage spéciaux. L'accord de prêt bilatéral ne donne pas lieu à un transfert définitif de ressources financières et les prêts temporaires sont dès lors opérés par la Trésorerie de l'État et comptabilisés comme opérations de placements de fonds disponibles au sens de l'article 93(1) de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le Budget, la Comptabilité et la Trésorerie de l'État. L'opération n'a pas d'impact sur la dette publique et le déficit public selon le système européen des comptes nationaux et régionaux (SEC95). En d'autres termes, l'activation de l'accord bilatéral n'entraîne ni augmentation du déficit public ni augmentation de la dette publique.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre des Finances, le 22.07.2013
Rapporteur: M. Marc Hansen

Travaux de la Commission des Finances et du Budget
(Président: M. Marc Hansen):
24.01.2014 Désignation d'un rapporteur
28.01.2014 Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 04.02.2014
Loi du 28 février 2014
Mémorial A: 2014, n°27, page 294

Accords aériens

6615 - Projet de loi portant approbation des Accords entre le Grand-Duché de Luxembourg et certains pays tiers concernant les transports aériens

Le projet de loi sous rubrique vise à faire approuver cinq accords aériens bilatéraux entre le Luxembourg et les pays du Cap-Vert, des Émirats arabes unis, du Gabon, du Tadjikistan et de la République du Congo. Les accords sous rubrique font suite à toute une série d'accords similaires conclus entre le Luxembourg et des pays tiers dans le passé.

Les accords qui font l'objet du présent projet de loi ont été conclus en suivant, en règle générale, les recommandations respectives de l'Organisation de l'Aviation Civile Internationale (OACI) et de la Conférence Européenne de l'Aviation Civile (CEAC), tout en s'inspirant d'un modèle d'accord-type en la matière, utilisé par les membres de l'OACI. Après ratification, les accords seront enregistrés auprès de l'OACI. Les États avec lesquels ces accords ont été conclus sont membres de l'OACI.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 17.09.2013
Rapportrice: Mme Claudia Dall'Agnol

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration
(Président: M. Marc Angel):
16.12.2013 Désignation d'un rapporteur
20.01.2014 Présentation du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 04.02.2014
Loi du 10 mars 2014
Mémorial A: 2014, n°36, page 426

SÉANCE 7

MARDI,
4 FÉVRIER 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Hommage à la mémoire de M. Henri Ackermann, Député honoraire
- *M. le Président*

2. Communications
- *M. le Président*

3. Changements de composition des commissions parlementaires
- *M. le Président*

4. Ordre du jour
- *M. le Président*

5. 6544 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 mars 1966 portant institution d'un Conseil Économique et Social
- *Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: M. Alex Bodry*
- *Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Anne Brasseur, M. Claude Adam, M. Roy Reding*
- *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6589A - Proposition de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 15 juin 2004 portant organisation du Service de Renseignement de l'État

6650 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la composition de la Commission de Contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État
- *Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle sur la proposition de loi 6589A et rapport de la Commission du Règlement sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6650: M. Alex Bodry*
- *Discussion générale: M. Paul-Henri Meyers, M. Eugène Berger, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany, M. Alex Bodry*
- *M. Gast Gibéryen (fait personnel)*
- *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *M. Alex Bodry, M. Serge Urbany, M. Gast Gibéryen (parole après ministre)*
- *Votes sur la proposition de loi et sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés*

7. 6644 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux droits des sensibilités politiques et des députés
- *Rapport de la Commission du Règlement: M. Gast Gibéryen*
- *Discussion générale: M. Paul-Henri Meyers, M. Alex Bodry, M. Eugène Berger, Mme Viviane Loschetter, M. Serge Urbany*
- *Vote séparé sur l'article 8 (adopté)*
- *Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés*

8. 6596 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à octroyer au Fonds Monétaire International des prêts remboursables pour un montant maximum équivalent à 2,06 milliards d'euros
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Marc Hansen*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Franz Fayot, M. Gast Gibéryen (dépôt d'une motion), M. Justin Turpel*
- *M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *M. Jean-Claude Juncker (parole après ministre)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Jean-Claude Juncker*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

9. 6615 - Projet de loi portant approbation des Accords entre le Grand-Duché de Luxembourg et certains pays tiers concernant les transports aériens
- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Gusty Graas, M. Fernand Kartheiser*
- *M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; M. Félix Braz, Mme Lydia Mutsch, MM. François Bausch, Fernand Etgen et Pierre Gramegna, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- Ee schéine gudde Mëtten.

Ech wollt direkt d'Regierung froen, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, dat ass net de Fall. Merci.

M. le Président.- Ech soen dem Statsminister Merci an ech géif dann zu engem méi trauregen Ulass iwwergoen.

1. Hommage à la mémoire de M. Henri Ackermann, Député honoraire

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn déi traureg Flicht, lech den Doud vun eisem fréiere Kolleeg, dem Här Hary Ackermann, matzedeelen, deen den 23. Januar am Alter vun 91 Joer vun eis gaangen ass.

Den Hary Ackermann ass 1922 am Gronn op d'Welt komm a seng Kandheet huet hien op der Polvermillen verbruecht. Hien huet där Generatioun vu Lëtzebuerger ugehéiert, déi an hire jonke Joren Deportatioun, Arbeitsdienst an Zwangsrekrutéierung matgemaach hunn an doduerch e Liewe laang sollte geprägt bleiwen. Den Hary Ackermann gouf 1941 zwangsrekrutéiert, an nodeems hie konnt desertéieren - also Neen zum Fändel vum Okkupant gesot huet -, huet hie sech misse bis zur Befreiung zu Lëtzebuerg verstoppen.

Nom Krich ass hie bei d'Eisebunn schaffe gaangen. Hie war e passionéierten a flichtbewossten Eisebunner, dee Personaldelegéierte vun 1950 bis 1977 an an därselwechter Zäit Member vun der Zentraldelegatioun vun der CFL war. Den Hary war vun 1949 u Member vum Comité de l'Entraide médicale des CFL a war e ganz engagéierte Gewerkschaftler beim Landesverband, an deem hien iwwer 65 Joer laang Member an och Vizepresident war. Den Hary Ackermann huet duerch säin Engagement a säi léiwen an oppene Genre, einfache Genre, dem Landesverband vill néi Membere bruecht.

Den Hary war awer net nëmmen am gewerkschaftleche Beräich aktiv, mä hien huet, wéi esou munch Gewerkschaftler, de Wee an d'Politik fonnt an hie war un der Säit vun der LSAP aktiv.

Hien ass ganz séier aktiv an der Partei ginn, an dëst ganz besonnesch um Gemengenniveau, wou hien 1952 d'LSAP-Sektioun Polvermillen gegrënnt huet an dës och bis 1995 geleet huet. 1968 ass hie fir d'Éischt an de Stater Gemengerot gewielt ginn an ass ëmmer erëmgewielt ginn, bis hie sech 1992 aus Altersgrënn aus der Gemengepolitik zréckgezunn huet.

Hien huet sech um Niveau vun der Gemengepolitik ganz staark fir déi einfach Leit agesat a villes um Plang vun der Sozialpolitik geleescht, déi him ëmmer ganz staark um Häerz louch. Duerch säin onerlässlechen Asaz fir säi Quartier ass hie während senge laange Joren am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg den „heemleche Buergermeeschter vun Hamm" genannt ginn.

Den Hary Ackermann war am Verwaltungsrot vun den Altersheimer vun Hamm a Pafendall, vun 1971 bis 1979 war hien am Verwaltungsrot vun der CFL an hie war 25 Joer laang Member an der Privatbeamtekummer, dovun zéng am Comité.

Eng éischte Kéier war hie vun Abrëll bis Mee 1979 Member vun eiser Chamber, wéi hien de Jean Gremling ersat huet. Bei de Chamberwahle vun 1984 ass hien dunn als Deputéierte gewielt ginn. Bis 1994, also eelef Joer laang, war hien Zentrumsdeputéierte vun der LSAP an huet an de parlamentaresche Kommissiounen an de Beräicher vun der Transportpolitik, dem Sport an den Travaux publics wäertvoll Aarbecht geleescht.

Den Hary Ackermann war e buedemstännege Mënsch, hien huet ni vergiess, wou hien hierkomm ass an hat och als Deputéierten ëmmer en oppent Ouer fir de klenge Mann.

Den Hary war ëmmer do ze fannen, wou Leit sech versammelt hunn - och eppes, wat haut nach fir den Deputéierte wichteg an noutwendeg ass.

Ville vun eis, a besonnesch an der Sportswelt, ass den Hary Ackermann awer och e Begréff als begeeschterten a gudde Coureur. De Vëlo war bis an den héijen Alter en Deel vun him.

1936 huet alles ugefaangen, wéi hie fir d'Union Bouneweg gefuer ass. 1940 war hie Landesmeeschter an der Kategorie „débutants". 1947 huet hien un dem Tour de Suisse souwéi un der Weltmeeschterschaft zu Reims deelgeholl. An dëse Joren ass hien och den Tour de France matgefuer. Den Hary war en onermiddleche Verfechter vum Bau vun engem Velodrom zu Lëtzebuerg.

Senger Famill wëll ech am Numm vun der Chamber eist déift Matgefill an eis éierlech Sympathie ausdrécken. Den Hary war en einfachen, bescheidene Mënsch an esou ass hien och vun eis gaangen.

Ech géif Iech bieden, eng Minutt opzestoen, fir dem Hary ze gedenken.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen Iech Merci.

2. Communications

Ech géif gär folgend Kommunikatiounen un d'Chamber maachen:

1) D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro déposéiert.

2) Folgende Projet a folgenden Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement goufen an der Administration parlementaire déposéiert: den 29. Januar vum Finanzminister de Projet de loi 6649, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Publicité foncière en matière de copropriété; den 30. Januar vun den Hären Alex Bodry, Eugène Berger, ech selwer, vun der Madame Viviane Loschetter a vum Här Claude Wiseler den Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 6650 iwwert d'Zesummesetzung vun der SREL-Kontrollkommissioun.

3) Den 31. Januar hunn Éducateuren d'Petitioun N°328 fir d'Solidaritéit mat hirem Beruff eragereecht.

4) Esou wéi dat am Chambersreglement virgesinn ass, wollt ech da folgend Kommunikatioun un d'Chamber maachen:

Den 23. Januar 2014 huet de Statsminister matgedeelt, dass nom Départ vum Här Albert Hansen e Poste vu Conseiller d'État vakant ginn ass.

Esou wéi et festgehalen ass am Gesetz vum 12. Juli 1996 iwwert de Statsrot souwéi an den Artikelen 115 bis 117 vum Chambersreglement, ass d'Chamber dozou opgeruff, eng Lëscht vun dräi Kandidate fir de Poste vum Conseiller d'État opzestellen.

Interessente kënnen hir Kandidatur per Bréif un de Chamberspresident riichten, an dat bis spéitstens de 5. Mäerz vun dësem Joer. Den Datum vum Poststempel zielt.

Mat der Kandidatur ass e Liewenslaf eranzereechen an all déi aner Konditiounen, déi am schréftlech verëffentlechte Communiqué festgehale sinn, sinn ze respektéieren. De generelle Profil vun engem Conseiller d'État ass um Site vum Conseil d'État nozeliesen. De Conseil d'État huet och e speziellen, e spezifesche Profil opgestallt, wou e seng Virléift fir e Kandidat matgedeelt huet, deen e komplette Studienzyklus iwwert d'Ekonomie nozeweisen huet. Et ass selbstverständlech, dass et d'Prärogativ ass vum Chambersplenum, fir déi dräi Kandidaten, déi dem Grand-Duc virgeschloe ginn, ze determinéieren.

Ech wollt Iech och bei dëser Geleeënheet drun erënneren, dass all Deputéierten d'Recht huet, innerhalb vun deene festgesatene Fristen een oder e puer Kandidaten ze proposéieren. An deem Fall ass eng Pièce bäizeleeën, déi d'Averständnis vum Kandidat noweist. Wéi gesot, den Avis officiel gëtt muer an der geschriwwener Press verëffentlecht.

Communications du Président - séance publique du 4 février 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi et la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6649** - Projet de loi portant modification de l'article 4 de la loi modifiée du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété*

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 29.01.2014

***6650** - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la composition de la Commission de Contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État*

Dépôt: MM. Alex Bodry, Député; Eugène Berger, Député; Mars Di Bartolomeo, Député; Mme Viviane Loschetter, Députée, M. Claude Wiseler, Député, le 30.01.2014

3) La pétition n°328 pour la solidarité avec l'Éducation a été introduite en date du 31 janvier 2014 par des éducateurs.

4) Le 23 janvier 2014, le Premier Ministre a informé le Président de la Chambre des Députés qu'à la suite du départ du conseiller d'État Albert Hansen, il y a lieu de pourvoir à son remplacement.

Conformément à la loi du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État et aux dispositions des articles 115 à 117 de son Règlement interne, la Chambre des Députés sera appelée à établir une liste de trois candidats pour le poste de conseiller d'État.

Les personnes intéressées peuvent adresser une candidature par simple lettre au Président de la Chambre des Députés, 23, rue du Marché-aux-Herbes, L-1728 Luxembourg, jusqu'au 5 mars 2014, l'estampille de la poste faisant foi.

Les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces utiles indiquant que les conditions prévues par la législation applicable sont remplies, à savoir:

1) être de nationalité luxembourgeoise (copie de la carte d'identité);

2) jouir des droits civils et politiques (extrait du casier judiciaire et certificat d'inscription aux listes électorales);

3) résider au Grand-Duché (certificat de résidence);

4) être âgé de trente ans accomplis (extrait de l'acte de naissance).

Un profil général et un profil spécifique du candidat pour le mandat à pourvoir ont été établis par le Conseil d'État. Le détail du profil général est disponible sur le site Internet du Conseil d'État (www.conseil-etat.public.lu) dans la rubrique «composition». Quant au profil spécifique, le Conseil d'État exprime une préférence pour un candidat disposant d'une formation d'un cycle universitaire de quatre années en économie.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Changements de composition des commissions parlementaires

Da wollt ech Iech eng Rei vu Changementer an der Kompositioun vun de Chamberskommissioune matdeelen.

Wat d'Zesummesetzung vun der Commission de la Santé, also vun der Gesondheetskommissioun an der Sportskommissioun ugeet, ersetzt de Georges Engel d'Madame Tess Burton fir de Volet Santé a Sport, an an der Kommissioun vun der Famill an der Integratioun ersetzt d'Madame Tess Burton den Här Georges Engel.

Ass d'Chamber mat dësen Ännerungen averstanen.

Den Här Berger huet sech d'Wuert gefrot.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President.

Wann Der erlaabt, géif ech och nach vun der DP-Fraktioun aus zwou Ännerunge proposéieren an de permanente Kommissiounen. Dat wieren: An der Institutiounskommissioun géif d'Madame Brasseur duerch d'Madame Joëlle Elvinger ersat ginn an an der Enseignement-supérieurs-Kommissioun géif d'Madame Brasseur duerch den Här Edy Mertens ersat ginn. Wann een dat och elo kéint hei mat aktéieren, da wiere mer frou.

M. le Président.- Merci, Här Berger.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

4. Ordre du jour

Dann zu eisem Ordre du jour vun haut. An der Réunioun vum 30. Januar huet d'Presidentekonferenz folgenden Ordre du jour virgeschloen:

De Projet de loi 6544, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vum Conseil Économique et Social, nom Basismodell; d'Proposition de loi 6589A, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Organisatioun vum Service de Renseignement de l'État, zesumme mat dem Ofännerungsvirschlag vum Chambersreglement 6650, iwwert d'Zesummesetzung vun der SREL-Kontrollkommissioun; drëttens, den Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement iwwert d'Rechter vun de Sensibilités politiques a vun den Deputéierten, nom Modell 1 - iwwregens dee viregte Projet och nom Modell 1; de Projet 6596 iwwert d'Prêten un den internationale Währungsfong, nom Basismodell; an da schlussendlech als leschte Punkt de Projet de loi 6615 iwwer Accorden tëschent Lëtzebuerg an Drëttstaten am Beräich vum Fluchtransport, och nom Basismodell.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen.

(Assentiment)

Dat ass de Fall, da soen ech Merci.

Mir fänken de Mëtten da mam Projet de loi 6544 un, deen d'Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vum Conseil Économique et Social virgesäit. D'Riedezäit ass nom Basismodell opgedeelt an ech géif direkt d'Wuert un den honorabele Rapporteur vum Projet ginn. Den honorabelen Här Alex Bodry huet d'Wuert.

5. 6544 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 mars 1966 portant institution d'un Conseil Économique et Social

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, et ass e bëssen ze vill där Éier fir mech. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hei geet et bei dësem Projet de loi 6544 ëm eng kleng punktuell Modifikatioun vum organesche Gesetz vun '66 iwwert de Wirtschafts- a Sozialrot.

Bis haut ass d'Memberschaft am Wirtschafts- a Sozialrot ausschliesslech de Lëtzebuerger virbehalen. Dat soll sech an Zukunft änneren. De Gesetzesprojet, deen d'Regierung deponéiert huet, gesäit vir, dass d'Nationalitéitsklausel aus dem Gesetz vum 21. Mäerz '66 iwwert de Wirtschafts- a Sozialrot soll gestrach ginn. Dat ass deen eenzegen Artikel vun deem Gesetzesprojet haut, dee mer diskutéieren.

E gouf nach ënnert der viregter Regierung vum deemolege Statsminister den 20. Februar 2013 deponéiert. Dat, wat inhaltlech an deem Text steet, dat gëtt och gedeelt vun der Institutiounskommissioun vun dëser Chamber, déi schonn an der leschter Legislaturperiod an an dëser Period iwwert dee gesetzleche Virschlag vun der Regierung diskutéiert huet. Och mir sinn der Meenung, dass déi Nationalitéitsklausel, wéi se zënter der Kreatioun vum Wirtschafts- a Sozialrot bestanen huet, net méi soll bäibehale ginn. Am Kloertext heescht dat, dass mer der Meenung sinn, dass an Zukunft och Netlëtzebuerger an de Wirtschafts- a Sozialrot genannt kënne ginn. Dat Organ gëtt jo net gewielt, dat gëtt also op Propositioun hi vun der Regierung genannt.

Deen dote Schratt, mengen ech, gesinn ech e bëssen als eng weider Etapp an deene Versich, déi gemaach si ginn iwwert déi lescht Joren, déi sécher jo och nach net ofgeschloss sinn, fir de Pays réel an de Pays légal beieneenzeféieren.

Mir wëssen alleguerten, dass eis Ekonomie, dass déi Leit, déi Betriber féieren, dass déi Leit, déi a Betriber schaffen, zu engem gudden Deel net Lëtzebuerger sinn. Lëtzebuerg ass eng staark Ekonomie, ass eng oppen Ekonomie, an dat mécht sech natierlech och bemierkbar an der Zesummesetzung vum Salariat wéi och vum Patronat.

An och wann et elo fir d'Patronat net direkt Zuele gëtt, op déi ee kann zréckgräifen, gëtt et der natierlech fir d'Zesummesetzung vun der aktiver Bevëlkerung hei zu Lëtzebuerg, an et ass ëmmer erëm, mengen ech, wichteg, sech déi Zuelen nach eng Kéier virun Aen ze féieren. Zu Lëtzebuerg gëtt et eng 160.000 Grenzgänger, also Leit, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen an dann erëm eng Kéier a Frankräich, an d'Belsch an an Däitschland zréckfueren, an doriwwer eraus Zéngdausende vu Leit, Netlëtzebuerger, déi hei eng Heemecht fonnt hunn an déi hei net nëmme wunnen, mä och hei schaffen.

Wann een déi Zuele kuckt, da kënnt een, wann een d'Fonction publique matarechent, op e Prozentsaz vun déck iwwer 60%, gutt 60% vun der aktiver Bevëlkerung insgesamt, déi Netlëtzebuerger sinn. A wann een nëmmen de Privatsecteur kuckt, da sinn et méi wéi dräi Véierel. Méi wéi dräi Véierel vun der aktiver Bevëlkerung am Privatsecteur hei zu Lëtzebuerg sinn Netlëtzebuerger.

Dofir schéngt et eis, mengen ech, eng Selbstverständlechkeet ze sinn, dass, wéi dat scho bei de Chambres professionnelles geschitt ass - do ass déi Reform scho gemaach ginn -, dass een och eng Ouverture mécht op Netlëtzebuerger hin, wat d'Zesummesetzung vum Wirtschafts- a Sozialrot ugeet. An dofir, mengen ech, war et och an der Kommissioun esou, dass mer keng länger Diskussiounen iwwert deen dote Prinzip haten. Jiddweree war sech eens, dass mer deen dote Schratt onbedéngt hu misse maachen. Et ass och esou, dass am Virfeld och de Wirtschafts- a Sozialrot selwer - net eestëmmeg, mä mat grousser Majoritéit - der Meenung war, dass e soll opgemaach ginn zumindest fir EU-Bierger.

Déi viregt Regierung ass e Schratt méi wäit gaangen a se huet all Nationalitéitsklausel erausgeholl. Also och Netlëtzebuerger aus Net-EU-State kënnen an dee Wirtschafts- a Sozialrot genannt ginn. Net anescht ass et och mat de Chambres professionnelles schonn haut.

Dat ass, mengen ech, e Schratt, dee begréisst ginn ass vum Statsrot, dee begréisst ginn ass vun der grousser Majoritéit vun de Beruffschamberen, déi konsultéiert gi si respektiv déi en Avis ginn hunn, mat enger merklecher Ausnahm allerdéngs - dat muss een hei och ervirhiewen -, dat ass d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. Déi huet Reserven ugemellt, fir de Krees méi wäit opzemaache wéi fir d'EU-Bierger. Si huet sech also dergéint ausgeschwat, dass Net-EU-Bierger kéinte Member vum Wirtschafts- a Sozialrot ginn.

Mir waren an der Kommissioun dann awer der Meenung, dass et kee Sënn mécht, déi doten Distinctioun ze maachen, dass einfach déi sozial Realitéit um Terrain an de Betriber eng aner ass, a mir solle keng weider Kategorië vu Lëtzebuerger/Netlëtzebuerger hei aféieren op deem dote Plang. Dofir also si mer wéi d'Regierung der Meenung, dass ee soll déi Bedingung vun der Lëtzebuerger Nationalitéit einfach aus dem Gesetz vum Wirtschafts- a Sozialrot sträichen.

Et huet sech dann an den Avisen eng Diskussioun entwéckelt ronderëm d'Fro, wat fir eng Répercussiounen dat Sträiche vun deem Artikel 10 hätt op Leit, déi beim Wirtschafts- a Sozialrot schaffen, déi also net elo genannte Membere si vun deem Wirtschafts- a Sozialrot, déi eigentlech zum Staff gehéiere vum Wirtschafts- a Sozialrot.

An do schéngt et eis relativ kloer ze sinn, an déi Meenung gëtt och gedeelt vun den zoustännege Regierungsstellen, dass opgrond vun aneren Texter aus der Fonction publique op där enger Säit, engem Gesetz vun, mengen ech, 2005 an engem Règlement grand-ducal vun 2010 sech eigentlech Folgendes ergëtt: dass och an Zukunft de Generalsekretär/d'Generalsekretärin vum Wirtschafts- a Sozialrot d'Lëtzebuerger Nationalitéit muss hunn, net opgrond vum Gesetz iwwert de Wirtschafts- a Sozialrot, mä opgrond vun allgemengen Texter, déi d'Fonction publique betreffen, well dee Posten do an der Nomenclature vun de Graden an der Fonction publique am Grad 17 agestuuft ass. Dat fält ënnert d'Definitioun vun deenen héije Posten, déi censéiert sinn, eng Parzell vun der Souveraineté publique auszeüben an dofir also de Lëtzebuerger virbehale sinn.

All déi aner Leit, déi zur Verwaltung vum Wirtschafts- a Sozialrot gehéieren, mussen an Zukunft net Lëtzebuerger sinn. Dat kënnen also och Netlëtzebuerger sinn. Dat ergëtt sech, wéi gesot, aus enger juristescher Analys, déi mer gemaach hunn an déi och vun anere Stelle confirméiert ginn ass.

D'Kommissioun selwer hat en Amendement formuléiert, well si wollt déi Fro oder déi Méiglechkeet vun enger Révocatioun vun deem engen oder anere Member vum Wirtschafts- a Sozialrot op Initiativ vun der Regierung aféieren. Et ass bis elo eigentlech net an deem Mooss virgesinn.

Deen Amendement ass kritesch aviséiert gi vum Statsrot, huet och am Wirtschafts- a Sozialrot selwer zu Interrogatioune gefouert, wat d'Absichte vun der Chamber waren. A schlussendlech si mir och der Meenung, dass den Text, wéi mer e formuléiert hunn, eigentlech misst nach komplettéiert ginn, wann een e wéilt an d'Gesetz integréieren. Mir hunn awer décidéiert schlussendlech, déi Iddi vun deem Amendement falen ze loossen, wat déi Fro vun der Révocatioun vu Membere vum Wirtschafts- a Sozialrot ugeet.

Et bleift awer - an do schwätzen ech och am Numm vun der Kommissioun -, dass mer der Usiicht sinn, dass, wann een den Text vun 1966 kuckt, awer eng ganz Rëtsch vu Zones d'ombre an deem Text dra sinn, Onprezisiounen dra sinn. Dofir schéngt et fir eis wichteg ze sinn, dass d'Regierung, Här Statsminister, kéint op de Wee goen, fir eng Kéier en Toilettage vun deem Text vu '66 iwwert de Wirtschafts- a Sozialrot ze maachen, well do notamment déi ganz Fro vun der Nominatiounsprozedur relativ nebulös ass.

Do gi Propose gemaach. Et weess een net esou richteg, wat fir eng Instanz der Regierung Propose mécht, fir d'Vertrieder vun der Patronatssäit an d'Vertrieder vun der Gewerkschaftssäit ze nominéieren. An op där anerer Säit ass och net kloer, opgrond vu wat fir engem Kräfteverhältnis déi eenzel Vertrieder do bestëmmt ginn. Dat schéngt bis elo ëmmer am Kader vun engem Arrangement geschitt ze sinn.

D'Fro stellt sech, wann eng Kéier déi concernéiert Parteie sech net kënnen arrangéieren, wie se da vusäite vun der Patronatssäit respektiv vun de Salariatsgewerkschaften dohinner delegéieren. Da gëtt et schwiereg, dann aus där Situatioun do erauszekommen. Dofir si mer der Meenung, dass d'Regierung gutt berode wär, deen Text nach eng Kéier nozekucken an do eng Rei vu Clarificatiounen an dee Gesetzestext eranzebréngen.

E lescht Wuert dann nach: De Wirtschafts- a Sozialrot, deen huet ee vläicht an deene leschte Jore manner héieren. Mir wëssen, dass och Problemer bestanen hu vun Zesummenaarbecht an deem Wirtschafts- a Sozialrot, fir sech kënnen op gemeinsam Avisen ze eenegen. Ech ka mech awer nach zumindest un déi Zäit erënneren, wou déi jährlech Avise vum Wirtschafts- a Sozialrot zur allgemenger Wirtschafts- a Sozialsituatioun vu Lëtzebuerg, wou och thematesch Avisen, déi de Statsrot gemaach huet, wierklech hei Gehéier fonnt hunn, diskutéiert gi sinn an heiansdo souguer d'Grondlag duergestallt hu fir eenzel Gesetzesreformen, déi dono gemaach si ginn.

Ech, an ech mengen, déi ganz Kommissioun géif sech wënschen, dass déi doten Zäite géifen zréckkommen an dass och iwwert de Wirtschafts- a Sozialrot - wat wierklech en Instrument vum Sozialdialog war, ier mer hei vun enger regelrechter Tripartite eréischt Mëtt de 70er Jore geschwat hunn - dat Instrument vum Sozialdialog erëm eng Kéier kéint voll zur Geltung kommen.

An deem Sënn géif ech Iech bieden am Numm vun der Kommissioun, dëse Gesetzesprojet esou wéi e proposéiert ass ze stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Gloden, d'Madame Brasseur, den Här Adam an den Här Reding. D'Wuert huet elo deen éischten ageschriwwene Riedner, den Här Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech wéilt fir d'Éischt dem Alex Bodry Merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport. De Wirtschafts- a Sozialrot huet den 22. Januar 2013 duerch en unanimë Vote dofir plädéiert, d'Nationalitéitsklausel ze sträichen an d'Memberschaft vun dësem Rot op déi europäesch Matbierger auszeweiden. De Jean-Claude Juncker huet ganz séier op déi Demande reagéiert, andeems en den 20. Februar 2013 d'Gesetzesvirlag, déi haut zum Vote steet, hei an der Chamber abruecht huet. Jo, en ass souguer nach e Schratt méi wäit gaangen: Net nëmmen EU-Bierger sollte kënnen an deem Gremium sëtzen, mä och Net-EU-Bierger. Dorobber verweist och de Statsrot a sengem Avis vum 22. Mäerz 2013.

Firwat soll een zu dësem Moment de Conseil Économique et Social opmaache fir Netlëtzebuerger? Dozou wëll ech kuerz op den histore-

sche Kontext vun der Grënnung vun dësem Rot agoen, well och zu deem Ament d'Fro vun der Nationalitéit vun de Memberen diskutéiert gouf. Net am initiale Projet, wéi e vun der deemoleger Regierung abruecht ginn ass, mä an der Kommissioun vun der Chamber, déi sech mat der Schafung vun dësem Rot beschäftegt huet, ass déi Fro opkomm.

Dozou sot den Här Hengel, Deputéierten a Member vun der LSAP: „Et war vergiess ginn, an den Här Mosar huet drop higewisen, dass een an deene verschiddene Gruppen nëmme Member vum Conseil ka ginn, wann ee Lëtzebuerger ass. Et ass e Fait, dass de Conseil institutionaliséiert gëtt. D'europäesch Integratioun geet weider. Mä et ass awer och e Fait, dass an anere Länner mat ähnlechen Institutiounen d'Lëtzebuerger oder aner Auslänner net dra kënne kommen." An duerfir huet d'Kommissioun deemools proposéiert, den Artikel 10 an d'Gesetz anzeschreiwen, deen zënterhier um Fong net geännert gouf.

U sech hätt een deemools scho kënne vun dësem Artikel ofgesinn, a vun der demografescher Zesummesetzung vun eisem Land war d'Wahrscheinlechkeet kleng, dass Netlëtzebuerger hire Wee an dëse Rot géife fannen. Vun den 334.790 Leit, déi hei am Land déizäit gelieft hunn, haten 278.057 Persounen déi lëtzebuergesch Nationalitéit, wat méi wéi 83% vun där deemoleger lokaler Populatioun ausgemaach huet.

Hautzudaags stellt sech d'Situatioun anescht duer, an dat steet och kloer an däitlech am Exposé des motifs vum initiale Projet. Mir begréissen duerfir, dass mer duerch dës Gesetzesofännerung enger Doléance vum Comité Économique et Social kënne Rechnung droen. Dat hei ass e Beweis dofir, dass mir och den Netlëtzebuerger d'Méiglechkeet ginn, sech zu de groussen Erausfuerderunge vun eisem Land an eiser Gesellschaft ze äusseren.

Erlaabt mer och nach e puer méi allgemeng Observatiounen: Wéi Dir all wësst, datéiert dës Institutioun vun 1966. Deemools huet et schonn eng jett Jore gebraucht, ier dës Institutioun den Dag konnt erblécksen. Dat Blockdenken - oder sollt ech soen: „Blockade-Denken"? - vu Salariat a Patronat huet deemools schonn zu Verzögerunge gefouert. Hautzudaags dierft dat eesäitegt Denke jo net méi esou zum Droe kommen, soudass mer gespaant sinn op den dësjähregen Avis vum Rot zu der wirtschaftlecher, sozialer a finanzieller Entwécklung zu Lëtzebuerg, sou wéi dat am Gesetz virgesinn ass.

Ech hunn elo grad vun der wirtschaftlecher, sozialer a finanzieller Evolutioun geschwat. Feelt do net eng Komponent, Dir Dammen an Dir Hären? Misst een net och eis Ëmwelt do matabezéien? Misst dat Gremium net och mat de Représentantë vum ekologesche Bord gespéckt ginn?

Ech wëll hei net d'Paternitéit vun dëser Iddi reklaméieren. Ech verweisen diesbezüglech op eng Proposition de loi vun den Häre Gira a Garcia vun 2002, déi d'Ofschafung vum Conseil Économique et Social verlaangt hunn an d'Attributioun vu senge Missiounen un en „Conseil supérieur du développement durable" virgeschloen hunn.

Eng Fro also un dës Regierung: Gedenkt si, sech dëser Iwwerleeung unzeschléissen? Misst een déi zwee Gremien net zesummeschléissen? Domat géifen dann d'Kräfte gebündelt ginn. Vläicht hätt dat jo och e positiven Impakt, och wann nëmmen e klengen, op eise Statsbudget!

Ech wëll dann och drun erënneren, dass notamment a Frankräich den „Conseil économique et social" 2008 an en „Conseil économique, social et environnemental" ëmgewandelt ginn ass. Ech wier also frou, wann dës Iwwerleeungen an eng méi generell Iwweraarbechtung vun der Gesetzgebung vum Conseil Économique et Social kéinte mat afléissen.

Niewent enger méi fundamentaler Iwweraarbechtung vun dësem Gesetz bleiwen och Detailfroen ze klären. D'Fro no der Nominatioun vun den eenzelne Memberen an hirer Révocatioun ass jo och an der Kommissioun zur Sprooch komm. Laut Gesetz besteet de Rot aus 39 effektive Memberen an aus genausou ville Suppléanten, wouvu jeeweils 18 Patronatsvertrieder an 18 Salariatsvertrieder, déi da vun de representatiivste professionellen Organisatioune proposéiert ginn.

Laut Règlement grand-ducal sinn op Patronatssäit 13 Vertrieder vun de Betriber derbäi, zwee Fräiberuffler an dräi Représentantë vu Landwirtschaft respektiv Wäibau. Op Salariatssäit geet Rieds vu 14 Salariéen aus dem Privatsecteur a véier aus dem ëffentleche Secteur.

Ech wier frou, gewuer ze ginn, wien dann an deene Fäll déi representatiivst Organisatioune sinn. U wéi enge Kritäre gëtt dat festgemaach?

Et däerf een och net vergiessen, dass d'Kreatioun vun dësem Rot zum Zil hat an huet, eng méi large demokratesch Participatioun ze erméiglechen, mä dass dëse Rot u sech der Regierung mat Rot an Dot zur Säit steet. Vu dass d'Regierung d'Vertrieder ze nennen huet, misst et och der Regierung gestatt sinn, se ofzebestellen a bestëmmte Fäll. Dozou wier ech frou, d'Iwwerleeungen och vun der Regierung ze héieren.

Och finanziell gesinn, géif ech de Premier froen, wat de Conseil Économique et Social en termes de coûts duerstellt. Wier et do méiglech, eng detailléiert Opstellung ze kréie säit 2004?

Heimat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gloden. Als Nächst huet d'Madame Brasseur d'Wuert.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu véier kuerz Punkten zu dësem Projet de loi, dee mer elo diskutéieren: Deen éischten, an de Rapporteur huet dat schonn ervirgestrach, geet op d'Initiativ vum Conseil Économique et Social zréck, wat och eng richteg Initiativ wor. Well, wéi kann ee wëlle representativ si fir déi, déi zu Lëtzebuerg schaffen, oder déi, déi Patron sinn, wann d'Zuelen net méi stëmmen? Representativ si se nämlech net, wann nëmme Lëtzebuerger dra sinn, well deene leschte Statistiken no si manner wéi 30% Lëtzebuerger, an da wiere 70% ausgeschloss gewiescht. Wa mer den Dialog also wëllen an e representatiivt Organ wëlle schafen, da muss natierlech jiddwereen dozou Accès hunn!

Ech wëll och den Auteure vum Projet de loi, der viregter Regierung, félicitéieren, dass se net nëmmen dat fir EU-Bierger opgemaach hunn, esou wéi de Conseil Économique et Social dat gefrot huet, mä fir all Bierger, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit net hunn.

Deen zweete Punkt ass dee vum Sozialdialog. Leider huet et an deene leschte Jore méi wéi gehappert um Sozialdialog, an och de Conseil Économique et Social huet net méi fonctionnéiert, an dat ass jo och ervirgestrach gi vu menge Virriedner.

Dat ass méi wéi ze bedaueren! Besonnesch an dëser schwiereger Zäit ass et méi wichteg wéi jee, dass jiddweree seng Responsabilitéit hëlt, fir erëm zum Sozialdialog ze fannen. A fir en Dialog muss een natierlech zu zwee sinn; mat sech selwer kann een net schwätzen. Et soll een och net iwwert deen anere schwätzen, mä mat deem anere schwätzen. Ech géif mer wënschen, dass, wa mer dat Gesetz elo gestëmmt hunn, deen Dialog, deen ons awer gekennzeechent huet, erëm ugekuerbelt gëtt, an deem souwuel d'Patronat wéi d'Salariat Responsabilitéiten hunn, mä och d'Regierung.

Deen drëtte Punkt, do wenden ech mech un de Rapporteur, den Här Bodry, fir him ze félicitéiere fir säi Rapport, mä awer och fir em Merci ze soe fir déi Aart a Weis, wéi en ons Institutiounskommissioun leet, wat en exzellent mécht. Den Här Meyers, dee jo déi Charge net méi wollt weiderféieren, huet awer e gudde Successeur am Här Bodry fonnt. Dofir, Här Bodry, e grousse Merci an all ons Félicitatiounen!

An de véierte Punkt ass deen, dass ech wëll den Accord vun der DP-Fraktioun ginn, mä, Dir Dammen an Dir Hären, genee wéi meng Virriedner wëll ech awer soen, dass dat hei nëmmen eng kleng Etapp ass an dass dat Gesetz erëm op de Métier geholl muss ginn, fir all déi Ongereimtheeten, déi drastinn, ze kucken - dat ass deen éischte Punkt -, an deen zweete Punkt, och fir d'Ausriichtung vum Conseil Économique et Social ze kucken an ob een do net Recoupementer kéint maachen. An do ass d'Regierung gefuerdert. Mä ech si sécher, dass d'Regierung ons dann, no engem Temps de réflexion, no Konsultatioun mat alle Concernéierten, e kohärenten Text wäert op den Dësch leeën.

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Brasseur. Als Nächsten huet den Här Adam d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn et jo hei mat engem kuerze Gesetz ze dinn. Ech mengen, de Punkt: «Les membres effectifs et suppléants ainsi que le secrétaire général et le personnel du secrétariat doivent être de nationalité luxembourgeoise.», dee gëtt gestrach. Dat war eppes, wouriwwer mer alleguerten eis eens waren. Et ass och alles schonn hei gesot ginn, dofir wëll ech et net nach widderhuelen.

Ech wëll fir d'Éischt emol dem Rapporteur Merci soen, dem Här Bodry, fir säi mëndlechen a säi schréftleche Rapport, déi ganz exzellent an ausféierlech waren. En ass och op déi verschidde Punkten agaangen, déi mer an der Kommissioun diskutéiert haten, zum Beispill, ob et néideg wier, fir och eppes anzeféieren, datt d'Regierung kéint e Member aus deem Wirtschafts- a Sozialrot révoquéieren. Mir hunn drop verzicht.

Mir soen als Gréng, dat war och gutt, fir dorobber ze verzichten. Mir mengen och, datt et net onbedéngt dee gréisste Problem wier, fir e Member ze ersetzen. Dat geet jo och aus der Organisation interne am Fong geholl ervir, datt dee Conseil kann e Member och zréckberuffen.

Richteg ass awer, an dat ass och am Rapport ugeklongen, datt mer eis solle Gedanke maachen iwwert déi Zesummesetzung vun deem Conseil. Ech sinn och ganz frou iwwert dem Här Gloden seng Interventioun, deen drun erënnert huet, datt een deem Rot och kéint nach eng ekologesch Komponent ginn. Dat ass bestëmmt derwäert ze diskutéieren.

Et ass awer nach ee Punkt, dee mer wichteg war, wéi ech mech hei befaasst hu mat der Zesummesetzung vun deem Wirtschafts- a Sozialrot. Mir maachen dee jo elo op, well mer soen, et ass eng Realitéit, datt bei eis am Land nun eemol einfach ganz vill Netlëtzebuerger, sief dat Frontalieren, sief dat Résidenten, schaffen an Aarbechtsplazen ubidden. Et ass awer bis elo nach keen, deen och festgestallt huet, datt bei eis am Land ganz vill Frae schaffen: méi wéi 40% als Salariées; manner wéi 20% als Employeur.

Wann ee kuckt, wéi dee Wirtschafts- a Sozialrot sech zesummesetzt, da stellt ee fest, datt do awer wierklech ganz, ganz wéineg Fraen dra vertruede sinn. An ech mengen, wa mer iwwert déi Zesummesetzung diskutéieren an Zukunft, wéi et ugekënnegt ass, sollte mer eis och Gedanke maachen, ob dee groussen Deel vun de Fraen, déi bei eis am Land schaffen, vun deem dote Rot och richteg vertruede sinn.

Bon, dat gesot, bréngen ech natierlech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi. An ech freeë mech op weiderféierend Diskussiounen an där heiter Matière.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Reding ageschriwwen.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss widdersprieche. Fir d'Éischt dem Här Adam: Mir sinn net alleguerten d'accord mat deem Projet. Dann der Madame Brasseur: Et geet net nëmmen ëm en Dialog. An dann dem Här Bodry: Et ass keng kleng Ännerung.

Mir als ADR ënnerschätze kengesweegs den Impakt an d'Importenz vun den Auslänner hei am Land, sief et, datt se hei wunnen, oder sief et, datt se heihinner schaffe kommen. Trotzdeem ass deen heiten Text fir eis inakzeptabel, well et eng weider Ënnerhillegung ass vun eiser nationaler Souveränitéit…

(Brouhaha)

Une voix.- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR)*.- …an e Réckschrëtt fir d'Integratioun.

Ech erkläre mech:…

(Interruption)

De Conseil Économique et Social ass net en einfache Conseil consultatif. Et ass net einfach nëmmen en Organ, wat ëm seng Meenung gefrot gëtt. Et ass eng Institutioun, déi dem Premierminister ënnersteet. Déi Institutioun huet am Rahme vum europäeschen Traité eng Missioun „de négociation" am Rahme vum „Dialogue social européen structuré".

Wat ass den Dialogue social européen structuré? Ech zitéieren do den Avis vun der Statsbeamtegewerkschaft, oder -chamber besser gesot: Dat ass en «Mécanisme disposant de pouvoirs quasi législatifs et d'un statut quasi constitutionnel». Et ass also aus evidenten Ursaachen, datt mir eis net kënne bereet erklären, datt an esou engem Organ Netlëtzebuerger siégéieren.

Wa mer an déi dote Richtung virufueren, muss d'Fro sech stellen, wat fir eng Organer als nächst opgemaach ginn a wat als nächst opgemaach gëtt. Mir wëssen, datt d'Wahlrecht fir d'Auslänner zur Debatt steet. Firwat net och d'Kompositioun vum Conseil d'État an esou weider? Duerfir si mir net bereet, en Organ, wat legislativ Pouvoiren huet a quasi konstitutionell Pouvoiren huet, opzemaache fir Netlëtzebuerger.

Et ass awer och e Réckschrëtt fir eis Integratioun. A wat fir enger Sprooch wäert de Conseil Économique et Social muer délibéréieren, wann Netlëtzebuerger drasëtzen? Délibéréiert en op Däitsch, well et en däitsche Member gëtt? Délibéréiert en op Englesch, well et en englesche Member gëtt? Délibéréiert en op Franséisch, well et e franséische Member gëtt?

Ech mengen, wat einfach wichteg ass, ass, datt mer ee fir alle Mol verstinn - an dat ass d'Positioun vu menger Fraktioun -, datt eng wierklech Integratioun hei am Land nëmme ka gemaach ginn duerch eng gemeinsam Sprooch.

Mir bewonneren ëmmer déi skandinavesch Länner mat hire PISA-Resultater an esou weider. Wat maachen déi? Wa jonk Auslänner an hiert Land kommen, léiere se d'Sprooch vum Land. Dat maachen och aner Länner, déi grouss Awanderungen hunn, déi Leit aus aller Häre Länner ophuelen.

Ech wëll einfach emol als Beispill d'Vereenegt Staten zitéieren, oder Israel: An Israel komme Leit aus Äthiopien, aus Russland, aus Frankräich. A wat ass dat Éischt, wat se maachen? Si léieren déi gemeinsam Nationalsprooch Hebräesch. A genausou sollte mir onbedéngt op dee Wee goen an dat promouvéieren. Dat wier dee richtege Wee fir eng wierklech Integratioun vun den Auslänner.

A well duerfir dëst Gesetz an eisen Aen, besonnesch och ouni Sproocheklausel, en absolut falscht Signal gëtt, wäert meng Fraktioun dergéint stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. Ech géif dem Här Statsminister d'Wuert ginn, fir drop ze äntwerten. Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Merci, Här President. Erlaabt mer fir d'Éischt, hei dierfen engem vun den Orateure vun haut de Mëtteg ze félicitéieren: der Madame Brasseur. D'Regierung wollt der Madame Brasseur och félicitéieren, déi d'lescht Woch Presidentin vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe gewielt ginn ass. Félicitatiounen am Numm vun der Regierung!

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ech wëll fir d'Éischt dem Här Bodry Merci soe fir säi schréftlechen, och säi mëndleche Rapport, an awer och der Madame Adehm, well d'Madame Adehm wor éischte Rapporteur vun dësem Text, a well se elo och net méi an der Kommissioun sëtzt, huet se och déi Qualitéit net méi kënne weiderféieren, an huet den Här Bodry och d'Capacitéit an d'Qualitéit iwwerholl, fir dëse Rapport och kënnen ze maachen.

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech wëll dem Här Gloden an och der Madame Brasseur an dem Här Adam Merci soe fir déi konstruktiv Wierder, déi se fonnt hunn, an och fir deen Débat, dee se froen iwwert den CES, deen och wichteg ass.

Dir hutt och virdru gesot - Här Gloden, huelt mer et net iwwel -, wat säit 2004 den CES all Joer kascht: Ech hunn dat net am Kapp. Ech kann Iech awer gären d'Kopie vum Budget ginn, deen och all Joer publizéiert ginn ass, wou dat drasteet. An da kann ech Iech dat och, wann Der insistéiert, ventiléieren. Mä wéi gesot, si hunn eng Enveloppe globale an déi steet och am Budget, an déi wäert och an deem leschte Budget an och an deem nächste Budget drastoen.

Den Här Bodry huet och eng Rëtsch vu Froe gestallt iwwert d'Kompositioun a wéi e fonctionnéiert. Jo, mir sollen och doriwwer diskutéieren. Mir sollen driwwer diskutéieren, wéi e composéiert ass, wéi d'Aarbecht gemaach gëtt, wéi se designéiert ginn. An do ass d'Regierung

ganz bereet, zesumme mam Conseil Économique et Social a virun allem awer och mat der Chamber zesummen, déi Partner un en Dësch ze setzen, fir ze kucken, wéi mer do dat kënne maachen.

Den Här Bodry huet och eppes gesot, wat fir mech wichteg ass. En huet gesot, et ass „kleng". Jo, mä et ass symbolesch! Dat ass dat, wat richteg ass: Et ass symbolesch. Mir adaptéieren eis Gesetzgebung zur Gesellschaft.

An da muss ech lech soen, dass ech hei vun engem aneren Orateur Saache gehéiert hunn! Ech weess net, ob e vum selwechten Text schwätzt, wann e schwätzt vu Clause linguistique, dass elo op eng Kéier dann d'Sproocheklausel wäert geännert ginn. Ech fannen dat net an deem Text! De Vertrieder vum ADR wäert seng Versioun hunn, well et steet net an eiser Versioun, dass en aneren Text muss gemaach ginn.

Hei gëtt gemaach, wéi wann de Conseil Économique et Social en Organe législatif wier. Ech wousst dat och net, dass den CES en Organe législatif wier, well da wäerten och d'Chambres professionnelles en Organe législatif sinn. An déi Leit wäerte jo dann och Texter maachen an en Avis hunn, déi bannend sinn.

Ech wousst dat alles net, Här President! Dofir sinn ech ëmmer iwwerrascht iwwert d'Wësse vum Maître Réideng.

Ech wollt och just insistéieren op dem Punkt, dass - Dir hutt et virdru gesot - eng Initiativ vum CES selwer kënnt...

(Interruption)

…vum CES selwer kënnt.

Also, ech géif an Ärer Plaz diskret sinn! Dir sidd amgaangen, hei an dësem Land…

(Interruption)

…eng Situatioun ze provozéieren, déi wierklech net schéin ass - net schéin ass!

(Brouhaha général)

Dat ass Äre Fonds de commerce, dat ass Äre Fonds de commerce. Dir sidd amgaangen, Äert richtegt Gesiicht ze weisen. Dir sidd amgaangen, Äert richtegt Gesiicht ze weisen. Dir sidd amgaangen…

(Interruption)

Dir probéiert wierklech, ee géint deen aneren hei an dësem Land opzehetzen. Dir sot Saachen, déi net an den Texter stinn. Da liest emol d'Texter, esou wéi et drasteet. Hei steet näischt vu Condition linguistique. Hei steet näischt…

M. Roy Reding *(ADR).*- Eben! Eben!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Jo, mä Dir hätt gären…

M. le Président.- Wann ech gelift! Wann ech gelift!

(Interruption)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dir probéiert hei, Débaten ze provozéieren, déi et net gëtt.

Ech wollt just soen, dass - an et ass dat, wat ech och wichteg fannen -, dat hei eng Initiativ vum CES selwer ass, déi jo kënnt. Et ass jo net, wéi wann elo de Législateur gären eppes mam Briecheisen imposéiert hätt, mä au contraire: Den CES huet eis selwer gefrot, ob esou eppes kéint gemaach ginn.

An ech soen och der viregter Regierung Merci, an dem Här Juncker, deen deemools dann och den Text déposéiert huet, Merci, fir och an déi Richtung ze goen!

A mir hu gesot, wann déi Clause do soll opgehuewe ginn, da soll se och opgehuewe ginn. An et geet jo nach méi wäit: Am Rapport steet jo och dran, dass een déi Saach mam Secrétaire général och eng Kéier misst diskutéieren, wéi et géif weidergoen.

Dowéinst, ech wëll dem Här Bodry, dem Här Gloden, der Madame Brasseur an dem Här Adam Merci soe fir hir Interventioun, fir hir konstruktiv Kritiken. Ech sinn och frou, wann eng grouss Majoritéit an dëser Chamber deen doten Text stëmmt. Ech si frou, dass Lëtzebuerg och weiderkënnt a sech zu esou enger Gesellschaft och evoluéiert a mat hir identifiéiert.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Statsminister. Ech wëll just drun erënneren, dass mer hei nëmmen Deputéierter hunn a Regierungsmemberen, weder Maîtren op där enger nach op där anerer Säit.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6544.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6544 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote ass lancéiert. D'Votes par procuration, déi sinn och ofgeschloss. Fin du vote, wa jiddwereen ofgestëmmt huet. Dat ass de Fall.

De Projet 6544 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 3 Nee-Stëmmen ugeholl. Et hunn 59 Deputéierter dru participéiert. Domat ass de Projet de loi ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6544 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Félix Eischen), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Cécile Hemmen), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber dermat d'accord, fir de Projet vum zweete verfassungsméissege Vote ze entbannen?

(Assentiment)

Une voix.- Neen!

M. le Président.- Eng grouss Majoritéit seet Jo. Dann ass dat esou!

Mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, zur Proposition de loi 6589A, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Organisatioun vum Service de Renseignement, déi zesumme mam Ännerungsvirschlag vum Chambersreglement 6650 iwwert d'Zesummesetzung vun der SREL-Kontrollkommissioun an enger Diskussioun behandelt gëtt. D'Diskussioun gëtt nom Modell 1 gefëiert. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Meyers, den Här Berger, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen an den Här Urbany. An direkt huet de Rapporteur, den Här Alex Bodry, d'Wuert.

6. 6589A - Proposition de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 15 juin 2004 portant organisation du Service de Renseignement de l'État

6650 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la composition de la Commission de Contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle sur la proposition de loi 6589A et rapport de la Commission du Règlement sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6650

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dëser Proposition de loi an dëser Propositioun fir eist Chambersreglement ofzeänneren dréit et sech, wéi Der ganz richteg gesot hutt, ausschliesslech ëm d'Fro vun der Formulatioun vum Artikel 14 vum Gesetz vun 2004 iwwert de Service de Renseignement respektiv d'Fro vun der Zesummesetzung vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun vum Service de Renseignement.

Dëst Gesetz an dës Reglementsännerung hunn eng gewëssen Dréinglechkeet, well zënter dem Untrëtt vun der neier Chamber eigentlech déi Kontrollkommissioun net esou richteg hir Aarbechte konnt a wollt organiséieren, well duerch d'Bestëmmung vum fréiere Statsminister a responsabele Minister fir de Service de Renseignement als CSV-Fraktiounspresident sech e Problem gestallt huet, wat d'Zesummesetzung vun där Kommissioun do ugeet.

Ech mengen, op där enger Säit hu mer gesetzlech Virgaben, déi net ze interpretéiere sinn, esou kloer si se. An eist Gesetz vun 2004 seet - quitte dass dat och sengerzäit contestéiert war, et ass awer dat Gesetz, wat gestëmmt ginn ass -, dat seet, dass nëmmen d'Fraktiounspresidenten hir Fraktioun kënnen an där parlamentarescher Kontrollkommissioun vertrieden. Et besteet also keng Méiglechkeet - dat war och d'Praxis -, sech och ersetzen ze loossen als Fraktiounspresident an där Kontrollkommissioun.

Also, d'Gesetz ass ganz kloer. D'Gesetz muss respektéiert ginn. Op där anerer Säit ass eben déi speziell Situatioun, dass de fréiere politesch zoustännege Minister fir de Service de Renseignement net wëllt an net kann - menger Asiicht no och - Member vun där Kontrollkommissioun sinn, eleng och schonn, well déi Aarbechte vun der Kontrollkommissioun jo och deelweis nach zumindest mussen Aarbechte vun der Vergaangenheet maachen. An dofir, mengen ech, ass déi Décisioun, déi geholl ass, richteg.

Nach si mer awer der Meenung, dass eng Kontrollkommissioun, déi nëmmen aus den dräi Fraktiounspresidente besteet vun LSAP, DP an déi gréng an an där u sech d'Fraktioun vun der CSV an d'Oppositioun doduerjer och net vertratt wären, eigentlech hir Aarbecht, déi Kontrollaarbechten, net sollt am Detail maachen. Dat sollt se maachen, wa se vollstänneg ass. Dat sollt se maachen, wann d'Majoritéit an d'Oppositioun duerch Fraktiounen dra vertratt sinn.

Et ass also onerlässlech, dass mer hei d'Gesetz änneren. D'CSV wëllt hire Fraktiounspresident halen, dat versti mer. D'Gesetz musse mer also dann änneren, fir kënnen aus deem Imbroglio do erauszekommen.

Eng Chance hate mer an deem Sënn, dass mer u sech net en neie Gesetzesprojet oder eng nei Proposition de loi hu brauchen ze maachen, mä mir konnten eigentlech Réckgréff huelen op eng Proposition de loi, déi den 10. Juli 2013, also kuerz ier u sech d'Chamber net méi getaagt huet, hei am Plenum deponéiert ginn ass, dat während den Debatten iwwert d'Konklusioune vun der Enquêtëkommissioun iwwert de Service de Renseignement.

Déi Proposition de loi, déi sech ausschliesslech beschäftegt huet mat der Kontrollkommissioun, hirer d'Zesummesetzung an hire Missiounen a Befugnisser, huet d'Ënnerschréft gedroe vun den Häre Bodry, Bausch, Fayot, Gibéryen, Lux, Meisch, Meyers, der Madame Polfer an dem Här Urbany. Dat sinn also zu engem gudden Deel déi Membere vun där deemoleger Enquêtëkommissioun, déi déi heite Proposition de loi mat ënnerschriwwen hunn an inhaltlech also och matgedroen hunn.

Ech stelle fest, dass, wann een déi Kompositioun kuckt no Parteien opgedeelt, sämtlech Parteien, sämtlech politesch Familljen a Sensibilitéiten also déi Proposition de loi den 10. Juli hei mat ënnerschriwwen hunn.

D'Enquêtëkommissioun hat deemools d'Suerg, dass Neel mat Käpp gemaach ginn an dass, ier ee géif déi allgemeng Reform vum Service de Renseignement ofwaarden, ee sech emol schonn als Parlament, wat och normal ass, mat der parlamentarescher Kommissioun géif befaassen.

Wat waren d'Haaptpunkte vun där Proposition de loi, vun där mer elo een éischten Deel wäerten hei diskutéieren an och, denken ech, evakuéieren?

Et war niewent der Fro vun der Zesummesetzung vun der Kontrollkommissioun - fir déi virgesi war, dass dat kéinte Vertrieder si vun de Fraktiounen a vun de Groupe-techniquen, mä net onbedéngt d'Fraktiounspresidenten oder d'Coordinateure vun de Groupes techniques - virgesinn, dass et sollt zu enger Aféierung vun enger Informatiounsflicht fir den zoustännege Minister a fir d'Direktioun vum Service de Renseignement géintiwwer der Kontrollkommissioun kommen.

Et war och virgesinn, dass sollt e permanent Sekretariat vun der Kontrollkommissioun installéiert ginn. An et war schliesslech och virgesinn, dass déi Kontrollkommissioun sollt d'Méiglechkeet kréien, eenzel vun hire Kontrollmissiounen, also eenzel Enquêten, un extern Experten ze delegéieren, déi se dann an hirem Numm kéinten ausféieren. Also, dat ass den Inhalt eigentlech vun där Proposition de loi.

Wat d'Zesummesetzung vun der Kontrollkommissioun ugeet, widderhuelen ech nach eng Kéier, war an där Proposition de loi an ass an där Proposition de loi virgesinn, dass d'Fraktioune kënnen hire Vertrieder fräi bestëmmen an dass mer eng Ouverture maachen a Richtung op Groupe-techniquen, déi bis elo am Gesetz vun 2004 ausgeschloss waren, déi och also an Zukunft kéinten e Vertrieder bestëmmen. Dat entsprécht och, déi dote Propositioun entsprécht och de Konklusioune vum Rapport final vun der Enquêtëkommissioun SREL.

Mir hu wéi gesot am Dezember festgestallt, dass mer schnell misste legislativ virgoen, fir dass awer dat wichtegst Kontrollorgan ka voll fonctionnéieren. Doduerjer hate mer eng éischt Sitzung vun der Kontrollkommissioun. Doropshin huet de Chamberspresident e Bréif un de Statsrot geschriwwen, an deem en e gebieden huet, urgent en Avis ze ginn iwwert d'Ofännere vum Artikel 14, deen d'Zesummesetzung vun der Kontrollkommissioun vum SREL ugeet, dat also prioritär ze kucken. An dat huet de Statsrot och gemaach, well den 21. Januar 2014 ass deen Avis vum Statsrot komm.

Prinzipiell ass de Statsrot averstane mat der Ausriichtung vun där Ännerung, déi proposéiert ass. E werft allerdéngs d'Fro op vun der Vertriedung vun der Oppositioun an e mécht just de Virschlag, dass d'Gesetz soll just festhalen, dass d'Aktivitéite vum Service de Renseignement der Kontroll duerch eng parlamentaresch Kommissioun ënnerleien; wat d'Detailer ugeet, wéi déi Kommissioun déi Aarbechten organiséiert, dat soll eigentlech duerch d'Reglement vun der Chamber festgeluecht ginn. Effektiv, den Artikel 70 vun der Verfassung seet, dass u sech d'Organisatioun, d'Aarbechte vun der Chamber iwwer en internt Reglement geregelt ginn.

D'Institutiounskommissioun huet déi dote Fro diskutéiert an nom Ofweie vun de Vir- an Nodeeler ass se eigentlech zur Iwwerzeegung komm, dass ee sollt op dee Wee goen, wéi de Statsrot dat proposéiert huet. Dat heescht also, dass zukünfteg am Gesetz vun 2004 just d'Regel festgehalen ass, de Prinzip, dass d'Aktivitéite vum Service de Renseignement duerch eng parlamentaresch Spezialkommissioun kontrolléiert ginn, mä dass awer dann d'Reglement vun der Chamber den Detail festleet, wéi déi Kommissioun do fonctionnéiert, wéi se zesummegesat ass, an aner Froe regelt.

Eng Bemierkung wëll ech allerdéngs dozou maachen. Dat ass - dat huet mech e bësse verwonnert, an och d'Membere vun der Kommissioun verwonnert -, dass de Statsrot a sengem Avis hei sech vill méi kritesch weist wéi a sengem Avis 2003 iwwert den deemolege Regierungsprojet, wat praktesch deeselwechten Text war, dee mer eigentlech jo nëmmen iwwerholl hunn, mat der Ausnahm vun der Fro vun de Presidente vun de Fraktioune respektiv vun de Groupe-techniquen. An e stellt eigentlech Formulatiounen a Fro, déi e sengerzäit emol net mat engem eenzege Wuert vu Kommentar beduecht hat. Et kann ee sech also wonneren, wéi konstant eigentlech do déi Positioune vum Statsrot an deenen dote Froe sinn.

Et bleift, dass de Wee, fir d'Organisation interne vun där Kommissioun iwwert d'Reglement vun der Chamber ze léisen, e Wee ass, deen eis eng gewëssе Flexibilitéit gëtt. Wann iergendeppes - wéi mer et elo gesinn hunn, eppes, en Evenement - kënnt, wouropshin ee muss schnell vläicht d'Regelen änneren, kann een dann och méi schnell reagéieren iwwer eng Ofännerung vum Chambersreglement, wéi wann ee muss iwwer eng ganz legislativ Prozedur fueren, esou dass mer, wéi gesot, der Meenung sinn, dass een déi Iddi vum Statsrot kann och zu senger eegener maachen.

Dat féiert iwwregens derzou, dass mer, wéi gesot, haut net nëmmen iwwer eng Ofännerung vum Gesetz vun 2004 iwwert de Geheimdéngscht ofstëmme wäerten, mä och iwwer eng Ofännerung vum Chambersreglement, an zwar eng Ofännerung vum Artikel 2 vun der Annex 1, vum Règlement d'ordre intérieur vun der Commission de Contrôle parlementaire vum Service de Renseignement. All déi Texter sinn Iech bekannt, déi leien der Chamber vir.

D'Reglementskommissioun, déi also dann zoustänneg ass fir deen doten Deel vun der Operatioun, war mat grousser Majoritéit der Meenung, dass ee fir de Moment sollt beim Textvirschlag vun der Proposition de loi bleiwen inhaltlech, quitte dass mer déi Iddi do dann integréieren an d'Chambersreglement.

Et ass also kloer esou, dass mer eng Ouverture à ce stade maachen um Niveau vun de Groupetechniquen. Bis elo ass et esou, dass, wat d'Kontrollkommissioun ugeet, ausschliesslech d'Fraktiounspresidenten hir Fraktiounen also vertrieden. Wann deen heiten Text gestëmmt gëtt, wäert et an Zukunft esou sinn, dass, wa Groupetechniquen do sinn, och dann déi Groupe-techniquen e Vertrieder automatesch zegutt hunn an där Kontrollkommissioun vum Service de Renseignement. Dat ass also eng Ouverture, déi hei gemaach gëtt.

Dat entsprécht eigentlech deenen Diskussiounen, déi mer bis elo och ëmmer, sief et an der Enquêtëkommissioun, sief et och an der Kontrollkommissioun an der viregter Legislaturperiod zu deem doten Thema haten. Am aktuelle Stand vun der Diskussioun schéngt eis dat do déi Léisung ze sinn, déi konform ass eigentlech zu deem, wat zu de parlamentareschen Traditiounen och an anere Länner gehéiert.

Mir soen awer och ganz kloer, dass fir eis déi Diskussioun net zou ass, dass mer bereet sinn, déi Diskussioun iwwert d'Zesummesetzung vun där Kontrollkommissioun nei ze féieren, wa mer an der Chamber a virdrun an den zoustännege Kommissiounen iwwert d'Gesamtreform vum Service de Renseignement schwätzen.

Dat geet jo wäit iwwer nëmmen d'Fro vun der Kontrollkommissioun eraus. Do sinn eng ganz Rëtsch vun anere Punkten, déi solle reforméiert ginn, wouzou et jo éischt Virschléi gëtt, nach ënnert der viregter Regierung, a wouriwwer dës Regierung och muss e fäerdege Projet de loi maachen, fir dass déi gesamt Reform och kann an Ugréff geholl ginn. An dozou gehéiert dann natierlech och erëm eng Kéier eng frësch Diskussioun ronderëm déi Fro vun der parlamentarescher Kontroll an der Zesummesetzung vun där parlamentarescher Kontrollkommissioun.

Ech mengen, mir hate gëschter Besuch vum President vun dem belsche Comité R, dat ass also e Comité vu Spezialisten, deen eigentlech enger Senatskommissioun zouspillt respektiv der Regierung an der Belsch. An an der Belsch ass et momentan och esou, dass do déi parlamentaresch Kontrollkommissioun - déi ass fir de Moment nach beim Senat ugesiedelt - fënnef Memberen huet. An do si sage und schreibe véier Parteien dra vertratt, bei engem belsche Parlament, wat sécherlech eng Dosen, ech hunn net genau nogezielt, awer eng Dose Parteien a Fraktiounen huet. Dat heescht, an der Belsch sinn emol d'Fraktiounen net all an deem Kontrollorgan vertratt.

Ech wëll net soen, dass dat den ideale System ass, deen ee sech kann ausdenken, mä einfach nëmmen, fir ze soen, dass dat, wat momentan elo de Stand vun eisen Diskussiounen ass, net eppes Aberrantes ass par rapport zu Modeller, déi soss am Ausland bestinn, mä eppes ass, wat et duerchaus och an ähnlecher Form an anere Länner gëtt. Soufern et iwwerhaapt eng parlamentaresch Kontroll gëtt! Well a Länner wéi Frankräich, do ass et esou, dass déi et bis elo nach net dozou bruecht hunn, fir eng parlamentaresch Kontroll fir hir sëlleche Geheimdéngschter anzeféieren.

Wat fir eis wichteg ass, dat ass: Och den aktuelle System, esou wéi e proposéiert ass, liicht ëmgeännert, dee garantéiert awer weiderhin eng adequat Vertriedung och vun der Oppositioun. Mä wéi gesot, déi Debatt do si mer bereet, nach eng Kéier ze féieren.

Eisen Text, wéi mer en elo zréckbehalen hu fir d'Reglement, stellt eng Rei vu Froen nach zousätzlech kloer. Dat hu mer am Laf vun den Diskussiounen als néideg gesinn, fir dat ze preziséieren. Kloer ass, mengen ech, elo, wann een eisen Text kuckt vum Reglement, dass d'Fraktioune respektiv de Groupe technique eng Propos maachen, déi, wéi dat bei all Kommissiounsbesetzungen ass, och nach duerch de Plenum vun der Chamber muss guttgeheescht ginn.

Zweetens stelle mer heimadder kloer, dass déi Membere vun där Kontrollkommissioun sech net kënnen duerch en aneren Deputéierte vun hirer Fraktioun oder vun hirem Groupe technique ersetze loossen. Also, hei spillt den normale System vun de Suppléanten net, wéi mer e soss bei normale Parlamentskommissioune kennen.

An den drëtte Punkt, dee mer och hei wollte kloerstellen, och wann dat schonn eng Praxis war virdrun: Keen Deputéierten, deen net Member vun där Kommissioun ass, kann als Beobachter un hire Sitzungen deelhuelen. Dat ergëtt sech ganz einfach och duerch de Fait, dass do u sech awer hantéiert gëtt mat klassifizéierten Informatiounen, sief et a schréftlecher Form, sief et a mëndlecher Form. An do muss natierlech eng gewësse Confidentialitéit garantéiert bleiwen.

Wéi gesot, dat ass eis Suerg gewiescht. D'Gesetzesännerung wéi déi Reglementsännerung solle gemeinsam a Kraaft trieden. Dat heescht, duerch en Artikel 2, dee mer an der Modifikatioun vum Reglement virgesinn, ass séchergestallt, dass, wéi gesot, d'Reglementsännerung eréischt a Kraaft trëtt, wann och d'Gesetzesofännerung a Kraaft trëtt, fir dass mer do keng juristesch Ongereimtheete kréien.

Dat gesot, bieden ech Iech am Numm vun der grousser Majoritéit vun de Kommissiounsmemberen, dës zwee Texter an där proposéierter Form ze stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. Als éischten agedroene Riedner huet den Här Paul-Henri Meyers d'Wuert.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber soll haut engem Gesetzesvirschlag zoustëmmen, deen den Artikel 14 vum Gesetz iwwert de Geheimdéngscht ofännert. Deen Artikel aus dem Gesetz vum 15. Juni 2004 gesäit d'Schafung vun enger parlamentarescher Kontrollkommissioun vir, déi de Geheimdéngscht, sou wéi den Term et seet, kontrolléiere soll. Gläichzäiteg soll awer och deen Artikel vum Chambersreglement ofgeännert ginn, deen d'Zesummesetzung vun därselwechter Kommissioun virgesäit.

Den Här Alex Bodry huet a sengen Ausféierungen, souwuel deene schréftleche wéi deene mëndlechen, ausféierlech den Ursprong, de Werdegang, d'Zilsetzunge vun där Reform duergeluecht. Ech géif dofir mengen, dass ech net méi nach eng Kéier déiselwecht Explikatioune muss repetéieren.

An deem Text, dee mer haut stëmmen, gëtt nëmmen een eenzegen Artikel vun deene Moossnamen ofgeännert, déi no der Enquêtëkommissioun de Geheimdéngscht grondleeënd sollte reforméieren. Duerch d'Ofännerung vun dem Artikel 14 vum Gesetz vum 15. Juni 2004 soll an Zukunft d'Kontrollkommissioun net méi obligatoresch aus de Fraktiounspresidenten zesummegesat ginn. D'Parteie si fräi, déi Memberen an d'Kommissioun ze nennen, déi si fir gutt fannen.

Dës Reform ass urgent. Si soll erlaben, dass och d'CSV erëm an der Kontrollkommissioun vertruede ka sinn.

Ech wéilt dofir, well déi Remarque och am Exposé des motifs kuerz erwähnt ass, well den Här Bodry se opgeworf huet, e bësse méi ausféierlech op deen dote Punkt agoen. D'Kommissioun konnt net vollstänneg sinn, well de jëtzege Fraktiounspresident - dat huet den Här Bodry jo och gesot -, de Jean-Claude Juncker, no de Wahlen als Fraktiounspresident vun der CSV net wollt an a menger Meenung och net konnt an déi Kommissioun als Member antrieden.

An deenen eenzelnen Dokumenter iwwert d'Ofännerung vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun gëtt op d'Urgence higewisen, gëtt op déi besonnesch Ëmstänn higewisen, mä et ginn net déi wierklech Motiver a Grënn och genannt, déi de Jean-Claude Juncker dozou gefeiert hunn, fir net Member vun der Kommissioun ze ginn. Ech géif och mengen, dass, wann en als Fraktiounspresident déi Memberschaft ugeholl hätt, dat net ouni Problemer bliwwe wier.

De Jean-Claude Juncker war selwer zoustänneg bis virun e puer Méint fir de Geheimdéngscht. Hie war doduerch, dass e Minister war, der parlamentarescher Kontrollkommissioun och Ried an Äntwert schëlleg. Hie war där Kontroll vun der Parlamentskommissioun eigentlech ënnerworf. Wann e Member vun der Kontrollkommissioun gëtt, kënnt en aus dem Rôle vum Contrôlé an dee vum Contrôleur. An dat ass dobausse bei de Bierger schlecht ze verkafen. Dat ass emol eng éischt Fro, déi eigentlech éischter moralescher Natur ass.

Mä de Contrôleur Jean-Claude Juncker, deen an d'Kommissioun komm wier, hätt och vill Erfahrunge matbruecht; en hätt Kenntnisser matbruecht, déi hien aus senger viregter Fonctioun als Statsminister iwwert de Geheimdéngscht hat.

An do wier d'Fro gewiescht: Wéi wäit hätt en als Member vun der Kontrollkommissioun op déi Erkenntnisser, déi Connaissancen, déi Erfahrunge kënnen zréckgräifen, fir seng Missioun auszeüben, ouni a Kontradiktioun ze gerode mat deem Artikel, dee virgesäit, dass all Leit inklusiv och de Statsminister de Secret vun deenen Donnéeë mussen halen? Wéi vill kann e gebrauchen? Wéi vill net? Et wier also net einfach gewiescht, fir déi do Fonctioun unzehuelen, an e wier ganz sécher och an eng Konfliktsituatioun komm.

Den Här Bodry huet gesot, dass d'Kontrollkommissioun net nëmmen d'Aktivitéite fir d'Zukunft elo, déi elo genannt ginn, fir d'Zukunft kontrolléiert, mä dass se och kann Aktivitéiten a Faiten aus der Vergaangenheet kucken.

Ben, Dir Dammen an Dir Hären, a wéi enger Situatioun wier dee Moment den Här Juncker gewiescht, wann e selwer iwwer eegen Entscheedungen eng Kontroll hätt missen ausüben an därselwechter Kontrollkommissioun?

Do war ganz sécher, dass sech eng Konfliktsituatioun ugebahnt hätt. A wann en et gemaach hätt, wiere wahrscheinlech déi, déi gesot hunn oder haut soen, e soll et maachen oder en hätt et solle maachen, déi Éischt gewiescht, déi em doraus e Reproche gemaach hätten. De Jean-Claude Juncker konnt net déi Fonctioun unhuelen, well en net gläichzäiteg Juge a Partie konnt sinn.

Wann d'Chamber, Dir Dammen an Dir Hären, wéi dat jo virgesinn ass, e Code de déontologie gehat hätt, dann hätt missen opgrond vun deenen Artikelen, déi den Interessekonflikt definéieren, och hei d'Fro scho gestallt ginn, ob de Jean-Claude Juncker déi do Missioun hätt kënnen unhuelen. An et wier ganz sécher déi Äntwert komm, dass dat an där Situatioun net méiglech gewiescht wier, esou wéi haut dee Code de déontologie a sengem Projet ausgesäit.

D'Entscheedung vum Jean-Claude Juncker, fir net Member vun der Kontrollkommissioun ze ginn, war richteg. All deontologesch, juristesch, moralesch Grënn, déi ech versicht hunn hei unzeféieren, schwätzen an déi do Richtung.

Ech wëll haut net am Detail op déi méi grouss Reform agoen. Déi Reform ass an der Maach. Mir waarden op d'Avisen, déi sollen erakommen. Mä et wier awer ze hoffen, dass rapid déi Reform kéint an der Chamber diskutéiert an och gestëmmt ginn. An da wäerte mer d'Geleeënheet hunn, fir am Detail déi eenzel Punkten ze kucken, an zu allen eenzelne Punkten, och opgrond vun den Avisen, déi ageholl ginn, notamment dee vum Conseil d'État, kënne mer eis Meenung soen.

Wat déi ganz kleng Reform vun haut ugeet, kann ech soen, dass d'CSV mat dem Text vum Gesetz, mat der Ofännerung vum Gesetz vum 15. Juni 2004 an der Formulatioun, wéi d'Chamberskommissioun se virgeschloen huet, d'accord ass. Ech kann och soen, dass d'CSV d'accord ass mat der Ofännerung vum Chambersreglement, sou wéi och déi zoustänneg Kommissioun dat virgeschloen huet. An ech bréngen heimat den Accord vun der CSV.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Meyers. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger ageschriwwen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Gesetz vun 2004 iwwert d'Geheimdéngschtkontrollkommissioun steet, datt déi Kommissioun sech géif aus de Presidente vun de Fraktiounen zesummesetzen. An et ass och d'Traditioun gewiescht, datt gewéinlech de President vun där Kommissioun e Member vun der Oppositioun war.

Säit dem 20. Oktober hu mer eng nei Situatioun hei zu Lëtzebuerg. De Fraktiounschef vun der CSV, vun der gréisster Oppositiounspartei, ass och gläichzäiteg virum 3. Dezember de Chef vun dem Geheimdéngscht hei zu Lëtzebuerg gewiescht. Mäi Virriedner ass schonn dorop agaangen, datt mer dann eng ganz speziell Situatioun hei gehat hätten, an där een effektiv an eng Konfliktsituatioun komm wier. Ech ginn net méi weider op se an, well mäi Virriedner dat elo detailléiert schonn explizéiert huet. Mä ech mengen, de Fraktiounspresident vun der CSV war och deen Éischten, deen dat gesinn huet, agesinn huet an och dofir drop verzicht huet, fir an der Kommissioun ze siégéieren.

Beim Gesetz 2004 konnt ee sech deemools net virstellen, datt een eng Kéier géif an esou eng Situatioun kommen. Bon, zéng Joer méi spéit hu mer awer dann eben déi Realitéit. A mir sinn eigentlech dofir gefuerdert, fir do Ëmännerungen ze maachen. Ech mengen, et ass och elo d'Situatioun, datt de Moment an der Kommissioun nëmme Vertrieder vu Majoritéitsparteien dra sinn. Dofir solle mer schnell hei reagéieren, fir déi Kommissioun eben ze kompletéieren, fir datt se och erëm kann un hiren Aarbechte weiderschaffen. Fir eis ass et och wichteg, datt d'Oppositioun an där Kommissioun vertrueden ass.

Ech wëll awer och betounen: Dat hei, dat ass elo eigentlech eng Iwwergangsléisung. Och de Rapporteur huet dat scho gesot. Et ass eigentlech, fir elo eben da kënnen d'Aarbechte weiderzeféieren. An et ass och gutt, datt mer schnell reagéiert hunn, an dofir och dem Rapporteur, dem Alex Bodry, Merci fir déi Aarbecht, déi en do gemaach huet. Praktesch a sechs, siwe Woche konnte mer dat ofwéckelen, natierlech och, well schonn eng Proposition de loi virlouch.

Ech mengen, et ass eng Kombinatioun vun enger Proposition de loi oder engem Deel vun enger Proposition de loi an enger Ëmännerung vum Chambersreglement. Mä op alle Fall, mat där Solutioun kënne mer dann elo eben esou fonctionnéieren, datt och e Member vun der gréisster Oppositiounspartei an der SREL-Kontrollkommissioun ka siégéieren. Dat erlaabt also der CSV, en neie Member an déi Kommissioun ze designéieren.

Et ass och esou, datt et och an eisen Aen eng Ouverture ass par rapport zu den Dispositioune vun 2004, well hei och d'Groupe-techniquen dann derbäi kënne sinn, wa se et wëllen. Et ass natierlech d'Schwieregkeet - dat hate mer jo och an der Kommissioun diskutéiert respektiv an der Reglementskommissioun diskutéiert -, fir et weider opzemaache fir Sensibilité-politiquen. Ech mengen, do gëtt et schonn op där enger Säit d'Schwieregkeet, datt mer och an eisem Reglement dat net esou richteg definéiert kréien, wat eng Sensibilité politique ass.

Da muss een awer och wëssen, datt d'Geheimdéngschtkontrollkommissioun eng ganz speziell Kommissioun ass, an där de Secret ganz wichteg ass, an där ganz confidentiel Donnéeë behandelt ginn. An et ass jo och esou, am Ausland, wann een do kuckt, zum Beispill an der Belsch, gëschter hate mer nach en Expert, de Guy Rapaille aus der Belsch, respektiv oder a Frankräich, et kann een och op aner Plaze kucke goen, do ass et och esou, datt do gewéinlech déi grouss Parteien an esou enger Kommissioun hir Vertrieder sëtzen hunn, datt een also net déi Kommissioun grouss a massiv soll opmaachen. Wann een zum Beispill eng Situatioun hätt, datt een hei zu Lëtzebuerg am Parlament, ech soen emol sechs, siwen, aacht, néng, zéng Sensibilité-politiquen hätt, wou all Kéiers nëmmen ee Member wier an esou enger Sensibilité politique, dann hätt een herno och eng Situatioun, datt da ganz vill eenzel Deputéiert géifen an esou enger Kommissioun sëtzen.

Ech muss och soen, datt déi Propositioun, déi hei elo diskutéiert gëtt, eigentlech ënnerschriwwe ginn ass och vu Vertrieder vun deene Lénken, vum Serge Urbany, an och vum ADR, datt se also eigentlech mat där Propositioun, fir fir d'Fraktiounen, also fir d'Parteie mat Fraktiounsstäerkt respektiv Groupe-techniquen opzemaachen, datt se domadder op alle Fall am Juli 2013 d'accord waren an dat och esou mat ënnerschriwwen hunn.

Bon, ech wëll awer nach eng Kéier betounen, dat hei, dat ass eng Zwëschenetapp, fir elo emol kuerzfristeg d'Aarbechte vum SREL, vun der Kommissioun weiderzeféieren, an datt mer awer dann nach verschidden aner Etappe mussen an Ugréff huelen, well mer jo awer méi eng fundamental Reform vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun an och vum Geheimdéngscht wëlle virhuelen.

A wichteg ass, datt mer hei och kucken, wat an de Konklusioune vun der Enquêtëkommissioun vun 2013 stoung. Do steet effektiv oder do ware Recommandatiounen, an deene gesot ginn ass, et muss eng Reform komme vun der parlamentarescher Kontroll, awer och eng Reform vum Geheimdéngscht selwer. An do si mer an der Flicht, och déi nei Chamber, ech mengen, dee Rapport vun der Enquêtëkommis-

sioun staamt nach aus där leschter Legislatur, mä och déi nei Chamber ass natierlech an der Flicht, ass gefuerdert, fir dat esou schnell wéi méiglech ëmzesetzen.

Ech mengen, de groussen Defi ass deen, datt mer an Zukunft eng parlamentaresch Kontroll kënnen organiséieren, déi transparent ass an déi effikass ass, an datt mer net méi esou Situatiounen erliewen, wéi mer dat an der Vergaangenheet haten.

Déi Pisten, déi opgezeechent gi sinn an der Enquête, am Rapport vun der Enquêtëkommissioun, déi si wéi gesot zum Deel an där Proposition de loi 6589, vun där mer also hei en éischt Element ëmsetzen. Dat ass awer wéi gesot net do, wou mer ophalen. Mir hunn och elo eis d'Wuert ginn, fir déi eng oder aner Experten unzehéieren, fir ze kucke ronderëm iwwert den Tellerrand, ronderëm Lëtzebuerg, wéi et do fonctionnéiert. Gëschter hate mer e belschen Expert. Mir kënnen eis och virstellen, fir nach aus Frankräich, Däitschland eventuell do Leit unzehéieren.

Op alle Fall, ech sinn iwwerzeegt, datt mer herno um Enn vun där Aarbecht eng besser parlamentaresch Kontroll vum Geheimdéngscht wäerten hunn.

Doriwwer eraus muss een awer och da gläichzäiteg déi Aarbechten ugoe fir d'Reform vum Geheimdéngschtgesetz méi generell, well et ebe jo dorëms geet, fir aus der Vergaangenheet d'Konsequenze respektiv d'Léieren ze zéien.

Et geet dorëms, ouni elo an den Detail ze goen, mä déi Aarbechte sinn awer och…, ech mengen, et läit jo en Text vir vun der viregter Regierung, deen eng Kéier iwwerkuckt muss ginn. Mä et geet virun allem drëms, datt een do Garde-fouen abaut, fir datt eben esou e sensibele Service wéi de SREL net méi dat Eegeliewe kann entwéckelen, wéi en et an deene leschten zéng Joer entwéckelt hat. Et geet drëms, Garde-fouen innerhalb vum Service opzestellen respektiv awer och ze kucken, wéi een d'Zesummenaarbecht zwëschen der Kommissioun an dem Ministre de tutelle op där anerer Säit ka verbesseren. Et ka jo och net sinn, datt et dem Service oder dem Minister iwwerlooss ass, wéi e communiquéiert mat enger parlamentarescher Kontrollkommissioun respektiv wéi en do net wéilt kontrolléieren oder net informéieren; datt also all déi Dysfonctionnementer, déi mer haten, net méi an Zukunft solle geschéien.

Ech mengen, et muss ee sech och Gedanken driwwer maachen, wéi d'Zesummenaarbecht zwëschen dem Service an der Regierung an Zukunft wäert sinn. Wiem schafft de SREL an Zukunft zou? Nëmmen dem Statsminister oder och vläicht anere Ministèren? Dofir soll dann och de Comité interministériel ganz staark mat agebonne ginn. Dat sinn alles Punkten, déi mer mussen also an deenen nächste Wochen nach eng Kéier duerchdiskutéieren an da kucken, wat fir eng Solutioune mer do fannen, ebe fir d'Aktivitéite vum SREL besser ze kontrolléieren, awer och fir de SREL besser kënnen ze orientéieren a senger Aarbecht.

D'Zil vun esou enger Reform op alle Fall muss et sinn, datt mer e Service, e Geheimdéngscht hunn, deen am Déngscht vum Land schafft an net am Déngscht eventuell vun e puer Eenzelnen. Ech mengen, dat ass déi reell Envergure vun der Reform vum SREL, an dorunner musse mer also elo schaffen.

Ech sinn awer iwwerzeegt, wa mer an deem Rhythmus, wéi mer elo ugefaangen hunn, weiderfueren, Här President, da sinn ech iwwerzeegt, datt mer dat och bis d'Fréijoer erduerch hunn an datt mer dann hei kënnen en Text presentéieren an diskutéieren, deen all déi Elementer do beinhalt, déi dann de SREL an och d'parlamentaresch Kontrollkommissioun op déi richteg Schinne setze fir an d'Zukunft.

Merci.

M. le Président.- Här Berger, wann Der erlaabt, ech hunn hei d'Demande, fir nach eng Fro ze stellen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Ech huelen un, datt den Här Kartheiser herno och nach wäert d'Wuert…

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Dat ass geziilt zu Ärer Interventioun, Här Berger.

M. le Président.- Jo, mä da kënnt Der jo herno d'Wuert ergräifen, Här Kartheiser, wann Der dat nach wëllt.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Ech hunn dat virdrun net matkritt. Soss hätt ech et direkt gemaach, mä da maache mer dat herno.

M. le Président.- Okay, gutt, da fuere mer der Rei no weider. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, Merci och dem Rapporteur Bodry fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass praktesch alles gesot ginn, alles erkläert ginn, alles preziséiert ginn. Dofir just nach e puer Bemierkunge vun der grénger Fraktioun zu dëser Proposition de loi an zu där Modifikatioun vum Reglement.

Déi gréng Fraktioun ka sech souwuel dem Inhalt vun der Proposition de loi an der Proposition de modification vum Reglement uschléisse wéi och der Virgoensweis.

Fir d'Éischt emol zum Inhalt: D'Proposition de loi 6589A wéi och d'Ofännerunge vum Chambersreglement baséiere sech awer och millimeterexakt op d'Proposition de loi, déi den 10. Juli 2013 déposéiert ginn ass, nodeems et fir all déi deemoleg a genau och déi jëtzeg vertruede Parteien an der Chamber, ob Groupes politiques oder Sensibilités politiques, evident wor, datt mer en akute Mangel u Kontroll an un Handlungsméiglechkeeten haten, fir onser parlamentarescher Aarbecht an deem Dossier nozekommen.

Dës Proposition de loi ass eng vun de Konklusioune vun der Enquêtëkommissioun gewiescht, eng vun deene bal eenzegen, déi bei alle Parteien e Konsens fonnt hunn.

De Rapporteur huet et geschriwwen: «Il y a urgence à redéfinir le cadre légal du contrôle parlementaire en vue de le rendre plus efficace.» Aus där Urgence proposéiert dann och d'Proposition de loi, datt «La Commission d'enquête a préconisé de ne pas attendre la refonte complète de la loi du 15 juin 2004 portant organisation du SREL, mais d'anticiper le changement de législation en ce qui concerne le contrôle parlementaire du Service.»

Pour rappel: An deem Sënn gëtt an där Proposition de loi proposéiert, zwee Artikele vun 2004 ze modifizéieren. Dat sinn den Artikel 14 an den Artikel 15. Den Artikel 14 mécht eng Ouverture - dat ass och scho gesot ginn - a senger Kompositioun op d'Groupe-techniquen an hëlt dann och d'Klausel eraus vun der automatescher Besetzung duerch de Fraktiounspresident.

Bon, an dann nach esou Saachen, wéi och scho virdrun erkläert ginn ass, zum Beispill, datt ee sech vun Experte ka berode loossen an esou weider.

Den Artikel 15 féiert e kloren Devoir d'information stricte et préalable vum SREL a vun dem Ministère de tutelle an. An dat gëtt och domadder preziséiert. An den Artikel 15 gëtt kloer d'Méiglechkeet de Membere vun der SREL-Kommissioun, fir de Plenum iwwer méiglech Dysfonctionnementer ze informéieren. Dat ass fir ons Gréng zum Beispill extrem wichteg gewiescht, well et ass dat ee vun den Haaptgrënn gewiescht 2004, firwat mir eis enthalen hate bei deem Gesetz vun 2004, well déi Méiglechkeet net gi war, am Fall vun Dysfonctionnementer iwwerhaapt emol d'Chamber, de Plenum, wann och net an der Totalitéit, doriwwer ze informéieren.

Doniewent stinn an där Proposition de loi nach ëmmer déiselwecht Confidentialitéitsklauselen dran: wéi zum Beispill de Huis clos, datt d'Délibératioune geheim bleiwe mussen, datt, souguer wann een an de Plenum Informatioune gëtt, een net alles automatesch ka matdeelen.

An dëse klenge Rappel, fir kloerzestellen, wat awer hei muss kloergestallt ginn, well et ass an deene leschte Woche vill sech doriwwer geäussert ginn, an et war och e bëssen duerjerneegeroden: Wat ass e Huis clos? Wat ass net Huis clos? Wéi eng Kommissioun huet de Huis clos? Wéini dierf ee wéi eng Informatioun weiderginn, wéini net?

A mir sinn et gewinnt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt, wann een zesummen eppes entwerft, sprëch zum Beispill eng Proposition de loi, zesumme seng Ënnerschrëfte ënner e Schrëftstéck mécht, datt ee sech och drun hält. An dës Proposition de loi, déi am Konsens mat allen Ënnerschrëften déposéiert ginn ass, wor eminent wichteg och fir d'Kredibilitéit vun der Politik, zu engem Moment, wou de Bierger an d'Biergerin, zu Recht, e grousse Vertrauensdefizit an d'Politik gewisen hunn. Et steet ons gutt zu Gesiicht, och haut nach, zu deenen Ënnerschrëften ze stoen. An dat solle mir alleguerten haut maachen, andeems mer haut, an dat mat der allergréisster Prioritéit, dësen éischten Deel vun der Proposition de loi an dës Modifikatioun vum Chambersreglement stëmmen.

Sou, elo zur Form: Duerch déi anticipéiert Wahlen an hiren Ausgang, et ass scho verzielt ginn, duerch déi nei Opdeelung vu Majoritéit an Oppositioun an der Chamber ass dës Kommissioun souzesoen handlungsonfäeg ginn. Si huet sech eemol getraff, fir also an allergréisster Prioritéit aus deem Artikel 14 nämlech dee Punkt, deen et erlaabt, duerch seng Ouverture an der Zesummesetzung d'Geheimdéngschtkommissioun erëm handlungsfäeg ze maachen, fir dee Punkt bei de Statsrot ze schécken. Dat geschitt och elo haut, datt mer genau dat hei ofstëmmen zu deeneselwechte Konditioune wéi am Juli ofgemaach, genau déiselwecht.

Fir ons Gréng ass et wichteg, datt mer den Ufank vun dëser Reform am Konsens maachen. D'Reform vun der Geheimdéngschtkontroll fänkt awer eréischt un - déi eigentlech Reform vun der Geheimdéngschtkontroll. Dëser Aarbecht hëlt sech d'Institutiounskommissioun un. D'Diskussioun iwwert d'Zesummesetzung vun der Geheimdéngschtkontrollkommissioun gehéiert do och derzou.

Déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt an deem Kontext eng Diskussioun iwwert d'Participatioun vun de Sensibilités politiques un der Kontroll vum Geheimdéngscht, well et ons wichteg schéngt, datt all politesch Vertriedung hir Verantwortung an dësem Kontext muss droen.

Et bleift ze ënnersträichen, datt de Rapporteur eng Ouverture zu dësen nächsten Diskussioune weist, andeems en och seet, an ech zitéieren: «À ce stade de la discussion, la commission n'entend pas accorder un droit absolu à une représentation au sein de la commission de contrôle aux sensibilités politiques.» Gerecht, wéi an der Proposition de loi ënnerschriwwe ginn ass. «Cette question sera réexaminée dans le cadre de la réforme globale de la législation sur le Service de Renseignement de l'État.»

Och dëser Ausso kënne mir ons uschléissen an och dës Ausso kënne mir als gréng Fraktioun matdroen.

An domadder soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci och der Madame Loschetter. Als nächste Riedner huet sech ageschriwwen den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'Éischt och vun eiser Säit aus dem Kolleeg Alex Bodry Merci soe fir säi Rapport, wou e versicht huet, dat korrekt erëmzeginn, wat an deenen zwou Kommissiounen, souwuel an der Institutiounskommissioun wéi och an der Geheimdéngschtkommissioun, iwwert déi zwou Propositiounen, iwwert déi mer och haut hei diskutéieren an ofstëmmen, gesot ginn ass.

Haut diskutéiere mer an, wéi gesot, stëmme mer och of iwwer eng Reform vum Gesetz vum 15. Juni 2004 iwwert de Service de Renseignement an iwwer eng Ofännerung vun eisem interne Chambersreglement, dem Artikel 2 vun der Annex 1. Haaptsächlech geet et, oder nëmme geet et ëm d'Zesummesetzung vun der Kommissioun, der Commission de Contrôle parlementaire vum Geheimdéngscht.

Dat Ganzt geet zréck op eng Proposition de loi, déi de Kolleeg Alex Bodry als President vun der parlamentarescher Enquêtëkommissioun am Dossier SREL deemools virgeluecht huet an déi och zum Schluss vun der Enquêtëkommissioun - déi Proposition de loi - dunn an der Kommissioun eestëmmeg zréckbehale ginn ass. Ech kommen nach eng Kéier dorop zréck.

Firwat datt mer elo déi Proposition de loi scindéieren an ee Punkt eraushuelen, ech mengen, dat ass hei schonn erkläert ginn, an den Här Paul-Henri Meyers huet et am Detail erkläert, dat ass, well den Här Juncker als Fraktiounspresident an als fréiere Ministre de tutelle vum Service de Renseignement net kann an déi Kommissioun goen. Dat schéngt eis logesch ze sinn.

Et ass och an der Gepflogenheet vun dësem Parlament, datt mer keng Gesetzer maache fir eng Persoun. Dat hei ass och e bëssen en Novum, datt mer hei e Gesetz ännere wéinst dem Här Juncker, well, wéi gesot, hien net kann an déi Kommissioun goen.

D'CSV hätt de Problem och kënnen aneschters léisen. Si hätt eben en anere Fraktiounspresident kënnen ernennen.

(Hilarité)

Dann hätte mer déi Gesetzesännerung hei net brauchen ze maachen. Mä d'CSV ass selbstverständlech awer fräi, fir dee Fraktiounspresident ze maachen. A mir verstinn och, datt dat den Här Juncker ass.

(Interruption)

Mir ginn also hei nëmmen op een…

Wat? Ech hunn den Här Juncker net verstanen, entschëllegt.

M. le Président.- Den Här Juncker huet gemengt, Dir géift an enger oder mat enger grousser Fraktioun net eens ginn. Ass dat getrei iwwersat?

M. Jean-Claude Juncker *(CSV)*.- Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Abee, meng Fraktioun, déi war kleng a se war grouss. Mir sinn ëmmer eens ginn. Mä ech verstinn awer, Här Juncker, datt et fir lech och ganz schwéier ass, an dat gesäit ee jo, datt et fir lech och ganz schwéier ass, an esou enger Fraktioun, mat esou enger grousser Équipe ëmmer eens ze ginn. Dat versteet jiddwereen heibannen.

Une voix.- Dat hu mer jo och bei de leschte Wahle gemierkt…

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, mir ginn also haut hei hin a mir änneren nëmmen een Artikel vun deem Gesetz ëm, wou eben elo drastoe kënnt - bis elo war et esou, datt déi parlamentaresch Kontrollkommissioun exklusiv vun de Presidente vun de Fraktioune besat ginn ass, d'Proposition de loi, déi elo virläit, déi mécht eng Ouverture an engem gewëssene Sënn -, datt en niewent de Presidente vun de Groupes politiques och de Presidente vun de sougenannten „groupes techniques" déi Méiglechkeet gëtt.

Ech wëll zréckkommen op d'Proposition de loi vum Kolleeg Alex Bodry an der Enquêtëkommissioun, där mir och zougestëmmt hunn an déi mer och ënnerschriwwen hunn, genausou gutt, mengen ech, wéi déi lénk Kolleegen, de Serge Urbany dat an der Kommissioun gemaach huet.

Mä ech mengen, ech muss awer och fairerweis hei soen, datt ech an der Enquêtëkommissioun deemools gesot hunn, datt ech der Meenung wier - an d'Madame Loschetter huet et elo grad ugeschnidden -, datt déizäit eng gewësse Kredibilitéit insgesamt vun der Politik mat der ganzer Enquêtëkommissioun um Spill stoung an datt eist Zil war, am Fong ee geschlossene Message no baussen ze ginn an net opgrond vun enger Zesummesetzung vun der Kommissioun do no baussen eng Diskussioun oder eng Polemik sech entwéckelen ze loossen.

Duerfir hunn ech och där Proposition de loi zougestëmmt an ech hunn och deemools an der Enquêtëkommissioun gesot, datt ech zwar mat där Zesummesetzung vun der Enquêtëkommissioun, wéi se an der Proposition de loi festgehalen ass, net averstane wier, mä ech géif awer d'Propositioun matdroen, fir datt no baussen awer eng Unanimitéit vun der Kommissioun zu deem Zäitpunkt géif bestoen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Dat kann ech nëmme bestätegen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Gelift?

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Dat kann ech nëmme bestätegen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat kann den Här Urbany nëmmen… Et huet och kee vun deenen anere Kolleegen - Här Urbany, muss ee fairerweis soen - dat contestéiert.

(Interruptions)

Ech hunn dat och an der Reglementskommissioun an Institutiounskommissioun gesot, et ass och do vu kengem contestéiert ginn. Wann hei den Här Berger an d'Madame Loschetter dat aneschters gesinn, verstinn ech dat och zum Deel, well si net Member an der Enquêtëkommissioun waren.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Et sinn d'Leit dobaussen, déi et esou haut verstinn!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Majo, d'Leit dobausse verstinn dat, wat ech elo hei erkläert hunn! Ech mengen, et war jo kloer an däitlech!

(Brouhaha et hilarité)

Op jidde Fall war dat d'Ursaach, firwat datt mer deemools dee Projet de loi oder déi Proposition de loi eestëmmeg ugeholl hunn, mat der interner Remarque, déi elo hei jo och confirméiert ginn ass.

Zweete Punkt: Wann hei geschwat gëtt, datt d'Groupes techniques elo derbäikomm sinn niewent de Groupes politiques, da muss ech

awer soen, datt de Groupe technique, contraire zu deem, wat och dobausse behaapt gëtt, de Problem net léist. E Groupe technique, och wann déi lénk Kolleege mat eis géifen e Groupe technique maachen, géif de Problem net léisen, well dann ëmmer nëmmen eng vun deenen zwou Parteie kéint an der Commission vun dem Contrôle sinn. An d'Confidentialitéit, déi deem operläit, erlaabt jo och dann net, deen aneren ze informéieren, egal wie vun deenen zwee do dra wier. Also géif dat de Problem och net léise mat engem Groupe technique, dee sech aus verschiddene politesche Parteie géif zesummesetzen.

Den Här Berger huet hei virdrun ugeschnidden, ugeschwat, datt en am Fong gesot huet, och dat Wuert „Confidentialitéit" do mat an d'Gespréich bruecht huet, wéi et driwwer Rieds gaangen ass iwwert d'Sensibilitéiten. Ech wollt... Än dat war d'Fro, déi den Här Kartheiser wollt am Fong stellen: ob den Här Berger dann der Meenung wier, Leit oder Memberen aus enger Sensibilité politique, déi hätte manner Confidentialitéitsvertraue wéi een aus enger grousser Fraktioun. Ech mengen, dat war awer eng Ënnerstellung, déi sécherlech hei net ubruecht war.

Ech wëll och drun erënneren, datt ech viru Joren eng Kéier Member vun der Commission vun der Kontroll war, an ech mengen, souwuel de Kolleeg Urbany an ech ware Member vun der Enquêtëkommissioun, an alles, wat confidentiel war, ass och bis haut confidentiel bliwwen, esou wéi dat sech gehéiert. Duerfir wëll ech déi Ënnerstellung, déi hei ugewisen ass, och schäerfstens zréckweisen!

Här President, de Conseil d'État huet am Fong a sengem Avis zu dësem Gesetzesprojet drop higewisen, datt opgrond vun de Wahle vum 20. Oktober 2013 nëmme méi ee Vertrieder an der Kontroll vum Parlament, an där Kommissioun wier (veuillez lire: ee Vertrieder vun der Oppositioun an der Kontrollkommissioun vum Parlament wier). An e seet dann och kloer, datt dat am Fong net kompatibel wier mat enger effikasser Kontroll vum Parlament. Ech zitéieren de Statsrot: «Cette situation n'est guère compatible avec le souci d'assurer un contrôle efficace et incontesté des activités du Service.» Et ass dat, wat de Statsrot am Fong seet.

An de Statsrot mécht dann am Fong eng Propositioun, fir dem Parlament en Auswee aus där Situatioun ze erméiglechen, andeems e seet: Ma kommt, mir setzen net an d'Gesetz d'Kompositioun, wie Member vun der Kontrollkommissioun ass, mä mir setzen dat an d'Chambersreglement, fir dann eben der Chamber iwwer hiert Reglement déi Flexibilitéit ze ginn, fir eben den aktuellen oder de gegebene politesche Situatioune Rechnung ze droen.

Duerfir ware mer och averstanen an der Institutiounskommissioun mat der Ännerung vun der Propositioun, vum Projet de loi, wou d'Kommissioun am Fong dee proposéierten Text vum Conseil d'État iwwerholl huet, wou am Fong nëmme just drastoe kënnt, datt iwwert de Wee vum Chambersreglement d'Kompositioun vun der Kommissioun gemaach gëtt.

Duerno ass dunn d'Reglementskommissioun zesummekomm an d'Reglementskommissioun huet dunn am Fong missen en Artikel an hirem Reglement ëmsetzen. An ech hat do proposéiert, datt mer niewent de Groupes politiques an de Groupes techniques dann och d'Sensibilités politiques sollte mat derbäischreiwen, fir datt all Partei, déi hei an der Chamber ass, dann eben an där Kontrollkommissioun vertruede wier an datt dann och eiser Meenung no eng absolut Transparenz vis-à-vis vun alle Parteien hei an der Chamber géif vertruede ginn.

Ech hat gemengt, nodeems mer all an der Reglementskommissioun... - Här President, dat ass dee Punkt duerno hei um Ordre du jour, wou mer awer eng ganz Rei vu Punkten un eisem Reglement änneren, wou och déi nei Majoritéit, dat muss ee fairerweis do soen, am Fong den Ustouss dozou ginn huet, fir de Sensibilités politiques méi Rechter hei an dem Parlament iwwert de Wee vum Reglement zouzëerkennen -, datt deen Effort, dee vun der neier Majoritéit do gemaach ginn ass, datt deen dann och hei géif weidergoen.

Mä ech sinn do awer enges Bessere beléiert ginn, well déi nei Majoritéit mat der Ënnerstëtzung vun der CSV dann awer der Meenung war, datt an d'Reglement sollt am Fong deen Text stoe kommen, dee virdru sollt an d'Gesetz stoe kommen, nämlech, datt d'Kontrollkommissioun sech zesummesetzt exklusiv aus Membere vun de Groupes politiques, de Fraktiounen also, an de Sensibilités politiques (veuillez lire: an de Groupes techniques). Domadder ass am Fong déi Ouverture, déi Méiglechkeet, déi de Statsrot ginn huet duerch seng Propositiounstexter, erëm verwässert ginn.

Här President, mir bedaueren dat. Et ass och hei virdrun ugeschnidde ginn, datt Experten hei waren - elo gëschter nach aus der Belsch -, wou dann eben argumentéiert ginn ass, och an der Belsch, an Holland wieren net all Parteien an deem Kontrollausschoss vertrueden. Et hätt een och kënnen déi aner Säit vu Lëtzebuerg kucken, an Däitschland: Do sinn all Parteien an deem Kontrollausschuss...

M. le Président.- Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech kommen zum Schluss, Här President.

M. le Président.- Här Gibéryen, ech hunn elo schonn dat neit Reglement...

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo.

M. le Président.- ...dat neit Reglement schonn ugewannt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Do si se d'office alleguer vertrueden.

M. le Président.- Ech géif Iech bieden,...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President,...

M. le Président.- ...zur Konklusioun ze kommen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, et ass gutt, datt Der mer dat dote gesot hutt, soss hätt ech et elo net gewosst, well ech sinn effektiv um Schluss ukomm.

Ech wollt just soen, et hätt een och kënnen an Däitschland kucke goen, do sinn all Parteien an all Fraktioune vertrueden. Mä do hu se nëmme Fraktiounen, opgrond vun hirer Fënnefprozentklausel, an dem Parlament.

(Interruptions)

Mä si sinn awer alleguer, déi do dra sinn... Mir wäerten och nach eng Kéier iwwert d'Fraktiounen ze schwätze kommen.

Op jidde Fall, Här President, mir bedaueren dat heiten. Mir ginn d'Zoustëmmung vun eiser Säit, wat d'Gesetzesännerung ubelaangt, a mir wäerte bei dem Chambersreglement mat Nee stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Eise leschten agedroene Riedner ass den Här Serge Urbany. An ech wëll em och direkt soen, dass ech dat neit Reglement schonn uwenden. Awer wann ech gelift net doriwwer eraus!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ma Merci, Här President. Déi gemeinsam Décisioun vun deene véier Parteie mat Fraktiounsstatus, d'CSV, d'DP, d'LSAP an déi gréng, fir keng aner Partei an d'Kontrollkommissioun vum SREL zouzeloossen, ergëtt am Fong geholl just e Sënn, wann ee vun enger reng geheimdéngschtlecher Vue op déi Aktivitéiten do ausgeet.

Ech mengen, Här President, Dir hat e Méindeg am „Quotidien" gesot, et géif sech ëm eng „sensibel Matière" handelen. Ech mengen, dat trëfft och e bëssen de Kär vun der Fro. Et kéint een zwar e bëssen de Geck maachen a soen: „Grad da misste jo d'Sensibilitéiten drakommen, wann et eng sensibel Matière ass."

M. le Président.- Wa se sensibel sinn!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo. Mä Dir hat dat gesot!

Wourëms geet et nämlech beim SREL?

Laut Instructions de service ginn déi politesch an ekonomesch Prioritéite vum SREL vun der Regierung festgeluecht. Dorënner sinn och Informatiounen um Gebitt vun deem sougenannten „Extremismus" an „Radikalismus" op politeschem, ideologeschem, konfessionellem oder philosopheschem Terrain. Et geet dobäi an der Regel net ëm konkret Tatbestänn mat penalem Hannergrond, neen, de SREL beweegt sech, dat hu mer an der Debatt hei och ganz kloer gesot, um Terrain vun de Meenungen an Tendenzen, e stellt Mutmaßungen doriwwer un.

De fréiere Premier huet emol an der Debatt den 10. Juli hei gesot, d'„Virtualitéit" an d'„Probabilitéit" wier déi éischt Geschäftsweis vum Geheimdéngscht.

De Problem ass just, dass déi Methode vum SREL selwer jo guer net virtuell sinn. Wiere se dat, dann hätte mer jo kee Problem. Et sinn awer keng Methode vu wëssenschaftlecher Recherche, déi do ugewannt ginn. Neen, et si Methoden, déi kënne bis zu engem massiven Agräifen an d'Privatliewe vun de Leit goen.

Et geet ëm Beobachtungen, mat oder ouni technesch Mëttele wéi Kameraen oder Mikroen, an ëffentlechen oder an zougängleche private Raim, wéi Restauranten oder Caféen zum Beispill. Et geet och ëm Observatiounen a private Wunnraim, och fir do kënne Mikroen a Kameraen ze installéieren. Et geet drëm, Kommunikatiounen ofzelauschteren, an et geet drëm, technesch Dispositiven op Computeren ze installéieren, fir kënnen erauszefannen, wat do ofleeft. An Däitschland nenne se dat: „der große Lauschangriff".

Et ass net kloer zwar, wat elo scho gemaach gëtt, wat elo schonn technesch méiglech wier. Ech fäerten awer, dass virgesinn ass, alles dat an Zukunft méiglech ze maachen, dat heescht ze legaliséieren, wa bis emol eng Kéier d'Reform vum Geheimdéngscht hei an der Chamber wäert op der Dagesuerdnung stoen.

An da wäert et, an och schonn am Virfeld dovunner, an der Virbereedung dovunner wäert et op déi nei Kontrollkommissioun ukommen, fir eventuell bedenklech Entwécklungen oder weider bedenklech Entwécklungen - well bedenklech si jo schonn eiser Meenung no déi Entwécklungen, déi do amgaange sinn - vu ganz no ënnert d'Lupp ze huelen, wann do Fräiheete betraff sinn, wann et ëm e weideren Ofbau vu Fräiheete geet.

De Problem ass just: Mat deem, wat mer hei solle stëmmen, do wäerten déi nei Häre vum Geheimdéngscht, d'Regierungsparteien, dat eleng maachen, a si gi just kontrolléiert vun deenen alen Häre vum Geheimdéngscht!

Ech mengen och, dass sech ganz konkret d'Fro stellt vun de Kontrollméiglechkeete vun der Kontrollkommissioun an Zukunft, an ech sinn der Meenung, an ech soen dat hei ganz däitlech, dass déi Froen heimadder net geléist sinn!

An domat wier ech bei deene Virwërf, déi hei gemaach gi vu verschiddene Majoritéitsriedner, mir hätten déi Proposition de loi do mat ënnerschriwwen. Jo, dat ass wouer. Mir hu se trotz grousse prinzipielle Bedenken, trotz grousse Bedenken, wat d'Kontrollméiglechkeete vun esou engem Geheimdéngscht ugeet, ënnerschriwwen, am Interessi vun enger wierksamer oder méi wierksamer parlamentarescher Kontroll. Well doranner sinn eng Rei vu Kontrollrechter virgesinn, déi sollen erweidert ginn.

Wou sinn déi dann hei? Stëmme mer doriwwer of? Dat war e Ganzt, wat mir do gestëmmt hunn! Mir hunn d'Erweiderung vun de Kontrollméiglechkeete gestëmmt a mir hunn d'Zesummesetzung vun der Kontrollkommissioun gestëmmt deemools, well mer ganz kloer woussten, dass et guer net beabsichtegt wier, d'Sensibilités politiques do mat eranzehuelen! Et huet e Member vun der Enquêtëkommissioun hei gesot, dass hien déi Bemierkung gemaach huet, déi Bemierkung ass awer net opgegraff ginn! Oder vu wiem ass se dann hei opgegraff gi vun deenen, déi deemools derbäi waren?

Dat ass also de Problem. Mir hunn elo eng Proposition de loi, oder eng Proposition de règlement virleien ouni erweidert Kontrollméiglechkeete vun der Kontrollkommissioun, a mir hunn eng Kontrollkommissioun, där hir Zesummesetzung mer och deemools schonn net ganz gutt fonnt hunn, wou mer awer kloer gesinn hunn, dass et net ouni dat géif goen. An dofir hu mer am Interessi vun der Saach trotzdeem déi Proposition de loi do gestëmmt.

D'Froe stelle sech zum Beispill: Soll eng wierklech, eng komplett an integral Berichterstattung an Zukunft méiglech sinn un d'Kommissioun, wéi et an där Proposition de loi steet? A wa jo, mécht den Direkter sech da strofbar, wa sech erausstelle sollt, dass en d'Kommissioun belunn huet? Dat wier nämlech deen normale Pendant zur penaler Responsabilitéit vun deenen Deputéierten, déi do dra musse goen, déi bis zu fënnef Joer Prisong riskéieren, wa se eppes Falsches maachen, obscho se jo vum Vollek gewielt gi sinn, fir hir Kontrollfunktioun vis-à-vis vun der Regierung an och vum Geheimdéngscht auszeüben.

Net ze schwätze vun der Schweigeflicht, déi se souwisou doranner hunn. Si kënnen emol net hir Kolleegen aus der Fraktioun informéieren! Dofir ass et jo och - wat den Här Gibéryen ganz kloer hei gesot huet - onméiglech, politesch onméiglech, engem Groupe technique, dee sech aus verschiddene Sensibilitéiten zesummesetzt, esou eng Aufgab ze iwwerdroen.

Et ass och nach net kloer, wéi wäit iwwerhaapt d'Membere vun där zukünfteger Kommissioun, déi mer hei solle festleeën, sollen an Zukunft no bausse kënne communiquéieren iwwert dat, wat se feststellen. Alles dat ass net gekläert.

D'Gefor ass also an eisen Ae grouss, dass déi Kommissioun, gradesou wéi déi al Kommissioun, eng Alibikommissioun gëtt, déi riskéiert, souguer sech mat verantwortlech ze maache fir dat, wat do geschitt.

Mir waren iwwregens och deemools, an haut si mer et nach, der Meenung, dass d'Enquêtëkommissioun misst weidergoen. Si huet hir Aarbecht net ofgeschloss. Et bleift nach villes ze maachen. Eng Enquêtëkommissioun huet ganz aner Méiglechkeeten.

Mir hunn iwwregens eng Resolutioun preparéiert. Soubal mer d'Méiglechkeet prozedural wäerten hunn, dat heescht, nom nächste Punkt vun der Dagesuerdnung, wann d'Reglement geännert ass, zu zwee Deputéierte vun déi Lénk wäerte mer geschwënn, soubal d'Reglement a Kraaft ass, déi Propositioun vun enger Resolutioun eraginn, wou mer froen, dass aus gewësse Grënn, déi och mat der Aktualitéit zesummenhänken, mat deem, wat mer héieren iwwer NSA an esou weider, d'Aarbechte vun enger neier Kontrollkommissioun erëm sollen opgeholl ginn.

(Interruption)

Wat de Vote hei ugeet - ech sinn direkt fäerdeg, Här President, ech spiere jo dat hanneru mer -,...

(Hilarité)

...wäerte mer éischtens déi Proposition de loi, deen Deel dovun, deen elo nach iwwreg bleift an deen nëmme seet, dass d'Chamber hir Zesummesetzung soll selwer festleeë vun der Kontrollkommissioun - a mir waarden do gespaant op weider Entwécklungen -, dat Gesetz wäerte mer stëmmen, awer mir stëmme selbstverständlech géint de Virschlag, wat d'Zesummesetzung vun där Kommissioun ugeet.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Urbany. Ech hunn nach eng Wuertmeldung vum Rapporteur. Den Här Rapporteur, den Här Alex Bodry, huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Jo, kuerz, fir nach vläicht dat eent oder dat anert kloerzestellen, well awer elo eng Konfusioun dobaussen entstanen ass.

Ech mengen, et ass selbstverständlech, dass et d'Meenung vun alle Fraktiounen ass, dass muss eng global Reform vum Service de Renseignement kommen. Déi ass jo largement preparéiert. An zu där gehéiert selbstverständlech och en Ausbau vun de Méiglechkeete vun der Kontrollkommissioun, der parlamentarescher Kontrollkommissioun notamment. Dat ass och an där Proposition de loi esou festgehalen an dat ass selbstverständlech net opginn heimadder. Déi Proposition de loi ass net zréckgezunn.

Et ass just gebiede ginn, deen een Artikel prioritär ze aviséieren, wou och drasteet, dass notamment..., an dat ass e Schwaachpunkt haut, well ëmmer d'Deputéiert selwer hu missen eng Enquête féieren am Service de Renseignement. Bon, wéi se dat solle maachen, ass mir e Rätsel. Dat kann nëmme geschéien, wa se anerer kënne mat deene Missioune beoptragen, déi sech kënnen deeglaang Zäit huelen a wochelaang, wann et muss sinn, Zäit huelen, fir eng Enquête an hirem Numm ze maachen. Do ass, mengen ech, de belsche Modell net schlecht.

Soudass ech mengen, dass also do munches nach aussteet. An ech akzeptéieren net, dass hei den Androck entsteet, wéi wann déi doten Iddie fale gelooss gi wären. Dat ass sécherlech net de Fall. Am Numm...

(Interruption)

Pardon?

(Interruption)

Mä well deen doten Deel vun der Proposition de loi net aviséiert ass. Dofir waarde mer, wéi dat üblech ass, den Avis vum Statsrot of. An da kënnt dat an déi legislativ Prozedur. An da wäerte mer selbstverständlech doriwwer debattéieren an och eng Kéier ofstëmmen, denken ech.

Dat Zweet, wat ech wollt soen: Ech fannen, hei ass jo d'Diskussioun relativ sachlech erofgaangen. Wou ech allerdéngs erféiert war, muss ech soen, no der leschter Sitzung an eiser Reglementskommissioun, iwwer Aussoen, déi eenzel

Membere vun där Kommissioun gemaach hunn, déi net dem Toun entsprach hunn, deen an der Kommissioun war, wou se vun „Farce", vun „Skandal" geschwat hunn, well elo déi méi kleng Parteien net an där Kontrollkommissioun vertratt sinn. Dat fannen ech onfair, muss ech nach eng Kéier hei soen.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Dat entsprécht net den Diskussiounen, déi mer gefouert hunn.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech hunn net vu Skandal geschwat!

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- A virun allem, wéi gesot... Dat gëllt haaptsächlech fir den Här Gibéryen. Virun allem, wéi gesot, ass do, mengen ech,...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Well dat wonnert mech nämlech eigentlech...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- ... mengen ech,...

M. le Président.- Wann ech gelift, Här Urbany, Är Riedezäit...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- ... mengen ech och,...

M. le Président.- ...ass iwwerschratt.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- ...net kloergestallt ginn, dass déi Positioun do e Revirement bedeit souwuel fir d'ADR wéi fir déi Lénk mat deene Positiounen, déi si hei bei der Debatt ronderëm d'Gesetz vun 2004 gefouert hunn. Ech hu mer nach d'Méi gemaach, nach eng Kéier nozeliesen, wat deemools den Här Urbany héchstperséinlech an den Här Jacques-Yves Henckes am Numm vun der ADR zu där doter Fro gesot hunn.

Den Här Urbany sot, d'parlamentaresch Kontroll wier a sengen Aen zweetrangeg an huet a kengem Moment gefrot, dass seng Sensibilitéit sollt an där Kommissioun vertratt sinn. A kengem eenzege Moment! Wat elo haut als essenziell, bal als Crime à la démocratie duergestallt gëtt, dat war emol sengerzäit net d'Positioun vun him selwer a senger Partei bei den Debatten 2004.

(Brouhaha)

An datselwecht gëllt...

(Interruption)

...vun der ADR! Wann ech dem Här Henckes seng Ried hei noliesen, erkennen ech just dran, dass se d'accord waren, dass d'Fraktioune sollten d'Vertrieder bestëmmen. Si waren net nëmmen d'accord, dass et sollt de President si vun der Fraktioun, mä si waren d'accord, dass et sollten d'Fraktioune sinn, déi an där Kommissioun sollte vertratt sinn, wat haut net méi hir Positioun ass, wat sech erkläert doduerjer, dass se deemools Fraktiounsstäerkt haten an haut net méi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Wéini war dat dann?

(Interruption)

M. le Président.- Wat invoquéiert Der, Här Gibéryen?

(Interruption)

Ah, Fait personnel. Dat ass zwar wäit hiergeholl,...

(Hilarité et interruptions)

...mä bon, mir sinn haut ganz fei mat deene Klengen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, ech wëll just dat, wat den Här Bodry elo hei gesot huet, awer e bësse méi an e richtegt Liicht stellen am Fong, wat d'Debatte vun 2004 ubelaangt. Ech hunn déi och nogelies, ier ech de Mëtten hei intervenéiert hunn. Et ass richteg, mir haten déizäit Fraktiounsstäerkt, also huet déi Fro sech fir eis net zu deem Zäitpunkt gestallt.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Fir déi aner Parteien awer deemools. Déi Lénk haten och deemools...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här Bodry, Dir verléiert näischt mam Nolauschteren, well mir haten deemools an der Debatt zwee Riedner. Dir hutt nëmmen een zitéiert, mä mir haten zwee Riedner. An ech wëll Iech soen, wat deen zweete Riedner gesot huet: „Artikel 14 vun deem Gesetz, wou alt erëm eng Kéier vu Presidenten, vu Groupements parlementaires, déi sech op fënnef Leit baséieren a wou ech einfach der Meenung sinn, wann déi nächst Legislaturperiod e Groupement kënnt, deen zum Beispill an all Circonscriptioun een Deputéierten huet...", oder nëmme véier Deputéierter huet, datt déi dann net méi an där Kommissioun vertruede wieren. An dogéint ass och vun eiser Säit an där Debatt préventivement intervenéiert ginn. Duerfir, wann Der scho wëllt zitéieren, dann zitéiert wann ech gelift och alles!

Une voix.- Richteg!

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Mir sinn eis eens, dass Der dee Gesetzestext mat de Fraktiounspresidente gestëmmt hutt, souwéi Der eng Proposition de loi ënnerschriwwen hutt?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ganz kloer hu mir déi...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Merci!

M. le Président.- Voilà, ech mengen, domat wär alles gesot. An ech géif dann d'Wuert weiderginn un d'Regierung.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Voilà. Ma ech soen Iech Merci, Här Chamberspresident. Ech soen och dem Här Bodry Merci. Ech soe virun allem der ganzer Chamber Merci, déi et fäerdegbréngt, dësen Text elo awer knapps zwee Méint, dass d'Regierung am Amt ass, kënnen ze änneren.

Well et eben eng Situatioun mat sech bruecht huet, wou ech och ganz genau verstinn, dass d'CSV-Fraktioun an enger Situatioun gewiescht wier, déi net agréabel gewiescht wier an déi vläicht falsch verstane gi wier. Dowéinst a pour éviter tout malentendu, mengen ech, wor et wichteg, dësen Text och esou ze änneren, wat et och erméiglecht, alle Fraktioune méi Libertéiten ze ginn iwwert d'Kompositioun vun der Kommissioun. Well Dir hutt doudsécher deen een an deen aneren, dee vläicht méi interesséiert ass un deem Sujet wéi en aneren.

Ech wëll och just soen, dass et net un der Regierung ass, Iech ze soen, wat Der ze maachen hutt. Ech mengen, hei ass jo eng Proposition de loi an et ass och d'Chambersreglement, wou Dir jo och selwer a souverän musst déi Décisioun treffen, wéi Dir Är Regele wëllt ginn.

Ech soe just, dass ech hei och dem Deputéierte Bodry muss awer vollkomme recht ginn. Wann een d'Tëlee d'lescht Woch gesinn an nogelauschtert huet, huet een d'Gefill gehat, wéi wann hei een de klenge Parteien all Recht wéilt ewechhuelen, se ni zu Wuert komme wéilt loossen. Ech verstinn haut, dass e bësse méi nuancéiert geschwat ginn ass. Virun allem wor hei net de Fait accompli!

Au contraire, de Rapporteur-président huet gesot, dass een iwwert deen dote Punkt nach misst diskutéieren. An dass hei am Fong scho Konklusioune gezu gi vun deenen zwou Parteien, déi guer net hei zur Debatt stinn. Doweinst, ech mengen, dass deen Text wichteg ass, déi Adaptatiounen och ganz, ganz wichteg sinn an dass virun allem an dësem Débat serein sollt geschwat ginn.

Ech muss Iech och soen, Här President, dass et verschidde Modeller gëtt am Ausland. An ech mengen, net méi spéit wéi gëschter haten d'Leit d'Méiglechkeet, nozelauschteren, wéi et an der Belsch geet, wou och net all Partei vertrueden ass. Ech hunn och nogekuckt: A Frankräich ass och net all Partei vertrueden. An Däitschland tatsächlech, mä do gëtt et eng Fënnefprozentklausel, fir iwwerhaapt emol an eng Chamber ze kommen. Dat heescht, da bräicht een... Mä ech soen Iech dat, dat sinn da Pisten, wou een da seet, et muss een op d'mannst dräi Leit dann hunn, fir iwwerhaapt da kënnen an eng Kommissioun ze kommen.

Et hänkt of... Ech géif Iech just wierklech froen, fir dass dat doten e sereinen Débat gëtt. An ech mengen, dass den Här President dat nees haut fäerdegbruecht huet, fir och op déi Serenitéit nees zréckzekommen an net Polemik an deem doten Dossier ze féieren, well dat bréngt guer näischt.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech froe Parole après ministre, Här President.

M. le Président.- Merci dem Här Statsminister. De Rapporteur huet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Parole après ministre, fir nach eng Kéier d'Chamber awer genau ze informéieren opgrond vun deem, wat elo grad den Här Gibéryen gesot huet.

Den Här Gibéryen huet natierlech den zweete Riedner vun 2004 net zitéiert. Dat war den Här Jaerling, wou ech net weess, ob en deemools iwwerhaapt nach an der ADR war. De mandatéierte Spriecher war de Jacques-Yves Henckes, well den Här Jaerling huet herno de Gesetzestext vun 2004 net gestëmmt, am Géigesaz zu deenen aneren ADR-Deputéierten, déi e gestëmmt hunn an...

(Brouhaha général)

...also och déi Léisung vun de Fraktiounspresidenten am Endeffekt als richteg fonnt hunn. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci.

Den Här Urbany huet Parole après ministre gefrot an hie kritt et. An dann, wann Dir nach wëllt intervenéieren, maacht Dir datselwecht. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci. Mir sinn elo wäit an der Geschicht natierlech. Mä wann Der eis dohinnerféiert, da kënne mer och roueg dohinnergoen.

2004 sinn zwee Gesetzer gestëmmt ginn: 2003 dat eent, 2004 dat anert. 2003 war d'Gesetz iwwert d'Definitioun vun deem, wat Terrorismus ass, wat eng entscheedend Bedeitung huet als gesetzlech Basis fir de Geheimdéngscht, deen deemools komplett reforméiert ginn ass an deen iwwregens eng gesetzlech Kontrollkommissioun fir d'Éischt a senger Geschicht kritt huet.

Am Gesetz, wat mer deemools ofgestëmmt hunn a géint dat ech gestëmmt hunn, stoung kloer dran, dass déi Kontrollkommissioun sech zesummesetzt aus de Fraktiounspresidente vun deenen deemolege Groupes parlementaires. Et huet sech also guer keng Fro gestallt, fir dass do d'Sensibilités politiques sollten erakommen.

D'Fro stellt sech haut anescht, deelweis anescht. Dir hutt et jo selwer gesot, dass een nach wéilt doriwwer diskutéieren. Mir si gespaant, wat bei där Diskussioun erauskënnt. Ech gesinn dat Ganzt guer net dramatesch.

Et ass och problematesch fir eng Partei wéi eis, déi prinzipiell géint de Geheimdéngscht ass, fir an esou eng Kommissioun ze goen, fir Penalitéiten ze riskéieren, fir Prisong ze riskéieren,...

Une voix.- Sidd frou, dass Der net dra sidd!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- ...wa mer Saache feststellen, wéi mer der festgestallt hunn an der Enquêtëkommissioun, wou keng penal Konsequenzen domat verbonne waren, déi wierklech ënner aller Klarinett waren, wou haut nach Membere vun eis iwwerwaacht gi vum Geheimdéngscht!

Wat maache mer da mat esou enger Situatioun zum Beispill, wann dat de Fall ass? Mir stelle fest, dass dat de Fall ass. Musse mer dann de Bak halen? Dat sinn och Froen!

Mir ware bereet, am Interessi vun der Opklärung, am Interessi vun der regelméisseger méi staarker Iwwerwaachung vun esou engem Déngscht déi Proposition de loi mat erweiderte Kontrollméiglechkeeten ze ënnerschreiwen.

Fir eis ass et och net onproblematesch, fir do dranzegoen. Dat wëll ech hei ganz kloer soen.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Den Här Gibéryen kritt dann nach d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, Här President, Dir verstitt, datt ech opgrond vun der Reaktioun vum Här Bodry nach eng Kéier muss Parole après ministre huelen.

(Interruption)

Neen, ech liesen net alles vir, et wier ze vill.

Fir d'Éischt huet den Här Bodry gefrot, ob den Här Jaerling nach deemools an der ADR war. Här Bodry, wann Der den Text gelies hutt, et steet schéin hannert sengem Numm „ADR". En huet also als ADR-...

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- En huet awer schonn net méi zu Iech gehéiert!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- En huet hei als ADR-Deputéierte geschwat!

An ech wëll just soen, datt sech fir eis déi Fro net gestallt huet als Partei, well mer déizäit Fraktiounsstäerkt haten. Mä ee vun eisen Deputéierten huet awer op déi Méiglechkeet higewisen, datt, wann eng Partei net méi d'Fraktiounsstäerkt hätt, se dann net méi an där Kommissioun vertruede wär. Dat ass korrekt, wéi dat deemools an der Debatt gelaf ass.

M. le Président.- Merci dem Här Gibéryen. Ech stelle just fest, dass sech d'Fro aneschters stellt, wann ee Fraktiounsstäerkt huet, wéi wann een net Fraktiounsstäerkt huet.

Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun ukomm an ech géif de Vote lancéieren. Fir d'Éischt zur Proposition de loi.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 6589A et dispense du second vote constitutionnel

De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

60 Deputéiert hunn um Vote deelgeholl, mat de Procuratioune selbstverständlech. 60-mol Jo, keng Abstentioun a keen Neen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Félix Eischen);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Da géife mer iwwergoen zu der...

(Interruption)

Ah jo, Merci, Här Generalsekretär.

Hei muss ech d'Fro nach stellen, ob d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote gëtt.

(Assentiment)

Dat ass esou.

Da géif ech iwwergoen zum Vote iwwert d'Änderung vum Chambersreglement.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6650

De Vote ass lancéiert. De Quorum ass erreecht. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss an d'Reglement bei...

(Interruption)

Okay. Bon, da rechnen ech séier. Also, 60 Leit, mat de Procuratiounen, hunn um Vote deelgeholl. Ech géif da soen: 52 Jo, Neen 3 a 5 Abstentiounen. Jiddefalls esou an deem Ordre de grandeur,...

(Hilarité générale)

...wa mer dat elo definitiv nogekuckt hunn, mat der... Also, ech ka just, et sinn der...

Une voix.- 55 Jo.

M. le Président.- ...5 Neen, an da falen 2 Abstentiounen, also 5 Neen, 3 Abstentiounen an 52 Jo. Déi 52 Jo ware richteg. Domat ass och d'Änderung vum Reglement mat ganz grousser Majoritéit ugeholl.

Résultat définitif après redressement: la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6650 est adoptée par 55 voix pour et 5 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An do brauch ech d'Fro net ze stellen, ob mer eng Dispens vum zweete Vote ginn, well dat do eleng an eisen Hänn läit.

Domat ass also d'Änderung vum Reglement ugeholl a mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, wou mer eis erëm mat eisem Reglement ausenanersetzen, wou mer en Änderungsvirschlag vun eisem Chambersreglement maachen, fir d'Rechter vun de Sensibilités politiques ze erweideren. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An, ongewinnt an där Missioun, d'Wuert huet den honorabele Rapporteur, den Här Gast Gibéryen.

7. 6644 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux droits des sensibilités politiques et des députés

Rapport de la Commission du Règlement

M. Gast Gibéryen *(ADR), rapporteur.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, Rapporteur ze si vun enger Rei vun Änderungen an eisem Chambersreglement, wou vill méi eng grouss Zoustëmmung ass, wéi dat bei deem Projet virdru war.

(Brouhaha)

Une voix.- Da waarde mer emol of!

M. Gast Gibéryen *(ADR), rapporteur.*- D'Kommissioun proposéiert, néng Änderungen un eisem Reglement virzehuelen, Änderungen, déi am Fong op eng Initiativ opgrond vu Propositiounen, déi vun der neier politescher Majoritéit hei an der Chamber ausgaange sinn, zréckginn, an och vu Propositiounen, déi vun anere Parteien erakomm sinn.

D'Haaptzil vun dëse Reformen ass, de politesche Sensibilitéite méi Méiglechkeeten ze ginn, fir hirer politescher Aarbecht kënne méi gerecht ze ginn, souwéi méi generell Ofännerunge vun eisem Reglement. Ech géif versichen, a geraffter Form déi néng Änderungen duerchzehuelen, esou wéi se an dëser Propositioun sinn.

Den Artikel 1 vun eise Propositiounen hält fest, datt den Artikel 19, dee sech am Fong mat der Zesummesetzung vun de Chamberskommissioune befaasst, datt deen ofgeännert gëtt. Bis elo war et esou, datt all Deputéierte konnt als Observateur an egal wat fir enger Chamberskommissioun deelhuelen.

Dat bleift och esou bestoen, mä et kënnt nei derbäi, datt déi Sensibilité politique, déi net en effektive Member an enger vun eise parlamentaresche Kommissiounen huet, datt deen, dee se als Observateur an déi Kommissioun schéckt, datt dee kann un den Debatte participéieren an datt et e Recht ass, fir un deenen Debatten ze participéieren. Selbstverständlech huet e kee Stëmmrecht an där Kommissioun, well soss géif jo och den Équiliber vu Majoritéit an Oppositioun an deene Kommissioune gestéiert ginn.

Déi zweet Änderung, déi betrëfft och d'Kommissiounen, an zwar wéini datt eng Kommissioun sech muss obligatoresch zesummesetzen. Bis elo war et esou: Wann dräi Membere vun der Kommissioun dat verlaangt hunn, oder e Groupe politique oder e Groupe technique, wann déi dat verlaangt hunn, datt eng Kommissioun misst zesummekommen, dann huet déi Kommissioun missen zesummekommen.

Elo fält ewech: op Demande vun dräi Deputéierten - dat fält ewech. An et bleiwen dann d'Groupes politiques, d'Groupes techniques, an d'Sensibilités politiques ginn derbäigesat. Also déi dräi hunn d'Recht, fir kënnen d'Zesummeruffe vun enger Kommissioun ze verlaangen.

Den Artikel 28 vun eisem Reglement, dee betrëfft d'Presidentekonferenz. Do gëtt geännert: Bis elo war et esou, datt d'office an der Presidentekonferenz d'Presidente vun de Groupes parlementaires oder de Groupes techniques Member waren, effektive Member waren. Elo gëtt bäigesat, datt all Sensibilité politique kann un deene Réuniounen assistéieren, mat Voix consultative. Dat heescht, si sinn elo net voll Member, mä si assistéieren an der Presidentekonferenz a kënnen do matschwätzen an hunn och kee Stëmmrecht an der Presidentekonferenz.

Den Artikel 4, dee beinhalt d'Riedezäiten. Do ass de Prinzip am Fong dee gewiescht, datt mer gesot hunn, datt all politesch Partei, egal wéi grouss oder wéi kleng datt se ass, muss genügend Zäit hunn, fir hire politesche Message zu engem bestëmmten Thema oder zu engem Gesetz oder zu wat fir engem Débat heibannen, datt se muss kënne genügend Zäit hunn, fir de politesche Message eriwwerzebréngen. An de Problem, dee mer do haten, dee war virun allem bei deene klenge Modellen: de Modèle de base, de Modell 1 an de Modell 2. Duerfir sinn och do Mindestzäiten agesat ginn.

Esou ass beim Modèle de base eng Mindestriedezäit vu fënnef Minutten agesat gi fir all Groupe politique, Sensibilité politique. Also fir all Parteien sinn et och do uniform beim Modèle de base fënnef Minutten.

Bei dem Modell 1 geet et ëm d'Sensibilités politiques, si kréien zéng Minutten d'office. Beim Modell 2 kréie se fënnef Minutte pro Sensibilitéit (veuillez lire: pro Member), awer mat engem Minimum vu 15 Minutten. Beim Modell 3 hu se 7,5 Minutten, mat engem Minimum vu 15 Minutten. Beim Modell 4 hu se zéng Minutte pro Member, mat engem Minimum vu 15 Minutten.

Den Artikel 5 ännert den Artikel 84 of, wat d'Heure-d'actualitéen ubelaangt. Do war et bis elo och esou, datt eng Heure d'actualité konnt vun engem Groupe politique oder engem Groupe technique ugefrot ginn. An elo kënnt och do derbäi, datt déi ka vun enger Sensibilité politique ugefrot ginn.

Des Weidere gëtt bei der Heure d'actualité d'Riedezäit ofgeännert. Virdru war et esou, datt eng Sensibilité politique bei enger Heure d'actualité zwou Minutten hat an e Groupe politique fënnef Minutten. An Zukunft huet all Partei heibannen, ob Groupe politique oder Sensibilité politique, fënnef Minutte Riedezäit bei enger Heure d'actualité.

Dat do sinn am Fong alleguer déi Änderunge gewiescht, déi de Sensibilités politiques eng nei Rei vu Méiglechkeeten heibanne ginn.

Dann hu mer awer nach eng Rei vu Modifikatioune gemaach, déi méi genereller Natur sinn, zum Beispill wat d'Motiounen an d'Resolutiounen ubelaangt. Do war et bis elo esou, datt ee fënnef Ënnerschréfte gebraucht huet, fir datt se recevabel waren. Dir wësst, datt dat dann ëmmer e Problem war, wann een eng Sensibilité politique war vun zwee oder vun dräi. Dann huet ee misse bei eng aner Partei Ënnerschréfte siche goen, fir op déi fënnef ze kommen, fir datt et recevabel ginn ass.

Dat gëtt elo generell erofgesat op eng. Dat heescht, all Deputéierte kann elo eng Resolutioun oder eng Motioun a sengem eegenen Numm heibannen deponéieren. Dat ass also net nëmmen e Virdeel fir d'Sensibilités politiques, mä et ass am Fong fir déi 60 Deputéiert, well eben all eenzelnen Deputéierten dat Recht kritt.

Da kënnt d'Änderung vum Artikel 8, deen den Artikel 17 verbessert, also d'Zesummesetzung vun eise parlamentaresche Kommissiounen. Bis elo stoung am Reglement, datt eng Kommissioun sech aus minimum fënnef Memberen an aus maximum 13 Memberen zesummesetzt.

Et war an där leschter Legislaturperiod esou, datt mer Kommissiounen hate vun zwielef Memberen a mir haten eng Ausnahm, dat war bei der Enquêtëkommissioun iwwert de SREL, wou d'Chamber décidéiert hat, op 13 eropzegoen, fir domadder all Partei heibannen d'Méiglechkeet ze ginn, Member an der Enquêtëkommissioun ze sinn. Mä en général waren et zwielef Memberen an d'Reglement huet der maximal 13 zougelooss.

Elo gëtt op Wonsch vun de grénge Kolleegen de Maximum vun 13 op 14 eropgesat, fir eben esou och der aktueller politescher Konstellatioun kënne punktuell Rechnung ze droen.

Dir wësst, datt mer am Ableck eis Chamberskommissiounen alleguer aus 13 Leit zesummegesat hunn. D'Reglement, wat mer elo haut hei stëmmen, geet vun 13 op 14 erop. An de Gedanken, deen do derbäi ass, ass een, dee festgehale ginn ass, mä d'Reglement léisst dem Parlament et awer fräi, ëmmer wann et et fir néideg fënnt, op 14 eropzegoen.

Mä hei ass a priori un déi gréng Kolleegen a Kolleeginnen geduecht ginn, déi am Fong generell an all Kommissioun mat engem Deputéierte vertruede sinn, well wann dat eng Kommissioun ass, wou hire Minister de Ressort huet, dann ass et an der Regel och deen Deputéierten, deen da President vun där Kommissioun ass. A vu datt dann och normalerweis déi Partei, déi de Minister stellt, och de Rapporteur stellt, ass déi eng Persoun da Président-rapporteur. A wann dann an den Débat misst agegraff ginn, misst se dann och nach eng drëtte Kéier untrieden a Form vum Deputéierten, fir an den Débat anzegräifen.

Duerfir ass gesot ginn, datt elo duerch dës Änderung d'Parlament am Fong d'Méiglechkeet kritt, fir dann ze soen, an där Kommissioun kritt dann déi Partei - an dësem Fall déi gréng - zwee Memberen an d'Kommissioun eran. An da kéinte se ee Rapporteur maachen an ee kéint an den Débat agräifen.

Et gëtt dem Parlament och d'Méiglechkeet, am Kader vun der Opdeelung vun der Verschlëssselung tëschent de Parteien eventuell méi eng Flexibilitéit ze kréien. Zum Beispill, wa mer d'Opdeelung dës Kéier an der Chamber huelen, wou an all Kommissioun 13 Leit sinn, hätten déi gréng Kolleegen am Fong méi wéi een zegutt.

Se hätten also méi wéi een zegutt, mä se hunn awer een. Elo kann een och higoen, datt ee seet: Ma elo kréie se a verschidde Kommissiounen der zwee. An dann hätt een och global gesinn dem Schlëssel méi Rechnung gedroen. Doriwwer eraus kann natierlech och d'Parlament vun dem 14. Member ëmmer Gebrauch maachen, wann et et fir néideg fënnt.

Dann hu mer nach eng Änderung virgeholl, wat de Retrait vu Questiounen, Motiounen, Resolutiounen, Interpellatiounen an Débate vum Rôle ubelaangt.

Mir hunn an der leschter Legislaturperiod eist Reglement geännert, andeems mer am Fong ons eng Prozedur ginn hunn, fir Propositions de loi vum Rôle erofzehuelen, wann déi deponéiert si gi vun engem Deputéierten, deen zum Beispill net méi Member an dem Parlament duerno war. Mir haten ëmmer e Problem, déi stoungen um Rôle an da wousste mer net: Wéi kréie mer déi erof? An do hu mer eis an der leschter Legislaturperiod an eisem Reglement eng Prozedur ginn, wéi mer déi Propositions de loi da vum Rôle erofkréichen. Mä mir hunn dat net gemaach, wat d'Questiounen ubelaangt, wat d'Motiounen, d'Resolutiounen, d'Interpellatiounen an aner Débaten ubelaangt.

Mat dëser Reglementsännerung gi mer eis och déi Méiglechkeet, fir do e Retrait ze maachen. An zwar gëtt et do zwou Kategorien: Déi eng ass, wann een net méi an der Chamber ass, mä seng Partei ass awer nach an der Chamber vertrueden, da kann déi Partei e Retrait froen, fir datt et vum Rôle geholl gëtt. An doriwwer brauch se just d'Chamber a Kenntnis ze setzen.

Déi zweet Méiglechkeet ass, wann d'Partei an den Deputéierten net méi an der Chamber vertruede wieren, da géif op Propositioun vun der Presidentekonferenz d'Chamber décidéieren, fir eben déi Punkte vum Ordre du jour (veuillez lire: vum Rôle) erofzehuelen.

Dann hu mer nach festgehale fir d'Änderunge vum Chambersreglement: Do stoung bis elo dran, datt am Fong och fënnef Membere missten eng Propositioun maachen, fir datt eng Änderung vum Chambersreglement kéint gemaach ginn. Dir wësst, datt opgrond vun der Constitutioun all eenzelnen Deputéierte kann eng Proposition de loi deponéieren. Mä bei enger Änderung vum Chambersreglement stoung am Fong dran, datt dat der misste fënnef sinn.

Och dat gëtt geännert, andeems datt elo am Reglement festgehale ginn ass, datt all Kéiers en eenzelnen Deputéierte kann och eng Revisioun, eng partiell oder eng generell Änderung vun eisem Reglement virschloen.

Dat sinn déi néng Änderungen, déi elo an eisem Reglement proposéiert ginn unzehuelen. Déi Propositioune sinn alleguer eestëmmeg ugeholl ginn, just mat der Ausnahm vum Artikel 8 an dëser Propositioun, wou d'CSV sech enthalen huet, a si wäert dann am Kader vun dëser Debatt och selwer hir Enthalung bei dësem eenzelne Punkt hei erklären. Dat wieren, wéi gesot, déi Änderungen, déi ech der Chamber géif proposéieren ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers ageschriwwen. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, den Här Gast Gibéryen, de President vun der Reglementskommissioun, huet elo ganz ausféierlech a sengem schréftlechen a mëndleche Rapport d'Änderungen am Reglement virgedroen. Ech soen him dofir Merci an dat erlaabt mer och, net méi brauchen an den Detail vun deenen eenzelnen Dispositiounen ze goen. Et brauch ee jo net méi nach eng Kéier ze widderhuelen, wat schonn ee virdru ganz gutt gemaach huet.

Ech wëll awer dräi Punkten hei ervirhiewen. Deen éischte Punkt, dat ass deen, dass d'CSV mat deem gréissten Deel vun deenen Änderungen d'accord ass. Si ass d'accord mat allen Änderungen, déi virgeschloe sinn, ausser mat dem Artikel 8, deen den Artikel 17 vum Reglement ofännert. Dorop kommen ech och nach an engem extra Punkt zréck.

Mir begréisse ganz besonnesch och déi nei Dispositioune vun der Sektioun II, d'Modifikatiounen, déi de Sensibilités politiques méi Rechter ginn an hinnen eigentlech erlaben, hir Aarbecht an der Chamber gläichermoossen, d'selwecht wéi déi aner Fraktiounen och kënnen ze realiséieren, doduerch, dass hir Riedezäit op eng anstänneg Aart a Weis festgeluecht gëtt, dass se aner Rechter kréien an dass se och all politesch Instrumenter, déi der Chamber zur Verfügung stinn, kënnen och ausnotzen, wéi déi aner Parteien dat och kënne maachen. Also, mat där Dispositioun si mer ausdrécklech d'accord a mir begréissen déi och.

Da kommen ech zu mengem zweete Punkt, woumat mer net d'accord sinn. Et gëtt virgeschloen, den Artikel 17 vum Reglement vun der Chamber ze änneren duerch d'Erhéijung vun der Héchstzuel vun den Deputéierten, déi an enger permanenter Kommissioun kënne sinn. Déi Héchstzuel gëtt vun 13 op 14 eropgesat. Duerch déi Änderung, an do verweisen ech op den Exposé des motifs, soll ee Groupe politique, deen an enger Kommissioun nëmmen ee Member huet, deen dann och nach gläichzäiteg President vun där Kommissioun ass, en zweete Member kënne virschloen.

No dem Exposé des motifs géif dat dem Groupe politique erlaben, duerch deen zweete Member seng eege Positioun besser duerzeleeën, deen dann och am Numm vun deem Groupe politique kéint schwätzen, notamment wann de President Rapporteur vun engem Projet wär, zu deem e jo déi allgemeng Meenung vun der Kommissioun muss duerleeën, esou dass en eigentlech dann net d'Meenung vu sengem Groupe politique kéint virdroen.

Ech muss dozou soen, dass eigentlech déi Argumentatioun net ganz richteg ass. Well, wann een dat Zil wëllt erreechen, da gëtt et och aner Méiglechkeeten. Näischt verhënnert de President, dee Rapporteur ass vun engem Projet, dass en och am Numm vu sengem Groupe politique d'Wuert ergräift. Dat ass bei eis an der Partei an där leschter Legislaturperiod méi wéi eng Kéier geschitt, well et jo kloer ass, dass deen, dee Rapporteur ass, sech ausféierlech mam Projet ofginn huet an d'Situatioun besser kennt wéi vläicht iergendeen aneren, oder op jidde Fall se sollt besser kenne wéi een aneren. Also, de Président-rapporteur kéint och, allerdéngs net am Kader vum Rapport, mä an enger separater Stellungnahm, selwer d'Positioun vu senger Partei duerleeën.

Zweetens kéint och e Groupe politique, deen nëmmen ee Member an enger Kommissioun huet, en anere Member dohischécken als Observateur, deen d'Débate suivéiert, dee sech aschafft an deen dann och an der Plénière am Numm vu sengem Groupe politique d'Wuert géif ergräifen an d'Positioun vu sengem Groupe politique géif duerleeën. Et ass näischt, wat am Reglement verbitt, dass iergendeen Deputéierten, ob en an enger Kommissioun ass oder net, Stellung zu engem Punkt hëlt, ënnert der eenzeger Bedéngung, dass e mandatéiert ass vu sengem Groupe politique, fir dat och ze maachen.

Drëttens, duerch dee Virschlag, fir elo an eenzelne Fäll d'Zuel vun den Deputéierten an de Kommissiounen eropzesetzen, ginn eigentlech déi kloer Linnen, wéi se an engem Artikel vun der Chamber virgesi sinn, dee proportionell d'Opdeelung virgesäit no de Gréisste vun de Fraktiounen, zum Deel opginn. Heimat gi mer op en anere Wee. Mir erlaben, dass een eenzelne Grupp kann e Member nennen, an doduerch kann natierlech déi Proportionalitéit net noutwendegerweis och agehale ginn.

Ech ginn zou, den Här Gibéryen huet gesot: „déi gréng sinn net an alle Kommissioune proportionell zu hirer Gréisst vertrueden." Dat ass richteg. Mä dat ass awer e Problem, deen, dat muss ech awer soen, am Kader vun enger Solidaritéit tëschent de Regierungsparteien hätt kënne geléist ginn.

Ech verweisen do op d'Regelung, wéi et an der Gemeng üblech ass, dass do d'Parteien ënner sech kënne festleeën, wéi vill Leit déi eenzel, a wéi vill Kommissioune Leit geschéckt ginn, ouni dass dat ëmmer déiselwecht Zuel muss sinn. Hei hätt een och eng Léisung kënne fannen, wann d'Solidaritéit tëschent de Majoritéitsparteien e bësse méi grouss gewiescht wär, ouni déi maximal Zuel, déi d'Majoritéitsparteien hunn - bei 13 sinn dat siwe Memberen -, ouni dass do iergendeen Ofbroch geschitt wär.

Da liesen ech awer, an dat huet eis extra stutzeg gemaach, am Exposé des motifs deen heite Saz: «Il va sans dire que la Chambre, qui fixe le nombre de membres pour les commissions parlementaires (…) peut utiliser la nouvelle disposition générale dans d'autres cas de figure.»

Do hu mer eis gefrot: Wat heescht dat do? Hu mer hei net alles gesot kritt? Sinn hei nach Hannergedanken do, fir déi doten Dispositioun an anere Fäll unzewenden? Wat ass domat gemengt? Mir hunn net all Vertrauen an déi nei Majoritéit, dat verstitt Der.

(Brouhaha)

An dofir huet eis och dee Saz do stutzeg gemaach.

(Interruption et hilarité)

An dofir hu mer eis och gesot: Hei ass net alles gesot ginn. D'Reglement ass d'Gesetz vun der Chamber. D'Reglement muss kloer Linne festleeën a kann net dem Arbitraire an den dagdeeglechen Explikatiounen a jeeweilege Situatiounen ugepasst ginn. D'Reglement muss kloer sinn, an et muss kloer si vun Ufank bis zum Enn. Dat muss och kloer si während där ganzer Legislaturperiod. Et kann een net doran tripotéiere goen.

Dofir si mer och net d'accord mat där Ofännerung, déi am Artikel 8 virgesinn ass, déi den Artikel 17 Paragraph 2 vum Reglement ofännert.

D'CSV huet opgrond vun deenen Iwwerleeungen, déi ech hei virgedroen hunn, décidéiert, sech bei deem doten Artikel 8, deen den Artikel 17 vum Reglement ofännert, ze enthalen. Meng Partei verlaangt dofir och fir deen Artikel eng separat Ofstëmmung, wéi den Artikel 45 vum Reglement dat virgesäit.

Eng drëtt a lescht Remarque: An der Kommissioun ass d'Meenung opkomm, dass een aus verschiddene Grënn d'Reglement vun der Chamber deelweis soll iwwerschaffen. Et soll een et moderniséieren. Et ass notamment geschwat ginn, dass och endlech d'Parteien, déi de Wee bis an d'Verfassung fonnt hunn, déi an dem Wahlgesetz stinn, och endlech missten am Reglement erwähnt ginn, dass ee misst och definéieren, wat eng Partei dann duerstellt, wat eng Sensibilité politique ass an esou weider.

Et ass och geschwat gi vun de Mesures disciplinaires, déi souwisou, wa mer e Code de déontologie kréien, mussen ugepasst ginn. Dat sinn eng ganz Rei Ursaachen, firwat dass mer dat Reglement sollen op de Métier huelen an an deenen nächste Méint oder am Laf vun dësem Joer oder d'nächst Joer iwwerschaffen, et méi modern maachen, méi kohärent maachen an eventuell do, wou et muss sinn, och méi korrekt maachen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Meyers. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry ageschriwwen.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech verspriechen, dass et fir d'Lescht fir haut de Mëtteg ass, dass ech op déi Tribün hei trieden.

(Interruption)

Et weess een net, wat nach kënnt, dat ass vläicht och wouer, mä ech hunn op jidde Fall net wëlles, dat nach eng Kéier ze maachen.

Ech mengen, dass mer et hei wierklech mat enger dach méi déif gräifender Reform vun eiser interner Organisatioun hei als Chamber ze dinn hunn, sécherlech enger Etapp awer an der Entwécklung vum Lëtzebuerger Parlamentarismus.

Wann ech elo déi Begeeschterung gesinn hei, déi bis elo zudag komm ass, fir déi heite Punkten ofzeänneren, wonneren ech mech, dass dat net schonn éischter geschitt ass, well ech sinn effektiv der Meenung, dass dat heite Punkte sinn, déi ze ännere wierklech sinn, wat kee Muttwëll ass, dass mer eng Rei vun Adaptatioune vun eisem Reglement maachen, besonnesch och am Sënn vu méi Gläichheet hei, och wat d'Aktiounsméiglechkeete vun deenen eenzelne Komponente vun dëser Chamber ugeet a besonnesch och wat déi Parteien ugeet, déi keng Fraktiounsstäerkt hunn.

Et ass also schonn e wichtege Punkt, dee mer hei diskutéieren. A wéi gesot, et ass gutt ze gesinn, dass hei u sech awer, wat d'Stoussrichtung ugeet, elo eng Eestëmmegkeet schéngt ze bestoen.

E Reglement vun der Chamber muss jo eigentlech ëmmer versichen, zwou kontradiktoresch Iddie mateneen ze verbannen. Op där enger Säit ass et d'Suerg, dass eng breet demokratesch Debatt méiglech gëtt, dass all politesch Sensibilitéiten, all Fraktiounen all d'Instrumenter kréien, dass se déi Missioun, déi se vum Wieler kritt hunn, och kënne voll ausüben. Dat ass déi éischt Suerg. Dat muss eigentlech d'Haaptsuerg sinn.

Da gëtt et awer nach eng zweet Suerg, déi et an alle Parlamenter gëtt, déi och net ze verwerfen ass, dat ass natierlech, dass déi Aarbechten awer och effizient gestalt ginn, dass se kënnen uerdentlech lafen, op dat Wesentlecht sech konzentréieren. A kee wëllt eigentlech e Parlamentarismus hunn, dee voller Obstruktiounen ass, an deem d'Parlament eigentlech net an aller Serenitéit ka seng eigentlech Aarbecht maachen, sief et d'legislativ Aarbecht, sief et d'Kontrollfonctioun, déi et op d'Exekutiv huet.

An et ass och e bëssen dat Gläichgewiicht do ze halen tëschent der Suerg vun enger breeder Debatt, demokratescher Debatt an engem gewielte Parlament an awer och eng effizient Aarbecht ze leeschten, wat mer probéieren hei ze erreechen. Woubäi natierlech vläicht ëmmer, zumindest an der Vergaangenheet, d'Affinitéiten do vun der Majoritéit jeeweils éischter op dat Zweet geriicht war an d'Affinitéite vun der Oppositioun éischter op den éischte Souci geriicht waren.

Ech mengen, dass mer et elo fäerdegbruecht hunn, déi Korrekturen hei unzebréngen an eisem Reglement, déi néideg waren, well ech mengen, e puer Begrenzungen, déi mer agebaut hunn an dat Reglement, déi si jo och mat der Zäit ëmmer erëm opgelackert ginn. Et ass eigentlech ëmmer an déi dote Richtung gaange vun enger awer Gläichstellung vun de Fraktiounen, vun och der Stäerkung vun de Rechter vun den eenzelnen Deputéierten, déi schéngt mer och wichteg ze sinn. Alles dat ass iwwert déi lescht Jore lues a lues an déi dote Richtung weiderentwéckelt ginn, well einfach do Barrièren och dra waren, déi eigentlech haut net méi vill Sënn maachen.

Et ass och kloer, dass mer als LSAP-Fraktioun voll a ganz hannert deenen doten Ännerunge stinn. Déi nei Koalitioun an hir Fraktiounen hu se ugestouss no de leschte Wahlen. An ech sinn och frou, dass déi gréissten Oppositiounspartei, d'CSV, och do bis op ee Punkt matmécht. Mä do geet et jo net esou séier direkt ëm d'Rechter vu klenge Parteien, obwuel dat och ka spillen. Ech kommen herno als Äntwert op dem Här Meyers seng Ausféierungen nach eng Kéier gären op deen dote Punkt méi am Detail zréck.

Dës Reform vun eisem Reglement setzt op deenen essenzielle Punkten un, deenen névralgesche Punkte vun der Aarbecht vun den Deputéierten a vum Parlament. D'Riedezäit: Ech mengen, et ass wichteg, dass mer do déi minimal Riedezäit och de Sensibilités politiques garantéieren, well ee sécherlech net brauch stonnelaang ze schwätzen, mä awer sécherlech eng Rei vu Minutte brauch, fir déi essenziell Punkte vu Kritik oder Zoustëmmung hei ze formuléieren. Dat gëllt besonnesch och bei deene frequenteste Riedemodeller 0, 1 an 2, déi mir jo normalerweis hei an der Chamber gebrauchen. Dat gëllt och fir d'Zukunft fir d'Aktualitéitsstonn, fir déi och fënnef Minutte garantéiert ginn.

En zweete wichtege Schwéierpunkt, dat sinn d'Motiounen, d'Resolutiounen, d'Aktualitéitsstonn. Dat ass d'Méiglechkeet, fir Kommissiounssitzungen anzeberuffen, d'Méiglechkeet vum eenzelnen Deputéierten, fir niewent der Proposition de loi och eng Ofännerung vum Chambersreglement als Propositioun eranzeginn. Dat ass also immens wichteg, dass also och an Zukunft d'politesch Sensibilitéiten zum Beispill kënnen eng Kommissiounssitzung initiéieren an eng Aktualitéitsstonn och beantragen.

D'Vertrieder vun deene klenge Parteien, dat ass eng laang Fuerderung, sinn och an der Konferenz, an der Presidentekonferenz vertratt, zwar net mat Stëmmrecht, mä si sinn Observateur, si kënnen och do d'Wuert kréien. Och dat, mengen ech, ass wichteg, dass mer deen dote Punkt maachen, well awer d'Presidentekonferenz d'Aarbechte vun der Chamber organiséiert. Et ass also e ganz wichtegt Organ, bei deem et, mengen ech, och gutt ass, dass d'politesch Sensibilitéiten doranner och vertratt sinn.

Dat alles sinn an eisen Aen also Fortschrëtter, déi duerch deen heiten Text kommen. An eise Wonsch ass just, an ech mengen, déi Betraffe wëssen dat heibannen, dass ee bei där doter Fro och elo mat Aemooss un déi Saachen erugeet, dass een déi nei Instrumenter, déi eenzel Leit kréien, och geziilt selbstverständlech asetzt, Gebrauch dovunner mécht - soss brauche mer se net anzeféieren -, mä dat awer esou mécht, dass net déi Skeptiker, déi et sécherlech nach bei där enger oder anerer Säit gëtt, dass déi net Recht behalen a soen: „Ma, elo hu mer hei eppes gemaach, mat deem et herno eigentlech hei an der Chamber schwéier gëtt, nach uerdentlech ze schaffen."

Ech mengen, et ass genuch Vertrauen do an all d'Memberen hei vum Parlament, dass se déi doten Instrumenter richteg wäerten anzesetze wëssen.

Et sinn zwou Neierungen hei dran, déi net an deen dote Kontext erapasse vun der Stäerkung eigentlech vun de Rechter vum eenzelnen Deputéierte respektiv vun de politesche Sensibilitéiten. Et ass op där enger Säit d'Fro vun der Regelung vun dem Zréckzéie vu Froen, Motiounen, Resolutiounen, Interpellatiounen an aneres méi vun Deputéierten, déi net méi Member vun dëser Chamber sinn. Do kënnt elo eng Regelung dran, an ech mengen, et ass gutt, dass mer déi hunn. Dann ass dat och, géif ech soen, juristesch propper geregelt.

Eng lescht Ännerung, déi dran ass, dat ass déi - déi schéngt jo déi am meschte contestéiert vun allen Ännerungen heibannen ze sinn -, dat ass d'Eropsetzung vun der Maximalzuel vun de Kommissiounsmembere bei normale parlamentaresche Kommissioune vun haut 13 op 14.

Ech weess eigentlech net, wat dorunner stéiert! Et ka jo net d'Zuel 14 sinn. Et kann och net sinn, dass hei probéiert ginn ass, mat Transparenz ze schaffen an ze soen eigentlech (veuillez lire: dass hei probéiert gi wier, ouni Transparenz ze schaffen an ouni ze soen), firwat dass déi dote Propos kënnt, fir déi Zuel eropzesetzen.

Ech fannen, dass hei eigentlech éierlech virgaange ginn ass. An dofir sinn ech wierklech net mat d'accord mat deenen dach e bëssen Insinuatiounen, déi de Paul-Henri Meyers - et ass eigentlech net seng Gewunnecht bis elo gewiescht, mä e schéngt och do eng aner Kap ewell opzehunn - hei gemaach huet un d'Adress vun der Majoritéit. Mir maachen dat och net un d'Adress vun der Oppositioun!

Wéi gesot, déi Zuel 13 ass net wëssenschaftlech erschafft ginn an déi Zuel 14 ass net wëssenschaftlech erschafft ginn. Déi eng ass mir eigentlech esou gutt wéi déi aner. Mir hätten och kënne 15 virgesinn. Dat hätt eigentlech näischt un der Situatioun grondleeënd geännert.

Och ännert sech näischt drun, wéi d'Chamber Gebrauch mécht vun där Méiglechkeet do vun där maximaler Memberszuel vun de Kommissiounen. Och haut gëtt et keng Kritären, net ee Kritär an deem Chambersreglement, dee seet, wéi vill elo d'Membere vun deenen eenzelne Kommissioune sinn. Dat leet d'Chamber all Kéiers fest. Dat kann déiselwecht Zuel a sämtleche Kommissioune sinn; et kann awer och selbstverständlech vu Kommissioun zu Kommissioun verschidde sinn.

An der viregter Legislaturperiod zum Beispill war déi Zuel am Regelfall bei 12. Firwat 12? Well dat gutt gepasst huet op déi deemoleg Zesummesetzung vun der Chamber. Elo huet dës Majoritéit proposéiert, op 13 ze goen. Hei wëlle mer eis d'Méiglechkeet ginn, an eenzelne Fäll och kënnen, wéi dat och soss de Fall ass, op 14 ze goen. Och do ass d'Chamber bis elo ëmmer fräi.

Firwat soll elo dës Majoritéit mussen a prezise Kritäre festleeën, firwat se wëllt op 14 goen, wou et virdru méiglech war, ouni iergendwellech Kritären op 13 ze goen? Dat mécht jo eigentlech kee richtege Sënn. Also, vum Juristeschen ännert sech jo eigentlech d'Situatioun guer net, just, dass d'Zuel ännert: 14 anstatt vun 13.

Ech mengen, hei ass fairerweis net eigentlech eppes verstoppt ginn, et ass gesot ginn, hei kënne sech punktuell Problemer stellen an eenzelne Kommissioune mam Rapporteur, wann eng Fraktioun nëmmen ee Vertrieder dran huet, de President-rapporteur. Dat engt natierlech do d'Méiglechkeete vun där Fraktioun an.

Derbäi kënnt an deem prezise Fall, dass déi gréng Fraktioun wierklech par rapport zu allen anere Fraktiounen ënnerrepresentéiert ass. Par rapport zu allen! Par rapport zu de Sensibilités politiques, déi eigentlech, wa mer eist eegent Reglement géife strikt applizéieren, a kenger Kommissioun à la rigueur kéinte vertratt sinn, well d'Proportionalitéit ëmmer pro Kommissioun gekuckt gëtt. A mat dräi Sëtz an 13 oder 14 Memberen huet een eigentlech net onbedéngt ee Vertrieder zegutt. Mir sinn ni op deen dote Wee gaangen, glécklecherweis. Ech mengen, et sollt een och net op esou e Wee goen.

Mä ech soen awer nëmmen einfach: déi gréng, momentan - ech bekräische se net, mä et ass e Fakt -, et ass e Fakt, dass si par rapport zu enger CSV, par rapport zu enger LSAP, zu enger DP a par rapport zu de Sensibilités politiques ënnervertratt sinn an deem aktuelle Schlëssel gerechent op 13 Memberen. Esou dass et fir eis, mengen ech, net abwegeg ass, fir ze soen, do kënne mer e Schratt méi wäit goen a punktuell décidéieren hei - dat muss eng gemeinsam Décisioun vun der Chamber ginn, si muss natierlech net eestëmmeg geholl sinn, mä et muss awer hei diskutéiert ginn an der Chamber -, dass mer bei de Kommissiounen, wéi dat och an der Vergaangenheet de Fall war, bei 13 kënnen décidéieren, op 14 eropzegoen.

Ech mengen, dass also vun der ganzer Prozedur hier, vun der Motivatioun sech guer näischt ännert par rapport zu deem, wat mer haut am Reglement hunn a wat bis elo ni contestéiert war vun iergendenger Fraktioun heibannen, och net vun der CSV. An dofir mengen ech, dass een op deen dote Wee soll goen, well et eng Rei vun Argumenter gëtt, dat ze maachen.

Awer do gëllt och mäi Rotschlag, deen ech virdrun un d'Sensibilitéite geriicht hunn, wat déi nei Instrumenter ugeet, och als Rotschlag un d'Majoritéit, mat där doter Méiglechkeet wierklech spuersam a vernünfteg ëmzegoen. Esou gëllt et fir all Regel, déi ee sech gëtt: Et soll een ni probéieren, iwwert d'Zil erauszegoen, an et soll een dat dote wierklech no Reflexioune mat Aemooss asetzen. An et ass an deem Sënn, wou mer als LSAP déi sämtlech Modifikatioune vun dem Reglement och wäerte stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. An d'Wuert huet den Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Am Koalitiounsaccord, do stinn direkt am Préambule e puer grouss Prinzipien, déi do festgehale sinn, wéi déi nei Regierung, wéi déi nei Majoritéit wëllt Politik maachen. Do geet ënner anerem Rieds, datt ee wëllt eng Politik maachen op eng transparent Aart a Weis, datt een d'Bierger besser wëllt informéieren, datt een - fir elo net grouss Sprëch ze zitéieren - méi Demokratie wëllt woen an och nei Weeër an där Hinsicht wëllt goen, eben och fir d'Vertraue bei de Bierger nei opzebauen a mat hinne kënnen dann och Décisiounen ze huelen.

Et kann ee Beispiller huelen. Zum Beispill de Pressebriefing freides nom Regierungsrot, wou ëmmer en détail d'Leit informéiert ginn, wou och verschidde Regierungsmemberen da präsent sinn, fir kënnen déi eenzel Punkten ze presentéieren. Ech denken un d'Referenden, déi fir 2015 och virgesi sinn. An ech mengen, déi Virsätz vun Transparenz, vu jiddweree méi an den demokratesche Prozess abannen, dat ass eigentlech och déi Guideline, déi sech d'Majoritéit hei an der Chamber ginn huet. Méi speziell, fir eben dann och hei bei eis, an eisem Haus hei kënnen all d'Deputéiert méi op eng - wéi soll ech soen? - op méi eng grouss a méi eng demokratesch Aart a Weis matanzebannen an d'Aarbechte vun der Chamber, awer och hinne méi Méiglechkeeten ze ginn, fir hir Iddien zum Débat anzebréngen.

Ech mengen, et ass eng Saach, déi mer och ganz schnell gemaach hunn. D'Majoritéit an der Chamber huet schnell reagéiert. Innerhalb vu manner wéi zwee Méint hu mer elo hei déi Dispositiounen, déi eis wichteg waren, an d'Reglement agesat. An ech wäert elo net méi op all Dispositioun agoen. Ech mengen, de Rap-

porteur, deem ech och wéilt Merci soen, deen hei en ausféierleche Rapport gemaach huet, huet och déi Saachen, déi wichteg Saachen oder all Punkten opgezielt.

Vläicht zwou, dräi Kategorien awer, déi a mengen Ae wichteg sinn. Op där enger Säit ass et esou, datt d'Riedezäit erweidert gëtt. Dat heescht, datt eigentlech och d'Méiglechkeet ass fir déi Deputéiert, déi an enger Sensibilité politique sinn, datt déi méi Riedezäit hunn, fir ebe kënnen e Sujet ze développéieren, fir besser kënnen hir Iddien duerzestellen.

En anere Punkt, dee mer wichteg schéngt, dat ass, datt een och déi individuell parlamentaresch Initiativ fundamental erweidert. Virdru war et esou, datt een eben huet missen Ënnerschréfte sammele goen, fir datt een der fënnef hat fir eng Motioun, eng Resolutioun kënnen zum Beispill anzebréngen. Ech mengen, dat ass fir mech e ganz wichtege Punkt, mä generell, datt wierklech d'Initiativ vum eenzelnen Deputéierten hei ënnerstëtzt gëtt, datt een also och mat enger Ënnerschréft kann an Zukunft esou Saache maache wéi Motiounen hei an der Chamber, am Parlament abréngen.

Eng aner wichteg Kategorie ass déi ebe vun der Méiglechkeet, datt och d'Deputéiert vun de Sensibilités politiques kënnen an déi eenzel Kommissioune goen, fir do dann och kënnen ze participéieren.

Et sinn och Saachen, déi net am Reglement stinn, déi mer awer och an der Praxis schonn ëmsetzen. Ech denken do zum Beispill drun, datt och Membere vun de Sensibilités politiques kënne mat an déi international parlamentaresch Assembléeë goen. Fir praktesch all déi international parlamentaresch Assembléeën hu mer Membere vun de Sensibilités politiques, déi do kënne matgoen.

Mir hunn och zum Beispill agefouert, datt kënnen d'Deputéiert vun der Oppositioun respektiv vun de Sensibilités politiques Rapporte maache vu Projets de loi; wa se dat wëllen. Also einfach d'Iddi, d'Démarche vun der Majoritéit och hei am Parlament, fir esou wäit wéi méiglech d'Deputéiert och vun de Sensibilités politiques, vun deene klenge Parteie mat an déi politesch Aarbecht anzebannen an hinnen och d'Méiglechkeet ze ginn, sech kënnen auszedrécken.

Ee Punkt war an der Kommissioun, deen e bësse méi diskutéiert ginn ass, an de Spriecher vun der CSV, de Paul-Henri Meyers, huet dat jo och schonn aus senger Vue oder aus der Vue vu senger Partei - d'Problematik, wéi si se gesinn - duergestallt. Dat ass eben d'Zuel vun den Deputéierten a verschiddene Kommissiounen, wou mer drageschriwwen hunn, datt déi ka bis 14 Deputéiert goen. Den Alex Bodry huet aus dem juristesche Point de vue dat hei och en long et en large kommentéiert, esou datt ech eigentlech alles nëmme kann ënnersträichen.

Ech mengen, wann een déi Démarche hëlt a seet, mir kucken, fir e mathematesch representative Modell ze huele fir d'Zuel vun den Deputéierten an de Kommissiounen, da gëtt et ganz schwéier. Well egal wat fir ee Modell een hëlt, do gëtt et der och am Ausland, da komme mer awer ni op eng perfekt mathematesch representativ Representatioun an do fënnt ee kee wëssenschaftlech exakte Modell.

Dat ass elo net esou, dat war och an der Vergaangenheet ni de Fall. Dat kann een eventuell aus der Siicht vun der Oppositioun als net adequat emfannen. Mä awer och - et ass och scho gesot ginn -, awer och eigentlech d'Parteien aus der Majoritéit, wéi zum Beispill déi gréng, kéinten et, wann ee reng mathematesch kuckt, contestéieren a soen, datt se ënnerrepresentéiert wieren.

Ouni déi Diskussioun elo virunzeféieren, wat dann elo dee richtege mathematesche Modell ass, fir mech ass et eigentlech wichteg oder fir meng Fraktioun ass et wichteg, datt déi politesch Verhältnisser, déi vum Wieler gewënscht waren, sech och mussen an de Kommissiounen erëmspigelen, datt eng Majoritéit awer muss eng Majoritéit bleiwen. An datt een och effektiv fir spezifesch Situatiounen, wéi zum Beispill, wou dann e grénge Minister e Projet déposéiert huet oder wou e gréngen Deputéierte Rapporteur ass, datt een do awer d'Méiglechkeet gëtt, datt nach en zousätzlechen Deputéierten och kann am Débat ënner engem anere Label, ënner engem aneren Hutt wéi Rapporteur intervenéieren.

Voilà, ech mengen, dat sinn déi grouss Akzenter, déi mer op alle Fall gesinn als en Zeeche vun Ouverture a vu méi Demokratie, och hei an der Chamber. Et bleift an deem Chambersreglement natierlech nach déi eng oder aner Problematik bestoen, déi een an Zukunft muss an Ugréff huelen.

Ënner anerem hate mer d'Diskussioun vun de Sensibilités politiques, wéi een déi genau soll definéieren. Mir hunn do keng ideal Formulatioun bis elo nach fonnt, mä mir hu jo an den nächste Wochen a Méint Zäit, fir do nach eng Kéier e bëssen an eist Reglement eranzekucken. An dat ass jo dat, wat ee feststellt, wann een esou e Reglement kuckt.

Ech muss och éierlech soen, datt ech an deene Jore virdru mech ni esou mat deem Reglement beschäftegt hunn. Wou ech elo Member sinn an der Kommissioun an et dann e bëssen esou duerchkucken, da gesäit een awer, da spiert een, datt do dat esou e bëssen zesummegewuess ass. All Kéiers an all Legislatur ass vläicht déi eng oder aner Saach derbäikomm an et ass net ëmmer en homogeent Ganzt, esou datt een also och do eng Kéier sech soll de Virsaz huelen, fir et eng Kéier komplett, ganz nei ze iwwerschaffen. Dat ass sécherlech eng grouss Aufgab, déi een och kéint an Ugréff huelen, fir datt ee vläicht dann och an deenen nächste Joren eng Kéier méi en homogeent Reglement wäert dann um Dësch leien hunn.

Déi puer Bemierkunge gemaach, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu dëse Modifikatiounen zum Reglement erabréngen.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Als nächst Riednerin ass ageschriwwen: d'Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, Merci dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport. Awer och Merci alle Membere vun der Reglementskommissioun, well ech denken, datt mer alleguerte séier a konstruktiv geschafft hunn. A mir hunn a ganz wéineger Zäit eigentlech elo hei eppes virleien, wat mer ofstëmmen, wat awer substanziell ass.

D'Kommissioun huet sech schonns den 9. Dezember eng éischte Kéier versammelt, fir genau iwwert déi heite Modifikatioun zesummenzekommen. D'Haaptzil vun dëser Proposition de modification ass et, jiddwer gewieltem Deputéierten, an dëst onofhängeg vun der Appartenance zu engem Groupe politique oder engem Groupe technique oder enger Sensibilité politique, déi Méiglechkeeten ze ginn, déi e brauch, fir seng parlamentaresch Aarbecht uerdentlech ze maachen.

Et geet drëms, datt all politesch Orientatioun oder Courant politique seng politesch Positioun zu dem Débat am Plenum an an de Kommissioune kann ausdrécken.

Do gëtt et verschidde Punkten zur Riedezäit am Plenum. Dozou gehéiert notamment d'Zäit, fir seng Positioun ze entwéckelen. An dëst kann ee manifestement net an 2,5 Minutten, op alle Fall net ëmmer.

Der grénger Fraktioun ass et wichteg, datt mer Debatten am Plenum féieren, déi sécherlech kontrovers bleiwen, mä déi awer fair oflafen. An zur Fairheet gehéiert eben och d'Zäit, fir sech auszedrécken. Déi Formule, déi am Konsens fonnt ginn ass, stellt ons zefridden.

Zum Droit d'initiative: An Zukunft wäerte mer net méi brauchen (veuillez lire: wäerte mer nëmme méi brauchen) eng Ënnerschréft ze ginn, fir iwwerhaapt emol d'Recevabilitéit vun enger Motioun oder enger Resolutioun oder enger Proposition de modification de règlement ze erméiglechen. Dat wor an onsen Aen eng lästeg Virgehensweis, virun allem fir deen, deen huet missen op d'Sich no Ënnerschréfte goen. Och dat ass elo eriwwer. All Deputéierten ass autonom a selwer verantwortlech fir seng Initiativen. An och dat begréisse mir Gréng ausdrécklech.

Dann zum Droit de participer aux débats: All Deputéierte vun enger Sensibilité politique, deen net Membre effectif vun enger üblecher Kommissioun ass, dierf elo net nëmmen derbäi sinn, mä och sech un den Debatte bedeelegen. Domadder ass garantéiert, datt all politesch Orientatioun e Recht huet, u politeschen Debatten ze participéieren. Datselwecht zielt fir d'Conférence des Présidents, an dat ass och gutt esou.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mir sinn als Gréng immens frou, datt dës Ännerungen endlech stattfannen a mir kënnen ons eigentlech nëmmen de Wierder vum Här Bodry uschléissen: „Firwat ass dat net éischter gemaach ginn?"

Méi Participatioun u politeschen Debatte schuet der Saach nämlech net. Bien au contraire! Mir fannen, datt - toute proportion gardée natierlech - Pluralitéit an der Politik der politescher Debatt nëmmen dénge kann. Dës Ofännerung ka fir ons alleguerten nëmmen eng Plus-value vun onser Aarbecht bedeiten.

An à propos „proportion gardée": Dat ass d'Stéchwuert fir ons Positioun zum Artikel 8, deen erméiglecht, d'maximal Zuel vun de Memberen aus de Kommissioune vun 13 op 14 eropzehuelen, net well mer abergläubeg sinn, mä effektiv well déi gréng Fraktioun mat engem Member an alle Kommissiounen ënnervertrueden ass. D'Méiglechkeet, déi domadder geschafe gëtt fir déi gréng Fraktioun an de Kommissiounen, do wou se d'Présidence huet respektiv wou si d'office e Rapport ze schreiwe kritt, dréit dëser Ënnervertriedung Rechnung.

Finalement si mer ons eens, datt mer eng Refonte en profondeur vum Chambersgesetz mussen ugoen. Eng Viraarbecht ass amgaangen an der Chamber vun de Mataarbechter gemaach ze ginn, ier d'Reglementskommissioun sech där Aarbecht da wäert unhuelen. Och hei stëmme mer enger éischter Verbesserung vum Chambersreglement a Saache méi a besser Participatioun vu senge Memberen zou. Och hei läit nach Aarbecht u fir d'Reglementskommissioun. Mir wäerten ons dëser Aarbecht an deenen nächste Joren unhuelen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Loschetter. Leschten agedroene Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Mir sinn als déi Lénk der Meenung, dass dat, wat mer elo stëmme wäerten, e wichtege Schrack duerstellt fir d'Unerkennung vun de politesche Realitéiten hei an der Chamber.

Et ass e wäiten, net ëmmer gradlinnege Wee vun der Chambertrapebesetzung vun 1989, der origineller Aktioun vun den deemolegen Deputés non inscrits, bis heihin. 1990 sinn du fir déi bis dohin Non inscrits - et waren dat d'Deputéiert vu Fënnef Sechstel, GAP, GLEI a KPL - fir déi éischte Kéier eege Rechter agefouert ginn. D'Begréffer vun „groupe technique" an „sensibilité politique" sinn deemools agefouert ginn.

De Groupe technique ass awer deemools scho vum Deputéierten André Hoffmann 1990 kritiséiert ginn, an zwar andeems en drop higewisen huet, dass e Groupe technique eigentlech contraire ass zu eiser Verfassung, nämlech zum Prinzip, deen am Artikel 51, mengen ech, festgehalen ass, dass d'Deputéiert gewielt ginn op Lëschten, déi sech Wahle presentéieren, an dass et eigentlech guer kenger politescher Realitéit entsprécht, wann ee Leit forcéiert - oder „humiliéiert", wéi den Änder Hoffmann sech deemools ausgedréckt huet -, andeems ee vun hinne verlaangt, dass se sech an engem Groupe technique sollen zesummendinn.

Ech wonnere mech dofir eigentlech, dass déi Iddi vum Groupe technique elo nach ëmmer ronderëmgeeschtert, zum Beispill wa vun der SREL-Kontrollkommissioun Rieds geet.

D'Sensibilités politiques sinn deem Prinzip scho méi no komm. D'Sensibilités politiques hunn deemools och hir eegen Existenz kritt iwwert de Wee vun der Festsetzung vun hirer Riedezäit, déi deemools nach bei Projets de loi ganz beträchtlech war: eng Stonn bei engem Deputéierten, deemools. Aner Parteien hate bis zu véier Riedner zu engem Projet de loi.

2000 ass dunn d'Riedezäit beträchtlech erofgesat ginn, huet awer ëmmerhin nach vill méi bedroe wéi dat, wat mer déi lescht Zäit kannt hunn. 2007 ass d'Riedezäit dunn op dee lamentabelen Niveau vun e puer Minutte fir een Deputéierten erofgesat ginn, mat deem mer eis déi lescht Jore leider hu missen erëmklappen.

Deemools, wëll ech just pour la petite histoire hei soen, war den Här Jaerling beim ADR ausgetratt an den Här Gibéryen war Rapporteur vun deem Projet. Déi Lénk waren déizäit net an der Chamber. Mer waren awer no 2009 déi Haaptleidtragend vun deem Prinzip.

Déi Reglementsännerung vun haut bedeit fir d'Sensibilités politiques, dass se méi Rechter kréien an dass hir Rechter méi staark un déi vun de politesche Gruppen ugepasst ginn. Wat heescht: Éischtens, si kënnen als Observateur d'office un all Kommissiounssitzung deelhuelen, wou se net stëmmberechtegt souwisou sinn, a si kënnen och do d'office d'Wuert ergräifen.

Fir Mëssverständnisser ze vermeiden, virun allem dobaussen, wëll ech hei awer betounen, dass se kee Jeton derbäikréien. Wat awer zum Beispill eis als déi Lénk net drun hënnert, fir äifreg elo schonn eis nei Rechter ze notzen an un esou Kommissiounssitzungen aktiv deelzehuelen.

Zweetens, eng Sensibilité politique däerf froen, dass eng Kommissioun zesummekënnt, fir iwwer e Sujet ze diskutéieren.

Drëttens, eng Sensibilité politique däerf als Observateur un der Presidentekonferenz deelhuelen; wat mer zënter enger Zäit och scho kënne maachen. Well jo do d'Aarbechte vun der Chamber organiséiert ginn. Natierlech och hei ouni Jeton.

Véiertens ginn endlech Sockele bei de Riedezäiten agefouert, déi eng anstänneg Interventioun méiglech maachen. Besonnesch muss ech awer betounen: Bei deene klenge Modeller ass dat ganz kloer de Fall. An déi kleng Modeller sinn awer déi, déi bei deene meeschten Diskussiounen hei ugewent ginn. An, ech mengen, domat ass am Wesentlechen an a ganz ville Fäll dat eriwwer, wat den Änder Hoffmann schonn 2000 an duerno ëmmer erëm als „Chronometer-Demokratie" bezeechent huet an enger grondsätzlecher Kritik ënnerworf huet.

Fënneftens kënne mer elo eng Heure d'actualité froen, wat eng wichteg Méiglechkeet ass, aktuell Debatten unzereegen. Natierlech, esou wéi dat och bei de Groupes politiques de Fall ass, nëmme wann d'Presidentekonferenz domat d'accord ass.

Eng aner wichteg Neierung ass, dass fir eenzel Deputéiert eng Rei vu Verbesserunge kommen: Éischtens kënnen eenzel Deputéiert elo Motiounen oder Resolutioune mat hirem eegenen Numm eraginn, ouni dass se mussen enger anerer Oppositiounspartei oder aneren Oppositiounsdeputéierten nolafen, fir hir Pro-forma-Ënnerschréft ze kréien, gewëssermoossen eng „signature technique pour raisons de démocratie". Dat ass domat och eriwwer.

Zweetens kann och een Deputéierten eleng eng Proposition de modification vum Reglement erareechen, wéi een dat jo och scho bei Propositions de loi ka maachen.

Här President, wat ech elo beschriwwen hunn, ass net wéineg. Et ass awer nëmmen eng endlech Unerkennung vu wichtegen demokratesche Prinzipien. Mir wëssen och, dass d'Chambersreglement soll nach global iwwerschafft ginn.

E puer Froe bleiwen nach ze klären am Sënn vun enger vollstänneger Gläichstellung vun de politesche Parteien an Deputéierten an der Chamber, an och iwwert de Wee zum Beispill vun enger Neidefinitioun vun esou Begréffer wéi „sensibilité politique" oder „groupe politique".

Mir mengen och, dass sech eng ganz wesentlech Fro nach stellt, wat den demokrateschen, transparente Funktionement vun der Chamber ugeet. An ech wëll do den Här Ben Fayot zitéieren, deen 2007, awer deemools a sengem perséinlechen Numm, gesot huet: „Ech war zéng Joer an engem Parlament", gemengt ass d'Europaparlament, „wou all Kommissiounssitzung ëffentlech war, wou d'Press derbäi war, wou Assistenten, Attachéen derbäi waren a wou ganz hefteg diskutéiert ginn ass." Hien huet sech deemools also méi Ëffentlechkeet a méi Participatioun bei der Kommissiounsaarbecht gewënscht. Den Här Bausch vun deene Gréngen huet doropshi gesot, seng Fraktioun géif zu honnert Prozent dem Här Fayot seng perséinlech Meenung deelen. A wie weess, Här President, vläicht ergi sech jo nach ronderëm deen Thema elo eng Rei vun neie Méiglechkeeten!

Zum Schluss wëll ech e bëssen anticipéieren an Iech soen, dass ech heimadder zu dëser demokratescher Reform vum Chambersreglement den Accord vun eisem Groupe politique ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun. Den Här Paul-Henri Meyers huet am Numm vun der CSV-Fraktioun op Basis vum Artikel 45 vum Chambersreglement e Vote séparé iwwert den Artikel 8 gefrot. Ech géif dofir och proposéieren, fir elo direkt doriwwer ofzestëmmen.

Vote séparé sur l'article 8 de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644

Ech stellen also d'Fro, wien d'accord ass mat dem Artikel 8 a senger neier Form, dee géif mat Jo stëmmen, an dee wéi d'CSV der Meenung ass, dass ee sech do sollt enthalen, dee géif sech dee Moment enthalen.

Sou, de Vote ass lancéiert. De Quorum ass erreecht. D'Procuratioun. Ech ginn dovun aus, dass de Vote eriwwer ass.

Et hu mat de Procuratioune sech 59 Deputéiert um Vote bedeelegt. Mat Jo hu gestëmmt 37 Deputéiert. 22 hu sech enthalen.

Ech ka jo dovun ausgoen, dass d'Abstentioun motivéiert ass. Domat wär dann den Artikel 8 ugeholl. Mir hätten also een Deel vun den Änneruge schonn ugeholl.

Résultat définitif après redressement: l'article 8 de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644 est adopté par 37 voix pour et 23 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Christiane Wickler), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz).

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644

Ech géif Iech da bieden, iwwert den Ensembel vun den Änneruungsvirschléi ofzestëmmen an ech géif direkt och de Vote lancéieren. De Quorum ass erreecht. D'Procuratiounen. Ech gesinn, de Vote ass ofgeschloss.

59 Deputéiert mat de Procuratiounen hu sech um Vote bedeelegt. Mat Jo hunn 38 Deputéiert ofgestëmmt an et hu sech nach 21 Deputéiert enthalen. Ech ginn dann dovun aus, dass dat esou ass. Et ännert och net vill, esou dass mer dat dann esou gëlle loossen.

Résultat définitif après redressement: l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644 est adopté par 37 voix pour et 23 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, et Michel Wolter (par M. Marc Spautz).

Och hei, vu dass et eis Initiativ ass, brauch ech d'Fro net no der Dispens ze stellen. Mir sinn awer duerchaus bereet, eng Rectification de vote nach ze maachen, wann dat gewënscht wär. Mä ech mengen emol, dat ass net de Fall.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et geet ëm de Projet 6596 iwwert d'Prêten un den Internationale Währungsfong. D'Riedezäit…

(Interruptions)

Wann ech gelift, mir ware bis elo ganz disziplinéiert. Kommt, mir bleiwen et och!

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An den honorabelen Här Marc Hansen, Rapporteur vun dësem Gesetz, huet d'Wuert. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Gibéryen an den Här Turpel.

8. 6596 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à octroyer au Fonds Monétaire International des prêts remboursables pour un montant maximum équivalent à 2,06 milliards d'euros

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Marc Hansen *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, iwwert dee mer elo schwätzen, ass e Gesetz, wat der Regierung d'Erlaabnis gëtt, fir dem FMI, dem Fonds Monétaire International, dem Internationale Währungsfong also, e bilaterale Prêt ze accordéieren, an dat an der Héicht vun 2,06 Milliarden.

2,06 Milliarden, ech mengen, dat si vill Suen. An ier ech op den Text selwer géif agoen, géif ech nach eng Kéier de Kontext erklären, wéi et iwwerhaapt zu dësem Gesetzesprojet koum.

Am Joer 2011, a besonnesch um Enn vun deem Joer - a mir erënneren ons heibannen alleguerten dorunner -, hate mer an der Europäescher Währungsunioun eng zolidd Schlden- a Vertrauenskris an et ass souguer an der ëffentlecher Diskussioun an an de Medie vill iwwert de Fortbestand vum Euro oder souguer iwwert deem engen oder anere Member aus der Eurozon säi Fortbestand diskutéiert ginn. An dat natierlech mat deenen dramatesche Suiten, wat dat deemools mat sech bruecht hätt.

Fir deem deemools entgéintzewierken hunn d'Stats- an d'Regierungschefen op hirem europäesche Sommet vum 8. an 9. Dezember 2011 e ganze Koup u konkrete Mesuren décidéiert.

De 14. Dezember vun deem Joer ass den deemolege Premier, de Jean-Claude Juncker, hei an d'Chamber komm an en huet an enger Deklaratioun den Deputéierten d'Saach ausenanergeluecht.

A senger Ried huet deemools de Jean-Claude Juncker zu Recht drop higewisen, dass een dee Moment - nom Sommet an den do décidéierte Mesuren - nach laang net um Enn vum Tunnel wär, mä dass een op deem europäesche Sommet, an ech zitéieren elo d'Ried vum Jean-Claude Juncker vun deemools: „d'Schafung vun deenen noutwendege Grondviraussetzungen, déi ee brauch, fir Schrëtt fir Schrëtt, am Kader vun engem sech op laang Zäit hinzéiende Prozess, mat där Kris fäerdeg ze ginn", realiséiert hätt.

An der Deklaratioun huet den deemolege Premier och d'Opstocke vun de Ressourcë vum Internationale Währungsfong an der Héicht vun 150 Milliarden duerch d'Eurostaten als eng vun den décidéierte Mesurë presentéiert an en ass dovunner ausgaangen, dass d'Obligatiounen, déi op Lëtzebuerg géifen duerkommen, zwëschen 1,5 an 2 Milliarden Euro géife leien an dass ee sech an deene Méint duerno géif iwwerleeën, wéi een dat op der Lëtzebuerger Säit géif arrangéieren.

An der Chamber gouf dunn de Premier deemools gréisstendeels ënnerstëtzt an den 22. Juli 2013 huet de Finanzminister Luc Frieden de Projet de loi déposéiert, dee mer haut um Ordre du jour stoen hunn.

Fir Lëtzebuerg heescht dat also, 2,06 Milliarden zu deenen insgesamt 150 Milliarde bäizesteieren, a mir sinn da vun deenen 13 Länner, déi sech bereet erklärt hunn, dat lescht Land, wat de bilateralen Accord aktivéiert.

Et kann ee vläicht nach op dëser Plaz ënnersträichen, wat och an der Kommissioun gesot ginn ass, dass et am Fong eng gutt Initiativ war, fir den FMI mat an dës Operatioun eranzehuelen, well dat natierlech iwwert d'Eurostaten eraus och nach eng vill méi staark Implikatioun vun aneren Acteure mat sech géif zéien an een natierlech och vum Know-how an de Kompetenze vun dem FMI kéint profitéieren.

Esou vill zum Kontext. Iwwert de Gesetzestext selwer dann och nach e puer Explikatiounen op dëser Plaz.

Wéi fonctionnéiert et iwwerhaapt, dass mir 2,06 Milliarde mussen opbréngen?

Abee, d'Participatioun vun all Land un deenen 150 Milliarde gëtt berechent proportionell zu der Quote-part, déi dat respektiivt Land am Kapital vum FMI huet.

Fir et graff ze résuméieren, well dat eis soss ze vill wäit géif féieren: Déi Quote-parten, déi am Prinzip proportionell sinn zu dem Gewiicht vun engem Land an der Weltekonomie, gi regelméisseg iwwerschafft an och no Formele berechent, déi de PIB, awer och aner Facteure mat a Betruecht huelen. Eise staarke Finanzsecteur beaflosst d'Berechne vun där Quote-part natierlech ganz zolidd.

Egal wéi d'Formelen dann och elo sinn, am Moment leie mir bei enger Quote-part vun 0,277 am FMI an dat bedeit ëmgerechent, dass mer vun deenen 150 Milliarden 1,37% bezuele mussen, am Kloertext also déi 2,06 Milliarden, déi mer haut um Menü stoen hunn.

Fir Iech nach e puer Beispiller aus der Tabell vun deenen 13 Länner ze zitéieren: Däitschland bezilt vun deenen 150 Milliarden 41,5 Milliarden, Frankräich huet der 31 ze bréngen an d'Belsch 9,99. Op där anerer Säit vun der Tabell hu mer Malta mat 0,26 Milliarden, Zypern 0,48 an d'Slowenen 0,91.

Wéi sinn elo d'Modalitéite vun deem Prêt?

Am Fong geholl ass dee Prêt kee richtege Prêt en tant que tel, mä eng Ligne de crédit, déi den Internationale Währungsfong zur Verfügung huet an déi de Fong esou kann unzapen, wéi hien d'Besoinen huet. D'Trésorerie vum Stat géif d'Suen transferéieren op de Kont vum FMI bei der Zentralbank.

Déi allerwichtegst Fro ass natierlech déi: Wéi héich ass d'Probabilitéit, dass den FMI déi Suen iwwerhaapt brauch? D'Äntwert ass: relativ niddreg bis onwahrscheinlech.

Ier nämlech den FMI op dëse bilateralen Accord zréckgräift, dee mer haut hei op dem Ordre du jour stoen hunn, huet en nach vill méi staark Moyenen zur Verfügung, déi en am Fall vun engem Besoin géif gebrauchen. An éischter Linn ass dat d'Basiskapital vum FMI, mat de multilateralen Accorden, déi den FMI huet, déi do hannendrukommen. An eréischt ganz zum Schluss, op der drëtter Plaz kéimen dann déi bilateral Accorden, wéi och haut Lëtzebuerg een décidéiert.

De Spezialisten no ass d'Probabilitéit deemno ganz kleng, dass et iwwerhaapt eemol zu där Situatioun kënnt. A wann et dann de Fall iwwerhaapt géif ginn, wär et och nach net sécher, dass et iwwerhaapt déi 2,06 Milliarden insgesamt géif ginn. Et muss een natierlech och derbäisoen, wann et eng Kéier zu deem Fall kéim, dass mer déi 2,06 Milliarde géife brauchen, géif dat implicitement och heeschen, dass wahrscheinlech déi 150 Milliarden, déi aner, och géife gebraucht ginn. An dann hätte mer schonn dramatesch Situatiounen, iwwert déi mer missten diskutéieren.

Weider Modalitéiten, déi zu dësem Accord gehéieren, sinn déi, dass den Accord mat de Verlängerungen dra bis maximal véier Joer dauert. An den Zënstaux, ech ginn och do net am Detail drop an, mä deen ass un d'DTS, d'Droits de tirage spéciaux gekoppelt, gëtt ëmmer erëm op en Neits gerechent an en hätt déi lescht Woch bei 0,13% geleeën.

De Statsrot dann, deen hat mam eenzegen Artikel aus dem Gesetz kee Problem, wat de Fong ugeet, ma éischter wat d'Formulatioun ugeet. Mir hunn dann och an der Finanzkommissioun d'Textpropos vun dem Statsrot ugeholl an de Rapport gouf unanime gestëmmt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn dann domadder hei och den Accord vu menger Fraktioun an ech proposéieren der Chamber, de Projet ze ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Hansen. Den Här Roth, deen ech nach net op der Lëscht hat, mä wou ech awer gemengt hat, dee géif sech zu Wuert mellen: Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, dass et séier geet, Här President. Ech wéilt dem Rapporteur, dem Här Hansen, Merci soe fir säi schréftlechen, awer och mëndleche Rapport. En huet zu Recht ënnerstrach, dass déi Moossnam sech hei an e Gesamthëllefspak aschléisst, fir den Euro ze retten. An an deem Sënn wëll ech dem Här Hansen och félicitéieren, dass en nach eng Kéier drun erënnert huet, dass de fréieren Eurogruppechef, nämlech de Jean-Claude Juncker, a fréiere Statsminister, dass deen enk associéiert war un dëse Moossnamen. Jo, „Ehre wem Ehre gebührt", nediert?

De Gesetzesprojet ënnersträicht am Fong awer och, dass mer eng Plaz hunn als Lëtzebuerg an der Weltekonomie, well eigentlech dee Bäitrag, dee jo opgedeelt ass no dem Verdeelungsschlëssel am Kapital vum Internationale Währungsfong, deen ass fir Lëtzebuerg vill méi grouss wéi eigentlech fir Länner, déi och opgezielt sinn, wéi d'Slowakei oder anerer. An den Här Hansen huet dat ënnerstrach, dass dat dermat ze dinn huet mam Impakt vun der Finanzplaz.

Dann ass et och esou, dass an dem Exposé des motifs vun dem Projet de loi ënnerstrach ass, dass dat hei eigentlech keng Inzidenz huet op d'Verscholdung vun eisem Land an och op den ëffentlechen Defizit. De Projet de loi gouf, wéi gesot, vun der fréierer Regierung nach abruecht, vun dem Finanzminister Luc Frieden, an duerfir wäerte mir als CSV, déi 23 Deputéiert, selbstverständlech geschlossen dëse Projet stëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

(Brouhaha et hilarité)

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Roth. Den Här Franz Fayot huet sech d'Wuert gefrot.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Jo, Merci, Här President. Ech géif och gären am Numm vu menger Fraktioun dem Rapporteur Marc Hansen félicitéiere fir säi ganz gudde mëndlechen a schréftleche Rapport zu dësem Projet de loi. Ech mengen, et ass alles gesot gi vu menge Virriedner. Dat ass eng Ausféierung vun enger internationaler Verflichtung vun eisem Land.

Et ass och drop insistéiert ginn, dass d'Probabilitéit, dass dës Prête gezu ginn, relativ kleng ass. Gott sei Dank ass d'Kris an der Eurozon haut net méi déi, wéi se nach virun e puer Joer war, esou dass een och net muss dovunner ausgoen, dass dee Prêt do jee gezu gëtt.

Ech mengen, ceci étant dit géif ech gären den Accord gi vu menger Fraktioun fir dëse Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Fayot. Dann huet d'Wuert den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleeg Marc Hansen als Rapporteur, deen och als President vun der Finanzkommissioun, muss ee fairerweis soen, sech relativ séier an déi ganz komplex Matière ageschafft huet.

Deen Accord, dee mer haut hei zur Diskussioun stellen an zur Ofstëmmung kréien, ass en Accord, deen der Regierung erlaabt, dem Fonds Monétaire International, dem FMI, e Prêt an Héicht vun 2,06 Milliarden ze accordéieren. Ech brauch net méi op d'Prozeduren anzegoen, dat huet de Rapporteur gemaach. Am Kader vun der Lutte géint d'Wirtschafts- a Finanzkris ass am Fong déi Décisioun geholl ginn.

Mäi Parteikolleeg Fernand Kartheiser hat och duerfir den 20. Dezember 2011, zum Zäitpunkt wéi dat diskutéiert an décidéiert ginn ass, eng Question parlementaire gestallt, wou en eng ganz Rei vu Froen am Detail gefrot huet an och deemools déi Äntwert kritt huet.

Ech wëll mech hei an deene fënnef Minutte kuerz mat zwee Punkten…

M. le Président.- Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …befaassen. Dat eent, dat sinn d'Quotes-parts, déi Lëtzebuerg an de Fong muss bezuelen. Mir hunn dat och an der Kommissioun diskutéiert. An de Rapporteur huet och dat hei opgezielt, nämlech, datt Lëtzebuerg, wann een dat a Prozenter kuckt, mat 0,277% dorunner participéiert.

Ënner Prozenter stellt ee sech doranner net esou genau an esou villes vir. Mä wann een dat

emol an Euro ëmrechent an et kuckt een, wat pro Kapp hei zu Lëtzebuerg dann doranner bezuelt gëtt, wat déi 2,06 Milliarden ausmaachen am Fall, wou se géife gezu ginn, da géif dat hei zu Lëtzebuerg pro Awunner 3.836 Euro ausmaache bei enger Populatioun vu 537.000, also 3.836 Euro pro Kapp.

D'Belsch wieren déi Zweet mat 895 Euro, d'Hollänner mat 811, Éisträich 715, Finnland 693, Malta 660, Zypern 554, Däitschland 506. Also Lëtzebuerg läit siwen-, aachtmol pro Kapp méi héich wéi Däitschland pro Kapp an de Fong abezuelt. An eis franséisch Noperen, déi eis jo ëmmer wéinst der Finanzplaz vill kritiséieren - an d'Finanzplaz ass jo ee vun de Facteuren, firwat datt mer hei musse méi héich bezuelen -, bezuele 479 Euro pro Kapp. An da geet dat esou virun erof bis op d'Slowakei, déi ënne läit mat 288. D'Moyenne läit bei 492. A wéi gesot, Lëtzebuerg läit bei 3.836 Euro pro Kapp.

Här President, mir hunn duerfir eng Motioun preparéiert, wou ech de Kolleege vun der lénker „Groupe politique" eng leschte Kéier Merci soen, well mer an Zukunft déi Ënnerschréften net méi brauchen, fir datt d'Recevabilitéit kënnt.

(Interruption)

Elo hunn ech eng Motioun deponéiert, an där mer verlaangen, datt d'Regierung soll op deem zoustännegen Niveau nei Négociatiounen ophuelen, fir de Schlëssel, wat d'Lëtzebuerger Participatioun ass, ze iwwerschaffen an deem Sënn, fir datt Lëtzebuerg net méi esou vill muss pro Kapp, Bierger an dee Fong abezuelen, wéi dat och bei aneren internationalen Engagementer ass, wou Lëtzebuerg bäi Wäitem iwwert deem läit, wat déi aner Länner bezuelen.

En zweete Punkt, op deen ech wëll opmierksam maachen: Och wann hei gesot gëtt, datt déi 2,06 Milliarde mat grousser Wahrscheinlechkeet net wäerte gezu ginn an datt d'Lafdauer am Prinzip op véier Joer limitéiert ass, muss een awer wëssen, datt mer als Land en Engagement geholl hu vun zwou Milliarden. A mir hu virun annerhallwem Joer hei am Parlament och en Engagement geholl am Kader vum ESM, wou mer och Garantië ginn hu vun 1,7 Milliarden.

Dat heescht, mir mussen also wëssen, datt mer zu Lëtzebuerg 3,7 Milliarden Engagementer hunn, wou mer hoffen, datt déi net gezu ginn. Mä wa se gezu ginn, hu mir praktesch keen Afloss op d'Décisioun, mä mir mussen dat, wat op aneren Niveauen décidéiert gëtt, dann hei exekutéieren.

Dorunner géif sech dann och näischt ännéren, datt dat, wat déi ëffentlech Schold ubelaangt, net géif berücksichtegt ginn, laut de SEC-95-Kritären. Wat am Fong och eng gelunge Strategie ass, well an Europa gi se sech ëmmer eens: Wa Gelder fir Europa an esou musse geléint ginn, da spille se am SEC 95 keng Roll, a wann ee se fir d'national Politik hëlt, da gi se berücksichtegt.

Här President, ech hätt nach een, zwee Punkten, mä ech loossen déi awer ewech, well ech mech awer wëll un déi nei Riedezäit halen. Ech wëll just soen, datt d'ADR prinzipiell d'accord ass, datt Lëtzebuerg participéiert um FMI. Mir hunn och an der Kommissioun eisen Accord ginn, datt mer sollen déi Sue ginn.

- An der Commission de la Force publique ersetzt den Här Claude Adam den Här Henri Kox.

- An der Commission du Développement durable gëtt d'Madame Christiane Wickler neie Member.

Ass d'Chamber mat deenen Ännerungen d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

6. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz schléit fir dës Woch folgenden Ordre du jour vir. Ech géif en net am Detail elo opruffen. Ech mengen, Dir hutt den Ordre du jour alleguer a gedréckter Form virleien. Fir haut geet et mat enger Froestonn un.

Sidd Der alleguer mat deem Projet d'ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann haut de Mëtteg mat enger Froestonn un d'Regierung ufänken. Laut Artikel 83 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntweren.

Wéi mer jo festgehalen hunn, kommen d'Froen ofwiesselnd vu Majoritéit an Oppositioun. D'Fro N°12 vum 10. Mäerz 2014 huet den Här Gusty Graas un de Premierminister gestallt, an et geet ëm d'Commémoratioun vun enger Rei vun historeschen Evenementer, déi dëst Joer erfalen. Den Här Gusty Graas huet d'Wuert.

7. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°12 du 10 mars 2014 de M. Gusty Graas relative à la commémoration d'un certain nombre d'événements historiques en 2014, adressée à M. le Premier Ministre

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, effektiv, 2014 ass jo e Joer, wou eng ganz Rei historesch Anniversairen ze feiere sinn.

Ech wëll virun allem op déi zwee wichtegst hiweisen: Engersäits den Ufank vum Éischte Weltkrich, bei deem sech d'Historiker zwar net ganz eens sinn, wéini datt et war, mä da loosse mer eis emol op den 1. August 1914 eenegen. An dann deen zweeten Anniversaire, dee jo fir eist Land vu ganz grousser Importenz ass: 175 Joer sinn et hier, datt Lëtzebuerg oder de Groussherzogtum Lëtzebuerg en onofhängege Stat gouf.

Duerfir menge mer op alle Fall, datt et ubruecht wier, fir dës Evenementer an enger grousser Dignitéit ze feieren, virun allem, fir awer och un d'Mémoire collective ze erënneren, fir déi weiderhin ze verbesseren, ze schläifen, well dat an dësen Zäite méi wéi jee wichteg ass.

Ech wëll och drun erënneren, datt de fréiere Kolleeg heibannen an heitege Statssekretär, den André Bauler, schonn den 28. Januar 2011 eng ähnlech Fro un de fréiere Statsminister gestallt hat. Deemools krut en de 17. Mäerz 2011 als Äntwert, datt u sech nach kee geneeë Programm fir déi Festivitéite géif bestoen.

Duerfir wollt ech am Fong geholl haut vum Här Statsminister wëssen, inwiefern datt awer elo déi Anniversairen do wäerte gefeiert ginn, wuel wëssend, datt mer natierlech net méi spéit wéi gëscht oder virgëscht eng Invitatioun op eng Séance académique als Ulass vum 175. Bestehe vun der Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg kritt hunn, mä doriwwer eraus, wéi gesot, wäerte mat Sécherheet nach eng Rei aner wichteg Zeremonië stattfannen. An ech wier, wéi gesot, frou, wann den Här Statsminister mir kéint oder respektiv der Chamber kéint e puer zousätzlech Erklärunge ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Graas. Ech géif dann direkt dem Här Fernand Kartheiser d'Wuert weiderginn, deen eng Fro gestallt huet, déi an eng ähnlech Richtung geet, betreffend de 70. Joresdag vun der Liberatioun. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

- Question n°13 du 11 mars 2014 de M. Fernand Kartheiser relative à la commémoration du 70e anniversaire de la Libération, adressée à M. le Premier Ministre

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Statsminister, ech hat Iech eng Fro gestallt virun enger gewëssener Zäit iwwert den Éischte Weltkrich. Den Här Graas huet nach eng Kéier eng ähnlech Fro gestallt.

An Ärer Äntwert ass eigentlech erauskomm, datt d'Regierung wuel eenzel Evenementer organiséiert oder mat organiséiert iwwert de Wee vu Muséeën, deene staatleche Muséeën, fir deem ze gedenken, allerdéngs keng global Reflexioun mécht iwwert d'Bedeitung vum Éischte Weltkrich fir eist Land, d'Konklusiounen op seng Staatlechkeet. An ech mengen, dat ass eng Lacune. Mä Dir kënnt vläicht dem Här Graas dorop äntweren.

Déi Fro, déi ech Iech elo wollt stellen, betrëfft méi speziell d'Evenementer vum Zweete Weltkrich. Mir feiere jo dëst Joer de 70. Joresdag och vum Débarquement an der Normandie de 6. Juni. Mir hunn d'Liberatioun den 10. September. An an der Foulée eben och vun deem, wat den Här Graas gefrot huet, fannen ech et ganz wichteg, d'Regierung nach eng Kéier dorop opmierksam ze maachen a se ze froen, wéi se gedenkt dann och deene wichtegen Ereegnisser an eiser Geschicht Rechnung ze droen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. Ech ginn domat dem Här Xavier Bettel, eisem Premierminister, d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Merci, Här President. An och Merci deenen zwee Deputéierten, déi mer d'Geleeënheet ginn, haut méi op den Detail anzegoe vun deene verschiddene Manifestatiounen, déi mer am Kader vum Joer 2014 wäerten organiséieren.

Tatsächlech ass 2014 ee Joer mat villen Evenementer. Et ass, sou wéi scho gesot ginn ass, den Ufank vum Éischte Weltkrich. Et ass de Gebuertsdag vum Schluss vum Zweete Weltkrich, net generell, mä op jidde Fall hei an der Regioun. An et ass och den 175. Anniversaire vun der Indépendance, vun der Onofhängegkeet vun eisem Land.

Sou wéi schonn den honorabelen Deputéierte Graas gesot huet, hu mer wëlles, och den 29. Abrëll 2014 eng Séance académique ze maachen, wou och de Volet historique gemaach gëtt, wou och de Chamberspresident, de Grand-Duc an de Premierminister d'Wuert ergräifen, a mir hunn et och wichteg fonnt, dass justement am Kader vun deem 175. Anniversaire och d'Jugend eppes seet. An et ass virgesinn, dass e Vertrieder vun de Jugendmouvementer zu Lëtzebuerg och d'Wuert ergräift, fir am Fong den „Wat bedeit 175 Joer Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg?" an der Perspektiv vun engem Jonken, wat seng Meenung ass a wat hien dozou ze soen huet. A mir hunn et wichteg fonnt, deen och an deem Cadre do mat ze integréieren.

Do ass och eng Ausstellung. Dir wësst jo, dass ech och e Beamten hunn am Statsministère, dee frou ass, dass en déi nei Missioun kritt huet, fir kënnen déi Ausstellung och ze organiséieren, an deen och vill Méi sech gëtt am Moment, fir och déi Donnéeën alleguerten ze sammelen, fir kënnen duerno am Cercle déi Ausstellung och ze maachen. Deen huet déi Responsabilitéit och kritt. Wat erlaabt, dass nieft der Séance académique och eng Ausstellung wäert sinn, déi och schonn e puer Deeg virdru wäert opgoen an déi dann duerno och nach selbstverständlech ka visitéiert ginn.

Niewendru wäert dann och op der Place d'Armes e Bal populaire organiséiert ginn an deem dote Kader, wou dann och e Concert ass a wou dann och d'Leit kënnen dobaussen duerno e Fest organiséieren.

An deem Kontext huet och den Tourismusminister, den Här Schneider, mat der Madame Closener och gesot, dass se amgaange sinn ze kucken, wéi se am Kader vun deem 175. Anniversaire och kënne vläicht Packagen organiséieren, fir auslännesch Touristen op Lëtzebuerg unzezéien an deem Kader, andeem een da seet, hei zu Lëtzebuerg ass dann an dann dat organiséiert ginn, an dass een dann och vläicht den Tour ka maache vun deene wichtegen Etappen, déi justement d'Geschicht vun eisem Land och markéiert hunn.

Zur Zeremonie fir den Éischte Weltkrich: Dir wësst jo, dass mer et och gesot hunn, dass mer nach gëschter mat der Presidentin aus dem Saarland mengen, dass et vläicht souguer net inopportun ass, fir Aktiounen ze maachen, déi grenziwwerschreidend sinn. Fir ze weisen, dass do, wou deemools d'Grenzen, d'Problemer waren, wou ee mat deem anere sech net verdroen huet, dass een haut iwwergräifend muss sech bewosst sinn a bereet ass, zesumme souguer Zeremonien ze organiséieren. An dat wier dann am Kader vum Éischte Weltkrich, dass een d'Sirenen, an der Schoul och d'Sirene schelle léisst an dass een och d'Fändelen op Hallefmast géif deen Dag loossen, nieft den üblechen Zeremonië vun Dépôt vu Gerbë bei deene verschiddene Monumenter.

De Fait ass och, dass jo virgesinn ass, eng Ausstellung ze organiséieren. Vun der fréierer Kulturministesch ass do e Groupe de travail an d'Wee geleet ginn, deen och do eng Ausstellung organiséiert huet: „La petite guerre du Luxembourg entre '14 et '18", déi mat der Uni Lëtzebuerg sollt organiséiert ginn.

An dat, wat den Här Kartheiser gesot huet, ass am Fong net ganz richteg, Här Kartheiser. Well den Här Statsminister hat Iech den 22. November 2013 jo och gesot, dass d'Regierung d'Geleeënheet vun der Commémoratioun vum Centenaire vum Éischte Weltkrich notze wëllt, fir sou vill wéi méiglech Informatiounen iwwert dës Zäit ze sammelen, déi duerno enger wëssenschaftlecher Opschaffung vun der Zäit vum Éischte Weltkrich dénge sollen.

Dat heescht, dat doten ass och de Wonsch, dass mat der Uni Lëtzebuerg do zesummegeschafft gëtt, fir justement och deen Devoir de mémoire an och dee Souvenir net ze vergiessen, a virun allem och, fir bei verschiddene Punkten, wou nach ëmmer, och 100 Joer duerno, net ganz kloer ass, wéi d'Situatioun war, och kënne Kloerheet do ze schafen.

An deem Kontext ass och gesot ginn, dass en Internet-Site sollt kommen, dee 14-18.lu sollt sinn, wou am Fong d'Evenementer vun deene verschiddenen Deeg tëschent deene véier Joer och kënnen dann exposéiert ginn. Déi Ausstellung ass op den Dräi Eechele virgesinn, déi am Kontext vum Éischte Weltkrich, an dat sollt dann och do gemaach ginn.

Dann zum Anniversaire vun der Liberatioun a vun der Bataille vun den Ardennen. Do weess ech, dass d'belscht Kinnekshaus och eng Zeremonie organiséiert huet mat anere Kinnekshaiser. Dat heescht, aus dem Benelux wäerten déi dräi Kinnekshaiser fir d'Celebratioun vun der Bataille des Ardennes zesummekommen. Ech weess, dass mer och um Niveau vun den EU-Stats- a Regierungschefe wäerten en Akt marquéiere bei engem Conseil, deen och an deem Kontext vun deem Krich sollt célébréiert ginn. An, wéi gesot, an deem Kontext vun 2014 vis-à-vis vun deenen Anniversairë vum Ufank oder vum Enn vun de Weltkricher.

Wéi gesot d'Historiker, déi och an där Kommissioun sinn, sinn der Meenung, dass d'Bataille des Ardennes vun 2000, also vun 1914 dann och sollt, pardon, vun 1944, sollt och an engem Kader bleiwen, wou déi normal Zeremonien och stattfannen, an dass de Schluss vum Zweete Weltkrich 1945 éischter dann d'Occasioun wier, fir dat och ze célébréieren. An dann am Fong och, an ech mengen, do gëtt et och den Devoir d'histoire, an ech mengen, dass mer do eis och all eens sinn heibannen an der Chamber, iwwert d'Situatioun zu Lëtzebuerg, wéi se am Zweete Weltkrich war, an dass en Devoir de souvenir do ass, an och en Devoir de vérité vis-à-vis vun der Geschicht, deen hei zu Lëtzebuerg och eng Kéier muss an d'A geholl ginn.

Wéi gesot, et soll net gefeiert ginn den Ufank vun engem Krich, mä et soll erënnert ginn. Do si mer eis jo och eens. A virun allem wëlle mer och, an dat ass och en Zeechen, mengen ech, dat net onwichteg ass, mat de Kolleegen aus der Groussregioun eppes maachen, wat grenziwwerschreidend ass, fir ze weisen, dass een och déi Situatioun, déi een eng Zäitchen hat, wou een deen aneren ugekuckt huet a Responsabilitéite gewisen huet, éischter elo seet: Hei, d'Geschicht ass do, mir dierfe se net vergiessen, mä mir sinn eis all bewosst iwwert d'Responsabilitéit vun deem engen a vun deem aneren.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Statsminister. Dir hutt gemierkt, vu dass et ëm zwou Froe gaangen ass, war ech e bësse méi flexibel bei der Äntwertzäit, déi dem Premier zur Verfügung stoung.

Mir kommen dann zur Fro N°14, déi den honorabelen Här Aly Kaes un den Nohaltegkeetsminister gestallt huet, wat d'Retarde bei der Renovatioun vum Pont Adolphe ugeet. Den Här Kaes huet d'Wuert.

- Question n°14 du 11 mars 2014 de M. Aly Kaes relative au retard des travaux de rénovation du Pont Grand-Duc Adolphe, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Aly Kaes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun zwou Woche war aus der Press gewuer ze ginn, datt déi nei blo Bréck oder och provisoresch Bréck genannt, awer net géif elo, esou wéi dat annoncéiert gi war, uganks Mäerz a Betrib goen. Grond heifir wier, well u sech d'Renovatiounsaarbechten um Pont Adolphe, oder wéi mir soen, un där neier Bréck, awer elo net géifen ufänken, an dat well d'Soumissiounsprozeduren nach net ofgeschloss wieren. Laut der Press wieren d'Analyse vun den Offeren nach ëmmer amgaang.

Bon, meng Froen un den Här Minister si folgend: Firwat ass eréischt elo kuerz virun der geplangter Ouverture festgestallt ginn oder opgefall, datt d'Soumissiounsprozeduren nach net ofgeschloss sinn? Gëtt et e Grond, datt d'Evaluatioun vun den Offere méi laang dauert? Dat ass meng zweet Fro. A meng lescht Fro: Kann den Här Minister eis soen, wéi et dann elo op der Zäitschinn, dat heescht wéi et zäitlech weidergeet?

Ech soe Merci.

M. le Président.- Merci och. D'Wuert huet den Här François Bausch, den Nohaltegkeetsminister.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech wollt dem Här Kaes Merci soe fir déi Froen. Dat gëtt mer d'Geleeënheet, nach eng Kéier e puer Prezisiounen ze ginn zu deem, wat scho bekannt ass. Ech mengen, Dir wësst, datt d'Ausschreiwungsprozedur eng komplizéiert ass, mä déi awer hir Berechtegung huet. Nämlech et geet drëms, datt bei där Prozedur derfir gesuergt gëtt, datt Gerechtegkeet ass bei der Vergab vun ëffentlechen Opträg, virun allem wa se eng gewëssen Envergure hunn. An dat hei ass sécherlech esou e Projet.

An den Artikel 80 vun där Gesetzgebung, déi erlaabt dem Ministère et, also dem Service, dat ass an deem hei Fall mengem Ministère et, eng Präisanalys unzefroen, wann d'Offeren erakomm sinn, am Fall wou eng Offer 15% ënnert der Präismoyenne läit. Dat war hei de Fall. An duerfir hu mer eng Analyse critique des prix maache gelooss, fir erauszefannen, wéi dat kéint méiglech sinn.

Déi ass och ofgeschloss an ech hunn déi lescht Woch iwwer meng Servicer déi eenzel Adjudicatairen uschreiwe gelooss an och matdeele gelooss, wien dann den Zouschlag kritt huet. An do sinn zwou Wochen Délai virgesinn, vun deem Moment un, wou se dat kritt hunn, wou se kënnen en Asproch géint meng Décisioun huelen. Ech ginn dovun aus, déi zwou Woche wäerten dann ëm den 20., 25. Mäerz ofgeschloss sinn. An eréischt da kann ech definitiv, wann den Zouschlag dann definitiv ass, décidéieren, fir dann déi Entreprise als déi zréckbehalen ze betruechten.

Duerfir, et handelt sech hei och nëmmen ëm d'Ausschreiwung vun dem, also vun där neier Bréck, vun der Iwwerschaffung vun der neier Bréck. Et huet mat där bloer Bréck näischt ze dinn. Et ass och esou, datt en Deel vu Virbereedungsaarbechte vun der neier Bréck an der éischter Ausschreiwung mat dra waren. Déi kënnen elo am Moment gemaach ginn. Dat heescht also net, datt am Moment guer näischt geschitt. Mä déi eigentlech Aarbechten um Pont Adolphe kënne selbstverständlech eréischt ufänken, wa Kloerheet ass iwwert déi nei Adjudicatioun, déi eben de Pont Adolphe betrëfft. Dat heescht am Kloertext, bis Enn Mäerz weess ech definitiv Bescheed an da wäert ech dat och deementspriechend communiquéieren.

M. le Président.- Merci dem François Bausch, deen direkt hei ka bleiwen, well den Här Negri elo d'Wuert huet mat senger Fro un den Här Nohaltegkeetsminister iwwert de véierte Paquet ferroviaire. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°15 du 11 mars 2014 de M. Roger Negri relative à la position du Gouvernement luxembourgeois face au «quatrième paquet ferroviaire», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vum véierte Paquet ferroviaire, deen dräi Volete begräift, engersäits d'eenheetlech Norm fir d'Zertifikatioun vun Eisebunnsmaterial, zweetens d'Mise en concurrence vum Voyageurs-Transport an drëttens d'Separatioun vun Infrastruktur a Gestioun vun den Eisebunnsgesellschaften. Do wollt ech dem Nohaltegkeetsminister François Bausch d'Fro stellen, wéi seng Positioun an deem Dossier ass a wéi en déi weider Evolutioun gesäit fir eis Lëtzebuerger CFL.

De 26. Februar vun dësem Joer huet d'Europaparlament jo de véierte Paquet ferroviaire ofgestëmmt an dobäi och zwee Amendemen-

ter ugeholl, déi d'Trennung vun Infrastruktur an Exploitatioun jo e bëssen ofschwächen. Dobäi wollt ech dann och nach froen, wéi et ausgesäit, de Planning vum EU-Ministerrot, a fält dat eventuell an d'Lëtzebuerger Présidence am zweete Semester 2015?

Ech soen Iech, Här Minister, Merci fir Är Äntwert am Viraus.

M. le Président.- Merci och dem Här Negri. Här François Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci och dem Här Negri fir déi Fro, déi ganz aktuell ass. Net nëmmen, well d'Europaparlament jo eng éischt Liesung gemaach huet zu deem ganze Paquet ferroviaire, mä och well ech den Donneschdeg, de Freideg, pardon, mäin éischten Transport-Conseil zu Bréissel hunn, an do de Paquet ferroviaire eng éischte Kéier um Ordre du jour steet.

De Freideg ass zwar haaptsächlech eng generell Appréciatioun, a virun allem den éischte Punkt, dee manner problematesch ass, nämlech deen, deen d'Agence européenne ferroviaire betrëfft, wou et drëms geet, derfir ze suergen, datt an Zukunft d'Interoperabilitéit tëschent den Eisebunnsréseauen an och d'Sécherheetsbestëmmunge kënne méi vereenheetlecht ginn, wat sécherlech eng gutt Saach ass, géif ech soen, fir d'Eisebunn méi performant ze maachen, d'Eisebunne méi performant ze maachen an Europa.

An dann natierlech bleiwen déi méi stritteg Punkten iwwreg. Dat eent ass méi eng strikt Trennung nach vun der Gestioun vum Réseau par rapport zu den Exploitanten, an da virun allem déi ganz Fro vun de Services publics, wou et an Zukunft dann, wann d'Direktiv esou géif ëmgesat ginn, wéi se elo vun der Kommissioun virgeschloe ginn ass, géif bedeiten, datt een net méi kéint eng Direktvergab maachen am Kader vum Service public.

An do kann ech Iech soen, datt meng Haltung respektiv der Regierung hir Haltung ganz kloer ass: Mir sinn do strikt dogéint, an zwar aus zwee Grënn. Deen éischte Grond ass, datt mer der Meenung sinn, datt dat fir de Lëtzebuerger Eisebunnsréseau eng eenzeg Katastroph wier! Wann dat esou duerchgeet, wéi et elo geplangt ass, kann dat als Konsequenz hunn, datt auslännesch gréisser Gesellschaften, wéi zum Beispill d'DB, sech hei d'Rosëngen aus dem Kuch erauspicke kéinten an da fir d'Lëtzebuerger Gesellschaft net méi vill iwwreg bleift oder nëmmen déi Saachen iwwreg bleiwen, déi - entre guillemets - „betribswirtschaftlech net profitabel sinn".

Or, beim Service public ass et fir mech relativ kloer, dee gëtt net offréiert, fir datt e betribswirtschaftlech soll profitabel sinn, mä éischter vollekswirtschaftlech. Dat heescht, mir maachen en ëffentlechen Notransport, well mer fannen, datt dat aus Ëmweltiwwerleeunge wichteg ass, well et aus sozialen Iwwerleeunge wichteg ass, mä well et och generell wichteg ass, fir eng aner Mobilitéit ze kréien am Noverkéier, déi besser ass, wéi se haut ass. An ech mengen, et ass relativ kloer, datt dat verréckt ass, fir dat an eng Liberaliséierungslogik eranzehuelen.

An dofir ass meng Haltung, an och der Regierung hir, do ganz kloer: Mir wäerten alles maachen, fir deen dote Punkt deementspriechend mindestens verännert ze kréien. Un alleréischter Stell natierlech probéieren, datt kleng Réseaue wéi eisen, eng Exemptioun, eng Exceptioun kréien, well mir och nach eng spezifesch Situatioun hunn. Mä ech mengen, och generell wäert ech mech derfir asetzen, datt dat doten an där Form net wäert duerchgoen.

Et ass esou, datt natierlech ënnert der griichescher Présidence mat ganz grousser Sécherheet deen Dossier do, op deenen ëmstriddene Punkten net wäert schrecklech weiderkommen. Dat wäert éischter eng generell Diskussioun ginn. Bon, da komme jo d'Wahlen an da kënnt déi nei Kommissioun en place, dat neit Parlament am Hierscht. Hei ass jo Codécisioun, esou datt dat och an der zweeter Halschent vum Joer och net mat grousser Vitesse wäert virugoen, esou datt ganz sécher am Joer 2015 wäerten d'Entscheedunge falen a wahrscheinlech an eiser Présidence, wat eis natierlech eng duebel Responsabilitéit gëtt natierlech an deem doten Dossier.

Ech wäert awer och schonn den Donneschdeg éischt Gespréicher féieren, engersäits mat mengen Homologen aus dem Benelux an e Freideg mat der Troika, dat heescht mat den Italiener a mat de Letten, déi jo bei eis an der Troika sinn, fir unzefänken, d'Présidence virzebereeden a virun allem deen do Dossier virzebereeden. An ech hunn och décidéiert, datt ech am Kader vun der Présidence dat doten zum grousse Schwéierpunkt wäert maache vu mengem Asaz am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence. An ech hoffen, datt mer den Text esou verännert kréien, datt e wierklech dem Service public entsprécht an net dem Liberaliséierungswahn vun eenzelne Kommissären.

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Mat där nächster Fro wëllt den honorabelen Här Justin Turpel vum Immigratiounsminister wëssen, wéi d'Méiglechkeete wären, fir dem Edward Snowden politeschen Asyl ze gewähren. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°16 du 11 mars 2014 de M. Justin Turpel relative à la possibilité d'accorder à M. Edward Snowden, whistleblower, l'asile politique, adressée à M. le Ministre de l'Immigration et de l'Asile

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. De Verdéngscht vum Edward Snowden ass et ouni Zweifel, fir eis d'Aen opgemaach ze hu virun dem Ausmooss vu Bespëtzelung duerch d'NSA an ech mengen och duerch aner Servicer. An ech wëll just d'Madame Reding zitéieren, déi op enger Pressekonferenz gesot huet: „Merci, Här Snowden. Ouni hie wier dat alles net méiglech gewiescht." Ech wëll och drop hiweisen, datt an engem Interview, dat den Edward Snowden elo de 7. Mäerz, dat heescht virun annerhallwer Woch ginn huet, en drop higewisen huet, datt, wat säin Asylgesuch ugeet, fir an Europa politeschen Asyl ze kréien, datt e gesot kritt huet, datt d'USA, an e géif zitéieren: „...net géifen zouloossen, datt iergendeen EU-Partner him politeschen Asyl géif ginn". An hie géif awer hoffen, fir och an iergendengem Land ee sécheren Duerchgang oder dauerhaften Asyl ze kréien. An en erkennt och un, datt esou eng Aktioun vill politesche Courage géif verlaangen.

(Interruption)

Dofir... Sot dem Här Kartheiser, den Här Snowden hätt doudsécher méi Verdéngschter, wat d'Opdecke vu Spëtzelaktivitéiten ugeet, wéi den Här Kartheiser, an e soll mech net andauernd ënnerbriechen.

An deem Zesummenhang wëll ech da vum...

(Interruption)

...Här Asselborn wëssen, ob d'Lëtzebuerger Regierung dee Courage huet, fir dem Edward Snowden politeschen Asyl ze ginn, wëssend zwou Saachen, datt a) wann een zu Lëtzebuerg politeschen Asyl huet, datt deen zielt och fir aner Länner am Schengen-Raum; a b) datt Lëtzebuerg eleng wahrscheinlech d'Sécherheet vum Edward Snowden net ka garantéieren, datt een also och misst sech mat anere Länner zesummesetzen, fir iwwert déi Sécherheet vum Edward Snowden ze diskutéieren; oder wéi eng Initiativen, datt d'Regierung soss kéint huelen, fir datt effektiv den Edward Snowden an Europa kéint dee politeschen Asyl kréien, deen en eigentlech verdéngt huet.

Wann et net méiglech ass, haut direkt op déi Initiativen ze äntweren, hunn ech och kee Problem, datt de Minister bei enger anerer Geleeënheet dorobber zréckkënnt, well de Fong ass mer awer méi wichteg, wéi datt mer elo hei eng hallef Äntwert iwwert de Knéi briechen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. An ech wollt dem Riedner soen, dass de Mikro fräi ass, fir d'Fro un de Minister ze stellen, an dass e sech net soll vun engem aneren Deputéierte provozéiere loossen, well soss si mer dauernd am Fait personnel, deen ech awer hei elo net gëlle loossen. Merci. Den Immigratiounsminister, den Här Jean Asselborn, huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Däerf ech och vun hei äntweren, Här President?

M. le Président.- Jo, selbstverständlech.

M. Jean Asselborn, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile.*- Okay. Also, mam Här Turpel sinn ech d'accord, dass den Här...

(Interruption)

Gelift?

...dass den Här Snowden eng interessant Perséinlechkeet ass, déi och vill un d'Rulle bruecht huet.

Ech kann awer nëmme just op eng Fro hei äntweren, wat eng prezis Fro ass, wann och eng Requête gestallt gëtt. Bis elo huet den Här Snowden zu Lëtzebuerg net gefrot, fir politeschen Asyl ze kréien. Dat ass emol Nummer 1.

Nummer 2 ass, Dir wësst, et gëtt eng Regel, europäescht Recht, dass een an deem éischte Land vun der Europäescher Unioun, an dat een erakënnt, muss dann déi Demande maachen. A well et keng direkt Verbindung gëtt - ech huelen un, dass den Här Snowden nach ëmmer zu Moskau lieft - tëschent Moskau a Lëtzebuerg, misst en eigentlech op Lëtzebuerg nëmme kënne kommen, wann en duerch en anert Land geet.

Dat Drëtt, wat ech wëll soen: An aller Hypothees, déi méiglech ass ëmmer, dass, wa géif esou eng Demande gestallt ginn, da géif nom Lëtzebuerger Recht déi Demande analyséiert ginn.

Merci.

Une voix.- An e soll de Putin matbréngen.

(Hilarité)

M. le Président.- Merci dem Jean Asselborn. Mat der nächster Fro riicht d'Madame Joëlle Elvinger sech un d'Familljen- an Integratiounsministesch a wëllt méi Detailer iwwert d'Sensibiliséierungscampagne „Je peux voter".

- Question n°17 du 10 mars 2014 de Mme Joëlle Elvinger relative à la campagne de sensibilisation «Je peux voter», adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

Mme Joëlle Elvinger *(DP).*- Madame Minister, als Éischt wëll ech Iech an Ärem Ministère félicitéiere fir d'Campagne „Je peux voter", déi et als Zil hat, fir eis auslännesch Matbierger iwwer hir Participatiounsméiglechkeete bei den Europawahlen opzeklären. Dës Campagne ass immens wichteg, well déi aktiv Participatioun vun eisen auslännesche Matbierger um gesellschaftlechen a politesche Liewen eng immens Beräicherung fir eist Land ass.

Den Délai fir eis auslännesch Matbierger, fir sech op de Wielerlëschten an de Gemengen anzeschreiwen, ass elo Enn Februar ausgelaf. An deem Kontext wollt ech Iech da froen, ob Dir schonn en éischte Bilan iwwert de Succès vun dëser Campagne konnt zéien a wéi vill Matbierger sech op de Wielerlëschten ageschriwwen hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci der Madame Elvinger. D'Familljeministesch, d'Madame Corinne Cahen, huet d'Wuert.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, also den éischte Bilan ass an deem Sënn nach net gezunn, well mer amgaang sinn d'Chifferen ze kréien alleguer. Am Moment sammelt de CEFIS notamment d'Chifferen alleguer. Et ass awer esou, dass méi Leit sech ageschriwwen hunn, dat kann een och elo scho soen, wéi viru fënnef Joer.

Allerdéngs wäerten alleguer d'Chifferen, déi mer dës Kéier wäerte publizéieren, awer relativ sinn, well awer eppes geännert huet zënter där leschter Kéier, dat ass déi duebel Nationalitéit. Déi Leit, déi déi duebel Nationalitéit elo hunn, déi brauche sech natierlech net méi anzeschreiwen a mussen natierlech wiele goen.

Just e puer Beispiller awer elo schonn erausgepickt vun de Stied, déi mer hunn. Esou zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg hu 65% méi EU-Auslänner sech ageschriwwe wéi nach viru fënnef Joer. Allerdéngs muss een zouginn, dass déi Zuel awer relativ niddreg bleift, bei am Ganze just 10% vun den auslännesche Matbierger an der Stad.

E puer aner Beispiller. Schëffleng, zum Beispill, do hunn 41% méi sech ageschriwwen. Péiteng, 42% méi wéi viru fënnef Joer. An dann d'Gemeng Esch, do sinn et 23% méi wéi viru fënnef Joer. Ech gesinn de Buergermeeschter vu Mamer, do sinn et 3% just. Zu Wolz sinn et 3% manner wéi viru fënnef Joer. Dat ass awer deen eenzege Minus, dee mer bis elo hunn. Déifferdeng, plus 11%. Also, wéi gesot, et ass e Plus. Et ass och zesummen..., wann d'Stad Lëtzebuerg ebe 65% am Plus ass, da wäerte mer och do, wa mer d'Resultater bis alleguer hunn, en zolitte Plus hunn. De Chiffer, dee mer hunn, dat ass, dass 19.127 Leit sech ageschriwwen hunn op d'Wielerlëschten, EU-Auslänner eben, fir wielen ze goen. A viru fënnef Joer waren dat der ronn 17.500. Dat heescht, et ass nach net fir sech schrecklech domadder ze bretzen, mä et geet an déi richteg Richtung an et geet eben an d'Luucht.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Familljeminister. Déi nächst Fro vun der Madame Martine Hansen riicht sech un de Minister fir Éducatioun a Beruffsausbildung an dréit sech ëm Informatiounen, déi an der Press iwerholl gi sinn iwwert d'Formation professionnelle. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°18 du 11 mars 2014 de Mme Martine Hansen relative à la réforme de la formation professionnelle, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, d'Formation professionnelle ass e ganz wichtegen Deel vun eiser Schoulausbildung. Am RTL-Interview sot den Alain Kieffer vun der APESS, datt zwar d'Grondiddi vun der Reform vun der Beruffsausbildung eng gutt wär, mä datt d'Reform an der Realitéit en Échec wär an datt si dofir de Retrait pur et simple vun der Reform géife fuerderen.

Ech sinn do e bëssen anerer Meenung wéi d'APESS. D'Grondiddi ass sécher gutt an et ass och evident, datt verschidden Ännerunge mussen am Gesetz gemaach ginn, mä de Retrait pur et simple ass menger Meenung no keng Léisung. Dofir da meng Froen un den Här Minister Meisch:

Éischtens, ass eng Evaluatioun vun der Reform vun der Beruffsausbildung gemaach ginn? Wa jo, wéini gëtt dëse Bilan public, fir datt mer kënne konkret iwwer nohalteg Verbesserungen diskutéieren?

Zweetens: Wéi wëllt Der kuerzfristeg de Problem mat de Rattrapagen/Remédiatioune léisen, virun allem an deene Formatiounen, wou et zimlech dramatesch ausgesäit? Den Här Kieffer hat hei vun der Elektrikerausbildung geschwat.

An drëttens, an déi lescht Fro: Wat hutt Der virgesi fir déi Schüler, déi elo schonn am véierten, zousätzleche Joer am DAP sinn an eventuell riskéieren, erëm eemol net zum PIF, zum „projet intégré final" zougelooss ze sinn, well si nach net genuch Moduller gepackt hunn? Den nächste Projet intégré final steet virun der Dier. D'Schüler, d'Elteren, d'Enseignanten an och d'Schouldirektioune brauchen hei dréngend eng Äntwert.

Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Hansen. An domat huet de Claude Meisch, Éducatiounsminister a Minister fir d'Formation professionnelle d'Wuert. Här Meisch wann ech gelift.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Effektiv, d'Reform vun 2008 vun der Formation professionnelle wërft eng ganz Rei vu Problemer op. Ënner anerem stelle mer fest, datt méi Échecen ze verzeechne sinn, wéi dat nach virdrun de Fall war, wat awer och kann doduerch ze erklären sinn, datt bei deem neie Modus d'Ufuerderungen e Stéck wäit méi héich sinn, esou datt een, mengen ech, wierklech muss herno den Detail kucken, éier ee kann definitiv Konklusiounen zéien, a sécherlech d'Konklusioun net déi ka sinn, datt wierklech alles schlecht gewiescht wär un där doter Reform.

D'Madame Hansen huet et erwähnt: Mir hunn ee Problem, dat ass, datt eng ganz Rei vu Schüler momentan, jo, no hirem Parcours an der Formation professionnelle an der Luucht hänken, datt se weder gesot kréien, wéi et weidergeet, an awer och net gesot kréien, datt se komplett échouéiert hätten, mä eigentlech gesot kréien: „Dat war et elo an Dir kritt keen Diplom." Dat ass en onhaltbaren Zoustand an deen hu mer sécherlech constatéiert.

Mir hu festgestallt, datt deen haaptsächlech doduerjer bedéngt ass, datt eng ganz Rei vu Cours-de-rattrapagen, déi jo am theoretesche Modell vun der Formation professionnelle virgesi si fir dee Module, deen een net gepackt huet, net kënne gehale ginn, datt dat organisatoresch vum Zäitplang, vum Stonneplang hier einfach net méiglech ass.

Nu si mer an där doter Situatioun an duerfir gedenke mer, do praktesch, pragmatesch Léisungen ze fannen, à court terme. Mir sinn amgaangen, un enger Circulaire ze schaffen, déi Enn Abrëll wäert erauskommen, fir de Schoulen a virun allem och deene concernéierte Schüler

ze soen, wéi et fir si wäert weidergoen a wat fir eng Léisungen datt een trotzdeem fir si kéint fannen.

Ech kann Iech haut also nach net prezis op Är Fro äntweren, ausser datt ech ka confirméieren, datt e Problem besteet, datt mer eis dem Problem bewosst sinn, datt mer amgaange sinn, kuerzfristeg Léisungen ze fannen.

Nieft deene kuerzfristege Léisungen do mengen ech, datt awer och mëttelfristeg nach eng Kéier d'Reform vun der Reform soll an Ugréff geholl ginn, wou dann dee Bilan, deen Der gefrot hutt, muss gemaach hunn. Well éier mer en detailléierte Bilan maachen iwwer sämtlech Ausbildungsweeër, déi existéieren..., wa mer dat ofwaarden, fir och kuerzfristeg ze intervenéieren, da kënne mer sécherlech net deene Schüler, déi elo an där prekärer Situatioun do sinn, zäitno eng Äntwert ginn.

Kloer ass awer och, datt mer d'Auer net wëllen zréckdréien, datt mer net déi Reform erëm wëlle komplett réckgängeg maachen, komplett op de modulairë System verzichten an erëm op e Joressystem zréckgoen. Mir denken, datt déi Reform hei eng ganz Rei vu positiven Aspekter huet, virun allem fir déi Schüler, déi et packen, déi dee Parcours do hanner sech bréngen, well et e Parcours ass mat méi héijen Ufuerderungen an duerfir d'Qualitéit vun deenen, déi e gepackt hunn, sécherlech besser ass, wéi dat virdru war.

Mir mussen also kucken, datt mer der méi op de Wee kréien, déi déi Formatioun do dann och packen an duerchstinn. Do mussen déi praktesch Problemer, wéi gesot, besäitegt ginn.

Ech mengen och, datt mer um Niveau vun der Orientatioun nach villes musse maachen an deenen dräi éischte Jore vum Secondaire technique, fir déi richteg Schüler an déi richteg Ausbildungen eranzekréien, well mer oft awer mierken, datt der ganz vill en cours de route oft ganz schnell erëm ophalen.

Hei ass souwuel kuerzfristeg wéi och mëttelfristeg, mengen ech, virun allem nach ganz vill Dialog ugesot, en Dialog, dee mer fleege mat de Chambres professionnelles, wou mer eigentlech am Wocherhythmus déi lescht Wochen och dru geschafft hunn, gradesou wéi mat den Direktiounen aus de Lycéeën, déi mer enk wëllen ubannen. Et ass virun allem de Statssekretär André Bauler, dee sech prioritär ëm dësen Dossier këmmert, prioritär, well e wierklech ganz urgent ass.

Duerno, mengen ech, soll een awer och nach eng Kéier driwwer nodenken, vläicht d'Struktur vun der Beruffsausbildung ze analyséieren: ob mer net ze vill Ausbildungsweeër opmaachen, ob mer net bei den heitege Beruffsbiller, déi jo ganz schnellieweg sinn, wou ee seelen an deem Fach herno wierklech lant am Beruff, dat een och studéiert huet, wou ee seelen eng ganz Beruffscarrière och an deem Domän bleift, ob een also do vläicht och e bësse méi eng Basisformatioun ka kréien an dann de Rescht herno och iwwer Formation continue ka maachen, fir sech ëmmer erëm weiderzebilden, oder vläicht manner Grondausbildung a méi Weiderbildung.

A sécherlech musse mer och - an dat maache mer zesumme mat de Chambres professionnelles - iwwert d'Maîtrise nodenken, well mer mierken, datt mer do nach ëmmer vill Moyenen dran investéieren, mä awer d'Resultat relativ bescheiden ass. A mir mussen och d'Maîtrise sécherlech duerch eng Reform erëm opgewäert kréien.

Ech soen Iech Merci, Här President.

M. le Président.- Merci och dem Éducatiounsminister, dee vläicht och direkt kann heibleiwen, well déi nächst Fro vum Här Franz Fayot riicht sech och un hien. Den Här Fayot wëllt vum Éducatiounsminister méi iwwert d'Importenz vun Informatikscoursen an neien Technologien am Secondaire wëssen.

Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°19 du 11 mars 2014 de M. Franz Fayot relative à la place de l'enseignement de l'informatique et des technologies nouvelles dans l'enseignement secondaire luxembourgeois, adressée à M. le Ministre de l'Éducation, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. Ugangs leschter Woch war en Artikel ze liesen an enger Lëtzebuerger Dageszeitung, an där e Mathematiks- an Informatiksprofesser drop higewisen huet - mat Hiweis op den aktuellen „Horaires et Programmes" -, dass de Stellewäert vun der Informatik am Joer 2014, an och méi generell nach dee vun den neien Informatiounstechnologien an der Schoul no bei null ass. An dee Professer rajoutéiert dann, dass fir ronn een Drëttel vun de Jugendlechen - déi am Enseignement secondaire - emol net e Minimum vu Kenntnisser am Beräich vun den Informatiounstechnologië vermëttelt gëtt.

Et schéngt also hei eng Diskrepanz ze ginn zwëschent der Promotioun vum Secteur TIC als neit Wirtschaftsstandbee fir eist Land, als neit Standbee vun eiser Ekonomie, an eben dem Stellewäert vun deene Matièren an eise Lycéeën.

Et weess ee jo och, dass dee Secteur e ganz staarke Wuesstum huet an dass e vill Aarbechtsplaze schaaft. An et war ze liesen an engem Échange, an engem Rapport vun der Commission „Enseignement supérieur" vum Januar d'lescht Joer, an där en Échange war mam Secteur, mat Leit aus dem Secteur vun den TICen, dass do effektiv eng Pénurie un Diplméierte besteet aus deene Secteuren, an allen Domänen, vum BTS bis zu Ingenieuren, dat heescht Leit en général mat Diplomen. A wann ee mat Leit schwätzt aus där Spart, dann ass et effektiv esou, dass een do gesot kritt, dass ee muss, fir gutt Leit ze fannen an deem Domän, bis wäit iwwert d'Grenzen erausgoen, fir do ze rekrutéieren.

Et ass erëm eng Kéier also eng Illustratioun vun eisem Lëtzebuerger Paradox, dat heescht, dass mer Secteuren hunn, wou mer Aarbechtsplaze schafen, déi Succès hunn, wou nei Betriber op Lëtzebuerg kommen, mä dass mer et net fäerdegbréngen, fir déi Aarbechtsplazen och hei bei deene lokale Jugendlechen un de Mann ze bréngen.

Dofir meng Froen un de Minister: Éischtens, deelt hien déi Aschätzung vun deem Professer iwwert de Stellewäert vun der Informatik an den Informatiounstechnologien am Enseignement secondaire an am Enseignement secondaire technique?

An dann zweetens, wann dat de Fall ass, gëtt et do scho Reflexiounen am Ministère, fir dës Situatioun ze änneren a fir dem Enseignement an deene Sparte méi Wichtegkeet ze ginn?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Fayot, mat dem Wonsch, déi nächste Kéier e bësse méi genee op déi zwou Minutten opzepassen. Merci.

Den Här Éducatiounsminister huet d'Wuert.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. D'Informatik an der Schoul huet eigentlech zwou Fonctiounen: Éischtens ka se e ganz interessant Instrument sinn, fir Schoul ze halen, fir Wëssen ze vermëttelen: Et ass spannend, et kann interessant sinn. Et kann natierlech awer och do den Enseignant net ersetzen an et stéisst och sécherlech do op Limiten. Mä mir musse kucken, wou mer informatescht Material, informatesch Prozesser kënnen esou gutt wéi méiglech asetzen, och am Enseignement.

Duerno wësse mer awer - an den Här Fayot ass dorobber agaangen -, datt et extrem wichteg ass fir de Beruff, de Beruff am Allgemengen: Eigentlech egal wou een haut schaffe geet, et kënnt een net laanscht informatesch Basiskenntnisser. An dann awer och fir Lëtzebuerg am ganz Besonneschen: Wa mer eis wëllen als ICT-Standuert promouvéieren, wann de Premierminister oder de Wirtschaftsminister dat och no bausse ganz kloer verkünden, dann hu mer sécherlech eng Obligatioun, fir méi Efforten ze maachen, fir méi Informatiker - an Informatiker op allen Niveauen, sief dat an der Beruffsausbildung, sief dat och um universitäre Plang - kënnen auszebilden an hei zu Lëtzebuerg unzebidden.

Et ass eng Fro vun Orientatioun sécherlech, et ass och eng Fro vu Sensibiliséierung, eng Sensibiliséierung, déi, mengen ech, awer och scho ganz fréi muss kënnen ugoen. Och virum Enseignement secondaire, och schonn am Fondamental, mengen ech, muss et noutwendeg sinn, datt ee mat informateschem Material ka schaffen, datt een domadder a Kontakt kënnt, datt dat och déi eng oder déi aner Kéier am Enseignement ganz natierlech agesat gëtt, datt een den natierleche Bezuch dozou kritt; am Secondaire dann awer sécherlech nach an engem ganz anere Mooss, mat enger ganz anerer Method.

Mir hunn insgesamt an den Etablissementer vum Enseignement secondaire duerfir 24 Techniker schaffen, och Informatiker dorënner, an déi hu ronn 15.000 PCen ze warten, déi de Schüler zur Verfügung sti fir, jo, informatesch dorobber ze schaffen, fir alldeeglech dorobber ze schaffen.

Et ass schonn eng Zäitchen hier, datt eng Rei vu Projete geholl goufen, ech erënneren do zum Beispill un dat elektronescht Klassebuch, wat elo nach eemol weiderentwéckelt ginn ass, an de Projet WebUntis. Ech denken awer och u mySchool!, wat ville Schoulen, och schonn am Fondamental, erlaabt huet, fir iwwerhaapt eng Präsenz um Internet ze hunn an natierlech och do Schüler ze sensibliséieren an un de Medium Internet erunzeféieren, e Medium, deen awer och erlaabt, fir zum Beispill ganz vill Klassebibliothéiken a Schoulbibliothéiken ze géréieren.

Ech denken awer och un déi Offer, déi mer am elektroneschen Domän maachen, wéi zum Beispill den eBac, wéi dee ganze Programm vun E-Learning iwwerhaapt, wéi awer och, datt mer am elektronesche Beräich ëmmer méi Contenuen, och méi Coursen eigentlech haut esou opschaffen, datt se iwwert den elektronesche Wee kënnen opgeruff ginn.

Am Secondaire ass och d'elektronesch Tafel haut eigentlech net méi ewechzedenken. Si ass bei Wäitem keng Ausnahm méi, wéi dat emol nach virun enger Rei vu Joren de Fall war, an et gëtt op ganz ville Plazen - och duerch den Engagement vu villen Enseignanten - am Alldag, am alldeegleche Schaffen an der Schoul dorobber zréckgegraff. An dat vermëttelt och doduerjer, mengen ech, d'Plus-value, déi d'Informatik am Alldag ka bréngen. An dat si sécherlech net nëmmen Enseignanten aus dem mathemateschen oder aus dem informatesche Beräich.

Et gëtt awer och a ville Schoulen - a Secondairesschoulen - flott Initiativen. Ech denken do un eng zum Beispill aus dem Lycée Robert Schuman: „Mathématiques, Informatique, Sciences et Technologies", wou op ganz ville Piste probéiert gëtt, ze sensibiliséieren an deene Jonke Freed un der Informatik ze vermëttelen, fir se vläicht herno och bei der Orientatioun an deen doten Domän kënnen eranzedrainéieren.

Dat war e kuerzen Iwwerbléck - a sécherlech net vollstänneg - iwwert dat, wat existéiert. Nun, wat kann ee méi maachen, ganz besonnesch am Enseignement secondaire an am Secondaire technique?

Vläicht musse mer nach méi Wäert op déi Compétences transversales leeën, wann et drëms geet, d'Éducation aux médias ze vermëttelen, wann et drëms geet awer och, „ICT-awareness" ze vermëttelen, datt dat eben net nëmmen an enger Stonn an der Woch ofgehandelt gëtt, mä datt et eben och a ville Fächer en Thema ka ginn.

Mir hunn eng Sektioun am EST, eng Informatikssektioun. Ech denken, datt déi onbedéngt muss bäibehale ginn an datt mer se méi attraktiv musse maachen an an der Orientatioun, virun allem wat d'Beruffschancen duerno ubelaangt, méi däitlech mussen ervirsträichen.

Dann denken ech awer och, datt mer d'Informatik, de Stellewäert vun der Informatik am Enseignement secondaire nach eng Kéier sollten iwwerdenken a revaloriséieren, well mer do effektiv, wa mer en termes vu Stonnen a vu Projete kucken, dach der Realitéit, wéi se dobaussen an der Aarbechtswelt ass, e Stéck wäit hannendrunhänken. An d'Realitéit ass net nëmmen esou an der Aarbechtswelt, si ass och esou op den Unien, op déi ee jo eigentlech soll preparéiert ginn.

Mir mussen awer gläichzäiteg kucken, datt déi Jonk och op d'Gefore vun der Informatik opmierksam gemaach ginn. Dat maache mer zanter enger Rei vu Jore mam Projet BEE SECURE. An et kann ee sech och virstellen, datt BEE SECURE eigentlech obligatoresch gëtt, eng obligatoresch Präsenz op all de Septièmesklasse kéint kréien, fir awer och do ze prévenéieren.

Zum Schluss wëll ech vläicht nach soen, datt et heiansdo och Momenter an der Schoul muss ginn, wou den Handy aus ass a wou en op d'Säit geluecht gëtt an den iPad an den iPod an all déi aner TIC-Apparaten ofgeschalt ginn. Och an der Schoul brauche mer heiansdo nach en informatikfräie Raum, wou de Mënsch mam Mënsch kann ze dinn hunn. Och esou kann een eppes léieren.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Minister, mat och un hien dem Wonsch, dass en an Zukunft déi véier Minutte respektéiert. Mä dat ass och e Léiervirgang, fir sech lues a lues un déi véier Minutten erunzetaaschten, dofir si mer am Moment nach fein.

A mir géifen un déi lescht Fro kommen, wou den Här Marc Hansen sech un de Justizminister riicht a méi wëllt iwwert dee rezentste GAFI-Rapport wëssen, insbesondere wat fir Fortschrëtter eist Land a Saache Kampf géint d'Geldwäsch a géint de Finanzement vum Terrorismus virzeweisen huet.

Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°20 du 10 mars 2014 de M. Marc Hansen relative au récent rapport du GAFI (Groupe d'action financière), adressée à M. le Ministre de la Justice

M. Marc Hansen *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de GAFI, de Groupe d'action financière, ass en intergouvernementaalt Organ, dat sech fir d'Ausschaffe vun Normen a Politike géint d'Wäisswäsche vu Suen a vu Kapital grad wéi géint de Finanzement vum Terrorisme asetzt, fir et eng Kéier ganz vereinfacht duerzestellen. Dëse GAFI hat da vum 12. bis de 14. Februar Plénière zu Paräis.

Mir erënneren eis alleguerten nach drun heibannen, wéi Lëtzebuerg am Joer 2010 op eng sougenannten „gro Lëscht" vum GAFI gerode war. An am Joer 2011 si mer dann och erëm vun där Lëscht erofgeholl ginn.

Bei där ugeschwater Plénière vu Mëtt Februar vun dësem Joer gouf da festgehalen, dass Lëtzebuerg konform ass zu de Revendicatioune vun dem GAFI. A well dat, mengen ech - an do si mer eis alleguerten eens -, ganz wichteg ass, déi doten Evaluatioun fir eist Land, wollt ech vum Justizminister e klenge Bilan gemaach kréien, wéi Lëtzebuerg dann elo genee an deem Kontext géif dostoen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Hansen. De Justizminister, den Här Félix Braz, huet d'Wuert.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Merci och dem honorabele Marc Hansen fir déi Fro, déi hie stellt iwwert d'Sortie vu Lëtzebuerg aus dem drëtte Cycle d'évaluation vum GAFI. Et ass eng ganz wichteg Saach fir Lëtzebuerg, eng ganz wichteg Informatioun fir d'Finanzplaz vu Lëtzebuerg, awer och, mengen ech, dass d'Leit hei am Land déi doten Informatioun matkréien an dass och vläicht an Europa zur Kenntnis geholl gëtt, dass deen Eck, an dee Verschiddener eis ëmmer nees probéieren ze drécken, dass mer net an deem Mooss an deen Eck do eragehéieren, wéi Verschiddener sech dat wënschen. Et ass also eng ganz wichteg Informatioun fir d'Lëtzebuerger Finanzplaz, dass mer aus deem Cycle eraus sinn.

Wann Der erlaabt, e puer Wuert doriwwer, wien de GAFI iwwerhaapt ass. De GAFI - dat ass déi franséisch Ofkierzung fir Groupe d'action financière - ass en Organe intergouvernemental, deen 1989 gegrënnt ginn ass an deem säin Objet doranner besteet, Normen auszeschaffe fir d'Politiken an der Lutte géint de Blanchiment vu Capitaux an och géint de Finanzement vum Terrorismus.

Dobäi sinn och nach zënter zwee Joer Mesuren am Beräich vun der Lutte géint d'Proliferatioun vun den Armes de destruction massive. An déi Haaptnorme vum GAFI si sougenannten „Recommandatiounen" am Beräich vum Blanchiment a vum Finanzement vum Terrorisme, déi 1990, also ee Joer no der Grënnung, publizéiert gi sinn an déi zënterhier regelméisseg adaptéiert gi sinn, eng leschte Kéier am Joer 2012.

D'Applikatioun vun dësen Norme gëtt kontrolléiert a sougenannten „cycles d'évaluation". Mir sinn elo aus dem drëtte Cycle erauskomm.

De GAFI huet 36 Memberen: 34 Länner an zwou regional Organisatiounen. Eng dovun ass d'Europäesch Kommissioun. Dat just e puer Stéchwierder. An och wann de GAFI net offiziell bei der OCDE rattachéiert ass, ass et awer esou, dass de Sëtz an och d'Sekretariat vum GAFI an de Lokaler vun der OECD ënnerbruecht sinn.

Wat ass méi genee am drëtte Cycle geschitt? Dat geet zréck op Februar 2010, wou de sougenannte Rapport d'évaluation mutuelle, den REM, festgehalen huet, dass Lëtzebuerg op net manner wéi 39 vun den 49 Recommandatiounen net „compliant" wier, also net konform, oder nëmmen deelweis konform, an op de 16 Kär- oder Schlësselrecommandatiounen - déi wichtegst Recommandatiounen - ware mer op zwielef vun deene 16 net konform oder nëmmen deelweis konform.

Mir sinn doduerch an eng Prozedur vun engem Suivi renforcé komm, awer och parallell dozou an déi sougenannte Prozedur vun der groer Lëscht. Mir waren also ni wierklech op der groer Lëscht, mä mir waren an enger Prozedur vun der groer Lëscht.

Mir sinn aus där Prozedur erauskomm, an d'Kolleege vun der Commission juridique kënne sech nach bestëmmt dorun erënneren, well mer tëschent Juli an Oktober 2010 praktesch de Summer riicht duerch hu misse schaffen, fir e Paquet vun dräi Gesetzestexter am Oktober 2010 an der Chamber kënnen ze evakuéieren, wat eis bruecht huet, dass mer eng Suspensioun kritt hu vun der Prozedur, der sougenannter Prozedur vun der groer Lëscht.

Mir waren also, wéi gesot, ni op der groer Lëscht. Mir waren op der Prozedur a mir sinn zu Zäit draus erauskomm.

Elo am Februar war dann déi sougenannten „Procédure de suivi régulier", wou eng leschte Kéier, ënner anerem opgrond vun deenen Texter, eng Analys vu Lëtzebuerg gemaach ginn ass. An op all den Haaptrecommandatiounen, de generellen, awer och de Kär- respektiv Schlësselrecommandatiounen, gëlle mer mëttlerweil als „largely compliant". Dat ass am Beräich vun der Infraktioun géint de Blanchiment, an der Haaptsaach, wéi gesot, opgrond vun deene Gesetzer, déi mer am Oktober 2010 gestëmmt hunn, dem Paquet vun deenen dräi Gesetzer. Et ass am Beräich vun der Infraktioun vum Blanchiment, am Beräich vum Finanzement vum Terrorisme, awer och bei de Mesures provisoires an notamment der Confiscatioun, den Devoirs de vigilance bei der Clientèle, dem Secret bancaire, awer och der Surveillance vum Secteur financier.

Mir kënnen also och anere Länner géintiwwer elo kloer behaapten, dass mer op all deenen dote Punkten „largely compliant" sinn, an dat ass eng wichteg Informatioun fir Lëtzebuerg. Well och d'OECD an der Diskussioun ronderëm d'Finanzplaz jo eng wichteg Roll spillt a wou d'Lëtzebuerger Regierung, déi hei an och déi viregt, ëmmer nees zu Recht drop higewisen hunn, dass och do e wichtegen Deel vun der Diskussioun muss stattfannen.

Ech wëll ofschléissen, Här President, mat der Bemierkung, dass de véierte Cycle, dee fänkt elo un. An och do wäert Lëtzebuerg sech mussen enger Rei vun Diskussioune stellen, notamment wat d'Effikassitéit - dat ass dat, wat dës Kéier soll gepréift ginn - vun de Législatiounen ugeet, net just d'Bestehen dovun, mä d'Applikatioun, déi dovu gemaach gëtt, a wéi effikass dass se applizéiert ginn.

An och do si mer an der Vergaangenheet am Kader vum drëtte Cycle scho kritiséiert ginn. An do wäerte mer also och mussen, am Kader vun deem véierten Zyklus, nach eng Kéier fréi opstoen, fir déi Aarbecht do unzegoen, dass mer net erëm eng Kéier an déi Schwieregkeete geroden, déi mer schonn haten.

An e lescht Wuert, Här President, fir ze soen, dass ech lech och en Exemplaire vun deem rezente Rapport ginn, fir kënnen un déi Kolleege verdeelt ze ginn, déi de Wonsch géifen äusseren.

(M. le Ministre Félix Braz dépose une documentation.)

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Villmools Merci. An als Géigecadeau informéieren ech Iech, dass Der bei fënnef an eng hallef Minutte loucht.

(Interruption)

Villmools Merci. Domat wär d'Froestonn ofgeschloss. Insgesamt ënnert dem Strëch awer disziplinéiert, well mer néng Froen an 48 Minutten evakuéiert hunn, wou mer also ënnert dem Strëch am Soll sinn.

Mir géifen dann elo iwwergoen zu der Deklaratioun vun eisem Ausseminister iwwert déi rezent politesch Entwécklungen an der Ukrain, mat uschléissendem Débat. Méi aktuell kéinte mer eigentlech net sinn, well den Ausseminister gëschter Owend vun enger Visite aus der Ukrain erëmkomm ass.

Ech wëll Iech just soen, dass bis elo ageschriwwe sinn: déi Häre Mosar, Angel, Berger, d'Madame Loschetter, den Här Kartheiser an den Här Urbany. An déi jeeweileg Vertrieder vun de Fraktiounen an de Sensibilitéiten hu jee fënnef Minutte Riedezäit.

Här Ausseminister, Dir hutt d'Wuert.

8. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur les récentes évolutions politiques en Ukraine, suivie d'un débat

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Merci, Här President. Effektiv, Dir hutt et gesot, mir ware gëschter zu dräi Benelux-Ausseministeren op enger Visite an der Ukrain zu Kiew. Déi Visite war..., virun engem Mount war den Datum festgehale ginn a mir hunn do den Iwwergankspresident gesinn, deen och Parlamentspresident de Moment ass. Mir hunn den Ausseminister gesinn an, ganz interessant, mir hunn och kënne mat enger hallwer Dosen ONGe schwätzen. Dat Ganzt war, wéi gesot, limitéiert op Kiew.

Iwwermuer ass am UNO-Sécherheetsrot eng informell ëffentlech Sitzung, wou dann och de Premierminister vun der Ukrain d'Wuert wäert ergräifen. Et passt also vollkommen, dass mer haut hei an der Chamber eis ëffentlech iwwert d'Ukrain ënnerhalen, iwwer Russland ënnerhalen.

Mir haten de 4. Mäerz d'Geleeënheet an der Kommissioun, wat mer vill Freed gemaach huet, fir mat Iech ee Gedankenaustausch iwwert déi ganz schwiereg Problematik ze maachen.

Eng generell Remarque vläicht fir unzefänken. An ech mengen, Dir sidd mat mer d'accord, dass de Moment d'aussepolitesch Aktualitéit fir Millioune vu Leit op der Welt vun Angscht, vu Leed an och vu vill Terror gezeechent ass. Et gëtt Beispiller: d'arabesch Welt, Syrien, d'Machtlosegkeet am Kampf géint den Terror a géint Gewalt, an et gesäit ee kee Liicht um Enn vum Tunnel. Afrika, just ee Beispill: Zentralafrika, d'Republik Zentralafrika, wou Kanner de Kapp erofgeschloe kréien, well se entweder Moslem sinn oder Chrëscht sinn.

Bei der osteuropäescher Welt da mengen ech och soen ze dierfen, dass d'Konsequenze vum Fall vun der Berliner Mauer nach net geheelt sinn oder richteg verschafft sinn.

Zënter bal zéng Joer hunn ech d'Éier, fir däerfen Ausseminister vun eisem Land ze sinn, an an deenen zéng Joer huet Lëtzebuerg vill Wäert op d'Relatiounen tëscht der Europäescher Unioun a Russland geluecht. Och a schwéiere Momenter.

Dës Relatiounen, esou hu mer et ëmmer gesinn, ware jo opgebaut op dräi Prinzipien: géigesäitegt Vertrauen; dann d'Geschicht, déi eis geléiert huet, dass net nëmme Krich, mä och kale Krich desaströs ass; an drëttens, schliesslech op Respekt vum internationale Recht.

Et ass zënter Kuerzem de facto eng ganz gefäierlech Evolutioun agetrueden. Éischtens, tëschent Russland an der Europäescher Unioun schwätze mer net méi iwwer eng nei performant Kooperatioun um wirtschaftleche Plang, mä iwwer wirtschaftlech Sanktiounen. Mir schwätzen net méi iwwert d'Visa-Liberalisatioun, mä iwwert d'Aschränkunge bei Reesen. Mir schwätzen net méi iwwer een neit EU-Partnerschaftsofkommes, mä iwwert de Boykott vum G8-Sommet zu Sotschi.

A well ech vun der Geschicht kuerz geschwat hunn, misst dach op alle Säiten eng rout Luucht ugoen, fir jiddwerengem kloerzemaachen, dass mer eigentlech am 21. Jorhonnert missten d'Geschicht vum 20. Jorhonnert kapéiert hunn. A kengem internationale Konflikt däerf déi militäresch respektiv paramilitäresch Optioun als eenzeg Alternativ ugesi ginn.

Beim Béie vum internationale Recht féiert dat onweigerlech an d'Onrecht. D'Konstruéiere vu blannem Haass ass net wäit ewech, ni wäit ewech vun Nationalismus, a mir wëssen, dass deen an d'Katastroph féiert.

Nun, fir et kloer ze soen: Zënter, ech géif soen, dem 22. Februar spéitstens, ass eng ganz negativ Dynamik an der Relatioun tëschent Russland an der Ukrain, mä och Russland/Europäesch Unioun, Russland/Amerika amgaange sech ze entwéckelen, déi net ze ënnerschätzen ass, wat hir Auswierkungen an der Regioun selwer, mä awer och op déi grouss Verhältnisser an der Aussepolitik uginn.

Richteg ass et, festzestellen, dass d'Ukrain net iergendeen Ausland ass fir Russland. Kiew war d'Haaptstad vu Russland, ier Moskau d'Haaptstad ginn ass. D'Ukrain a Russland ware jorhonnertelaang zesummen; eppes, wat een net kann ausradéieren.

Richteg ass, dass d'Ukrain als integralen Territoire den Ukrainer eleng gehéiert. D'Ukrain ass e souveränt Land, dat d'Recht huet op de Respekt vu senge Grenzen. De Wee, deen d'Ukrain goe wëllt, läit eenzeg an eleng an den Hänn vun den Ukrainer.

Richteg ass et, dass d'Krim vum Khrouchtchev, deen an der Ukrain gebuer ass, 1954 der sowjetescher Republik Ukrain ugebuede ginn ass an un déi ugegliddert ginn ass. De Khrouchtchev huet natierlech ni geduecht, dass d'UdSSR eng Kéier géif ausenanerbriechen.

Falsch wier et festzehalen, dass Russland no der Souveränitéit vun der Ukrain 1991 net spezifesch Interessen op der Krim hätt, en particulier, mir wëssen dat, wat seng Flott um Schwaarze Mier ugeet.

Richteg ass et, dass et, vu reliéiser Säit gesinn, ee russesch orthodoxen Oste gëtt an ee kathoulesche Westen an der Ukrain.

Falsch wier et, all dës Particularitéiten ze ignoréieren. Mä fir d'Relatioune Russland/Ukrain wéi och fir den internen Équiliber vun der Ukrain, a fir d'Interesse vu Russland op der Krim ze garantéieren, brauch een, a mengen Aen, keen décken Hummer.

Am Syrien-Konflikt hu mer gewisen als international Gemeinschaft, dass de Problem vun de chemesche Waffen och konnt geléist ginn am Kader vum internationale Recht. Och tëschent Russland an der Ukrain brauch ee weder Argumenter, déi op militäresch Force, op Annexioun, op Destabilisatioun berouen.

Falsch ass et ze behaapten, dass an der Ukrain et eng geziilte Verfollegung vun de russeschsproochege Populatioune géif ginn.

Falsch ass et och ze behaapten, dass Extremismus, Hooliganismus, de Majdan dominéiert hätten.

Richteg ass et, dass esou Virgäng sech gewisen hunn, mä déi Leit, déi hiert Liewen um Majdan gelooss hunn, wéi och déi grouss Mass vun de Protestanten, vun deene Leit, déi do demonstréiert hunn, hu sech agesat fir hir Virstellung vun Demokratie, vu Rechtsstaatlechkeet a fir hir Astellung, déi se hunn zu de Mënscherechter.

Nun, Russland schéngt elo, wann och zaghaft, zënter gëschter op d'Schinn vun enger Négociatioun mat den USA ze goen.

D'EU muss dëst onbedéngt matdroen, wëssend, dass dobäi déi direkt Interesse vun der Ukrain selbstverständlech net auszeklamere sinn.

Dat grousst, dat staarkt Russland sollt et net néideg hunn, eng Karikatur vun engem Referendum op der Krim ze benotzen, fir ee flagrante Broch vum internationale Recht guttzeheeschen.

Zënter dem 21. Februar gëtt net méi geschoss zu Kiew, wat jo de Mérite ass virun allem vun deenen dräi europäeschen Ausseministeren: Frank-Walter Steinmeier, Laurent Fabius a Radek Sikorski.

Et geet elo drëm, esou séier wéi méiglech Presidentschaftswahlen ze organiséieren - an déi si jo virgesinn de 25. Mee, mat de Wahlen och hei an Europa, jiddefalls zu Lëtzebuerg zum Europaparlament -, et geet dann drëm, ganz séier d'Parlamentswahlen ze organiséieren, fir dann doraus eng Regierung bilden ze kënnen, an där all Regioune vun der Ukrain vertruede sinn an och all ethesch Gruppe vertruede sinn.

Eleng domat ass een definitiven Neistart méiglech. Dobäi geet et ëm d'finanziell Hëllef, ëm en Invest, wat onentbierlech ass, fir der Ukrain nees op d'Been ze hëllefen. D'Ukrain, dat hu mer gëschter héieren, wann an deem nächste Mount keng finanziell Hëllef kënnt, riskéiert als Stat bankrott ze goen.

Russland gëtt wirtschaftlech wéi och politesch a mengen Aen dobäi gebraucht. D'Welt brauch och een „core group", wéi et op Englesch genannt gëtt, eng Grupp, an deem déi wichtegst Länner sech zesummefannen - ebenfalls mat Russland -, fir déi Aspekter do alleguerten ze négociéieren.

D'EU huet e Stufeplang zréckbehalen um leschten aussergewéinleche Conseil européen, mat Konsequenzen, déi Der wësst, déi mer schonn ugeschnidden haten als Ausseministeren: D'Visa-Liberalisatioun ass agefruer, de Partnerschaftsaccord ass agefruer.

Mä ech soen awer och hei, op jidde Fall haut, gradesou kloer, dass Lëtzebuerg och deen nächste Méindeg am Rumm vum Ausseministerrot zu Bréissel net Sanktiounen als eenzeg Äntwert op dës Kris wäert gesinn an och verteidegen.

Am Conseil de Sécurité hu mer positiv op d'Demande reagéiert, fir ee Briefing d'information ze organiséieren, wat dësen Donneschdeg um dräi Auer stattfënnt, a Präsenz vum Premierminister vun der Ukrain.

Et ass ze hoffen, dass um Dësch vum Sécherheetsrot, wou dann d'Ukrain a Russland zesummesëtzen, Signaler méiglech sinn, fir zu engem Dialog ze kommen. Wëssend awer, dass Wonner dobäi net ze erwaarde sinn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Ausseminister. Als éischte Riedner huet d'Wuert den Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ufänke wéilt ech meng Interventioun mat engem Merci, datt mer de Mëtteg haut d'Méiglechkeet hunn, fir iwwert d'Situatioun an der Ukrain ze debattéieren, dat a Präsenz vum Ausseminister.

Ech wëll dann och net verfeelen, direkt um Ufank vu menger Ried am Numm vu menger Fraktioun, dem Ausseminister Jean Asselborn e grousse Merci ze soe fir säi groussen Asaz an Engagement an dëser Kris.

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens an dësem Haus, datt d'Kris an der Ukrain déi gréissten aussepolitesch Erausfuerderung un d'Europäesch Unioun ass säit dem Zesummefall vu Jugoslawien an der doraus resultéierender Opspléckung vun deem Land.

D'Rapiditéit an d'Häert, mat där d'Kris op der Krim eis erëm an d'Logik vum Kale Krich féiert, bitt eigentlech en ëmfangräicht Uschauungsmaterial a Saache weltpolitescher Dynamik.

Wann ee wëllt den Hannergrond vun der Kris verstoen, ass et wichteg, datt een e Bléck an déi gemeinsam Geschicht tëschent Russland an der Ukrain geheit - an den Ausseminister huet dat jo och virdru gemaach.

Déi russesch Geschicht geet eigentlech un zu Kiew, wou d'Wéi vu Russland steet. Vun hei aus huet sech nämlech déi russesch Religioun ausgebreet a während Jorhonnerten - an de Minister huet et gesot - war d'Ukrain en Deel vu Russland an hir Geschichte waren enk matenee verstréckt.

Ech wëll drun erënneren, datt eng vun deene wichtegste Schluechte fir d'Fräiheet vu Russland ugefaangen huet mat der Schluecht vu Poltava 1709, déi op ukraineschem Buedem ausgedroe ginn ass.

D'Schwaarzmierflott, déi fir Russland esou iwwerliewenswichteg ass, läit, wéi mer alleguerte wëssen, zu Sewastopol op der Krim; also op ukraineschem Territoire. Mir mussen dofir och verstoen, datt d'Ukrain fir Russland nimools iergendwéi en anert Land, also Ausland ka sinn.

Op där anerer Säit ass et wichteg ze ënnersträichen, datt d'Ukrain eigentlech eréischt säit 23 Joer onofhängeg ass a säit dem 14. Jorhonnert ënner friemer Herrschaft stoung.

Dofir ass et eigentlech och verständlech, datt déi divers Regierunge vun der Ukrain säit der Onofhängegkeet d'Konscht vum Kompromëss vläicht net esou beherrsche wéi aner Länner, déi vill méi laang Traditiounen hunn.

Wat kann elo d'Positioun vun der Europäescher Unioun an dësem Konflikt sinn?

Am Prinzip si mir der Meenung, datt deen Dräistufeplang, sou wéi e vun der Europäescher Unioun virgeluecht ginn ass, an déi richteg Richtung geet an dee fënnt och eis Ënnerstëtzung.

Mir ënnerstëtzen och d'Initiativ vum Kommissiounspresident Barroso vum 5. Mäerz, der Ukrain esou séier wéi méiglech eng finanziell Hëllef fir eng makroekonomesch Stabiliséierung zouzesoen.

Gläichzäiteg menge mir awer, datt een och der neier ukrainescher Féierung muss noleeën, d'Interessi vun der russescher Minoritéit am Land, a ganz besonnesch op der Krim ze respektéieren an ze schützen.

Schlussendlech ass et wichteg, datt no de Wahlen an der Ukrain erëm politesch stabil Verhältnisser zustane kommen an hei de Kampf géint d'Korruptioun eng absolut Prioritéit kritt.

Wat elo eis Attitüd par rapport zu Russland ugeet, muss déi international Communautéit an d'Europäesch Unioun kloer an onmëssverständlech maachen, datt eng Annexioun vun der Krim géint all vëlkerrechtlech Regele verstéisst, an datt esou eng Initiativ op de ge-

balltene Widderstand vun der EU wäert stoussen. Esou eng Annexioun, an dee Referendum, dee geplangt ass, verstéisst iwwregens och géint déi ukrainesch Verfassung, déi esou Referenden an de Regioune kloer verbitt.

Et kann een hei och net d'Situatioun - wéi den Här Putin d'Tendenz huet, dat ze maachen - vergläiche mam Kosovo, quitte datt natierlech all Mëssbrauch vu Gewaltmonopol vun engem Stat strengstens muss veruerteelt ginn. Gläichzäiteg musse mer awer och a Russland all Mënscherechtsverletzungen, all Form vun Zensur, Aschüchterung an och déi deelweis absurd Diskriminéierung vun Homosexuellen uprangeren.

Här President, ech wëll awer och virun enger Dämoniséierung vu Russland warnen, well Dämoniséierung ni Politik ass, héchstens en Alibi, wann ee keng Politik huet.

Mir sollen och versichen, Russland besser ze verstoen, well dat deelweist Onverständnis vum gesamte Westen huet dëst Land oder ass amgaangen, dëst Land ze isoléieren, a vill Russen hu leider haut d'Gefill, vum Weste veruecht ze ginn.

Dofir schéngt et eis wichteg ze sinn, datt ee bei alle Meenungsdivergenzen, déi ee mat Russland kann a soll hunn, trotzdeem ëmmer erëm Respekt fir dat russescht Vollek a seng Geschicht an Traditioune weist.

Fir eis kënnen duerfir Sanktiounen, a fortiori eng militäresch Interventioun nëmmen déi lescht Optioun sinn, a mir sollen eis bewosst sinn, datt déi net ouni Konsequenzen op déi wirtschaftlech Relatioune vun der EU an eisem Land mat Russland bleiwen. Mir plädéieren dofir nohalteg, datt Diplomatie och muss Gespréichstherapie sinn, an dofir dierf den Dialog mat der russescher Féierung net ofbrieche gelooss ginn!

An deem Kontext erlaabt mir, d'Fro opzegräifen, ob et glécklech war, eng laang geplangte Wirtschaftsmissioun a Russland am leschte Moment ouni Explikatiounen ofzesoen, an dat am selwechte Moment, wou den däitsche Wirtschaftsminister Sigmar Gabriel seng Missioun a Russland duerchgezunn huet.

Här President, ech kommen domadder zum Schluss, fir nach eng Kéier eis Positioun ze résuméieren: Éischtens, mir musse Russland kloermaachen, datt d'Annexioun vun der Krim géint all vëlkerrechtlech Prinzipie verstéisst a fir déi international Communautéit inakzeptabel ass.

Zweetens, mir musse weider prioritär op den Dialog setzen an alles ënnerhuelen, datt et zu enger diplomatescher Léisung op der Krim kënnt. Drëttens, d'Sanktiounen, a fortiori eng militäresch Interventioun, kënnen nëmmen als allerlescht Optioun an d'A gefaasst ginn. A véiertens, et ass fir eis onerlässlech, der ukrainescher neier Féierung kloerzemaachen, datt déi sämtlech ethnesch Minoritéiten, a ganz besonnesch déi russesch, gradesou wéi d'Autonomie vun der Krim ze respektéiere sinn.

Dat gesot, géif ech zum Schluss lech gär den Henry Kissinger zitéieren, deen d'Situatioun an der Ukrain an engem exzellenten Artikel beschriwwen huet. Den Här Kissinger seet, datt den Test fir d'Politik net deen ass, wéi een eppes ufänkt, mä wéi een eppes zu Enn bréngt. Am Kontext vun der Ukrain gëtt déi aktuell Situatioun als eng Aart Showdown duergestallt, an deem sech um Enn décidéiere soll, ob d'Ukrain elo dem Weste bäitrëtt oder weider am Oste verwuerzelt bleift.

„Wann een awer..." - an ech zitéieren den Här Kissinger - „...dësem Land soll eng Chance ginn, ze iwwerliewen a sech weiderzëentwéckelen, da kann dat Land weder e Virposte vu Russland nach vun der Europäescher Unioun sinn, mä da soll et eng Bréck zwëschen dem Westen an dem Oste ginn."

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci och dem Här Mosar, deem ech wëll soen, dass mäi Virgänger him gesot hätt, dass e virun zwou an eng hallef Minutten um Enn vu senger Riedezäit ukomm wier.

(Interruptions)

Dat soll e sech, mengen ech, da fir d'Zukunft mierken. Den Ausseminister huet sech d'Wuert gefrot fir eng Prezisioun.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Ech wollt vläicht déi excellent Ried, déi den Här Mosar elo gehalen huet, an déi Froen, déi e gestallt huet, direkt beäntwerten. Ech mengen, da si mer kloer.

Déi Rees vum Wirtschaftsminister war virgesi genee tëschent dem Rot vun den Ausseministere méindes an dem Conseil européen donneschdes. An ech soen hei, dass ech ee vun deene war, déi gesot hunn - a mir waren och solidaresch an der Regierung -, dass mer zu deem Moment déi Rees do net sollte maachen, well mer an onrouegen Zäite waren, well mer och net gewosst hunn: Wat ass d'Konsequenz donneschdes am Conseil européen? Dat ass d'Nummer 1.

D'Nummer 2 ass: Déi Däitsch - a mir waren a Kontakt, ech perséinlech och, mam Här Gabriel - hunn déi Rees „total ëmgebootscht" gehat, op Lëtzebuergesch gesot. Hien ass an de Kreml gaangen, fir mam President Putin ze schwätzen, an ass du vu Moskau op Kiew geflunn, fir och zu Kiew ze weisen, dass Solidaritéit do ass par rapport zu der Ukrain.

An dofir mengen ech, dat war richteg, Här Mosar, ech kann lech nëmmen déi Äntwert ginn - déi ass net vun enger Persoun décidéiert ginn -, dass mer do, no laangem Iwwerleeë selbstverständlech, am leschte Moment dat dote gemaach hunn, well mer jo och net gewosst hunn, wéini dass de Conseil européen wier, dat houng laang an der Schwief. Mä dat ass d'Ursaach, firwat dass déi Wirtschaftsmissioun, déi nogeholl gëtt, firwat déi zu dësem Zäitpunkt net opportun gewiescht wier fir, mengen ech, stattzefannen.

M. le Président.- Merci dem Här Ausseminister fir déi Prezisiounen. An als nächste Riedner ass de Marc Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Jo, Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Häre, ech wëll och als President vun der aussepolitescher Kommissioun dem Minister Merci soe fir seng Deklaratioun hei, fir säin Engagement um Niveau vun der UNO, vun der Europäescher Unioun a gëschter och mat de Benelux-Kolleegen, fir alles ze maachen, dass den Dialog weidergefouert gëtt an dass et zu enger friddlecher Léisung an der Ukrain a besonnesch op der Krim kënnt. An ech wéilt him och Merci soe fir seng Disponibilitéiten, wou en an d'Kommissioun komm ass. Mir hate schonn zweemol iwwert dat wichtegt Thema Ukrain do Rieds.

Den 11. Februar, genau haut virun engem Mount, Här Minister, war ech och zu Kiew an hat och d'Chance, de Majdan ze gesinn. Dat war eng Woch virum 22., also zéng Deeg virun deem berühmten 22. Februar. A wat ech méi laang do war - an ech hunn dat och iwwer Twitter geschéckt -, hunn ech gesot: „Wat ech méi laang do sinn, hei zu Kiew, realiséieren ech, wéi fragil d'Situatioun ass." A wat mir opgefall ass op deem Majdan, ass: dass een néierens russesch Medie gesinn huet. Soss géifen och d'Leit a Russland wëssen, dass op deem Majdan, dass dat ganz normal Bierger sinn, Jonk an Al, dass dat Männer a Frae sinn, dass dat net lauter Faschiste sinn an net lauter, wéi Dir gesot hutt „Hooligans" sinn - där ginn et der och do, mä net lauter -, an dass dat Mënsche sinn, déi sech engagéiere fir eng nei Ukrain, fir eng inklusiv Ukrain an eng Ukrain, déi opgebaut ass um volle Respekt vun den demokratesche Prinzipien.

À propos Demokratie: Et ass richteg, an dat soe verschidde Leit, den Här Janukowitsch war demokratesch gewielt. Mä no där Wahl huet hien dat Land awer net méi grad ganz demokratesch gefouert. En huet déi bestoend Constitutioun ganz séier ausser Kraaft gesat, dem Parlament bal all seng Rechter geholl an en huet e System opgebaut, wou hien an déi Leit ronderëm hien all d'Pouvoiren haten.

An ech mengen, et ass och wichteg ze ënnersträichen, dass de Renversement vun deem Regime Janukowitsch net duerch eng Ingérence vum Ausland oder vun Europa komm ass, mä duerch déi Tatsaach, dass déi ukrainesch Populatioun dee Regime vu Korruptioun, dee Regime, dee mat Gewalt géint seng eege Leit virgaangen ass, net méi erdroen huet.

Ech hu mer och Notize geholl, wéi ech do war, an ech hat geschriwwen: «Le régime me semble autiste. Soit il sous-estime le risque de la confrontation ouverte, soit il attend cyniquement que l'opposition perde le contrôle des manifestations pour ensuite écraser le mouvement dans le sang.» Leider ass dat esou komm! De Mouvement ass..., et ass zu engem Bluttbad komm, an dat ass ze bedaueren! An dofir ass et wichteg, dass Europa an och vill anerer dat dénoncéiert hunn an och condamnéiert hunn.

Et ass awer och elo wichteg, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, op där anerer Säit, dass déi nei ukrainesch Autoritéiten - an de Minister huet dat och gesot -, wat jo nëmmen eng Transitiounsregierung ass, a vollem Respekt vun der Rechtsstaatlechkeet dat Land erëm op de Wee vun der Demokratie zréckbréngen. Wichteg ass och ervirzesträichen, dass déi Transitiounsregierung sech net provozéiere gelooss huet an och erkannt huet, dass eng militäresch Solutioun näischt bréngt. Dat war och gutt esou. Esou ass e Georgien-Zeenario évitéiert ginn, an dat war och ze begréissen.

Här Minister, Dir hutt dëser Deeg gesot, dass een e Konflikt vum 21. Jorhonnert net mat Mëttele vum 19. Jorhonnert an och deelweis vun der éischter Halschent vum 20. Jorhonnert léise kann. Dat heescht: mat Krich, mat Gewalt a mat Waffen. An dofir sinn ech frou, dass Dir op d'Kaart vum Multilateralismus setzt. D'21. Jorhonnert ass, wéi Dir sot, d'Jorhonnert vum Multilateralismus. An dofir huet et mech gefreet ze héieren, dass iwwermuer eng informell ëffentlech Sitzung an der UNO stattfënnt. An ech hoffen, dass do gutt Resultater dobäi erauskommen.

Dir hutt déi negativ Dynamik vu Russland och ugeschwat. Ech wëll ënnersträichen, dass et och wichteg ass, dass den Dialog zwësche Russland an der Ukrain fonctionnéiert. D'Ukrain wëllt jo mat alle Mëttelen eng friddlech Léisung a wëllt Dialog. Mä ech hu gelies, dass Russland seng Diplomate vu Kiew, net offiziell, mä awer zréckgezunn huet, op Moskau geruff huet. Russland schwätzt net vill mam Iwwergangspresident. Russland wëllt net mat demokrateschen Ausseministere schwätzen. Dat ass net gutt!

An et ass och net gutt, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dass Russland ze spiere gëtt, si wéilte just mam President Obama, mat den Amerikaner diskutéieren. Dat si Muskelspillereie vum President Putin, déi ech net gutt fannen. Dat wëllt e bëssen erënneren un déi fréier Zäiten, wou et zwou grouss Puissancë ginn ass. An ech hu virdru gesot: „Mir sinn haut am 21. Jorhonnert, an deem vum Multilateralismus." An ech fannen, mir sinn hei - wéi Dir ëmmer sot, Här Asselborn -, um europäesche Kontinent, mir deelen eis dee Kontinent zwëschen der EU an anere Länner, entre autres der Ukrain a Russland, an dofir wëlle mer, dass mer hei am Dialog a mat friddleche Mëttelen zesummekommen a -liewen.

Dir hutt och de Passé ugeschwat: Déi Geschicht, déi ass natierlech wichteg, déi „Grouss-Russia". D'Ukrain hat mat Russland..., do ginn et ganz glorräich historesch Momenter, et ginn awer och Momenter, déi ganz wéidinn. Den Här Mosar hat gesot: „D'Ukrain ass fir Russland keen Ausland." Dat stëmmt - et ass awer och keen Inland, et ass en Nopeschland. An ech mengen, déi däischter Säite vun der Geschicht, déi sinn do, déi sinn net esou einfach ewechzedenken: déi grouss Famine an den 30er Joren, dräi Milliounen Ukrainer, déi deportéiert gi sinn, och déi ganz Krimtataren, déi deportéiert gi sinn. Do ass eng Geschicht do.

Mä mir däerfen awer net ëmmer nëmmen no hanne kucken. Et muss een no vir kucken. An ech mengen, do kann d'EU der Ukrain a Russland och als Beispill déngen. Mir hunn et fäerdegbruecht, no engem bluddege Weltkrich an der Mëtt vum 20. Jorhonnert Réconciliatioun ze maachen, kee Revanchismus ze priedegen, an dat huet zu deem Kontinent gefouert, wéi mer en elo kennen.

Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, eng Militärinterventioun vu Russland op der Krim ass en Akt vu Aggressioun. An net nëmmen, wéi de Minister zu Recht gesot huet, verstéisst et géint d'Charta vun der UNO, mä et verstéisst och géint den Acte final vun Helsinki a virun allem géint de Budapest-Memorandum, deen 1994 ënnerschriwwe ginn ass.

Mir deelen als LSAP och Är Meenung, Här Minister, dass et muss zu enger internationaler Kontaktgrupp kommen, fir do eng friddlech Solutioun ervirzebréngen.

Op de Memorandum vu Budapest wollt ech just kuerz agoen, deen… Ech hunn net vill Zäit, gesinn ech.

M. le Président.- Neen, Dir sidd um Enn.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Deen ass nämlech och, mengen ech, wichteg ervirzesträichen. Als Konklusioun, da muss ech elo hei kierzen.

M. le Président.- Awer ganz séier.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Ech wollt keng preparéiert Ried, well ech wollt nämlech reagéieren op dat, wat de Minister gesot huet, dunn hunn ech mer eng Rëtsch Stéchwierder hei opgeschriwwen.

Ech résuméieren: Ech begréissen natierlech och dee Pak, deen um Conseil vun der EU do décidéiert ginn ass. E Pak, en Ënnerstëtzungspak fir d'Ukrain, dräi Milliarden Euro bis zu aacht Milliarde vun der Europäescher Investitiounsbank. Ech ginn dat Dokument a loossen et verschécken un all d'Membere vun der aussepolitescher Kommissioun. Da kënne mer dat do eng Kéier duerchkucken.

Op jidde Fall hoffen ech, dass mer kee Krich hei um Kontinent kréien. Mir hunn dës Sessioun ugefaange mat Froen iwwert den Éischte Weltkrich, un 1914 hu mer geduecht, an ech hoffen, dass mer am Joer 2014 kee Krich op eisem Kontinent kréien. An ech hu vollt Vertrauen an de Multilateralismus, dass mer hei net eng negativ Entwécklung kréien an dass d'Balkankricher déi lescht Kricher waren, déi mer um europäesche Kontinent haten.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci och dem Här Angel. An datselwecht, wat virdru gesot ginn ass, gëllt och fir hien. Bei där nächster Debatt wäerte mer genee op déi fënnef Minutte pochen. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och mir begréissen, datt d'Deklaratioun duerch den Ausseminister zum Sujet Ukrain an der Chamber konnt kuerzfristeg méiglech sinn. A mir wëssen awer och, datt all Dag, praktesch all Stonn erëm nei Elementer sinn. Ech hunn elo grad nach um Internet e bëssen nogekuckt: Ënner anerem geet do och Rieds, datt d'Parlament an der Krim elo eng Deklaratioun…oder gestëmmt huet, datt se d'Onofhängegkeet gestëmmt hunn an eigentlech eng Lassléisung vun der Ukrain wëllen. Nëmme fir ze weisen, datt, wa mer elo schwätzen, vläicht schonn an enger Stonn erëm aner Elementer do sinn.

Bon, an eisen Aen ass et op alle Fall och déi schlëmmste Kris an Europa säit dem Fall vun der Mauer. An d'Kris ass och nach net eriwwer. Mir sinn nach ëmmer voll amgaangen. E Sonndeg goufen et nach russesch oder pro-europäesch Manifestatiounen en vue vum Referendum, deen an der Krim soll ofgehale ginn, deen deen nächste Sonndeg, de 16. Mäerz soll sinn. D'Ukrain ass, kann ee soen, d'Land vun alle Geforen. An et weess een de Moment awer net esou richteg, wou et higeet. Am Land ginn et opposéiert Zilsetzungen a ganz vill Clivagen an der Populatioun. Dat muss een och wëssen. An ech mengen, eis Haaptsuerg muss et sinn, datt d'Ukrain seng Eenheet erëmfanne respektiv behale muss.

Den Ursprong vun der Kris an der Ukrain, dat war d'Weigerung vum President Janukowitsch d'Associéierungsofkommes mat der EU ze ënnerschreiwen, wat do jo d'Manifestatiounen op der Majdan-Plaz ausgeléist huet. Eng Léier, déi een aus deenen Deeg zu Kiew kann zéien, ass déi, datt ausserhalb vun den europäesche Grenzen d'Unioun nach ëmmer dreeme léisst, datt ausserhalb vun eise Grenzen d'Länner oder och d'Mënschen hir Perspektiven dora gesinn, Member vun der EU ze ginn.

Mir mussen eis also deem Vertrauensbonus kloer bewosst sinn an och dofir mat Responsabilitéit un déi Kris erugoen. D'EU muss no bausse mat Courage och fir déi Valeuren astoen, hannert deene mir alleguerte stinn: d'Mënscherechter, Rechtsstat an Demokratie.

Mir mussen eis awer och bewosst sinn, an dat ass och schonn ugeklonge bei Virriedner, datt et an der Ukrain och Deeler vu Leit ginn, Deeler vun der Populatioun ginn, déi wéineg mat der EU ufänke kënnen an deenen hir Blécker an Affinitéite sech éischter op Russland riichten. Dat ass eng Realitéit, déi mer net dierfen ignoréieren, an och ee vu menge Virriedner huet jo och den historesche Kontext virdru gesat.

Bon, déi nächst Presidentschaftswahle sinn de 25. Mee. Bis dohinner sollen d'Weiche gestallt ginn, wirtschaftlech Perspektive fir d'Ukrain solle geschafe gi mat der Hëllef vun der internationaler Ënnerstëtzung, besonnesch och vun der europäescher Communautéit.

Ech mengen, de Bäitrëtt vun der Ukrain an d'EU ass momentan keng Perspektiv, mä d'Associéierungsofkommes soll deemnächst ënnerschriwwe ginn. Schnell soll och d'Ukrain en Deel vun der europäescher Fräihandelszon ginn. Am Kader vum Partenariat ware fir d'Éischt 610 Milliounen Euro virgesinn. Elo ass

festgehale ginn, datt d'EU ronn eelef Milliarde soll kuerz- a mëttelfristeg débloquéieren. Mä et muss een och wëssen, et ginn och Gefore vu Géigereaktioune vu Russland, wann d'Ukrain nach virun de Wahlen d'Associéierungsofkommes ënnerschreift. A bei de Verhandlungen, déi elo ustinn, muss wierklech gutt opgepasst ginn, datt de Konflikt net eskaléiert an datt sech d'Fronten net verhäerten.

Här President, mir veruerteele ganz kloer den Amarsch vu russeschen Truppen an der Krim. Dat ass eng Violatioun vun der Souveränitéit an der Intégrité territoriale vun der Ukrain an och vum internationale Recht. Datselwecht gëllt och fir d'Zréckweise vun internationalen Observateure vun der OSZE.

Eng Fro, déi sech de Moment opdrängt, ass déi: Wéi eng Sanktioune solle géint Russland geholl ginn? Wa Russland net a Richtung Deeskalatioun geet, droht d'EU mat weidere wirtschaftlechen an diplomatesche Sanktiounen. An och dat ass virdru scho gesot ginn, et muss een och wëssen, datt dëst och eng delikat Situatioun net onbedéngt…, och fir Europa, mä och besonnesch fir Lëtzebuerg ass. Virun e puer Méint zum Beispill huet Luxembourg for Finance eng Ofsiichtserklärung mat der Finanzplaz zu Moskau ënnerschriwwen. Ausserdeem ass Lëtzebuerg och e groussen Investisseur a Russland. Och déi Saach solle mer awer am Hannerkapp weider behalen.

Ech mengen, ech komme schonn zu menge Konklusiounen, dann huelen ech déi Zäit eran, déi vläicht mäi Virriedner e bëssen ze vill hat. Ech mengen, an dësen Zäiten, do muss wierklech d'Diplomatie dat éischt, dat zweet an dat drëtt Gebot sinn an eng virsiichteg Haltung muss ageholl ginn. Et weist jo och alles am Moment drop hin, datt an dësem Moment richteg gehandelt gëtt doduerjer, datt sech d'international Communautéit, och besonnesch d'EU éischter zréckhält a probéiert, d'Gespréichskanäler ze halen - Stéchwuert Kontaktgrupp, internationale Kontaktgrupp.

Ech mengen, d'Zil muss et op alle Fall elo fir d'Éischt sinn, datt kuerzfristeg et zur Deeskalatioun vun der Situatioun muss kommen. Déi ganz Saach soll sech net weider ophëtzen, mä éischter ass d'éischt Gebot och Deeskalatioun.

A mir sinn och der Meenung, nach huet d'Diplomatie eng Chance. An déi muss elo konsequent genotzt ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Berger. Als nächst Riednerin ass agedroen d'Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. A virun allem dem Ausseminister Merci, fir ons haut déi lescht Informatioune kënne matzedeelen an och an engem gewëssene Sënn säin Témoignage zu deene Versich, déi bis elo gemaach gi sinn.

An dofir am Numm vun der grénger Fraktioun géif ech gären Encouragementer an am Fong geholl och nach e puer Remarquen Iech mat op de Wee ginn, Här Ausseminister.

Mir wëssen, datt Russland an den Här Putin sécherlech net handelen aus enger Positioun vun der Stäerkt. Den Här Putin huet säin diplomateschen Afloss an der Ukrain verluer. E probéiert elo op Däiwel komm eraus, d'Krim fir Russland ze retten. A virun allem: En huet dobäi dat internationaalt Recht net méi op senger Säit, d'Vertrauen iwwregens och net méi. An dëse Konflikt, do si mer eis eens, wäert dann och nach net an e puer Méint domadder gedoe sinn.

Et wier awer falsch ze probéieren, Russland an den Här Putin elo an den Eck ze drécken, an dat aus dräi Grënn, onser Meenung no: Éischtens, well dat géif grad der Demokratiséierung vu Russland net notzen. Den Här Putin géif fir Verschiddener do nach méi zum Held, zum staarke Mann vu Russland gemaach ginn. A grad déi Leit, déi Verännerung elo emol a Russland wëllen erreechen, hätten et nach méi schwéier. An dobäi schwätze mer net nëmme vun ONGen oder vu Journalisten, och bei de mëttelstännege Betriber ass dat de Fall. An drëttens: Et géif och de Konflikt op der Krim nëmmen nach weider unheizen.

Et geet, wéi et och scho gesot ginn ass a wéi esou oft, ëm Rechter vu Minoritéiten. An dat ass eigentlech den zentrale Kär och vun dësem Konflikt. Et gëtt an der Ukrain an op der Krim eng Rei vu méi oder wéinege grousse Volleksgruppen: Krim-Tataren, d'Russen an eben déi Leit, déi sech ukrainesch Leit nennen. Dorënner eben och grad déi Russen an déi Russen, an et ass och scho gesot ginn, déi net wëssen, wat mat der neier Regierung zu Kiew op si duerkënnt. Et ass also absolut nozevollzéien, datt déi Leit sech Suergen ëm d'Zukunft, ëm hir Zukunft maachen. Iwwregens och déi aner Leit vun der Krim. An et gesäit een och, dat gesäit een och iwwer Twitter, well do gëtt jo vill getwittert, datt och zu Simferopol gemeinsam op der Strooss och manifestéiert gëtt, d'Krim-Tataren, d'Russen an d'Leit vun der Ukrain, an déi wëllen eigentlech alleguerten datselwecht.

Et geet un éischter Stell eben ëm si, ëm d'Leit, ëm d'Mënschen, ëm hiert Liewen, hir Kanner, déi weider an d'Schoul solle kënne goen, déi net wëllen als Zaldot an de Krich zéien. Et geet ëm hir Aarbecht, et geet ëm hir Fabricken, déi net sollen zerstéiert ginn, hir Haiser an hir Gäert. Et gëtt och e Grupp vu Mammen, déi manifestéieren, déi vläicht dat aus fréieren Zäite kennen oder verzielt kritt hunn an déi dat net méi wëllen nach eng Kéier erliewen. An et geet, wéi esou oft, leider och ëm d'Recht, datt jiddweree seng Relioun soll kënne fräi liewen.

An dofir ass et wichteg, dass d'EU vun Ufank un och der neier Regierung zu Kiew mat op de Wee gëtt, datt déi Minoritéiterechter net verhandelbar sinn. Eng besser Kooperatioun mat der EU kann et nëmme ginn, wann d'Rechter vun de Minoritéite respektéiert an ausgebaut ginn. An de baltesche Länner lieft och eng grouss Communautéit vu Russen zesumme mat der sougenannter nationaler Bevëlkerung. Dat muss och an der Ukrain esou bleiwen. An déi Russe solle wëssen, datt den Afloss vun der EU och dofir steet.

An da wëll ech awer och nach an onsem Numm hei vun deene Grénge soen, datt mir mengen, datt Europa net de klenge Partner ass. D'Verhandlunge sinn nämlech wichteg a si sinn eigentlech och déi eenzeg Alternativ. An Europa muss alles drop setzen, fir dat och ze erreechen.

Sanktioune sinn nëmme begrenzt asetzbar. Dat hutt Der gesot, Här Ausseminister. An eigentlech wierke se och haaptsächlech um Wirtschaftsniveau am Beräich och vun der Industrie a vum Handel eréischt Méint duerno. An dat mécht eigentlech och kee Sënn.

Dofir muss Europa, an dat ass eigentlech mäi Schlusssaz, weiderhi verhandelen an diplomateschen Drock ausüben. Mir ënnerstëtzen den Dräistufeplang. Mir ënnerstëtzen anerersäits awer och déi finanziell Hëllef, déi virgesinn ass, fir datt dat Land net einfach bankrott geet. A mir hoffen, datt déi Négociatiounen, bei deene selbstverständlech och Russland sech muss un en Dësch sëtze kommen, mat der Ukrain am Sécherheetsrot an doriwwer eraus, och wäert wierken.

Natierlech, Här Mosar, ginn et keng Wonner, mä vläicht gëtt et Hoffnung.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre! Merci och, Här Minister, datt Der heihinner komm sidd an eis haut erméiglecht, an Ärer Präsenz dës Debatt ze féieren. Dir hutt an Ärer Ried eng Introduktioun gemaach, déi interessant war an a groussen Deeler ganz richteg war, vun der Komplexitéit vun der Relatioun zwëschen der Ukrain a Russland.

Déi aner Analys, déi mer musse maachen, déi nach net gemaach ginn ass, ass d'Komplexitéit vun der Relatioun tëschent der EU a Russland an der Ukrain. A mir mussen eis och froen: Hu mir alles richteg gemaach an deene leschte Méint als Europäesch Unioun? Hu mir net selwer och en Deel Matverantwortung fir déi Evolutiounen, déi mer elo gesinn?

Wor et zum Beispill richteg, den Här Janukowitsch ënnert Drock ze setzen, fir en Accord d'association ze treffen, deen Ableck, wou en den Accord vu Russland nach net hat, fir dat kënnen ze maachen? Et ass hei net ëm eng West- oder Ostorientéierung gaangen. Et ass zum Beispill fir Russland ëm wichteg wirtschaftlech Interesse gaangen, déi menacéiert waren - wéinstens an der Analys vu Moskau -, wann esou een Accord d'association an där Form ofgeschloss gi wär.

Ech géif emol behaapten, datt d'Europäesch Kommissioun deen Ablack als Verhandlungsféierer vun der Europäescher Unioun keng Sensibilitéit gewisen huet, an doduerch, duerch deen Drock, dee verfréit an ze staark opgebaut war, wahrscheinlech zu enger West-Ost-Polariséierung an der Ukrain bäigedroen hat.

Dat Zweet, wat ee sech muss an Erënnerung ruffen, ass, datt et net onbedéngt sënnvoll ass, diplomatesch direkt vun enger Perspective européenne fir d'Ukrain ze schwätzen, well, éischtens, kënne mir wahrscheinlech net erwaarden, datt all 28 State vun der Europäescher Unioun déi elo géifen ënnerstëtzen. Zweetens hu mer guer keng Capacité d'absorption an enger Europäescher Unioun am Ablack, déi eis géif erlaben, eng Perspective européenne wierklech integral, wat d'Ukrain ugeet, duerchzezéien. Och do hu mer vläicht Hoffnungen an d'Welt gesat, déi mer net kënnen erfëllen. A Moskau wëllt och keng esou eng Perspective européenne, well an den Ae vun den Analyste vum Kreml heescht eng Perspective européenne eng Entréesdier fir d'NATO, an dat wär fir Russland net akzeptabel. Genausou wéi d'USA hir Monroe-Doktrin - wéini wor et? - 1823 entwéckelt haten, géif de Kreml haut wahrscheinlech net erlaben, datt d'NATO direkt an der onmëttelbarer Noperschaft vu Russland sech géif dann installéieren.

Deen drëtte Punkt, deen ech wéilt maachen, ass: Ech wéilt warne viru Verloscht u Glafwierdegkeet vum Westen a vun Europa, wa mir a Richtung Sanktioune ginn. Mir kënne géigeniwwer Russland iwwerhaapt keng Sanktioune glafwierdeg verhänken a mir kënne se virun allem net duerchhalen.

Et ass eng Illusioun, fir ze mengen, net nëmmen, datt mer eisen Eegeninteresse schueden, wéi et schonn ugeklongen ass, mä virun allem: Mir si vu Russland energiepolitesch esou ofhängeg, datt all kleng Sanktioun, déi mir wëlle verhänken, de Risiko ausléist vun enger „retaliation" vu russescher Säit, an do geet et duer, datt se de Prozentsaz un Energiezoufuer e bëssen erofsetzen, wéi se et schonn an anere Fäll gemaach hunn, a schonn hu mir keng Glafwierdegkeet a keng Durabilitéit an esou Sanktiounen, an dofir soll een dee Wee och net goen.

Dobäi kënnt, datt mir Russland an enger mëttellaanger Perspektiv, wa mer elo net kuerzfristeg denken, als Sécherheetspartner op dëser Welt brauchen, als e wichtegen diplomateschen an och soss Alliéierten. A bei allem, wat mer elo maachen am Ëmfeld vun der Ukrain, sollt een déi diplomatesch laangfristeg Perspektiv vun de Relatioune mat Russland net aus den Ae loossen.

Natierlech kënnt nëmmen eng diplomatesch Léisung a Fro. Ech héieren hei Leit warne virun enger militärescher Interventioun: Esou eppes kann iwwerhaapt net zur Debatt stoen an esou engem Fall wéi deem heiten. Mir mussen Interessen négociéieren an net Positiounen négociéieren. Et geet eis net drëm, an där Situatioun, an där mer elo sinn, nach de Konflikt doduerch unzeheizen, datt mer Souveränitéitsfroen thematiséieren an och nach vläicht wëlle kodifizéieren. Neen, mir mussen d'Interesse verhandele vun deene Leit, an där Zon, déi eventuell eng Krisesituatioun ass, zum Deel ass et jo schonn, datt déi Interesse gewahrt bleiwen. An Interessen net nëmme fir d'Leit, mä och fir d'Staten. Déi russesch Flotterechter musse garantéiert sinn. Et muss zu enger Situatioun kommen, an där d'Ukrain wierklech eng Bréckefunktioun kann hunn, wéi den Henry Kissinger et beschriwwen huet. Eng Neutraliséierung net an engem negative Sënn, mä am Status vun enger Neutralitéit, déi fir déi zwou Säiten akzeptabel ass.

Mir brauchen en Dialog, mir mussen eng Federéierung an der Ukrain gesinn, déi den nationale Minoritéite Rechnung dréit. A mir kënnen net erlaben, datt mer als Partner zu Kiew, mir als Westen, als Partner zu Kiew, Leit hunn, déi d'Rechter vun de Minoritéiten net respektéieren, d'Sproochegesetzer ofschafen, selwer de Kampf géint d'Korruptioun sollte vläicht bei sech selwer ufänken, ier se un anerer denken, an nach aner esou Entgleisungen zur Verantwortung hunn, inklusiv eventuell de Gebrauch vun der Gewalt um Majdan, wou d'Verantwortung nach net kloer etabléiert ass a wou et och interessant wär ze gesinn, wien da schlussendlech wéi eng Décisioun geholl huet, datt et zu Bluttvergéissen op där Plaz koum.

Ech wëll op jidde Fall net, datt mir als Westen als Alliéiert där Leit hunn, déi selwer Blutt un den Hänn hunn an dësem Konflikt. Ech mengen, dat gëllt fir déi zwou Säiten.

Vläicht nach eng lescht Bemierkung, dat läit mer ëmmer um Häerz. Zwou lescht Bemierkungen, wann Der erlaabt: Déi eng ass, datt an der ganzer Diskussioun, do si ganz vill Emotioun an Angscht och op der westlecher Säit do. Mir mussen eise balteschen a polnesche Kolleegen a Partner an der Europäescher Unioun ëmmer nees soen, datt, egal wéi d'Situatioun ëm russesch Minoritéiten oder anerer sech entwéckelt, d'Sécherheetsgarantien, déi mir als Weste fir déi Länner ginn, net zur Diskussioun stinn an agehale ginn. Dat ass dat Éischt.

An dat Zweet ass, an dat ass och eppes, Här Minister, wou ech ganz staark drop appeléieren: Dat ass, datt mir och selwer glafwierdeg sinn an eiser Aussepolitik an dann och soen, wa mir eng Situatioun vun enger Verletzung vun enger nationaler Souveränitéit hei am Fall vun der Krim net wëllen akzeptéieren, da kënne mer se och net op Nordzypern akzeptéieren an eventuell musse mer eis och Froe stellen, wat China ugeet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. Leschten agedroene Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Och ech wëll déi Debatt hei ausdrécklech begréissen. Mir trieden an als déi Lénk fir eng nuancéiert Haltung an där Ukrain-Kris. Ech wëll dat unhand vun dräi Aspekter beliichten: der Friddensfro, der wirtschaftlecher Kooperatioun an der politescher Selbstbestëmmung.

Éischtens, d'Fro vu Krich a Fridden. Déi steet de Moment eendäiteg am Vierdergrond. De Weltfridden ass wuel net direkt a Gefor, trotzdeem si mer mat engem Opliewe vum Kale Krich op béide Säite konfrontéiert. Dat ass ganz geféierlech, well dobäi Emotiounen a Ressentimenter fräigesat ginn, déi hirersäits e fruchtbaren Terrain sinn, fir weider krichsdreiwereg Manipulatiounen an Zukunft méiglech ze maachen.

An deem Sënn veruerteele mer och ganz kloer de vëlkerrechtswiddregen Engagement vu Russland op der Krim an enger reng militärescher Logik. An déi ass weder am Kader ze gesi vun engem UNO-Mandat nach vun enger Selbstverteidegung. A si ass och net domat ze rechtfertegen, eiser Meenung no, dass westlech Länner selwer méi wéi eng Kéier d'UNO-Charta verletzt hunn, ugefaange bei der Bombardéierung vu Serbien, bei der Ofspaltung vum Kosovo oder bei anere groussflächegen Interventiounen am Irak oder souguer a Libyen.

Geféierlech ass och déi Situatioun, well Regierungskräften op verschiddene Plazen, an der Ukrain selwer, an der Regierung, an den Ostlänner vun der Europäescher Unioun, awer och an anere Länner, am Fong geholl a leschter Konsequenz en NATO-Protektorat iwwert d'Ukrain ustriewen. Wann een an deem Kontext déi aktuell Militärmanöveren zum Beispill vun den USA a Pole kuckt, wann een den Asaz vun AWACS-Fligere mat Lëtzebuerger Fändel gesäit op där Plaz, da fanne mir, dass dat och Schrëtt sinn, déi ee muss veruerteelen an déi geféierlech sinn an déi Uelech op d'Feier werfen.

Datselwecht gëllt fir wirtschaftlech Sanktiounen, déi ugedreet ginn, wéi se envisagéiert sinn. Mir fuerderen eis Regierung op, do net matzemaachen. Et féiert wierklech kee Wee laanscht d'Verhandlunge mat Russland.

Zweetens, d'Fro vun der wirtschaftlecher Zukunft vun der Ukrain: Wahrscheinlech hu weder d'EU nach déi nei Eurasiatesch Wirtschaftsfederatioun - an dat ass och eng Realitéit, mät där mer eis mussen ausenanersetzen -, hu béid keen Interessen un enger gesplëchtener Ukrain.

Et kënnt am Fong geholl nëmme fir béid Säiten eng Bréckefunktioun a Fro. Deen Ausdrock ass och hei ausdrécklech gefall, bei engem Virriedner. Dat heescht, eng Kooperatioun a wirtschaftleche Froen, déi op kenger Säit belaascht gëtt duerch Erpressungsmanöver, weder mat Kreditten, nach mat Gasliwwerungen.

D'EU muss menger Meenung no och dermat ophalen, d'Ukrain elo schonn ze behandele wéi Griichenland oder Portugal. Ech wëll ee Beispill ginn: Den Internationale Währungsfong verlaangt als Géigeleeschtung fir seng Kreditter eng ganz Rei vu Reformen, déi eis ganz bekannt virkommen; eng Steigerung vun den Energiepräisser fir Haushalter ëm 50%; d'Afréiere vun de Renten. Ech wëll drop hiweisen, dass d'Renten an der Ukrain am Duerchschnëtt bei 90 Euro de Mount leien! Awer och d'Afréiere vun de Studentesubsiden an de Sozialleeschtungen, gradesou wéi och weider Entloossungen.

An d'EU huet hir Zoustëmmung dorunner geknäppt, wat hir Accorde mat der Ukrain ugeet. An dat ass inakzeptabel.

Grad wéi et och inakzeptabel ass, dass laut Catherine Ashton elo scho mat där neier Iwwergangsregierung, wou mer jo och iwwregens d'Kompositioun dervu kennen, déi Accorde mat der EU ënnerschriwwe solle ginn, ier iwwerhaapt emol Neiwahlen de 25. Mee waren. Mir mengen, dass dat a kengem Fall däerf geschéien.

Drëttens, déi politesch Fro an der Ukrain. Et geet wéi ëmmer, a mer kennen dat och aus der Geschicht, ëm Nationalismus an ëm säi reliéise Pendant, déi systematesch als Virwand benotzt gi fir wirtschaftlech Interessen, déi derhannertstinn. Kulturell a sproochlech Ënnerscheeder ginn ausgenotzt an déi Richtung. A mir mengen awer, dass reell virun allem an der Situatioun an der Ukrain d'Onzefriddenheet ass vum Duerchschnëtt vun der Bevëlkerung. An ech wëll och hei nach eng Kéier soen: D'Bevëlkerung verdéngt am Duerchschnëtt Léin vun 250 Euro de Mount.

Onzefriddenheet vun der Bevëlkerung, mat op där anerer Säit der Akkaparatioun vum Veméige vum Land duerch déi sougenannt Oligarchen, iwwregens a béiden Deeler vum Land, déi sech schamlos beräichert hunn um Bockel vun der Bevëlkerung an der Ukrain. An dat war och den eigentlechen Ursprong, ech schwätzen net, wéi et ausgaangen ass, mä den eigentlechen Ursprong ganz laang vun de Majdan-Protester, an an deem Sënn sti mir, op jidde Fall als déi Lénk, op där Säit, haut nach.

Awer wat hëllefen do Austeritéitsprogrammer aus Europa? Duerfir fuerdere mer och d'Regierung op, fir wierklech Hëllefen ze suergen, zesumme mat Russland a béiden Deeler vum Land. Also keng Integratiounskonkurrenz mat Russland, keng Blockbildung, mä eng kooperativ Solidaritéit mat de Leit op der Plaz, am Sënn vun enger ekonomescher a politescher Selbstbestëmmung an deem Land.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Urbany. Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun vun den Deputéierten ugelaangt, an ech géif den Här Ausseminister froen, ob en nach kuerz wéilt Stellung huelen. Dat ass de Fall. Här Asselborn, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Ganz kuerz, zwee Sätz. Also, ech mengen, dat Déngen hei geet net.

Also, ech wollt dem Här Urbany direkt preziséieren, dass net geduecht ass, an dat ass och net vum Catherine Ashton gesot ginn, dee ganzen Accord d'association virum 25. ze signéieren. Et ass gesot ginn, dass een deen Accord soll splitten. An dee politesche Volet, fir Solidaritéit ze weise par rapport zum ukrainesche Vollek, dass een dee sollt signéieren. Dat ass dat, wat geduecht ass.

Ech wollt och dem Här Kartheiser just ee Saz äntweren. Also, d'Realitéit ass déi, dass bis e Mount virum leschten November d'lescht Joer, wou de Partenariat oriental zesummekomm ass, eigentlech den Här Janukowitsch gefrot huet d'Europäesch Unioun, fir däerfen ze ënnerschreiwen.

De Feeler allerdéngs, dat gesinn ech och an, haut vläicht vill méi wéi deemools, ass geschitt, wéi mer an deem Mount, wou ee gesinn huet, dass de President Janukowitsch net kéint ënnerschreiwen, dass Drock gemaach ginn ass a mat enger Entweder-oder-Logik operéiert gouf. Dat heescht: Entweder, Dir gitt an d'Zollunioun mat Kasachstan - Armenien ass jo do bäigetrueden an, ech mengen, och Wäissrussland - oder Dir kommt bei eis.

Dat war e Feeler. Ech mengen, dat hätt een net dierfe maachen. An do ass effektiv och villes ausenanergerappt ginn an där Diskussioun.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Ausseminister. A Merci och de Kolleeginnen a Kolleege fir déi Diskussioun, no bei der Aktualitéit a voller Nuancen.

Merci villmools.

Mir géifen da weider am Ordre du jour fueren. Op Ufro vun déi Lénk hu mer haut eng Aktualitéitsstonn iwwert déi sougenannten TTIP, dat heescht déi transatlantesch Partnerschaft iwwert de Commerce an d'Investitiounen, déi am Moment a Verhandlungen tëschent deenen zwou Säiten ass.

De Justin Turpel, deen d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet am Numm vu senger Sensibilitéit, huet zéng Minutten an der Diskussioun. Déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéite jee fënnef. An d'Regierung huet zum Schluss eng Véirelstonn, fir Stellung ze bezéien.

Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

Provozéiert Dir net!

Une voix.- Et kann ee jo emol probéieren, Här President!

M. le Président.- Zweemol: fir d'Éischt a fir d'Lescht!

(Hilarité)

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Okay.

M. le Président.- Här Turpel, fuert duer.

9. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk sur le Partenariat transatlantique de commerce et d'investissement (TTIP) et ses conséquences

Exposé

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant les conséquences essentiellement négatives à prévoir pour les États et les citoyens européens et luxembourgeois en ce qui concerne la mise en œuvre du Partenariat transatlantique de commerce et d'investissement (TTIP) en matière de risque de nivellement vers le bas des règles sociales, économiques, sanitaires, culturelles et environnementales;

- considérant l'absence de débat public et de contrôle démocratique sur les négociations en cours;

invite le Gouvernement

- à intervenir auprès des instances européennes concernées en vue d'arrêter les négociations sur le Partenariat transatlantique de commerce et d'investissement (TTIP), dit Grand Marché Transatlantique;

- à publier les textes relatifs aux négociations du TTIP;

- à ouvrir un débat national sur l'ensemble des accords de libre-échange, incluant des organisations syndicales et associatives, des organisations socioprofessionnelles, des collectivités locales et la population, ce débat pouvant se faire à partir d'auditions publiques à la Chambre des Députés.

(s.) Justin Turpel, Serge Urbany.

Ech wëll der Conférence des Présidents Merci soen, datt se déi Debatt hei iwwerhaapt, an och dem Ausseminister, ugeholl hunn. Ech hu se eréischt den Donneschdeg ugefrot an haut steet se um Ordre du jour.

(Interruption)

Ech wollt och Merci soen, datt se net als leschte Punkt un d'Rei kënnt. Et arrangéiert wahrscheinlech och den Ausseminister, mä d'Aktualitéit ass och déi, datt mer dat vläicht esou solle behandelen, wéi mer dat elo maachen.

Den 8. Juli 2013 sinn d'Verhandlungen ugaangen iwwert dat transatlantescht Handels- an Investitiounsofkommes, wat da mam Akronym TAFTA oder TTIP ëmschriwwe gëtt. Et sinn ëmmer méi Organisatiounen, déi emol fir d'Éischt dat ondemokratescht Virgoe vun deene Verhandlungen do diskutéieren, mä doriwwer eraus och op eng ganz Rei negativ Konsequenzen hiweisen, déi dat Ofkommes wäert an Amerika, Europa an och zu Lëtzebuerg hunn.

Iwwregens sinn, wat d'Aktualitéit ënnermauert, déi Verhandlunge gëschter, wann ech richteg ënnerriicht sinn, zu Bréissel an déi véiert Ronn gaangen, soudatt mer do wierklech um Bols vun der Aktualitéit sinn.

Eng éischt Saach, déi ëmmer an deene leschte Joren an a leschter Zäit kritiséiert ginn ass, ass déi, datt hei eng Méiglechkeet geschafe gëtt, fir datt Konzerner, Multinationalen d'Méiglechkeet kréien, fir State virun ee Gericht ze huele a fir se ze verkloen, souguer Schuedersatz ze verlaangen, wann et an engem Land Regelunge gi fir de Schutz vun der Gesondheet, der Ëmwelt, d'Regelung vun de Finanzen, den Aarbechtskonditiounen, wann déi dem fräien Handel, wéi se an deem Ofkommes hei virgesi sinn, géife widderspriechen.

Vu datt ech net vill Zäit hunn, ginn ech net op d'Detailer an. Ech wëll drop hiweisen, datt den zoustännege Kommissär Karel De Gucht elo gesot huet, déi Dispositioun géif elo emol zréckgestallt ginn, déi géif an de Frigo gestallt ginn, bis datt de Rescht alles verhandelt wier.

Et muss een awer wëssen, datt op Drock ebe vun deenen Organisatiounen, vun der franséischer Regierung am Speziellen och nach, datt déi Méiglechkeet fir d'Konzerner, fir ee Stat op d'Geriicht ze huelen, eent vun de Kärstécker bleift vun der Liberaliséierung vum Handel an domadder nach net vum Dësch ass an, wa meng Informatioune richteg sinn, och parallell weider verhandelt gëtt, obschonn et sollt verschobe ginn.

Et muss een och wëssen, datt schonn 1995/1997 ronderëm dee berühmten AMI oder MAI - MAI, den Accord multilatéral sur l'investissement - ähnlech Tentativë bestanen hunn, déi 1998 gestoppt gi sinn, wéi emol un d'Dagesliicht komm ass, wat alles an deenen Accorde vum AMI oder vum MAI do virgesi war. A mat deenen Ofkommessen, dat kann ee roueg soen, do ass et e bësse wéi mam Dracula: Wa bis Luucht un d'Saach kënnt, dann zerfale se an da kréie se Problemer!

Wou sinn d'Problemer mat deem Accord, deen hei amgaang ass an der véierter Ronn ausgehandelt ze ginn? Éischte Problem ass deen, datt do State kënne viru Geriicht geholl ginn, wa se Schutzbestëmmunge hu fir Ekologie, fir Soziales, wat ech schonn ugedeit hunn.

Zweete Problem ass deen, datt dee spezielle Schutz fir kulturell an audiovisuell Kreatiounen an Europa, a besonnesch a Frankräich - Frankräich schwätzt ëmmer vun der Exception culturelle -, datt deen hei zwar net explizit, mä implizit a Fro gestallt ass. Och dorobber ginn ech net weider am Detail an.

Drëtte Problem ass d'Liberaliséierung vun enger ganzer Rei ëffentlechen Déngschtleeschtungen, vun der Gesondheet, Transport, Energie, déi an deem Accord hei virgesinn ass.

Véiertens geet deen Accord awer vill méi wäit! Et geet ëm d'Liberaliséierung vum Handel, vun allen industriellen a landwirtschaftleche Produiten. Virun allem awer geet et ëm d'Ofschafe vun Aschränkungen. Am Text heescht dat, am EU-Mandat heescht dat, „le niveau le plus élevé de libéralisation d'investissement" ze erreechen. „Le niveau le plus élevé de libéralisation d'investissement" heescht, datt USA an EU sech eigentlech missten, wat d'Schutzbestëmmungen ugeet, unnäheren. An et gëtt och Leit, déi hunn d'Illusioun, se géife sech an der Mëtt treffen. Europa géif e bëssen ofbauen, d'USA géifen hir Schutzbestëmmungen e bësse verbesseren a se géife sech an der Mëtt treffen.

Elo muss een awer wëssen, datt d'USA déi meescht OIT-Konventiounen emol net ënnerschriwwen hunn. Ech mengen, Dir kennt d'Wichtegkeet an de Stellewäert vun den OIT-Konventiounen. Datt d'USA de Kyoto-Protokoll, d'Konventioun net ënnerschriwwen hunn, datt d'USA d'Konventioun iwwer Biodiversitéit net ënnerschriwwen hunn, emol emol d'Kultur, emol d'Ofkommes mat der UNESCO iwwer kulturell Villfalt net ënnerschriwwen hunn.

A ganz kloer ass et d'Absicht vun US-Konzerner, vun amerikaneseche Multinationalen an och vun europäeschen, do musse mer och d'Aen op hunn, ass d'Absicht déi, fir effektiv, datt déi Schutzofkommessen, déi bestinn, fir déi a Fro ze stellen a fir Europa, d'Normen an Europa no ënnen ze zéien. An dat op Käschte vu lokaler a regionaler Produktioun, déi wäerten ënnert d'Rieder kommen, vun Zäregasen, déi ëm 4.000 bis 11.000 Tonne wäerten an d'Luucht goen, op Käschte vun ekologescher Qualitéit vun de Wueren, am Agrarsecteur d'Aféiere vun Hormonfleesch aus den USA an Europa.

Chlor-Pouleten ass eent vun de Stéchwierder, wat ëmmer gebraucht gëtt. Wat sinn d'Chlor-Pouleten? Dat sinn d'Pouleten, déi an der amerikanescher Agrarindustrie mat Eau de Javel gewäsch ginn, fir se ze desinfizéieren, wat an Europa net méiglech ass. Déi sollen dann och an Europa agefouert ginn, gradesou gutt wéi OMGen, mat Déieremiel gefiddert Fleesch an esou weider an esou fort.

Wat een och muss wëssen, dat ass, datt d'Mandat, wat d'EU-Kommissioun kritt huet, fir déi Verhandlungen ze féieren, datt dat Geheimverhandlunge sinn an datt déi 27 EU-Handelsministeren dat och esou ofgeseent hunn. Den Obama, den Här Barroso an den Här Van Rompuy hu souguer an enger Erklärung schréftlech festgehalen, „datt näischt dierft duerchsickeren". Dat ass elo een Zitat op Lëtzebuergesch iwwersat. An et ass dat, wat zum Beispill den Nobelpräisträger Stiglitz als total ondemokratesch bezeechent huet an och virun de Konsequenze vun esou eppes warnt.

Ech wëll och drun erënneren, datt den 2. Juli d'lescht Joer an dëser Chamber ënner anerem den Ausseminister Jean Asselborn gesot huet, datt et drëms géif goen, fir kuerzfristeg Garantien ze kréie vun den Amerikaner, datt all déi Schutzbestëmmungen an déi Reglementer net a Fro géife gestallt ginn. En huet deemools souguer gesot: „Mir mussen déi d'nächst Woch kréien." Dat war den 2. Juli! D'nächst Woch vum 2. Juli ass laang erëm. A mer gesinn och, datt déi Garantien net komm sinn.

Bien au contraire! D'EU ass an deem ganzen Ofkommes manifestement an der Defensiv. Ech wëll erëm eng Kéier d'Beispill gi vun de Chlor-Pouleten, déi d'EU elo an de Verhandlungen akzeptéiert huet, akzeptéiert huet an der drëtter Ronn. A souguer den Handelskommissär seet, a souguer den Handelskommissär seet...

(Interruption)

Jo, jo. A souguer den Handelskommissär seet, ech ergänzen dat...

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Här President.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Direkt. Ech maache just de Saz fäerdeg. Ech maache just de Saz fäerdeg. Den Handelskommissär seet, datt et jo da méiglech wier, datt d'europäesch Konsumenten de Choix hätten, fir fräi ze décidéieren, wat se da géifen akzeptéieren. Huet e gesot. Wat also heescht, dat ass virgesinn. A wann een... et muss een awer wëssen, datt dat eng Schwemm gëtt vu bëllege Pouleten. Dir wollt eppes soen.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Jo. Här President, ech mengen och fir d'Leit dobausse musse mer vläicht awer elo oppassen, dass mer eenegermoossen an der Rumm vun der Wourecht bleiwen!

D'Wourecht ass, Här President, Här Turpel, dass nach keen eenzege Jota bis elo festgehale ginn ass, an dass do en Ofkommes oder en Accord doriwwer besteet. Keen eenzege Jota! An ech wëll och a menger Interventioun vläicht e wéineg explizéieren, duerch wat fir eng Kontrollinstanzen dass dat geet. Mä loosse mer net... Hei schwätze mer vum Mandat, dat d'Kommissioun jo kritt huet vun de Länner, fir ze négociéieren. Mä an deem Négociatiounsaccord, och an der véierter Ronn, ass keen eenzege Punkt bis elo fixéiert ginn. Ech mengen, dat musse mer awer festhalen, soss si mer vläicht e wéineg onéierlech par rapport zu der Opinion publique.

M. le Président.- Merci, Här Ausseminister. Den Här Turpel huet d'Wuert erëm.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Et muss een awer wëssen, datt, wann déi Verhandlungen amgaang sinn a wann do Zwëschenaccorde sinn, déi gi jo net op d'Kopp gehäit, wann een dat wëllt maachen. Herno kann een dat Ganzt oflehnen, dat ass eng aner Diskussioun.

Mä och wirtschaftlech ass et zweifelhaft, wat do erauskënnt. D'EU huet Zöll an der Moyenne vu 5,2%, d'USA vun 3,5%. D'USA géifen also do 40% méi gewannen. A mam schwaachen Dollar an dem Afrostelle vu Schutzofkommessen an Europa, Reglementer, géif dat op jidde Fall och zu enger massiver Delokaliséierung an d'USA féieren.

Et gëtt gelackelt mat Aarbechtsplazen, déi géife geschafe ginn, déi awer zweifelhaft sinn. Ech wëll zum Beispill drun erënneren, datt déi Däitsch souguer dervun ausginn, datt souguer an der Metallurgie Aarbechtsplaze wäerten ofgebaut ginn. Et ass gesot ginn, et géif e Wirtschaftswuesstum zousätzlech gi vun 0,5% op zéng Joer. 0,5% op zéng Joer, dat sinn 0,05% pro Joer! Also loosse mer net do ufänken, mat Saachen ze operéieren, déi näischt heeschen.

Kloer ass, den Zweck vun deem Ofkommes ass den Ausbau vum Handel fir déi grouss Multien an, fir Reglementer zum Schutz am ekologeschen an am soziale Beräich ofzebauen. Dat ass den Zweck, dat ass geplangt vun 2001 un, wou d'USA schonn iwwert d'Welthandelsorganisatioun versicht hunn, een neien Zyklus vu Liberaliséieren anzeleeden, deen - mer wëssen et - vu Brasilien, China, Indien, Argentinien blockéiert ginn ass. A wa se dat hei géife fäerdegbréngen, da wier 50% vum Welt-PIB an där Fräihandelszon dran, an domadder den Drock och erëm eng Kéier op déi Länner, fir ze liberaliséieren.

Als Konklusioun wëll ech op jidde Fall soen, datt ech all déi Organisatiounen, déi warne virun deem, wat hei steet - an et si jo och eng Rei Dokumenter erauskomm vun deem och, vum Mandat vun der EU-Kommissioun, an dat Dokument sollt ee sech wierklech ukucken -, datt dat een Ugrëff ass op sozial Rechter, ëffentlech Déngschtleeschtungen, Ekosystem- a Konsumenteschutz an engem Mooss, wéi mir et an Europa nach ni kannt hunn. An de Widderstand vun der Zivilbevëlkerung a ganz Europa, an den USA an och zu Lëtzebuerg ass duerchweegs berechtegt. An et sinn ëmmer méi Kollektiver, déi antriede fir de Stopp vun deene Verhandlungen. Et ass dat, wat mer an der Motioun, op déi ech herno wäert zréckkommen, och nach soen.

Et sinn och Organisatiounen, déi dofir antrieden, a Parteien, fir verschidde Gebidder aus de Verhandlungen auszeschléissen. Mä ëmmer méi erkennen, datt dat eng Illusioun ass, datt dat net wäert méiglech sinn, datt déi Verhandlungen hei eng Eegendynamik hunn, déi eis wäert iwwerrullen. An als Konklusioun, ënnert dem Strëch muss ee soen: Mir hu méi ze verléiere wéi ze gewannen. Op d'Motioun selwer wäert ech dann zréckkommen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Als éischt Riednerin huet sech d'Martine Hansen ageschriwwen. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Débat

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, mat der transatlantescher Fräihandelszon tëschent den USA an der EU gëtt mat ronn 800 Milliounen Mënschen dee gréisste Bannemaart weltwäit geplangt. Dëst Fräihandelsofkommes gëtt a soll och kontrovers diskutéiert ginn. De Chancë vum Wirtschaftswuesstum, vu méi Aarbechtsplazen, vun engem méi grousse Wuelstand steet d'Angscht virun engem Wäerteverloscht géigeniwwer.

Sou, a fënnef Minutte léisst sech leider net alles soen an och net alles beuerteelen. Ech mengen, dat wär ze einfach, mä ech probéieren, mech un déi fënnef Minutten ze halen. Duerfir wëll ech just op eenzel Punkten agoen: eng Kéier d'Douanes-Taxen, dann eng Kéier d'Upassung vun den Normen, den Ofbau vun den net tarifairen Handelshemmnisser. Drëttens wëll ech op d'Landwirtschaft agoen an och nach kuerz op den Investitiounsschutz.

Bei den Douanes-Taxe wëll ech just soen, datt d'Ofschafe vun dësen Taxen et der Wirtschaft erlaabt, enorm ze spueren. Heizou e puer Zuelen: 20% vun allen EU-Exporter ginn an d'USA. Den Handel tëschent der EU an den USA huet e jährleche Wäert vun 1,2 Billiounen. Dat heescht, obschonns datt d'Taxen net méi extrem héich sinn - si leien tëschent véier a 7% -, mécht dëst trotzdeem eng enorm Erspuernis fir eis Wirtschaft pro Joer aus.

Dann, zweetens, den Ofbau vun deene sougenannten net tarifairen Handelshemmnisser. D'Upassung vun deene Reguléierungsstandarden, vun den Norme si majoritär och als positiv ze beuerteelen. Mä hei ginn et eng Rei vu Grenzen, déi net däerfen iwwerschratt ginn.

Kloer Virdeeler wann d'Normen an d'Standarden ugepasst ginn, ginn et zum Beispill an der Autosindustrie, engem wichtegen Exportberäich vun der EU. Hei mussen am Moment zum Beispill vun engem Auto, deen an der EU gebaut gëtt, méi wéi 50 verschidden Deeler extra getest a produzéiert gi fir den amerikanesche Maart. Duerch dës Upassung vun den Norme spuert awer net nëmmen d'Autosindustrie, mä och vill kleng- a mëttelstänneg Betriber eleng doduerch, datt si kënnen op duebel Sécherheetspréiwungen an zum Deel och op duebel Produktioune verzichten.

Dës historesch Chance, dee gréisste Bannemaart vun der Welt ze schafen, mat weltwäite Standarden, ass awer nëmmen eng Chance, an dat wëll ech hei betounen, wa sech bei de Standarden net op dee klengste gemeinsamen Nenner gëeenegt gëtt. Hei gëllt et, eis europäesch Standarden am Sozialberäich, am Verbraucherschutz, am Déiereschutz an och am Ëmweltschutz ze verteidegen.

An drëttens wëll ech och kuerz op d'Landwirtschaft agoen. Hei muss een éischtens festhalen, datt mer vun zwee komplett verschiddene Systemer vu Landwirtschaft schwätzen, déi wierklech net direkt ze vergläiche sinn.

Just ee Beispill, fir dat ze ënnersträichen: An der EU schwätzt ee vun engem grousse Mëllechvéibetrib, wann deen iwwer 100 Kéi huet. An den USA schwätzt ee vun engem grousse Mëllechvéibetrib, wann deen iwwer 2.000 Kéi huet. An et gi Farme vun iwwer 40.000 Kéi. 20 bis 30 professionell gemanaged Betriber maachen dee gréissten Deel vun der maartrelevanter Produktioun an den USA aus.

An een zweete wichtegen Ënnerscheed sinn d'Standarden, sinn d'Konditiounen, ënnert deene produzéiert gëtt, ënnert deene produzéiert däerf ginn, sief dat am Beräich vun der Ëmwelt, vum Déiereschutz an esou weider. A genau hei muss opgepasst ginn. De Qualitéitsstandard vun de landwirtschaftleche Liewensmëttel an der EU ass zimlech héich. De Verbraucherschutz - mat Ausnahm vun eenzelne Skandaler, déi mer jo kennen - ass am Prinzip garantéiert. Deem géintiwwer stinn awer eenzel Praktiken an der Landwirtschaft, déi den europäesche Konsument esou net wëllt.

Och heizou e puer Beispiller - ech ginn dann anerer wéi den Här Turpel: 20% vun de Mëllechkéi kréie Somatropin, een Hormon, fir d'Mëllechleeschtung ze steigeren; 80% vun de Maaschtranner kréien och Hormoner, fir d'Fleeschproduktioun ze steigeren; 88% vum Mais ass genmanipuléiert an esou weider. Mir riskéieren also, datt méi bëlleg produzéiert Liewensmëttel, déi net onbedéngt eis Standarden erfëllen, jee no deem wéi d'Verhandlunge lafen, op den europäesche Maart drängen.

Wann ech awer op där anerer Säit dovunner ausginn, datt eis Konsumenten a wahrscheinlech och verschidden zousätzlech Konsumenten am neie Bannemaart gäre qualitativ héich Produkter kafen - China ass do e gutt Beispill, si importéiere Mëllech aus der EU fir dräi Euro de Kilo, well si wëssen, datt si Qualitéit kréien -, da kann also och de Bannemaart eng Chance fir d'Landwirtschaft sinn, mä nëmmen ënnert där Bedéngung, datt et eng transparent gesetzlech virgeschriwwe Kennzeechnungsflicht gëtt. Nëmmen da kann de Konsument selwer entscheeden.

Sou, d'Zäit geet leider net duer, fir op all Punkten anzegoen. Wichteg ass et awer nach a mengen Aen, fir op dee sougenannten Investitiounsschutz anzegoen, deen den Här Turpel och erwähnt huet, deen et allen auslänneschen Investisseuren erméiglecht, géint all Politik am Gaaschtland ze kloen, wa si doduerch riskéieren, datt hire Gewënn duerch politesch Bestëmmunge fortfält oder méi kleng gëtt. Ech mengen, datt d'Länner och an Zukunft mussen eegestänneg Gesetzer kënne maachen, ouni datt den Investitiounsschutz dat ka beaflossen.

An zesummefaassend wëll ech soen: Et bestinn eng Partie Risike bei dësem Bannemaart, mä wa richteg verhandelt gëtt a wa mer keng Upassung vun den Normen no ënne kréien, da kann dat och eng eemoleg Chance sinn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Hansen. Nächste Riedner ass de Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, d'Fräihandelsofkommesse sinn natierlech do, fir den Handel ze förderen a fir d'Aktivitéite vun de Betriber an de jeeweilege Länner ze stimuléieren an domadder och fir Wuesstum a Beschäftegung ze suergen. Wa mer déi ekonomesch Entwécklung, déi mer an Europa elo hunn, gesinn, an och deen héije Chômage, da soll een zumindest all Initiativ, déi zu méi Croissance an Emploi féiere kann, eng Chance ginn.

Dofir ass et och net falsch, iwwert dës Partnerschaft mat Amerika ze verhandelen. Fir d'LSAP ass et awer vu gréisster Wichtegkeet, dass déi héich sozial Standarden, Ëmweltstandarden, Standarden am Beräich vun der Gesondheet, déi héichwäerteg Qualitéit vun eise landwirtschaftleche Produkter, déi mer hei an Europa hunn, net riskéieren, ënnert d'Rieder ze kommen.

Déi sozialistesch Fraktioun ass och der Meenung, dass dës Diskussioune sollen a Rou verfollegt ginn, ouni Pressioun an ouni Zäitdrock, esou dass e Verhandlungsresultat erreecht gëtt, mat deem béid Säite gutt liewe kënnen. D'Ängschten an d'Suerge vun de Mënschen dobaussen, d'Bedenke vun Deeler aus der Zivilgesellschaft, vun den nationale Parlamenter, vu verschiddenen ekonomesche Branchë sollen a musse considéréiert ginn.

Dat gëllt par ailleurs net nëmme fir d'Europäer, mä och fir d'Amerikaner, well och an den USA si Mënschen a Betriber vun den Accorde betraff a maache sech hir Gedanken.

Geplangt ass, d'Verhandlunge bis Enn 2015 ofzeschléissen. Mir als LSAP hunn a priori näischt do dergéint, wann déi zwou Säiten dat fäerdegbréngen. Ech bleiwen awer dobäi: Léiwer e gudden Accord méi spéit, deen de Bedenke vun alle Concernéierte Rechnung dréit, wéi e schlechten Accord an deem Zäitplang.

Et ass der EU-Kommissioun jo och virgeworf ginn, déi ganz Verhandlunge géifen a kompletter Intransparenz duerchgefouert ginn. An der Realitéit ass dat net grad esou, wéi dat elo a Wahlkampfzäite gemaach gëtt. D'Kommissioun huet en TTIP-Berodergrupp an d'Liewe beruff, deen d'Verhandlungséquipe vun der EU beréit, an doranner sëtze Verbraucherschutzverbänn, Industrieverbänn, Gewerkschaften. D'Kommissioun organiséiert eng Mass vun „stakeholder meetings" iwwert déi verschidde Politikberäicher.

Vill nëtzlech Dokumenter sinn och um Site vun der Kommissioun disponibel, leider net all, leider net all. Iwwregens och d'Verhandlungsmandat, wat geheim gehalen ass. Mä et gi ganz vill Dokumenter och publizéiert um Site vun der Kommissioun.

De konkrete Punkt vum Investitiounsschutz. D'Madame Hansen huet erklärt, wat dat ass, dat kann ech kierzen. Ech wëll awer soen, dass esou Bestëmmunge vum Investitiounsschutz an onstabille Länner vläicht wichteg sinn, awer hei an Europa hu mir Rechtssystemer, wou all beschiedegte Betrib ka kloen.

Duerfir fannen ech, déi Klausele gehéieren net dran, a mir wäerten als LSAP och dofir kämpfen, dass an deenen doten Accorden esou eppes net dran ass. Iwwregens sinn d'Verhandlungen zu deem Thema och gestoppt ginn, an d'Kommissioun huet viru Kuerzem gesot, dass se eng Consultation publique zu deem Thema lancéiert. Déi Consultation publique geet an zwou Wochen un.

D'Droits de douane si bei dësen Accorde manner wichteg wéi bei aneren Handelsaccorden, well se scho relativ niddreg sinn zwëschen der EU an Amerika. A well déi tarifaire Handelshemmnisser eng kleng Roll spillen, ëmsou méi wichteg sinn nämlech déi net tarifaire Hindernisser, déi hei eng wichteg Roll spille bei deene Verhandlungen. An och dee Volet ass fir d'EU natierlech vill méi schwiereg wéi fir d'USA, erëm eng Kéier, well bei eis a ville Beräicher vill méi streng Norme gëllen.

Fir eis Sozialisten ass et also wesentlech, dass mer eise Landwirtschaftsmodell hei an Europa kënnen halen, dass mer weiderhin héich sozial Standarde behalen, eis Standarden an de Beräicher Ëmwelt, Liewensmëttelsécherheet, dorënner och de Verbuet vun den OGMe behalen. Eisen Informatiounen no huet och de Kommissär De Gucht kierzlech ëffentlech gesot, dass fir Europa wesentlech Beräicher wéi d'Services publics, d'OGMen net vum Accord beréiert ginn. Dat freet eis. An dat si fir d'LSAP wichteg Prinzipien.

Dës Accorden, Dir Dammen an Dir Hären, déi mussen de Mënschen déngen, de Mënschen, déi an deene Mäert liewen, an net de multinationale Firmen. An ech schléisse mech och dem Martin Schulz un, dem President vum Europaparlament, dee viru Kuerzem gesot huet, dass d'Zil vun dëse Fräihandelsofkommessen net däerf sinn, dass eng Säit d'Regele vun där anerer Säit iwwerhëlt. Et däerf och kee Wettlauf, also keng Course no ënne sinn. A mir wëllen a mir wäerten um Enn keng niddreg Sozialstandarden, Gesondheets- an Ëmweltstandarde kréien. Dee Mann huet recht, wann en dat seet.

An ech soen der Lénker Merci, dass se dës Heure d'actualité ugefrot hunn, well dës Chamber soll a muss sech mat deem Thema befaassen, an ech hunn dem Chamberspresident e Bréif geschriwwen, an deem ech e bieden, dem Ausseminister matzedeelen, dass mer frou wären als europapolitesch Kommissioun, wa mer dat Thema géife behandelen do, dass mer déi Négociatioune wëlle regelméisseg suivéieren. An ech hunn de Chamberspresident gebieden, de Minister ze froen, dass mer eng - wéi dat an deem Aide-mémoire steet, dee mer zwësche Chamber a Regierung hunn iwwer Europafroen -, dass mer eng Note explicative kréie fir d'Membere vun der Kommissioun an dass de Minister Kollaborateure soll an d'Kommissioun delegéieren, fir eis ze informéieren iwwert deen technesche Volet vun dësen Accorden.

An ech wäert als President vun där Kommissioun derfir suergen, dass mer d'Société civile, dat heescht, dass mer och d'Gewerkschaften, dass mer d'Ëmweltverbänn, dass mer och ONGen, awer och d'Säit vum Handel, d'Chambre de Commerce, d'Handelskummer héiere wäerten, mat deenen diskutéieren, dass mer deen Dossier suivéieren. An ech mengen, domadder hu mer...

Une voix.- ...zu Bréissel!

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Hei zu Lëtzebuerg!

...an domadder hu mer och schonn deelweis eng Äntwert ginn op déi Motioun: Deen Débat national sinn ech bereet als President vun der aussepolitescher Kommissioun hei an der Chamber ze féieren, ze begleeden. Ech sinn iwwerzeegt, dass de Minister, wann e mäi Bréif kritt, positiv dorop reagéiert.

Iwwregens wäert Enn Mee och nach e Conseil sinn, an de Minister kënnt jo virun an no all Conseil bei eis an d'Kommissioun, wou deen dote Volet och ugeschwat gëtt. Op jidde Fall, ech wäert dofir garantéieren, dass mer eis dofir asetzen! An ech kann net d'accord sinn...

Ech hunn eng Minutt méi geholl, well ech schonn zur Motioun schwätzen, Här President, wann Der dat erlaabt? Soss soen ech dat herno, et ass wéi Dir wëllt.

M. le Président.- Ah, wann Der den Engagement gitt, dass Der dat matenee maacht, dann hunn ech kee Problem do dermat.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- An deem éischte Punkt vun der Motioun, do gëtt d'Regierung opgefuerdert, mat de Verhandlungeneinfach opzehalen. Ech fannen dat schlecht. Ech hunn am Ufank vu menger Interventioun gesot, dass ee soll an Zäiten, wou vill Chômage ass, wou d'Croissance niddreg ass an Europa, all Chance notzen. Ech mengen, et si Verhandlungen: Wann eppes Positives dobäi erauskënnt, tant mieux! Mä e schlechten Accord wëlle mer net. Ech schléissen nach eng Kéier: Mir wëllen en Accord, deen de Mënschen déngt, a keen Accord, deen deene grousse Firmaen déngt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci och dem Här Angel. Als nächste Riedner ass den Eugène Berger ageschriwwen. Här Berger, wann ech gelift.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. D'Handelsofkommes tëscht den USA an der Europäescher Unioun, dat am Moment diskutéiert gëtt, och hei an der Chamber, ass relativ komplex, an ech mengen, et wier op dëser Tribün elo net richteg, scho genau festzeleeën, wat ee genau an dësem Ofkommes wëllt, well mer nach net genuch Detailer hunn, wéi dëse Partenariat soll ausgesinn. Well et solle jo dann och an den nächste Wochen a Méint do awer déi Saache lues a lues geliwwert ginn. Ech wëll duerfir och méi eng generell Positioun vu menger Fraktioun hei kuerz skizzéieren, besonnesch och wat d'Chancen op där enger Säit, awer och d'Risiken - muss een och kloer soen - op där anerer Säit vun esou engem Accord kënne sinn.

Bon, méi generell hu mer jo och gesinn an deene leschte Joren an der Kris, datt d'Europäesch Unioun d'Situatioun gemeeschtert huet, méi oder wéineger schwiereg natierlech, an do hate mer och gesinn, datt et aner Länner op der Welt ginn, déi sech méi schnell erholl hunn. Ech denken do zum Beispill u Regiounen an Asien, awer och an Deeler vun Amerika.

An dat ass virun allem awer och eng Léier fir méi kleng Länner, awer och fir d'Europäesch Unioun, datt mer och, ech géif soen, drop ugewise sinn, mat deenen ekonomesche Raim zesummenzeschaffen, mat deene Raim Accorden ze hunn, well mer och op där anerer Säit natierlech op den Export ugewise sinn, an datt dat wichteg ass, datt een d'Dieren zur Welt weider opléisst. Ech mengen, den Handel ass zënter Laangem e Schlëssel vun eisem Räichtum an duerfir musse mer och weider Uecht ginn, datt dat esou bleift, datt dat also e wichtegen Aspekt och an enger nationaler Politik, och fir Lëtzebuerg, soll a muss bleiwen.

Ech mengen, aus där Vue kann ee soen, datt een en Handelsofkommes mat enger Wirtschaftsmuecht, wéi zum Beispill d'USA eng sinn, datt een dat net einfach esou ka vum Dësch rieden, datt mer eis musse seriö mat där beschäftegen. Mir gesinn also op där enger Säit Chancen an engem Fräihandelsofkommes tëscht der EU an den USA, well et eis nei Marchéen opmécht a mir och esou besser eis Positioun - och Lëtzebuerg als Exportateur vu Servicer zum Beispill - profitéiere kënnen.

Fir eis ass awer och ganz kloer: Esou en Accord ka virdeelhaft sinn, wann déi Standarden, déi mir hei hunn an Europa, hei zu Lëtzebuerg, déi sozial, ekologesch an aner Standarden, wann

déi och respektéiert ginn. Ech mengen, dat si Prinzipien, déi fir eis wichteg sinn, déi fir eis, géif ech soen, och Virrang hunn.

Et ginn och Risike bei dëse Verhandlungen, vun deenen een am Moment net genau weess, a wéi eng Richtung se kéinte goen. Et ass och kloer, dat wëll ech soen, meng Fraktioun kéint en Ofkommes net matdroen, wann déi aktuell Standarden, vun deenen ech geschwat hunn, géifen ënnergruewe ginn. Et ass wichteg, datt souwuel, ech soen emol op där enger Säit dem Aarbechter, mä op där anerer Säit och dem Konsument seng aktuell Liewensqualitéit a seng verschidde Standarden, déi hei awer eng wichteg Virgab sinn, net ënnergruewe ginn.

Mir kënnen och déi Bedenken deelen, déi déi Lénk hei zum Ausdrock bruecht hunn, wat den Investitiounsschutz betrëfft. Och do hätte mir Schwieregkeeten, wann et herno esou wier, datt eng Entreprise, eng Firma kéint viru Geriicht kloen, wann de Stat op där anerer Säit vun hinne géif fuerderen, datt se eng Rei Standarde sollten oder misste respektéieren.

Ech mengen, mir sinn elo an engem Moment, wou all déi Froen nach op sinn, a wat duerfir fir eis wichteg ass: datt mer eng offe Method vun de Verhandlunge virgesinn.

Et ass och wichteg, datt déi Verhandlungen tëscht der EU an den Amerikaner transparent sinn, datt souwuel d'EU-Parlament, d'national Parlamenter, mä awer och d'Bierger dobaussen, d'Leit dobausse verstinn, wat fir eng Décisiounen hei solle geholl ginn. An ech mengen, mir wäerten d'Négociatioune mat den USA, mä och mat anere méigleche Fräihandelspartner - dat hei gëllt net nëmme fir esou Accorde mat den USA, mä och mat anere Partner -, (veuillez lire: suivéieren, fir) datt ëmmer, an egal wat fir engen Accorden, eben do déi Standarden erhale bleiwen an datt d'Accorden op där anerer Säit mussen a voller Transparenz ausgehandelt ginn.

Ech begréissen och déi Propos, déi de President vun der aussepolitescher Kommissioun virdru gemaach huet, fir datt mer och e Suivi dann an där Kommissioun maachen, souwäit dat méiglech ass. Ech mengen, et ass sécherlech net esou, datt mer all Woch kënnen do déi lescht Texter mat Komma a Punkten, déi verännert gi sinn...

(Interruption)

Et ass extrem technesch; mä datt mer awer an där Richtung kënne weidergoen. Ech mengen, dat ass dann och en Zeechen ebe vun där Offenheet a vun där Transparenz, déi mer jo alleguerten hei zu Recht afuerderen.

Här President, ech géif och direkt kuerz e Wuert soen zu där Motioun, da brauch ech herno net méi zréck heihinnerzekommen. Och deen drëtten Abschnitt, wann ech dat verstinn, fir en Débat national, respektiv wann ech mäi Virriedner héieren hunn, dierf dat jo u sech kee Problem sinn.

Déi aner zwee Inviten do maachen eis awer e bësse méi Schwieregkeeten. Ech menge ganz einfach, wann hei gefrot gëtt, datt een déi Négociatioune soll stoppen, dat schéngt mer schwéier méiglech einfach, well d'EU huet vun de Länner e Mandat, fir ebe grad déi Négociatiounen ze féieren, a mir kënnen elo net hei an der Chamber décidéieren, datt Lëtzebuerg do aus deem Mandat erausklëmmt oder net méi do matmécht. Ech mengen, dat ass och einfach vun de Prozeduren hier net méiglech.

An och nach eng Kéier kann ech dat soen, wat scho virdrun - ech gräifen deem alt vir -, mä den Ausseminister huet eigentlech virdrun nach eng Kéier gesot: Et ass kloer, déi definitiv Texter gëtt et elo nach net. Dat heescht, datt een déi also och elo net ka publizéieren. Et sinn nach keng definitiv Décisioune geholl. An an där Hinsicht ass et also fir eis schwiereg, fir déi zwee éischt Inviten do matzedroen. Wéi gesot, deen drëtten, dat wier kee Problem. Mä ech huelen un, datt mer dann an deem Sënn déi Motioun net wäerte kënne stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Lescht ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Loschetter.

(Interruption)

Ah, dann den Här Kartheiser nach. Selbstverständlech!

Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, och mir Gréng hunn eng kritesch Haltung zu deem TTIP. Mir wëssen dat, säit Juni 2013 preparéieren Europa an och d'USA déi bis elo gréisste Fräihandelszon vun der Welt, dat sougenanntent eben transatlantescht Fräihandelsofkommes, wat TTIP ofgekierzt gëtt, a mir gesinn och, datt mat vill Nodrock dëssäit an och déisäit vum Pool déi soi-disant onëmgänglech positiv Effekter vun engem dréngend noutwendege Wirtschaftswuesstum an Zäite vu Krisen héichgehale ginn.

Awer déi anscheinend esou evident Win-win-Situation klammert aus - an et ass schonn hei gesot ginn -, wéi eng déif gräifend Interessenskonflikter am Agrar-, Ëmwelt-, Verbraucherschutzrecht sech hannert deene Verhandlunge kënne verstoppen.

Déi Verhandlunge solle bis 2015 fäerdeg sinn. Dat ass eng ganz kuerz Deadline, déi elo zumindest elo mol gesat ginn ass. Dat fanne mir immens kuerz a vläicht ass dat och geziilt esou gemaach, fir wéineg ëffentlechen Drock zouzeloossen - et ass eng Fro, déi ech stellen.

Grondsätzlech muss ee sech jo am Fong geholl och d'Fro stellen: Firwat Fräihandel? Fräihandel heescht jo, datt d'Handelsbarrièren ofgebaut ginn. Wéi eng Handelsbarrièrë gëtt et dann nach tëscht den USA an der EU?

Dat sinn an der Regel jo - an dat ass och schonn hei gesot ginn - net méi Douanes-taxen, där ginn et jo quasi keng méi, mä et gesäit hei esou aus, wéi wann et éischter déi sougenannten net tarifaire Barrièrë wieren. Also, et geet hei ëm Normen, ëm technesch Standarden, ëm Ëmweltnormen, ëm Sozialnormen, ëm Verbraucherschutznormen.

An d'Zil vun esou engem Accord ass, déi Normen ze harmoniséieren, fir datt e Produzent sech net méi muss op dräi verschidden Normesystemer aloossen; dat ass iwwregens vun der Madame Hansen och gutt erkläert ginn.

Dat ass jo och a priori sënnvoll, mä d'Fro stellt sech jo: A wéi eng Richtung ginn déi Normen dann harmoniséiert? Kréien d'US-Amerikaner elo déi besser europäesch Sozial- an Ëmweltnormen, a béid Kontinenter déiselwecht héich technesch Normen? Dat wier natierlech e Fortschrëtt an dat géife mer och begréissen, awer am Moment gesäit et éischter net dono aus.

Déi Normen, déi d'Konsumenten, d'Aarbechter an d'Ëmwelt schützen, déi riskéiere verwässert ze ginn. A wann een dann och nach bedenkt, wien do matdiskutéiert, mat preparéiert, wien déi gréisste Lobbyen huet, fir déi Verhandlungen eventuell ze beaflossen, da muss et dach erlaabt sinn, déi gréisste Bedenken ze hunn.

Ech ginn Iech e puer Beispiller, et sinn der scho genannt ginn: All Handelsberäicher si jo och am Moment dran, ausser eben déi kulturell an den audiovisuelle Secteur, mä et geet ëm d'Landwirtschaft, et geet ëm d'„Gentec", et geet ëm Hormonfleesch, et geet ëm riseg Betriber an den USA géint kleng a mëttelstänneg Betriber an der EU. Et geet och - an dat ass bis elo nach net gesot ginn - ëm „intellectual property rights", dat heescht, et geet och ëm Patenter. Et geet ëm Investissementer, zum Beispill an de Fracking, wat eis besuergt.

Et geet ëm Medezin, et geet ëm Dateschutz, an et geet, an do wëll ech och e Wuert driwwer verléieren, a wat fir ons ganz wichteg ass, och ëm de Prinzip vun der Transparenz. Mir mussen agebonne ginn, och wann d'Kommissioun dierf d'Handelsofkommes selbststänneg verhandelen, sou muss de Conseil an och onst Parlament dat regelméisseg kënne matdiskutéieren.

Mir Gréng kënnen a wëllen ons net staarkmaache fir esou een dach awer charakteristesche Mangel un demokratescher Kontroll an Transparenz vun esou Verhandlungen oder zumindest, wéi et elo ausgesäit. Mir Gréng - a mir sinn heibannen net eleng - setzen ons an, datt d'Parlament an d'Zivilgesellschaft an de Prozess agebonne ginn. Dofir sinn allerdéngs oppen zougänglech Dokumenter eng Basisviraussetzung.

E ganz problemateschen Aspekt och fir ons ass dee Méchanisme d'arbitrage, déi sougenannte „Schlichtung", déi fir ons och ontransparent a problematesch ass, well esou geheim vereinbart Konfliktbewältegungen endege meeschtens, dat ass e Rapport de force, zugonschte vun den Entreprisen a verdrécken dobäi d'Ëmwelt- a Sozialpolitik. An dobäi misst et jo just ëmgedréit sinn, datt eigentlech d'Mitgliedstaten, d'Regierungen demokratesch Décisiounen am Interessi vun der Bevëlkerung missten huelen.

Déi bilateral anstatt multilateral Verhandlungen, déi elo virun allem gefouert ginn, sinn och fir ons e Problem. Dat féiert dozou, datt grad déi Entwécklungslänner ënnert den Dësch verhandelt ginn a sech net méi wiere kënnen. An dofir si mir souwuel géint esou eng Klausel vun deem „Méchanisme d'arbitrage" wéi awer och déi Klausel vun der „Nation la plus favorisée", déi fir eis och ganz problematesch ass.

Dofir zum Schluss grondsätzlech also eng kritesch Haltung vun onser Säit. Mir wëlle méi Transparenz an deene Verhandlungen, mir wëlle keen Ofbau vu Konsumenteschutz an Ëmwelt- a Sozialstandarden. A mir hoffen, datt den Ausseminister dëse Message och ka mathuelen, datt iwwerhaapt d'Regierung déi Messagë ka mat an d'EU mathuelen. An och wa mer kleng sinn, mengen ech, hu mer awer e Wuert matzeschwätzen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Den Här Kartheiser huet d'Wuert gefrot a kritt et och selbstverständlech. Här Kartheiser, wann ech gelift.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech hunn heiansdo geduecht, et wier awer interessant, d'Politik ze verfollegen, och am Handelsberäich.

Den Här Turpel an och eis gréng Kolleegen hunn eis e Beispill ginn, wat et bréngt, wann ee sech op internationalem Niveau aus verschiddene Grënn géint global Handelsofkommessen engagéiert. Wat dann engersäits dozou féiert, datt mer an deene grousse multilateralen Handelsnégociatioune keng Progrèsen hunn an da ginn - wat logesch ass - déi grouss Handelsmuechten op dëser Welt op de Wee vu regionalen Ofkommessen. Wann da regional Ofkommesse verhandelt ginn, da sinn et déiselwecht Acteuren, déi do Bedenken entwéckelen.

Ma da sot dach direkt, datt Der den Handel u sech als Prinzip als onmoralesch gesitt! Dir gesitt ëmmer nëmme Problemer amplaz d'Chancë vum Handel ze gesinn an och d'Chancë fir eis Ekonomie, oppe Mäert ze hunn. An Dir sidd einfach do dergéint an dat passt Iech net. Do ass eigentlech de Punkt. Mä ech soen Iech: Gesitt emol d'Chancen an deene Saachen an net ëmmer nëmmen Obstruktioun. An dat gëllt fir eis gréng Kolleegen, et gëllt fir eis lénk Kolleegen.

Natierlech gëtt et Saachen, op déi mer mussen oppassen, a verschiddener sinn och scho genannt ginn an ech kommen och gär dorobber zréck. Mä fir hei alles schwaarzzemolen an enger Manéier, déi eigentlech just Är Haltung géintiwwer eiser fräier Maartwirtschaft do soll illustréieren, dat ass net akzeptabel.

Mir gesinn op jidde Fall och Chancen an där doter Saach. Mir si fir eng fräi Ekonomie mat gudde Sozialstandarden. An dat ass och an esou Verhandlunge méiglech.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Mir och!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Neen, Dir net, Madame Loschetter.

Sou, an da wollt ech kucken: Wou sinn dann eventuell Problemer? Där gëtt et der natierlech a mir sinn eis deene bewosst. Natierlech musse mer fir Sozialrechter antrieden a mir dierfen net erlaben, datt iwwert de Wee vun esou Ofkommessen Drock op d'Léin entsteet. Dat kann net den Objektiv sinn.

Mir mussen och oppassen, datt keng Delokalisatioune geschéien. Dat ka selbstverständlech liicht geschéien. Mir hunn der zum Beispill net nëmme wéinst deene Problemer, déi mer elo héieren hunn, datt vläicht d'Standarden an Amerika manner héich sinn an doduerch vläicht Entreprisen Delokalisatiounen an d'USA maachen, mä ganz einfach och, well eis Energie an Europa vill ze deier ginn ass. D'Energiepräisser an den USA si vill méi bëlleg.

A firwat si se hei an Europa esou deier? Ma wéinst eise grénge Kolleegen, déi einfach dauernd op Énergies renouvelables dauernd setzen. Domadder erreeche se maximal..., 8 bis 10% vun der Energie kann doduerch ofgedeckt ginn. Si si géint alles soss, géint d'Kuel, géint alles. Ech froe mech, mat wat se herno hir Stuff wëlle beliichten!

(Interruption)

Op jidde Fall mat deenen Energiepräisser, déi mir duerch d'Energiepolitik am Ablack erreechen an duerch déi gréng Mouvementer verursaacht ginn, hu mer méi eng grouss Gefor vun Delokalisatioun, wéi duerch déi Handelsverträg, déi mer elo amgaange sinn auszehandelen. Et ass einfach net realistesch.

Kulturell Froe sinn eraus. An dat ass och gutt esou. Liewensmëttelsécherheet ass och fir eis eppes, wat net zur Diskussioun steet, inklusiv den OGMen, do muss et bleiwen, wéi et ass.

A ganz wichteg, an dat soe mir och ganz kloer: Déi Dispositioune wéi „Investor-state dispute settlement", sinn och fir eis net akzeptabel. Mir kënne keng Parallelljustiz hunn. Mir hunn hei an Europa en Niveau vu Legislatioun an eng Qualitéit vun de juristesche Systemer, déi iwwerhaapt keng Dier oppeléisst fir extrajudiciaire - fir et emol esou ze soen am Kontext vun eisem traditionelle Versteesdemech vun eise juristesche Systemer - Arrangementer do ze hunn. Dat kënnt net a Fro.

An ech si frou, datt och aner Parteien dat hei däitlech ënnerstrach hunn. Ech hoffe just, datt deen Ablack, wou mer esou een Ofkommes ratifizéieren, se sech dann och nach dorunner erënneren, sollt dat do drastoen.

Mir hunn och bei deene lénke Bewegungen hei am Land Tendenzen, fir zwar ze soen: „Jo, esou en Ofkommes ass gutt, awer mir wëllen och all intellektuell Proprietéitsrecht..." Pardon! „Esou een Ofkommes ass net gutt, mä wa mer eent hunn, da solle mer et benotzen, fir och nach all intellektuell Proprietéitsrechter ofzeschafen." Och déi Mouvementer sinn dergéint, datt mer hei iwwer Propriété intellectuelle, iwwer Patenter an esou schwätzen, dat ass géint eis Ekonomie. Et ass och onmoralesch an et ass och eng Inkohärenz vun der Lénker, fir dogéint opzetrieden.

Op jidde Fall wat eis ugeet, denke mer, datt dat eng wichteg Chance fir d'Lëtzebuerger Ekonomie ass, fir iwwert d'Propriété intellectuelle an esou Saache kënnen ze diskutéieren. A mir hätten och gär, datt dat, wann et zu engem Fräihandelsofkommes mat den USA da kënnt, och dran erëmzefannen ass.

Natierlech musse mer Tariffer an aner Barrièren ofbauen, do wou et méiglech ass. Selbstverständlech. Firwat muss een zweemol eng Prozedur duerchlafen als Kleng- a Mëttelentreprise an och als grouss Entreprise - mä fir déi ass et méi liicht -, mä firwat muss een zweemol eng Sécherheetsprozedur duerchlafen, fir e Produit, wat fir d'Europäer gutt a sécher genuch ass oder fir d'Amerikaner sécher a gutt genuch ass. Et misst jo am Prinzip, ausser et hätt ee ganz grondleeënd Bedenken, och fir deen anere gutt sinn.

Bei den Autoen ass et zum Beispill esou de Fall. Mir ginn an Amerika, mir lounen eis en Auto a mir fäerte jo net, datt en auserneefält, wa mer domat fueren oder datt en onsécher ass. Do sinn einfach eng ganz Rei Punkten, wou mer eis kënnen iwwerleeën, ob mer eis net kënnen dozou duerchréngen, fir d'technesch Normen unzegräifen.

Datselwecht gëllt fir d'Medikamenter oder chemesch Produiten. Mir hunn eng Rei chemesch Entreprisen hei am Land, déi frou wieren, wa se ouni weider grouss an deier a komplizéiert Prozeduren hir Produiten um amerikanesche Maart kéinten écouléieren.

Mä och mir hätten eis gewënscht, datt virun dëser Debatt en Avis vun der Chambre de Commerce géif virleien. An och mir si frou, wa mer déi Diskussioun hei viruféiere kënnen an der aussepolitescher Kommissioun oder soss anzwousch.

Mä ee Message muss kloer sinn: Bei allem, wou mer wëllen oppassen, bei alle Sécherheetsmoossnamen, déi mer am Interessi vun eiser Bevëlkerung a vun der amerikanescher Bevëlkerung wëlle respektéieren, am Handel läit eng Chance, am Handel läit eng Noutwendegkeet. A mir sinn net an enger ekonomescher Situatioun, datt mer och nach sollen op déi Chancë verzichten!

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Domat ass den Débat ofgeschloss an den Här Ausseminister, de Jean Asselborn huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Här President, also ech mengen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass mer elo net vläicht sollen an eng Virstellung hei verfalen, dass déi, déi géint deen Accord hei sinn, dass dat Philanthrope sinn an déi, déi derfir sinn, dass dat Kapitaliste sinn. Well, wa mer dat maachen, ech mengen, da verzerre mer d'Realitéit e wéineg.

Dir wësst effektiv, dass e Mandat do ass fir d'Kommissioun, dass mer elo an der véierter Ronn sinn. Mä ech widderhuelen nach eng Kéier, wat ech dem Här Turpel gesot hunn, Här President: dass keen eenzege Jota vun enger Décisioun bis elo geholl ginn ass an och näischt fixéiert ass.

Vläicht emol, well ech wëll mech kuerzfaassen, de Kontext, also wat Lëtzebuerg ugeet. Mir exportéieren all Joer 1,33 Milliarden Euro an Amerika... importéieren 1,33 Milliarden aus Amerika, dat si 7,7%, an exportéiere 4% an Amerika, dat sinn 393 Milliounen. Amerika ass eisen éischten Handelspartner en dehors vun de Länner vun der Europäescher Unioun.

Ech wëll och vläicht soen, dass jo awer vill grouss Betriber och präsent sinn an Amerika, déi hei Zéngdausende vun Aarbechtsplaze garantéieren: dat ass ArcelorMittal, dat ass Paul Wurth, dat ass d'SES, et ass Rotarex, et ass d'IEE, et ass d'Cargolux an ech kéint weiderfueren, déi alleguerte Aktivitéiten hunn an Amerika. A gläichzäiteg hu mer Betriber wéi d'Goodyear, DuPont de Nemours, Guardian, och am High-tech-Beräich Apple iTunes, Amazon, PayPal, eBay, CISCO-System, Microsoft an esou weider, déi hei zu Lëtzebuerg zéngdausend Leit beschäftegen. Dat sinn amerikanesch Betriber.

An ech mengen, Här President, soen ze däerfen, wa mer déi Saach elo emol e wéineg méi cool huelen: Et ass en Accord, dee kéint ausgehandelt ginn tëschent der Europäescher Unioun an Amerika. Där Accorde gëtt et, ouni vill Gedäisch, zum Beispill tëschent der Europäescher Unioun a Südkorea oder mat Kanada oder mat Japan. Hei ass et ebe mat Amerika, dat gréisst Land vun der Welt, an dass do eng gewësse Verkrampfung ass, dat verstinn ech. Mä mir sollten dat awer, mengen ech, gelooss en huelen a kucken, ob et net méiglech ass am Handel, fir Avantagë fir d'Amerikaner erauszeschloen an Avantagen och fir d'Europäer. Wann ech soen d'Amerikaner, heescht dat och fir d'Belegschaften, fir d'Salariat an Amerika, grad wéi och an Europa.

Also, ech mengen, dass et wichteg ass trotzdeem festzehalen, Här Turpel, wa mer et wëllen elo op déi sozial Schinn leeën, dass déi staark amerikanesch Gewerkschaften alleguerten derfir antrieden, fir en faveur vun esou engem Accord ze kommen, an der Hoffnung, dass si duerch déi Verhandlungen hire Seuil, hir Rechter kënne verbesseren. An ech mengen, dat kéint jo net zu eisem Désavantage sinn, wann dat géif geschéien.

Et ass och esou, an ech mengen, dass Dir jo virun allem drop higewisen hutt, dass mer d'Zivilgesellschaft musse seriö mat abauen. An ech mengen, all Riedner, deen hei war, an och wat den Här Angel gesot huet als President vun der Kommissioun, dass selbstverständlech d'ONGen, d'Gewerkschaften, dës Säit wéi déi aner Säit vum Atlantik, sech sollen hei abréngen. A bis elo, ech soen et nach eng Kéier, ass e Mandat ausgeschafft ginn, dat huet d'Kommissioun kritt.

Mä vläicht zur Prozedur, dass mer eis do gutt verstinn. Also, et ass esou, dass näischt ugeholl ass, wann et net vum Conseil vun de Ministeren ugeholl ass. Dat ass de Conseil Affaires étrangères/Commerce, deen hëlt d'Décisioun. Dann, do derno kënnt dat Ganzt an d'Europaparlament. Dir wësst, dass zënter Lissabon d'Europaparlament bei internationalen Traitéë wéi deem heite mat den Accord muss ginn. An dann, zu gudder Lescht kënnt et hei an d'Chamber. D'Chamber muss mat deem Ofkommes d'accord sinn. Et gëtt hei an der Chamber iwwert dat Ofkommes ofgestëmmt.

Ech mengen, wou mer eis och musse gutt verstoen, ass, dass, wa wichteg Elementer zu engem gewëssene Moment fixéiert sinn, an do ass eise Ministère, déi Leit, déi spezialiséiert sinn doranner, well do musse mer en Ënnerscheed maachen tëschent dem politesche Volet an dem politesche Versteesdemech an eben de Spezialisten, déi Punkt fir Punkt mussen dat doten ausaarbechten. Ech mengen, do si mir eng Nummer ze kleng als Politiker. Mä awer, déi Leit si bereet, zu all Moment, wann Der se rufft, an d'Kommissioun ze kommen a mat Iech ze kucken, a wat fir eng Richtung dass et geet.

Ech wëll och vläicht hei festhalen, dass alles, wat d'Normen a wat d'Wäerter ugeet, dass dat net kann en Objektiv sinn, dass mer en Nivellement vers le bas maachen. Dat ass evident. Och bei de Sozial- an och bei den Ëmweltnormen. An ech wëll och soen, dass beim Mandat alles, wat Service public ass, dass et net stur an d'Richtung vu Privatisatioune geet, dass dat kloer ausgeschloss ass aus dem Mandat. An dass och ausgeschloss sinn déi kulturell Ausnahmen, wou effektiv d'Fransousen drop gehalen hunn, dass eben och nach weider d'Sproochen an och lokal Produktioune kënne subventionéiert ginn.

An och mam hormonbehandelte Rëndfleesch. Well mir haten elo... viru Kuerzem waren d'Ausseministeren, also déi Ministeren, déi sech ëm dat bekëmmeren, dee CAE-Commerce zesummen, dass bei den OGMen, bei de Poulets au javel, dass all déi Dispositiounen, déi elo hei bestinn an Europa, dass déi Standard bleiwen, dass dorunner net touchéiert gëtt.

Dofir, ech verstinn dat, mä ech mengen, mir dierfen hei net mat Hypotheesen operéieren, dass et an déi falsch Richtung geet, ier iwwerhaapt Décisioune geholl gi sinn. Ech mengen, dat wier falsch, dat wier eng Ierféierung och vun der ëffentlecher Meenung. Et soll hei een Encouragement sinn, dass mat den ONGen a mat de Gewerkschaften a mat jiddwerengem, dee wëllt, de Forces vives vun der Natioun, wéi mer soss ëmmer gesot hunn, déi wëlle mat négociéieren a mat hir Positioun soen, dass déi encouragéiert ginn, fir dat ze maachen. An den Här Angel huet dat jo och ugedeit.

Dee schwieregste Punkt ass deen, wou awer och d'Kommissioun eng kloer Meenung huet an och d'Lëtzebuerger Regierung, dat ass dee Reglement vun den Différends. Dee Règlement des différends, et kann net sinn, an dat gëtt et an Amerika, dass Investoren, dass déi kënne géint eng Dispositioun, déi de Stat geholl huet, virgoen.

Huele mer elo d'Zigaretten zum Beispill. Wann décidéiert gëtt an der Europäescher Unioun, dass op d'Zigarettepäck déi an déi Biller drop kommen, da kann net, ech weess net, Marlboro oder iergendeng Firma kann dann net soen: „Ech hunn esou vill Millioune Verloschter, well d'Lëtzebuerger Regierung dat an dat matgemaach huet." Dat ass eng Schlichtung, mat där mer net d'accord sinn. Mä wann een dat de Leit explizéiert, ëm wat dass et geet, ech mengen, da versteet jiddwereen dat. An do huet och d'Kommissioun kee Mandat, fir do nozeginn.

An ech wëll vläicht ofschléissend, Här President, dann och soen, dass selbstverständlech, et ass net hei ugeschnidde ginn, mä déi ganz Problematik NSA, dass déi net dozou bäigedroen huet, fir d'Vertrauen tëschent den Amerikaner an den Europäer um Niveau vun de wirtschaftleche Relatiounen ze stäerken.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Ausseminister. Den honorabelen Deputéierte Justin Turpel hat eng Motioun abruecht. An ech géif e froen, ob en déi nach wëllt verteidegen. Dat schéngt de Fall ze sinn.

Motion 1

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Merci alle Riedner, och deenen, déi kritesch zur Motioun stinn. Ech mengen, et gëtt eng Rei Saachen, déi elo kloer sinn an där Diskussioun hei. Jiddweree wiert sech ganz kloer géint d'Klorecht vu Multie géint Staten. Dat schéngt hei en Accord ze sinn. Et muss een awer wëssen, datt an deenen Ofkommessen, déi et scho gëtt, esou Klorechter bestinn an déi och ugewannt ginn! An et geet drëms, fir déi hei nach op vill méi fest Féiss ze stellen tëschent Amerika a Lëtzebuerg. Dat ass vläicht och d'Uleies vun den amerikanesche Multien an och vun den europäesche Multien.

Ech géif een Text an déi Diskussioun, déi de Marc Angel proposéiert huet, géif ech en Text verséieren, wou esou Beispiller dra sinn, wéi dat de Moment scho leeft a wat dovunner d'Gefore sinn, well ech hunn elo keng Zäit, fir op dat alles anzegoen.

Zweetens. Wou jiddweree sech eens ass, dat ass hei d'Transparenz, d'Noutwendegkeet vun der Transparenz. D'Noutwendegkeet vun der Transparenz ass awer net dat, wat de Moment geschitt. Souwuel dee Berodergremium, déi hu Geheimhaltungsflicht inklusiv par rapport zu deenen Organisatiounen, déi se delegéieren. Am Europaparlament gëtt just d'Kommissioun, also den Ausschuss fir Commerce informéiert. Et ass Geheimhaltung. D'Dokumenter si just op Englesch, se däerfe kengem se ginn, se däerfe se net mathuelen, se sinn emol net op Franséisch an Däitsch, wat déi offiziell Sprooche vun der Kommissioun sinn, fir d'Geheimhaltung ze ënnerstëtzen.

D'Konklusioun dorauser ass déi, datt, wa mer fir déi Transparenz sinn, da muss sech eppes Wesentleches änneren. An dat ass eben deen zweete Punkt, dat ass d'Veréffentlechung vun deenen Dokumenter, déi eppes mat dem TTIP ze dinn hunn. An ech sinn och frou, datt mer eis doriwwer eens sinn.

Déi drëtt Saach, dat ass déi vun dem...

(Interruption)

Ma neen. Bon, den Débat national, also kann ech dem Här Angel soen, datt ech hoffen, datt mer dee wierklech da féieren, offen an der Chamber an Hearingen, dat heescht wierklech op eng Aart a Weis, datt d'Zivilgesellschaft mat agebonnen ass.

Den Zweck vum TTIP ass net d'Ofschafe vun deenen duebele Sécherheetspréiwungen. Liest wann ech gelift d'Mandater, inklusiv d'Mandat vun der EU, wat jo iwwer Leake bekannt ginn ass, am Engleschen an an der däitscher Verfassung (veuillez lire: Fassung). Och dat Dokument misst een emol verséieren, well dat Dokument seet och eppes aneschters wéi dat, wat den Aussenhandelsminister (veuillez lire: Ausseminister) elo hei gesot huet.

A wann d'amerikanesch Gewerkschaften hoffen, datt sech bei hinnen eppes verbessert, ass dat jo eben, well se dovun ausginn, datt eng Unnäherung vu verschiddene Standarden an der Mëtt geschitt. Wat awer automatesch d'Verschlechterung vun enger Rei Standarden an Europa mat sech bréngt! An ech sinn och frou iwwert d'Duerstellung vun deene grénge Kolleegen, déi dat och relativ systematesch verteidegt hunn an dowéinst och ganz kritesch vis-à-vis vun deem Accord dostinn.

Wat den Ausseminister nach gesot huet iwwert déi ëffentlech Déngschtleeschtungen, datt net virgesinn ass, fir déi ze privatiséieren, steet net esou dran am Mandat. Mä et ass awer virgesinn, fir ze liberaliséieren, inklusiv mat all deem, wat dat vu Privatiséierunge mat sech bréngt.

Mir si frou, ënnert dem Stréch a) datt d'Diskussioun konnt gefouert ginn, datt mer eis eens sinn iwwert d'Noutwendegkeet vun der Transparenz, datt mer déi och fäerdegbréngen; b) datt mer eis eens sinn driwwer, datt d'Diskussioun offen zu Lëtzebuerg muss weidergefouert gi mat engem nationalen Débat, wéi mer e proposéiert hunn.

Mir mengen awer, an dobäi bleiwe mer, datt et wichteg ass, wann ee wierklech dat do wëllt maachen, da misst een dee Mandat emol analyséieren, well da mierkt een, datt dat net an déi Richtung geet, datt een déi Verhandlunge wierklech misst stoppen, ënnerbriechen, egal wéi een dat nennt, fir kënnen Zäit ze hunn, fir dat doten ze maachen.

Et ass sécherlech näischt ënnerschriwwen, mä mir kennen awer d'Dynamik vun esou Saachen. An ech wier awer frou, wa mer eis kéinten dorobber eenegen, fir dat dann esou ze maachen.

Merci.

M. le Président.- Merci och. Weider Stellungnahmen zu der Motioun? Den Här Angel hat et zwar scho gemaach.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Ech brauch nach eng Minutt Zäit, Här President, an ech soen Iech Merci, dass Der esou grousszügeg haut mat mer sidd. Ech wäert...

M. le Président.- Sot dat net ze haart.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Den Här Turpel huet jo dee Punkt opgeworf, deen ech an deem Bréif beschriwwen hunn. Ech wäert mech wierklech als President engagéieren, dass mer deen Débat hei an der Chamber féiere wäerten. An déi Fro vun der Transparenz kënne mer an deenen Débaten, déi mer mat de Beamten hunn, wa mer se an der Kommissioun hunn, och roueg uschwätzen. Mä ech mengen, fir déi Motioun elo, déi kënne mer hei net unhuelen.

Ech si frou, dass Der Iech esou engagéiert an deem heite Kontext. Ech wëll Iech just drop opmierksam maachen, dass mer d'Iescht Woch an dës Woch an der aussepolitescher Kommissioun - ech weess, Dir hutt do kee Vertrieder, mä ech weess, dass Der d'Ordres du jour awer verfollegt, well wéi deen iwwert d'Ukrain komm war, waart Der do - zwee Accorden an deem heite Genre hunn: en Accord d'association et de libre-échange mat Zentralamerika, mat sechs Länner an nach en Accord de libre-échange mat Kolumbien a mat Peru, wou och nach an der Ausaarbechtung ee vun Ecuador nokënnt. Ech mengen, Dir waart dunn net do. Dat bedaueren ech. Ech hoffen, dass an Zukunft, wann déi Handelsfroen Iech esou um Häerz leien, wier ech frou, op Är Expertise an op Är Zesummenaarbecht kënnen ze zielen.

Une voix.- Très bien.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Villmools Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Angel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Däerf ech dem Här Angel eng Fro stellen?

M. Marc Angel *(LSAP).*- Jo.

M. le Président.- Dir hutt keng Riedezäit méi an den Här Angel huet keng Riedezäit méi.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Ech wollt just nach eng Fro. Okay.

M. Marc Angel *(LSAP).*- E ka mer...

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Et war just d'Fro...

M. le Président.- Also eng Fro, awer kuerz.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- D'Fro ass, ob hien d'accord ass, fir déi Diskussioun an der Chamber offen ze féieren, ëffentlech ze féieren?

M. Marc Angel *(LSAP).*- Mir wäerten dat... Ech mengen, ech setzen de Punkt elo emol eng Kéier op den Ordre du jour vun der Kommissioun an da wäerte mer iwwert d'Modalitéite vun deem Débat do schwätzen. Mir haten aner Debatten, déi mer esou gefouert hunn zu aneren Themen, Juegd, etc.

M. le Président.- Très bien. Da maacht dat esou.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Mir diskutéieren dat zesummen an der Kommissioun.

M. le Président.- Den Här Kartheiser huet nach d'Wuert gefrot zu der Motioun.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, villmools Merci. Zur Motioun. Also, mir kënnen déi och net matstëmmen. Ech mengen, déi ass... och schonn d'Introduktioun geet vu ganz negative Konsequenzen aus. Et gëtt geschwat, et wier kee Contrôle démocratique. Ech mengen, deen Débat, dee mer haut hei haten, dat ass eng Form vu Contrôle démocratique. An dat, wat den Här Angel ugekënnegt huet an der Kommissioun, dat ass och Contrôle démocratique. Dat heescht och déi Introduktioun, déi kënne mer net akzeptéieren.

Elo zu deene Punkten. Datt mer sollen déi Négociatiounen astellen, ass an eisen Aen net vernünfteg. Domadder géife mer och déi positiv Aspekter net notzen, déi eventuell an deene Verhandlungen kënnen erauskommen. Et gëtt gesot, déi Texter solle publizéiert ginn. Ech huelen un, inklusiv dem Mandat. Kee Mënsch, deen eng seriö Négociatioun wëllt féieren, dee publizéiert eigentlech seng geheim Iwwerleeungen zu deem Mandat, wat en huet, fir ze verhandelen. Ech mengen, dat ass jo ebe just eng Saach, déi normalerweis net soll ëffentlech sinn. Elo kann et natierlech sinn, datt eis amerikanesch Frënn dee Mandat awer hunn. Do gi mer vläicht net elo nofroen. Awer am Prinzip sollt een esou Mandater geheim halen.

An da soen den Här Turpel an den Här Urbany eis jo hei, datt se en Débat wëllen, deen net nëmmen dat Fräihandelsofkommes betrëfft, dat elo mat den Amerikaner verhandelt gëtt, mä si hätte gär allgemeng en Débat sur l'ensemble des accords de libre-échange. An do kënnt dat eraus, wat eben déi Lénk charakteriséiert, et ass hir negativ Astellung géintiwwer dem Libre-échange, deen hei hannendrusteet. Dat ass eppes, wat d'ADR ganz sécher net kann deelen. An dofir stëmme mir déi Motioun och net mat.

Merci.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ass deen dann nëmme gutt, wann e geheim ass?

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. De Claude Wiseler huet d'Wuert gefrot.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, just fir kuerz ze soen, d'CSV-Fraktioun kann déi Motioun och net matstëmmen, a sief et schonn eleng aus dem Haaptgrond, datt mer net kënnen deelen, datt den Arrêt vun den Négociatiounen iwwert dee Partenariat elo soll gemaach ginn. Dat schéngt eis net sënnvoll, net maachbar. An dofir stëmme mer se net mat - ënner anerem.

(Interruption)

M. le Président.- Merci och dem Claude Wiseler. Ech ginn dann dovun aus, dass jiddweree seng Positioun motivéiert huet. An ech géif dann zum Vote iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

De Vote ass lancéiert. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss. D'Motioun ass bei 60 Leit, déi sech um Vote bedeelegt hunn, mat 58 Neen an zwou Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Claude Wiseler), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Simone Beissel);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Domat géife mer zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6502, deen eng Adaptatioun virhëlt um Gesetz iwwert d'Zentren, Foyeren an d'Servicer fir eeler Leit an iwwert d'Schafe vu Geriatriezentren. D'Riedezäit: Basismodell. De Rapporteur, den honorabelen Här Gilles Baum, huet d'Wuert. Här Baum, wann ech gelift.

10. 6502 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création de deux établissements publics dénommés

- Centres, foyers et services pour personnes âgées,

- Centres de gériatrie

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass de Mëtteg hei scho vill a kontrovers diskutéiert ginn an ech ginn dovun aus, dass der averstane sidd, dass ech mech kuerzfaasse beim Rapport vum Projet de loi 6502 iwwert d'Établissements publics Centres, foyers et services pour personnes âgées a Centres de gériatrie.

Wann ech Iech den Numm Servior soen, da weess all Mënsch heibannen, wourëm dass et geet. Servior géréiert am Moment 15 Ariichtunge fir eeler Matmënschen. Et sinn aacht Altersheimer, sechs Fleegeheimer an eng Senioreresidenz, mat am Ganze 16.000 Better, entschëllegt 1.600 Better. 600 Leit kréien all Dag iwwer Servior de Repas sur roues. A Servior huet och ronn 1.500 Mataarbechter.

D'Capacitéit fir d'Fleeg an d'Ënnerbrénge vun eelere Leit ass am Laf vun de leschte Jore staark an d'Luucht gaangen, fir op deen ëmmer méi grousse Besoin vun Alters- a Fleegeheemplazen ze reagéieren.

De virleiende Gesetzesprojet huet zum Zil, verschidde Kadastermodifikatiounen am aktuelle Gesetz vum 23. Dezember 1988, 1998 virzehuelen, déi deem Rechnung droen. Et ginn deemno verschidden Terraine bei de Stat zréck an aner Terraine vum Stat gi gebraucht fir de Bau vun neien Alters- a Fleegeheimer. Dës Änderunge ginn iwwert de Comité d'acquisition ofgeweckelt.

Ech presentéieren Iech elo den Detail, ech wäert Iech awer d'Kadasternummeren erspueren. Zu Wolz, do fält d'„Wëlzer Schlass", an deem 60 Better waren, mat sengen Terrainen, ronn 48 Ar, erëm zréck bei de Stat. An dofir kritt den neie CIPA „Gënzebléi" mat 120 Better 167 Ar an d'Plaz. Zu Veianen kritt de Stat den Terrain mam Klouschter, an deem 38 Better waren, mat zirka 20 Ar, zréck. Dat neit Fleegeheim „Schlassbléck" ass op Gemengenterrain gebaut ginn, an do kënnen elo 72 eeler Persoune betreit ginn.

Och zu Mäerzeg ass d'Fleegeheim „Op der Schock" ze kleng ginn an huet net méi den néidege Standarden entsprach. Déi 35 Bewunner sinn op aner Heemer an der Ëmgéigend verdeelt ginn. De Stat kritt dofir no engem neie Mesurage ronn 83 Ar zréck. Et gouf och schonn eng sënnvoll Reaffektatioun fonnt: An de Raimlechkeete vun „Op der Schock" wäerten no de Renovatiounsaarbechte 25 behënnert Matmënsche betreit ginn. Zu Rëmeleng kritt de CIPA „Roude Fiels" Parzelle mat enger Gréisst vun 18,5 Ar dobäi, fir sech kënnen ze vergréisseren. An no Ofschloss vun den Aarbechte wäerten 120 Better zur Verfügung stoen. Och d'Fleegeheim „am Schleeschen" zu Iechternach, mat momentan 57 Better, kritt Terrainen dobäi, ronn 40 Ar, fir sech ze vergréisseren a méi Plaze kënnen unzebidden.

D'Familljen- an d'Integratiounskommissioun huet de Rapport ugeholl a schléit dem Plenum vir, den Text ze stëmmen. Ech géif Iech heimadder schonn den Accord vu menger Fraktioun ginn an nach villmools Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem honorabelen Här Rapporteur. Ech hu signaliséiert kritt, dass déi eenzel Fraktiounen do dermat d'accord sinn, an hu just eng Wuertmeldung, dat ass déi vum Här Kartheiser.

Discussion générale

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn als ADR bei dësem Gesetz eppes gemaach, wat ganz aussergewéinlech ass: Mir hunn der Regierung an engem Mooss vertraut, datt mer net nogemooss hunn, ob elo déi 5 Ar a 6 Zentiar iwwerall richteg waren. An ech bieden d'Regierung awer net ze mengen, mir hätten ëmmer esou Vertrauen an deenen dote Saachen!

Mä wat awer elo wichteg ass, dat ass awer, datt mer eis Froe stellen, ob et ëmmer sënnvoll ass, esou Gesetzer wéi déi heiten der Chamber virzeleeën. Et ass selbstverständlech eng Obligatioun, déi och constitutionnel Ursaachen huet, datt et eng Acquisitioun ass, déi de Stat gemaach huet, an datt all Wiessel do soll iwwer Gesetz goen. Mä awer kann een déi Reflexioun hunn, well mer hei als Parlament u sech eng Constatation ex post maache vun eppes, wat geschitt ass. Et sinn Detailfroen. A wa mer iwwert d'Révision constitutionnelle an aner Froen nodenken, kann ee sech och d'Fro stellen, ob dat heite wierklech sënnvoll ass, fir esou Constatatiounsexercicen ze maachen.

Mir hunn och hei an deenen Documents parlementaires, déi mer virgeluecht kruten, elo zum Beispill keng Fiche financière direkt gesinn. Op jidde Fall, mir hu keng gesinn. Vläicht gouf et eng. Mir wëssen also och net, wat elo konkret den Engagement financier vum Stat war, obschonn do d'Chamber u sech d'Budgetsautoritéit jo huet. Dat heescht, et kann och sinn, ech weess dat elo net am Detail, datt eng Kéier Engagementer heifir gestëmmt goufen an engem anere Gesetz wéi dem Budgetsgesetz. Dat kann d'Regierung eis vläicht soen. Mä u sech, do wou et zielt, nämlech datt d'Chamber Accorde gëtt a priori oder virdrun a mat engem Wëssen iwwert de finanziellen Engagement, dat ass an dësem Fall net esou de Fall gewiescht.

An da wëll ech awer, wann ech schonn iwwert d'CIPAen an esou weider hei ka kuerz schwätzen, d'Regierung, d'Madame Minister awer opmierksam maachen op eng Situatioun zu Suessem, wou deen ale CIPA nach ëmmer ongenotzt doläit. Anscheinend gëtt e geplëmmt a geraibert am Ableck, wann dat stëmmt, wat mer héieren. An ech wier frou, wann Dir, Madame Minister, där Saach emol géift nogoen. Well et ka jo net sinn, datt Gebailechkeete vum Stat, déi zum Beispill fir Studentewunnengen oder anescht sënnvoll kéinte genotzt ginn, elo einfach do leien an ausgeraibert ginn.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. Ech hu signaliséiert kritt, dass soss keng Wuertmeldung do wier an all déi aner Fraktiounen hiren Accord manifestéiert hunn zum Projet.

Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci villmools.

Da géif ech d'Wuert un d'Madame Familljeminister weiderginn, fir Stellung ze bezéien.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Villmools Merci, Här President. Ech wollt just dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi kuerzen a ganz komplette Rapport awer.

An da wollt ech awer nach dem Här Kartheiser äntwerten, dass dat Ganzt elo keen Impakt huet op de Budget, also keng budgetär Impakter. Et ass just e Changement (veuillez lire: en Échange) vun Terrainen. De Stat kritt jo och Terrainen zréck.

Et ass awer esou, dass mir festgestallt hunn, dass e CIPA oder eng Maison de soins besser iwwer 100 Better huet, fir dass et sech richteg rentéiert an dass een dat anstänneg organiséiere kann, och mam Personal. Dofir ass deen Exercice hei néideg. Et ass néideg, d'Saachen eben och ze moderniséieren.

An déi Geschicht vu Suessem, do kann ech Iech elo net direkt drop äntwerten, mä ech wäert mer dat awer dann natierlech ukucken. An ech soen Iech villmools Merci och, dass Der d'Gesetz hei stëmmt.

Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Familljeminister. A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6502 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss an de Projet ass mat 57 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Laurent Mosar), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Simone Beissel);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech ginn net dovunner aus, dass d'Abstentioune musse motivéiert ginn.

Domat ass de Projet ugeholl an ech géif d'Chamber froen, ob se d'accord ass, fir de Projet vum zweete verfassungsméissege Vote ze entbannen.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Do handelt et sech ëm de Projet 6478, eng Ëmsetzung vun der Direktiv iwwert d'Rechter vun de Konsumenten. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An den honorabele Rapporteur, den Här Alex Bodry, huet d'Wuert. Här Bodry, wann ech gelift.

11. 6478 - Projet de loi portant

1. modification

- du Code de la consommation;

- de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique;

- de la loi modifiée du 30 mai 2005 relative aux dispositions spécifiques de protection de la personne à l'égard du traitement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques et portant modification des articles 88-2 et 88-4 du Code d'instruction criminelle;

- de la loi modifiée du 8 avril 2011 portant introduction d'un Code de la consommation;

2. abrogation de la loi modifiée du 16 juillet 1987 concernant le colportage, la vente ambulante, l'étalage de marchandises et la sollicitation de commandes

Rapport de la Commission de l'Économie

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi geet et ëm eng net onwesentlech Ëmännerung vun eisem Code de la consommation duerch d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv aus dem Joer 2011 iwwert d'Rechter vum Konsument.

Déi Reform hei huet zur Konsequenz, dass eist Gesetz vum 16. Juli 1987 iwwert de Colportage ofgeschaaft gëtt; e Gesetz, wat e komplette Verbuet fir de Colportage hei zu Lëtzebuerg festgeschriwwen huet an dat ersat gëtt duerch eng EU-wäit Reglementatioun, wat dee Verkaf vun Dier zu Dier ugeet.

Kärpunkt also vun där Diskussioun, déi mer och an der Kommissioun haten, war d'Opgi vun deem allgemenge Verbuet vum Hausëieren hei zu Lëtzebuerg. Lëtzebuerg war praktesch nach dat eenzegt Land an der Europäescher Unioun, wat esou en absolut Verbuet hat vum Hausëieren, och wa mer alleguerte wëssen, dass dee gesetzleche Verbuet och net dozou gefouert huet, dass an der Praxis d'Hausëieren net stattfonnt hätt.

Leider ass et esou, dass ëmmer erëm Nouvellë komm sinn, Beispiller vun notamment eelere Leit, déi relativ aggressiv démarchéiert gi sinn dobaussen, net esou séier, fir Wueren ze verkafen, mä och ëmmer méi, fir Déngschtleeschtungen entgéintzehuelen, meeschtens vun auslännesche Firmaen, déi iwwert d'Grenz komm sinn an deen aggressiven Démarchage da bei de Leit virgeholl hunn. Dat beweist, dass och, wann een eng streng Gesetzgebung huet, d'Praxis sech leider kann och niewent dem Gesetz entwéckelen.

Dofir ware mer eigentlech der Meenung, zesumme mat der Regierung, dass ee sollt no-

ginn an eigentlech eis konformëieren zum europäesche Recht, och zu enger europäescher Rechtspriechung, déi natierlech seet, dass am Prinzip de Commerce fräi ass an der Europäescher Unioun an dass een net kann eng bestëmmte Form vu Commerce total verbidden, wéi dat zënter 1987 hei zu Lëtzebuerg de Fall war. An deem Sënn hu mer och schonn e Bréif geschéckt kritt vun der Europäescher Kommissioun, fir eis op déi Non-Conformitéit oder déi eventuell Non-Conformitéit vun eiser aktueller Gesetzgebung, wat d'Hauséieren ugeet, hinzeweisen.

Et muss also hei reagéiert ginn. Mir hunn et nach net gemaach, wéi mer de Code de la consommation hei an der Chamber diskutéiert hunn. Mir hu versicht esou laang wéi méiglech un deem absolute Verbuet vun dem Colportage festzehalen. Mä en fait, opgrond vun deenen esou wichtegen Argumenter, déi virbruecht gi sinn, ass et awer net méi méiglech, un där doter Positioun festzehalen, esou dass mer eis dann hei elo, gemä där europäescher Direktiv, dem europäesche Recht hei konformëieren, wat de Colportage ugeet.

De Colportage selbstverständlech gëtt net fräi, dat gëtt elo net e Beräich, wou jiddweree kann egal wat maachen, mä de Colportage gëtt strikt, strikst souguer reglementéiert duerch deen neien Text hei. An ech ginn herno e bëssen an den Detail vun där Reglementatioun an, déi awer an der praktescher Emsetzung och riskéiert, ganz spannend ze ginn an deenen nächste Méint. Op jidde Fall ka jiddwereen dovunner betraff sinn. Dat hei ass also och e Projet, dee wäert seng Répercussioun kënnen hunn am dagdeegleche Liewe vun eis alleguerten.

Zwou nei Zorte vu Verträg ginn hei speziell geregelt iwwert deen heiten Text a ginn am Fong integréiert als spezielle Kapitel an eise Code de la consommation. Dat ass op där enger Säit d'Vente à distance, de sougenannte Fernvertrag oder Fernkaf. Dat sinn also all déi Venten, déi iwwer Tëlefon oder iwwer Internet stattfannen. Also och entre-temps e Beräich, deen u Bedeitung gewonnen huet an nach weider wäert u Bedeitung gewannen. An et ass d'Vente hors établissement, dorënner fält de Colportage, also all Vente, déi net op deem Uert stattfënnt, wou normalerweis de Commerce seng Aktivitéit entwéckelt.

Dat sinn alles, déi zwou Zorte vu Verträg sinn am Fong Verträg, déi ee ganz staarke grenziwwerschreidenden internationale Charakter hunn an déi natierlech och besonnesch hänken un der Entwécklung vun den Technologië vun der Kommunikatioun. An dofir ass et kloer, dass hei eng absolut Noutwendegkeet besteet op europäeschem Plang, innerhalb vun der Europäescher Unioun eenheetlech Regelen ze hunn. Dat ass den Zweck vun där Direktiv, déi mer hei ëmsetzen an déi am Fong zwou eeler Direktiven ersetzt.

Nach eng Neierung, déi iwwert deen heiten Text an eis national Legislatioun eragedroe gëtt, ass d'Uniformiséierung vum Délai de rétractation vun engem Vertrag, deen e Konsument mat engem Professionellen ofschléisst. Do gëllt an Zukunft en eenheetlechen Délai vu 14 Kalennerdeeg; 14 Kalennerdeeg, an deenen am Prinzip e Konsument kann, bei ganz ville Verträg, op säin Accord zréckkommen. Dir hutt also, et ass d'Beispill, wou e Konsument säin Accord ginn huet zu engem Vertrag, sief et dass e Service kaaft ginn ass, sief et dass eng Wuer kaaft ginn ass, an do besteet nom europäesche Recht, och nom nationale Recht elo d'Méiglechkeet, banne 14 Kalennerdeeg op säin Accord als Konsument zréckzekommen.

De Professionelle kann net op säin Accord zréckkommen, mä et ass ausschliesslech eng Protektioun vum Verbraucher, déi hei spillt, deen also do kann op säin Accord zréckkommen. An dat natierlech souguer och, wann d'Liwwerung vun der Wuer scho stattfonnt huet. Bei Wuere fänkt souguer deen Délai vu 14 Deeg eréischt dee Moment un ze lafen. Bei Servicer ass et normalerweis esou, dass deen Délai schonn éischter ufänkt an zwar bei der Conclusioun vum Vertrag. Dat Eenzegt, wat vu Fraisen eigentlech kann op de Konsument zréckfalen, ass eventuell d'Zréckschécke vun der Wuer, wat dann zu senge Laaschten ass. Dat ass also elo geltend Recht hei an Europa.

Et ass wichteg, och deen dote Punkt, dass dee gewosst ass. Gewosst ass vun de Professionelle selbstverständlech, déi dagdeeglech där dote Verträg ofschléissen, awer och gewosst ass vum Konsument.

Dëse Gesetzesprojet ass den 10. September 2012 vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider, nach ënnert der viregter Regierungsperiod, hei an der Chamber deponéiert ginn. Sämtlech Chambres professionnelles hunn en Avis zu deem heiten Text eraginn. Och d'ULC, de Konsumenteschutz, huet en Avis eraginn a prinzipiell déi Reform hei ausdrécklech begréisst.

De Statsrot huet zwee Avisen eraginn. Eng Kéier de 14. Mee 2013, an opgrond vun Amendementer, déi mer als Wirtschaftskommissioun eraginn haten den 12. November 2013, nach eng Kéier en Avis complémentaire. Insgesamt war et a sechs Sitzungen, dass an der Wirtschaftskommissioun iwwert deen heiten Text diskutéiert ginn ass. De Rapport ass den 30. Januar ugeholl gi vun der Kommissioun mat dem Wonsch, dass de Plenum vum Parlament sollt deem heiten Text an der virleiender Form zoustëmmen.

Et ass also en Text, wéi ech scho gesot hunn, deen net wäert ouni praktesch Konsequenzen am Alldagsliewe bleiwen, well jo andauernd eigentlech mer amgaang sinn, Verträg ofzeschléissen. Dat kënne jo mëndlech Verträg sinn, déi mer am Dagdeeglechen ofschléissen, wa mer an e Buttek eraginn. Eigentlech hu mer, juristesch gesinn, e Vertrag ofgeschloss. Déi doten Alldagsverträg falen eigentlech net an deen heiten Text eran. Mä natierlech all déi Verträg, déi méi wäit ginn, déi iwwer reng dat Alldeeglecht erausginn, déi fale voll an de Konsumenteschutz eran.

An all déi Regelen, déi ronderëm dee Konsumenteschutz opgebaut gi sinn, bei deenen eng Suerg natierlech och war, dass dee legitime Wonsch, fir déi am Prinzip schwaach Vertragspartei ze schützen, net dierf dozou féieren, dass de Commerce eigentlech sech net méi kann entwéckelen duerch ze vill Formalitéiten, dat ass ëmmer e bëssen eng geféierlech Gratwanderung, déi een do mécht, fir eigentlech op där enger Säit d'Kompetitivitéit vum Handel a vun der Wirtschaft weider ze garantéieren, op där anerer Säit awer och de Konsument ze schützen, besonnesch géint Mëssbräich, déi kënne stattfannen.

Ennert déi heite Bestëmmunge falen natierlech nëmmen och Verträg, déi tëschent engem Professionellen, op där enger Säit, an engem Konsument, op där anerer Säit, ofgeschloss ginn.

Wichteg schéngt eis als Kommissioun ze sinn, dass déi Informatiouns- a Sensibiliséierungsaarbechte bei der Éffentlechkeet, bei all deenen, déi a Kontakt mat deene Verträg wäerte kommen, dass déi intensiv an Ugréff geholl ginn, dass do also eng Opklärungsaarbecht gemaach gëtt. Dat ass ënner anerem och d'Aufgab vun de Chambres professionnelles, déi hei concernéiert sinn, vum Konsumenteschutz selbstverständlech. Dat ass jo eigentlech de Sënn vum Konsumenteschutz, fir déi dote Regelen ze vulgariséieren no baussen. Mä natierlech awer och d'Aufgab vun der Regierung, vum zoustännege Ministère oder Ministèren, fir derfir ze suergen, dass déi nei Regelen och bekannt ginn. Well, wat notzen eis déi dote Regelen, wann an der Praxis kee se kennt a se och net applizéiert ginn?

Dat ass also, mengen ech, immens wichteg, dass och deen heiten Text, dee ganz komplex ass, dee Code de la consommation ass eng gutt Saach, mä et wimmelt nëmmen esou vu Renvoien, vun engem Artikel op deen aneren, vun Ausnahmen zu prinzipielle Regelen. An et ass wierklech souguer fir e Professionellen net evident, fir sech duerch déi Mäandere vun deem Code de la consommation do duerchzekämpfen. An dofir, mengen ech, ass jo och d'Iddi scho laang do, fir eng vulgariséiert Form vun deem Code de la consommation och auszeschaffen, an där déi wichtegst Regelen eigentlech an enger allgemeng verständlecher Form no bausse gedroe ginn. An dat ass och an den Ae vun der zoustänneger Chamberskommissioun immens wichteg, dass do weiderhi grouss Efforte vun offizieller Säit gemaach ginn.

Wat och wichteg, mengen ech, ze wëssen ass, ass, dass dës Direktiv eigentlech opgebaut ass op der Iddi vun enger maximaler Harmoniséierung, dat heescht, et ass u sech, dass am Prinzip eent zu eent eigentlech deen heiten Text ëmzesetzen ass. Dat war och d'Optik, déi d'Regierung hat, an där sech och déi zoustänneg Chamberskommissioun ugeschloss huet.

Mir hunn och probéiert, an eisen Aarbechten eenzel Iddien a Remarquen, déi vun de Beruffschambere formuléiert gi sinn an hire fundéierten Avisen, mat ze berücksichtegen an der Endformuléierung vun eenzelnen Textpassagen, wéi mer selbstverständlech eis och intensiv mat den Avise vum Statsrot auserneegesat hunn. Do waren eng Rei vun Oppositions formelles als Hürden ze huelen, dräi un der Zuel. A mir hunn et fäerdegbruecht iwwer och Amendementen, fir elo en Text hei ze presentéieren, dee misst also och Gnod fannen an den Ae vum Statsrot an opgrond vu senge juristesche Remarquen, déi e gemaach huet.

Ech wëll also net ze vill an den Detail goen. Fir déi Leit, déi sech fir déi Matière interesséieren, verweisen ech also op de schréftleche Rapport vun der Kommissioun, wou mer am Commentaire vun den Artikelen op eenzel Punkte méi am Detail agaange sinn.

Kär vun der Reform, ech kommen dorobber zréck, ass dat neit Kapitel 2 vum Titre 2 vum Code de la consommation mat dem Beräich vun de Contrats à distance an hors établissement, déi integréiert ginn an d'Artikelen L. 222-1 bis L. 222-11.

Virun allem gesäit emol den Text eng ganz Rëtsch vu Virinformatiounen vir, déi de Professionelle muss dem Konsument ginn, am Zesummenhang mat dem Ofschloss vun engem Contrat à distance oder engem Contrat hors établissement, wou, wéi gesot, och de Colportage ënnert deen zweete Begréff fält.

Nëmme wann hien eigentlech déi Informatiounen do geliwwert huet, dat betrëfft ënner anerem och seng eege Persoun, seng Gesellschaft, wat de Sëtz vun der Gesellschaft ugeet, wat d'Erreechbarkeet och vun der Gesellschaft ugeet, nëmme wann hien déi Konditiounen do erfëllt huet, kann et eigentlech zu engem valabele Vertrag kommen. Mä et ass eigentlech keng Nullité absolue. Och hei gëllt de Prinzip, dass nëmmen déi geschützte Vertragspart, dat heescht de Konsument kann eigentlech invoquéieren, dass en eng Rei vun Informatiounen am Virfeld net kritt huet an doduerjer och säi Consentement eigentlech viciéiert ass.

Bei dem Dier-zu-Dier-Verkaf, Colportage, gesäit de Gesetzestext en Opt-out-System vir. Dat heescht also, dass am Prinzip zwar kann e Colportage stattfannen, mä wann de Konsument viru senger Wunneng duerch d'Ubrénge vun enger Affiche, vun enger Vignette, oder wat och ëmmer, kloer dokumentéiert huet, dass en net wëllt démarchéiert ginn, dass en net wëllt also, dass e sollicitéiert gëtt, fir e Vertrag ofzeschléissen, dann däerf eigentlech de Colporteur net aktiv ginn.

Wann en dat mécht, dann ass e strofrechtlech ze verfolgen an da muss e mat enger décker Amende respektiv souguer mat der Confiscatioun vu senger Wuer a souguer eventuell Confiscatioun vu sengem Gefier, wat zum Transport vun der Wuer benéidegt war, rechnen.

Et ass also esou, dass do wierklech de Wonsch vum Konsument muss respektéiert ginn. Wann de Geschäftsmann oder d'Geschäftsfra dat net mécht, da mécht e sech strofbar a selbstverständlech sinn esou Kontrakter, déi géifen esou zustane kommen, natierlech och null an nichteg, wann de Konsument dat do uféiert.

Déi zweet Méiglechkeet, fir eigentlech elo kloer ze dokumentéieren, dass een net wëllt démarchéiert ginn, besteet doranner, dass ee sech kann an eng Lëscht aschreiwe loosse vun all deene Leit, Konsumenten, déi soen, ech wëll net démarchéiert ginn, ech wëll net, dass Colportage bei mir doheem gemaach gëtt.

Dat huet deeselwechten Effet, wéi wann e géif bei senger Wunneng déi Vignette ubréngen. Och dann ass et kloer, dass e Professionellen, deen dat net respektéiert, contraire zum Gesetz handelt a sech och strofbar mécht an esou e Kontrakt, wann e géif zustane kommen, keng Gültegkeet méi hätt.

Dann en zweete Punkt, mengen ech, dee mer diskutéiert hunn - an da kommen ech och zum Schluss vu mengen Ausféierungen -, dat betrëfft déi Méiglechkeet, fir eventuell bei der Vente à distance eng Sproocheklausel virzegesinn.

D'Vente à distance, nach eng Kéier gesot, dat ass haaptsächlech dee ganze Beräich vum Internet, deen dorënner fält.

Mir waren der Meenung, wéi och d'Regierung der Meenung war, dass een do sollt net speziell Regelen hei zu Lëtzebuerg virgesinn. Mir sinn eng international Plaz, Handelsplaz, wou notamment och iwwer Internet - mir wësse jo, wat fir Firme momentan hire Siège hei zu Lëtzebuerg hunn - eng ganz Rëtsch Millioune vu Verträg eigentlech ofgewéckelt ginn. An ech gesinn eis schlecht soen, elo mussen déi Verträg op Lëtzebuergesch, op Däitsch an op Franséisch verfaasst ginn.

Ech gesinn net, dass mer, wéinst der spezifescher Situatioun, déi mer an deem dote Beräich hei zu Lëtzebuerg hunn, do zwéngend Sproocheklausele géife festleeën. Dat kéint nëmmen zulaaschte vun der Entwécklung vun eiser Handelsplaz goen.

Mä natierlech gëllt eng Fauschtregel fir de Konsument. Et soll een e Vertrag net ënnerschreiwen, wann een net weess, wat am Vertrag steet, wann een déi Sprooch emol net versteet, an där e Vertrag verfaasst ass. Dat ass ëmmer louche, wann een esou ee Vertrag eigentlech virgeluecht kritt. Dann huet ee besser, net ze ënnerschreiwen.

Ech mengen, dat ass a muss d'Verhale vun engem, mengen ech, normal virsiichtege Konsument sinn.

Dat gesot, mengen ech, waren dat déi Haaptpunkten, déi mer diskutéiert hunn. Wéi gesot, wichteg ass et, dass mer elo derfir mathëllefen, dass et zu enger korrekter praktescher Uwendung vun deenen heiten neien Texter kënnt. An ech géif dann och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Gesetzesprojet hei abréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Rapporteur. An ech géif dann direkt d'Wuert weiderginn un de Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dräi Joer, nodeem dëst Haus de Code de la consommation gestëmmt huet, si mer haut mat enger Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv iwwert d'Rechter vun de Konsumente befaasst.

Ech hat hei eng länger Ried virbereet. Ech hunn awer fonnt, datt eisen honorabele Rapporteur, den Alex Bodry, en exzellente schréftlechen an och ganz besonnesch mëndleche Rapport gemaach huet, an och relativ an den Detail vun enger ganz technescher Thematik agaangen ass, soudatt ech...

(Interruption)

Neen.

...soudatt ech elo den Här Gibéryen wäert e bëssen enttäuschen a meng Ried ofkierzen, well ech wëll och net alles dat widderhuelen, wat de Rapporteur sot, deem ech en ausdréckleche Merci am Numm vun eiser Fraktioun fir seng Aarbecht hei wëll soen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Ech wollt just awer nach eng Kéier kuerz och widderhuelen, ëm wat et an där Direktiv geet, well dat awer net onwichteg ass. Op där enger Säit geet et jo och drëm, fir de Bannemaart fir d'Konsumenten ze fuerderen, fir awer gläichzäiteg och d'Lat vum Schutz vun de Konsumente méiglechst héich ze leeën. An dat ass keen einfachen Drotseelakt gewiescht, well een natierlech ëmmer huet misse kucken, ob d'Kompetitivitéit notamment vun de lëtzebuergeschen Entreprisen net zulescht géif zulaaschte vun engem méi effiziente Konsumenteschutz goen.

A wann ech d'Resultat elo kucken, wat eis virläit, fannen ech eigentlech, datt déi viregt, awer och déi aktuell Regierung dësen Drotseelakt net esou schlecht realiséiert hunn, well mer eigentlech haut hei iwwer e ganz équilibréierten Text ofstëmmen, deen op där enger Säit d'Interesse vun den Entreprisen, awer op där anerer Säit och de Konsumenteschutz respektéiert.

Mir begréissen iwwregens och, datt déi zwou Regierungen, déi viregt an och déi heiteg, sech strikt un den Text vun der Direktiv gehalen hunn a weider net doriwwer erausginn.

Ech wäert Iech also erspueren, elo nach eng Kéier alles dat ze widderhuelen, wat virdrun de Kolleeg Alex Bodry schonn hei ausgefouert huet. Ech géif duerfir just wëllen dräi méi allgemeng Iwwerleeungen zu dësem Text maachen.

Éischtens, an de Rapporteur huet dat gemaach, mä ech mengen, et ass wichteg, datt een awer eng Kéier drop hiweist, datt mer haut also hei iwwer en Text ofstëmmen, deen an Zukunft dat sougenannten Hauséieren nei regelt, andeem et offiziell erlaabt gëtt. Mä et ass awer kloer am Text virgesinn, datt an Zukunft jiddwer Konsument op senger Hausdier, op sengem Appartement kloer ka säi Wëlle bekun-

den, datt en net wëllt vun där Zort vu Verkaf a vu Verkeefer harceléiert ginn.

Sollt trotz dëser klorer Wëllensbekundung trotzdeem e Verkeefer sech heiriwwer ewechsetzen an et trotzdeem zu engem Kontrakt zwëschent dem Verkeefer an dem Konsument kënnt, ass, laut den Dispositioune vun dësem Text, dësen automatesch ongülteg, an dat souguer, wann de Konsument géif schréftlech en Engagement huelen.

Ech mengen, datt dëst, an de Rapporteur huet et och schonn ënnerstrach, trotzdeem eng ganz wesentlech Dispositioun vun deem Text hei ass, well dat jo eigentlech eng Derogatioun och par rapport zu deene grousse Prinzipie vun eisem Code civil ass, well hei automatesch e Kontrakt als null an nichteg erkläert gëtt, obschonn en eigentlech trotzdeem vun zwou Parteien ënnerschriwwe ginn ass.

Ech hoffen, datt ganz besonnesch dës Dispositioun wäert eng dissuasiv Wierkung op all déi zukünfteg Hauséierer hunn an datt se dann net versichen, trotz enger klorer Wëllensbekundung vum Konsument an Haus- oder Appartementsbesëtzer, him wëllen awer hir Produkter verklickeren.

Eng zweet Observatioun, an dat geet och an d'Richtung vum Rapporteur, deen dat scho gesot huet, och an deene verschiddenen Avisen ass dat ëmmer erëm ënnerstrach ginn, datt all déi aktuell Dispositiounen, déi d'Consommateure beréieren, ëmmer méi schwéier liesbar a verständlech fir den allgemeng Stierfleche sinn. Mä emol net nëmme fir den normale Stierflechen, well ech fannen, datt och e Jurist, a mir hunn der jo eng ganz Rei hei sëtzen, déi och an der Kommissioun derbäi waren, déi hunn hir Problemer, fir sech hei erëmzefannen. Besonnesch, well een dann ëmmer vun engem Artikel op deen anere renvoyéiert gëtt, an dat mécht déi Saach net einfach.

An duerfir ënnerstëtze mir och de Wonsch hei vum Rapporteur, datt d'Regierung an den zoustännege Minister alles och do mussen ënnerhuelen, fir dat Regelwierk awer elo op eng verständlech Aart a Weis, Här Minister, no bei de Konsument ze brëngen. Ech mengen, datt mer och Associatiounen hei am Land hunn, wéi de Konsumenteschutz, déi déi néideg Kompetenz an Erfahrung hunn, fir hei eng gutt Kommunikatiounspolitik ze maachen.

Allerdéngs mäin Appel un den dofir zoustännege Minister, datt awer och déi Associatiounen déi néideg Ënnerstëtzung vum Minister wäerte kréien, fir hei eng konkret a gutt Aarbecht am Interessi vum Konsumenteschutz ze maachen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Drëtt a lescht Iwwerleeung, awer dofir net déi onwichtegst, op déi ech och nach wéilt agoen, dass bei all deene gutt gemengtenen neien Oplagen, déi elo am Interessi vun de Konsumente gemaach ginn, een awer trotzdeem d'Geschäftswelt net dierf vergiessen, well haut gëtt et fir Kleng- a Mëttelbetriber, awer och fir ganz vill Geschäftsleit ëmmer méi schwéier, fir sech un all déi Obligatiounen ze halen, déi an deene verschiddensten europäeschen Direktive stinn an déi mir mussen transposéieren. Ech denken do nëmmen un ee Beispill, wat och erëm an der Direktiv iwwerholl ginn ass, den Double affichage vun de Präisser, wat, wéi gesot, klenge Geschäftsleit d'Liewen net ëmmer vereinfacht.

An engem Moment, wou e grousse Konsensus an eiser Gesellschaft besteet, wou jiddweree vu Simplification administrative dreemt a schwätzt, solle mer net vergiessen, wéi vill Zäit, wéi gesot, besonnesch Kleng- a Mëttelbetriber, awer och Geschäfter mussen investéieren, fir ëmmer erëm nei Formulairen auszefëllen, Dispositiounen aus Gesetzestexter ëmzesetzen, Zäit, déi hinnen herno einfach feelt, fir sech eigentlech ëm hiren „core business" ze këmmeren.

A wann ech virdrun driwwer geschwat hunn, datt et fir d'Konsumente schwéier ass, sech an deem Paragraphendschungel erëmzefannen, gëllt natierlech datselwecht och fir déi Geschäftsleit, déi Mëttelständler, déi et och net ëmmer einfach hunn, an duerfir vläicht och déi Iddi un den zoustännege Minister geriicht, fir emol eng Kéier ze iwwerleeën, ob een net kéint hei ee Screening maachen, fir all déi iwwerflëssig Formalitéiten erauszefilteren, déi awer ganz vill Betriber musse maachen a wou se ganz vill Zäit verléieren. Ech mengen, dat wär eng gutt Iddi, an ech wär frou, wann de Minister och d'accord wär, fir op esou e Wee matzegoen.

Schlussendlech, an da kéim ech och schonn zum Schluss, wollt ech eng lescht Remarque maachen, déi ech och schonn an der Kommissioun gemaach hat, nämlech iwwert d'2000er Gesetz iwwert de Commerce électronique.

Ech mengen, hautdesdaags gi vill méi Kafs- a Verkafskontrakter iwwer Internet gemaach, wéi een dat elo iwwer Hauséieren oder iwwer Dierzu-Dier-Verkeef mécht, an et ass och haaptsächlech do, wou een ëmmer méi Abuse feststellt, an do musse mer also ganz virsiichteg sinn, well ganz oft um Internet déi Sécurité juridique vun deenen Transaktiounen net ginn ass.

An ech war och dofir e bësselchen enttäuscht, Här Minister. Ech hat Iech viru Kuerzem eng Fro gestallt, ob der net der Meenung wäert, et misst een awer eng Kéier dat 2000er Gesetz iwwert de Commerce électronique, wat längstens dépasséiert ass vun der Realitéit, awer eng Kéier op de Leescht huelen, fir ze kucken, ob een dat net misst punktuell adaptéieren, och am Sënn vun enger besserer Protektioun vun de Konsumenten an de Leit, déi iwwer Internet kafen oder verkafen.

An duerfir och nach vun dëser Plaz aus eng Kéier en Appel un Iech, fir ze kucken, ob et net awer Sënn géif maachen, dëst Gesetz nach eng Kéier op de Leescht ze huelen.

Dat gesot, bréngen ech Iech heimadder den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Laurent Mosar. Eis nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel, där ech ee ganz grousse Merci soen, dass se als Vizepresidentin mer d'Geleeënheet ginn huet, fir e bëssen d'Been ze vertrëppelen. Merci, Madame Beissel, an Dir hutt d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen. Et ass gär geschitt, Här President.

Ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur Alex Bodry een häerzleche Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Dann e puer Zorte vu Remarquen. Ech muss soen, dass mer, am Numm vun der DP-Fraktioun, mat zimlech gemëschte Gefiller d'Ophiewe vun dem Verbot vun dem Colportage zur Kenntnis huelen. Et kann ee praktesch soen: „Mi-figue, mi-raisin".

Mä mir wëssen alleguerten, dass mer hei eng europäesch Direktiv transposéieren, déi zwar limitéiert ass op d'Vente hors établissement an d'Vente à distance, mä no dem System hu mer kee Choix. Europäesch Texter, déi mer transposéieren. Et ass och gutt schonn erauskomm, dass mer déi Direktiv eent zu eent transposéieren, dass mer dee Moment Kloertext rieden, mä net méi maachen, wéi mer mussen.

Fazit ass, dass déi Direktiv hei kënnt, fir am Kader vun dem Marché unique de Secteur vun de Servicer nach méi performant ze maachen. An dofir ass et och logesch, dass mer dësen Text hei transposéieren.

Et ass awer esou, dass mir et ausdrécklech begréissen, dass de Colportage elo ganz streng encadréiert gëtt, dat sougutt um preventive wéi um repressive Plang. Et muss een elo kucken, déi Opt-out-Méiglechkeeten, notamment mat där Signalisatioun, an och déi Lëschten, déi elo sollen opgestallt ginn, ob dat et bréngt.

Mir mussen awer och oppassen, dass de ganze Volet vun der Protektioun vun den Donnéeën, dass déi ganz seriö organiséiert gëtt. Well et ass schonn hei ugeklongen, a mir wëssen et alleguerten, wéi oft héiere mer, dass Leit, déi ganz oft méi schwaach si praktesch, op gutt Lëtzebuergesch gesot, entschëllegt mer den Ausdrock, iwwert den Dësch gezu ginn, well se Wueren opgedrängt kréien, déi vu schlechter Qualitéit sinn, op där anerer Säit awer horrend oder exorbitant Präisser hunn an dann herno ass de Misär do. An et sinn haaptsächlech oft eeler Leit, déi esou abuséiert ginn.

Duerfir, mir ass et ganz wichteg, dass dat ganz streng encadréiert gëtt.

Dat sinn elo vläicht e puer streng Wierder vu menger Säit. Ech wëll soen, dass mir dat Ganzt mat kriteschem Bléck kucken, awer mir hu keng negativ Approche.

Mir wësse ganz genau, dass et e ganze Koup vu Commerçanten, Professioneller ginn, déi ganz seriö sinn, déi gutt Intentiounen hunn. Mä, duerfir muss een deem ganze System elo eng Chance ginn.

Den Alex Bodry huet dat Wuert „spannend" gebraucht. Dat ass u sech eng Visioun vun allerlee, vu breet gefächerte Méiglechkeeten. Eng Chance muss een him ginn, mä mir mussen eis alleguerten eens sinn, dass mer déi ganz Geschicht do ganz akribesch verfollegen. A gemäß der Zäit musse mer e Bilan zéien, a wann da musse Saachen nogebessert ginn oder korrigéiert ginn, musse mer dat onbedéngt maachen.

Une voix.- Wéini maache mer dat dann?

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Dat gesi mer dann, wann déi spezifesch Problemer kommen, an da wäerte mer dat scho fäerdegbréngen.

(Interruption)

Wat awer och hei kloer schonn erauskomm ass, och bei menge Virriedner, et ass absoluten Handlungsbedarf a Saache gutt Kommunikatioun a gutt Informatiounscampagne hei.

Et ass wichteg, dass all d'Leit, déi hei betraff sinn, dat heescht déi eng Säit d'Konsumenten, mä déi aner Säit och Professionneller an d'Commerçanten, ganz genau wëssen, wat elo an deem Text steet, wéi d'Rechter vu de Konsumenten elo bestëmmt sinn, dass jiddweree weess, wat fir eng Roll e soll spillen a fir eben d'Sécurité juridique ze garantéieren.

Dir wësst, dass och dës Regierung sech de Schutz vun de Konsumente grouss op de Fändel geschriwwen huet, an duerfir ass et extrem wichteg, dass mer hei deen Text gutt applizéiert kréien an, wéi gesot, all néideg Mesuren huelen, déi sech opdrängen.

Et ass och schon ugeklongen hei, an ech wäert dorop och nach insistéieren, dass déi Vulgarisatiounsbroschür, déi zwar scho besteet, onbedéngt erëm op de Métier geholl gëtt, well ech hu mer gëschter Owend d'Méi ginn, fir dee ganzen Text do ze liesen, an ech muss Iech soen, et war net einfach. Well, den Här Bodry huet et scho gesot, net nëmme si Renvoien do, mä et ass eng Abberzuel vun Definitiounen, mä contrairement zu aneren Texter, wou dat als Glossaire entweder ganz vir an engem Text oder ganz hanne steet, si se elo de Moment an deem Text, dee mir hunn, duerch d'Artikele verdeelt. An dat hëlleft net onbedéngt, fir d'Lisibilitéit vum Text ze verbesseren. Also, mir mussen onbedéngt kucken, dass mer do Bro-

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

www.chd.lu

schüre maachen, dass fir eis Leit, déi mer wëlle schützen, dat och dee Moment méiglech ass.

Wat ganz positiv ass - nach e puer Remarquen zum Schluss -, dat ass, dass d'Vente ambulatoire, dat heescht all d'Venten op de Mäert an och op de Foiren ënnert de System fale vun de Ventes hors établissement, an och d'Autoen, déi dorëmmer fueren, wou Ventë kënne gemaach ginn, ginn zesummen, wéi alleguerten déi Stänn, déi ginn och assimiléiert mat Établissement commercial, ënnert der Konditioun, an dat ass natierlech och erëm eng Kéier e wéineg e Schwieregkeetspunkt, dass déi Activité permanent ass.

Bon, wéi gesot, dat héiert sech gutt un, op där enger Säit. Op där anerer Säit ass awer de Risiko, dass mer mat esou Terme wéi „permanent, habituel, occasionnel, temporaire", ënnert deenen déi meescht vun eis ganz oft aner Saachen verstinn, erëm eng Kéier eng nei Insécurité juridique schafen, well dat eben Interpretatiounsméiglechkeeten, Interpretatiounsdifferenze vläicht kënne ginn an dee Moment ass d'Sécurité juridique net garantéiert, ee Schwaachpunkt méi, wou mer hei mussen oppassen, wa mer deen Text ëmsetzen, dass dat alles klappt.

Wat ganz gutt ass - an dat ass eppes, wat, mengen ech, fir d'Juristen haaptsächlech d'Saache vereinfacht -, dass elo endlech deen Délai de rétractation op 14 Schaffdeeg unifiéiert ass mat deene verschiddene Venten, wou dee Moment och eng Klärung kënnt an net all Mënsch Suerg huet, ob en nach am Délai ass, fir iergendwéi ze reagéieren.

Déi Geschichte mam Online gi jo och gekläert oder jiddefalls verschäerft an där Hinsicht, dass d'Informatioun vun deem, deen online eng Commande mécht, nach ënnerstrach gëtt: Dee Moment, wou e keeft, kritt e gesot, dass e kaaft huet, an e kritt och dee Moment gesot, dass e muss bezuelen; also, dass et u sech keng Excuse méi ass, fir herno ze soen, en hätt et net gewosst.

Dat ware just e puer Remarquen. Ech begréissen den Text u sech. Mir kréien zwar Aarbecht, fir e gutt ëmzesetzen an der Praxis. Mä ech mengen, mat den néidege Mesuren an Hand an Hand zwëschen der Regierung an hei der Chamber wäerte mer dat scho packen!

Ech bréngen heimat den Accord och vu menger Fraktioun a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Beissel. Als nächst Riednerin ass d'Madame Wickler ageschriwwen. Dir hutt d'Wuert.

Mme Christiane Wickler *(déi gréng).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, Merci, e ganz grousse Merci un de Rapporteur Alex Bodry fir säi komplette Bericht an och u meng Virriedner, déi scho méi oder manner detailléiert op eenzel Neierunge vun dësem Gesetzesprojet agaange sinn.

Ech wäert dann hei net och nach eng Kéier alles widderhuelen. A virun allem ass et meng éischt Ried an dofir halen ech mech och ganz kuerz.

Une voix.- Très bien!

Mme Christiane Wickler *(déi gréng).*- Mir mussen och, soss fale mer an d'Nuecht!

déi gréng wäerten haut dësem Projet de loi zoustëmmen, well e bedeit insgesamt e Renforcement vun de Konsumenterechter a bréngt virun allem Kloerheet an de Marché vum Colportage. Dëse Projet ass kee Remake vu Schéiereschläifer, Dëppegéisser a Lompekréimer, well dëse Marché ass kloer eriwwer. Et ass eng laang iwwerfälleg Upassung fir den Zäitalter vum Internet.

Genee wéi meng Virriedner schonns betount hunn, bréngt d'Ëmsetzung vun dëser EU-Direktiv nieft klore Fortschrëtter och e puer negativ Aspekter mat sech, déi mir hei net däerfen aus den Ae verléieren. Mir mussen an deem Kontext e klore Bléck op den Terrain geheien a gegebenenfalls néideg Upassunge virhuelen. Zum Beispill muss séchergestallt ginn, datt de Beruffsstand vun de Colporteuren, op Lëtzebuergesch den „Haus-zu-Haus- oder de Strooseverkeefer", datt déi sech kënne bei hirem Client kloer ausweise beim Exercice vun hirem Handwierk. Och muss hei nach nodréiglech e Modus vivendi fonnt ginn, wéi a wou d'Leit kënnen effikass matdeelen, datt se net wëllen doheem démarchéiert ginn.

Wat d'Geforen ugeet, kënne mir och net eleng dëse Projet isoléiert kucken, mä mussen drun denken, datt mir och nach aner Verbraucherschutzinstrumenter hunn, wéi notamment dat rezent Gesetz iwwert den Abus de faiblesse, wat natierlech och an dësem Beräich seng Uwendung muss fannen. Speziell déi eeler Leit musse protegéiert gi virun hyperaktiven an opportunistesche Vendeuren, déi mat onduerchsichtege Methoden a mat onéierlecher Kreativitéit deene Leit d'Suen aus der Täsch zéien.

Mir brauchen elo effektiv eng proaktiv Kommunikatiounscampagne, wéi scho gesot, vun der Regierung, zesumme mat all den Acteuren an hire gutt informéierte Leit vun deene verschiddene Beruffsverbänn an dem Konsumenteschutz. D'Zil muss sinn, fir Vertrauen opzebauen an d'Abuse vun Ufank un ze minimiséieren. An deem Kontext fannen déi gréng et och wichteg, datt déi vulgariséiert Versioun, wéi och scho gesot, vum Code de la consommation esou séier wéi méiglech aktualiséiert gëtt, esou wéi dat och de Konsumenteschutz fuerdert.

Dëse Projet de loi ass och eng gutt Occasioun, fir ze betounen, datt deen einheimesche Commerce mat all senge Responsabilitéiten a mat all senge Parties prenantes keen Intérêt huet, fir Verbraucherschutzregelen opzeweechen. Kloer an däitlech Regelen an Normen, déi jiddweree versteet, sinn am Handel d'Basiselementer, fir mat de Clienten eng Vertrauensrelatioun ze garantéieren. De Konsument, wann en e Besoin huet, soll ouni A-priori de Choix hunn, fir an engem klassesche Buttek, op engem Verkafsstand, bei engem Commerce ambulant oder op der Toile seng Suen auszeginn an als Contrepartie eng korrekt Wuer oder e soignéierte Service zu éierlechen an transparente Konditiounen ze kréien.

All dës Beräicher gi vun dësem Gesetz geregelt an dohier ënnert dem Stréch de Gewënn fir de Client, fir de Marché, an dat op engem klenge mä interessante Maart wéi Lëtzebuerg. Meng Virriedner hunn hei scho ganz vill nei Punkten erausgepickt, dofir sief nach eng Kéier den Droit de rétractation, d'Récktrëttsrecht beim Kaf erwähnt, dat duerch dëse Projet hei zu Lëtzebuerg elo op 14 Deeg, dat heescht vu siwen op 14 Deeg verduebelt ginn ass, oder déi zimlech detailléiert Virschrëften aus der Direktiv fir Internettransaktiounen.

Eist Objektiv soll sinn: eng fair an équilibréiert Relatioun, eng Win-win-Situatioun tëschent Vendeur an Acheteur. Dofir stëmmen déi gréng dësem Text och zou.

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Wickler. Als nächste Riedner ass den Här Justin Turpel agedroen.

Une voix.- Den Här Reding.

M. le Président.- Ah, deen ass mer net gemellt gewiescht. Entschëllegt, Här Turpel, ech huelen dann den Här Reding nach vir, an da sidd Dir drun.

Här Reding, wann ech gelift.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleegen, meng Fraktioun wäert dësen Text net matstëmmen, an ech erklären Iech och firwat.

Et sinn immens vill ganz gutt Saachen dran, déi den Alex Bodry eis hei résuméiert huet, déi gutt an déi wichteg sinn. Mä den Alex Bodry gräift e bësselche kuerz, wann e seet, d'Avise wieren all esou positiv gewiescht. Et ass wouer, datt de Konsumenteschutz e relativ positiven Avis ofginn huet.

Mä et waren och anerer do, zum Beispill d'Chambre des Salariés, déi geschriwwen huet: «La Chambre des Salariés regrette le choix politique au niveau européen consistant à recourir dans le domaine de la consommation à la technique de l'harmonisation maximale.» Wat mengt se, wa se hei vun enger „harmonisation maximale" schwätzt? Dat ass, wa gemeinsam Regele festgehale ginn, déi et de Länner verbidden, fir hir Konsumente weiderhi besser ze schützen oder fir nei Konsumenteschutzmoossnamen anzeféieren.

An duerfir, Här Mosar, hutt Dir och onrecht, wann Der sot, d'Lat géif hei héich geluecht ginn. De Contraire ass wouer: Hei gëtt eng Konsumenteschutzmoossnam ënnerhillegt. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet geschriwwen: «La libéralisation de la vente de porte en porte va d'emblée anéantir la paix et la tranquilité qui charactérisent nos villes et villages.»

Et muss een unerkennen, datt d'Auteure vun deem Text hei en Effort gemaach hunn, fir déi néfaste Konsequenze vun der Ofschafung vum Verbuet vum Hauséieren e bësselchen an de Grëff ze kréie mat deem System vum Autocollant, dee kann op d'Dier gepecht ginn. Mä wa mer éierlech sinn, musse mer jo awer soen: Dorunner wäerte sech virun allem emol déi éierlech Commerçanten halen a ganz bestëmmt net déi onéierlech! Mir wëssen, mat wat fir enge Psychotricke professionell Vendeuren engem kënnen eppes opschwätzen, a wann een dann drun denkt, wien déi Leit sinn, déi doheem eleng sëtzen an déi dann do elo kënnen doheem démarchéiert ginn un der Hausdier: Dat si ganz oft déi Schwächst vun eiser Gesellschaft!

Ech mengen, wa mer éierlech heibanne wieren, da wier kee vun eis der Meenung, datt d'Ophiewe vum Verbuet vum Colportage eng gutt Saach ass. Ech mengen, kee vun eis heibannen hätt e Gesetzesprojet erabruecht, fir déi Interdictioun do ze levéieren. Mir maachen dat dote just, well mer et vun Europa diktéiert kréien.

Mä kréie mer et wierklech vun Europa diktéiert? Et ass eng Direktiv! Wéi konnt déi Direktiv zustane kommen? Ginn déi Direktiven net och vu Regierungen négociéiert? A kréie mir net och hei an der Chamber Lëschte mat Contrôles de subsidiarité, déi mer ganz oft, wéi mer et an der Vergaangenheet gesinn hunn, net eescht huelen? Wann dee leschten Dag komm ass, fir kënnen zu engem Contrôle de subsidiarité eppes ze soen, a mir hunn an der Kommissioun net Zäit genuch, fir nach kënnen driwwer ze diskutéieren, dann ass dat keng gutt legislativ Aarbecht!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Da sot och net, Europa géif et diktéieren, wann d'Lëtzebuerger Regierung averstane war an d'Lëtzebuerger Chamber näischt dergéint gesot huet!

M. Roy Reding *(ADR).*- Gutt, gutt, dat heescht, Dir waart averstane mat der Ophiewung vum Verbuet vum Colportage.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Dir hutt gesot,…

M. Roy Reding *(ADR).*- Dat war eng immens gutt Aktioun, Här Juncker, super! Ganz sozial!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Dir sollt net soen, dass Europa dekretéiert, woumat d'Lëtzebuerger Institutiounen averstane waren. Et ass primitiven antieuropäesche Populismus!

Une voix.- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Neen, neen, neen!

Neen, also éischtens emol huelen ech dann Akt dervun, datt eng sozial Partei fir d'Ophiewung vum Verbuet vum Colportage ass. Dat ass natierlech eng immens gutt Aktioun! Mä ech sinn awer och der Meenung, datt de Subsidiaritéitsprinzip dat heiten net zouléisst. Ech mengen, hei geet et jo net drëm, datt e Commerce verbuede gëtt, hei däerf en Italiener eng polnesch Dier verkafen, dat ass iwwerhaapt net d'Thema! Hei geet et ëm eng Method vu Verkafen, eng Method vu Verkafen, déi - duerch gutt Recht! - de Législateur zu Lëtzebuerg bis elo verbueden huet, well ganz genau hei vun der Schwächt vun de Leit profitéiert gëtt!

Bon, well mir net d'accord si mat deem Ophiewe vun deem Verbuet vum Colportage, stëmme mer dat Gesetz hei net. Mä ech stellen awer dann nach eppes fest: Et geet net duer, par rapport zu Europa eng aner Stëmm nëmmen hei am Haus ze hunn! Eng aner Stëmm an Europa musse mer och an Europa selwer hunn. An duerfir brauche mer definitiv an Zukunft méi Lëtzebuerg a manner Europa!

Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

M. le Président.- Ech mengen, dass dat Netschwätzen hei an der Chamber och eppes iwwert déi Ausso ausseet.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Normalerweis mécht de President keng…

M. le Président.- Dofir… normalerweis huet en och keng Ausso gemaach.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo!

M. le Président.- En huet och keng gemaach, en huet just festgestallt, dass keen eppes gesot huet an domat alles gesot ass.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Domadder, datt keen eppes gesot huet…

M. le Président.- Ech soen Iech villmools Merci a ginn dann dem Här Justin Turpel d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Wann Der erlaabt, Här President, ech wëll et kuerz maachen, da maachen ech et vun hei aus.

Mir stëmmen deem Projet do net zou, well mer effektiv net kënnen d'accord si mat dem Ophiewe vum Verbuet vum Colportage, mat der Liberaliséierung vum Hauséieren. En plus ass et esou, datt hei eng immens komplizéiert Situatioun entsteet fir d'Konsumenten, an ech mengen, eng ganz Rei Virriedner hunn dat virdru schonn erklärt.

An een, deen net iwwerzeegt wier vun der Komplexitéit, ech mengen, d'Madame Beissel misst deen eigentlech iwwerzeegt hunn, zum Beispill iwwert den Opt-out, wéi d'Leit dat solle maachen. Et bestinn och nach aner Problemer, wéi déi Sproocheproblemer vun de Kontrakten, déi net geléist sinn. Mir kennen och aner Beräicher, wou et verbueden ass, Colportage ze maachen: um Tëlefon, wou jiddweree weess, datt en awer geschitt. Also, d'Problemer sinn net geléist a mir kënnen net esou mam Projet d'accord sinn.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Den Här Rapporteur huet sech nach zu Wuert gemellt.

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Jo, ech wollt vläicht kuerz awer reagéieren op eenzel Aussoen, déi hei gemaach si ginn, fir net e falschen Androck hei opkommen ze loossen: deen an och déi Aussoen hei ginn eigentlech guer net déi Debatt erëm, déi mer an der zoustänneger Kommissioun haten. Ech sinn ëmmer erëm paff, wéi dat an ëffentleche Sitzungen op eemol ofwäicht par rapport zu deene Sitzungen, déi soss an de Kommissioune stattfannen.

Éischtens emol: Dat ass natierlech en europäeschen Text. Mä den europäeschen Text, dee kënnt allerdéngs net vun ongeféier, well et awer scho laang e Konsens ass - et ass bis elo och ni hei a Fro gestallt ginn -, dass et, well et sech hei ëm transnational Verträg ganz oft handelt, Sënn mécht, dass et europäesch Regelunge sinn, déi hei geholl ginn, an net all eenzel Länner sech compartimentéieren, wat hiert allgemengt Vertragsrecht ugeet a wat och de Konsumenteschutz ugeet.

Also, et mécht duerchaus Sënn, och wat d'Subsidiaritéitsregelen ugeet. An dat war ni anescht, well et ass jo net déi éischt Direktiv an där Matière, déi hei kënnt. Et ass elo déi lescht Direktiv, déi an där Matière kënnt, déi mer ëmsetzen. Virdru si schonn, ech weess net wéi vill Direktiven an där Matière ëmgesat ginn. A vum Prinzip hier, mengen ech, ass et richteg, dass een hei versicht, eenheetlech Regelen an Europa festzeleeën, fir Rechtssécherheet och ze kréien.

Dat bréngt och mat sech - entgéint deem, wat eenzel Kolleegen hei virgeschloen hunn -, dass mer eigentlech praktesch keng Marge de manœuvre hunn, fir un den Texter eppes ze änneren. Dat hei ass eent zu eent praktesch den europäeschen Text! Mir kënnen net elo eenzel Prozedure sträichen, anerer anescht definéieren. Mir hunn och souguer all Intérêt, wéinst der Rechtssécherheet, dass mer déi Definitiounen iwwerhuelen, déi an der Direktiv sinn, an net ufänken, zu Lëtzebuerg aner Definitiounen ze gi wéi an anere Länner, well dat dréit nëmmen zu engem groussen Duerjernee bäi. Et bréngt also keng Sécherheet mat sech.

Lëtzebuerg huet esou laang wéi méiglech, dat wëll ech soen - déi sukzessiv Regierungen -, esou laang wéi méiglech um Verbuet vum Colportage festgehalen, fir eben en absolute Schutz ze hunn. Elo wësse mer awer, dass dee Schutz éischter an der Theorie ass wéi an der Praxis, well et gang und gäbe ass, dass och vun Dier zu Dier colportéiert gëtt, obwuel mer zënter '87 zu Lëtzebuerg hei eng Reglementatioun hunn, déi prinzipiell eigentlech dat do alles verbitt, esou dass mer also och mat deene beschten Texter keen absolute Schutz kënnen hunn.

Zweetens gëtt et nun awer eng Rei vu Regelen an Europa, an eng vun deene Regelen ass natierlech awer och de Prinzip vun der Liberté de commerce an de Fait, dass de net kanns einfach Restriktiounen an de Wirtschaftsaustausch erabréngen. An dat huet derzou gefouert, an dat weess Lëtzebuerg zënter Joren, dass déi Haltung, déi mer bis zuallerlescht an als eenzegt Land nach gehalen hunn - all déi aner EU-Länner, déi e Verbuet haten, hunn dee Verbuet entre-temps opginn -, Lëtzebuerg ass als lescht…

Une voix.- Ëmgefall!

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- ...effektiv net „ëmgefall", well sech dat ergëtt aus den allgemenge Regele vum europäesche Recht, dass de net kanns en absolute Verbuet maachen! Mä par contre kanns de allméiglech Restriktiounen abauen an deng Législatioun, fir ebe Mëssbrauch ze verhënneren. A mir sinn der Meenung, dass dat heite gelongen ass, fir esou eng restriktiv Regelung virzegesinn.

Also, ech mengen, dass et hei ganz logesch ass, dass och déi europäesch Instanzen hei hir Aarbechte gemaach hunn. Et gëtt Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff - ass an der Dokumentatioun nozeliesen -, wou och déi europäesch Riichter gesot hunn, dass et an ähnlech gelagerte Fäll net geet, dass d'Länner en absolute Verbuet oprechterhalen, soudass mer eis hei eigentlech nëmmen - mir bewegen eis jo nach ëmmer an engem Rechtsstat, och an Europa - un d'Virgabe vum europäesche Recht halen. An ech mengen, dass mer also näischt Schreckleches hei maachen an dass d'Situatioun och zu Lëtzebuerg elo net méi schrecklech gëtt wéi an allen aneren europäesche Länner.

Elo hei den Däiwel un d'Wand ze molen, wéi wann elo muer ech weess net wat géif hei iwwer Lëtzebuerg erabriechen, well mer den theoretesche Verbuet vum Colportage elo géifen opginn - dat ass einfach net wouer! Lëtzebuerg kënnt an déiselwecht Situatioun era wéi an allen anere Länner. Dofir géif ech also bieden, an där heiter Diskussioun e bësse méi sachlech ze bleiwen an net direkt ëmmer an Demagogie ze verfalen, och wann an e puer Wochen Europawahle virun der Dier stinn!

Une voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. Dann huet elo d'Regierung d'Wuert: den Här Wirtschaftsminister Etienne Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Merci, Här President. Fir d'Alleréischt dem Rapporteur e grousse Merci fir dee Rapport, deen exzellent ass. Ech soen him och Merci, dass e schonn op all déi Froe geäntwert huet, déi hei gestallt gi sinn, esou dass meng Tâche haut méi kuerz wäert ginn, mä ech mengen, op déi Allgemengheete brauch ech net méi anzegoen.

Deen Text, déi Direktiv, déi geet jo drop aus, fir effektiv d'Konsumenterechter ze verstäerken an ze verbesseren an ze vereenheetlechen an der Europäescher Unioun. Dat hëlleft de Konsumenten, dat hëlleft awer och deenen, déi Handel dreiwen, well se wëssen, dass et kloer Regelen an deenen 28 Länner gëtt an dass se sech net mussen an all Land un aner Législatiounen adaptéieren. Ech mengen, vun dohier ass et schonn emol eng ganz wichteg an interessant Saach.

Och den Délai, wat elo d'Vente à distance ugeet, fir Produite kënnen zréckzeschécken, fir e Kontrakt kënnen ze annuléieren, dat ass e wichtege Fortschrëtt, dass mer deen Délai verduebele vu siwen Deeg op 14 Deeg.

Dee schwieregen Deel, an dat mierkt een hei och aus der Diskussioun, dat ass effektiv dee vum Colportage, an den Alex Bodry huet et gesot, de Colportage ass zënter 1987 zu Lëtzebuerg verbueden. Mä - an och dat ass richteg, wat den Deputéierte Bodry sot - mir hätten e scho laang missen zouloossen zu Lëtzebuerg, vun 2005 un hätte mer eigentlech de Colportage scho missen zouloossen. Mir hunn eis mat alle Mëttele gewiert. Hei ass elo eng Direktiv, wou mer net derlaanscht kommen, déi mer mussen ëmsetzen; déi mer awer eent zu eent ëmgesat hunn: La directive et rien que la directive.

An ech mengen, wann een et niichter kuckt an onpolemesch probéiert ze kucken, da gi mer eigentlech dem Konsument elo vill méi Rechter, fir sech géint dee Colportage ze wieren, deen et jo awer gëtt, well mer eng ganz Rei drakonesch Strofe virgesinn hunn. Strofen, déi bis 120.000 Euro Geldstrof ginn, déi dozou kënne féieren, dass deen, deen de Colportage mécht, seng Wuere plus säin Auto ka confisquéiert kréien, sur place, d'Annulatioun vun der Vente souwisou.

Ech mengen, do huet de Konsument och elo ganz kloer Rechter, falls en eng Kéier géif vun esou engem iwwerriet ginn zu eppes, wat en eigentlech net wëllt a wou en den Dag drop denkt, e wéilt dat réckgängeg maachen. En huet elo ganz kloer Rechter, fir sech do dergéint ze wieren. An ech mengen, dat ass extrem wichteg.

Da kënnt awer och déi Iddi derbäi, dass mer déi Opt-out-Méiglechkeet ginn. Opt-out heescht an deem heite Fall net méi, wéi dass d'Leit e Sticker kréien. Esou wéi se haut een op hire Bréifboîten hunn: „Keng Reklamme wann ech gelift", hu se muer een, dee se kënne bei hir Schell pechen, dass se eben net wëlle geschellt kréien, fir esou een Handelsreesende mussen ze empfänken. An dee muss sech dorunner halen! A wann e sech net dorunner hält, da kommen déi Strofen zur Applikatioun, déi hei an deem Gesetz sinn.

Ech wëll Iech och soen, dass ech déi Stickeren do schonn an den Drock ginn hunn. Dat heescht, déi ginn am ganze Land verdeelt, d'Leit kréien déi. Mir mussen nach kucken, wéi mer d'Verdeelung maachen. Mä et ass awer ugeduecht, dass dat, soubal wéi dat Gesetz a Kraaft kënnt, da verdeelt gëtt.

An dann och eng Ureegung, déi aus der Chamberskommissioun koum, fir de Code de la consommation, deen awer relativ komplex ass, ze vulgariséieren, dat heescht, an enger vereinfachter, klorer Form eng Kéier opzeschaffen, fir dass de Konsument dobaussen en och versteet a weess, wat seng Rechter a Flichte sinn: Dat ass amgaange gemaach ze ginn, mä wat mer virzéien, ass ebe just dee Volet iwwert de Colportage, deen och elo public gëtt mat dem Stëmme vun deem heite Gesetz, fir dass d'Leit sech dat kënnen am Detail ukucken, wat dat alles bedeit.

Mä de Fin mot ass: Mir waren ni Demandeur, fir dee Colportage hei am Land ze kréien. Mir hunn et awer esou ëmgesat, dass mer eigentlech dem Konsument vill méi Rechter ginn, wéi en der am Moment huet an deem dote Beräich.

Voilà, ech soen Iech villmools Merci!

M. le Président.- Merci der Regierung. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6478 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6478 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss.

Et hunn um Vote deelgeholl: 58 Deputéiert, a si hunn 53-mol mat Jo gestëmmt a 5-mol mat Neen. Domat ass de Projet ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6478 est adopté par 55 voix pour et 5 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Marc Spautz), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par Mme Simone Beissel), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Alexander Krieps);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech wollt d'Chamber nach froen, ob se d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Ech mengen, et ass eng grouss Majoritéit an domat wär dat esou décidéiert.

Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Mir gesinn eis muer am Plenum um zwou Auer erëm. Ech wënschen Iech an all deenen, déi eis suivéiert hunn, e schéinen Owend. Merci.

Domat ass d'Sëtzung opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.33 heures)

Sommaire des séances publiques nos 7 et 8

Hommage à la mémoire de M. Henri Ackermann, Député honoraire p. 67

Communications p. 67-68

Changements de composition des commissions parlementaires p. 68

Ordre du jour p. 68

6544 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 mars 1966 portant institution d'un Conseil Économique et Social p. 68-70

6589A - Proposition de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 15 juin 2004 portant organisation du Service de Renseignement de l'État

et

6650 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la composition de la Commission de Contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État p. 70-75

6644 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux droits des sensibilités politiques et des députés p. 75-78

6596 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à octroyer au Fonds Monétaire International des prêts remboursables pour un montant maximum équivalent à 2,06 milliards d'euros p. 78-80

6615 - Projet de loi portant approbation des Accords entre le Grand-Duché de Luxembourg et certains pays tiers concernant les transports aériens p. 80-81

Ouverture de la séance publique p. 82

Hommage à la mémoire de M. Nic Bock, fonctionnaire de l'Administration parlementaire p. 82

Hommage à la mémoire de M. Fred Sunnen, Député honoraire p. 82

Communications p. 82

Changements de composition de commissions parlementaires p. 82

Ordre du jour p. 83

Heure de questions au Gouvernement

- Question n°12 du 10 mars 2014 de M. Gusty Graas relative à la commémoration d'un certain nombre d'événements historiques en 2014, adressée à M. le Premier Ministre

et

- Question n°13 du 11 mars 2014 de M. Fernand Kartheiser relative à la commémoration du 70e anniversaire de la Libération, adressée à M. le Premier Ministre p. 83

- Question n°14 du 11 mars 2014 de M. Aly Kaes relative au retard des travaux de rénovation du Pont Grand-Duc Adolphe, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 83

- Question n°15 du 11 mars 2014 de M. Roger Negri relative à la position du Gouvernement luxembourgeois face au «quatrième paquet ferroviaire», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 83-84

- Question n°16 du 11 mars 2014 de M. Justin Turpel relative à la possibilité d'accorder à M. Edward Snowden, whistleblower, l'asile politique, adressée à M. le Ministre de l'Immigration et de l'Asile p.84

- Question n°17 du 10 mars 2014 de Mme Joëlle Elvinger relative à la campagne de sensibilisation «Je peux voter», adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration p. 84

- Question n°18 du 11 mars 2014 de Mme Martine Hansen relative à la réforme de la formation professionnelle, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse p. 84-85

- Question n°19 du 11 mars 2014 de M. Franz Fayot relative à la place de l'enseignement de l'informatique et des technologies nouvelles dans l'enseignement secondaire luxembourgeois, adressée à M. le Ministre de l'Éducation, de l'Enfance et de la Jeunesse p. 85

- Question n°20 du 10 mars 2014 de M. Marc Hansen relative au récent rapport du GAFI (Groupe d'action financière), adressée à M. le Ministre de la Justice p. 85-86

Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur les récentes évolutions politiques en Ukraine, suivie d'un débat p. 86-89

Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk sur le Partenariat transatlantique de commerce et d'investissement (TTIP) et ses conséquences p. 89-93

6502 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création de deux établissements publics dénommés

- Centres, foyers et services pour personnes âgées,

- Centres de gériatrie p. 93

6478 - Projet de loi portant

1. modification

- du Code de la consommation;

- de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique;

- de la loi modifiée du 30 mai 2005 relative aux dispositions spécifiques de protection de la personne à l'égard du traitement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques et portant modification des articles 88-2 et 88-4 du Code d'instruction criminelle;

- de la loi modifiée du 8 avril 2011 portant introduction d'un Code de la consommation;

2. abrogation de la loi modifiée du 16 juillet 1987 concernant le colportage, la vente ambulante, l'étalage de marchandises et la sollicitation de commandes p. 93-97

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU **N°3** • SESSION EXTRAORDINAIRE 2013-2014

Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet
0028	Martine Hansen	Construction du Lycée technique agricole à Gilsdorf
0029	Françoise Hetto-Gaasch	Qualité de la nourriture dans les hôpitaux
0030	Gast Gibéryen	Pollution générée par l'aciérie à Belval
0031	Marc Spautz	Emploi dans l'industrie
0033	Gast Gibéryen	Défauts de la piste de l'Aéroport de Luxembourg
0034	Jean-Marie Halsdorf	Insecticides néonicotinoïdes
0035	Fernand Kartheiser	Avion de transport militaire A400M
0036	Fernand Kartheiser	Accord de réadmission avec la Turquie
0037	Gast Gibéryen	Station-service sur l'autoroute A13
0038	Marco Schank, Octavie Modert	Démolition d'immeubles de la Société Nationale des Habitations à Bon Marché à Diekirch
0039	Aly Kaes, Marco Schank	Plan directeur sectoriel «Zones d'activités économiques»
0040	Claudia Dall'Agnol	Médicaments pour traiter une détresse vitale
0041	Aly Kaes	Prix de l'eau
0042	Marc Lies	Projet Ban de Gasperich
0043	Franz Fayot	Participation du Luxembourg au réseau «European Union National Institutes for Culture» (EUNIC)
0044	Fernand Kartheiser	Échange automatique d'informations sur les revenus couverts par le champ d'application de la directive sur l'épargne de 2003
0045	Gast Gibéryen	Utilisation privée de voitures de service
0046	Gast Gibéryen	Procédure de remplacement en cas de vacance de mandat politique
0047	Roy Reding	Utilisation privée de voitures de service
0048	Fernand Kartheiser	Nouvelle charte graphique du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
0049	Alex Bodry	Plans pluriannuels de financement
0050 cf. 0057	Gilles Baum	Maison médicale dans la région Est du Luxembourg
0051	Marc Lies, Marco Schank	Développement de la mobilité électrique
0052	Fernand Kartheiser	Convention entre le Ministère et un groupe de travail d'un parti relative à la campagne nationale de sensibilisation des étrangers à s'inscrire sur les listes électorales
0053	Nancy Arendt	Animaux sauvages dans les cirques
0054	Justin Turpel	Accueil de réfugiés syriens
0055	Roy Reding	Aliénation de trois immeubles administratifs en vue de leur location et de leur rachat
0056	Marc Lies	Rond-point de l'Aéroport de Luxembourg
0057 cf. 0050	Léon Gloden	Maisons médicales
0058	Georges Engel	Certificat de moralité
0059	Gilles Baum	Contournement d'Echternach
0060	Roy Reding	Arrêts de la Cour Constitutionnelle
0061	Franz Fayot	Stratégie nationale de numérisation
0062	Roy Reding	Quotas d'émissions de CO_2 non utilisés
0063	Roy Reding	Cuisine du Château de Vianden
0064	Georges Engel, Franz Fayot	Prénom de naissance
0065	Marco Schank, Aly Kaes	Concept de mobilité «Nordstad»
0066	Diane Adehm, Gilles Roth	Taux d'imposition maximale sur le revenu
0067	Laurent Mosar	Taux d'imposition nominal des sociétés
0068	Marcel Oberweis, Claude Wiseler	Aides financières allouées aux installations photovoltaïques
0069	Gilles Roth	Opposabilité des secrets bancaire et fiscal au médiateur
0070	Laurent Mosar	Procédures d'autorisation de séjour
0071	Marcel Oberweis	Projet européen «Galileo»
0072 cf. 0104	Fernand Kartheiser	Utilisation non conforme de données du Centre informatique de l'État par un fonctionnaire
0073	Fernand Kartheiser	Offre d'emploi d'une a.s.b.l. conventionnée par l'État
0074	Gast Gibéryen	Mission économique en Chine
0075	Claudia Dall'Agnol	Projet «Selbstbehauptung - Aktiv géint Gewalt»
0076	Nancy Arendt, Françoise Hetto-Gaasch	Éducation motrice et sportive des enfants et des jeunes
0077	Fernand Kartheiser	Secret médical
0078	Roy Reding	Sécurité des motocyclistes
0079	Roy Reding	Simulateur de chute libre
0080	Claudia Dall'Agnol	Travail à temps partiel
0081	Yves Cruchten	Emplacements réservés aux voitures à moteur électrique
0084	Marc Lies	Abus du système social
0085	Marcel Oberweis	Instauration de zones à faibles émissions et introduction d'un péage urbain en vue de la réduction de la pollution atmosphérique
0087	Gilles Baum, Lex Delles	Réorganisation de la Police grand-ducale
0088	Claudia Dall'Agnol	Paiement de la 2e tranche de l'aide financière aux étudiants
0089	Laurent Mosar	Projet de rénovation du stade Josy Barthel
0090	Fernand Kartheiser	Approvisionnement du secteur de la défense par des PME
0091	Léon Gloden	Abolition des commissariats de district
0092	Diane Adehm, Gilles Roth	Taux d'imposition maximale sur le revenu
0093	Roy Reding	Terrain synthétique de rugby
0096	Claudia Dall'Agnol	Retouche d'une photo publiée par la police
0099	Roy Reding	Système e-TVA
0100	Marc Spautz	Office Luxembourgeois pour l'Accroissement de la Productivité (OLAP)
0101	Gilles Baum	Infrastructures sportives du Lycée d'Echternach
0102	Max Hahn	Réanimation cardio-pulmonaire
0103	Gast Gibéryen	Surveillance du Ministre des Affaires étrangères par le Service de Renseignement pendant les années quatre-vingt
0104 cf. 0072	Fernand Kartheiser	Traduction d'un programme électoral par des services d'un Ministère
0105	Laurent Mosar	Loi sur le commerce électronique
0106	Roy Reding	Renseignements auprès du Registre du Commerce et des Sociétés (RCS)
0107	Félix Eischen	Contournement Olm-Kehlen
0108	Nancy Arendt, Françoise Hetto-Gaasch	Tentatives supposées d'enlèvement d'enfants
0109	Marc Spautz	Éventuelle mise à l'arrêt du site de production d'ArcelorMittel à Schifflange
0110	Claudia Dall'Agnol	Monument en souvenir à la princesse Amalia de Saxe-Weimar-Eisenach
0111	Roy Reding	Nomination des conseillers d'État
0112	Claudia Dall'Agnol	Interventions du Service d'Aide Médicale Urgente (SAMU)
0113	Justin Turpel	Mise en place d'un mécanisme d'intérêt notionnel
0116	Tess Burton	Classe préparatoire aux Grandes Écoles françaises
0118	Nancy Arendt	Phénomène «neknomination»
0119	Fernand Kartheiser	Absence continue d'un haut fonctionnaire de la Direction de la Défense
0122	Nancy Arendt	«Sexting»
0125	Justin Turpel	Situation des locataires dans les foyers pour travailleurs immigrés
0126	Alexander Krieps, Edy Mertens	Remplacement des cartes d'identification de la sécurité sociale
0127	Marc Spautz	Emploi dans les entreprises nouvellement établies au Luxembourg
0131	Laurent Mosar, Marco Schank	Fraude à la TVA au niveau du marché des quotas CO_2
0132	Claude Adam	Mise en œuvre du nouveau programme Erasmus+
0135	Claude Adam	Conséquences de la non-participation de la Suisse au programme Erasmus+
0140	Martine Hansen	Système d'aides financières de l'État pour études supérieures

Question 0028 (18.12.2013) de **Mme Martine Hansen** *(CSV)* concernant la **construction du Lycée technique agricole à Gilsdorf:**

Le projet de loi relatif à la construction du Lycée technique agricole à Gilsdorf a été voté le 27 mars 2012 à la Chambre des Députés.

Le projet d'implantation de ce lycée sur le site «Kréiwénkel» fait régulièrement son apparition à l'ordre du jour du conseil communal de Diekirch. Ainsi, le conseil communal vient de prolonger d'une année supplémentaire le moratoire qui prévoit de déclarer non urbanisable le terrain en question sur le site «Kréiwénkel». Les raisons avancées par le bourgmestre de ce moratoire sont l'élaboration du nouveau plan d'aménagement général de la ville de Diekirch et la protection des sources d'eau potable sur ce site.

Dans ce contexte, j'aimerais poser la question suivante à Monsieur le Ministre de l'Intérieur:

- Monsieur le Ministre est-il d'avis que l'argumentaire avancé par le conseil communal de la ville de Diekirch est suffisant pour justifier ce moratoire, et le cas échéant, pour quelles raisons?

Réponse commune (10.3.2014) de **Mme Carole Dieschbourg,** *Ministre de l'Environnement,* et de **M. Dan Kersch,** *Ministre de l'Intérieur:*

La délibération du 16 décembre 2013 du conseil communal de la ville de Diekirch portant décision de prolonger les servitudes visées aux articles 20 et 21 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain concernant des fonds situés sur le territoire de la ville de Diekirch au lieu-dit «Kriewinkel» est bien parvenue au Ministre de l'Intérieur début janvier de l'année en cours.

Les arguments mis en avant par le conseil communal pour justifier la prolongation en question sont en relation avec la définition de zones de protection des sources dans le cadre du projet d'aménagement général en cours d'élaboration.

Étant donné que la protection des sources relève des attributions de l'Administration de la Gestion de l'Eau, Madame la Ministre de l'Environnement lui a transmis la délibération du conseil communal pour avis.

Il résulte de cet avis que des études réalisées en 2007 ont mis en évidence que les parcelles faisant l'objet du moratoire en cours de la ville de Diekirch sont bien localisées dans la zone d'alimentation des forages assurant l'approvisionnement de son réseau public d'eau destinée à la consommation humaine.

Des conclusions définitives quant à l'aptitude de ces fonds à accueillir des constructions ne peuvent être tirées qu'après la finalisation du dossier de délimitation des zones de protection conformément à l'article 44 de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau. Ce dossier est en cours et se trouve en phase de finalisation selon les informations de l'exploitant.

Ces résultats devront notamment mettre en évidence le degré de risque émanant d'aménagements à implanter, le cas échéant, sur les parcelles concernées. Ils définiront par ailleurs d'éventuelles mesures à entreprendre dans ce cadre en vue de garantir la protection de la qualité de l'eau souterraine.

Étant donné que les résultats définitifs de cette étude ne sont pas encore disponibles, il est judicieux, dans une démarche tenant compte du principe de précaution, de consentir à un prolongement du moratoire.

Le Ministre de l'Intérieur a donc approuvé la délibération du 16 décembre 2013 du conseil communal de la ville de Diekirch ayant trait à la prolongation de la décision de frapper plusieurs parcelles sises au lieu-dit «Kriewinkel» à Diekirch des servitudes visées aux articles 20 et 21 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.

Question 0029 (18.12.2013) de **Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)* concernant la **qualité de la nourriture dans les hôpitaux:**

Les repas servis en milieu hospitalier ont généralement mauvaise réputation. En effet, j'ai pu constater que la qualité et la valeur nutritive de la nourriture dans certains hôpitaux luxembourgeois semblent plutôt médiocres. Ceci serait dû sans aucun doute au choix des matières premières et au fait qu'il s'agit de produits précuisinés. En outre, la plupart des produits alimentaires sont de provenance étrangère, sachant qu'une grande partie d'entre eux pourraient être fournis par des producteurs luxembourgeois.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes aux Ministres concernés:

- Le Gouvernement n'estime-t-il pas qu'il serait opportun de servir de la nourriture de bonne qualité dans les hôpitaux afin de contribuer au rétablissement des patients?

- Les Ministres peuvent-ils me confirmer l'utilisation de produits alimentaires de provenance étrangère?

- Le Gouvernement partage-t-il l'avis qu'il conviendrait de privilégier les produits du terroir? Dans l'affirmative, de quelle manière le Gouvernement entend-il apporter les changements nécessaires à la situation?

Réponse commune (3.1.2014) de **Mme Lydia Mutsch,** *Ministre de la Santé,* et de **M. Fernand Etgen,** *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs:*

Dans tous les établissements hospitaliers, les repas servis aux patients durant leur séjour hospitalier sont ajustés aux besoins des patients en tenant compte de leur anamnèse ainsi que des exigences spécifiques liées à leur état de santé et ce sous la surveillance d'un(e) diététicien(ne) dans le cadre d'une prise en charge multidisciplinaire.

Le(a) diététicien(ne) vérifie dans le cadre de la production des repas servis que leur composition est adaptée aux besoins de tous les patients. En outre, les établissements hospitaliers sont en mesure de répondre à des besoins diététiques spécifiques liés aux problèmes de santé de leurs patients, selon les prescriptions et les instructions médicales, et ce avec la contribution du service diététique.

Le coût de revient d'une unité alimentaire est négocié individuellement par chaque hôpital dans le cadre du budget retenu avec la Caisse Nationale de Santé (CNS).

Dans la plupart des hôpitaux, le service restauration est sous-traité à des professionnels de la restauration. Les normes d'hygiène et de sécurité alimentaires lors de la préparation, de la distribution et de la conservation des aliments sont rigoureusement appliquées et font en outre l'objet de contrôles réguliers.

Dans le cadre de la sous-traitance du service de restauration, la société mandatée choisit elle-même ses producteurs et ses produits. Les professionnels de la restauration sont habilités à choisir les meilleurs produits d'un point de vue qualitatif ainsi que nutritionnel.

Par ailleurs, les enquêtes de satisfaction des patients ne font pas état d'une insatisfaction particulière des patients en ce qui concerne la qualité des repas servis en milieu hospitalier.

Les services du Ministère de la Santé n'ont pas été saisis d'un nombre important de plaintes de patients portant sur la valeur nutritive ou la qualité de la nourriture qui leur a été servie dans les établissements hospitaliers, voire allégeant l'inéquation entre ces repas et leurs besoins nutritionnels spécifiques.

Aussi, le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs soutient tant au plan financier que par une étroite collaboration entre l'Administration des Services techniques de l'Agriculture et la Chambre d'Agriculture cette dernière dans la mise en œuvre de la campagne «Sou schmaacht Lëtzebuerg».

La campagne «Sou schmaacht Lëtzebuerg» a non seulement comme but une sensibilisation des consommateurs face à une utilisation accrue des produits issus de l'agriculture luxembourgeoise, mais vise aussi une meilleure intégration des produits du terroir luxembourgeois dans la restauration collective.

Le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs va sensibiliser la Fédération luxembourgeoise des hôpitaux à la campagne «Sou schmaacht Lëtzebuerg» afin que les principaux prestataires de restauration des hôpitaux, qui sont déjà familiarisés avec les exigences en matière d'approvisionnement en produits luxembourgeois, définies au niveau de la charte «Sou schmaacht Lëtzebuerg» dans le cadre des contrats conclus avec les maisons relais, crèches et autres institutions, assurent également une mise en place des critères «Sou schmaacht Lëtzebuerg» au niveau des établissements hospitaliers.

Question 0030 (18.12.2013) de **M. Gast Gibéryen** *(ADR)* concernant la **pollution générée par l'aciérie à Belval:**

Der Biergerinitiativ „Stop Dioxin" no ginn am Elektrostolwierk vun ArcelorMittal um Site Belval permanent d'Grenzwäerter vu Kuelemonoxid a Kuelestoff iwwerschratt. Dëst géif eng Belaaschtung net nëmme fir d'Ëmwelt, mä och fir de Mënsch duerstellen.

An deem Kontext wéilt ech der Madame Ëmweltministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung dës Informatioune confirméieren?

2. Wat fir eng Limiten an Norme sinn an der Kommodo-Inkommodo-Prozedur festgeluecht ginn?

3. Wie kontrolléiert, datt d'Grenzwäerter respektéiert ginn? Wéi dacks ginn dës Kontrollen duerchgefouert?

4. Ginn d'Resultater vun deene Kontrollen ëmmer public gemaach? Wann neen, wier d'Madame Ëmweltministesch bereet, dës Resultater am Sënn vun enger méi grousser Transparenz ze publizéieren?

Par ailleurs, les exigences de la directive 2011/16/UE présupposent une application logicielle performante permettant la gestion du flux des extraits de comptes de salaires et de pensions. Le projet de loi profite des obligations imposées par le droit européen pour exploiter ce flux d'extraits retournés à l'administration par les employeurs et caisses de pension, notamment en ce qui concerne le décompte annuel.

Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 17.12.2013

Rapporteur: M. Claude Haagen

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président: M. Marc Hansen):

04.02.2014 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

25.02.2014 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 12.03.2014

Copropriété

6649 - Projet de loi portant modification de l'article 4 de la loi modifiée du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété

Le projet de loi a pour objet unique de prolonger de dix ans le délai de régularisation cadastrale des immeubles en lots placés sous le régime de la copropriété antérieurement à l'entrée en vigueur de la loi du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété.

En effet, cette loi prévoit un délai qui avait déjà été prorogé à deux reprises et qui, dans la mouture actuelle, expirera le 31 mars 2014. Afin de permettre la régularisation des nombreux immeubles non encore conformes, la loi en projet étend ce délai de dix ans supplémentaires (article 1er).

Dépôt par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 29.01.2014

Rapporteur: M. Franz Fayot

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président: M. Marc Hansen):

04.02.2014 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi

04.03.2014 Examen de l'avis du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 12.03.2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. Changement de composition d'une délégation dans une Assemblée parlementaire internationale
- *M. le Président*

3. Dépôt d'une proposition de loi par M. Roy Reding
- *M. Roy Reding*

4. Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller d'État
- *M. le Président, M. Claude Wiseler, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany, Mme Viviane Loschetter, M. Eugène Berger, M. Claude Wiseler, M. Alex Bodry*
- *Vote pour le premier candidat*
- *M. Paul-Henri Meyers, M. Claude Wiseler, M. Alex Bodry, M. Eugène Berger*
- *Votes pour le deuxième et le troisième candidat*
- *M. le Président, M. Paul-Henri Meyers*

5. 6582 - Projet de loi portant approbation de
1. l'Accord portant création de la Banque africaine de développement, signé à Khartoum le 4 août 1963 tel qu'amendé
2. l'Accord portant création du Fonds africain de développement, signé à Abidjan le 29 novembre 1972 tel qu'amendé
- *M. le Président*
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Viviane Loschetter*
- *Discussion générale: M. Luc Frieden, M. Franz Fayot, M. Marc Hansen, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany (M. Marc Angel pose une question)*
- *M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6551 - Projet de loi visant l'adaptation de certaines dispositions en matière d'impôts indirects et portant modification:
- de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession;
- de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement;
- de la loi organique de l'enregistrement du 22 frimaire an VII;
- de la loi organique du timbre du 13 brumaire an VII;
- de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'administration de l'enregistrement et des domaines
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Claude Haagen, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding*
- *M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 6632 - Projet de loi portant transposition de l'article 8 de la directive 2011/16/UE du Conseil du 15 février 2011 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal et portant modification 1. de la loi du 29 mars 2013 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal; 2. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Claude Haagen*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, Mme Joëlle Elvinger, Mme Viviane Loschetter, M. Justin Turpel*
- *M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

8. 6649 - Projet de loi portant modification de l'article 4 de la loi modifiée du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Franz Fayot*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Marc Hansen, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding*
- *M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

9. 6562 - Projet de loi
renforçant le droit des victimes de la traite des êtres humains et portant modification
(1) du Code pénal;
(2) de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse;
(3) de la loi du 8 mai 2009 sur l'assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains et modifiant le Nouveau Code de procédure civile;
(4) de la loi du 29 août 2008 portant sur la libre circulation des personnes et l'immigration
- *Rapport de la Commission juridique: Mme Viviane Loschetter*
- *Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Guy Arendt, M. Marc Angel, M. Roy Reding*
- *M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Article 5: Mme Viviane Loschetter, M. le Président, M. Serge Urbany*
- *Vote séparé sur l'article 5 du projet de loi 6562 (adopté)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

10. 6563A - Projet de loi portant modification
1) de la loi du 7 juin 2012 sur les attachés de justice;
2) de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif
- *Rapport de la Commission juridique: Mme Viviane Loschetter*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, Mme Simone Beissel, M. Alex Bodry*
- *M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

11. 6609 - Projet de loi modifiant l'ordonnance royale grand-ducale modifiée du 1er juin 1840 concernant l'organisation de la partie forestière
- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Max Hahn*
- *Discussion générale: M. Marco Schank, M. Frank Arndt, Mme Viviane Loschetter*
- *Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

12. 6620 - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif au Service International de Recherches, signé à Berlin, le 9 décembre 2011
- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Gusty Graas, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser*
- *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; MM. Félix Braz, Pierre Gramegna et Mme Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- D'Sëtzung ass op. E schéine gudde Mëtteg. Ech wollt direkt d'Regierung froen, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet. Vu d'Fragezeichen am Gesiicht vun der Regierung ginn ech net dovun aus, dass d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Neen.

M. le Président.- Villmools Merci, Här Finanzminister.

2. Changement de composition d'une délégation dans une Assemblée parlementaire internationale

Da wollt ech Iech e Changement an der Zesummesetzung vun der Delegatioun vum Benelux matdeelen. Duerch hire Bréif vun haut huet d'DP-Fraktioun folgend Ännerung an der Zesummesetzung vun der Benelux-Delegatioun proposéiert: Den Här Gusty Graas ersetzt den Här Lex Delles als Membre effectif an den Här Lex Delles ersetzt den Här Max Hahn als Suppléant. Ass d'Chamber mat där Modifikatioun d'accord?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

3. Dépôt d'une proposition de loi par M. Roy Reding

Ech hu gewise kritt, dass eng Demande do ass, fir eng Proposition de loi ze deponéieren. Här Reding, Dir kënnt awer duerchaus soen, wat fir eng Proposition de loi et ass.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, jo, selbstverständlech. Also ech déposéieren eng Proposition de loi fir e Referendum ofzehalen iwwert de Finanzement duerch de Statsbudget vum Projet Tram an der Stad Lëtzebuerg.

6665 *- Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur la participation du budget de l'État dans le financement d'une ligne de tramway à Luxembourg*

Merci.

M. le Président.- Ech huelen Akt vun deem Dépôt a gi se direkt weider

4. Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller d'État

Mir kommen dann zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour, wou et drëms geet, dass d'Chamber dräi Kandidate fir de Poste vum Conseiller d'État opstellt, e Posten, dee fräi ginn ass, nodeems ee vun de Conseillers d'État, den Här Albert Hansen, d'Alterslimite erreecht hat. Esou wéi d'Gesetz vum 12. Juli 1996 iwwert d'Reform vum Statsrot an d'Artikelen 115 bis 125 vum Chambersreglement et virgesinn, stelle mir also haut déi Lëscht vun deenen dräi Kandidaten op.

No den Dispositioune vun den Artikelen 118 an 119 vun eisem Reglement huet d'Presidentekonferenz an hirer Réunioun vum 6. Mäerz eng Kandidatelëscht mat sechs Persounen, mat sechs Kandidaten arrêtéiert. Et sinn dat an alphabetescher Reiefolg:

- den Här Jean-Jacques Arrensdorf - den Här Arrensdorf schafft bei der Spuerkeess,

- den Här Jean-Marc Cloos ass Dokter/Psychiater,

- den Här Christian Kmiotek ass Chargé de cours am Lycée technique pour professions éducatives et sociales,

- den Här Jean-Luc Linster ass Direkter vu Linster Bureautique,

- den Här Mike Mathias ass Assistant parlementaire beim Europaparlament, bei engem Deputéierten aus dem Europaparlament, dem Här Turmes,

- d'Madame Christiane Weidenhaupt ass Chargée de direction beim Service des aides d'État am Ministère de l'Économie.

D'Chambersreglement gesäit vir, dass d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et däerf also net par procuration ofgestëmmt ginn. Nëmmen d'Voten iwwert déi offiziell deponéiert Kandidate si valabel. D'Wahl vum Kandidat erfollegt duerch eng absolut Majoritéit, woubäi déi blank an ongëlteg Wahlziedelen net a Betruecht gezu ginn.

Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolut Majoritéit kritt, kënnt et zu engem Ballottage, an deem déi zwee Kandidate vertruede sinn, déi am éischten Tour déi meescht Stëmme kritt hunn. Déi aner Zeenarien, déi géif ech dann opzielen, wa se géifen antrieden.

Ech gesinn, dass Wuertmeldungen dozou sinn: den Här Wiseler an den Här Gibéryen. Den Här Wiseler kritt direkt d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wëll e puer Wuert soen, fir menger Fraktioun hiren Désaccord zum Ausdrock ze brengen iwwert d'Aart a Weis, wéi an deene leschte Wochen an dësem Kontext verfuer ginn

ass. Bis elo war et d'Gepflogenheet, ënnert de Fraktiounen ze kucken, fir op eng équilibréiert Aart a Weis déi Dossieren hei unzegoen, datt jiddwer Fraktioun och proportionell sollt representéiert si par rapport zu den Deputéierten, déi heibanne sinn.

Ech hunn déi Questionnairë respektiv d'Äntwerten op d'Questionnairen duerchgelies, déi déi verschidde Fraktiounen erageschéckt hunn, wéi et drëm gaangen ass, fir d'Reform vum Conseil d'État virzebereeden, an ech mierken, datt do méi oder wéineger datselwecht als Äntwert gesot ginn ass.

D'CSV huet gesot, et sollt eng «représentativité équilibrée» tëschent de Groupes politiques sinn. D'LSAP seet, datt en «certain équilibre» sollt do sinn. déi gréng hu gesot, datt deen, deen am meeschte «sous-représenté» ass, sollt deen nächste Member kréien. An dobäi ass normalerweis och an deene leschte Joren ëmmer gekuckt ginn, datt deen Équiliber en Équiliber wär, dee sech iwwer eng länger Period géif emfannen, well normalerweis dat Mandat vun engem Conseiller d'État 15 Joer dauert, esou datt ganz oft bei der Rechnung vum Équiliber zwou respektiv dräi Legislaturperiode respektiv d'Wahlresultater gekuckt gi sinn.

Virun de Wahle war et esou, an dat war och public, datt dat eent Mandat, wat vun der CSV proposéiert gi war, d'CSV proposéiert hat deene Gréngen, si sollten dat ersetzen, well mer jugéiert hu virun de Wahlen, datt déi gréng ënnerrepresentéiert wären. déi gréng ware sengerzäit net prett, fir dat ze maachen. Dat Mandat ass och net virun de Wahlen attribuéiert ginn. No de Wahlen hu mer festgestallt, datt dat Mandat, wat d'Mandat war, wat virdru vun engem CSV-Proposéierten ageholl gi war, der Madame Hennicot, duerno vun engem Kandidat, deen LSAP-Member ass, ageholl ginn ass.

Mir stellen och fest, datt duerno dat nächst Mandat, wou den Dan Kersch an d'Regierung komm ass, wéi dat fräi ginn ass, och vun engem LSAP-Member besat ginn ass. An elo ass eis gesot ginn, datt déi gréng missten dat Mandat besetzen, well se ënnerrepresentéiert wären.

Ech stelle just fest, datt déi gréng zweemol d'Méiglechkeet haten, fir eng Propositioun ze maachen, dat awer net gemaach hunn. Ech stelle fest, datt zweemol fir en LSAP-Member d'Kandidatur presentéiert ginn ass. D'CSV huet deene Gréngen virun de Wahlen e Mandat proposéiert. D'Regierung mécht no de Wahlen zweemol en anere Choix. An elo gëtt da gesot, déi gréng wären ënnerrepresentéiert an deen LSAP-Choix, dee gemaach ginn ass, deen zweemol gemaach ginn ass, dee misst elo richteggebéit ginn op a sech e Mandat, wat virdrun engem CSV-Proposéierte gehéiert huet.

Wann dat esou gemaach gëtt, an dat gëtt jo esou vun der Majoritéit duerchgezunn, dann ass d'Resultat, datt deen Équiliber heescht, datt d'CSV mat 23 Deputéierten nach aacht Memberen am Conseil d'État proposéiert huet an datt d'LSAP mat 13 Membere siwe Memberen am Conseil d'État huet. 23:8, 13:7 - dat kann een zwar en „certain équilibre" nennen, wéi et am LSAP-Programm steet, mä et ass sécher net dat, wat een normalerweis ënner Équiliber versteet.

Wann déi gréng een ze mann hunn, an dat contestéiere mer net, wann d'DP och nach een ze mann huet, dann ass et, well d'LSAP an deem ganze Kontext der zwee ze vill huet. An elo ass et esou, datt d'CSV dës Kéier muss nach ee vun deenen, dee si designéiert, net méi kann designéieren, well am Fong den Équiliber an der Koalitioun um Bockel vun der Oppositioun erëm riichtgeglätt gëtt. A fir kee Sträit an der Majoritéit ze kréien, gëtt dat Ganzt um Bockel vun der Oppositioun gemaach, op eng rücksichtslos Aart a Weis, ouni datt mer richteg eng Diskussioun konnten doriwwer seriö féieren.

De Conseil d'État soll reforméiert ginn, steet am Wahlprogramm. Et steet d'ailleurs och am Regierungsprogramm, et steet do, datt eng «représentation équitable» soll gemaach gi vun de Courants politiques, datt d'Durée soll zwielef Joer sinn, datt eng aner Procédure de nomination soll kommen. Ech wëll! Ech stelle just fest, datt gesot gëtt, dat géif gemaach ginn, mä virdru gëtt awer emol nach alles anescht verdeelt!

Et ass och esou, datt ech nogelies hunn, wat bei deene leschten Designatioune vu Membres du Conseil d'État vun deenen engen a vun deenen anere gesot ginn ass, den 9. Oktober 2012, den 19. Januar 2010. Den Här Bausch huet sech do vehement iwwert d'Nominatiounsprozedur geiergert an en huet seng Fraktioun opgefuerdert - an dat hu se gemaach -, de Sall ze verloossen, well déi Nominatiounsprozedur net an der Rei wär. Datselwecht huet den Här Bettel gemaach, dee sengerzäit vun enger Farce geschwat huet. Si sinn net erausgaangen, si hunn awer och net matgestëmmt.

Ech géif soen, wann dat, wat den Här Bausch gesot huet, wann dat, wat den Här Bettel gesot huet, och sengerzäit seriö gemengt gewiescht wär, da wär elo d'Geleeënheet, fir et nach eng Kéier genau d'selwecht ze maachen, well d'Nominéierungsprozedur huet iwwerhaapt net geännert an dësem Fall!

Mir hunn, an dat soen ech zum Schluss, näischt perséinlech géint ee vun deene sechs Kandidaten, déi hei zur Propositioun stinn. Mä mir kënnen, dat verstitt Der, aus deem dote Grond, well esou verfuer ginn ass, selbstverständlech kee vun deene Kandidaten an dësem Vote hei stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Claude Wiseler. Als Nächsten huet sech d'Wuert gefrot de Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Et ass scho bal eng Traditioun, datt, wa mer hei Nominatioune virhuele fir e Member am Conseil d'État, datt ech hei erauskommen, fir ze deklaréieren, datt mer mat där Prozedur, déi hei praktizéiert gëtt, net kënnen averstane sinn.

Ech mengen, mäi Virriedner, de Kolleeg Claude Wiseler, huet eben elo schonn zum Deel hei dat virgedroen, datt am Fong all Parteie quasi heibannen an der Vergaangenheet, sief et, datt se an der Majoritéit oder an der Oppositioun sinn, derfir plädéiert hunn, datt d'Zesummesetzung vum Conseil d'État am Fong sollt där politescher Zesummesetzung, wéi mer se hei am Land kennen, hei an der Chamber kennen, datt se där sollt Rechnung droen.

Dofir ass et richteg, datt déi gréng mat engem Vertrieder am Conseil d'État ënnervertruede waren. Doudsécher ass awer, datt d'ADR och ënnervertrueden ass. Mir misste mindestens och ee Vertrieder am Statsrot hunn, jee nodeem wat fir eng Berechnung een hëlt, souguer zwee. An déi Lénk missten och dra vertruede sinn.

Mir hunn als ADR och Propositioune gemaach, wou mer gesot hunn, et sollt ee vun e puer Wahlen d'Moyenne huelen an dann eben opgrond vun där Moyenne de Conseil d'État besetzen, well jo soss, wann een all Kéiers no de Wahle misst Korrekture maachen, dat jo kuerzfristeg net dran ass an awer bei Wahlen d'Differenze prozentual vis-à-vis vun deene Wahle virdru kënne bei där enger oder anerer Partei staark changéieren. Duerfir hu mer gesot, et sollt een eng Moyenne huele vun dräi Wahlen, fir datt ee méi eng gewësse Stabilitéit kritt, an datt een all Kéiers no de Wahlen där neier Moyenne da bei der Besetzung vun de Poste sollt Rechnung droen.

Déi nei Regierung ass ugetratt, an den Här Statsminister Xavier Bettel huet den 10. Dezember hei bei der Regierungserklärung gesot: „De Conseil d'État, an do besonnesch d'Nominéierungsprozedur, wëlle mir reforméieren." Mir wëssen alleguer, datt een net kann an dräi Méint esou eng grouss Reform virhuelen. Mir wëssen alleguer, datt an der leschter Legislaturperiod déi eenzel Parteien en Avis ofginn hunn op Initiativ vun der Chamber. An déi sinn dëser Deeg och der Regierung zougestallt ginn, fir datt d'Regierung ka mat där Aarbecht ufänken.

Mä et hätt awer net verhënnert..., an do kommen ech dann op dat, wat an der Vergaangenheet geschitt ass, wou Spriecher vun deene Gréngen a vun de Kolleege vun der DP hei ëmmer insistéiert hunn, esou laang wéi esou eng Reform net kënnt, sollt een am Fong kee Vote méi huelen, mä et sollt ee fir d'Éischt d'Reform maachen an dann e Vote huelen. An dofir hate mir eis erwaart, datt déi nei Regierung, déi dat jo elo wëllt maachen, déi Reform zumindest ugekënnegt huet, datt déi dann elo higaange wier a se hätt gesot: „Ma da kommt, mir kucken, datt mer och déi Reform op d'Bee setzen, datt mer eis zumindest politesch eens ginn, wéi da laut där Reform an Zukunft d'Zesummesetzung vum Conseil d'État wier." An dann hätt ee kënne bei deenen Nominatiounen, déi komm sinn, deem neie System Rechnung droen, souguer wa mer nach net eng legislativ Basis gehat hätten!

Mä dat ass awer net geschitt. An et ass enttäuschend ze gesinn, wéi séier Leit, wa se vun enger Majoritéit an d'Oppositioun (veuillez lire: vun der Oppositioun an d'Majoritéit) kommen, wéi séier datt se dann ëm 180 Grad d'Kéier maachen an dann am Fong alles dat, wou se sech virdrun hei derfir agesat hunn a plädéiert hunn, vergiessen. An de Claude Wiseler huet et scho kuerz ugeschnidden, mä et ass esou kloer ausgedréckt ginn den 9. Oktober 2012, wéi mer hei eng Besetzung vum Conseil d'État gemaach hunn, datt ech Iech déi Aussoe vun de Kolleege Bausch a Bettel awer net wëll virenthalen. Ech sinn och iwwerzeegt, datt Der alleguer frou sidd, fir ze héieren, wat si deemools den 9. Oktober 2012 hei gesot hunn.

Den Här Bausch huet gesot: „Mir sinn der Iwwerzeegung, datt eng wierklech fundamental Reform vun der Nominéierungsprozedur misst kommen, déi méi Transparenz do erabréngt an déi net ausgesäit wéi e Kouhandel tëschent zwou Parteien", deemools waren et der zwou, haut sinn et der dräi, „déi am Fong d'Poste vum Statsrot aushandelen am Kader vun de Koalitiounsverhandlungen." A genau dat, a genau dat gëtt elo gemaach!

„Dat heiten", seet den Här Bausch, „dat ass eng Farce, wat hei ofleeft. Et hunn och Leit sech gemellt vu bausse fir dee Posten. Pertinemment weess all Mënsch schonn haut heibannen, wien herno wäert gestëmmt ginn. Mir maachen zwar e geheime Vote, mä mir kënnen lech awer elo scho soen, wéi d'Resultat wäert ausgesinn. A mir wëllen déi Maskerad do refuséieren a mir wäerten dofir de Sall verloossen."

Här President, ech verroden et net, mä jiddereen heibanne weess awer och schonn, wéi dee Vote herno wäert ausgesinn. „A mir wäerte weider um Ball bleiwen.", seet den deemolege grénge Fraktiounspresident, „Mir hätte gär, datt wierklech dee Statsrot an déi Nominatiounsprozedur vun deem Statsrot soll méi transparent ginn. Dat wär am Intérêt vun där Institutioun. Well wat mer de Moment maachen, do beschiedege mer just weider déi Institutioun."

An dat geet och haut genausou weider! Well wann de Statsrot hei wierklech esou zesummegesat gëtt, eng politesch Majoritéit mordicus och versicht, am Statsrot eng politesch Majoritéit ze kréien, da kann een déi Avisen - op déi mer ons jo awer ëmmer gäre baséieren - vum Statsrot net méi fir eescht huelen, well da sinn et Gefällegkeetsavisen, déi eng politesch Majoritéit arrangéieren, well se virdru gekuckt huet, vun der politescher Majoritéit an der Chamber och eng politesch Majoritéit an dem Statsrot ze kréien.

An den Här Bettel seet - nodeem den Här Bausch geschwat huet, an dertëschent hunn ech geschwat, ech brauch Iech jo net ze verroden, wat ech Iech gesot hunn - mä den Här Bettel seet: „Mir kënnen dem Här Bausch an dem Här Gibéryen recht ginn op ganz ville Punkten. An ech mengen, mir hu bei der leschter Nominatioun, déi hei duerch d'Chamber gaang ass, och schonn drop opmierksam gemaach iwwert d'Prozedur. Mir hunn och deemools gesot, et wier fir d'Lescht, wou mir dat géife matmaachen." Et wier also fir d'Lescht, datt d'DP dat géif matmaachen. Mä wéi et schéngt, ass et haut awer erëm alles vergiess!

„A fir d'Leit dobaussen, ob dat elo Nominatioune vu Leit sinn, déi dobausse sinn, huet ee wierklech d'Gefill, dass déi eenzeg Qualifikatioun", lauschtert gutt, „dass déi eenzeg Qualifikatioun, déi ee misst hunn, Parteikaarte wieren. An dat ass bestëmmt kee gutt Zeechen."

„Wa vun 2009 u mer scho gefrot hunn, fir dass sollt eng Reform kommen a bis haut nach ëmmer näischt op den Ordre du jour vun der Institutiounskommissioun komm ass, fir kënnen doriwwer ze diskutéieren an dat ze änneren, ass dat fir eis Fraktioun vun der Demokratescher Partei, well näischt geschitt ass. A mir kënnen a wäerten elo dës Propositioun matstëmme vun deene Gréngen, fir et vum Ordre du jour ze huelen."

„Wann Der awer insistéiert, fir e Vote ze maachen", huet d'DP deemools gesot, da géif se e wäisse Vote maachen. „Mir stëmme bestëmmt net mat bei enger Farce", huet d'DP gesot, „wou et net transparent ass a wou wierklech mat Kaarte gespillt gëtt, déi ganz sécherlech net an der Rei sinn."

Här President, dat waren d'Aussoe vum Fraktiounspresident vun der DP a vum Fraktiounspresident vun deene Grénge bei där leschter Nominatioun hei an der Chamber. An der Zwëschenzäit sinn déi zwee an d'Regierung komm, hir Parteie sinn an d'Majoritéit komm, an haut gëtt dat, wat vun hinnen hei condamnéiert ginn ass, awer zu honnert Prozent weidergeschriwwen!

Här President, ech wëll nach kuerz op en anere Punkt agoen.

M. le Président.- Kommt awer elo...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Hei ass och déi éischt Nominatioun, wou de Statsrot e Kritär festgeluecht huet, obschonn et am Gesetz kee Kritär gëtt. En huet recommandéiert, datt déi Persoun, déi haut hei genannt soll ginn, sollt en Ekonomist sinn.

Déi lescht Persoun, déi genannt ginn ass, déi ass vun der Regierung an der Persoun vun eisem Virgänger, dem Kolleeg Lucien Lux gemaach ginn. An ech hunn dunn, oder villméi mäi Kolleeg Roy Reding, dem Statsminister eng Question parlementaire gestallt, ob de Statsrot dann och do eng Recommandatioun gemaach hätt, fir dee Posten ze besetzen, deen d'Regierung gemaach huet.

An da kréie mer vum Statsminister gëschter geäntwert, do wier keng Recommandatioun vum Statsrot komm. An e seet dann a senger Äntwert: „De Choix vun der Regierung berout an dësem Fall op enger Rei vu Kritären, déi der Meenung vun der Regierung no pertinent sinn, fir d'Zesummesetzung vum Statsrot en vue vu sengen Aufgabe kënne sënnvoll ze ergänzen."

„Déi concernéiert Persoun erfëllt all déi Kritären." Ech schwätze vum Här Lux. „Si huet Erfahrung souwuel op der Säit vu Gewerkschafte wéi och als fréiere Member vun der Regierung. Als laangjähregen Deputéierten a Buergermeeschter vereent si domadder zousätzlech horizontal, dat heescht themeniwwergräifend Kompetenzen op lokalem, nationalem, internationalem Niveau, wat besonnesch wäertvoll ass am Kader vun der Roll, déi de Statsrot an der legislativer Prozedur hei zu Lëtzebuerg anhëlt."

An dat Allerwichtegst - dat do ass jo eng lächerlech Äntwert, wat e gesot huet! -, wann e geschriwwen hätt: „En erfëllt eng wesentlech Konditioun, an dat ass déi vun der Parteikaart vun der LSAP", dann hätt en am Fong alles kuerz kënne résuméieren, wat en hei virdru gesot huet.

Op jidde Fall, Här President, déi Farce, déi mat Recht vum Här Bettel a vum Här Bausch och an der Vergaangenheet hei festgestallt ginn ass, déi Farce geet riicht virun, an deementspriechend wäerte mir och haut, wéi an der Vergaangenheet, wäiss stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gibéryen. Den nächste Riedner ass de Serge Urbany, an dann d'Madame Viviane Loschetter an den Eugène Berger.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Jo, Här President. Wann hei vun 180-Grad-Wend Rieds geet a vu Farce an esou weider, an et geet just nëmmen ëm d'Zesummesetzung, d'personell Zesummesetzung vun deem Gremium do, da muss ech soen, et si jo méi Parteien hei wéi nëmmen déi gréng oder d'DP, déi eng 180-Grad-Wend vollzéien.

D'CSV vollzitt och eng 180-Grad-Wend an déi aner Richtung. D'CSV war ëmmer déi Partei, déi de Statsrot dominéiert huet an der Geschicht. Si huet vum Statsrot senge ganz dacks konservativen Avise profitéiert. Elo ass se an der Oppositioun an elo vertrëtt se de komplett anere Standpunkt.

Eis Positioun war ëmmer déi, fir ze soen, et geet eis net prioritär ëm d'personell Zesummesetzung vun deem Statsrot. Et geet eis virun allem drëm, fir emol driwwer ze diskutéieren um Fong: Wéi soll dee Statsrot ausgesinn? Wat soll seng Roll an Zukunft sinn? Mussen do net grondleeënd Ännerunge vollzu ginn?

An dat war ëmmer d'Ursaach, firwat mir bei esou Voten net matgestëmmt hu respektiv eis enthalen hunn, well mer einfach der Meenung sinn, dass déi fundamental Roll vum Statsrot emol misst frësch diskutéiert ginn.

Ech wëll hei ganz kloer soen: Mir hunn näischt géint dee Kandidat, weder perséinlech nach politesch géint dee Kandidat, dee soll hei an de Statsrot gewielt ginn. Mir hunn näischt géint en. Et deet eis souguer e bësse leed, dass mer net kënne fir e stëmmen.

Mä eis grondsätzlech Positioun ass déi: Esou kann et net virugoen. De Statsrot muss seriö erëm op de Leescht geholl ginn an et muss eng seriö Diskussioun stattfannen.

Fir zum Schluss ze kommen, wëll ech soen: Mir wäerten eis bei deem Vote hei enthalen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Als nächst huet d'Wuert d'Madame Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo, Merci, Här President. Erlaabt mer just, an e puer kuerze Wierder als Spriecherin vun deene Gréngen awer dorop ze reagéieren, an zwar op zwee Punkten.

Éischtens op dat, wat den Här Wiseler gesot huet: Jo, dat stëmmt. Virun de Wahle ware mir net prett, an zwar aus zwou Ursaachen. Déi éischt Ursaach war, well mer effektiv op onser Linn bliwwe sinn a mer net wollten eng zweet Persoun an de Statsrot nominéiere loossen no deem ale System, dee mer ëmmer contestéiert

hunn. An zweetens - ech hoffen, ech kommen net ze vill polemesch eriwwer -, mä mir hate ganz staark Bedenken, op Offer vun der CSV virun de Wahlen e Sëtz am Statsrot esou unzehuelen.

Zweetens: Jo, mir sinn der Meenung, datt mir déi Partei sinn, déi am meeschte sous-représentéiert ass - net sous-représentéiert, mä am meeschte sous-représentéiert ass! A mir bleiwen och effektiv um Ball, esou wéi mer dat gesot hunn.

Ech ginn Iech och recht, Här Gibéryen, op ville Punkten, well ech muss Iech soen, mir sinn an deene Saache bal op enger selwechter Positioun. Mir sinn der Meenung, datt mer effektiv sollen déi zwou lescht national Wahle considéréieren.

Mir sinn och elo der Meenung... An dat steet iwwregens am Koalitiounsaccord - dat hat ech jo elo bal ganz vergiess ze soen. Dat ass dat, wat ons natierlech elo eng Ëffnung gëtt, fir effektiv en Zweeten an de Statsrot ze proposéieren. Mir hunn am Koalitiounsaccord stoen, datt eng Reform vum Statsrot elo geschitt. An dat wäert och geschéien an do wäerte verschidde Punkte considéréiert ginn! An net méi spéit wéi haut huet och effektiv onse President der Regierung sämtlech Dokumentatioun, déi mir hei an der Chamber zesumme gesammelt hunn, wat d'Reform vum Statsrot ugeet, weidergereecht, well et eng Prioritéit ass vun der Regierung, fir de Statsrot ze reforméieren.

Dofir gëtt dat eis d'Dier, fir effektiv eng Persoun an de Statsrot ze proposéieren. Well ech muss Iech awer och soen, datt d'Liewen entre-temps awer virugeet. Oder stellt Der Iech vir, datt mer elo zum Statsrot soen: „Sou, elo waart emol nach dräi, véier, fënnef Méint." Dat hätte mer jo da misse vum 20. Oktober u soen. Da wären et der dann alt schonn emol zwee, déi net nomméiert gi wären.

Et muss ee jo awer iergendwéi kucken, datt de System weider fonctionnéiert am Statsrot, awer dës Kéier wëssend, datt eng Reform virun Der Dier ass an datt déi Reform och genau an déi Richtung geet, wéi net nëmme mir, mä iwwregens och ons Kolleegen aus der sozialistescher Partei an ons Kolleegen aus der DP-Partei dat zesummen décidéiert hunn.

Dofir menge mir, datt dat elo dee Wee ass, dee mir aschloe wëllen an datt deen och richteg ass.

An ech muss Iech soen, Här Gibéryen: Net nëmme fannen ech et e bëssen onfair, wéi Dir vis-à-vis vun ons geschwat hutt, mä ech fannen et à la limite och e bësse lächerlech, an ech fannen, datt Dir haut e bësse „Farce"-ähnlech waart!

(Brouhaha et hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Just, well ech Iech zitéiert hunn.

M. le Président.- Merci och der Madame Loschetter. Als Nächsten huet...

(Interruptions)

...den Här Eugène Berger d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech hu soss näischt gesot wéi dat, wat den Här Bausch virun zwee Joer gesot huet.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Den CSV-Vizefraktiounschef, deen huet virdrun hei sech beschwéiert iwwert d'Prozedur an iwwert d'Quotaen an esou weider, eng Rei Detailer. Dat sinn Iwwerleeungen, déi eng si vläicht méi pertinent, déi aner manner pertinent. Mä ech mengen, mir sinn eis hei an der Chamber eens, datt mer d'Prozedur fir d'Ernennung vun de Statsréit mussen änneren.

Dat ass net eréischt haut de Fall, mä dat ass scho méi laang de Fall gewiescht. An ech hunn nogekuckt och, zum Beispill 2009 ass eng Motioun hei an der Chamber déposéiert ginn, wou déi deemoleg Regierung opgefuerdert gi war, fir Aarbechten unzefänken - 2009, also viru bal fënnef Joer -, fir d'Aarbechten unzefänken, fir déi Prozedure fir d'Ernennung an de Statsrot ze iwwerschaffen an nei ze organiséieren.

Dat ass awer net gemaach ginn. An ech ka mech awer... Ech géif mengen, den Här Wiseler, dee war awer an der Regierung 2009 derbäi. Et ass also awer elo e bësse komesch, wann e sech beschwéiere kënnt, datt do elo keng nei Prozedure sinn oder datt net nei Prozedure respektéiert ginn, obwuel déi viregt Regierung do opgefuerdert gi war, fir dat och ze maachen.

Ech wëll et net nach eng Kéier widderhuelen, d'Viviane Loschetter huet et eng Kéier scho kuerz gesot: Mir hunn am Koalitiounsofkommes - ech hunn och de Passage hei derbäi, mä Dir kënnt en och noliesen - dat dote kloer drastoen, datt mer wëllen, datt déi nei Majoritéit déi Prozedur vun der Nominatioun, awer och d'Fro vun der Publicitéit vun den Aarbechten - steet ënner anerem dran - an och d'Fro vun der Représentativitéit, datt déi dat soll op de Leescht huelen.

An déi Aarbechten hunn ugefaangen elo an deene leschten Deeg, géif ech soen. Do sinn déi Positiounen, déi gefrot gi si vun de Fraktiounen, d'Institutiounskommissioun soll sech domadder beschäftegen, mat deene Froen.

Och war schonn eng Question parlementaire vum Roy Reding un de Premierminister, wou dee genau datselwecht gesot huet, wou e gesot huet, déi Aarbechten hunn ugefaangen a mir kucken, datt mer dann och do schnell virukommen.

Ech mengen, mat allen Erwaardungen, déi ee kann hunn un déi nei Regierung, muss een awer wëssen, datt een an dräi Méint do net alles ka gemaach hunn an datt ee sech awer och e bëssen Zäit elo hélt, wann een et schonn esou laang wëllt, vläicht e puer Wochen Zäit sech hélt, fir dat da genau ze kucken, datt een herno och wierklech e Pak kann op den Dësch leeën, wou och jiddwereen hei dermat d'accord ass.

E lescht Wuert vläicht nach zu de Vertrieder vun der ADR: Näischt hätt verhënnert - wa se sech elo opreegen, datt do ëmmer géife Kouhändel gemaach ginn -, näischt hätt verhënnert, datt d'ADR och hätt kënnen e Kandidat presentéieren.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wat hätt dat da geännert?

M. Eugène Berger *(DP).*- Dann hätte mer hei kënnen demokratesch driwwer ofstëmmen. Wann et e gudde Kandidat gewiescht wier, dann hätt deen och kënne gewielt ginn. Mä Dir gitt eis emol net d'Chance.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da wier ee weider fir domm verkaaft ginn!

M. Eugène Berger *(DP).*- Här Gibéryen, Dir gitt eis emol net d'Chance, fir Iech e Kandidat ze stëmmen!

(Interruption)

M. le Président.- Wann ech gelift, mir féieren hei keng Zwiegespréicher!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Déi dräi Leit, déi sech gemellt hunn, déi net méi am Gespréich sinn, déi gi jo fir domm verkaaft!

M. le Président.- Dem Här Berger géif ech roden, sech un d'Chamber ze riichten, an den Här Gibéryen huet scho geschwat!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, Här President, Dir hutt recht.

(Hilarité)

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, richteg. Also näischt hätt den ADR oder Sympathisante vum ADR gehënnert, fir och hir Kandidatur eranzeginn, an dann hätte se sech och hei kënnen dem demokratesche Vote stellen. Mä si ginn eis emol net d'Chance, fir ee vun hire Kandidaten ze stëmmen.

(Hilarité)

Une voix.- Oh, c'est du ridicule…!

M. le Président.- Den Här Alex Bodry huet d'Wuert gefrot. Mä, wann Der erlaabt, den Här Wiseler wollt eng Zwëschebemierkung maachen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, ech wollt der Madame Loschetter awer just kuerz soen, datt ech et extrem komesch fannen, wann ee seet, datt Der wierklech Bedenken hätt, fir vun der CSV eppes ze akzeptéieren. Dir hutt et net virun de Wahle vun eis akzeptéiert, an no de Wahlen huelt Der et vun eis. Dat ass dann d'Aart a Weis, wéi Der un déi Saachen do drugitt. An Dir hat par ailleurs zweemol no de Wahlen d'Méiglechkeet, fir eng Kandidatur ze stellen. Zweemol hutt Der et net gemaach. Just, fir dat awer riichtzebéien.

M. le Président.- Voilà. Den Här Bodry huet dann direkt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Nun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir soen haut net de Contraire vun deem, wat mer bei aneren Debatten hei bei dëser Geleeënheet gesot hunn. Mir sinn eis alleguerten hei bewosst, an dës Diskussioun huet et nach eng Kéier ënnerstrach, egal wien elo vun esou engem Vote profitéiert oder net profitéiert, dass dee System, dee mer zënter Jorzéngten hunn, wat d'Bestëmmung vun de Membere vum Statsrot ugeet, kee gudde System ass.

Ech mengen, do si mer eis alleguerten eens. Dat ass och ganz kloer hei erausgaangen. An ech mengen, dass et dann elo och ënnert deem Androck vun där heiter Situatioun scherlech da keng Schwieregkeet däerft sinn, fir sech - wann dat esou einfach ass - schnell eens ze ginn iwwer eng Reform vum Statsrot, och wat de Modus vun der Designatioun an d'Zesummesetzung vun dem Statsrot ugeet.

Nach muss ee sech eens gi virdrun, ob een de Statsrot als politescht Organ gesäit oder éischter als juristescht Berodungsorgan. All déi doten institutionell Froe wäerte sech awer a voller Bandbreet stellen, wann et drëm geet, fir festzeleeën, wéi mer dat an Zukunft besser behandlen, wéi dat wahrscheinlech zënter dem Bestoe vun dem Statsrot geschitt.

Ech wëll Iech soen, dass et sécherlech och esou ass, dass, wann ee méi wäit zréckkuckt, ëmmer eng oder déi aner politesch Famill sech ka gerecht oder ongerecht behandelt fillen.

Zum Beispill, mengen ech, war et och eigentlech ni richteg, wann ee streng d'Arithmetik gekuckt hätt an et kuckt een effektiv méi e groussen Zäitraum, dass eng CSV während enger Zäit zéng Vertrieder hat, praktesch ganz no un der absoluter Majoritéit louch am Statsrot. Do huet se net protestéiert, dat huet se ganz gären a Kaf geholl, well se matgehollef huet, dass dat esou sollt sinn.

Esou ass et elo sécherlech de Fall, wann een elo d'aktuell Kompositioun kuckt, dass d'LSAP - net well dat esou am Koalitiounsaccord verhandelt gi wär, mä well dat sech esou erginn huet duerch successiv Décisiounen - elo iwwerrepresentéiert ass.

Ech ka mech och un Zäiten erënneren, wou meng Partei ënnerrepresentéiert war. Et huet bis nom Zweete Weltkrich gedauert, bis deen éischte Sozialist huet dierfen an de Statsrot erakommen!

Dir kënnt Iech also denken, wéi eng Partei virdrun d'Membere vum Statsrot gestallt huet.

Alles dat, fir ze soen, dass ee sollt, mengen ech, bei enger Positioun bleiwen an net au gré vun den Avantagen oder Désavantagë sollt hei eng aner Positioun anhuelen. Dat ass eis Meenung. Mä et kënnt hei zum Vote, wéi et och an der Vergaangenheet hei zum Vote vun der Chamber komm ass, ënnert deeneselwechten, net onbedéngt glécklechen Zesummenhäng a Virgespréicher. Dat ass esou. Dat kënne mer kuerzfristeg net änneren.

Ech hoffen elo just, dass mer eis opgrond vun deem neien Androck, dee mer hei kritt hunn, schnell kënnen eens ginn iwwer en anere Modus, dee méi transparent ass an och sécherlech méi richteg ass.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Alex Bodry. Ech mengen, domat hätt jiddwereen d'Geleeënheet gehat, fir seng Meenung auszedrécken, a mir kéinten zum Vote iwwergoen.

Vote pour le premier candidat

Wéi gesot, et ass eng individuell Ofstëmmung. Keng Procuratiounen. D'Wahlziedele ginn ausgedeelt.

D'Ziedele si verdeelt. Ech géif dann d'Deputéiert eenzel opruffen.

Appel nominal

Voilà, dat war den éischten Tour.

D'Sëtzung ass kuerz ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 14.42 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 14.45 heures.)

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Vote ass ofgeschloss an ausgezielt. Mir hate 55 Deputéiert am Sall. Mir hu 55 Wahlziedelen an den Urnen erëmfonnt. Dorënner ware 26 Bulletins blancs an et waren 29 Bulletinen, déi den Numm vum Mike Mathias gedroen hunn.

Domat ass de Mike Mathias am éischten Tour bestëmmt, well - Här Roth, Dir wénkt Nee mam Kapp - bei deem heite Vote zielen d'Bulletins nuls net mat. An et kéint ee souguer esou wäit goen, fir ze soen, dass de Kandidat Mathias d'Unanimitéit vun de valabele Wahlziedelen op sech vereenegt huet.

(Interruption)

Vun deenen Ziedelen, déi zielen.

(Interruptions)

Här Meyers.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Jo, Här President, Dir sot… Dir hutt eis de Vote bekannt ginn. Den Artikel 62 vun der Verfassung gesäit vir, dass all Décisioune mat enger Majorité absolue geholl ginn. Da misst ee fir d'Éischt feststellen: Wat ass d'Majorité absolue? Dat ass d'Halschecht plus eent.

M. le Président.- Jo.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Wann Der eis nach eng Kéier wéilt widderhuelen: D'Zuel vun de Votante war 55?

M. le Président.- Jo.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Da wier d'Majorité absolue?

M. le Président.- 28.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- 28. An d'Resultat ass 29?

M. le Président.- Jo.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Okay. Jo, dann ass et richteg.

(Interruptions)

Et ass just, fir festzestellen, well et ass net evident. Dir hutt d'Reglement zitéiert. Dir sot: Déi, déi net matstëmmen, déi ginn net gezielt. Dat ass allerdéngs eng Interpretatioun vun der Verfassung, déi zweifelhaft ass.

Jo, d'Reglement an deem dote Fall interpretéiert hei d'Majorité absolue, während normalerweis d'Majorité absolue d'Halschecht plus eent vun de Votanten ass. An déi, déi sech enthalen, déi si Votant. A bei engem Vote personnel kann een net mat Nee stëmmen. Et kann een nëmmen ee stëmmen. Dofir ass och déi Aart a Weis, wéi d'Reglement hei d'Majorité absolue interpretéiert, a mengen Aen net korrekt zu der Verfassung.

M. le Président.- Dat heescht, Här Meyers, Dir géift soen, eist Reglement wär net an der Rei?

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Ech géif dat mengen.

M. le Président.- Eisen Artikel 121 seet just dat, wat ech virdru gesot hunn.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Jo, an der Rei.

M. le Président.- Ech ginn also dovun aus, dass e President richteg läit, wann e sech un d'Reglement hält.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Ech wollt...

M. le Président.- Dir gitt mer sécher net onrecht...

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Här President, ech wollt déi Geleeënheet notzen, fir hei och ze soen, dass mer gegebenenfalls och un deem Reglement musse feilen. A mir wäerten och an der nächster Zukunft kucken, wéi mer dat do kënne kloerstellen.

M. le Président.- Dir wësst, Här Meyers, dass ech Iech ëmmer positiv interpretéieren.

Merci villmools.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här President, ech wëll just soen,…

M. le Président.- Jo.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- …mir kucken dat gär no.

Ech stelle just fest, datt hei ee gewielt gëtt, deen net d'Majoritéit, déi normal Majoritéit vun enger Chamber huet, deen also ënner 30 Voten an dëser Chamber krut.

Ech halen dat gär fest.

M. le Président.- Den Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, ech muss soen, ech fannen déi Diskussioun hei relativ penibel, muss ech ganz éierlech soen. Ech ka mech net erënneren, ech si scho laang hei derbäi, dass mer eng Kéier esou eng Diskussioun hei gehat hätten.

Ech mengen, eng Partei muss och akzeptéieren, dass se net méi an der Majoritéit ass an och net méi d'Majoritéit duerstellt. Ech si bass erstaunt, dass hei Dispositiounen...

(Interruption)

...a Fro gestallt ginn, déi an de Jorzéngte virdru vu kengem Member vun der CSV a Fro gestallt si ginn. Komescherweis ass dat elo de Fall.

Ech deelen awer dem Här Meyers seng Aschätzung - déi schéngt net ganz gedeelt ze si bei der eegener Partei, dat ass dann awer hire Problem! -, dass hei souwuel eisem Reglement Genüge gedoe ginn ass wéi och der Verfassung, well hei eng Majoritéit vun de Votanten hannert där dote Propos steet an net eng Majoritéit vun den Deputéierten. Dat gëtt net verlaangt, vu kengem Text!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. Ech hunn nach d'Wuertmeldung vum Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Ech wéilt eigentlech dat net weider nach ausbauen, wat den Alex Bodry elo grad virdru gesot huet, deem muss ech zoustëmmen.

Ech wéilt och just eng Remarque maachen: datt bei eiser Fraktioun eng Deputéiert net hei ass, déi awer eng ganz valabel Excuse huet, well se Presidentin ass vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe, an datt ech och verstanen hunn, datt d'Oppositioun net géif aus deem Fait, wann d'Anne Brasseur net kéint hei sinn, dorauser dann eventuell wëlle politescht Kapital ënnert iergendenger Form zéien.

(Brouhaha)

M. le Président.- Ech wëll da weiderfuere mam Vote, dat heescht, den zweeten Tour fir den zweete Kandidat.

Vote pour le deuxième candidat

Déiselwecht Prozedur nach eng Kéier. D'Wahlziedele gi verdeelt.

D'Wahlziedele sinn alleguer verdeelt?

Ma da géife mer d'Wahlziedelen asammelen.

Appel nominal

Sou, fir auszeziele géife mer d'Sëtzung kuerz ënnerbriechen.

(La séance publique est suspendue à 14.57 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 14.59 heures.)

Merci. D'Bulletins de vote sinn ausgezielt. Et si 55 Deputéiert, déi sech un der Wiel um zweeten Tour bedeelegt hunn. D'Resultat ass datselwecht wéi bei deem éischte Wahlgang: Et si 26 Bulletins nuls an 29 Stëmme falen op den Här Kmiotek. Bei 55 Leit, déi ofgestëmmt hunn, wär d'Majorité absolue bei 28 Stëmmen. Hei sinn der 29. Also wär laut Reglement, wéi et aktuell a Kraaft ass, den Här Kmiotek am zweeten Tour designéiert.

Vote pour le troisième candidat

Da géife mer zu der Designatioun vum drëtte Kandidat iwwergoen. D'Wahlziedele sinn amgaang verdeelt ze ginn.

Sinn d'Ziedelen alleguerte verdeelt? Da géif ech nach eng Kéier d'Kolleeginnen an d'Kolleegen alleguer opruffen.

Appel nominal

Voilà, dat war deen drëtten Tour. D'Sëtzung ass kuerz ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 15.05 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 15.08 heures.)

Deen drëtten Tour ass ausgezielt. Mir haten dës Kéier 54 Deputéiert, déi sech um Vote bedeelegt hunn. Mir hate 25 Bulletins blancs. A mir hunn 29 Bulletins op den Här Arrensdorf. Domat wär den Här Arrensdorf am drëtten Tour gewielt. Dat ëmsou méi, well no enger zweeter Lecture vun eisem Reglement: D'Majorité absolue entsteet duerch déi, déi um Vote sech bedeelegt hunn, d'«majorité absolue des voix», bei där d'Bulletins blancs net zielen. Wär also do d'Majorité absolue bei: 54, neen, bei 29 wär se am ongënschtegste Fall 16.

Une voix.- Dat kann net sinn!

Une autre voix.- Dat do ka jo net sinn!

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Här President.

M. le Président.- 15, dat wär...

Une voix.- 17!

M. le Président.- Also, bei all Lecture, Här Meyers, ass d'Majorité absolue ginn. Här Meyers.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Här President, ech streiden net mat Iech iwwert d'Reglement, well Dir hutt d'Reglement hei am Haus unzewenden an et geet net, dass een Deputéierte mat Iech doriwwer e Sträit ufänkt. Wat awer net verhënnert, dass ech meng Bedenken äusseren iwwert d'Konformitéit vum Reglement zum Artikel 62 vun der Verfassung, wat ech gesot hunn a wou ech jo och e positiven Echo kritt hu bei der Majoritéit.

M. le Président.- Voilà, mat där positiver Note géife mer dann...

(Hilarité)

...eis dräi Tier ofschléissen an de Klassement wéi follegt festhalen: Als éischte Kandidat klasséiert sech den Här Mike Mathias, als zweeten den Här Christian Kmiotek an als drëtten den Här Arrensdorf. Voilà, domat wär dann dës Ofstëmmungsprozedur um Enn.

Mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, wat de Projet 6582 iwwert d'Schafe vun der Banque africaine de développement an dem Fonds africain de développement ass.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo direkt d'Madame Rapportrice vum Projet, d'Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Bis elo ass agedroen: den Här Frieden.

5. 6582 - Projet de loi portant approbation de
1. l'Accord portant création de la Banque africaine de développement, signé à Khartoum le 4 août 1963 tel qu'amendé
2. l'Accord portant création du Fonds africain de développement, signé à Abidjan le 29 novembre 1972 tel qu'amendé

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der Adhésioun vum Grand-Duché un der Banque asiatique du développement proposéiert dëse Projet de loi d'Adhésioun vum Grand-Duché un d'Banque an de Fonds africain de développement. D'BAD huet sech am Joer 1963 zu Khartoum, Kenia (veuillez lire: Sudan) constituéiert, nodeems d'Majoritéit, mä deemools nach net all afrikanesch Länner, hir Onofhängegkeet erëm haten. Dës Bank huet virun allem de Bau vun noutwendegen a feelende groussen Infrastrukturen ënnerstëtzt.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Madame Presidentin, Kolleeginnen a Kolleegen, et ass e Gesetzesprojet, deen eng Direktiv ëmsetzt, wéi de Rapporteur dat gesot huet, déi awer keng onwichteg Direktiv ass, déi sech nämlech deet am Kader vum ganzen automateschen Informatiounsaustausch vu Revenuen a Kapital.

D'Direktiv vun 2011, déi d'77er Direktiv ofschaaft, seet an hirem éischte Saz, datt an engem Zäitalter vu Mondialiséierung et méi wichteg ass wéi jee, datt d'State sech géigesäiteg am Fiskalberäich ënnerstëtzen.

Ech mengen, dat ass eppes, wat mer absolut mussen ënnerschreiwen, well d'Steierhannerzéiung, dat ass net einfach e Sport vu Salariéen, mä dat ass dat, wat am grousse Mooss staf gemaach gëtt vu Leit, déi vill Suen hunn. E Salarié, deen huet net d'Chance, fir vill ze hannerzéien, dee kritt seng Steieren à la source ofgehalen. A wann en net seng Steiererklärung zur Zäit mécht, da rabbelt et.

Et ass wichteg, an dat ënnersträicht d'Direktiv, datt d'State sech géigesäiteg ënnerstëtze beim Administrativen, beim Austausch vun Informatiounen iwwer Besëtz a Revenuen, an datt duerfir eng administrativ Kooperatioun absolut noutwendeg ass.

Et gouf jo eng Direktiv virdrun, déi 77er, déi sech als ineffikass erwisen huet, well an der Realitéit d'Fantasie ganz schnell iwwert d'Regelen erausgaangen ass an ëmmer méi Schlupflächer fonnt gi sinn. Dofir ass déi Direktiv vun 2011 dunn adaptéiert ginn, a si seet awer selwer, si wier wahrscheinlech nach hannert der Realitéit, mä si hätt versicht, der Realitéit méi no ze kommen. Mä och déi Direktiv misst wahrscheinlech weider ausgebaut ginn, fir déi weider Schlupflächer, déi nach iwwerall bestinn, ze fëllen.

Elo seet d'Direktiv also, mir maachen elo en Ufank a fënnef Beräicher. Mir si jo net fäerdeg! Mir maachen en Ufank a fënnef Beräicher. A vun deene fënnef Beräicher muss all Land mindestens dräi Beräicher erauswielen, an deenen et den automateschen Informatiounsaustausch mécht.

Wa mer dann déi fënnef Beräicher kucken, déi de Rapporteur och hei opgezielt huet, da sinn dat éischtens d'Revenus professionnels, bei deene Lëtzebuerg seet: „Okay, dat maache mer.", zweetens, d'Jetons de présence, bei deene Lëtzebuerg okay seet, an drëttens d'Pensiounen. Déi zwee Beräicher, wou Lëtzebuerg seet: „Dat maache mer elo net.", déi bezéie sech op d'Propriétéit an de Revenu vun Immobilien, Biens immobiliers, a se bezéie sech op d'Produiten, déi ee kann aus Liewensversécherungen erauszéien.

Elo wësse mer, datt d'Produits immobiliers an d'Liewensversécherungen zu Lëtzebuerg net déi klengste Beräicher sinn am ekonomesche Beräich.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la Présidence.)

Mä déi éischt Fro, déi ech emol wéilt stellen, ass déi: wann d'Direktiv schwätzt vu Revenus professionnels, ob een dat ka limitéieren op d'Salairen, esou wéi mir et elo maachen. Bei de Revenus professionnels missten eigentlech och nach aner Beräicher derbäi si vu professioneller Aarbecht, déi net nëmme Salairen ëmfaassen.

Mä ofgesi vun där Fro fält hei eppes op, nämlech dat: Datt déi normalstierflech Leit, déi schaffe ginn, datt déi hir Steiere regelméisseg musse bezuelen a bezuelen, wat jo och dann erfaasst ass, elektronesch - déi ginn och ausgetosch! -, mä déi, déi andauernd Steieren hannerzéien, nämlech déi grouss Gesellschaften an och - si solle jo hei mat erfaasst ginn, d'Direktiv gesäit dat jo ausdrécklech vir - d'Fongegesellschaften, d'Fonds d'investissement, d'Trusten an esou weider, déi wahrscheinlech ganz vill Suen an de Biens immobiliers stiechen hunn an an den Assurancen, an de Liewensversécherungen, an déck dovunner profitéieren, déi sinn heivunner net betraff.

Mir sinn der Meenung, datt do erëm eng Kéier mat zweeërlee Mooss geschafft gëtt, jee nodeem, ëm wéi eng Leit datt et geet, ëm normalstierflech Leit, oder ob et ëm Leit geet mat déckem Fric an ëm déck Gesellschaften. A mir mengen, datt et wichteg wier, datt Lëtzebuerg…, datt et net duergeet, fir festzestellen, wéi dat de Fall ass, datt gesot gëtt, datt déi dräi Kategorien, déi mer unhuelen, déi sinn, bei deenen et kee Secret bancaire gëtt oder bei deenen et kee Secret professionnel gëtt a bei deenen den Austausch immens einfach ass iwwer elektronesch Fichieren, wat bei der Assurance-vie a bei den Immobilien net de Fall wier. Mir sinn der Meenung, datt Lëtzebuerg sech misst d'Méiglechkeet ginn, fir an deene Beräicher, duerch déi aner Leit betraff sinn, déi nämlecht Informatiounen ze sammelen an och weiderzeginn.

Et ass och aus där Ursaach, well hei wierklech zweeërlee Mooss zielt par rapport zu Leit, déi schaffe ginn, oder Leit, déi vill Fric hunn, dass mir eis bei dësem Projet wäerten enthalen, awer ganz kloer mat der Opfuerderung, fir derfir ze suergen, datt Lëtzebuerg sech och konform mécht, fir an deene Beräicher do d'Informatiounen ze sammelen an auszetauschen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Et ass kee weidere Riedner méi ageschriwwen. Domat huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Finanzminister huet d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre Deputéiert, och bei dësem Projet freeën ech mech, dass mer eng grouss Zoustëmmung hunn an och dass dëse Projet séier hei an d'Chamber komm ass, well mir hate ganz serréiert Délaien um europäesche Plang, fir dës Direktiv ëmzesetzen.

Dat Thema hei wäert eis an deenen nächste Méint a Joren nach vill beschäftegen: d'Thema vum Échange automatique d'informations. Mir wennen en hei bei dräi Kategorië vu Suen, vu Ressourcen un, vu fënnef, déi méiglech sinn. D'Regierung huet déi erausgesicht, bei deenen d'Informatiounen disponibel sinn. An déi zwou Kategorien, déi grevéiert si vun engem Secret bancaire an engem Secret professionnel, sinn do ausgeschloss ginn. Ech mengen, dat war déi eenzeg logesch Konsequenz, déi ee konnt maachen.

Ech wëll insistéieren och drop, dass mer e Logiciel amgaange sinn auszeschaffen, fir dës Donnéeën op eng sécuriséiert Aart a Weis an och op eng standardiséiert Aart a Weis auszenotzen a fir dass dës Informatiounen och nëmmen zu deem Zweck gebraucht ginn, fir deen d'Gesetz dat hei virgesäit.

Zum Échange automatique d'informations wëll ech just soen, dass do iwwert déi lescht Méint eng immens Accélératioun komm ass, a mir gesinn dat och an der Aktualitéit. Dës Direktiv iwwert d'Coopération administrative wäert och nach vill Wichtegkeet an Zukunft kréien, well et muss een déi heiten Direktiv am Zesummespill kucke mat där Direktiv iwwert d'Fiscalité de l'épargne. Déi zwou Direktive ginn Hand an Hand. An et ass och iwwert déi Instrumenter, wou och an Zukunft d'Kommissioun an Europa wäert den Échange automatique d'informations, wéi e sech dann iwwert déi Méint elo transforméiert, adaptéieren.

Voilà, ech soen och nach zum Ofschloss gär dem Rapporteur Claude Haagen Merci fir säi schréftlechen an orale Bericht.

M. le Président.- Merci dem Här Finanzminister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kënnen zum Vote iwwergoen iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6632 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioun. Huet jiddwereen ofgestëmmt?

De Vote ass ofgeschloss an de Projet 6632 ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexandre Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech géif dann d'Chamber nach froen, ob se de Projet vum zweete verfassungsméissege Vote entbënnt.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir ginn zum nächste Projet iwwer, dem Projet 6649, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Publicité foncière am Beräich vun der Copropriétéit. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech hu bis elo dräi Aschreiwunge vu Riedner, dat sinn den Här Roth, den Här Hansen an den Här Reding. Wie wëllt sech nach aschreiwen?

D'Madame Loschetter. Dann huet elo direkt de Rapporteur vum Projet, den honorabelen Här Franz Fayot, d'Wuert. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

8. 6649 - Projet de loi portant modification de l'article 4 de la loi modifiée du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Zil vun dësem Gesetzesprojet, dat eenzegt Zil ass et, d'Frist fir d'Regularisatioun fir de Cadastre vertical ëm weider zéng Joer ze verlängeren. Et geet hei ëm déi Gebaier, déi virun der Entrée en vigueur vum Gesetz vum 19. Mäerz '88 iwwert d'Publicité foncière en matière de copropriété ënnert de Regime vun der Copropriétéit gefall sinn. Also am Kloertext: eeler Appartementshaiser.

Et herrscht hei eng gewëssen Drénglechkeet, well déi aktuell Regularisatiounsfrist den 31. Mäerz 2014 ofleeft, a wann een net wëllt an

eng rechtlech Onsécherheet hei falen, da muss een déi Frist elo schnellstens verlängeren.

De Projet de loi 6649 ass den 29. Januar 2014 vum Finanzminister déposéiert ginn. An deen Text ass nëmme vum Conseil d'État aviséiert ginn, nämlech de 25. Februar 2014.

De Cadastre vertical, dee vum Gesetz vun '88 agefouert gouf, besteet jo an enger systematescher, preziser Erfaassung vun deenen eenzelnen Deeler, den „lots" vun enger Copropriétéit. An et geet aus den Diskussiounen aus der Cofibu (veuillez lire: vun der Commission des Finances et du Budget) eraus, dass deen Exercice an de Gemengen oft positiv Auswierkungen huet, well en et erlaabt, onregelméisseg a souguer illegal Situatiounen, och am Zesummenhang mat Bebauungspläng, ze erfaassen a munchmol ze regulariséieren.

Mä et ass och, an dat ass de Grond, firwat mer eng drëtte Kéier dësen Délai musse verlängeren, e schwieregen Exercice an e laangwieregen Exercice, dee vill Zäit an Aarbecht an Usproch hëlt. D'Statistike weisen, dass d'Erfaassung vun deene Gebaier duerch e Cadastre vertical nëmme lues virukënnt. 2014 sinn 1.600 vun 3.364 concernéierte Gebaier regulariséiert gewiescht. Am Verglach waren et der 2004 eréischt 1.000.

Firwat dat esou ass, dat hänkt mat der Komplexitéit vun der Prozedur zesummen. E Cadastre vertical gëtt vun engem Expert opgestallt, deen déi nei Situatioun muss mat där aler Beschreiwung, wéi se aus dem Acte de constitution an deene successiven Acquisitiounen erausgeet, konfrontéieren a réconciliéieren. Dobäi kënnt et awer oft vir, dass d'Opdeelung, déi aus de vergaangenen Akten ervirgeet, an d'Definitioun vun deenen neie Lots net iwwereneestëmmen. A solche Fäll mussen nei Quoteparte gerechent ginn, déi vun all de Copropriétairë mussen dann och guttgeheescht ginn.

Esou sinn dann och d'Verspéidungen an der Ausfertegung vun deene Cadastres verticaux op verschidde Grënn zréckzeféieren, woubäi et en fait kengem wierklech direkt seng Schold ass, dass dat esou laang dauert. Éischtens, wéi scho gesot, ass d'Iwwerschaffe vun enger Opdeelung vu Copropriétéiten eng komplex Affär. Et si vill Parteien implizéiert. A wann do net jiddweree matspillt, da kënnt een net gutt virun.

En zweete Grond ass, dass den Expert, deen dee Cadastre do muss erstellen, Dokumenter muss sammelen, déi et erméiglechen, d'Evolutioun vum Gebai zréckzeverfollegen, an dass deen Expert dann oft mat enger schwiereger Missioun konfrontéiert ass, och well en net ëmmer déi néideg Hëllefsbereetschaft vun all de Copropriétairë begéint.

Mä dee gréisste Problem ass awer wuel d'Divergenz tëschent der Realitéit an der juristescher Situatioun, wéi se aus den alen Dokumenter ervirgeet. Well munchmol si Parties communes a Parties privatives ëmgeännert ginn. Heiansdo si Parties privatives actéiert ginn, déi duerno awer net gebaut gi sinn. Oder et sinn Destinatioune geännert ginn, ouni dass dat sech an den Akte richteg erëmspigelt.

An deene Fäll stéisst dann de Cadastre vertical u seng Limiten, well et ass keng Technik, fir Konflikter, Géigesprech oder Approximatiounen ze léisen, mä just eng reng deskriptiv Technik vun engem Gebai an der Copropriétéit.

Et ass dann och scho vu Regierungssäit iwwert déi beschtméiglech Léisungen nogeduecht ginn, fir dee Problem vun dëser Regularisatioun permanent ze léisen, an déi Alternative gi vun enger einfacher a purer Ofschafung vum Artikel 4, dee jo dann déi Regularisatioun virgesäit, iwwert d'Ofschafe vun der Frist oder eben d'Extensioun vun der Frist, wéi déi, déi mer jo elo hei dann unhuelen, bis zur Aféierung vu Geldstrofen, déi all Joer oder ulässlech vun enger Vente géifen imposéiert ginn.

Léisungen, wéi zum Beispill d'„loi Carrez" a Frankräich se virgesäit, déi punktuell Designatioune vu Lots privatifs envisagéiert, oder e Remembrement vu Parties privatives sinn och nach aner méiglech Alternativen. Mä an dësem Fall, aus operluechten Zäitgrënn, ass d'Léisung vun der Verlängerung vun der Frist ëm weider zéng Joer zu dësem Zäitpunkt déi bescht. Et ass dann heimat déi drëtt Verlängerung. 1999 war déi éischt Verlängerung ëm fënnef Joer. 2004 ass nach eng Kéier déi Regularisatiounsfrist ëm weider zéng Joer verlängert ginn. An elo dann dës Kéier, wa mer dëst Gesetz da stëmmen, gëtt se dann och erëm eng Kéier ëm zéng weider Joer prolongéiert.

Zwee Grënn, haaptsächlech, plädéiere fir dës Léisung: deen éischten, dat ass, dass een awer muss constatéieren, dass een trotz där laanger Zäit, déi dat hëlt, fir déi Cadastres verticaux do ze maachen, awer trotzdeem e Progrès constatéiert an dass een, wéi scho gesot, doduerch och ka munch onregelméisseg Situatioune berengegen.

An deen zweete Grond, deen och vläicht den Haaptgrond ass, dat ass, dass een awer muss vermeiden, dass een hei an eng juristesch Onsécherheet kënnt op och schonn engem awer schwieregen Immobiliemaart wéi deem zu Lëtzebuerg, wou d'Offer notoresch rar ass, a keng Akte méi kéinte gemaach gi bei solchen Appartementshaiser, well ebe keng Transkriptioun beim Hypothéikeregëster géif ugeholl ginn. Dat ass nämlech dat, wat dem Notaire riskéiert ze passéieren, wann d'Frist am Artikel 4 elo net prolongéiert gëtt an een doduerch an e Flou juridique kënnt am Zesummenhang mat bis dato net regulariséierte Gebaier.

Aus deene Grënn waren dann och d'Membere vun der Cofibu der Meenung, dass dëst Gesetz zu dësem Zäitpunkt déi beschtméiglech Léisung ass.

D'Kommissioun geet dann och net der Propos vum Statsrot no, fir d'Entrée en vigueur vum Gesetz vun der Veröffentlechung am Mémorial ofhängeg ze maachen. De Statsrot hat dat a sengem Avis proposéiert, mä mir setze par contre, wéi bei der leschter Verlängerung 2004, d'Entrée en vigueur fest op e fixen Datum, nämlech den 1. Abrëll 2014, wéi dat d'ailleurs och deemools 2004 scho selwer vum Statsrot préconiséiert war. Dat heescht, de Statsrot ass dann dës Kéier op seng Positioun (veuillez lire: dës Kéier net op seng Positioun) vun deemools zréckkomm.

Als ofschléissend Remarque, mengen ech, kéint een awer vläicht nach soen, dass et wënschenswäert wär, wann ee géif eng Kéier ausserhalb vun enger zäitlecher Contrainte wéi déi, an där mer jo dës Kéier elo sinn, en profondeur iwwert d'Fro vun der Regularisatiounsfrist nodenken, an dass ee prinzipiell iwwert de beschtméigleche System nodenkt, fir dëse Problem aus der Welt ze schafen. An et gëtt, wéi jo scho gesot an dësem Rapport, alternativ Modeller, déi méiglech sinn.

Et ass dann och ze begréissen, wéi de Finanzminister an der Kommissioun sot, dass de Syvicol Reflexioune mécht an déi Richtung. An ech mengen, dat kann een an deem Kontext nëmmen encouragéieren.

Ech géif dann och heimat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. D'Wuert huet dann direkt den Här Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Jo, Merci, Här President. Ganz kuerz soen ech natierlech och dem Franz Fayot Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport an engem Dossier, dee vun der Matière hier natierlech extrem komplex ass. An den Här Fayot huet versicht, dat esou gutt wéi méiglech ze erklären.

Nichtsdestotrotz mengen ech, dass den Haaptproblem, deen à la base ass an deen de Moment ganz vill Bierger dobausse beschäftegt, net onbedéngt dee vum Cadastre vertical ass, mä dee vun de genehmegte Surfacen, déi se an enger Copropriétéit hunn. Well oft ass et esou, dass Leit en Appartement an enger Residenz kafen, an dann, am Laf vun der Zäit, huele se dann de Späicher a bauen deen aus an da gëtt aus deem Appartement en Duplex.

D'Leit wunnen och eng Zäitchen do gutt dran. An de Problem kënnt dee Moment, wou déi Leit dat Appartement, wat elo en Duplex ass, wëlle verkafen, well dann oft dat Appartement net déi 130 m² huet, wéi d'Leit dat da bei sech doheem virfannen, mä fir den Notaire, dee soll déi Vente oder de Compromis ëmsetzen, ëmmer nëmmen déi urspréinglech 100 m² huet.

De Missetäter bei deem sinn dann net d'Leit, déi dat gutt gemengt hunn, fir dat auszebauen, mä oft sinn et d'Gemengen, well déi déi zousätzlech Meter-carréen ënnert dem Daach net genehmegt hunn an och a posteriori net kënne genehmegen, well soss d'Unzuel vun der Wunnfläch, déi an där Residenz ass, ze héich ass par rapport zu deem, wat am Kader vun engem Bautereglement kann erlaabt ginn.

An ech mengen, et sollt een dee Gesetzesprojet hei, deen eng technesch Adaptatioun ass, notzen, fir d'Bierger am Land doriwwer ze informéieren, well se oft Virstellungen hunn, sief dat, wann eng Communautéit muss liquidéiert ginn, iwwer eng Valeur vun hirem Immeuble, déi wäit iwwert deem ass, wat se reell ka sinn, well natierlech de Keefer net seet: „Ech kafen elo 130 m²!", mä dee beschränkt sech op dat, wat am urspréinglechen Akt vun der Copropriétéit dran ass.

An ech mengen, an engem konstruktive Sënn - well mer jo net destruktiv sinn als CSV, mä mir hëllefen, dass déi Gesetzer och beim Bierger solle gutt ukommen - géif ech dem Finanzminister eigentlech suggéréieren, dass en dat do géif zesumme mat dem Syvicol kucken, vun deem de President, den Emile Eicher, hannert eis sëtzt an eis och stäerkt, fir d'Bierger dobaussen iwwert dee Problem do richteg opzeklären, an dass se déi Situatiounen, ier se och Sue bezuelen, fir hir Cadastres verticaux erstellen ze loossen, fir d'Éischt emol sollten op de Gemenge préife loossen, wat do juristesch maachbar ass a wat net maachbar ass.

Dat gesot, gi mir selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Roth. An den nächste Riedner ass den Här Marc Hansen.

M. Marc Hansen *(DP)*.- Här President, ech géif och op dëser Plaz zwou Saache wëlle kuerz ënnersträichen. Dat Éischt ass, dass mer dem Rapporteur, dem Här Fayot, wéilte Merci soen, souwuel fir säi mëndleche wéi fir dee schréftleche Rapport.

An da géif ech awer och op dëser Plaz dem Här Roth recht ginn. Mir haten an der Kommissioun, wéi mer doriwwer diskutéiert hunn, e ganze Koup Lokalpolitiker an alle Reie sëtzen, bei deenen déi Punkten, déi elo thematiséiert goufen, effektiv als Problem duergestallt ginn. Ech mengen, mir sollten och an Zukunft dee Volet, dee mer elo hei vun dem Här Roth nach eng Kéier presentéiert kritt hunn, suivéieren. An ech mengen, deen Opruff, deen hate mer och alleguerten an der Kommissioun gemaach.

Dann um Enn géif ech natierlech den Accord vu menger Fraktioun ginn an lech alleguerte Merci soen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Hansen. Dann huet d'Madame Loschetter d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech ka mech just nëmmen deem uschléissen. Den Här Roth huet gutt skizzéiert, wéi eng Diskussioune mer an der Kommissioun haten, an och hu mer eis effektiv ënnerhalen iwwert d'Préoccupatioune vu Bierger a Biergerin, déi notamment eng Wunneng kafen respektiv verkafen, mä virun allem kafen, an op där anerer Säit och déi Préoccupatioune vun de Gemengeresponsabelen, fir am Fong geholl där Problematik, mat där si vläicht zu Recht oder och oft zu Onrecht konfrontéiert sinn, gerecht ze ginn.

D'Gemengevertrieder sinn oft mat Reklamatioune konfrontéiert, wou si eigentlech wéineg Handhab hunn an dofir awer och wëssen, datt et wierklech eng Problematik ass, déi net einfach ze léisen ass. Doriwwer hu mer och diskutéiert. Dofir schléissen ech mech Äre Remarquen un.

Fir de Rescht, Här Fayot, villmools Merci fir deen ausführleche Rapport. Et war eng flott, konstruktiv Diskussioun an der Kommissioun. An ech wollt och den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet ginn.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Dann huet den Här Reding d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Och ech wollt dem Fränz Fayot Merci soe fir säi ganz exzellenten an ausféierleche Rapport. Ech mengen, d'Kolleege Roth, Hansen a Loschetter hunn de Fanger op d'Wonn geluecht. Eis Virfahren 1988, wéi se dat Gesetz gemaach hunn, hunn einfach net un déi praktesch Problemer geduecht, déi sech do kéinte weisen, an et brëngt näischt, ëmmer erëm den Délai ze verlängeren.

Mir hunn elo den Délai dann ëm zéng Joer nees verschubst. Mir sollten awer elo wierklech déi Zäit notzen, fir eng nohalteg Léisung ze fanne fir d'Problemer!

A si ginn nach vill méi wäit, wéi de Gilles Roth gesot huet, dee geschwat huet vu Parties communes, déi mat abegraff ginn. Et geet nach vill méi wäit, well et gëtt entre-temps Appartementer, déi och als solch am Kadaster agedroe sinn, déi awer deemools iergendwann an de 50er Joren net esou genehmegt waren. Dat heescht, do ware schonn e puer Propriétairen, déi Appartementer kaaft hunn, déi u sech keng Appartementer sinn, déi awer hir Compteuren hunn a wou säit Jorzéngte Leit wunnen. An do muss een einfach déi Technicitéit do ugoen.

Mir mussen eng Léisung fannen, wéi déi dote Saache kënne regulariséiert ginn. Nëmmen dann hu mer eng nohalteg Léisung.

Meng Fraktioun wäert deen Text do stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Merci. Dann huet d'Regierung d'Wuert, nach eng Kéier de Finanzminister.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt emol e grousse Merci un den Deputéierte Fränz Fayot fir säi schréftlechen an och mëndleche Rapport, deen effektiv vill an d'Detailer gaangen ass. En Fait fir een eenzege Saz, dee ganz einfach gesot ass: dass mer den Délai ëm zéng Joer verréckelen. Mä richtegerweis ass ënnerstrach ginn, dass dat nëmmen déi éischtbescht Léisung ass, fir eis e bëssen Zäit ze kafen.

Elo si mer säit 1988 ënnerwee. Dat si 25 Joer, a wann een der nach zéng derbäirechent, da sinn et der 35; dat ass annerhallef Generatioun. Mir hunn nëmmen d'Halschent vun de Problemer geléist, d'Halschent vun de Gebaier vu virun '88 sinn elo klasséiert, an ech huele ganz gär déi Propositioun, déi vum Deputéierte Gilles Roth gemaach ginn ass an déi och, mengen ech, an der Cofibu diskutéiert ginn ass, op, fir dass mer eis sollen zesumme mam Syvicol a mat vläicht all deenen anere Partner, déi nach missten do erugeholl ginn, deem Problem unhuelen, well soss si mer an zéng Joer wahrscheinlech op därselwechter Plaz erëm amgaangen, den Délai ëm e puer Joer ze verréckelen.

Ech wollt der Cofibu an dann och der Chamber Merci soen, dass mer dat esou séier konnten awer hei op den Dësch kréien, dass mer et konnten nach zurzäit stëmmen, fir dass et Gesetz ass virum 1. Abrëll 2014. Soss hätte mer e Vide juridique gehat, wat net gutt gewiescht wier.

An ech mengen, an där kuerzer Zäit, déi mer haten, hate mer net vill aner Méiglechkeeten, wéi elo den Délai ze verlängeren. Et huet op jidde Fall dee Virdeel, dass mer eis Zäit ginn, dass mer elo keng Pressioun op de Marché immobilier maachen oder d'Ventë méi schwéier maachen, wat och nach en Impakt um Präis gehat hätt, wat wierklech dat schlëmmst gewiescht wier, wat mer hätte kënne maachen.

An deem Sënn freeën ech mech, dass mer dofir Unanimitéit hunn, an ech wäert mech engagéieren, fir dass mer dee Problem iwwert déi nächst Méint a Jore wäerte léisen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Finanzminister. Mir géifen dann zum Vote iwwert de Projet 6649 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6649 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Voten. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss.

59 Votanten, dovu 57 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet adoptéiert.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6649 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An déi traditionell Fro: Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6562 iwwert d'Rechter vun den Affer vu Mënschenhandel. D'Riedezäit ass nom

Basismodell festgeluecht. Ech hu bis elo ageschriwwen als Riedner: déi Häre Mosar, Arendt, Angel a Reding.

An ech géif direkt d'Wuert un d'Madame Rapportrice vum Projet, d'Madame Viviane Loschetter, weiderginn.

9. 6562 - Projet de loi renforçant le droit des victimes de la traite des êtres humains et portant modification (1) du Code pénal; (2) de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse; (3) de la loi du 8 mai 2009 sur l'assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains et modifiant le Nouveau Code de procédure civile; (4) de la loi du 29 août 2008 portant sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Rapport de la Commission juridique

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet huet als Zil, d'Rechter vun de Victimes vun der Traite des êtres humains, dat heescht vum Mënschenhandel ze verstäerken. Domadder gëtt souwuel de Code pénal adaptéiert a verschiddenen Artikele wéi och d'Gesetz vum 12. Mäerz 1984 iwwert d'Indemnisation de certaines victimes de dommages corporels, d'Gesetz vum 8. Mee 2009 iwwert d'Assistance, d'Protection an d'Sécurité vun de Victimes vun der Traite an d'Gesetz vum 29. August 2008 iwwert d'Libre circulation des personnes. A mat dësem Gesetz setze mer d'Direktiv 2011/36/UE an en nationaalt Gesetz ëm.

Dëse Projet ass den 11. Abrëll 2013 déposéiert ginn, dat heescht eng Woch no deem leschten Délai vun der Transpositioun vun der Direktiv. Dat heescht mir hunn Urgence en la matière.

D'Kommissioun huet sech den 18. Dezember eng éischte Kéier mat dësem Projet befaasst, an ech wëll vun hei aus alle Bedeelegten e grousse Merci ausriichten, déi mat dozou bäigedroen hunn, datt mer konnten esou séier d'Aarbechten ofschléissen an de Projet haut zum Vote presentéieren.

D'Traite des êtres humains ass wuel eng vun de violenteste Formen, fir géint d'Mënscherechter ze verstoussen, an ass sonner Zweifel der Sklaverei gläichzestellen.

Eleng an der EU ass mat bal 900.000 Victimen ze rechnen. D'Organisation Internationale du Travail schätzt weltwäit d'Zuel vun de Victimë vun der Traite op ronn 21 Milliounen. Et ass en extrem lukratiivt Geschäft, geschat an de Paragë vu 25 Milliarden Euro.

Et gi vill verschidde Formen, fir Mënschen auszebeuten. Déi heefegst si sonner Zweifel de Sexhandel mat ronn 60% an den Handel vun der Aarbechtskraaft mat ronn 23% vun alle Victimen.

Tëscht 2008 an 2010 ziele mer 68% Fraen, 12% jonk Meedercher, 17% Männer an 3% Jongen. Et gëtt eng Genderkonnotatioun an dësem Handel. D'Frae ginn éischter fir de Sex mëssbraucht - 96% vum Sexhandel si Fraen - an d'Männer als Aarbechtskraaft - 77% vun der Aarbechtssklaverei si Männer.

E beonrouegende Phenomeen ass, datt innerhalb vun der EU 44% vun de Victimë Member vun der EU sinn, meeschtens aus Bulgarien oder Rumänien.

Säitdeem Lëtzebuerg d'Convention sur la lutte contre la traite des êtres humains vum Conseil de l'Europe ëmgesat huet, hu mer elo éischt Statistiken am GRETA-Rapport virleien, e Rapport, deen de 14. Januar 2014 publizéiert ginn ass an den 12. Februar (veuillez lire: den 12. Mäerz) - haut - an der Commission juridique presentéiert ginn ass.

Dräi Victimë sinn 2009 identifizéiert ginn, dovunner zwou Fraen an ee Kand; siwe Victimen am Joer 2010, dovunner sechs Fraen an ee Mann; aacht Victimen am Joer 2011, dovunner siwe Fraen an ee Kand, a véier Victimen am Joer 2012, dovunner zwou Fraen, ee Mann an ee Kand.

Mir hunn awer och éischt Donnéeën iwwert d'Täter duerch den éischte Rapport aus dem Joer 2013 iwwert den „trafficking in human beings", vum Eurostat publizéiert:

2008 sinn aacht Männer wéinst Mënschenhandel identifizéiert ginn, 2009 sinn et der dräi an 2010 fënnef Männer an eng Fra. Bei de Verhaftunge fanne mer meeschtens de Sexhandel als Cause erëm. 2009 ware véier vu fënnef Verhaftunge wéinst Sexhandel an am Joer 2010 waren et der 15 vun 29 Verhaftungen. 2008 si véier Uerteeler prononcéiert ginn, sechs am Joer 2009 an, bemierkenswäert, 29 am Joer 2010.

Sief nach preziséiert, datt Lëtzebuerg an dësem Kontext net nëmmen d'Convention vum Conseil de l'Europe ënnerschriwwen huet, mä och nach eng ganz Rei vu Konventioune ratifizéiert huet, fir sech am Kampf géint de Mënschenhandel staark ze maachen. Dir fannt déi am schréftleche Rapport, ech zielen déi elo net all op.

Zu Lëtzebuerg hu mer kee spezifeschen Aktiouns- oder Strategieplang fir spezifesch Mënschenhandelsfroen, mä mir hunn en nationalen Égalitéits-Aktiounsplang 2009-2014, wou och dës Froe mat ernimmt gi sinn, ouni allerdéngs spezifesch Mesurë virgesinn ze hunn.

De Moment gëtt et nach en informellen interministerielle Comité „Traite", deen d'Aktiounen aus de verschiddene Ministèren ofstëmmt, an dëst mat grousser Effikassitéit.

Dësen informelle Comité gëtt dann awer elo duerch e Comité de suivi de la lutte contre la traite des êtres humains ersat, esou wéi et virgesinn ass am Gesetz vun 2009, an domadder wär deen informelle Comité eigentlech institutionaliséiert. Sief och nach bemierkt, datt dat Reglement vum Gesetz 2009 vum Statsrot erëmkomm ass a prett ass, fir direkt an Applikatioun ze kommen. Et sinn haaptsächlech de Justizministère, de MEGA, den Intérieur an den Ausseministère, déi sech am Comité de suivi wäerte concertéieren.

D'Direktiv schreift och fir, datt all Memberstat e Rapporteur national nomméiere muss, fir de Suivi vun den Aktiounen ze garantéieren. D'Commission juridique, no kuerzer Diskussioun, huet dësen Optrag der Commission consultative des droits de l'Homme ginn. D'Commission juridique ënnersträicht allerdéngs och, datt d'Commission consultative iwwert déi noutwendeg Moyene muss kënne verfügen, oder misst kënne verfügen, fir dëser wichteger a schwiereger Missioun gerecht ze ginn.

Wat sinn dann elo déi wichteg nei Elementer an dësem Projet de loi? Et sinn der haaptsächlech zwee.

Éischtens: Virun allem gëtt d'Definitioun vun dem Begréff „victime de la traite des êtres humains" méi breet an och méi prezis gestalt. Den Artikel 382-41 vum Code pénal kritt zwou Notioune bäi: éischtens d'Mendicité forcée an zweetens den Trafic d'enfants.

D'Mendicité forcée gëtt gläichgestallt mat der Notioun vun „travaux" oder „services forcés", esou wéi se definéiert ass an der Convention vun der OIT vun 1930. D'Mendicité forcée ass en Acte de traite, soubal déi Persoun, déi heescht, dofir rekrutéiert, transportéiert oder empfaange ginn ass.

Dat ass eng wichteg Neierung, wëssend, datt mir och hei zu Lëtzebuerg mam Phenomeen vun der Mendicité konfrontéiert gi sinn an et oft schwiereg ass, adequat ze reagéieren.

Iwwregens, de Moien an onser Commission juridique huet de Procureur Frising dat och nach eng Kéier ënnerstrach. En huet gesot, datt eigentlech d'Mendicité forcée sech schwéier mat penale Mesurë bekämpfe léisst oder et schwéier ass, mat penale Mesuren eppes ze erreechen, an datt et éischter e soziale Problem ass.

An der Kommissioun ass eng interessant Diskussioun opkomm iwwert d'Mendicité en général an déi kloer Trennung, déi ze maachen ass tëscht Mendicité simple ou de besoin an der Mendicité forcée. Mir sinn zur Konklusioun komm, datt et am Kontext vun dësem Projet de loi, dee sech mat der Traite beschäftegt, mam Mënschenhandel beschäftegt, net ubruecht wär, eng Vermëschung vun dësen zwou Forme vu Mendicitéit ze maachen.

D'Kommissioun huet iwwer en Amendement de Begréff vum Kannerhandel wëllen an dëst Gesetz mat erabréngen, well mer zu Lëtzebuerg leider zwee bekannt Fäll vu Kannerhandel hunn. Op Suggestioun vum Statsrot gëtt den Artikel 382-1 komplettéiert mam Begréff vun „vente d'enfants".

D'Kommissioun huet sech och verséchert, datt de Prélèvement d'organes genuch reglementéiert ass, fir net mussen am Kader vun der Traite berücksichtegt ze ginn.

Dann zweetens, wichtege Pool vun Erneierungen: d'Victime kritt méi Rechter. Et gëtt kloergestallt, datt d'Assistance e Recht ass, dat net gekoppelt ass un d'Kollaboratioun vun der Victime. Eleng d'Méiglechkeet, fir gegebenenfalls en Titre de séjour ze kréien, ass un d'Kooperatioun gekoppelt, mä d'Assistance net.

D'Victime vun der Traite ass dispenséiert, fir mussen eng Plainte écrite ze maachen. D'Kommissioun ass allerdéngs der Meenung, datt et wichteg ass, datt och d'Victimë vun der Traite sollen eng Plainte écrite maachen, a freet, datt all implizéierten Acteur dofir sensibiliséiert gëtt.

D'Victimë si laut Artikel 8 vun der Direktiv fräi vu Poursuitë wéinst illegalen Akten, déi si am Kader vun hirer Condition en victime, als Victime gemaach hätten. Dozou ass ze soen, datt dës Absence de poursuites schonns säit Joren hei am Land applizéiert ginn ass a vum Comité interministériel suivéiert ginn ass. Déi présuméiert Victimen aus Drëttlänner kréien d'Méiglechkeet vun engem Délai de réflexion vun 90 Deeg an en Titre de séjour, ënnert der Bedingung, datt se kollaboréieren.

Ech wëll och do nach eng Kéier preziséieren an, entschëllegt mech, Här President, wann ech e bëssen..., well et ass awer e ganz komplext Thema: Och de Moien hu mer am Kader vum Rapport GRETA nach eng Kéier ënnerstrach, datt mir als Lëtzebuerg eigentlech ganz generéis si mat deenen 90 Deeg de réflexion, well déi sinn esou net virgesinn an der Direktiv an et gëtt keen anert EU-Land, wat esou generéis ass mam Délai de réflexion.

Ech sinn allerdéngs perséinlech der Meenung, datt deen Délai de réflexion net vu Muttwëll ass, wëssend, datt mer awer nach ëmmer - trotzdeem - eng Plaque tournante vun der Prostitutioun, och vu Mënschen aus Drëttlänner, hei zu Lëtzebuerg sinn. Dëst - eben deen Titre de séjour -, fir de Risiko ze ëmgoen, datt d'Victimes vun Drëttlänner eben expulséiert ginn, och.

Den Artikel 17 vun der Direktiv proposéiert, datt all Victime, egal ob aus engem Memberland vum Conseil de l'Europe oder net, déiselwecht Rechter op Indemnitéiten huet.

Hei zu Lëtzebuerg brauch d'Victime hir Incapacité de travail oder de Préjudice subi net ze beweisen, well et logesch schéngt, datt eng Persoun victime vun der Traite en Dommage physique et/ou psychique erlidden huet.

Déi Victimen, déi am Ausland net kënnen indemniséiert ginn, ginn zu Lëtzebuerg entschiedegt, wa se beweise kënnen, datt si hire festen a regelméissege Wunnsëtz hei zu Lëtzebuerg hunn.

Mir sinn och hei zu Lëtzebuerg all Joers konfrontéiert mat mannerjährege Victimen, dat ass och en neien Aspekt. Dëse Projet de loi geet dofir och méi spezifesch op d'Rechter vu Mannerjähregen an. Et ginn dräi Fäll genannt, wou eng mannerjähreg Persoun e Recht op en Tuteur huet: éischtens, wann et keng erwuesse Persoun gëtt, déi fir déi mannerjähreg verantwortlech ass; zweetens, wann et laut Gesetz e Conflit d'intérêts gëtt tëscht der Persoun mat der Autorité parentale an där mannerjähreger an net an hirem Intérêt supérieur kann agéiert ginn, an drëttens, wann et laut Gesetz vun der Natioun vun der Victime e Conflit d'intérêts gëtt tëscht der Persoun mat der Autorité parentale an der Victime an net an hirem Intérêt supérieur kann agéiert ginn.

D'Victime gëtt esou laang vun hirem Tuteur vertrueden, wéi déi Situatioun aktuell ass oder bis se vun enger Autoritéit vun hirem herkömmleche Land en charge geholl gëtt. Datselwecht gëllt och, wann et Onkloerheete gëtt iwwert den Alter vun der Victime, mä ugeholl ka ginn, datt se mannerjähreg ass.

D'Commission consultative des droits de l'Homme begréisst dëse Projet de loi, mä méi speziell och, datt d'Mendicité forcée als Traite definéiert gëtt. Si wënscht sech, datt dat Gesetz sech soll kloer positionéiere par rapport zum Délai de prescription vun Akten, déi op Mineurs begaange ginn, a freet sech, ob den Tuteur un den Tribunal de la jeunesse oder un den Tribunal des tutelles ugegliddert gëtt.

Si hätt sech och en Droit de séjour ouni Obligation de coopérer kënne virstellen. Iwwregens, dat ass och eng Recommandatioun vum GRETA-Rapport. Si wënscht sech - elo d'Commission consultative -, datt d'Proposition de directive fir Produits vu Crimes anzefréieren, méi séier virugedriwwe gëtt. Schlussendlech freet d'Commission consultative des droits de l'Homme e Posten a finanziell Méiglechkeeten, fir kënnen eng adequat Assistance des victimes ze garantéieren.

Fir den Avis vum Statsrot an de Commentaire des articles verweisen ech op mäi schréftleche Rapport.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Merci, Här President, fir d'Méiglechkeet gehat ze hunn, méi laang ze schwätzen. Et wär net anescht méiglech gewiescht, fir e komplette Rapport ze maachen. An ech ginn an engems dann awer och den Accord vun der gréngen Fraktioun zu dësem wichtege Projet.

Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Rapportrice. Dann huet als Éischten d'Wuert den honorabelen Här Laurent Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Mënschenhandel ass ee vun deenen onappetitlechsten a ruckelzegste Phenomeener, mat deene mir an eise Gesellschafte konfrontéiert sinn. Ëmmer méi Mënschen, ganz besonnesch Fraen, awer och ëmmer méi Kanner, ginn Affer vu Mënschenhändler, deenen all Mëttel recht sinn, fir hir lukrativ Aktivitéiten op deenen hirem Réck kënnen ze développéieren.

An net méi spéit wéi haut ass de Rapport vun der UNO-Beoptragter iwwert de Kannerhandel erauskomm. A wann een déi Zuelen do kuckt - ech hu se just kuerz kënnen iwwerkucken -, si se beängschtegend, well anscheinend déi Zuelen extrem eropginn. Do ginn och haaptsächlech zwou Ursaachen uginn. Dat eent ass, an dat muss engem am meeschten ze denke ginn, déi sozial Hemmschwell, besonnesch fir Sex mat Kanner, ass ganz staark erofgaangen. Doniewent spillt awer och den Internet eng ëmmer méi grouss Roll. A wéi gesot, dat mécht engem eigentlech net allze vill Hoffnungen, wann een déi Zuelen do gesäit.

De Mënschenhandel ass souwéisou ee vun deenen aggressiivsten Ugréff op d'Dignitéit vun engem Mënsch a senge Grondrechter. An dofir ass et och wichteg, datt mer haut dat Gesetz do stëmmen. Ufänke wéilt ech mat engem Merci un eis Présidente-rapportrice, déi e ganz exzellente schréftlechen an och mëndleche Rapport gemaach huet. Si huet dat als Netjuristin gemaach, an ech muss soen: Chapeau! Madame Présidente-rapportrice, Dir hutt dat ganz gutt gemaach.

Ech brauch dofir och net an den Detail vun deenen eenzelnen Dispositiounen ze goen. Just e puer méi grondsätzlech Iwwerleeungen an och vläicht e puer kleng Kritiken. Ech hat dat och schonn an der Kommissioun gesot: Ech bedaueren e bëssen - dat ass dann e Virworf un déi viregt an och e bëssen un déi heiteg Regierung -, datt trotzdeem relativ laang mat der Transpositioun vun där Direktiv gewaart ginn ass. D'Explikatioun, déi ech kritt hunn, ass eng logesch: de Manktum u Leit. Trotzdeem, an ech mengen, mir sinn eis och do eens, esou ee Gesetz, wat wierklech hei de Kampf géint de Mënschenhandel als Objektiv huet, sollt trotzdeem eng gewësse Prioritéit, mengen ech, och an engem Ministère de la Justice kréien.

Ëm wat geet et elo fundamental an dëser Direktiv? Fir d'Éischt gëtt e sougenannten nationale Rapporteur iwwert de Phenomeen vum Mënschenhandel instauréiert, an do ass no längeren Diskussiounen, och an der Commission juridique, décidéiert ginn, datt déi Missioun sollt vun der Commission consultative des droits de l'Homme iwwerholl ginn. Meng Fraktioun an ech selwer sinn och iwwerzeegt, datt dës Missioun optimal bei där Kommissioun domiciliéiert wäert sinn. An ech sinn och iwwerzeegt, esou, wéi ech déi Leit kennen, datt si déi Missioun mat ganz vill Engagement a Fangerspëtzegefill wäerten ausféieren.

Ech kommen allerdéngs net derlaanscht, Dir Dammen an Dir Hären, op eng Remarque anzegoen, déi de Statsrot a sengem Avis virbruecht huet, wat d'Attitüd vun der Madame Médiateure an dësem dach äusserst kriddelechen a sensibelen Dossier ugeet. De Statsrot ënnersträicht nämlech zu Recht, datt et net ka sinn, datt eng ëffentlech Institutioun Fuerderungen un de Législateur stellt a gläichzäiteg seet, wann dës Fuerderungen net géifen erfëllt ginn, si net méi interesséiert wär, fir dës Missioun auszefëllen. Dëst ëmsou méi, wann ee weess, datt eng vun den Exigenze vun der Madame Médiateure war, en Ableck a penal Dossieren ze kréien, wat jo absolut net méiglech ass, an ech mengen, de Parquet huet dat jo nach eng Kéier kloer ënnerstrach. Ech deelen dofir och d'Iwwerraschung vum Statsrot par rapport zu där Attitüd vun der Madame Médiateure.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat selwer 2009 de Pleséier, Rapporteur iwwert d'Gesetz vum Afferschutz ze sinn. An dofir muss ech soen, datt dëse Projet nach eng Kéier de Schutz vun den Affer vum Mënschenhandel verstäerkt, andeems verschidden Dispositiounen an eise Code d'instruction criminelle ageschriwwe ginn, fir d'Éischt wat d'Plainte ubetrëfft, déi vun allergréisster Wichtegkeet sinn, well ebe justement, wéi d'Madame Rapportrice dat och schonn ënnerstrach huet, keng schréftlech Plainte méi muss gemaach ginn an d'Affer och net poursuivéiert gëtt, wann et direkt oder indirekt un enger Strofdot bedeelegt war.

Mä déi wichtegst nei Dispositioun ass awer, datt déi zukünfteg Affer, déi aus Drëttlänner kommen, an Zukunft automatesch an de Ge-

noss vun enger Openthaltsgenehmegung kommen, ënnert där Konditioun natierlech, datt se aktiv matschaffen un de Poursuiten.

Dëse Projet, Här President, ass also e wichtege Mosaiksteen an der Bekämpfung vum internationale Mënschenhandel. An dofir wäerte mir och dëse Projet mat Iwwerzeegung stëmmen.

Ganz zum Schluss, erlaabt mer awer nach op ee Punkt ganz kuerz zréckzekommen, deen och scho vun der Madame Loschetter ugeschwat ginn ass, nämlech dee vun der Mendicitéit. Fir meng Fraktioun a fir mech selwer ass d'Thematik vun der Mendicitéit eng ganz wichteg, ganz besonnesch an der Relatioun mat Kanner, déi gebraucht oder mëssbraucht ginn, ganz oft am Kontext vun der organiséierter Kriminalitéit. Mir deelen natierlech och do d'Meenung, déi och scho vun der Madame Loschetter virdrun hei virgedroe ginn ass, datt een net eleng mat repressive Methoden hei ka virgoen, mä datt een och do e Gesamtkonzept vu sozialem Encadrement bräicht.

Nach géife mir awer d'Regierung, Här Justizminister, bieden, de Sujet vun der Mendicitéit an enger vun deenen nächste Sitzunge vun der Commission juridique ze diskutéieren an och vläicht e bësselchen ze kucken, wat fir eng Pisten eis Nopeschlänner do ageschloen hunn, well do fënnt een notamment am franséischen Text awer déi eng oder aner interessant Pist.

Dat gesot, géif ech hei nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun brengen an Iech Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Mosar. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Arendt.

M. Guy Arendt *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Rapportrice fir d'Éischt e ganz grousse Merci ausdrécke fir hiren ausféierleche Rapport, an deem se op déi wichteg Punkte vun dësem Projet agaangen ass. Meng Virriedner hunn am Fong och schonn e groussen Deel skizzéiert, esou dass ech mech kann e bësse méi kuerz faassen.

De Projet de loi, iwwert dee mer de Mëtteg hei schwätzen, behandelt de Mënschenhandel; eigentlech en Thema, un dat mir net esou oft denken, well et fir eis selbstverständlech ass, dass d'Mënscherechter geschützt ginn. Mir mussen awer leider erëm feststellen, dass et och an eisem Land Situatioune ginn, wou Mënsche kaaft a verkaaft ginn, wou si géint hire Wëlle fir sexuell Zwecker ausgebeut ginn a wou si fir en Apel an e Stéck Brout versklaavt ginn.

D'Zuel vun den opgedeckte Fäll huet iwwregens zougeholl, wat beängschtegend ass. Dës Situatioun ass wierklech net ze erdroen. An dofir ass et wichteg, dass mir weider opmierksam sinn, dass déi fundamentaalst Rechter, déi d'Mënschen hunn, net mat Féiss getrëppelt ginn.

Dëse Gesetzestext ass e wierkleche Schrëtt an déi richteg Richtung, fir sécherzestellen, dass all eis Matmënschen an hire Rechter an an hirer Dignitéit respektéiert ginn. D'Asetze vun engem nationale Rapporteur garantéiert, dass d'Fäll vu Mënschenhandel direkt erkannt ginn. D'Commission consultative des droits de l'Homme ass do a mengen Aen dat richtegt Gremium, fir ze handelen.

D'Verstäerkung vun de Rechter vun den Affer stellt sécher, dass dëse Persounen esou schnell wéi méiglech gehollef gëtt. Besonnesch wichteg ass et och, dass déi Mannerjähreg zousätzlech a Schutz geholl ginn, well si ëmsou méi verletzlech sinn. Duerch d'Erweiderung vun de Praktiken, déi als Mënschenhandel gezielt ginn, gi mer eis Mëttel, fir den Täter et net ze erlaben, juristesch Grozonen ze notzen.

Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass eist Zesummeliewen op géigesäitegem Respekt baséiert an dass deem enge seng Rechter do ophalen, wou deem anere seng ufänken. Liicht verletzlech Mënsche brauchen also eise verstäerkte Schutz. Dëse Gesetzestext stellt sécher, dass all Mënsch säi Liewen esou gestalte kann, wéi hien oder hatt dat wëllt, ouni dass de fräie Wëllen erstéckt gëtt.

Här President, ech bréngen heimadder och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleienden Text an ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Arendt. Den nächste Riedner ass de Marc Angel.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech och direkt dem Merci fir d'Madame Loschetter uschléisse fir hire gudde mëndlechen a schréftleche Rapport, an deem se wierklech all Facettë vum Mënschenhandel, och mat Zuelematerial, dat iwwregens erschreckend ass, beliicht huet, an och d'Avisen, déi mer zu deem Projet kritt hunn, a virun allem och d'Aarbechten, déi flott Aarbechten, déi mer an der Kommissioun zu deem schrecklechen Thema haten, exzellent résuméiert huet.

De Mënschenhandel ass en Deel vun der organiséierter Kriminalitéit, wat jo eng Kriminalitéit ass, déi keng Grenze kennt. Dofir ass et och wichteg, dass d'EU sech deem Dossier ugeholl huet, well eleng als Lëtzebuerg kéinte mer hei net vill maachen. D'LSAP begréisst dëse Projet de loi a mir wäerten deem och zoustëmmen.

De Mënschenhandel ass deen infektsten, deen dégoûtantsten - an ech muss oppassen op meng Wierder hei an deem héijen Haus -, et ass wierklech dee schlëmmsten Handel, well d'Wuer, d'Wuer ass hei de Mënsch. Aner illegal Händel, Drogenhandel, Waffenhandel, do muss eppes produzéiert ginn. Hei gëtt mat Mënsche gehandelt, déi einfach geholl ginn aus hiren Dierfer, aus hire Familljen erausgerass ginn, aus hire Stied, aus hire Länner. Et ginn do keng Produktiounskäschten, wat de Mënsch ubelaangt. An dofir gëtt och esou vill Geld mat deem infekten Handel verdéngt. Dofir ass et gutt, dass mer haut hei dee Projet de loi hunn.

- considérant que les Ministres Etienne Schneider (Économie) et Carole Dieschbourg (Environnement) ont plaidé dans leurs respectifs Conseils des Ministres de l'Énergie et de l'Environnement pour des objectifs ambitieux en matière d'efficacité énergétique, des énergies renouvelables et du climat;

- estimant que ces objectifs sont en accord avec le programme gouvernemental 2013-2018 et notamment le passage suivant: «Le Gouvernement s'engagera résolument au niveau de l'Union européenne en faveur d'objectifs ambitieux et contraignants que ce soit dans le domaine de l'efficacité énergétique, des énergies renouvelables ou de la protection climatique et en fera une priorité diplomatique lors de la Présidence en 2015.»;

invite le Gouvernement

- à poursuivre tous les efforts nécessaires pour atteindre les objectifs fixés pour 2020 en matière de réduction des émissions de gaz à effet de serre (-20% par rapport à 1990), en matière de la promotion d'énergies renouvelables (20% de la consommation) et de l'efficacité énergétique (+20%);

- à plaider pour des objectifs communautaires ambitieux et contraignants pour 2030 en matière d'efficacité énergétique, d'énergies renouvelables (au moins 30% de la consommation finale) et de réduction des émissions de gaz à effet de serre (40% comparé à l'année 1990), tout en précisant que l'objectif pour les énergies renouvelables au niveau national et en cas de nécessité les mesures de soutien financier y relatives seront fixés début 2016 suite à une évaluation dans ce domaine;

- à défendre ces objectifs contraignants lors des futures réunions au niveau communautaire, notamment lors du Conseil européen des 20 et 21 mars 2014;

- à préserver la compétitivité de l'industrie et de l'économie européenne à court terme en prenant des mesures concrètes pour réduire le coût de l'énergie pour les entreprises et industries concernées, également en utilisant les potentiels en matière d'efficacité énergétique;

- à tenir informée la Chambre des Députés en relation avec les évolutions dans ces dossiers au niveau communautaire.

(s.) Henri Kox, Franz Fayot.

M. le Président.- Merci dem Henri Kox. Mir géifen dann déi Propositioun, déi den Här Kox gemaach huet, fir d'Motioun direkt ze traitéieren nom éischte Projet, am Rahme vum Ordre du jour tranchéieren.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Här President!

M. le Président.- Jo, den Här Turpel.

4. Dépôt d'une motion par M. Justin Turpel

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Här President, ech wollt Iech matdeelen, also, datt ech an deem Kader vun deem Punkt, deen elo ugeholl ginn ass op den Ordre du jour, eng alternativ Motioun géif presentéieren. Ech géif Iech déi och da ginn.

Motion

La Chambre des Députés,

- étant profondément préoccupée par les causes et les effets des changements climatiques;

- considérant la nécessité de maintenir la hausse de la température globale sous le seuil des 2°Celsius, tel que convenu par l'Union européenne;

- considérant que cet objectif nécessite un accord visant à décarboner notre économie et transformer notre système énergétique par une réduction considérable de la consommation énergétique et une augmentation de la production issue de sources renouvelables;

- constatant que la proposition de 40% de réduction des émissions de gaz à effet de serre actuellement sur la table n'est pas suffisante pour faire face au danger qui menace notre planète;

invite le Gouvernement

- à plaiderpour que le Conseil européen soutienne un plan d'action à la hauteur de cet enjeu, visant:

a) une réduction des émissions internes de l'Union d'au moins 55%,

b) des objectifs contraignants de 45% d'énergies renouvelables et

c) 40% d'économie d'énergie d'ici 2030.

(s.) Justin Turpel.

M. le Président.- Dat ass eng interessant Neierung, eng Alternativ zu enger Motioun ze ginn, déi een nach net kannt huet.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Dat ass an der Kommissioun diskutéiert ginn.

M. le Président.- An der Kommissioun? Très bien. Da ginn ech déi Motioun weider a mir géife se da matenee behandelen.

5. Communications

Ech hunn da folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro vun der Chamber deponéiert.

2) Folgend Projete goufen an der Chamber deponéiert: den 11. Mäerz vum Ausseminister de Projet de loi 6664, e Protokoll iwwert den internationale Pakt zu de wirtschaftlechen, sozialen a kulturelle Rechter; de 17. Mäerz huet de Wirtschaftsminister de Projet 6667 deponéiert, eng Direktiv iwwert d'Dauer oder d'Lafzäit vun den Droits d'auteur; den 18. Mäerz huet de Finanzminister de Projet de loi 6668 iwwert d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwert d'Fiskalitéit vun den Zënse beim Spueren deponéiert.

Communications du Président - séance publique du 19 mars 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

6664 *- Projet de loi portant approbation du Protocole facultatif se rapportant au Pacte international relatif aux droits économiques, sociaux et culturels, adopté par l'Assemblée générale des Nations Unies à New York, le 10 décembre 2008*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 11.03.2014

6667 *- Projet de loi portant transposition de la directive 2011/77/UE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2011 modifiant la directive 2006/116/CE relative à la durée de protection du droit d'auteur et de certains droits voisins et ayant pour objet de modifier la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 17.03.2014

6668 *- Projet de loi portant modification*

1) de la loi modifiée du 21 juin 2005 transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts;

2) de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;

3) de la loi du 21 juin 2005 portant approbation des Accords conclus avec des territoires dépendants ou associés d'États membres de l'Union européenne relatifs à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 18.03.2014

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

6. Changements de composition de commissions parlementaires

Da wollt ech der Chamber folgend Changementer an der Kompositioun vun de Kommissioune proposéieren.

Duerch d'Akraafttriede vum Gesetz vum 10. Mäerz 2014 iwwert de Service de Renseignement de l'État ass, wat d'Zesummesetzung vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun vum Geheimdéngscht betrëfft, vun de Fraktioune folgend Kompositioun proposéiert ginn: den Här Claude Wiseler fir d'CSV, den Här Alex Bodry fir d'LSAP, den Här Eugène Berger fir d'DP, d'Madame Viviane Loschetter fir déi gréng.

An hirem Bréif vum 14. Mäerz huet d'CSV-Fraktioun folgend Ofännerung, wat d'Zesummesetzung vun der Gesondheets- a Sportskommissioun betrëfft, proposéiert: D'Madame Martine Hansen ersetzt den Här Marc Spautz fir de Volet Sport.

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- Ass d'Chamber mat dësen Ännerungsvirschléi, wat d'Zesummesetzung vun de Kommissiounen ugeet, d'accord?

Plusieurs voix.- Neen.

Une voix.- Très bien!

(La Chambre marque son assentiment aux propositions avec trois voix contre de la sensibilité politique ADR.)

M. le Président.- Okay, et ass eng grouss Majoritéit fir de Jo.

(Hilarité)

7. Ordre du jour

Den Ordre du jour brauch ech net nach eng Kéier virzeliesen, dee fannt Der op Äre Schiermer.

Ech wollt allerdéngs dann am Rumm vun dem Ordre du jour nach folgend Propos maachen: Mir géifen nom éischte Projet a Präsenz vun deenen zoustännege Ministeren dann d'Motioun an d'alternativ Motioun traitéieren. A mir géifen nom zweete Projet déi Question urgente vum Michel Wolter iwwert d'Bauschuttdeponien derbäihuelen.

Ass d'Chamber mat deene Propositiounen d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dat ass nach méi eng grouss Majoritéit.

Sou, mir géifen dann eisen éischte Projet de loi, de Projet de loi 6394, en Accord tëschent Lëtzebuerg, der Belsch, Däitschland a Frankräich iwwer eng Police- an Douaneskooperatioun op de gemeinsame Grenzen, an Ugréff huelen. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell geregelt. Ech hu bis elo d'Aschreiwunge vun deenen Hären Halsdorf an Hahn. An direkt huet d'Wuert…

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- A Kartheiser!

M. le Président.- Okay, jo.

(Interruption)

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech och!

M. le Président.- Dann huet direkt d'Wuert déi honorabel Rapportrice, d'Madame Claudia Dall'Agnol.

8. 6394 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement du Royaume de Belgique, le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne et le Gouvernement de la République française, concernant la mise en place et l'exploitation d'un centre commun de coopération policière et douanière dans la zone frontalière commune, signé à Luxembourg le 24 octobre 2008;

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française relatif à la coopération dans leurs zones frontalières entre les autorités de police et les autorités douanières, signé à Luxembourg le 15 octobre 2001

Rapport de la Commission de la Force publique

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer elo herno solle stëmmen, gouf vun eisem Ausseminister, dem Jean Asselborn, den 8. Februar 2012 schonn déposéiert. De Projet de loi huet nëmmen een Artikel. An ech probéieren dann elo ze erklären, wat de But vun deem Projet de loi a sengem eenzegen Artikel ass: nämlech deen, zwee Accorden ze approuvéieren.

Deen éischten ass een tëschent Lëtzebuerg, der Belsch, Däitschland a Frankräich fir d'Mise en place an d'Exploitatioun vun engem gemeinsame Police- an Douaneskooperatiounszenter fir d'Grenzregioun. An dësen Accord gouf ënnerschriwwen de 24. Oktober 2008.

Zweetens ass en Accord guttzeheeschen tëschent Lëtzebuerg a Frankräich fir d'Kooperatioun tëschent Police an Douane an der Grenzregioun och erëm, an dee gouf schonn de 15. Oktober 2001 ënnerschriwwen.

Wat sinn elo d'Haaptobjektiver vun dësen zwee Accorden? Zënter dem Accord Schengen, oder besser, zënter datt déi systematesch Grenzkontrollen ofgeschaaft sinn, gëtt et e verstäerkte Besoin, fir grenziwwerschreidend zesummenzeschaffen. An den Artikel 39 am Schengen-Accord, dee gesäit och vir, datt d'Kooperatioun an der Grenzregioun oder an de Grenzregioune ka via bilateral Arrangementer renforcéiert ginn, an dat geschitt dann och elo hei mat dësen zwee Accorden.

Et geet an dësen Ofkommessen ëm d'Sécherheet an och ëm den Ordre public, mä och natierlech ëm d'Preventioun an d'Répressioun vun der grenziwwerschreidender Kriminalitéit, déi hei en Thema sinn.

Wat geschitt dann elo an dësem Centre commun, deen d'Chamberskommissioun vun der Force publique iwwregens de 27. Februar dëst Joer besiche war, wou also all Member d'Chance hat, fir sech en unzekucken, fir awer och déi Froen ze stellen an all Informatiounen ze kréien, déi e fir néideg fonnt huet?

Mir konnten eis also dovunner iwwerzeegen, datt, wéi et eben an dësen zwee Accorde steet, hei Informatiounen a Renseignementer ausgetosch ginn tëschent deene véier Länner, déi ech virdrun opgezielt hunn. An dat geet natierlech vill méi schnell, wéi wann ee misst via Paräis, Bréissel oder awer och Berlin fueren, fir

eenzel Informatiounen ze kréien, vu datt an esou engem Centre commun alleguerten d'Acteuren op enger zentraler Plaz zesummesëtzen.

Dës Zentren, déi hunn awer net d'Vocatioun, sech ze autosaiséieren, mä si sinn Uspriechpartner fir déi Servicer, déi d'Kompetenzen an der Grenzregioun hunn. Si sollen also virun allem, wéi ech scho sot, den Échange vun Informatioune facilitéieren. Si ginn awer och Hëllefstellung bei der Preparatioun zum Beispill vun Observatiounen oder awer och vu grenziwwerschreidende Poursuiten. An de Succès vun esou Zentren, deen ass onëmstridden an e gëtt och innerhalb vu ganz Europa ëmmer méi grouss.

2001 scho gouf jo den Accord mat Frankräich ënnerschriwwen, duerno mat der Belsch an Däitschland. An et sinn zënterdeem ganz gutt Erfahrunge gemaach ginn, esou datt een dovunner kann ausgoen, datt esou Zentren och eng gewësse Laangliewegkeet wäerten hunn.

Den Zentrum, dee mer mat Däitschland, der Belsch a Frankräich gemeinsam hunn, deen huet och iwwregens säi Sëtz hei zu Lëtzebuerg. E beschäftegt 39 Persounen: 8 fir Däitschland, 16 fir Frankräich, 8 fir d'Belsch a 7 fir Lëtzebuerg. Voilà, esou vill dann zum Inhalt vum Projet de loi.

Zum Avis vum Statsrot, deen den 8. Mee 2012 koum: Déi héich Kierperschaft ass d'accord mat dësem Projet de loi, mä si war awer der Meenung, datt den Avis vun der Dateschutzkommissioun wichteg wär. Dee gouf dunn och gefrot an e koum den 19. Abrëll d'lescht Joer, 2013 also.

D'Dateschutzkommissioun ass allgemeng mam Projet och averstanen, mä si bemängelt awer an hirem Avis, datt se net éischter gefrot gouf, zum Beispill schonns dann, wann esou Accorden ausgeschafft ginn. Si stellt nämlech fest, datt an esou Accorden et och drëms geet, fir ebe perséinlech Donnéeën auszetauschen. Mä leider géifen d'Accorden net preziséieren, ëm wat fir eng Donnéeën et dann elo sech hei handelt.

Voilà, da bleift mir nach ze soen, datt ech de 16. Januar dëst Joer zur Rapportrice an der Kommissioun bestëmmt gouf. Deen Dag hu mer dann och déi zwee Avise gekuckt an analyséiert, vun deenen ech Iech elo grad hei geschwat hunn. Mäi schréftleche Rapport, dee gouf dunn no der Visite, déi mer haten - mir haten décidéiert, mir géifen eréischt de Rapport maachen, wann all Kommissiounsmember sech kéint e Bild vun esou Zentre maachen -, dee gouf dunn den 11. Mäerz 2014 an der Kommissioun unanime ugeholl.

Nodeems ech en elo hei mëndlech virgestallt hunn, wär meng Aarbecht als Rapportrice gemaach. An ech profitéieren, datt ech d'Wuert hunn, fir nach den Accord vu menger Fraktioun, de Sozialisten also, fir dëse Projet de loi ze ginn, an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Rapportrice. Als éischten ageschriwwene Riedner huet den Här Jean-Marie Halsdorf d'Wuert. Här Halsdorf.

Discussion générale

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt och der Rapportrice Merci soe fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech stelle mat Genugtuung fest, dass elo definitiv dat wichtegt Instrument fir d'Polizeizesummenaarbecht an der Groussregioun hei legislativ verankert gëtt.

Et muss ee wëssen, dass dëse Centre eenzegaarteg ass an Europa. Et ass deen eenzegen Zentrum, wou Kooperatioun gemaach gëtt zwësche véier Länner. Wat och am Fong geholl sënnvoll ass, well an eise Länner ass jo vill Duerchgangsverkéier hei. Dofir versteet ee vläicht, firwat dass d'Initiativ schonn 2001 geholl ginn ass, fir bilateral zesummenzeschaffe mat de Fransousen. An 2003 ass dann och mat de Belsch a mat den Däitschen e Bureau commun de coopération policière an d'Liewe geruff ginn.

An dann eben dee grousse Moment, an ech mengen, d'Rapportrice huet dat gesot, dat war 2008 am Oktober, wéi déi Konventioun ënnerschriwwe ginn ass. Mä wat e wichtegen Detail fir mech ass, ass deen: Si ass ënnerschriwwe ginn ënner Lëtzebuerger Présidence vun der Groussregioun. Et war déi 11. Présidence. A Lëtzebuerg huet ëmmer eng Motorfunktioun an der Groussregioun. A grad well dëse Büro och grad praktesch deen Areal ofdeckt vun der Groussregioun, kritt mat dësem Büro och, mat dësem Centre commun policier et douanier, déi Groussregioun e Gesiicht. An dat ass fir mech ganz wichteg, dass een dat hei ervirsträicht.

Et ass och ervirzesträichen, dass déi Initiativ, fir déi véier Länner, fir esou e Büro ze maachen, déi steet och am Programm vu Stockholm. De Programm vu Stockholm, dat ass en Instrument, dat ass 2009 an d'Liewe geruff ginn iwwer en Operatiounsprogramm, fir eben an Europa d'Justiz ze stäerken, fir am Fong geholl d'Zesummenaarbecht ze stäerken, d'Sécherheet ze stäerken an d'Fräiheet ze stäerken, an do gi mir nominatif dran opgefouert.

Dofir mengen ech, dat wat d'Rapportrice seet, déi Konklusioun zéien ech och, deen Zentrum huet doudsécher eng grouss Zukunft. E wäert eis villes vereinfachen an der Zesummenaarbecht, ob dat elo Froe si vu Führerschäiner, vun Autoen, vu Virstrofen, Télefonsuschlëss an esou weider, dat fonctionnéiert ganz gutt.

Esou dass ech ganz kloer den Accord bréngen hei vun der CSV, ëmsou méi, well et eng Initiativ war vun der Regierung vu virdrun.

An e lescht Wuert awer, un de Minister wollt ech eng Fro stellen: Ech hunn héieren, dass déi däitsch Présidence vun der Groussregioun, dat ass an dësem Fall da Rheinland-Pfalz, d'Madame Dreyer huet gesot, si hätt gären, dass deen Zenter soll 24 Stonnen op 24 fonctionnéieren. Do war eng Demande do. Ech wollt wëssen, ob et do nei Elementer gëtt an ob mer an déi Richtung ginn, dass deen Zentrum elo da 24 Stonnen op 24 fonctionnéiert, oder nëmmen, wéi et elo ass, am Dag? Dat ass och eng Zukunftsvisioun, déi een do muss hunn. Ech wier frou, wann déi nei Regierung eis géif soen, wou et do géif higoen.

Merci fir Äert Nolauschteren.

M. le Président.- Merci och dem Här Halsdorf. Als nächste Riedner ass den Här Max Hahn ageschriwwen. Här Hahn, et ass un Iech.

Wou ass en?

Une voix.- E kënnt.

(Hilarité)

M. le Président.- Ah, ech hat geduecht, en hätt sech...

M. Max Hahn *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'Éischt emol e grousse Merci un d'Rapportrice, souwuel fir dee schréftleche wéi och fir dee mëndlechen exzellente Rapport.

Här President, mir kënnen houfreg op den Accord vu Schengen sinn, net nëmme well säin Numm d'Faarwe vun eisem Land dobausse vertrëtt, mä besonnesch well hien et engem groussen Deel vun Europäer erlaabt, sech fräi iwwert d'Grenzen ewech ze déplacéieren. Et sollt een op dëser Plaz dann och vläicht nach eng Kéier ënnersträichen, dass den europäesche Projet eist Liewen oft méi kammoud mécht.

Wann eis Grenzen awer ëmmer méi u symboleschem Wäert verléieren, an dat gesäit een an dëse Woche gutt zu Zoufftgen, da verschwannen d'Grenzen och, wat den Asazberäich vun der Police a vun der Douane ugeet. Et ass also wichteg, dass eis Leit mat den Nopeschlänner zesummeschaffen, fir déi national Sécherheet ze garantéieren.

Ech soen Iech näischt Neits, wann ech op déi séllechen Abréch hei am Land opmierksam maachen. Déi lescht Wochen ass méi wéi eng Famill aus dem Wantersport zréckkomm, fir festzestellen, dass d'Brigande bei hinnen am Haus waren. An deem Kontext ass eng gutt an eng effikass Zesummenaarbecht mat dem Ausland bestëmmt net vu Muttwëll. Och kann ech mech nach un de spektakulären Abroch bei enger Sécherheetsfirma d'lescht Joer erënneren. Nëmme wa mir d'Donnéeën iwwer esou Virfäll mat den Autoritéiten aus den Nopeschlänner deelen, kënnen d'Déif gestallt ginn.

Här President, et ass wichteg, dass mir op dëser Plaz en Zeeche setzen an d'Zesummenaarbecht vun eiser Police an der Douane mat den Autoritéiten aus den Nopeschlänner ënnerstëtzen.

Dat gesot, bréngen ech heimat den Accord vun eiser Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Hahn. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wa mer hei iwwert deen Accord diskutéieren, da stelle sech e puer grondsätzlech Froen iwwert d'Sécherheet vun eise Grenzen. Den Här Hahn huet och schonn e puer vun deenen Aspekter opgewisen. Mä ech mengen, et ass eng Geleeënheet, fir eng Kéier kuerz nozedenken, wat Schengen eis u weiderer Verantwortung brénkt am Zesummenhang mat der Polizei- an der Douaneszesummenaarbecht, fir d'Sécherheet vun eise Bierger ze garantéieren.

Et ass kloer, datt mir, wéi jiddwereen, frou sinn, datt et Schengen gëtt an datt oppe Grenzen do sinn. Awer mir setzen eppes derbäi als ADR, wat eis wichteg schéngt: oppe Grenze fir déi éierlech Bierger! Fir déi aner wëlle mer net, datt d'Grenzen duerchléisseg sinn. A mir hätte gär eng Kontroll an deem Mooss, dat néideg ass, fir d'Sécherheet vun eise Leit ze garantéieren.

Dofir froe mer eis: Sinn déi Instrumenter, déi elo do sinn, adequat? Mir hunn en Traité de Prüm, fir d'Zesummenaarbecht tëschent Polizeikräften ze erlaben, zum Beispill am Fall, wou eng Poursuite néideg ass iwwert d'Grenz ewech. Wat eng gutt Saach ass. Wat mer awer net brauchen, dat ass eng Interpretatioun vum Traité de Prüm, wou mer op eemol Lëtzebuerger Polizisten um Trierer Weihnachtsmarkt hunn an däitsch Polizisten op der Fouer. Mir gesinn net, wat dat soll eiser Sécherheet un zousätzlechem Plus bréngen.

Mä mir hunn nach aner Obligatiounen, déi awer wierklech kéinte konkret hëllefen, fir d'Sécherheet tëschent de Grenzen oder op de Grenzen ze verstäerken. An déi hu mer nach net ëmgesat. Ech zitéieren hei besonnesch déi schwedesch Initiativ, déi et eiser Polizei géif erlaben, direkt mat der Polizei vun eisen Nopeschlänner Informatiounen auszetauschen, an déi nach ëmmer net ëmgesat ass, well mir hei am Land kee Polizeigesetz hunn, well hei nach ëmmer déi Fiktioun besteet, als wär all Polizeiinformatioun eng Information judiciaire, déi nëmme kéint iwwert de Wee vun enger Kooperatioun tëschent de Justizautoritéiten dann un d'Nopeschlänner virugi ginn. Dat behënnert eis Polizei an der deeglecher Aarbecht. Dat mécht u sech de Verbriecher en Déngscht an net der Kohärenz, déi mer brauchen, fir d'Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren.

Mir hätte gär, wa mer hei iwwert deen Zentrum schwätzen, dee mer selbstverständlech ënnerstëtzen, well e jo an déi richteg Richtung geet, mä mir hätte gär, datt kohärent e Gesamtkonzept do ass fir d'polizeilech Zesummenaarbecht mat deenen anere Länner. An dozou gehéiert endlech och d'Emsetze vun der schwedescher Initiativ mat dem Corollaire: e Polizeigesetz a kloer Kompetenzen, wat de Gebrauch vun deenen Donnéeën ugeet, déi eis Police huet, datt se déi kann direkt och mat den Nopeschpolicen austauschen.

E Wuert iwwert d'Douane. Och do kann ee sech nëmme wonneren, wat an deene leschte Jore geschitt ass, well mir hu jo do déi Diskussioun gehat iwwer Zoufftgen, oder op jidde Fall stelle mer fest, datt Zoufftgen ofgerappt gëtt. Ech wëll awer d'Virgeschicht dovunner erzielen. Zoufftgen gëtt ofgerappt, obschonn et renovéiert ginn ass. Et ass renovéiert gi vun 2000-2006 op Demande vun der Douane hin. Dat heescht, mir ginn en Douaneshaische renovéieren, wat mer dann e puer Joer drop fir véier Milliounen Euro ofrappe ginn! Do ass keng Kohärenz an et ass keng Logik.

An enger Äntwert op eng Question parlementaire aus dem Joer 2010 huet d'Regierung gesot - et ass nach net laang hier -, do huet d'Regierung gesot: „Les contrôles douaniers aux frontières intracommunautaires", déi wären zwar ofgeschaaft ginn, „les infrastructures Sterpenich, Mesenich et Dudelange-Zoufftgen", déi géifen allerdéngs all hir Pertinenz behalen, well se „des réseaux européens transfrontaliers" géifen ofdecken. An dofir wären déi ganz wichteg, och wéinst den internationalen Accorden iwwert den Transport routier. Dat seet d'Regierung 2010, nodeems se Zoufftgen renovéiert huet, an dann 2000 - wat ass et elo? -, 2014 geet se déiselwecht Infrastruktur fir véier Milliounen Euro ofrappen. Do ass keng Kohärenz!

Wa mir gär hätten, datt och d'Douane kann - an am Kader vum Accord de Schengen ass dat méiglech, ouni nach iergendeppes ze änneren -, datt och d'Douane ka Grenzkontrolle maachen, da muss d'Douane och Infrastrukturen a Méiglechkeeten hunn, fir dat och kënnen an anstännege Konditiounen ze maachen. An dat geet net, wann een déi Infrastrukturen, déi d'Regierung nach selwer virun e puer Joer als wichteg deklaréiert huet, dann ofrappe geet. Dir kënnt d'Douane jo dann net, oder d'Police, deemno wien dann déi Grenzkontrolle muss maachen, an Zelter ënnerbréngen oder einfach op d'Strooss setzen.

Dofir, wat mir gär hätten, obscho mer elo natierlech hei deen Zentrum ënnerstëtzen an d'Gesetz vun haut matstëmmen - ech soen der Madame Dall'Agnol ausdrécklech Merci fir déi gutt Presentatioun vun deem Projet -, mä wat mir gär als ADR hätten, dat ass e kohärente Konzept, fir d'Sécherheet vun eise Grenzen ze garantéieren am Interessi vun der Sécherheet vun de Bierger. Oppe Grenzen, selbstverständlech, awer oppe Grenze fir déi éierlech Leit!

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Nächste Riedner ass den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech wëll emol fir d'Éischt eppes zur Virgoensweis hei soen. Hei hu mer et ze di mat engem Centre, dee jo net elo nei geschafe gëtt, mä dee scho besteet. E besteet deelweis zënter 2001, an op jidde Fall zënter 2008, eleng nëmmen op der Basis vun Accorde vun deenen eenzelne Regierungen a Frankräich, an der Belsch, an Däitschland an der Lëtzebuerger Regierung, an e soll d'Kooperatioun tëschent de Policecorpsen an den Douanescorpsen an de Gendarmeriecorpsen, do wou et se gëtt, an der grousser Regioun hei regelen an e gesäit en Austausch vun Informatiounen tëschent deenen eenzelne Corpse vir.

Et ass ganz richteg virdru gesot ginn, dass eigentlech jo Policeinformatiounen nëmme kënnen ausgetosch ginn iwwert de Wee vun de Geriichter. Et ass hei awer virgesinn, op d'mannst indirekt, déi Informatiounen auszetauschen. Menger Meenung no ass de Fonctionnement, sou wéi e bis elo bestanen huet, ouni gesetzlech Basis zu Lëtzebuerg - an déi ass et bis elo net ginn -, illegal gewiescht!

Dat emol zur Virgoensweis an zum Prinzip vun deem Centre hei, iwwert dee mer diskutéieren, jorelaang duerno, nodeems e scho funktionéiert, voll funktionéiert: 39 Leit sinn do voll beschäftegt aus deene véier genannte Länner!

Wat den Objet ugeet vun deem Centre, esou ass aus deenen Dokumenter, déi mer kritt hunn, erauszeliesen: Och opgrond vu verschiddenen internationalen Accorden, déi et gëtt, besteet den Objet doran, sech ëm d'Sécherheet ze bekëmmeren, ëm den Ordre public, zum Beispill och bei transfrontalièrë Manifestatiounen, steet zum Beispill och op enger Plaz do dran. Et geet och ëm d'Criminalité transfrontalière, wou ee sech natierlech vill Hypotheese ka virstellen, wou esou eng Zesummenaarbecht am Prinzip berechtegt wier. Et geet awer och ëm Abschiebungen, zum Beispill bei Froe vun illegaler Immigratioun.

Wat ech awer net fonnt hunn am Objet vun deem Centre de coopération transfrontalière vun de Policen, dat ass, dass se kompetent wieren och zum Beispill fir Wirtschaftskriminalitéit, oder dass se zum Beispill kompetent wiere fir Steierflucht, Steierhannerzéiung. Grad dat wier awer eppes hei an der Géigend, wat wahrscheinlech interessant wier. Grad do misst et jo och eng Zesummenaarbecht vun de Policë ginn. Well och do, Här Kartheiser, gëtt et jo awer bekanntlecherweis ganz vill onéierlech Bierger, déi d'Gesetzer verletzen, wat d'Steierhannerzéiung ugeet, wat d'Wirtschaftskriminalitéit ugeet an esou weider. Dat gehéiert zum Beispill net zum Objet vun deem heite Centre de coopération.

Da wëll ech nach e puer Saachen opgräifen, déi hei opgeworf gi si vun der Commission de protection des données. Éischtens emol gëtt vun deene ganz staark a Fro gestallt, dass si iwwerhaapt net gefrot gi sinn, wéi deen Accord do ausgehandelt ginn ass, wou Saachen drastinn iwwert d'Protection des données, dass d'Lëtzebuerger Commission de protection des données, an ech huelen un, an deenen anere Länner ähnlech Organismen och, guer net gefrot gi sinn, wat soll do drastoe kommen. Ech huelen och un, wann ech dat esou liesen, dass bis elo nach iwwerhaapt keng Kontrollen do stattfonnt hunn op der Plaz, obschonn déi Accorden eigentlech hinnen d'Recht géife ginn, op der Plaz selwer Kontrollen auszeféieren.

Et gëtt och kritiséiert, ech wëll dat hei zitéieren: «Les accords ne contiennent aucune précision quant aux catégories de données», déi do sollen an deene Fichiere gesammelt ginn, Fichieren, déi ausgetosch ginn ënnert deenen eenzelne Policecorpsen. Dat heescht, d'Lëtzebuerger Commission de Protection des données kritiséiert ganz staark, dass iwwerhaapt net kloer definéiert ass, wat iwwerhaapt den Objet ass vun deene Fichieren, déi do ugeluecht ginn an déi awer scho jorelaang funktionéieren.

Et gi sech och Froe gestallt iwwert d'Artikulatioun vun deenen heiten Accorde mat den europäeschen Direktiven iwwert den Terrorismus, ouni dass eigentlech preziséiert gëtt, wat domat gemengt ass. Ech wéisst och emol gär, wat domat gemengt wier. Et läit och keen Avis hei vir vun de Geriichter. Et läit keen Avis vir vum Parquet dozou, wéi déi Zesummenaarbecht a Wierklechkeet funktionéiert, wat fir Problemer sech eventuell do stellen. An dat hätt ech awer ganz gäre gelies, wéi den Avis ass vun deene Geriichtsmilieuen dozou. Et ass emol an der Zäit üblech gewiescht, dass och d'Geriichter, wann esou Projete virlouchen, gefrot gi sinn, fir en Avis ze maachen.

Schlussendlech wëll ech nach soen, dass ech souwisou, a meng Fraktioun souwisou Bedenken huet, wat déi europäesch Immigratiounspolitik ugeet, wat déi Aspekter vum Schengen-Accord ugeet, wat Frontex ugeet, wou am

Fong geholl eng Festung Europa just soll fortifiéiert ginn an näischt Wesentleches zur Immigratiounspolitik bäigedroe gëtt.

Aus all deenen Ursaachen, Här President, wëll ech Iech matdeelen, dass mir wäerte mat Neen hei stëmmen.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. le Président.- Domat ass eis Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister vun der Force publique.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Merci, Här President. Ech wëll och hei mech net mat frieme Fiedere schmücken, wa mer dee Projet de loi hei elo haut verabschieden. Esou wéi den Här Halsdorf dat richteg gesot huet, ass dat jo ënner senger Présidence 2008 ausgehandelt ginn, an all déi Froen, déi den Här Urbany gestallt huet, mengen ech, wende sech dann och éischter un den Här Halsdorf, deen... Sechs Joer dann duerno elo deen Article unique hei, dee mer dann haut hei wäerte verabschieden.

Ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer dat doten hunn. Mir hunn eng Rei Strukture gehat, déi scho funktionéiert hunn. An do huet den Här Urbany och recht, dass déi scho funktionéiert hunn, an dofir, mengen ech, gëtt et héich Zäit, dass mer dat och elo alles legaliséieren a propper duerstellen.

Ech hunn hei nach eng Geschicht gehat zu Rheinland-Pfalz, eng Fro vum Här Halsdorf, wéi et mat Rheinland-Pfalz wier. Dat ass eng Ufro effektiv gewiescht, a mir sinn amgaang ze kucken, wéi mer dat handlen. Dir wësst natierlech, wa mer 24 Stonnen op 24 esou funktionéieren, dass dat natierlech och e Käschtepunkt huet. Mä mir sinn awer amgaang, dat dote positiv ze kucken.

Dann, wat den Här Kartheiser seet zu den Douaneshaisercher, do wëll ech just drun erënneren, dass och déi Décisioun, fir dat Douaneshaischen zu Zoufftgen ofzerappen, eng Décisioun war, déi zréckgeet op en Accord, dee geschloss ginn ass vum fréiere Lëtzebuerger Premier mam franséische Premier. Den Haaptgrond dofir war dee vun de Sécherheetsproblemer, déi op där Autobunn bestinn, vum Réckstau, dee permanent doduerjer verursaacht gëtt. An ech mengen och, dass d'Douane net onbedéngt en Haische brauch, fir Kontrollen ze maachen. Ech mengen nämlech net, dass een, dee wierklech wëllt kriminell sinn, dass dee sech géif iwwer eng Douane woen, wou och nach en Douaneshaischen aktiv bedriwwe gëtt.

Voilà! Ech wollt dat dozou just soen an Iech Merci soe fir de Vote, wann Der dat da stëmmt, vun deem Gesetz. Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Minister. Ech géif dann direkt zum Vote iwwert de Projet 6394 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6394 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss.

60 Deputéiert hu sech um Vote bedeelegt: 58 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Félix Eischen), Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Wéi virdrun ofgemaach, géife mer dann zu der Presentatioun an der Diskussioun vun der Motioun, respektiv de Motiounen, iwwergoen. Als Éischten huet den Här Henri Kox als ee vun den Auteure vun där éischter Motioun d'Wuert. Här Kox.

9. Motion de M. Henri Kox concernant le document COM (2014) 15: Communication de la Commission au Parlement européen, au Conseil, au Comité économique et social européen et au Comité des régions - Un cadre d'action en matière de climat et d'énergie pour la période comprise entre 2020 et 2030

Motion de M. Justin Turpel concernant le soutien par le Gouvernement d'un plan d'action du Conseil européen en vue de réduire les émissions internes de l'UE d'au moins 55%, d'atteindre un objectif contraignant de 45% d'énergies renouvelables et d'atteindre 40% d'économie d'énergie d'ici 2030

Exposés

M. Henri Kox *(déi gréng), auteur.*- Här President, Merci. Dëse Weekend ass e Conseil européen, wou ënner anerem och iwwert d'Energie soll geschwat ginn. Dir wësst, dass d'Kommissioun en Aktiounsplang virgeluecht huet, fir der Energie 2020-2030 en neie Kader ze ginn. Dat sinn déi éischt Diskussiounen, déi lafen, ouni dass konkret Ziler wäerten dëse Weekend awer och genannt ginn.

Ech si frou, dass nom éischte Paquet vun der EU 2008 Bewegung komm ass an der Europäescher Unioun. Dir wësst, dass mer e Paquet hu fir 2020, dat heescht also 20% wat d'Effizienz ubelaangt, 20% wat den Undeel vun den erneierbaren Energië betrëfft, an 20% Reduktioun vum CO_2.

Dir wësst, dass déi dräi Domäner och am Regierungsprogramm Afloss fonnt hunn, nämlech aus Siicht vun den Aarbechtsplazen, aus Siicht vun enger effizienter an nohalteger Energiepolitik an Ekonomiepolitik.

Dir wësst, dass haut schonn a ganz Europa 4,2 Milliounen Aarbechtsplazen ofhängeg si vun deenen dräi Secteuren. Ënner anerem gi mer haut méi wéi 450 Milliarden Euro aus, fir eis mat Energie ze approvisionnéieren. Dat heescht, dat sinn 1.000 Euro op de Kapp, eng schnell Rechnung. Och dat huet am Zesummenhang mat der Kris vläicht an der Ukrain ze dinn, wou mer jo nach eng ganz grouss Ofhängegkeet vis-à-vis vu Russland hunn, wat den Energieimport ubelaangt. Dat heescht also, dass Europa sech anescht opstellt, wat de Begréff Energie ubelaangt a méi eng grouss Onofhängegkeet vis-à-vis vun Drëttlänner muss maachen.

Den 20. Januar 2014 hunn d'Carole Dieschbourg an den Etienne Schneider jeeweils als Responsabel vun dem Environnement an der Energie e Bréif un d'Madame Connie Hedegaard, déi de Klima an der Europäescher Unioun betreit, respektiv de Günther Oettinger geriicht, fir hinnen e Rappel ze maachen, dass mer a Richtung vun ambitiéisen Ziler sollte schaffen an ënner anerem och déi Ministeren oder déi Länner ënnerstëtzen, déi méi pro Klima sinn, déi méi pro fir eng progressiv Beschäftegungspolitik an der Klima- an Energiepolitik antrieden. Dat si Länner wéi Frankräich, Éisträich, d'Belsch, Holland, Portugal an Irland.

Dir wësst, dass mer do ganz ambitiéis Programmer wäerten opleeën an der Europäescher Unioun. Dofir ass et och wichteg an och richteg, dass d'Europäescht Parlament a sengem Vote vum 5. Februar 2014 d'Kommissioun nach eng Kéier opgefuerdert huet, méi wäit vläicht ze goen, iwwer hir Ambitiounen erauszegoen, déi se deemools beim éischten Entworf festgeluecht huet. An d'Europäescht Parlament huet gesot, kommt mir ginn eis ambitiéis Ziler, mir ginn an der Efficacité énergétique op 40%. Mir probéieren, au moins 30% bei den Energies renouvelables ze maachen a 40% Reduktioun beim CO_2 vis-à-vis vun 1990. Dat hu souwuel den Etienne Schneider wéi och d'Carole Dieschbourg nach eng Kéier an hire respektive Conseilen zu Bréissel ënnerstrach.

Dofir menge mer, dass et och ganz wichteg ass, dem Xavier Bettel, elo wann en dëse Weekend op Bréissel geet, vun eiser Chamber eng positiv Approche mat op de Wee ze ginn, fir dass hie sech, dass de Premierminister sech ka mat deene Länner bereet maachen, fir eng ambitiéis Energiepolitik ze maachen.

Dir wësst, dass mëttlerweil och ganz vill Klimaskeptiker ënnerwee sinn, insbesondere e Land wéi Polen éischter op Kuel respektiv de Fracking wëllt zréckgräifen, respektiv Frankräich an England, déi éischter e Wee vun der Atomenergie nach ëmmer wëllen aschloen, an dass dat net onbedéngt eis Démarche ass.

Dofir gi mer der Regierung e puer Invitë mat op de Wee: éischtens, dass déi Ziler vu Lëtzebuerg, déi mir selwer genannt hu bis 2020, musse konsequent weidergefouert ginn. Dir wësst, dass mir och en Zil vun 11% an den erneierbaren Energië bis 2020 mussen erreechen. Mir sinn haut nach ëmmer bei 3,2%, mengen awer, dass dës Regierung dat konsequent wäert upaken, fir kënnen dat Zil ze erreechen, an dëse Weekend, jo, sech wäert staarkmaache fir en ambitiéist Zil, wëssend, dass keng Kritäre festgeluecht sinn.

Mä mir ginn awer mat op de Wee, dass op d'mannst an den Énergies renouvelables emol schonn 30% festgeschriwwe ginn. Dat ass en éischte Schrëtt. Wa mer dat bis festgeluecht hunn, da kënne mer och en zweet Zil nennen, nämlech déi 40% vun der CO_2-Reduktioun. A wann et et erméiglecht, och an der Effizienz eppes ze erreechen, si mer méi wéi frou, wann do eppes erreecht gëtt. Dëse Weekend steet dat zur Debatt, an dofir menge mer, dass et ganz wichteg ass.

Ee Punkt wëll ech awer ënnersträichen, dat ass d'Diskussioun vun der europäescher Industriepolitik, dass se natierlech Kompetitivitéitsproblemer de Moment wäert hunn, wat den Energiepräis ubelaangt. Ech mengen awer, dass et wichteg ass, och do mat der Industrie op europäeschem Niveau Effizienzen auszeschaffen, fir dass si och kann à long terme besser domadder eens ginn.

Ech wënschen nach zum Schluss, an dat ass mäi leschte Saz zu dëser Motioun, dass d'Chamber (veuillez lire: dass d'Regierungsmemberen), esou wéi dat och elo an dësem Fall de Fall scho war, wann Debatten op europäeschem Niveau lafen, selbstverständlech prett sinn, fir all Moment an d'Chamber ze kommen a mat den Deputéierten zesummen an déi richteg Energie- a Klimapolitik ze goen.

Ech soe Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kox. Ech géif d'Wuert dann direkt weiderginn un den Här Turpel, fir seng Motioun oder säi Complément zur Motioun virzedroen. Här Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk), auteur.*- Dir Dammen, Dir Hären, léif Kolleegen, ech wëll kuerz drop zréckkommen, wéi et iwwerhaapt zu där Diskussioun iwwert déi Motioun hei komm ass. Dat war an der Ëmweltkommissioun vum 12. Februar, wou eng Rei europäesch Dossieren um Ordre du jour stoungen, net nëmmen en Aktiounsplang vun der Kommissioun, iwwert deen een eng Kéier misst ausféierlech diskutéieren, a wou och d'Meenung ausgedréckt ginn ass, datt een dat eng Kéier misst am Plenum maachen, mä och dat berühmtent Wäissbuch oder d'Kommunikatioun vun der Kommissioun iwwert d'Klimaziler vum 22. Januar 2014.

An ech war an der Kommissioun der Meenung, datt mer déi Kommunikatioun vun der EU-Kommissioun net einfach esou kéinte laanschtgoe loossen, ouni ze reagéieren. D'Kommissioun war sech relativ schnell eens, datt et wichteg wier, fir esou eng Motioun ze maachen, déi seet, wat d'Chamber vun deem Wäissbuch a vun deene Klimaziler do hält. Ech bedaueren, datt mer et net fäerdegbruecht hunn, eng Motioun ze maachen, iwwert déi mer eis eens gi sinn. Dofir sinn ech dozou iwwergaangen, fir ze soen, datt ech eng komplementär Motioun maachen, op déi ech elo wëll agoen.

All Mënsch, dee sech mat der Klimasituatioun ofginn huet, weess, datt d'Zil, wat sech gesat gouf, ass, fir d'Äerderwäermung net méi wéi zwee Grad zouhuelen ze loossen um Enn vum Jorhonnert. All Mënsch weess awer och, wann een d'Realitéit kuckt, datt déi Erhëtzung vun net méi wéi zwee Grad, datt déi, an ech zitéieren d'Experten, „nëmmen ënner kaum virstellbaren, extremen Ustrengunge vun alle Länner, vun der Wirtschaft a vun de Bierger ze erreechen ass". Datt et probabel ass, esou wéi de Wee elo ass, datt mer eng Erhéijung vun der Äerdwäermt kréie vu 4% an datt souguer eng Erhéijung vu 6%, wann et esou weidergeet, net auszeschléissen ass, wahrscheinlech ass, heescht et souguer am Rapport vum IPT...

(Interruption)

ICP, pardon, richteg! (veuillez lire: IPCC, pardon, richteg!) Souguer wa mer eng Erhéijung hätte vu véier Grad, wier dat fir 2050 schonn eng onvirstellbar Situatioun op dëser Welt. A virum Enn vum Jorhonnert géif dat heeschen, datt Milliarde vu Leit hiren natierleche Liewensraum geholl kréichen.

Mir sinn eis och eens, wann een op d'Klima an op d'Äerderwäermung wëllt awierken, datt déi dräi Aktioune kombinéiert mussen ugaange ginn, déi heeschen: Emissioun, Zäregaser - wat haaptsächlech den CO_2 ass, mä och net nëmmen -, wat erneierbar Energien ugeet a wat Energieaspuerungen ugeet.

A wéi d'EU-Kommissioun hiert Wäissbuch erausginn huet, dunn ass dat als e Skandal emfonnt ginn, net nëmme vun Ëmweltorganisatiounen, mä och vu Gewerkschaften, vu Regierungen a vu ganz villen Deeler an Europa. Än et ass gesot ginn..., well dat Zil, wat do drasteet, ass jo dat, ënnert dem Drock vun de Wirtschaftslobbyen huet dës Kommissioun noginn a gesot, si géif d'Zäregasemissioune reduzéieren, 40% erneierbar Énergien op 27% gesinn. Woubäi, wann ee weess, datt een ouni Effort schonn op deen Undeel vun erneierbaren Energien do kéim!

An d'europäesch Ëmweltorganisatiounen, déi am „Climate Action Network", CAN, zesummegeschloss sinn, hu sech zesummegesat a gesot, mir maachen en dréngenden, dréngenden Appell un de Conseil, deen dëse Weekend zesummekënnt, fir ze soen, wat d'Zäregaser ugeet, 40% geet net duer, dat musse 55% sinn, 27% erneierbar Energie, do muss een Effort gemaach ginn, fir op 45% ze kommen, an d'Energieaspuerunge musse 40% sinn.

Déi Motioun, pardon, déi Petitioun, déi gëtt ënnerstëtzt zu Lëtzebuerg vun „Votum Klima", an deem ënner anerem d'Caritas, d'ASTM, de Mouvement écologique a Greenpeace dra sinn. An dat, wat mir proposéieren hei, ass ganz einfach, d'Ziler, déi europawäit vun deenen Organisatiounen, och vun den Ëmweltorganisatiounen zu Lëtzebuerg ënnerstëtzt ginn, fir déi hei ze ënnerstëtzen an enger separater Motioun.

Zur Motioun selwer, déi d'Majoritéit elo virgeluecht huet, hat ech proposéiert, déi Ziler mat eranzebréngen. Wat mir an där Motioun sécherlech net gefält, dat ass, datt an de Considérante geschriwwe gëtt, wéi wann alles an der Rei wier. Wat awer och e Problem ass, dat ass, datt an den Ziler op der zweeter Säit: «invite à plaider pour des objectifs communautaires ambitieux et contraignants pour 2030 en matière d'efficacité énergétique,…», do steet keen Zil do, et steet keen Zil do, «...d'energies renouvelables (au moins 30%...)», dat ass elo emol mat erakomm, datt do „au moins" steet, bis virun enger Stonn stoung do emol net deen „au moins"! A bei den Zäregaser 40%, do steet emol net „au moins"! An et steet virun allem net do, datt dat och intern an Europa een Zil muss sinn, „domestique", dat heescht een Zil vun der Europäescher...

(Interruption)

Jo, okay, dat kann een elo soen. Et steet awer net do. Et wier gutt gewiescht, wann een dat hätt kënne maachen. Ech krut allerdéngs gesot, no der Kommissiounssitzung, et hätt kee Sënn, datt ee géif Amendementer maachen, et wier ofgeschloss. Dofir enthale mir eis och bei där Motioun, well awer eng Rei Saachen dra sinn,...

M. Henri Kox *(déi gréng), auteur.*- Gutt. Très bien!

M. Justin Turpel *(déi Lénk), auteur.*- ...déi e Message duerstellen. Mir wëllen net an enger Rei stoe mat deenen, déi iwwerhaapt näischt wëlle maachen, well déi missten nämlech hei dergéint stëmmen. Mä mir wiere frou, wann d'Chamber komplementär zu där Motioun do déi aner Motioun géif stëmmen, déi wierklech eng wäertvoll Ënnerstëtzung wier fir de Klimaschutz a fir d'Organisatiounen, déi an deem Beräich aktiv sinn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Ech hunn eng Rei vu Wuertmeldungen. Éischt Wuertmeldung vum Här Marco Schank.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV).*- Merci, Här President. Merci och dem Henri Kox fir d'Presentatioun vun der Motioun, déi mir als CSV-Fraktioun och wollten hunn. D'Presentatioun ass gemaach, ech ka mech elo kuerz faassen.

Dräi Ziler: D'EU-Zil vum 40% Erofsetze vun den Zäregasen en vue vun 2030 ass net nei, well déi Propositioun och schonn 2011 an der Feuille de route stoung fir eng Économie à faible intensité de carbone, Horizont 2050, an och déi fréier Regierung sech hannert dat Zil gestallt huet. Dat war am Juni, mengen ech, 2011.

Wat d'Efficacité énergétique ubelaangt, kann ee bedaueren, datt keen Zil do ass, mä d'Kommissioun erklärt dat jo, well se eng entspriechend Direktiv nach wëllt analyséieren, also vun enger entspriechender Direktiv wëllt och fir d'Éischt eng Revisioun maachen.

Dann, wat elo d'erneierbar Energien ugeet, wëllt Lëtzebuerg mat aacht anere Länner méi wäit goe wéi déi Propos vu 27%, nämlech op 30%. An do kann ee soen, a mir soen dat och, datt dat sënnvoll ass, datt probéiert gëtt, sech

méi onofhängeg vu fossilen Energieträger ze maachen, datt et sënnvoll ass, zousätzlech „green jobs" ze schafen, datt et och sënnvoll ass, fir d'Loftverschmotzung ze reduzéieren.

Wat elo d'CSV-Fraktioun gäre gehat hätt, dat hu mer probéiert an der Kommissiounssitzung leschten Donneschdeg däitlech ze maachen, datt d'Regierung eis seet, wann ee sech un d'Spëtzt vun enger Partie Länner stellt, fir méi en ambitiéist Zil ze erreechen, nämlech 30% amplaz 27%, datt se eis seet, wéi een och national gedenkt, tant soit peu seng Hausaufgaben ze maachen, och wann d'EU aus gudde Grënn keng national Ziler virgëtt. Bei eis am Éislek gëtt et esou e Sproch, datt een net méi soll lasskappe wéi ee geschëppt kritt.

Mir haten allerdéngs de leschten Donneschdeg e bëssen d'Gefill, mat eise Froen net esou honnertprozenteg seriö geholl ze ginn. Well mer jo awer denken, datt d'Regierung sech am Virfeld Gedanke gemaach huet an net liichtfankeg op dat méi ambitiéist Zil higaangen ass. Mir hu jo zu Lëtzebuerg eis Erfahrunge mat ambitiéisen Ziler am Klimaschutz. Elo kann ee soen: „2030 ass nach laang", an dach denken ech, datt awer zumindest vun deenen zwee Regierungsmemberen, der Ëmweltministesch, dem Ekonomiesminister, eventuell och an der Regierung insgesamt, awer esou Haaptpisten definéiert goufen, fir ze soen: „Majo, mir wëllen dohin, fir zumindest dat, wat mer eis national virhuelen, fir dat ze erreechen". 2020 sinn dat jo 11%. Da muss dat virugoen.

Wat mir gären hätten, dat ass, datt d'Regierung eis méiglechst séier seet - a virun 2016, domat hu mer e Problem -, eis seet, wéi se an der Entwécklung vun den erneierbaren Energië wëllt virugoen, wéi eng Moyenen datt se wëllt asetzen, wéi eng Fërdermechanismen eventuell zréckbehale ginn, wéi eng nei gemaach ginn, respektiv iwwerhaapt, wéi eng Strategie datt se do verfollegt.

Ech denken, datt mer eis och eens sinn, datt een e lafende Monitoring brauch, fir méi séier an zilorientéiert d'Instrumenter unzepasse respektiv neier ze entwéckelen, wann et néideg ass. A mir denken, datt deen Débat d'orientation, dee mer jo an der Kommissioun zréckbehalen hunn, am Hierscht a Saache Klimaschutz respektiv Applikatioun vum Kyoto-Protokoll eng gutt Geleeënheet wier, fir entspriechend Äntwerten op eis Froen ze kréien.

Ee Saz nach zur fréierer Regierung. Wat d'Énergies renouvelables ugeet, sinn eng Partie Fërdermechanismen, och Contrainten entwéckelt ginn am Kader vum Partenariat Ëmwelt a Klima, mat der Wärmeschutzverordnung, mat den Aidë fir erneierbar Energien, mat dem „PRIMe House"-Reglement, dem Klimapakt, dem „MoDu" an esou weider.

A vill Leit dobaussen, loosst mech dat awer nach soen, vill jonk Leit, déi wëllen zum Beispill baue respektiv wunne goen, stelle sech awer Froen, wann ee vill Suen investéiert an deem Zesummenhang, wat d'Regierung wëllt maachen: wéini déi Aiden, ob déi Aidë bleiwen, ob se geännert ginn, ob d'Aiden ewechfalen, wat subventionéiert gëtt, wat net subventionéiert gëtt. A mir hu jo déi Fro gestallt. Déi éischte Kéier huet et geheescht: eventuell d'grouss Vakanz. Dunn huet et geheescht: 2015. Elo soe mer 2016. A mir wollten dorop Äntwerten hunn.

Eis Fraktioun ass awer der Meenung, datt mir déi Objektiver vun der Europäescher Kommissioun en vue vun 2030, datt mer déi wëlle matdroen an eben net géint déi, och net géint dat ambitiéist Zil vun de Renouvelables sinn, an deemno och net géint dës Motioun stëmmen. Mir enthalen eis awer, well mer nach keng Äntwerten op déi Froe kruten. An 2016 ass eis definitiv ze laang, fir Äntwerten ze kréien.

Ceterum censeo, wollt ech soen, datt Cattenom an Tihange sollen ofgeschalt ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Marco Schank. Als nächste Riedner ass de Frank Arndt vun der LSAP ageschriwwen. Här Arndt.

M. Frank Arndt *(LSAP)*.- D'Objektiver, déi am Konsens fonnt gi sinn, bis 2030 ënnert de Ministeren, éischtens d'Reduktioun vun den Treibhausgasen, ëm mindestens 40% am Verhältnis zu 1990 ze senken, zweetens de Mindestundeel vun erneierbaren Energien op mindestens 27% oder 30% festzeleeën.

Déi Motioun vun deene Grénge, wéi se elo virgedroe ginn ass, vun der Fraktioun vun deene Grénge virgedroe ginn ass, wäerte mir a gesi mir och komplett positiv. Wat bréngt eis dat dann awer wierklech? Hu mir dat dann och schonns bis an déi lescht Konsequenz nogerechent? Duerch eng erhieflech Steigerung vun der Notzung vun erneierbaren Energiequelle bis 2030, huet d'EU-Kommissioun analyséiert, kënnen ebe bis 2030 méi wéi dräi Milliounen Aarbechtsplaze geschafe ginn. Ech mengen, dat ass och am Aklang mat eisem Regierungsprogramm, wou mer dat och drastoen hunn.

D'Kommissioun weist och drop hin, dass, wa mir den Ausbau méi séier vun erneierbaren Energië weiderdreiwen, mer domadder och d'Nohaltegkeet an alle Länner vun der EU stäerken an domadder d'Virreiderroll um Gebitt vun der Technologie an d'Erhéijung vun der Versuergungssécherheet ofsécheren. Et ass och ze ënnersträichen, datt et sech bei der Energieeffizienz an Energieaspuerungen ëm dee käschtegënschtegste Wee zur Verréngerung vun den Energiekäschten an domadder och dem Ofbau vum Aféiere vu fossile Brennstoffer handelt.

Fir d'Budgete vum Stat an de Gemengen op laang Siicht ze entlaaschten, mussen och do Akzenter gesat ginn, dass si hir Gebaier esou bauen a sanéieren, datt eng Energiebilanz esou niddreg wéi méiglech erreecht gëtt. Och dat ass am Aklang mam Regierungsprogramm ze gesinn.

Et ass och dréngend erwënscht, am Sënn vum Klima- an Energiepakt 2030, vun deenen eenzelne Länner, konkret legislativ Virschléi ze maache mat éiergäizegen a verbindlechen Ziler, fir déi dräi Sailen, déi do sinn: éischtens, erneierbar Energien, Energieeffizienz, drëttens, fir manner Emissiounen, also Zäregasen. Et soll awer och net vergiess ginn, den akommeschwaachen Haushalter Förderungsprogrammer unzebidden, déi hinnen och hëllefen, dës Ziler ze erreechen, fir datt net si déi grouss Verléierer wäerte sinn. Och dat ass am Aklang mat dem Regierungsprogramm ze gesinn.

An ech mengen, ech kann och doduerch, vun der sozialistescher Fraktioun, déi Motioun vun der grénger Fraktioun komplett ënnerstëtzen. Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Arndt. Als nächsten huet den Här Eugène Berger d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Och Merci dem Henri Kox fir den Dépôt vun där Motioun. Ech menge Klimaschutz, dat ass ee vun de groussen Défie vum 21. Jorhonnert. Et ass net déi éischte Kéier, datt ech dat hei op der Tribün soen, a mir kenne jo och alleguerten hoffentlech den Dossier. Wa mer kucken, déi Prognose vun den Experten, wa mer net reagéieren, op wat fir eng dramatesch Konsequenze mer dann um Planéit duersteieren!

Ech mengen, an deem ganzen Dossier Klimaschutz, deen natierlech verbonnen ass mat der Energiepolitik, war Europa ëmmer e Virreider an deenen Diskussiounen. Wann ee kuckt, vu Kyoto un huet Europa ëmmer e bësschen de Wee gewisen, wat och richteg ass, well et muss ee jo awer wëssen, wa mer de Wuelstand an deen technologesche Fortschrëtt an all déi Industrialiséierung haut hunn, dann ass dat zum Deel awer op d'Käschte gaange vun engem ongehemmten CO_2-Verbrauch (veuillez lire: CO_2-Ausstouss) an deene Jore virdrun. An dat ass ganz oft och op d'Käschte vun den Drëttweltlänner gaangen. Et ass also och eng moralesch Responsabilitéit vis-à-vis vun den Drëttweltlänner, datt mer als Europäer, als héich industrialiséiert Géigend, och do da kucken, an deem Beräich elo Virreider ze sinn, fir op déi richteg Schinn ze kommen.

Och an Europa gesäit een, wann ee kuckt elo, déi nächst Échéance fir déi nächst Diskussiounen, datt souwuel d'Europaparlament wéi och d'Kommissioun do versichen, nei Ziler festzeleeën, déi och relativ ambitiéis sinn. A mir wëssen och, datt Lëtzebuerg an där ganzer Diskussioun säit Kyoto och ëmmer ganz ambitiéis an deem Dossier war. Och dës Kéier gi mer mat därselwechter Approche un deen Dossier erun. Déi nächst..., net d'nächst Woch, mä vill méi elo déi nächst Deeg wäert de Premier um europäesche Sommet dann och ënner anerem musse fir Lëtzebuerg, awer och fir Europa, ambitiéis Ziler weider verteidegen. Dir kennt se alleguerten. Ech mengen, si stinn an der Motioun. Et ass och elo schonn... d'Virriedner hu se dokumentéiert oder hu se kommentéiert.

Et ass haut nach net gewosst, wat derbäi erauskënnt. Et muss ee wëssen, also wat hei an der Motioun steet, dat ass eigentlech eng Aart Optrag oder eppes, woumat mer dem Premier de Réck wëlle stäipen, fir an deenen Diskussiounen zu Bréissel déi Positioun ze verteidegen, awer och am europäesche Kontext dat ze verteidegen. An et ass nach net kloer, wat dobäi wäert erauskommen. Déi den Dossier e bësse méi suivéieren, wëssen, datt et do awer eng Rei Bremser ginn an deene leschte Joren. Et kann ee se och, firwat net, et soll ee se och zitéieren: ënner anerem Polen, mä nach verschidden aner Länner am fréieren Ostblock, fir et emol esou ze formuléieren, déi natierlech do soi-disant eng Brems gesi fir hir wirtschaftlech Entwécklung.

Dat ass also hei, wat mer hei maachen, do gi mer dem Premier en Optrag mat op de Wee. Mir soen him, datt mer em de Réck do stäipen. Wéi gesot, mir wëssen awer net, wat dobäi erauskënnt. Mä och do, mengen ech, solle mer wéi an der Vergaangenheet als Lëtzebuerg, awer och als Europa, e bësselche versichen, net bei de Bremser, mä wierklech bei deene fortschrëttleche Kräften ze sinn an och do dann an déi Richtung d'Regierung ze ënnerstëtzen.

Natierlech wäerten Diskussioune kommen, déi sinn och net nei, wéi mer hei zu Lëtzebuerg dann herno deklinéiert - well déi Ziler, dat hei sinn europäesch Ziler -, wéi déi Ziler deklinéiert op Lëtzebuerg da wäerten ausgesinn. Dat si sécherlech Diskussiounen, déi mer nach musse weider féieren. Dat wäert net einfach ginn, egal wat fir eng Ziler mer dann och wäerte fir Lëtzebuerg an Zukunft festhalen. Dat war och an der Vergaangenheet net einfach, dat wësse mer alleguerten.

An de Marco Schank huet dat och gesot. D'CSV war eigentlech e bësschen erstaunt anscheinend an der Ëmweltkommissioun - ech war och do -, datt d'Regierung do net scho fäerdeg Pläng hätt, wéi dann... egal wéi déi ambitiéis Ziler ausgesinn hätten. Bon, mir wieren eigentlech frou gewiescht, muss ech soen, wa mer och do fäerdeg, voll gefëllten Tiräng fonnt hätten, well ech huele jo un, datt déi viregt Regierung sech awer och Gedanke gemaach huet, wéi een och, wann net nei Ziler festgeluecht géifen, zum Beispill wéi een dat hätt kënnen ëmsetzen.

Bon, vu datt d'Tiräng net voll waren, ausser dem Klimapakt mat de Gemengen, wou awer keng kloer Ziler waren an och net, bis wéini een déi realiséiert, ausser dem Klimapakt mat de Gemengen ass näischt an den Tiräng virkomm, dat heescht, do muss een also där neier Regierung, där neier Mannschaft e bësselchen d'Chance ginn, fir do Saachen auszeschaffen. A mir wëlle jo dann och dofir kucken, hei an der Chamber och Diskussiounen ze féieren, ënner anerem mat deem Débat d'orientation, dee mer dann och hei an der Chamber wäerten hunn.

Vläicht just eng, zwou Remarquen awer, a wéi eng Richtung et muss goen. Ech mengen, Klimaschutz gëtt ganz oft nëmmen als Brems gesi fir d'Ekonomie, fir d'Wirtschaft, fir d'Innovatioun. Au contraire! Klimaschutz a Klimaschutzpolitik mussen och eng Chance sinn, fir Ekonomie an Ekologie mateneen ze verbannen. Et ass nach oft genuch, datt dat net an de Käpp vun de Leit ass - et muss een dat all Dag erëm frësch, nei soen - an datt een dat och zu Lëtzebuerg ka maachen.

An der Vergaangenheet huet d'Regierung effektiv ganz oft versicht - an dat huet jo och nach de Rapport vun der Cour des Comptes gewisen -, eis fräizekafen op anere Plazen. An d'Cour des Comptes huet jo gesot, datt mer do Milliounen a Milliounen ausginn hunn, fir awer net ze wëssen, wéi vill Tonnen oder wéi vill Milliounen Tonnen CO_2 doduerjer iergendwou op der Welt gespuert gi sinn. Dee Bilan vun der Cour des Comptes ass eigentlech relativ ernüchternd an dat soll eis also och eng Léier sinn, datt mer solle kucken, déi Suen, déi mer investéieren, dann och hei zu Lëtzebuerg ze investéieren am Klimaschutz, an datt dat eben eng Chance ass.

An ee Beispill, wéi een dat ka maachen, an dat steet och am Koalitiounsaccord vun där neier Regierung, dat ass dat mat der Klimabank, datt een hei zu Lëtzebuerg zum Beispill wierklech an den Assainissement, d'Albausanéierung, also an den Assainissement vun Albauten investéiert an datt een do wierklech och kann eben d'Ekonomie an d'Ekologie matenee verbannen. Wat géif heeschen, wa mer all eis Haiser géifen assainéieren, de Leit hëllefe mat enger Klimabank, dat ze finanzéieren, datt mer do eppes géife maache fir CO_2, eppes fir eisen Engagement um europäesche Plang, datt mer och eppes géife maache fir d'Handwierk. Zum Beispill, datt een do Dausenden Aarbechtsplaze kéint kreéieren. An datt een do natierlech am Endeffekt och bei de Leit den Effet hätt, datt se géifen am Endeffekt Suen am Portmonni spuere bei der Rechnung vum Mazout oder vum Gas. Nëmmen als ee Beispill, wéi een also an Zukunft soll..., a wat fir eng Richtung et, an eisen Aen, soll goen.

Bon, dat gesot, ënnerstëtze mer oder respektiv stëmme mer déi Motioun hei, déi hei déposéiert ginn ass, fir och dem Premier de Réck ze stäipen. Mir kënne leider net déi Motioun vun deene Lénken akzeptéieren. Natierlech ass dee groussen Défi, och hei zu Lëtzebuerg, fir ebe kënnen dann ze kucken, wéi mer dat konkret bei eis ëmsetzen. Ech hunn ee Beispill gesot, mä am Débat d'orientation wäerte mer sécherlech nach aner flott Piste fannen, mat der Virgab, ëmmer Chancë fir d'Ekonomie an d'Verbannung Ekonomie an Ekologie.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Als nächste Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll vläicht ufänke mat engem politesche Constat: De Constat ass, datt et an eiser Gesellschaft, géif ech soen, an op jidde Fall heibannen, e Konsens gëtt. E Konsens, datt mer mussen d'Ëmwelt schützen, e Konsens, datt d'Atmosphär en Deel vun der Ëmwelt ass an dohier muss geschützt ginn. An de Schutz vun der Atmosphär, awer och vun der Biosphär am Allgemengen, kann zum Klimaschutz bäidroen. Dozou gehéiert awer och Ofholzen an aner Tendenzen, an net nëmmen Dreifhausgaser oder aner Gaser, déi eventuell esou Konsequenze kënnen no sech zéien.

Dat ass e Konsens. Ech soen dat hei ganz kloer, well dat heescht och politesch, datt mir keng Partei méi brauchen, elo, am Joer 2014, déi mengt, si wär méi gréng wéi all déi aner, well „gréng" ass e Konsens. Den Ënnerscheed besteet doranner: Maache mer Ideologie oder maache mer Politik? Ideologie, dat ass eppes, wat d'Realitéite verkennt. Politik ass en Ausdrock vun der Verantwortung, déi mir hunn, och an der Ëmweltpolitik, géintiwwer eise Bierger a géintiwwer eiser Ekonomie.

Wat mir gären hätten als ADR, ass Ëmweltschutz op realistesche Basen, mat enger Verantwortungsdimensioun, déi mir bei villen, déi bis elo hei intervenéiert hunn, vermëssen.

Ech wëll just vun Ufank un eppes soen, fir ze ënnersträichen, wéi grouss den Enjeu économique ass.

D'Cour des Comptes hat eis gesot, datt mir 47,7 Milliounen Euro an d'Ausland geschéckt hunn, ënner anerem fir Projeten am Klimaschutz, déi emol net realiséiert goufen! Dat ass net ze maachen. Dat ass keng Verantwortung géintiwwer eise Bierger a géintiwwer eise Steierbezueler. Kréie mer déi Suen dann erëm? Dat geet net!

Wa mir Projete maache fir den Ëmweltschutz, da solle mer probéieren, dat hei am Land ze maachen. Ech si mam Här Berger d'accord, d'Lëtzebuerger Handwierk ze ënnerstëtzen. Et ass do, wou et zielt! Mir kënnen eis Gebaier méi energieeffizient maachen, mir kënne besser isoléieren, mat Moossnamen hei am Land, déi eis Ekonomie ënnerstëtzen. Esou wäit ass dat vernünfteg.

E Wuert iwwert d'Wëssenschaft: D'Wëssenschaft an dëser Saach, an där ganzer Klimadebatt iwwert déi lescht Joren, huet gelu wéi gedréckt! Et ass eng Schan, wat an deene leschte Joren an deem do Beräich geschitt ass. Ëmmer erëm si Skandaler opgedeckt ginn. Ëmmer erëm huet den IPCC e Stéck vu senger Glafwierdegkeet verluer. Mä wann déi Basis, déi politesch Basis, déi mir eigentlech huelen als Referenz fir déi Klimadiskussioun, esou diskreditéiert ginn ass, esou muss hannerfrot ginn, jo, da musse mer och kucken: Ass eis Politik nach en ligne mat deem, wat mer wierklech verantwortungsvoll kënne vertrieden? Dat ebe genau ass den Ënnerscheed zwësche grénger Ideologie a realistescher Politik, déi, déi mir eise Bierger schëlleg sinn!

Loosse mer emol d'Beispiller huele vun den Aarbechtsplazen, dem Emploi. Mir liesen hei an deem Text, deen d'Regierung, oder zwou vun deenen dräi Regierungsparteien - ech hu just gesinn, d'DP huet en net ënnerschriwwen - eis proposéieren, si soen, Emploi, 4,2 Milliounen Aarbechtsplaze wären am Beräich vun deene grénge Energien, oder wéi och ëmmer do, geséchert ginn. Mä dat ass dach nëmmen eng Deelwourecht!

Wat geschitt, dat ass, datt déi gréng Energië musse massiv subventionéiert sinn. Mir hu 4,2 Millioune subventionéiert Aarbechtsplaze geschafen, mä wéi vill Aarbechtsplazen a rentabelen Energiesecteure sinn doduerch zerstéiert ginn? Dat ass eigentlech déi Fro, déi mer eis musse stellen: Bei aneren Energieträger, bei aneren, déi rentabel sinn, ass do net vill zerstéiert ginn, well mir Suen dévériert hunn, fir subventionéiert Plazen ze schafen? Déi sécher sech kënnen aus verschiddene Grënn justifiéieren - wat awer net justifiabel ass, dat ass esou eng eesäiteg Presentatioun zwëschen dem subventionéierte Secteur an den Énergies renouvelables an deenen aneren.

D'Energies renouvelables, realistesch gesinn, wann een hei vun 30% liest, dat ass dach net wouer! Realistesch gëtt geschat 10%, an da brauche mer Kuel an aner Energieträger, fir déi iwwerhaapt um Lafen ze halen. An och dat gëtt net gesot! De Bilan vun den Énergies renouvelables, gesamtenergetesch, ass wahrscheinlech en negative Bilan, well mer eben aner konventionell Energië brauchen, fir se iwwerhaapt kënne weiderzebedreiwen.

An da musse mer och soen: Wéi ass et da mat eiser Kompetitivitéit? D'Energie an Europa, an och hei zu Lëtzebuerg, ass ze deier géintiwwer Amerika an aneren. A wa mer vu weltwäitem Handel schwätzen, wéi mer et an der Lescht hei e puermol gemaach hunn, da musse mer och d'Fro vun den Energiepräisser am A behalen.

Nach eemol: och d'ADR ass fir Ëmweltpolitik, awer fir eng Politik an net fir eng Ideologie! Dat ënnerscheet eis haaptsächlech vun deene Gréngen. Mir maache Politik mat Verantwortung, och fir d'Ëmwelt!

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser.

Déi méi large Interpretatioun vun de Riedezäiten ass drop zréckzeféieren, dass mer a Präsenz si vun zwou Motiounen. Ech hunn also deenen eenzelne Riedner, déi zu deenen zwou Motiounen direkt Stellung geholl hunn, e bësse méi Latitude gelooss. Ech hunn awer matkritt, dass den Auteur vun där zweeter Motioun, dee seng Riedezäit nach net ganz erschöpft hat, nach wëllt e puer Prezisioune ginn. Här Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk), auteur.*- Merci.

Ech wëll e puer Prezisioune ginn, fir d'Éischt emol zu der Motioun, déi virläit, wou gesot ginn ass „d'Motioun vun deene Gréngen". Et ass kloer, datt et net d'Motioun ass vun deene Gréngen, mä et ass d'Motioun, déi den Här Fayot an den Här Kox déposéiert hunn am Numm vun deenen zwou Kommissiounen Ëmwelt an Ekonomie, well mer do d'Diskussioun driwwer haten.

Ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, datt et d'Initiativ war vun déi Lénk, datt et iwwerhaapt zu esou Motioune kéim,…

(Brouhaha)

…och datt mer de Bilan - an dat krut Der schréftlech -, deen d'Cour des Comptes gemaach huet zu Kyoto, datt mer dee sollen an de Kommissiounen diskutéieren. An och do ware mer eis eens, fir en Hearing ze maachen, deen elo soll - hoffentlech geschwënn, net eréischt d'nächst Joer, well et ass nach keen Datum fixéiert - stattfannen, well mer net kënnen d'accord si mat deenen iwwerflächleche Konklusiounen, déi d'Cour des Comptes do aus hirem Bilan zitt: zum Beispill d'Klimaziler erofzesetzen.

Zweet Bemierkung: Eis Motioun gëtt tel quel dat erëm, wat d'Ëmweltorganisatiounen an Europa zu Lëtzebuerg soen. Ech wëll dat elo net weider kommentéieren, well d'Zäit mer et net erlaabt. Ech wëll soen, dat, wat den ADR hei seet, dat ass haaptsächlech, wat een net soll maachen a puncto Klima, dat ass e Schlag an d'Gesiicht vun eiser Jugend, vun deene kommende Generatiounen a vu ganze Vëlker, déi mussen dépayséiert ginn, wann näischt Wesentleches geschitt.

Wat d'CSV ugeet, verstinn ech d'Fro, datt ee muss klären, wat zu Lëtzebuerg soll gemaach ginn, fir d'Klimaziler ëmzesetzen. Do si mer eis eens, datt dat muss gekläert ginn. Mä d'Fro, déi net gekläert ass: ob dowéinst, well dat net kloer ass, d'CSV mat Klimaziler net d'accord ass, ob dat e Prétexte ass oder ob se seet: Zousätzlech muss een dat klären. Well wann et kee Prétexte ass, da wier et jo duergaangen, wa se eng Motioun hei eraginn hätt, fir ze soen: Mir stëmme fir déi Motioun a mir hätte gären, datt zousätzlech dat soll gekläert ginn. Well et muss gekläert ginn! A wann an der Motioun steet, fir „début 2016" dee Programm virzeleeën: Dat ass ganz kloer, dat geet net duer! Wa mir déi Efforte wëlle maachen, déi mer musse maachen an de Klimaziler, da geet „début 2016" net duer.

Ech hoffen, an domadder schléissen ech dann of, datt mer bei deem Hearing iwwer Kyoto et fäerdegbréngen, mat der Zivilgesellschaft eng kloer an offen Diskussioun ze féieren, net nëmmen iwwer Klimaziler a Kyoto, mä och iwwert dat, wat zu Lëtzebuerg muss geschéien, an datt mer dann éischter an déi Chamber hei zréckkommen, fir deen Aktiounsprogramm, fir déi Ziler och zu Lëtzebuerg ze erreechen, virzestellen.

Merci.

M. le Président.- Domat huet d'Regierung d'Wuert. Madame Dieschbourg.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Här President, Dir Dammen an Häre Deputéiert, fir d'Éischt emol wëll ech Iech en häerzleche Merci soen, en häerzleche Merci deenen zwou Chamberskommissioune fir d'Virleeë vun dëser Motioun.

Et ass esou, dass mir als Regierung - den Etienne Schneider an ech, déi schonn zu Bréissel waren uganks dëses Mounts - eng ganz kloer Positioun vertrueden hunn, déi mer eben hei och erëmfannen. Mir fannen d'Positioun erëm, dass mer dräi verbindlech Ziler brauchen, dass mer eng Reduktioun vu 40% brauchen, mindestens, an dat hate mir och gesot, mindestens 30% erneierbar, an en drëtt Zil och wëllen hunn an der Effizienz.

Mir soen Iech dofir Merci, dass Der do och eisem Premier de Réck stäerkt. Mir soen Iech Merci fir d'Initiativ, a virun allem wëll ech och deenen anere Memberen, déi sech elo méi kritesch geäussert hunn, e grousse Merci soen, well ech hu fonnt, dass mer och an der Kommissioun… Ech verstinn a sech och d'Membere vun der CSV, déi vill Froe gestallt hunn, och iwwert den nationale Kontext.

Ech verstinn, dass ech Iech duerch meng Pisten, duerch déi Pisten, déi deelweis och am Regierungsprogramm stinn - Pisten, déi mer awer och amgaange sinn, schonn ze realiséieren, déi mer konkret schonn ugepaakt hunn, wou ech Iech och erkläert hunn, dass den Etienne Schneider an ech ganz konkret u verschiddene Saache schaffen -, ech verstinn, dass dat Iech vläicht nach net duergeet.

Ech si frou, dass mer déi Debatt wäerten en cours de route ëmmer erëm weiderféieren, well et ass eng immens wichteg Debatt! Well eben d'Klimaziler…, net nëmmen en vue vun eiser Présidence 2015, net nëmmen, well mer elo eng Urgence hunn an dem europäeschen Dossier, wou mer soen, ma mir als Lëtzebuerg, mir wëllen, dass mer schnell an deem Domän zu enger gemeinsamer, zu enger gemeinsamer europäescher Positioun kommen, wou a sech Europa weiderhin an deem Beräich vun der Klima- an Energiepolitik de Virreider ass. An déi Roll wëlle mer jo och behalen.

Ech soen Iech Merci fir déi Diskussioun an ech freeë mech och, dass mer do, an där Hisiicht eigentlech e Konsens hunn. Ech wär frou, wa méiglechst vill Leit dat hei géifen ënnerstëtzen, well ech mengen, dass mer soumat wierklech och als Regierung eng Stäerkung hunn, de Premier eng Stäerkung huet, wann en eben elo zu Bréissel d'Positioun vu Lëtzebuerg vertrëtt.

An ech freeë mech dann op weider flott Diskussiounen, well et sinn einfach déi Diskussiounen, déi mer als wichteg fannen, wou d'Regierung gesot huet, dass et eng vun eise grousse Prioritéiten ass.

An ech soen Iech domadder villmools Merci.

M. le Président.- Merci der Madame Dieschbourg am Numm vun der Regierung. Da géife mer iwwert…

Ah, den Här Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider. Ech hat säi Geste falsch gedeit, pardon!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Ech wëll och just hei meng Kolleegin ënnerstëtzen an deem, wat se seet, an der Kommissioun Merci soe fir déi Initiativ, déi se geholl huet.

An ech wéilt just een europäesche Kontext awer hei, oder ee Wonsch äusseren, nämlech deen, dass, wa mer elo eng nei Kommissioun deemnächst hunn dëst Joer, dass déi Kommissioun et fäerdegbréngt, an all deenen Dossieren - Klimaschutz, Energiepolitik, Wirtschaftspolitik - vill méi horizontal zesummenzeschaffen.

Well dat, wat mer de Moment gesinn, dat ass, dass all Kommissär säin Domän just verteidegt an net riets a lénks ëm sech kuckt, wat en do eventuell kann an aneren Domäner bewierken. Ech mengen, dass dat wichteg ass. Dat ass e Prinzip, dee mir an der Regierung hunn, dee mer agefouert hunn, deen, mengen ech, ganz gutt fonctionnéiert. An ech wär wierklech frou, wann och d'Kommissioun, déi nei Kommissioun dat dote géif behäerzegen.

Ech mengen, hei ass wierklech en Équiliber ze fannen tëschent deem, wat een op där enger Säit - Ëmweltschutz, Klimaschutz - mécht a wat een op där anerer Säit vu Konsequenzen, vun eventuelle Konsequenze fir d'Ekonomien huet. Mir dierfen net nëmme kucken, dass mer onofhängeg oder manner ofhängeg gi vun den Energieimporter an d'Europäesch Unioun. Dat kann net eist eenzegt Zil sinn. Well wann dat dat eenzegt Zil ass, da riskéiere mer, dass mer herno zwar net méi vill Energie importéieren, mä dofir eng ganz Rei Produiten hunn, déi net méi an Europa kënne produzéiert ginn, well se ze energieintensiv sinn an dofir ausserhalb vun der EU verlagert ginn. Ech schwätzen zum Beispill vun der Aluminiumproduktioun, vun Zement etc. Da géife mer eis an eng aner Ofhängegkeet beginn. Ech mengen, dat si Saachen, déi ee muss équilibréiert kucken.

Ech sinn awer der Meenung, dass déi Ziler, déi mer eis hei ginn, an déi Ziler, déi d'Kommissioun hei proposéiert, dass déi gutt sinn, well mer och als Ekonomie, an dat mierke mer jo awer, och eppes ze gewannen hunn, andeem mer eis héich Ziler ginn. Mir sinn déi Ekonomie, d'europäesch Ekonomie ass déi, déi wierklech an enger Rei Jore Weltleader ass an deene ganzen Technologien, deenen ëmweltfrëndlechen Technologien. An iergendwann, och wann dat am Moment wahrscheinlech relativ schwéier ze verkraften ass, iergendwann hu mir do de Lead weltwäit a mir wäerten dat kënne vermaarten.

An et ass och ugeschwat ginn: Aarbechtsplazen, déi do geschafe ginn. Natierlech, wat den Här Kartheiser seet, ass richteg: Op anere klasseschen Energie- oder polluenten Energieforme ginn och Aarbechtsplaze verluer. Dat muss een och dogéint oprechnen, wann ee wëllt ganz éierlech sinn.

Mä ech mengen, ee lescht Wuert ass dat, dass een awer och muss bedenken, dass d'Europäesch Unioun fir 8% vun den Emissioune weltwäit steet an dass also d'Zil vun der Politik muss sinn, d'Zil vun der EU och muss sinn, esou vill wéi méiglech aner Länner respektiv Kontinenter mat an déi dote Beméiunge mat eranzekréien. Well mir eleng wäerten et net packen, fir déi Limitatioun vun den zwee Grad Celsius hinzekréien. Dofir, mengen ech, ass dat en Effort, deen och d'nationaalt Parlament, d'national Regierungen, pardon, mä virun allem och d'Kommissioun muss an all deenen internationale Gremie vertrieden.

Ech soen Iech villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Wirtschaftsminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert déi zwou Motiounen iwwergoen. Ech géif fir d'Éischt iwwert d'Motioun, déi vum Här Kox a vum Här Fayot abruecht ginn ass, ofstëmme loossen, an dann iwwert de Complément.

Vote

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss. Et si 60 Deputéiert, déi um Vote deelgeholl hunn, entweder direkt oder duerch Procuratioun. 32-mol Jo, 3-mol Neen a 25 Enthalungen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech ginn dovunner aus, dass d'Enthalunge motivéiert sinn.

(Assentiment)

Domat ass d'Motioun adoptéiert.

Ech géif dann zum Vote iwwert déi zweet Motioun iwwergoen, déi vum Här Justin Turpel abruecht ginn ass.

Vote

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss. D'Motioun ass mat 58 géint 2 Stëmmen ofgelehnt. 58 Stëmmen Neen, 2 Stëmme Jo.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Domat ass d'Diskussioun iwwert déi zwou Motiounen ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Projet de loi 6599, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Laboratoirë fir medezinesch Analysen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Andrich-Duval, den Här Mertens an d'Madame Lorsché.

An direkt huet d'Wuert d'Rapportrice, d'Madame Cécile Hemmen.

10. 6599 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 16 juillet 1984 relative aux laboratoires d'analyses médicales

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

Mme Cécile Hemmen *(LSAP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, de Projet de loi 6599, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ännert dat modifizéiert Gesetz iwwert d'Laboratoirë vum 16. Juli 1984. D'Ännerung, déi hei virgeholl gëtt, ass ze gesinn am Kontext vun de breede Beméiungen, fir am Spidolsberäich d'Zesummenaarbecht an och d'Synergien ze encouragéieren an ze förderen. D'Ziler sinn dobäi gläichzäiteg d'Verbesserung vun der Qualitéit a méi eng héich Effizienz.

D'Notioun vum Spidolslaboratoire ass duerch d'Spidolsgesetz festgeschriwwen, dat a sengem Artikel 26 festhält, dass all Spidol mat iwwer 175 Better e Laboratoiresservice muss hunn, deen den Normen entsprécht. Den Ament hu mer sechs Spidolslaboratoiren hei am Land, mat engem Effectif vun 212 Vollzäitsalariéen. Am Joer 2010 sinn iwwer siwe Milliounen Analysen duerchgefouert ginn, wat e Käschtepunkt vun 43,4 Milliounen Euro bedeit, dovunner 25 Milliounen Euro fir Personalkäschten.

Op Demande vun der Fédération des hôpitaux gouf an de Joren 2011 an och 2012 d'Etüd „Teamplan" iwwert d'Spidolslaboratoiren an och den LNS, also de Laboratoire national de santé duerchgefouert, fir ënner anerem de Potenzial fir Synergien ze identifizéieren. Dobäi ass erauskomm, dass et géif Sënn maachen, fir déi analytesch Aktivitéite vun de Spidolslaboratoiren an dem LNS an enger gemeinsamer Struktur ze zentraliséieren. Besonnesch bei den héich spezialiséierten a ganz raren Analyse géif dat erlaben, fir d'Qualitéit ze verbesseren an och d'Käschten ze limitéieren, dat am Sënn vum Mot d'ordre vum „utile et nécessaire".

Iwwregens fänkt een och elo hei net bei null un, well am Beräich vun de Biopsien an der Cancérologie schafft de Statslabo scho vun Ufank u ganz enk mat de Spidolslaboratoiren zesummen. Ënnert der aktueller Legislatioun war et bis ewell awer net méiglech, dass den LNS sech mat engem oder e puer Spideeler an enger Structure juridique zesummegedoen hätt, fir e Labo ze exploitéieren. Mä dat soll sech dann elo mat dësem Gesetz ännere.

Den ursprünglechen Text vum Projet de loi huet déi Méiglechkeet fir de Laboratoire national opgemaach a sech awer och dorobber beschränkt. De Statsrot a sengem Avis vum 12. November 2013 huet awer drop higewisen, dass de Statslabo, wat elo d'Beräicher vun der Chimie médicale, der Hématologie, der Microbiologie an och der Anatomie pathologique ugeet, ënnert dat normaalt Laboratoiresgesetz fält an och keng besonnesch Privilegie par rapport zu den normale Laboratoirë virgesäit.

De Conseil d'État huet dofir d'Positioun vertratt, dass et am Sënn vun der Gläichbehandlung ubruecht wier, fir och den normale private Laboen d'Méiglechkeet ze ginn, fir sech mat de Spidolslaboratoiren ze associéieren. De Statsrot huet zu deem Punkt, deen iwwregens och vun der Chambre de Commerce an hirem Avis vum 2. Oktober 2013 kritiséiert gouf, eng Opposition formelle ausgesprach.

D'Chamberskommissioun huet sech hei der Positioun vum Conseil d'État ralliéiert, grad wéi och an deem Punkt, wou de Statsrot argumentéiert huet, dass d'Associatioun sech misst op d'Aktivitéite vum Spidolsberäich limitéieren.

Während hiren Aarbechten an och den Diskussiounen huet d'Chamberskommissioun nach eng Kéier ënnerstrach, dass de Regierungsprogramm d'Vocatioun vum Laboratoire national de santé confirméiert, fir e regelrechte Centre d'excellence ze ginn, mat allem, wat dat u Personal an awer och u modernem a sophistiquéiertem Équipement bedeit. Dat gëllt ënner anerem fir d'Beräicher wéi d'Cancérologie, mä awer och d'Aktivitéiten am Kontext vun der Opferambulanz, der Prise en charge vun den Affer vun häuslecher Gewalt oder awer och d'Missiounen am Beräich médico-légal.

Bei den Diskussioune vum Projet de loi 6297, duerch deen de Laboratoire national de santé als en Établissement public geschaf gouf, ass deemools och déi wichteg Roll vum LNS a Saachen ëffentlech Gesondheet ervirgestrach ginn. D'Chamberskommissioun huet betount, dass déi nei Bestëmmungen eng ganz Partie vun neie Méiglechkeeten opmaachen, an de Fait, dass den LNS an enger Konkurrenzsituatioun evoluéiert, sech och kéint positiv op d'Effizienz auswierken.

Et sief och gesot, dass d'Etüd „Teamplan" gewisen huet, dass de Coût moyen vun enger Analys hei zu Lëtzebuerg bei 4 Euro läit géintiwwer vun 1,5 Euro zum Beispill an Däitschland, an dat bei Laboratoiren, déi no vergläichbarer Qualitéitsnorm fonctionnéieren. Dat ënnersträicht eemol méi d'Wichtegkeet vun deem Gesetz, iwwert dat mer elo hei diskutéieren an och ofstëmmen, an dat eng weider Mutualisatioun am Beräich vun de Laboen erméiglecht.

D'Kommissioun huet och ofschléissend zur Kenntnis geholl, dass d'Etüd „Teamplan" eng Zentraliséierung vun der sougenannter „Krankenhauslabordiagnostik" a Synergie mat der Diagnostik vum LNS wirtschaftlech sënnvoll gesäit, esouguer wann dat géif en Neibau op der grénger Wiss néideg maachen. Woubäi och wuelverstane virausgesat ass, dass d'Spideeler weider an hirem Haus e klenge Labo fir déi urgent Analyse wäerten halen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, au vu vun all dësen Erklärungen an am Sënn vun engem nach bessere Service un de Patienten, géif d'Gesondheetskommissioun Iech un d'Häerz leeën, fir dëse Projet de loi ze stëmmen. An heimat ginn ech natierlech och den Accord vu menger Fraktioun.

Villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Rapportrice. An als éischt Riednerin huet d'Madame Andrich-Duval d'Wuert.

Discussion générale

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci der Rapportrice fir hiren exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Eng kleng Ännerung, eigentlech en Oubli vum viregte Gesondheetsminister, mä „klein aber oho" fir de Laboratoiressecteur vum Spidolswiesen. Schonn am Regierungsprogramm vun 2009 war festgehalen, datt d'Regierung géif d'Kollaboratioun tëschent Spideeler am Labosberäich ënnerstëtze wéinst der Effizienz an de Käschten. D'CSV begréisst ausdrécklech esou Synergien am Spidolssecteur.

Ech hunn awer e puer Remarquen ze maachen. Éischtens bedauert d'CSV, datt den Avis vun der Federatioun vun de private Laboen, der FLAM, net un d'Kommissiounsmembere weidergereecht gouf an och net an den Documents parlementaires figuréiert.

Zweetens, zur aktueller Situatioun. Et gëtt elo schonn eng Kollaboratioun tëschent dem nationale Gesondheetslabo a Spideeler fir alles, wat Biopsien ugeet. D'Madame Hemmen huet et scho gesot. Dat war awer an der Vergaangenheet leider net ëmmer esou problemlos. Mir si bei der Anapath och weiderhin op den LNS ugewisen. D'CSV huet sech bis dato géint de Monopole de fait ausgeschwat, well privat Laboen och op méi performant Kriibsanalysen am Ausland konnten zréckgräifen. Weider besteet och haut um Terrain schonn eng Zesummenaarbecht vu Spideeler mat private Laboen a verschiddenen Exzellenzdomänen.

Drëttens, zum virleiende Gesetzestext. An do war et fir d'Spideeler virgesinn, sech exklusiv mam LNS ze associéieren. Net nëmmen de Statsrot, mä och d'Chambre de Commerce, grad wéi d'FLAM hu sech awer vehement dogéint gewiert. Berechtegterweis, well d'Regierung jo domat géint de konstitutionelle Prinzip vun der Gläichbehandlung géif verstousse par rapport zu anere Laboratoiren.

Am Beräich vun de sougenannte Routineanalysen, déi den LNS och ausféiert, steet en nämlech an direkter Konkurrenz mat hinnen. Hei wier den LNS also ganz bewosst bevirdeelegt ginn an hätt quasi eng Monopolstellung kritt. Et stoung och am Text, dass den LNS dëst géif maachen am Kader vu senge Missiounen am Spidolsberäich. Or, ass guer keng esou eng Missioun gesetzlech virgesinn. An dem LNS seng Missioune sinn iwwregens och net ëmmer esou kloer.

Véiertens, d'Plus-value vum neien Text. Elo komme jo all d'Laboen, déi Analyses médicales ubidden, ob privat oder LNS, a Fro, fir Synergië mat de Spidolslaboen, déi ambulant wéi déi stationär. „All" heescht an deem Fall och auslännesch Laboen. D'CSV weist hei op de Volet vum Dateschutz hin, deen ee besonnesch muss am A behalen, wann Analysen am Ausland géife gemaach ginn. D'CSV fënnt dës Ouverture awer richteg. D'Zil muss sinn, déi beschtméiglech Qualitéit am Sënn vum Patient ze erreechen. Eng gesond Konkurrenz soll den neieste Standard bei den Analysen an e schnellen a käschteneffiziente Service garantéieren.

D'Etüd vum „Teamplan" iwwert d'Spidolslaboen an den LNS weist, an et gouf och scho gesot, datt de mëttlere Käschtepunkt vun enger Analys zu Lëtzebuerg bei ronn 4 Euro läit par rapport zu 1,5 an Däitschland. Bei de Spidolslaboe maachen déi 212 Salariéë ronn 58% vun de Fraisen aus, géint schätzungsweis 30 bis 40% bei de Privaten. Dat schwätzt fir sech. Gesond Konkurrenz bedéngt, datt den LNS, vu säin neie Statut vun Établissement public, muss, ech zitéieren dee fréiere Gesondheetsminister: „déiselwecht Qualitéitskonditiounen erfëlle wéi déi bescht ënnert de private Laboen. Dat ass eng Erausfuerderung, an déi muss de Statslabo unhuelen."

De Secteur vun de private Laboen huet net geschlof a sech enorm weiderentwéckelt. Beonrouegend ass allerdéngs, wat mer kierzlech an de Medie konnte liesen. Hir Politik gëtt méi aggressiv an de Krich ëm d'Geld schéngt offen ausgebrach ze sinn. Hoffentlech net eng Profitgier op Käschte vun der Allgemengheet!

Hei ass d'Politik awer och net ganz onschëlleg drun - an domat meng fënneft Remarque. Engersäits huet déi bis elo protektionistesch Politik vum Gesondheetsminister par rapport zum nationale Gesondheetslabo ausgedéngt. Si ass carrément net méi ëmsetzbar. D'Madame Gesondheetsminister huet et awer elo mat an der Hand, iwwert d'LNS-Gesetz d'Akzenter fir seng zukünfteg Weiderentwécklung am Sënn vun der Santé publique ze setzen. Anerersäits hu souwuel d'Gesondheetskeess wéi de Gesondheets- an de Sozialminister, Sécurité-sociales-Minister jorelaang keng propper Politik am Beräich vum Labossecteur gemaach. En Zickzackkurs tëschent Budgetisatioun a Bezuelung op Akt, ouni Konzept.

Dofir zum Schluss och eng Rei Froen, déi mir gären als CSV beäntwert hätten: Wéi eng Visiounen huet d'Regierung, fir d'Zesummespill tëschent de privaten an den ëffentleche Laboen ze regelen? Ass de Projet vum Neibau, deen ugeschwat gouf, fir d'Spidolslaboen zu Diddeleng nieft dem LNS, dee sécherlech eng Plus-value wär fir Diddeleng, ass deen a Fro gestallt - well eent vun de grousse Spideeler soll wëlles hunn, seng Labosaktivitéite carrément outzesourcen an e private Labo?

Wann neen, wiem gehéieren dës Terrainen op Koibestrachen: dem Stat, der Gemeng, Privatleit? A wéi engem Zäitraum soll dee Bau realiséiert ginn?

An dann: Sinn och schonn Dispositioune geholl ginn, fir d'Personal aus de Spidolslaboen op eng sozial verdréiglech Aart a Weis ëmzeverdeelen, also ouni dass et zu Entloossunge kënnt wéi am Ausland?

An da meng lescht Fro, wat den LNS ubelaangt: Gëtt et schonn eng Qualitéitssécherung, déi méi wäit geet wéi eng einfach Zertifizéierung? An och: Wat konkret steet dann elo an deene pluriannuelle Konventiounen, déi mam Stat virgesi sinn? Sinn dofir déi néideg Suen do? A wéi ass d'Zäitschinn, fir déi ugekënnegt Kompetenzzentren ze schafen? Ënner anerem zum Beispill d'Afferambulanz, wou oft Frae betraff sinn, et ass scho gesot ginn, eng Prioritéit och fir CSV.

Här President, et bleiwen also nach ganz vill Inconnuen an deem heiten Dossier, wéi et soll virugoen, mä mam Fong vun dësem Projet ass d'CSV awer averstanen, well e bréngt eng verbessert Offer fir de Patient.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Andrich-Duval. Ech wëll just soen, dass de fréiere Gesondheets- a Sozialminister mer just an d'Ouer geflüstert huet, dass en ëmmer an där doter Politik vun dem Koalitiounspartner ënnerstëtzt war. Ech wollt Iech dat just weiderginn.

(Brouhaha)

D'Madame Andrich wär mer sécher rose gewiescht, wann ech hir dat net gesot hätt. Nächste Riedner ass den Här Roger Negri.

(Brouhaha)

Ah, okay. Sorry, den Här Mertens.

Ah, et ass deen anere Projet, fir deen e sech gemellt huet. Entschëlleg, Edy.

M. Edy Mertens *(DP)*.- Et ass näischt.

M. le Président.- Entschëlleg, den Här Negri hat sech fir deen nächste Projet ageschriwwen. Sorry!

M. Edy Mertens *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt wëll ech drop hiweisen, dass an deene leschte Joren d'Aarbecht vun de medezinesche Laboe sech also déif gräifend geännert hunn. Dat ass zu engem groussen Deel op déi technesch medezinesch Progrèsen an dësem Domän zréckzeféieren. Dës Entwécklung huet awer och mat sech bruecht, dass et ëmmer méi zu enger pousséierter Spezialisatioun an awer och Konzentratioun vun de Laboratoiren zu Lëtzebuerg komm ass. Virun eppes méi ewéi dräi Joer gouf dofir eis Législatioun mat engem gewëssene Retard der Realitéit vum Terrain ugepasst.

D'Demokratesch Partei huet déi deemoleg Ännerungen ausdrécklech begréisst, well mer der Meenung woren an nach ëmmer sinn, datt dëst eng Chance fir d'Weiderentwécklung vun de Laboen hei zu Lëtzebuerg duerstellt. Mir sinn och weiderhin der Iwwerzeegung, dass eng méi enk Zesummenaarbecht tëscht de Spidolslaboen an dem Statslaboratoire oder auslännesche Laboratoirë sënnvoll ass.

Als klengt Land erreeche mer heiansdo einfach net den Nombre critique, fir déi néideg Qualitéit ze garantéieren, an och aus Erfahrung kann ech lech soen, et si verschidden Analysen, déi kann een nëmmen zesumme maachen an déi sinn och esou rar, datt ee se wierklech net kann hei an engem Institut vollzéien.

Et géif sech also dee Moment net lounen, déi mënschlech a materiell Ressourcë fir verschidden Analysen hei am Land ze etabléieren. An dat fonctionnéiert, dat muss ech aus Erfahrung soen, ganz gutt am Ableck.

Bei enger méi enker Kollaboratioun tëscht dem LNS an de Privatlaboe geet et awer net nëmmen drëm, fir Synergien ze schafen a Suen ze spueren, mä am Endeffekt profitéiert natierlech och de Patient vun enger besserer Qualitéit vun dësen Analysen.

Ofschléissend wëll ech awer der Rapportrice, der honorabeler Kolleegin Cécile Hemmen Merci soe fir hiren exzellente schréftlechen an och mëndleche Rapport. Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Edy Mertens. Als Nächst huet d'Madame Josée Lorsché d'Wuert.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken net u mat de Spidolslaboratoiren an och net mam LNS, mä mat de Privatlaboratoiren. Wann een an der Press liest, wat momentan am internationale Secteur vun deene Laboratoirë leeft, da kéint ee mengen, datt milliounenhéich Emsätz an Aktiegeschäfter dee Secteur méi beschäftege wéi d'Gesondheet vum Patient oder besser gesot vum Client.

Domat wëll ech d'Qualitéit vun hirer Aarbecht net a Fro stellen. A gewëssene Fäll spillen déi Laboratoirë souguer eng Virreiderroll, och an der Fuerschung, a verschléisse sech och net der Zesummenaarbecht mam ëffentleche Secteur.

D'Gefor, déi awer bei ëffentlech-private Partnerschafte lauert, ass déi, datt se duerch eng Hannerdier an eng Zwouklassemedezin féieren. Dat ass ganz bekannt, an dat wësse mer alleguer. Se riskéieren an e System ze féieren, wou déi eng sech exklusiv Analysen a Soine kënne leeschten, an déi aner net.

Fir eis als Gréng, an net nëmme fir eis, gehéiert dat wichtegt Gebitt vun der Gesondheet an d'ëffentlech Hand. Am Kontext vun dësem Projet de loi a vun de Laboratoiren allgemeng heescht dat, datt héich spezialiséiert Analysen net reng der Privatinitiativ däerfen iwwerlooss ginn, woumat ech och de fréiere Gesondheetsminister zitéieren.

Mir verlaangen eng eenheetlech, transparent a kontrolléierbar Tarificatioun vun allen Aktivitéiten an eng verstäerkt Zesummenaarbecht mam Spidolssecteur, wou d'Qualitéit am Mëttelpunkt steet an net de Benefiss. Dowéinst begréisse mir ganz staark, datt d'Regierung alles drusetzt, fir d'Tarificatioun ze vereenheetlechen, fir aus dem Gesondheetslaboratoire e Centre de compétence ze maachen, mat engem Standbeen an der Recherche, mat neie Missiounen, déi der ganzer Gesellschaft zeguttkommen an net just enger Minoritéit. Dat war schonn d'Zil vum fréiere Gesondheetsminister an dat ass och d'Zil vun dëser Regierung.

En zweet Zil, wat schwaarz op wäiss am Regierungsprogramm steet, ass dat, fir d'Synergien am Gesondheetssecteur méi staark ze férdere wéi virdrun. Ech denken hei net nëmmen un eng Zesummenaarbecht tëschent de Laboratoiren an de Spideeler. Och d'Zesummenaarbecht mat der Uni a mat de CRPen - gëschter ass nach an der Chamberskommissioun driwwer geschwat ginn -, an éischter Linn d'Zesummenaarbecht mam CRP-Santé an der IBBL, déi ass wichteg. Net nëmmen, fir d'Kompetenzen ze bündelen. Se ass och wichteg, fir ze verhënneren, datt staatlech Gelder inflationär u verschidden Acteure fléissen, déi ähnlech Aktivitéiten ausféieren. Eng vun de méigleche Synergië gëtt am Projet de loi vun haut definéiert a besteet aus der Associatioun vu Spideeler a Laboratoiren.

An hirem Rapport ass d'Madame Hemmen drop agaangen, soudass ech hir vun der grénger Fraktioun aus e grousse Merci wéilt ausdrécken.

Dat Gesetz huet e Knackpunkt, e Knackpunkt an awer och eng Erausfuerderung. Et besteet doran, datt de Laboratoire national de santé säit dem Summer 2012 keng Statsverwaltung méi ass, mä en Établissement public, och dat ass scho gesot ginn. Dësen neie Statut huet him eng ganz Rei Virdeeler verschaaft. En huet zum Beispill d'Méiglechkeet ginn, héich spezialiséiert Experten a Wëssenschaftler aus dem In- an Ausland anzestellen an eben d'Standbeen an der Recherche opzebauen.

De Laboratoire national de santé kann och vill méi flexibel an onkomplizéiert op d'Fuerschung, op d'wëssenschaftlech Erkenntnisser reagéieren, an e bitt net zulescht déi grouss Chance, vun europäesche Gelder kënnen ze profitéieren. Alles dat wier an enger Statsverwaltung net méiglech.

De Statut vum Établissement public huet awer och en Hoken. Et ass deen, datt de Laboratoire national de santé keng Monopolstellung vis-à-vis vun aneren Acteuren am Secteur däerf ageraumt kréien, wat seng Aktivitéite betrëfft. Trotz senger ëffentlecher Missioun an trotz der Vertriedung vum Stat am Verwaltungsrot, däerf keng Situatioun vun Inegalitéit tëschent de verschiddene Laboratoiren am Land geschafe ginn. Dat war och den Inhalt jo vum Statsrot senger Opposition formelle.

De Statslabo muss der fräier Konkurrenz ausgesat ginn, wat ebe bei der Kreatioun vum Établissement public schonn eemol betount ginn ass. An anere Wierder heescht dat, datt déi Monopolstellung, déi mir him wollten zouschreiwen, elo him selwer iwwerlooss ass. E muss se sech selwer erkämpfen, wann en eng Haaptroll am Laboratoireswiese wëllt spillen a senger ëffentlecher Missioun wëllt gerecht ginn.

Mir zweifelen net drun, datt dat méiglech ass. Allerdéngs mussen zwou Konditioune stëmmen: Éischtens muss déi geplangte Cellule de qualité, déi sech héich Usprécher stellt, deenen Usprécher och gerecht ginn a permanent mam medezinesche Fortschrëtt mathalen. Zweetens muss awer och d'Regierung dem Laboratoire déi néideg Mëttele ginn, fir deen Défi kënnen unzegoen.

Als Gréng si mir frou, festzestellen, datt de Regierungsprogramm grad dës Mëttelen zousätzlech virgesäit. Se stinn och schwaarz op wäiss do geschriwwen.

Mat der Astellung vu méi Personal am Beräich vun de Biopsien, déi bei all Gewebeentnahmen duerchgefouert ginn a ville Patienten d'Liewe retten, huet d'Madame Minister Mutsch schonn en éischten a wichtege Schrëtt gemaach. En zweete besteet aus enger besserer a méi effikasser Zesummenaarbecht mat aneren Acteuren aus dem Secteur.

Als Gréng ënnerstëtze mir all Associatioun, déi an där Logik entsteet an déi dem ëffentleche Gesondheetssystem zegutt kënnt. Déi Zesummenaarbecht brauch eng juristesch Basis an eng gemeinsam Struktur. Dowéinst ënnerstëtze mir och dëst Gesetz.

Ech soen Iech Merci fir d'Gedold.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Lorsché. Ech hu keng weider Inscriptioun. Ah, den Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Mat deem Projet de loi hei gëtt am Fong geholl deen Trend zur Liberaliséierung am Laboratoiressektor, dee scho länger Zäit ageleet ass, op en Enn gefouert, andeems d'Méiglechkeet vun der Ausdehnung vu private Laboratoiren och op de Spidolssektor heimadder festgeluecht gëtt.

Am „Lëtzebuerger Land" vum 14. Mäerz hu mer gelies vu Gespréicher, déi solle gefouert gi mat engem internationale Grupp, CEL, dee

Propriétaire ass vun deem gréisste Privatlabo, deen et de Moment am Land gëtt, iwwer en Outsourcing vun engem Laboratoire an engem grousse Lëtzebuerger Spidol.

Déi Liberaliséierung gouf schonn 2011 ageleet, nodeem d'Federatioun vun de Privatlaboen ënnert dem Drock vun deem deemolege Besëtzer vun deem gréisste private Labo - Ketterthill, fir en net ze nennen - d'Méiglechkeet zu Bréissel ageklot huet, Privatlaboen net nëmmen duerch Privatpersounen, mä och duerch Gesellschaften, duerch Aktiegesellschafte bedreiwen ze loossen.

Gläich duerno ass déi Firma Ketterthill vun där internationaler Firma CEL iwwerholl ginn, mam Resultat, dass den Drock op d'Rentabilitéit geklommen ass. Deen Acteur huet zënter Mëtt 2011 19 nei Zentre fir Bluttanalys am Land opgemaach, virun allem am Süde vum Land, och niewent Zentren, déi scho bestanen hunn.

Dat hei ass ee Punkt, dee weist, firwat datt et wichteg ass, datt d'Bierger wëssen, wat mat deene Sue geschitt, déi se als Steiere bezuelen, datt domadder ëffentlech Déngschtleeschtunge gemaach ginn, zu deene jiddereen Zougang muss hunn, datt domadder Infrastrukture gebaut ginn, déi mer brauchen, Schoulen, Crèchen, am Transport, och wann et

keng Stroosse sinn, sozialen Ausgläich an aner Saachen.

Souwäit wéi ech dat iwwerblécken, mä ech weess net, ob dat dann elo déi leschte Kéier ass, ass hei kee Projet derbäi, deen de Spuermoossnamen oder der Austeritéit vun der Regierung, souwéi se bis elo geplangt ass, zum Äffer fält. Ech fäerten awer, datt dat d'nächst Joer de Fall ka sinn. Mä da wäerte mer dann driwwer diskutéieren. Et huet kee Sënn, fir elo do Kaffissaz ze liesen.

Ech fannen et och flott, déi Prozedur, déi besteet, datt d'Décisioune vun neie Projeten alleguerten an der Chamber iwwert déi Motioun décidéiert ginn an datt an de Kommissiounen de Suivi gemaach gëtt vu deene Projeten, déi amgaange sinn ëmgesat ze ginn. Et ass scho gesot ginn, mir haten de Moien an der Commission du Développement durable eng länger Diskussioun iwwert déi Projeten, déi amgaange sinn.

Mir haten an der Commission du Développement durable vum 10. Februar déi eenzel Projeten duerchdiskutéiert, wou ech nach op déi Kommissioun zréckkommen, mä ech hat awer schonn an der Kommissiounssitzung, zwou Sitzunge virdrun, den 29. Januar, wéi mer mam Minister iwwert déi grouss Projete vum Stat, sou wéi se am Regierungsprogramm virgesi sinn, eng Rei Diskussiounen, un déi ech hei kuerz wëll erënneren, well se awer am Zesummenhang mat deenen heite Projete wichteg sinn.

Dat éischt, ech mengen d'Rapportrice huet et schonn ugeschwat, dat ass d'Problematik vun der Energieeffizienz, déi een net einfach kann ze vill véiereckeg gesinn, mä déi ee muss differenzéiert gesinn. Ech mengen, d'Praxis huet gewisen, datt een zum Beispill ee Schoulgebai net onbedéngt kann op passiv Bauweis bauen. Eng Schoul muss kënne gelëft ginn, déi muss quer kënne gelëft ginn, do sinn aner Besoine wéi an engem Wunnhaus. An do, mengen ech, si Feeler gemaach ginn an der Vergaangenheet, datt een also och d'Energieeffizienz dem Besoin vun dem Gebai upasst. An ech mengen, dat ass och hei amgaangen, realiséiert ze ginn.

Eng zweet Saach, déi ech opgeworf hat, dat ass, wat den Entretien vun de Gebaier ugeet. Et si vill Gemengen an och Länner, och Gemengen am Ausland, ech huelen d'Beispill vun der Stad Freiburg, well sech och dacks dorobber referéiert gëtt, déi een Entretien gemaach hunn, dee se ausgelagert hunn, wou ganz dacks dann nëmmen een Entretien curatif gemaach ginn ass. Et ass gebotzt ginn, et ass an der Rei gehale ginn. Mä en Entretien préventif, deen d'Substanz vum Gebai an der Rei hält, dee méi deier ass, ass net gemaach ginn. An da stellt sech eraus no zéng Joer, 15 Joer, datt d'Substanz vum Gebai esou vill u Wäert verluer huet, datt am Fong geholl, dat, wat een erspuert huet, sech net rentéiert huet, well een duerno vill méi muss dran investéieren. An dat ass och eng Fro gewiescht un de Minister vun den Travaux publics, fir derfir ze suergen, datt et eng Strategie gëtt vun Entretien préventif, an net nëmme vun Entretien curatif.

Et ass och gesot gi vum Minister, si wieren amgaangen driwwer ze diskutéieren, fir eng Entitéit ze schafen, déi sech iwwerhaapt mat der Gestioun vun de Gebaier - ech mengen, et geet haaptsächlech ëm d'Gebaier bei den Infrastrukturen - an där Hisiicht ofgëtt.

Ech suggeréieren an deem Zesummenhang, och driwwer nozedenken, ob et net Sënn mécht, wann een esou eng Entitéit schaaft, datt een dat mécht, wat d'Stad Lëtzebuerg gemaach huet, nämlech och eegent Botzpersonal astellt fir den Entretien vun deene Gebaier, fir den Nettoyage vun deene Gebaier ze maachen.

Eegent Botzpersonal, wann et korrekt bezuelt ass, gëtt net onbedéngt méi deier, wéi wann een dat en sous-traitance mécht. An et muss een awer wëssen, wann et en sous-traitance ass, da kënnt et awer net bei deene Leit un, déi wierklech d'Aarbecht maachen. An dee Konflikt, dee mer am Moment am Botzsecteur hunn, weist jo, datt do Firmaen operativ sinn, déi op Mindestloun schaffen, déi Qualifikatiounen net unerkennen. An do wier et ee gudden Impuls, wann een deene Leit kéint eng fest Beschäftegung beim Stat ginn, och a Beräicher wou et Chômage gëtt a wou een net esou vill Qualifikatioun bräicht, wou d'Leit och dacks op der Aarbecht an en cours de route hir Qualifikatioun kënne kréien.

En drëtte Punkt, op deen ech higewisen hat an deen nach en suspens ass, dat ass deen, datt de Campus scolaire Miersch am Fong geholl deen éischte grousse Projet war, deen zu Lëtzebuerg an engem „public private partnership" gemaach ginn ass, also e PPP. An ech hat gesot kritt, et géif ee Bilan gi vun deem PPP vu Miersch a mer hunn de Minister gefrot, fir eis dee Bilan vun deem PPP Miersch ze ginn, fir datt mer deen och an der Kommissioun kéinten diskutéieren.

Mir kruten och nach eng Kéier gëschter bestätegt, datt dat och geschitt, well et sinn elo nach aner PPPe virgesinn. Well, ech mengen, och do geet et drëm, fir vun den Erfahrungen ze profitéieren. Well d'PPPen, och wann dat op den éischte Bléck schéngt, wéi wann dat méi bëlleg kéint ginn - wann ee weess, datt do och een aneren, e Privaten da wëllt dru verdéngen -, ënnert dem Strëch kënnt do net déi nämlecht Déngschtleeschtung eraus. Mä mir sollen dat calmement bilanzéieren, wa mer dee Bilan vum Ministère virgeluecht kritt hunn.

Déi aner Fro, déi ech nach gestallt hat, dat ass déi vun deem, wat am Regierungsprogramm virgesinn ass, vun der Fiche d'impact de développement durable, also fir nieft der Finanzimpaktfiche och ëmmer eng Fiche bei all Gesetzesprojet ze hunn iwwert den Impakt, deen dat Gesetz op d'nohalteg Entwécklung huet. Do huet de Minister bestätegt, datt dat ganz kuerzfristeg net méiglech wier. Ech hat e verstanen: op kee Fall virun 2015. Et wier awer interessant, gewuer ze ginn, wéini datt esou eng Fiche kéim a vu wéini un datt déi operativ wier, well et ass awer e wichtegen Aspekt vun Nohaltegkeet, deen domadder soll realiséiert ginn.

Dann dee leschte Punkt, deen ech wëll opwerfen, deen an der Kommissioun diskutéiert ginn ass - dat war zwar elo an där vum 10. Februar -, dat ass effektiv d'Start- a Landepist um Flughafen, wou jo - an ech mengen, virdrun ass och ee Riedner dorobber agaangen - Kanal a Waasser soll mat realiséiert ginn.

Do muss ee wëssen, datt wierklech seriö Problemer sinn, och mam Schutz vum Grondwaasser. An dat betrëfft net nëmme bestëmmte Produiten, mä dat betrëfft och d'Situatioun, wann et wierklech staark reent an alles iwwerleeft, d'Opfangbecken iwwerlafen, d'Grondwaasser mat verdreckst gëtt, esou datt verschidde Quellen heiansdo net méi unzapbar sinn oder net méi kënne gebraucht ginn.

An deem Zesummenhang wier et och ganz wichteg - an ech hoffen, datt de Minister mer dat ka bestätegen -, datt och mat deene Gemengen, déi ronderëm de Flughafe sinn, direkt doriwwer geschwat gëtt an déi Projeten och direkt mat hinnen zesummen diskutéiert ginn.

Da gëtt et e leschte Punkt, deen ech wollt opwerfen, dee wichteg ass. Mir schwätzen ënner anerem hei iwwer Infrastrukture vu Schoulen, vu Lycéeën. A bei de Lycéeën hat ech e bëssen d'Impressioun, wéi wa mer lues a lues erëm an enger Navigation à vue dra wieren, wéi wann d'Konzepter net méi ganz kloer wieren. Et gëtt awer ee Plan directeur sectoriel «Lycées», deen elo net den 21. Mee hei an der Chamber zur Diskussioun steet.

Duerfir war d'Fro déi, ob deen net misst ugepasst ginn, fir datt een do erëm méi eng kloer Planung krit, wat d'Lycéeën ugeet, d'Besoine vun de Lycéeën zu Lëtzebuerg. Och do ass versprach ginn, datt dee Plan directeur sectoriel «Lycées» géif réexaminéiert ginn an ugepasst ginn. Ech wier och frou, wann een do kéint wëssen, wéini datt dat wier.

Projeten, déi hei net dra sinn, dat sinn déi vun der Infrastruktur Eisebunn. Déi ginn à part diskutéiert. Och do kommen ech beim nächste Punkt bei engem Beispill dorobber zréck. Ech ginn elo net op déi eenzel Projeten hei an.

Mir stëmmen déi Motioun mat deene Projeten. A mer ginn dervun aus, datt mer op déi aner Froen, PPP an alleguerten déi aner Saachen, da kënnen zum gegebene Moment an der Kommissioun respektiv hei zréckkommen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Nohaltegkeetsminister.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wollt am Numm vun der Regierung all Intervenante Merci soen, och Merci soe fir déi breet Zoustëmmung, déi sech jo hei ofzeechent zu all deene Projeten. An ech wäert versichen, op e puer Saachen anzegoen, Froen, déi gestallt gi sinn, respektiv Remarquen, déi gemaach gi sinn.

Ech wëll vläicht ufänke mam Här Kaes, deen eng Rei berechtegt Froe gestallt huet iwwert deen Denkprozess, an deem d'Regierung amgaangen ass. Ech sinn och frou ze héieren, datt sech och do ofzeechent, datt jiddweree konstruktiv wëllt mat kucken, datt wann eng Gesamtléisung sech kéint erausbilde fir alleguerten d'Lycéeën an der Nordstad respektiv fir d'Mobilitéitskonzept, datt dann e konstruktiven Dialog och méiglech wier, fir ze kucken, ob een net op esou e Wee kéint goen.

Ech mengen, mir sinn amgaangen, dat ze analyséieren. An et geet och an déi Richtung. Mä wa mer eppes wollten a Fro stellen, da war et net, well mer wollten de Bau vun dem Lycée agricole a Fro stellen, au contraire. Dës Regierung steet do derzou, datt de Lycée agricole muss entweder en neit Gebai gebaut kréien oder dat bestehend renovéiert kréien oder ausgebaut kréien - an iergendenger Form en neit Gebai kréien. Dat ass relativ kloer, och an deem Sënn, wéi et beschriwwe ginn ass.

Mä et ass esou, datt unhand vun den Zuelen, déi ech och virleien hunn, och vun der Landesplanung, sech erausgestallt huet oder sech erausstellt, datt am Fong déi Lycéeën insgesamt, déi Capacitéit, déi mer haut hunn an der Nordstad insgesamt, bei Wäitem net duergeet fir den Zouwuess, mat deem ze rechnen ass an deenen nächste Joren, an datt, och wa mer elo nëmmen eng Léisung siche just fir de Lycée agricole zu Gilsdrëf, dat da vu kuerzer Dauer ass, déi Freed, déi mer dann hunn. Vläicht sinn natierlech déi Leit, déi do an deem Lycée dra sinn, zefridden, well se an enger besserer Situatioun si wéi haut. Mä dat léist eis net de gesamte Problem vun de Schülerfluxen a vun de Schoulen an der Nordstad.

An ech mengen, dat ass och d'Philosophie, mat där d'Regierung dat Ganzt wëllt ugoen, kombinéiert natierlech mat der Mobilitéitsfro, fir do och eng Gesamtléisung ze fannen, déi Sënn mécht. An nëmmen, wa mer do och wierklech konkret a faassbar Léisunge kréien, mengen ech, géife mer och en neie Wee virschloen.

De Stéchdatum ass genannt: Ech mengen, mir hunn eis bis de 27. Mee ginn, fir dat alles ze analyséieren. Bâtiments publics, Ponts & Chaussées, d'Mobilitéitsplanifikatioun a mengem Ministère, all déi schaffen op Héichtouren dorunner. Ech hunn och eng Rei Gespréicher gehat mat de Gemengen. Ech hat d'Gemeng Ettelbréck do, d'Gemeng Dikrech, Ierpeldeng, also ech hat alleguer d'Gemengen do, déi betraff sinn am Fong, vun där ganzer Nordstad. An dat waren, muss ech awer soen, ganz konstruktiv Gespréicher.

Ech muss och soen, do war eng ganz grouss Offenheet och do, fir op dee Wee ze goen. An et war éischter souguer, géif ech mengen, bei de Gemengen awer d'Tendenz, fir ze soen: „Wa mer esou eppes hikriten, wär dat sécherlech a jiddwerengem sengem Intérêt." An ech mengen: Gitt eis, wéi gesot, déi Zäit bis de 27. Mee. Ech hunn och déi Gemengen deen nämlechten Dag nach eng Kéier bestallt an de Ministère, all zesummen dës Kéier, fir hinnen dann d'Resultater virzeleeën, wat mer erausfonnt hunn a wat mer analyséiert hunn. An ech mengen, da solle mer dann eng Décisioun huelen.

Souwisou ass de Moment e Moratoire verlängert. Ech mengen, mir sinn de Moment an där Hinsicht..., dee betrëfft zwar natierlech nëmmen elo de Rond-point, mä de Rond-point, dee gëtt jo awer gebaut, fir den Zougang zu Gilsdrëf zu deem, wou de Lycée agricole soll kommen, dann ze kréien. Mä dat bitt eis awer..., gëtt eis e bësse souwisou e Sputt fir déi Denkpaus, fir déi dann och produktiv ze notzen. An ech mengen, datt mer bis de 27. Mee wëllen do derduerchkommen.

Dann zu deene Froen, déi gestallt gi ronderëm déi ganz Energie. Bon, et ass esou, datt schonn ënnert mengem Virgänger, also virdrun, ganz vill Wäert geluecht ginn ass drop, datt am Beräich vum Bâtiment public mer net nëmme bei Neibaute solle wierklech déi lescht a bescht Standarden uwenden am Beräich vun der Energieeffizienz, mä och souguer am Beräich vum Asaz vun erneierbaren Energien. An dës Regierung huet dat, géif ech souguer éischter soen, nach renforcéiert. Mir wëlle kucken, wierklech substanziell do drunzegoen, sougutt wat d'Albausanéierung ubelaangt wéi natierlech och, fir eis héich Standarden ze setze bei neie Gebaier.

Natierlech ass et bei ëffentleche Gebaier, wou Schoule sollen drakommen, ëmmer méi komplizéiert wéi bei Privathaiser. Do hutt Der recht, wann Der dat sot. Mä ech wëll Iech awer soen, datt ee Lycée, dee wäert gebaut ginn, deen ass elo net op dëser Lëscht drop, mä de Lycée pour professions de santé, deen zu Ettelbréck wäert kommen, datt dat e ganz innovativt Gebai wäert ginn. Do wäerte mer et fäerdegbréngen, en Energie-Plus-Gebai ze baue fir eng Schoul, wat awer och opweist, datt natierlech och an ëffentleche Gebaier nach vill Potenzial dran ass.

Dat soll och esou eng Aart Pilotprojet ginn, niewent dem Gebai vun der Forstverwaltung, wat och gebaut gëtt zu Dikrech, wat och an déi Richtung soll goen. An aus deenen Erfahrunge soll geléiert ginn a soll versicht ginn, dann natierlech dat nach méi konsequent an der Zukunft bei allen ëffentleche Gebaier anzesetzen.

An ech mengen, den Här Turpel huet gefrot, preventiv: Dat gëtt gemaach, ganz kloer! Déi Programmer, déi virgesi sinn, natierlech gëtt och do e grousse Schwéierpunkt geluecht schonn och am Beräich vun der Preventioun.

Da war d'Fro gestallt ginn zum Athénée, wéini datt dee géif fäerdeg ginn. Dat ass 2016, dann ass am Fong d'Sanéierung fäerdeg. Da kënnen d'Schüler erëm vun där provisorescher Struktur an deen da renovéierten Athénée eraplënneren. An da gläichzäiteg ginn déi vum Michel Rodange eriwwergeholl an déi provisoresch Struktur, wou elo d'Schüler dra si vum Athénée.

An ech muss och soen, et schwätzt een do vun „provisorescher" Struktur: Ech war selwer schonn e puermol do dran, dat ass eigentlech e formidabelt Gebai. An do gesäit een och, wat een do ka fäerdegbrénge mat eigentlech manner Geld. An dat ass och e gutt Beispill, mengen ech, wou och wäert draus geléiert ginn insgesamt fir d'Zukunft, well dat ass wierklech och e ganz convivialt Gebai. Also ech mengen, d'Schoul, d'Schüler an d'Proffe sinn och ganz zefridden dodranner. An dat ass fir mech och e ganz flott Beispill duerfir.

Dann ass sech d'Fro gestallt ginn zu dem rationelle Bauen insgesamt. Bon, ech mengen, den Här Gibéryen huet d'Beispill elo opgezielt, wat mer an der Budgetskontrollkommissioun elo haten, datt déi lescht Jore fir all déi Projete ka festgestallt ginn, wann déi dann elo bis un d'Enn esou exekutéiert ginn, haaptsächlech den Héichbau betreffend, datt mer do Aspuerpotenzial dran hu vun 300 Milliounen, wat natierlech eng super Noriicht ass, ganz kloer.

An da gëtt natierlech gesot, et misst ee versichen, an Zukunft nach ëmmer méi rationell ze bauen an och ze iwwerleeën, datt een net all Luxus soll dramaachen.

Ech mengen, dat ass richteg, an ech hunn Iech jo och de Mëtteg, wéi ech de Gesetzesprojet déposéiert hu vun der Verduebelung vun der Beetebuerger Zuchstreck, gesot, datt d'Regierung zwar dee Gesetzesprojet esou ugeholl huet, dee Finanzéierungsprojet mat der Beschreiwung, wéi déi Linn soll gebaut ginn, mä datt mer awer och e Bréif geschriwwen hunn un d'CFL, well mer eis Gedanke gemaach hunn iwwert dräi Ouvragen, déi dra sinn, dräi Brécken, déi zwar musse sinn, mä wou mer eigentlech gemengt hunn, datt een awer emol soll kucken, ob déi net kéinten och e bësse méi einfach gebaut ginn an doduerjer kéint e substanziellen Deel nach gespuert ginn. Déi dräi Brécken zum Beispill haten e Käschtepunkt vu ronn 80 Milliounen an deem Projet. Dat ass jo awer e substanzielle Montant.

Wéi gesot, dat ass elo net sécher, datt dat ka geschéien, mä mir wëllen awer drécken dorobber, datt bei alle Projeten, déi kommen, datt mer se genau kucken an ebe versichen, esou rationell ze baue wéi méiglech. An alles dat, wou ee kéint soen, wat vläicht kéint iwwerflëssig sinn oder ee sech vläicht kéint leeschten an Zäiten, wou et ganz gutt geet, datt een dat vläicht net muss maachen, datt ee méi fonctionnel einfach soll bauen.

Et muss een awer och bedenken: Et dierf awer och net op d'Käschte goen natierlech éischtens vun der Qualitéit, an awer och net total vun der Ästhetik. Ech mengen, mir sollen awer och elo net ufänken, Gebaier ze bauen, déi wierklech architektonesch Gräueltate sinn. Dat ass genuch gemaach ginn an de 60er Joren, an do ware mer net ganz houfreg driwwer herno. Ech mengen, et soll awer och natierlech ëmmer nach grousse Wäert geluecht ginn op d'Architektur.

Mä beim rationelle Bauen, do stellt sech fir mech eng ganz aner Fro, wa mer doriwwer wëllen diskutéieren, wa mer wëlle spueren. Dat ass déi vun de Programmer, ier gebaut gëtt. Well also Bâtiments publics, fir da bei deenen ze bleiwen, déi bauen a Fonctioun vun deem, wat verlaangt gëtt - wann et ëm eng Schoul geet zum Beispill -, vun der Éducatioun, wéi d'Programmer do zesummegesat ginn, oder wann eng Uni gebaut gëtt, wat do verlaangt gëtt. An ech mengen, et ass, wann de Programm arrêtéiert gëtt - dat heescht, dat kënnt jo da meeschtens vun deene Leit, déi herno doranner schaffen, do sech ophalen. Bon, dat si Revendicatiounen, dat si berechtegt Saachen, mä et sinn awer oft Saachen derbäi, déi ee wahrscheinlech och emol eng Kéier kann hannerfroen!

Da muss een d'Programmer hannerfroen. An dat huet natierlech eng immens Inzidenz herno ganz sécherlech och op de Käschtepunkt, deen erauskënnt herno, wann dann de Projet dropgesat gëtt, wann een déi Programmer emol kritesch hannerfreet. Also, ech mengen, do kënne sécherlech déi meescht Efforten nach gemaach ginn an do ass och dee meeschten Aspuerpotenzial sécherlech nach dran.

Den Här Gibéryen huet gemengt, hei wär jo elo kee Stroossebauprojet dran an donc géif

dës Regierung keng Strooss wëlle bauen. Dat ass e bëssen esou duergestallt ginn.

Ech wëll dem Här Gibéryen soen: Dat ass natierlech net de Fall, well éischtens ass et esou, datt e ganze Koup Stroossebauprojeten an der Pipeline sinn! Ech wëll Iech der nëmmen e puer opzielen: de Boulevard de Merl, de Boulevard Kockelscheuer, de Boulevard Raiffeisen. Et gëtt der eng ganz Rei, déi sinn eréischt gestëmmt ginn, nach net esou laang hier, och mat grousser Majoritéit an eisem Parlament.

A wann Der de Budget kuckt vun 2014, wéi vill datt do am Fonds des routes steet: Dat ass e gewaltege Chiffer. Dat sinn alles Projeten, wéi gesot, déi schonn en cours sinn. An ech soen Iech, wa mer déi déi nächst Joren ëmgesat kréien, dat ass scho pas mal, wat do hannendrustécht.

Fir de Rescht, déi Projeten, déi Dir opzielt, déi sinn och an der Pipeline, mä et muss een natierlech gesinn, ëm wat fir Projeten et sech dann do handelt.

Wann ech d'Beispill huele vum Contournement vu Bascharage, oder vum Contournement vun Hesper, dee jo och ëmmer an der Diskussioun ass: Jo, dat si Projeten, do hu mer Konfliktsituatiounen, déi ginn duerch Natura-2000-Gebidder, do musse mer eng EIE-Prozedur maachen, do gëtt et deelweis nach Konflikter mat Gemengen.

Dat heescht, dat si Projeten, wou ech eréischt kann an d'Prozedur goen, wou ech iwwerhaapt kann eréischt ufänken, seriö ze studéieren, wann ech emol am Virfeld duerch all déi Prozeduren derduerch sinn, well soss sinn ech an der Illegalitéit! Dat heescht, dat ass einfach gesot! An do ginn ech Iech recht: Oft mengen net nëmmen d'Leit dobaussen, mä oft och d'Buergermeeschteren, wann eng Diskussioun opkënnt: „Ech hätt elo gär do e Contournement", a se kommen an de Ministère, a mueres gëtt de Contournement versprach, datt dann iwwermuer de Bagger do gefuer kéim!

Dat ass natierlech net d'Realitéit. Déi gesäit do natierlech ganz anescht aus.

Ganz vill Stroossebauprojeten, mä net nëmme Stroossebauprojeten, déi ginn duerch sensibel Gebidder, do musse Kompensatiounsmesurë kommen, wéi gesot, oder et si souguer Konflikter tëschent de Gemengen, déi sech erausstellen. An dat mécht natierlech, datt déi Projeten an där Hisiicht net méi séier ëmsetzbar sinn.

Et ass net vun deem Moment un, wou mir hei d'Décisioun huelen, fir ze studéieren an d'Gesetz hei ze déposéieren. Wa mer bis an deem Stadium sinn, da geet et meeschtens séier. Kuckt Iech emol de Boulevard Kockelscheuer, de Boulevard Raiffeisen un, dat ass jo nach net esou laang gestëmmt ginn. Mä do fueren d'Baggeren awer elo! Dat heescht, do geet et virun. Dat heescht, wann et bis an der parlamentarescher Prozedur ass, da geet et meeschtens ganz séier. Et ass déi Zäit virdrun, déi oft vill méi schwiereg ass a wou vill méi Zäit verluer geet.

Da wollt ech nach kuerz agoen op déi Fro vun der Fiche d'impact de développement durable. Effektiv wëlle mer dat maachen, mä mir mussen eis fir d'Eischt eng Methodologie duerfir ginn. An ech mengen, dat brauch awer Zäit, mir mussen eis dat ukucken. Mä ganz kloer wëlle mer an déi Richtung goen, datt mer déi an dëser Legislaturperiod nach aféieren - ech hoffen emol, esou séier wéi méiglech! Mä mir profitéieren dëst Joer elo, fir emol déi Methodologie do hinzekréien, an da wäerte mer och dat anert virleeën.

Dann zu dem Plan sectoriel «Lycées». Ech hat net méi spéit wéi déi lescht Woch eng Réunioun mat der Landesplanung, mat der Educatioun wéinst dem Plan sectoriel «Lycées». Et ass esou, datt mer amgaange sinn, eng Bestandsopnahm ze maachen. Et ass nach net ganz sécher, ob mer mussen en neie Plan sectoriel «Lycées» maachen oder Adaptatiounen um bestehenden.

Et gëtt elo e Rapport ausgeschafft. De Ministère, also ech, wäert dee virgeluecht kréien - an och d'Éducatioun selbstverständlech - bis spéitstens de September. A mir hunn eis gëeenegt, de Claude Meisch an ech, datt mir, wann de Rapport bis virläit, da wollte fir den Hierscht en Débat de consultation ufroe bei der Chamber, fir dann eng Kéier hei mat der Chamber driwwer ze diskutéieren, entweder a Richtung ze goe vun engem neie Plan sectoriel «Lycées» oder vu gewëssen Adaptatiounen, Ajustementer zu deem bestehenden.

Voilà, ech soen Iech Merci, an och Merci fir d'Zoustëmmung!

M. le Président.- Merci och dem Här Nohaltegkeetsminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun kommen. Hält d'Chamber op en elektronesche Vote oder kënne mer à main levée ofstëmmen? À main levée.

Vote sur la motion 1

Ass jiddwereen do dermat d'accord?

(Assentiment)

Géigeprouf: Wien ass dergéint? Wien enthält sech?

D'Motioun ass unanime ugeholl.

Ech soen Iech Merci.

Da gi mer zum nächste Projet iwwer, dat ass de Projet 6579 iwwert déi elektronesch Eurovignette. Et ass de Basismodell, an de Rapporteur, den Här Gilles Baum, huet d'Wuert.

20. 6579 - Projet de loi

1) portant approbation du protocole modifiant l'accord du 9 février 1994 relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes pour des véhicules utilitaires lourds, aux fins

a) de satisfaire à la directive 2006/38/CE du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2006 modifiant la directive 1999/62/CE relative à la taxation des poids lourds pour l'utilisation de certaines infrastructures et

b) de convenir, entre les Gouvernements du Royaume de Belgique, du Royaume du Danemark, de la République fédérale d'Allemagne, du Grand-Duché de Luxembourg, du Royaume des Pays-Bas et du Royaume de Suède, de l'introduction d'un système de «paperless vignette» dans leur système commun pour la perception d'un droit d'usage, fait à Bruxelles, le 21 octobre 2010;

2) transposant la directive 2011/76/UE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2011 modifiant la directive 1999/62/CE relative à la taxation des poids lourds pour l'utilisation de certaines infrastructures;

3) modifiant la loi modifiée du 24 février 1995 portant approbation et application de l'Accord relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes pour des véhicules utilitaires lourds, fait à Bruxelles, le 9 février 1994

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Gilles Baum *(DP), raporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 6579 handelt et sech ëm d'Upasse vum System vun der sougenannter Eurovignette. De Projet de loi ass den 10. Juni 2013 vum Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen déposéiert ginn. Ech erklären hei déi wichtegst Punkten, andeems ech mech op de Rapport baséieren, deen déi zoustänneg Kommissioun den 12. Mäerz ugeholl huet.

Wat ass also d'Eurovignette? 1994 hunn d'Belsch, Dänemark, Däitschland, Lëtzebuerg an Holland beschloss, e kollektive System anzeféieren, wat Vignetté fir déi schwéier Gefierer op Autobunnen a verschidde Stroossen ugeet. Et handelt sech dobäi ëm Gefierer, déi geluedeen ënner zwielef Tonne weien. Dësen Accord huet déi sougenannt Eurovignette agefouert, bei där jiddwer Land e bestëmmten Deel vun den abezuelte Recetten zegutt huet.

1997 huet Schweden sech dësem Accord ugeschloss an 2005 ass Däitschland aus dem System ausgetratt, well si hiren eegene Regime op d'Bee gesat hunn, déi sougenannten „Maut". Well dunn eisen Deel vun ënner engem Prozent bis elo op knapps dräi Prozent geklommen ass, soll dëst Gesetz déi technesch Detailer un déi nei Situatioun adaptéieren.

Och gëtt et elo eng elektronesch Versioun vun der Eurovignette, esou dass de Chauffeur oder de Patron seng Vignette och iwwer Internet kafe kann. Dëse System vun der Eurovignette ass op där enger Säit also eng däitlech administrativ Vereinfachung, erliichtert den Autoritéiten op där anerer Säit awer och d'Kontroll um Terrain. Elo kann einfach an der Datebank nogekuckt ginn, ob eng E-Vignette fir dat betraffent Gefier bezuelt ginn ass oder net. De Camion brauch also emol net méi onbedéngt op der Strooss ugehalen ze ginn, fir ze kontrolléieren, ob d'Vignette an der Rei ass.

En anere Punkt vum Gesetz betrëfft d'Héicht vun der Strof, déi bezuelt gëtt, wann een ouni Vignette ënnerwee ass. Bis elo läit déi tëschent 25 a 500 Euro, d'Mindeststrof gëtt awer op 250 Euro ugehuewen. Am Zesummenhang mat der elektronescher Vignette, déi et méi einfach a méi schnell mécht, fir sech konform ze verhalen, ass dat och eng vertrietbar Upassung.

Zum Schluss wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass dëst Gesetz néideg ass, fir déi legal Basis un déi aktuell Situatioun unzepassen. Mir passen d'Gesetz vum 24. Februar '95 iwwert d'Tax fir schwéier Gefierer op eise Stroossen un an iwwerhuelen zwou Direktiven. Et wäert also fir de Camionschauffeur méi einfach ginn, seng Vignette ze kréien. A fir d'Autoritéite gëtt et méi liicht a méi séier, fir d'Gefierer ze kontrolléieren.

Här President, ech wëll dann op dëser Plaz och dem Här Minister Merci soe fir déi gutt an effikass Zesummenaarbecht mat der Chamberskommissioun, déi eis et erlaabt huet, dëse Gesetzesprojet zügeg duerchzewénken. D'Avise vun der Chambre de Commerce, Chambre des Métiers a vum Statsrot ware positiv.

Dat gesot, bréngen ech heimat den Accord vun der DP-Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Rapporteur. Wuertmeldungen hunn ech vum Här Kaes.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam virleiende Projet de loi passe mer u sech den Accord vun der Eurovignette aus dem Joer '97 un déi aktuell Situatioun un. Duerch d'Bezuele vun enger Eurovignette, esou wéi et scho gesot ginn ass, kënnen d'Camionneuren iwwer zwielef Tonnen op den Autobunnen am Benelux, Schweden an Däitschland, an Dänemark, Pardon, zirkuléieren, ouni sech brauche physesch ze déplacéieren.

De Rapporteur huet a sengem mëndlechen a schréftleche Rapport, fir deen ech em félicitéieren, fir dee gudde schréftlechen a mëndleche Rapport, kloer erkläert ëm wat et hei geet a firwat datt mer u sech déi Upassung musse maachen. De Fait, dass eis däitsch Noperen am Joer 2005 aus dem System erausgeklomme sinn, hiren eegene Maut-System ageriicht hunn, ass u sech bedauerlech, well déi Lëtzebuerger Betriber, déi bei eisen Nopere fueren, u sech domadder mat zwee ënnerschiddleche Systemer konfrontéiert sinn. Dat ass sécherlech net am Sënn vun enger Simplification administrative an och net am Sënn vun Europa. Dat wëll ech hei ganz kloer gesot hunn!

Ech ginn awer heimadder ganz kloer den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet a soe Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Ech hunn den Accord och kritt vun den LSAP-Bänken, vun der Fraktioun vun deene Gréngen, an ech hunn als nächst Wuertmeldung den Här Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, den Aly Kaes huet mer scho ganz vill wechgeholl. Et ass effektiv mat groussem Bedaueren, wou ee muss feststellen, datt eis däitsch Noperen a Frënn ausscheeden aus engem multinationale Projet, deen u sech immens gutt funktionéiert huet. An dat stellt natierlech d'Fro no der Konsequenz fir eis Positioun.

Wéi d'Chambre de Commerce ganz richteg an hirem Avis festgestallt huet, ass elo déi Eurovignette nach just fir zwou Lännergruppen do, nämlech Benelux op där enger Säit, an op där anerer Säit Dänemark a Schweden, wou dann Däitschland dertëscht läit. An dat ass eng Situatioun, déi net gutt ass. An et muss ee sech d'Fro stellen, ob net e rengt Benelux-System deen Ament besser wier.

An effektiv, wéi de Kolleeg Kaes och ganz richteg gesot huet, féiert deen heite System oder dat Ausscheede vun Däitschland mat hirem „Toll Collect" zu enger Benodeelegung vun de Lëtzebuerger Transporteure par rapport zu däitschen Transporteuren. An ech hu mer d'Méi gemaach an einfach emol eng kleng Rechnung gemaach, datt ee gesäit, datt dat net elo nichteg ass.

Eng Dagesvignette fir een däitschen Transporteur an dem Eurovignettes-Raum kascht aacht Euro fir dat déckste Gefier. Eis Transporteure bezuelen an Däitschland beim déckste Gefier 0,288 Euro de Kilometer, dat heescht fir aacht Euro kann ech dann an Däitschland 27,7 Kilometer fueren à prix égal. Dat heescht, de Lëtzebuerger Transporteur kënnt fir dee Präis, wou den Däitsche ka fueren, an Dänemark, Schweden, am ganze Benelux, emol net bis op Koblenz, well dat sinn nämlech 179 Kilometer, spréch 51,5 Euro. A wéi seet een esou schéin: „und zurück", dat sinn dann 103 Euro, déi de Lëtzebuerger Transporteur muss bezuelen. An ech fannen dat keng gutt Saach.

Da wollt ech awer och profitéieren, wa mer da scho vu Maut a vu Péage schwätzen, fir op d'Autoe kuerz anzegoen. De Benelux-Raum wäert geschwënn dee leschte Raum sinn, wou d'Autofuerer mussen am Ausland bezuelen, mä mir selwer näischt kasséieren. An do sinn ech einfach der Meenung, mir sollten iergendwann eng Kéier dem Frënd Ramsauer soen, dat ass nämlech eng Sprooch, déi e versteet, „mir san mir", oder wéi eis britesch Kolleege soen „tit for tat", an och de Mutt hunn, dann am Benelux-Raum eng Maut, eng Vignette anzeféieren, quitte datt een natierlech parallell, well mer jo als ADR ganz kloer géint all Steiererhéijunge sinn, géif d'Autossteier entspriechend erofsetzen.

Ech soen Iech Merci, a mir stëmmen dee Projet do.

M. le Président.- Merci och dem Här Reding. An d'Wuert huet de Minister fir Nohaltegkeet an Infrastrukturen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här President, ech wollt allen Intervenantë Merci soen, a virun allem och fir déi breet Zoustëmmung. An ech wollt just kuerz dem Här Reding soen: Dem Här Ramsauer kann ech net méi vill soen, well deen ass net méi do. Da muss ech mam Här Dobrindt schwätzen entre-temps.

Mä ech mengen, de Fait, dat mat de Vignetten, Taxatioun, Mauten, déi ganz Diskussioun, déi an Europa ass, ech fäerten, do kommen nach ganz aner Diskussiounen op eis duer. Mä et ass natierlech virun allem fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg extrem schwiereg, fir do, wéi soll ech soen, eppes ze fannen, wou mer eis kënnen dergéint wieren, well mir hunn net vill ze bidden. Eisen Territoire ass kleng. Mir kënnen natierlech eng Tax hei aféieren, mä dat huet just zur Konsequenz, datt mer eis selwer emmerdéieren!

Wa mer géifen op eisen Autobunnen elo egal wat aféieren, da strofe mer net déi Däitsch, da strofe mer eis just selwer. Da géif dat nach éischter dozou féieren, datt d'Camione géife vun den Autobunnen eroffueren an duerch d'Uertschafte fueren. Dat ass keng einfach Diskussioun, mir stinn awer sécher... virun allem mat deem, wat geplangt ass an Däitschland mat där neier Regierung, wou dat jo en Haapthema war an Däitschland am Wahlkampf, wäerte mer nach spannend Diskussiounen an den nächste Méint kréien.

M. le Président.- Merci dem Här Minister. Mir ginn zur Ofstëmmung iwwer.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6579 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote huet ugefaangen. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss.

(Interruption)

Okay, mir rektifizéieren dat, mä mir hunn eng Abstentioun a 57 oder 58...

Une voix.- Ech mengen, bei eis ass et net gaangen.

M. le Président.- Ok, mir kucken dat.

Une autre voix.- Nach zwee méi bei eis.

M. le Président.- De Projet ass bei enger Abstentioun adoptéiert.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6579 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany (par M. Justin Turpel).

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Villmools Merci.

Da komme mer zum nächste Projet, dat ass de Projet de loi 6601 iwwert d'Gestioun vun der Zuchinfrastruktur tëschent Lëtzebuerg a Klengbetten. De Basismodell ass ugesot an de Roger Negri ass um Wee fir op d'Riednerpult. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

21. 6601 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire (Ligne de Luxembourg à Kleinbettingen. Modernisation de la ligne. Phase II: Réélectrification de la ligne)

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Villmools Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Réélectrificatioun vun der Eisebunnsstreck vu Lëtzebuerg op Klengbetten-Grenz, op enger Distanz vun 18,8 Kilometer zu engem Käschtepunkt vu 60,8 Milliounen, ass den Objet vum Projet de loi vun haut. Dës Eisebunnsstreck am Weste vum Land féiert vun der Stater Gare iwwert d'Arrête vu Bartreng, Mamer, Capellen a Klengbetten iwwert d'Grenz eraus a Richtung Arel, Namur a Bréissel.

Dës Streck ass awer och eng wichteg Verbindung fir déi belsch Grenzpendler aus der Province du Luxembourg, déi Dag fir Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen. Ronn 50 national an 100 international Passagéierzich transportéieren ëm déi 10.000 Persounen all Dag. Am Gütertrafic déngt dës Streck als Alternativtrajet fir den europäesche Fret-Korridor vu Rotterdam respektiv Antwerpen iwwer Beetebuerg Richtung Basel fir an Italien, oder iwwer Lyon fir an de Süde vu Frankräich ze kommen.

D'Streck Lëtzebuerg-Klengbetten ass am Joer 1956 elektrifizéiert ginn an d'Caténaires, wéi déi elektresch Oberleitungen am Fargon, am Fachjargon, Pardon, heeschen, hu quasi 60 Joer gehalen. Elo gëtt et awer héich Zäit, dës ze erneieren. Sengerzäit 1956 ass d'Klengbettener Streck am 3.000-Volt-Gläichstroum elektrifizéiert ginn, dëst well d'elektresch Zich, d'Lokomotiven an d'Voyageursramen, déi aus der Belsch an eist Land gefuer koumen, deemools just mat Gläichstroum fuere konnten. Generell ass den CFL-Réseau awer mat 25.000-Volt-Wiesselstroum équipéiert, och aus deem Grond, well sengerzäit d'Zich aus Frankräich an aus Däitschland mat Wiesselstroum an eist Land gefuer sinn.

De Fait, firwat net iwwerall déiselwecht Stroumaart gebraucht gouf, huet strategesch an historesch Ursaachen. Kuerz nom Zweete Weltkrich sollt esou verhënnert ginn, dass d'Zich ouni Weideres iwwert d'Landesgrenzen eraus fuere konnten. Fir eist klengt Land war dat sengerzäit eng grouss Erausfuerderung. Fir den internationalen Trafic vu Bréissel via Lëtzebuerg Richtung Thionville, Stroossbuerg, Basel a Mailand kënne mat internationalen Zich ze bedéngen, sinn déi jeeweileg Strecken hei am Land, jee nodeem, mat Wiesselstroum oder mat Gläichstroum vun der Lännergrenz bis an d'Stater Gare équipéiert ginn.

Dat hat fir d'Capacitéit vun der Stater Gare e groussen Nodeel: Zwee Haaptgleiser aus der Belsch waren nëmme mat Gläichstroum équipéiert an ee speziellt Gleis virum Haaptquai vun der Stater Gare war deelweis mat Gläichstroum an awer och mat Wiesselstroum équipéiert ginn. Sou konnt de Wiessel vun den Elektrolokomotive vu Gläichstroum op Wiesselstroum erméiglecht ginn, ouni dass d'Leit aus de Schnellzich vu Bréissel via Basel bis Mailand an ëmgedréint hu missen den Zuch wiesselen. Dat alles war an ass och nach ëmmer technesch zimlech opwändeg an e groussen Nodeel vun der Produktivitéit hier. Mat dem Projet vun haut gëtt mat dësen Nodeeler opgeraumt. Hautdesdaags sinn d'Lokomotiven all mindestens bicourant équipéiert, also fir zwou verschidde Stroumaarte gebaut.

E weidere Grond, fir dass d'Streck Lëtzebuerg-Klengbetten a 25.000-Volt-, 50-Hertz-Wiesselstroum elektrifizéiert gëtt, ass, well déi belsch Eisebunnsgesellschaft SNCB, oder besser gesot d'Infrabel wëlles huet, hir Streck vun Namur op Arel och am 25.000-Volt-Wiesselstroum ze erneieren.

Här President, wéi mer all wëssen, gëtt scho säit Jorzéngten iwwert déi laang Fuerzäite bis op Bréissel sech beklot. Fir deem entgéintzewierken, ass am Joer 2010, no laangem Hinan Hier de sougenannten Eurocap-Rail-Projet vun der Europäescher Unioun, vu Bréissel via Lëtzebuerg op Stroossbuerg ze verbesseren, initiéiert ginn. Hei soll virun allem an de belschen Ardennen d'Streckebegradegung virgeholl ginn, fir d'Fuerzäit bis op Bréissel ze reduzéieren.

Op Lëtzebuerger Säit ass de Projet Eurocap-Rail vu Lëtzebuerg op Klengbetten an dräi Phasen opgedeelt. D'Phas 1 ass d'Erneierung vun de Stellwierker. Dee Projet ass amgaang exekutéiert ze ginn. D'Phas 2, d'Réélectrificatioun vun der Streck, dat ass de Projet de loi vun haut. An duerno kënnt dann d'Phas 3, dat sinn Tracésverbesserungen, fir d'Streckevitesse vun 130 op 160 Stonnekilometer eropzehiewen. Hei gëllt et awer ze bedenken, dass op där kuerzer Distanz vu Mamer bis op d'belsch Grenz just en Zäitgewënn vun enger eenzeger Minutt kann erziilt ginn! A finanzschwaachen Zäiten ass dëst sécherlech keng Prioritéit. Méi dréngend ass an där Phas 3 awer ganz sécher d'Suppressioun vun enger Partie Barrièren, wéi dat am Sproochgebrauch genannt gëtt.

Här President, d'Réélectrificatioun vun der Klengbettener Streck begräift déi komplett Erneierung vun alle Caténairesinstallatiounen, ënner anerem d'Fondatiounen, d'Elektrospoteauen, d'Transformateuren zu Märel a Klengbetten, d'Kabelalimentatioun vun der Haaptelektrostatioun vu Bierchem op d'Klengbettener Streck an esou weider. Dës reng Elektrifikatiounsaarbechte sinn op 49,4 Milliounen Euro estiméiert.

De Wiessel vun 3.000-Volt-Gläichstroum op 25.000-Volt-Wiesselstroum ass technesch zimlech opwändeg, well déi zwou Stroumaarte verschidde Bauhéichten hunn, a verlaangt ënnert de Brécke besonnesch Upassungen. Déi minimal néideg Bauhéicht vun Uewerkantschinn bis Ënnerkantbréck war deemools an 3-KV-Gläichstroum 5,37 Meter, an deen haut modernen 25-Kilovolt-Wiesselstroum-Caténaire brauch hautdesdaags eng Bauhéicht vu 6,50 Meter. Dat mécht, jee no Reserv an der Bauhéicht vun den aktuelle Brécken, eng Héichtendifferenz tëschent 80 cm bis zu 1,10 Meter, wou also méi héich muss erausgehuewe ginn.

Dat ass och de Grond, firwat am Projet de loi vun haut zousätzlech dräi Brécken op där Streck iwwert d'Eisebunn erhéicht respektiv erneiert ginn. An zwar, éischtens, d'Bréck beim Arrêt vum Mamer Lycée gëtt erneiert fir e Käschtepunkt vun 3,35 Milliounen Euro.

Zweetens, d'Bréck am Zentrum vu Mamer, déi d'Uertschaft...

Une voix.- An drëttens, d'Bréck am Ausgang vu Mamer.

(Hilarité)

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Neen, neen, dat net. Also, zweetens, d'Bréck am Zentrum vu Mamer, déi d'Uertschaft Mamer mat Holzem verbënnt. Well dës Bréck trotz Erneierung awer net kann esou vill erausgehuewe ginn, well do d'Stroosseprofiler zu enger Sprungschanz géife ginn, muss an enger opwändeger Aarbecht den Niveau vun den zwee Eisebunnsgleiser gesenkt ginn, dat op den entspriechenden Iwwergäng ronderëm d'Bréck op jeeweils ronn 100 Meter. Dat erkläert och dee méi héije Käschtepunkt vu 7,1 Milliounen Euro.

Drëttens dann, déi Bréck läit an der Entrée vun der Klengbettener Gare. Hei brauche just d'Tabliere vun der aktueller Bréck gehuewen ze ginn, an dat zu engem Käschtepunkt vun 950.000 Euro. Domat belafe sech d'Gesamtkäschte vum Projet de loi op 60,8 Milliounen Euro. Dës ginn aus dem Statsbudget finanzéiert iwwert de Fonds du rail, an de Projet de loi schreift sech an d'Loi-cadre iwwert d'Eisebunnsentretiensaarbechten an. De Projet vun haut ass do d'Nummer 30 säit der Aféierung vum Fonds-du-rails-Gesetz vum 24. Juli 2000.

De Statsrot huet sech Suergen ëm ze vill Perturbatioune fir d'Eisebunnsclientë während den Aarbechte gemaach. An der Nohaltegkeetskommissioun krute mer vun der Eisebunnsdirektioun en adaptéierte Planning virgeluecht, dee bis 2017 geet, a wou während der Haaptphas un der Bréck am Zentrum vu Mamer - wéi scho gesot, déi zwee Gleiser mussen ofgesenkt ginn - déi ganz Streck vu Lëtzebuerg op Klengbetten an der Schoulvakanz vu Mëtt August bis Mëtt September 2015 komplett gespaart gëtt an d'Desserte mat Bussen assuréiert gëtt. Eng Zäit, déi sech am beschten eegent, fir esou important Aarbechten duerchzeféieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domat géif ech Iech bieden, dem Projet de loi vun der Réélectrificatioun vun der Klengbettener Streck zu engem Käschtepunkt vu 60,8 Milliounen Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech brénge d'Zoustëmmung vun der LSAP an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den Här Serge Wilmes.

Discussion générale

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci dem Rapporteur Roger Negri fir säi Rapport. Mir hunn alleguerten an de leschte Wochen eng Invitatioun kritt, fir e Gebuertsdag ze feieren dëst Joer, an zwar dee vun der Onofhängegkeet vun eisem Land. Den 19. Abrëll 1839 ass Lëtzebuerg, kann ee soen, onofhängeg ginn. Jiddefalls ass et entstanen als Land, wéi mer et haut kennen, mat senge Konturen, mat sengen 2.586 Quadratkilometer. An d'Belsch an Holland si sech eens ginn doriwwer, datt de Grand-Duché en onofhängege Stat ass. E wichtegen Datum, dee mer also feiere wäerten.

Wou een awer muss wëssen, datt deemools, 1839, eist Land natierlech net esou war wéi haut, net iwwert déi wirtschaftlech Entwécklung an déi wirtschaftlech Croissance verfügt huet, mä mir waren deemools u sech e ganz aarmt, ënnerentwéckelt a virun allem och geographesch isoléiert Land.

Mir haten zwar e puer Stroossen, mä déi waren net ganz..., dee Stroosseréseau war net ganz entwéckelt. Zum Beispill war déi beschte Strooss, déi mer haten, war fir op Namur. Do huet een dräi Deeg gebraucht, wa gutt Wieder war. Wann et schlecht Wieder war, waren et fënnef Deeg ongefeier. Dat heescht also, wat eng vun deene groussen Erausfuerderunge war fir déi nei Regierung, fir déi nei Administratioun, dat war fir ze kucken, d'Land eben aus senger Isolatioun erauszekréien an dee Moment och déi Transportweeër eben ze entwéckelen.

Une voix.- An dunn?

Une autre voix.- Koum?

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Am Ufank fir d'Éischt dann de Stroosseréseau, dee verdräifacht ginn ass innerhalb vun 30 Joer. An dunn een Transportmëttel, wat zu där Zäit an Europa iwwerall säin Ufank kannt huet, nämlech d'Eisebunn.

Plusieurs voix.- Aaahhh!

M. Serge Wilmes *(CSV).*- An d'Eisebunn ass fir d'Éischt an Europa jo entstanen, dass an England, also an den 20er Jore scho vum 19. Jorhonnert, déi éischt Streck do ageweiht gouf. Duerno war déi zweet Streck u sech, déi kommerziell exploitéiert ginn ass, war an der Belsch, eisem Nopeschland, tëschent Bréissel a Malines 1835. Bon, mir si jo 1839 onofhängeg ginn. Bei eis dauert et e bësse méi laang. An de 40er Joren dovunner ass ugefaange ginn, Projeten auszeschaffen, mä et dauert awer bis 1859 bis datt déi éischt Strecken opginn, an zwar Lëtzebuerg-Diddenuewen a Lëtzebuerg-Arel.

Also ass eng vun deene Strecken, wou mer haut driwwer schwätzen, dat heescht e puer honnert Joer méi spéit, ass eng vun deenen, déi deemools historesch eben eng vun deenen Éischte war, déi agefouert gi sinn, déi also och dozou gefouert hunn oder gehollef hunn, datt eist Land ebe konnt sech och wirtschaftlech entwéckelen.

Firwat soen ech dat? Ebe well mer haut an deem Joer sinn, wou mer 175 Joer Onofhängegkeet feieren a wou mer och net solle vergiessen, datt et och hautdesdaags wichteg ass, datt mer iwwer gutt Kommunikatiounsweeër verfügen. Natierlech si mir net méi geographesch isoléiert. Mä et ass awer wichteg, datt mer weiderhi gutt ugebonne sinn.

De Roger Negri huet hei Zuele genannt, wéi vill Dausende vu Leit all Joers, all Dag an och all Joers déi Streck do benotzen. Datt et eng Streck ass, wou et hautdesdaags net méi normal ass, datt ee bal dräi Stonne brauch, een also méi séier mam Auto zu Bréissel ass wéi mam Zuch. Datt et also wichteg ass, datt mer déi moderniséieren an dee Moment dann och hei elektrifizéieren.

An dowéinst wäerte mir natierlech och eis Zoustëmmung zu deem wichtege Projet do ginn. D'autant plus, well et och e Projet ass, dee vun eisem fréieren Transportminister, dem Claude Wiseler nach erabruecht ginn ass. Mir stinn also zu deem Projet.

An et soll ee sech eben och an deem Joer, wou mer ebe Gebuertsdag feieren, an engem historesche Joer, soll ee sech ëmmer drun erënneren, datt „le passé est bien présent". An et soll een eben och dorobber sech baséieren, fir ni mat sengen Efforten opzehalen, well näischt ass fir ëmmer acquis!

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och. Den nächste Riedner ass den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP).*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, fir d'Éischt emol e grousse Merci dem Rapporteur fir deen ausféierleche schréftlechen, awer och mëndleche Rapport.

Ech wëll net méi op all eenzelne Punkt agoen. Ech mengen, dat ass ausféierlech gemaach ginn. Ech wëll éischter op eng méi generell Problematik agoen, an zwar déi vun den Iwwer- an Ënnerféierunge vun de Schinnen. Ech wëll op dëser Tribün drun erënneren, dass et wichteg ass, dass mer déi verschidde Verkéiersmëttelen ënnerstëtzen, genausou wéi dat am Konzept vun der Mobilité douce jo och virgesinn ass.

An deem Zesummenhang wëll ech bemierken, dass d'Stroossen an d'Zuchstrecken openeen ofgestëmmt musse sinn, ebe fir ze vermeiden, dass mer ee Verkéiersmëttel géint dat anert ausspillen. Et ass awer oft esou, dass Autosfuerer wierklech eng länger Zäit bei der Barrière waarde mussen. Ech mengen, domat ass kengem gehollef. An dat ass och net de Gedanke vun der Mobilité douce, déi Leit méi séier a méi kammoud transportéiere soll. Mir wëssen all, dass bei der Barrière waarde weder schnell nach kammoud ass. Ech kann Iech och e Liddchen dovu sangen, well verschidde Barrièren hei am Ländche si méi wéi d'Halschent vun der Zäit zou! Esou och leider zu Dippech, wou mir sehnsüchteg op déi geplangten Emgehungsstrooss waarden.

Här President, esou wéi dat den Här Graas schonn de Mëtteg gesot huet, ouni performant Infrastrukture kann eist Land sech laangfristeg net weiderentwéckelen. Dat gesot, brénge ech heimat den Accord vun eiser Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och. An d'Madame Lorsché huet d'Wuert.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zuchstreck vu Bréissel op Lëtzebuerg a vu Lëtzebuerg op Bréissel ass jo jiddwerengem bekannt, net wéinst der schéiner Landschaft, mä wéinst der chronescher Verspéidung vun den Zich. Haut geet et net ëm déi ganz Streck, mä ëm de wichtegen Abschnitt vun der Stater Gare bis op déi belsch Grenz, wou ganz vill iwwert d'Mobilité transfrontalière geschwat gëtt. Ech loossen dat elo sinn, well mer eis oft widderhuelen an deem Thema, och d'lescht Joer beim Débat d'orientation.

Eis interesséiert bei dësem Projet virun allem och den europäesche Kontext, wou mer trotz enger bescheidener Längt vun net emol 20 Kilometer bei engem ganz wichtegen Deel si vum Eurocap-Rail, deen och duerch eist Land zitt. De Verdeelungsknuet op der Stater Gare suergt jo net nëmme fir d'Verbindung op Bréissel, e suergt och fir d'Verbindung op Stroossbuerg a verbënnt direkt dräi europäesch Haaptstied mateneen.

Op EU-Niveau kann eist Land vu besseren Zuchverbindunge mat aneren europäeschen Zentren nëmme profitéieren. Ëmmerhi wunnen a schaffen 11.000 europäesch Fonctionnairen zu Lëtzebuerg a sinn op eng gutt Mobilitéit ugewisen. Och d'Studente kënne vun enger gudder Bewegung duerch Europa nëmme profitéieren. Déi éffentlech Transporter sinn natierlech méi bëlleg a méi profitabel fir déi Jonk. Dës an nach vill aner Grënn, wéi beispillsweis d'Entwécklung vun der Ekonomie, vum Tourismus a vun der Kultur, sinn och bei dësem Projet vu Wichtegkeet. Ech wéilt dem Här Negri dofir Merci soe fir d'Rapiditéit, déi en un den Dag geluecht huet mat dësem Projet, mat sengem Rapport fäerdeg ze ginn, esou dass mer haut scho beim Vote sinn.

An der Kommissioun ass vun der Kommunikatioun geschwat ginn, op déi ech nach wéilt hiweisen. Verschidde Memberen hunn d'Fro gestallt, wéi d'CFL wëlles huet mat der Bevëlkerung ze communiquéieren. Eis freet et ganz besonnesch, dass déi bei dësem Projet wäert groussgeschriwwe ginn. Well eng gutt Kommunikatioun ganz einfach wichteg ass, fir Vertrauen ze schafe bei de Leit a fir se mat an d'Boot ze huelen, wann opwändeg Aarbechten an de Gemengen ulafen.

Et ass och wichteg, dass d'Mënsche wëssen, wie fir déi Projeten zoustänneg ass, wien d'Aarbechten ausféiert, fir Konflikter a Mëssverständnisser ze verhënneren. Mir hoffe jiddefalls, dass haut de Startschoss fält, fir datt d'Aarbechten esou séier ufänke wéi méiglech a grad esou séier wéi méiglech ophalen.

Wat déi gesamt Streck op Bréissel ubelaangt, si mir natierlech net eleng verantwortlech. Do ass d'Belsch an der Verantwortung. Trotzdeem

muss alles drugesat ginn, fir dass d'Zesummenaarbecht mat der Belsch verstäerkt gëtt, mam Zil natierlech, datt méi Efforten op Belscher Säit gemaach ginn.

Als gréng Fraktioun hu mir dat scho vum Här Wiseler als deemolege Minister verlaangt, an haut verlaange mer et natierlech vun eise Leit an der Regierung. An deem Sënn freet et eis, datt d'Häre Bausch a Gira schonn am Februar intensiv a konstruktiv Gespréicher mam Wallouneschen Emwelt- an Transportminister Philippe Henry gefouert hunn, an datt vu béide Säite méi eng enk Zesummenaarbecht ugestrieft gëtt.

De Bilan ass eigentlech ganz positiv, éischtens bei der Beliewung vum sougenannte SMOT, de Schéma de mobilité transfrontalière, deen eigentlech e wéineg an den Tiräng vum Ministère ganz déif louch an e bësselchen de Gelbstich hat, deen ass erëm nei belieft ginn an e fänkt un, entwéckelt ze ginn. Dat heescht, et gëtt e Moossnamekatalog op d'Bee gestallt, deen der Mobilité douce an dem Carsharing an der Grenzregioun wäert Rechnung droen.

Bei der Entrevue mam Wallounesche Minister hunn d'Häre Bausch a Gira awer och drop higewisen, dass et drëms geet, méi Kreditter bei de belschen Autoritéiten anzefuerderen. Och do si positiv Réckmeldunge komm. Donieft geet et och ëm d'Tarifikatiounssystemer, déi eigentlech momentan ganz chaotesch sinn a wou Efforte bestinn, fir déi Tarifikatiounssystemer méi ze harmoniséieren an openeen einfach ofzestëmme vun engem Land op dat anert.

Iewescht Zil muss natierlech d'Verkierzung vun der Fuerzäit bleiwen, déi sech am Laf vun de leschte 50 Joer net verännert huet! Wat awer net heescht, datt mir fir déi drëtt Phas vun der Renovatioun sinn, well déi eigentlech just eng Minutt spuert.

Da wéilt ech awer nach eng aner Suerg lassginn, dat ass déi vun der Liberaliséierungswell, déi sech soll duerch Europa zéien. Mir hoffen, dass dat bei eis am Land wäert gestoppt ginn, dass déi Well eist Lëtzebuerger Land net erreecht an esou wäit wéi méiglech déi Länner niewendrun och net. Dat ass dat iewescht Zil, wat mer op EU-Niveau verfollegen. Et ka jo net sinn, datt mir haut Milliounen a Milliounen investéieren, wann d'Plus-value vun deem Investissement herno an d'Hänn vu private Bedreiwer muss iwwergoen.

De Stat muss déi integral Gestioun an d'Servicer vum Persounentransport an eegenen Hänn behalen an de Beschäftegten aus dem Secteur net nëmmen eng sécher Zukunft, mä och gutt Aarbechtskonditioune kënne bidden. Dat vun haut bis an d'Onendlechkeet, esou laang wéi den Zuch nach fiert.

Dat gesot, soen ech Iech Merci a ginn d'Zoustëmmung.

M. le Président.- Merci. Dee leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci. Fënnef kuerz an eng allgemeng Bemierkung. Mir stëmmen natierlech fir dee Projet. Positiv ass, datt d'grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht esou wäit fortgeschratt ass, datt et elo mat engem Stroumsystem geet an net nach verschidde Stroumsystemer hei musse koexistéieren.

Et muss een och drop hiweisen, datt et nëmmen ëm déi zweet Phas vun engem Projet geet. Deen huet och eng drëtt Phas, nämlech déi vum Aménagement. Mir halen drop, datt och déi Phas realiséiert gëtt, och wa se elo hei net direkt dran ass. Well et ass déi, déi och wichteg ass fir de Bierger, wat den Accès zu der Infrastruktur ugeet.

Et sinn och eng Rei Passages à niveau hei, déi solle geännert ginn. Do hu mir drop gehalen - ech mengen, et ass elo schonn ervirgestrach gi vun der Spriecherin vun deene Grengen, datt do wierklech, am Géigesaz zu Projeten, wou dat virdrun net geschitt ass -, datt hei d'Bevëlkerung ganz enk agebonne gëtt an informéiert gëtt vun der Eisebunn an och um Lafende gehale gëtt. Mir wëllen och drop hiweisen, datt an der Commission du Développement durable deemnächst soll ee Relevé diskutéiert gi vun alle Passages à niveau, déi nach ausstinn, deen de Minister eis versprach huet.

An als lescht kuerz Bemierkung wëll ech drop hiweisen, datt et onbedéngt och muss virugoe mat enger Tarification transfrontalière, wou eng Vereenheetlechung onbedéngt wichteg ass.

Et gëtt héich Zäit, datt dee Projet hei gestëmmt gëtt. Dee Projet hei ass een Ausdrock dovunner, datt 50 Joer laang net oder net genuch an d'Schinneninfrastruktur investéiert ginn ass. Et sinn net nëmme jorzéngtelaang keng nei Schinne geluecht ginn, mä och dat bestehend Schinnennetz ass net technesch esou ugepasst ginn, wéi et noutwendeg wier. Et ass gesat ginn op den „tout voiture". D'Autoslobby huet sech do duerchgesat, fir alles dorobber ze setzen, an d'Konsequenzen, déi mer haut hunn, ass, datt de Réseau net méi ugepasst ass.

A wann den Här Wilmes den Historique gemaach huet vun der Entstehung vun der Eisebunn, da muss ech soen, datt déi, déi déi Zäit politesche Pouvoir haten, méi Courage haten, wéi déi, déi déi lescht 50 Joer… - ofgesi vun deene leschten zéng Joer, wou sech wierklech eppes geännert huet, dat muss ech awer soen, net, datt ech falsch verstane ginn -, mä op jidde Fall haten déi méi Courage, wéi déi 50 Joer duerno.

Mir hunn de Moment eng Plattform vun der Eisebunnsinfrastruktur, déi einfach net méi ugepasst ass. An dat stellt eis all Dag Problemer.

Ech wëll just ee Beispill ginn: Wa mir keen Train-Tram kënne maachen, dee jo eigentlech all Mënsch wollt hunn, fir an d'Stad eranzekommen, dann ass dat, well d'Eisebunnsinfrastruktur et ganz einfach net packt. An datt et iwwerhaapt net méiglech ass, een Train-Tram fueren ze loossen, dat heescht, fir iwwert d'Eisebunnsnetz alles dat fueren ze loossen, wat ee bräicht.

Eng aner Konsequenz ass déi, datt mer eng riseg Lëscht hu vu Projeten op der Eisebunn, vun Aarbechten, déi musse gemaach ginn. Vu klengen Aarbechten, vu gréisseren Aarbechten, wat esou wäit geet, datt gréisser Aarbechten net kënne gemaach ginn, well d'Eisebunn net alles matenee ka maachen. An ech mengen et gëtt héich Zäit, datt bei eis ee Bewosstsi kënnt, datt net alles mam Individualverkéier a mam Auto méiglech ass, mä datt ee grouss Infrastrukture bräicht, an déi si wierklech vernoléissegt ginn.

Ech hoffen och, an ech wäert ëmmer erëm drop zréckkommen, an ech wäert d'nächst Joer nach méi domadder konfrontéiert ginn, datt déi Projeten, déi noutwendeg sinn, grad déi net der Spuerpolitik, déi d'Regierung ugekënnegt huet, zum Affer wäerte falen, sou wéi dat beispillsweis an der Belsch geschitt ass. Well all dee Misär, dee mer hu mam Eurocap-Rail, datt näischt geschitt, ass jo awer en Ausdrock dovunner, datt do gespuert gëtt op deem Beräich, wou all Bierger eigentlech misst kënnen dervu profitéieren. An dat ass ee vun de permanente Matcher, déi mer hunn, fir och iwwer Klengbetten eraus am Fong geholl déi Linn bis op Bréissel moderniséiert ze kréien.

Et huet och eppes ze di mat deem, wat d'Spriecherin vun deene Grengen - d'Josée - gesot huet iwwert d'Liberaliséierungswell an Europa. Och do geet et net duer, fir waarm Appeller ze maachen. Déi ass net gestoppt. Déi ass amgaangen ze lafen.

Mir si bei der Eisebunn elo beim véierte Paquet ferrovière. An dat wat am drëtten an am zweeten net méiglech war, gëtt elo am véierte gemaach. A wat am véierten net duerchgeet, dat gëtt am fënnefte gemaach. An ech hoffen, datt mer et fäerdegbréngen, eis mat de Gewerkschaften a mat de Benotzer zesummen ze mobiliséieren, fir datt déi Liberaliséierung do gestoppt gëtt.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. Den Här Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister huet d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President.

Ech wollt allen Intervenantë Merci soen. Ech mengen, et ass jo elo méi allgemeng geschwat ginn iwwert d'Eisebunnspolitik, dat wëll ech awer elo haut net maachen.

Mir kréie jo nach genuch Geleeënheeten, fir dat ze maachen, sief et iwwert d'Liberaliséierung oder iwwer soss en Ausbau. Et komme jo nach e ganze Pak Projeten. Haut hunn ech jo ënner anerem een déposéiert, deen net dee mannsten ass, an et wäerten der nach kommen an deenen nächste Wochen a Méint.

Ech si frou iwwert déi breet Ënnerstëtzung insgesamt, fir déi schinnegebonne Projeten, déi mer an dësem Haus kréien. An dofir freeën ech mech och driwwer, datt dee Vote hei unanime ass.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Minister. Mir géifen dann zum Vote iwwert de Projet 6601 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6601 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss.

Mir hunn 58 Participatiounen um Vote: 58-mol Jo. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6601 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany (par M. Justin Turpel).

Sidd Der dermat d'accord, fir e vum zweete verfaassungsméissege Vote ze entbannen?

(Assentiment)

Dat ass dann esou.

Ech géif dann elo froen, ob mer heimat eis Aarbechte géifen ofschléissen? Ass dat esou?

(Assentiment)

D'Fraktiounschefe soe mer, dat ass esou.

Da soen ech Iech Merci fir d'Disziplin a ginn Iech Rendez-vous a 14 Deeg. Merci villmools an e schéinen Owend.

D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 18.32 heures)

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

www.chd.lu

SÉANCE 12

MARDI,
1ER AVRIL 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. le Président*

2. Hommage à la mémoire de M. Ernest Muhlen, Député honoraire

- *M. le Président*

3. Communications

- *M. le Président*

4. Proposition de loi n°6665 relative à l'organisation d'un référendum national sur la participation du budget de l'État dans le financement d'une ligne de tramway à Luxembourg

- *Déclaration de recevabilité: M. le Président*

5. Ordre du jour

- *M. le Président*

6. Vérification des pouvoirs et assermentation de M. André Bauler

- *M. le Président*
- *Tirage au sort des députés constituant la Commission de vérification*
- *Suspension de la séance publique de 14.45 à 14.57 heures*
- *M. Luc Frieden*
- *Rapport de la Commission de vérification: M. Guy Arendt*
- *Prestation de serment de M. André Bauler*

7. Changements de composition de commissions parlementaires et de délégations aux assemblées parlementaires internationales

- *M. le Président, M. Eugène Berger*

8. Heure de questions au Gouvernement

Question n°21 du 31 mars 2014 de M. Max Hahn relative à l'organisation interne de la Police grand-ducale, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure

- *M. Max Hahn - M. Etienne Schneider, Ministre de la Sécurité intérieure*

Question n°22 du 1er avril 2014 de M. Jean-Marie Halsdorf relative aux bourses pour médecins-assistants en voie de spécialisation en Allemagne, adressée à Mme la Ministre de la Santé

- *M. Jean-Marie Halsdorf - Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*

Question n°23 du 1er avril 2014 de Mme Taina Bofferding relative à l'existence d'un bilan des projets pilotes pour jeunes, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- *Mme Taina Bofferding - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*

Question n°24 du 31 mars 2014 de M. Fernand Kartheiser relative au «devoir de mémoire», adressée à M. le Premier Ministre

- *M. Fernand Kartheiser - M. Xavier Bettel, Premier Ministre*

Question n°25 du 1er avril 2014 de M. Michel Wolter relative au glissement de terrain à la décharge pour déchets inertes à Mondercange, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

- *M. Michel Wolter - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*

9. Changements de composition de commissions parlementaires et de délégations aux assemblées parlementaires internationales (suite)

- *M. le Président*

10. 6541 - Projet de loi

a) relative aux émissions industrielles

b) modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

c) modifiant la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux

- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Roger Negri, M. Gilles Baum, M. Justin Turpel (M. Henri Kox intervient)*
- *Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *M. Fernand Kartheiser (motivation d abstentions)*

11. 6617 - Projet de loi portant approbation de l'Accord établissant une association entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et l'Amérique centrale, d'autre part signé à Tegucigalpa (Honduras), le 29 juin 2012

et

6618 - Projet de loi portant approbation de l'Accord commercial entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Colombie et le Pérou, d'autre part, signé à Bruxelles, le 26 juin 2012

- *Rapports de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Gusty Graas, M. Fernand Kartheiser, M. Justin Turpel (M. Marc Angel intervient)*
- *M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*
- *Votes sur les projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*

12. 6638 - Projet de loi portant approbation de l'Accord interne entre les représentants des Gouvernements des États membres de l'Union européenne, réunis au sein du Conseil, relatif au financement de l'aide de l'Union européenne au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2014-2020 conformément à l'Accord de partenariat ACP-UE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne, fait à Luxembourg et à Bruxelles, respectivement les 24 et 26 juin 2013

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Alex Bodry*
- *Discussion générale: M. Luc Frieden, Mme Joëlle Elvinger, M. Fernand Kartheiser, M. Justin Turpel*
- *M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Nicolas Schmit, Romain Schneider, François Bausch, Fernand Etgen, Mme Lydia Mutsch, M. Claude Meisch, Mmes Corinne Cahen et Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, schéine gudde Mëtten, eis Sëtzung ass op.

Huet d'Regierung Kommunikatiounen ze maachen?

Här Premier, Här Vizepremier?

(Négation)

Keng Kommunikatiounen.

Domat komme mer dann zu méi schlechten Noriichten.

2. Hommage à la mémoire de M. Ernest Muhlen, Député honoraire

Ech hunn déi traureg Flicht, Iech den Doud vun engem fréiere Kolleeg, dem Ernest Muhlen, matzedeelen. Hien ass den 19. Mäerz am Alter vu 87 Joer gestuerwen.

De gebiertegen Ettelbrécker ass, nodeems hie seng Première an der Täsch hat an zwee onfräiwëlleg Joer als Loftwaffenhelfer bei der Escher Flak hannert sech hat, op Antwerpen Handels- a Finanzwëssenschafte studéiere gaangen. Duerno ass hien op d'Sorbonne gaangen, fir säin Doktorat an der Ekonomie ze maachen.

Zréck zu Lëtzebuerg ass den Erny 1952 am belsch-lëtzebuergeschen Institut de change agestallt ginn. Mä schonns no siwe Méint huet hien d'Aarbechtsplaz gewiesselt, fir Haaptadministrateur vun der frësch geschafener Montanunioun ze ginn.

Bis 1958 war hien Haaptadministrateur bei der Haute Autorité a Chef de cabinet adjoint vum Albert Wehrer bei der Europäescher Kommissioun. De jonken Ernest Muhlen ass esou ganz fréi sëllechen Europapionéier begéint.

Vun 1958 bis 1973 war den Erny Chef de liaison vun der Kommissioun bei der Europäescher Investitiounsbank.

De verséierte Wirtschaftsexpert huet sech an de 60er Joren och wëssenschaftlech a journalistesch betätegt an huet Bicher geschriwwen, Virträg op der Uni gehalen a sech fräiberufflech als Wirtschaftsjournalist betätegt, wou hie fir seng Aarbecht mam Prix des sciences oder dem Benelux-Journalistepräis ausgezeechent ginn ass.

Politik huet den Ernest Muhlen eigentlech am Ufank net direkt interesséiert, mä en huet sech awer lues a lues fir den Afloss vun der Politik op d'Ekonomie passionéiert.

Hien ass an de 70er Joren der CSV bäigetrueden a war 1975 fir d'Éischt bei Gemengewahlen derbäi. Bei dëse Wahlen ass hien dann och direkt an de Stater Gemengerot gewielt ginn.

Seng Kenntnisser an der Wirtschafts- a Finanzwelt hunn et him erméiglecht, eng Plaz a senger Partei ze fannen, an enger Zäit, an där d'CSV amgaange war, sech ëmzestrukturéieren.

1979 ass den Erny déi éischte Kéier bei Chamberswahle matgaangen, gouf direkt gewielt an ass als Statssekretär fir Finanzen an d'Regierung komm.

Hie war sécherlech déi richteg Persoun op dësem Posten, zu engem Zäitpunkt, wou d'Stolkris eis gezwongen huet, nei Weeër ze goen. Den Ernest Muhlen huet sech agesat, fir d'Interesse vun der Lëtzebuerger Finanzplaz ze sécheren an d'Déngschtleeschtungen an dësem Secteur ze festegen an ze diversifizéieren. 1982 ass hien den delegéierte Minister fir den Trésor a fir d'Landwirtschaft ginn.

Vun 1979 bis 1984 war hie Gouverneur vun der Weltbank.

Den Ernest Muhlen, deen en iwwerzeegtenen Europäer war, ass 1984 mat an d'Europawahle gaangen a gouf an d'Europaparlament gewielt, wou hie ganz aktiv an der Commission économique et monétaire souwéi an der Commission agricole war.

Hie war Member am Verwaltungsrot vun der Banque internationale a vun der Imprimerie Saint-Paul a Member am Institut grand-ducal.

Bei de Wahlen 1989 gëtt den Ernest Muhlen an d'Chamber gewielt. An der Chamber war hie Member an der Commission de l'Économie, vun de Classes moyennes, vun der Institutiounskommissioun souwéi vun der aussepolitescher Kommissioun. Hie bleift an eisem Haus bis 1991, wou hien op London iwwerwiesselt als Lëtzebuerger Vertrieder am Verwaltungsrot vun der Europäescher Bank fir den Opbau an d'Entwécklung, och nach Osteuropabank genannt.

Den Erny war en Zäitzeien an Acteur vu wichtegen Opbaujoren an eisem Land an hien huet eist Land a senge wichtege Schrëtt a seng bedeitend europäesch Zukunft mat begleet.

Mir wäerten hien als häerzlechen a spontanen - och mat engem dréchenen Humor - Mënsch a beschter Erënnerung behalen.

Senger Famill wëll ech am Numm vun der Chamber, vu senge fréiere Kolleegen, eist déift Matgefill ausdrécken.

An Iech, Kolleeginnen a Kolleegen, géif ech bieden, ee Moment opzestoen, fir dem Erny ze gedenken.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen Iech Merci.

3. Communications

Ech hunn da folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

Déi nei parlamentaresch Ufroen an d'Äntwerte sinn um Büro vun der Chamber deponéiert. D'Lëscht vun de Projeten, déi zënter der leschter Sëtzung an der Chamber deponéiert goufen, idem, a goufen och un d'Fraktioune verdeelt.

D'Conférence des Présidents huet an hirer Réunioun vum 27. Mäerz 14 Proposition-de-loien an ee Projet de révision vun der Constitutioun vum Rôle gestrach. D'Lëscht ass un d'Fraktioune verdeelt ginn.

Dann, laut Artikel 66(2) vun eisem Reglement, kënnen d'Deputéierte Proposition-de-loien an hirem Numm iwwerhuelen. Dräi Proposition-de-loie sinn esou iwwerholl ginn.

Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 6611 iwwert d'Égalité salariale vu Mann a Frau, déi vum Här Lucien Lux deponéiert gouf an déi d'Madame Cécile Hemmen iwwerhëlt, ëm d'Proposition de loi 6280 iwwert de Bail à

usage d'habitation, déi vum Här Ben Fayot deponéiert ginn ass an déi vum Här Franz Fayot iwwerholl gëtt, an ëm d'Proposition de loi 4979 géint de Mobbing, déi vum Lucien Lux deponéiert gouf a vun der Madame Taina Bofferding iwwerholl gëtt.

Dann ass d'Pétition publique N°329 iwwert d'Garantie vun der Selbststännegkeet vun de Studente vis-à-vis vun de Reforme bei de Studentebäihëllefen den 12. Mäerz vum Här Clement deponéiert ginn an ass de 27. Mäerz souwuel vun der Petitiounskommissioun wéi vun der Conférence des Présidents als recevabel erkläert ginn.

An ech wollt da schlussendlech op déi exzellent Aarbecht hiweisen, déi an deene leschte Wochen an alle Kommissioune geleescht ginn ass, zesumme mat de Membere vun der Regierung, fir d'Virstellung vum Regierungsprogramm e bësse méi detailléiert virzestellen. Doraus ass eng Compilatioun vu sämtlechen Aarbechten entstanen, déi all Deputéierten an der Regierung zur Verfügung gestallt gëtt. Wat eis et och erlaabt, d'Realiséierung vum Regierungsprogramm méi no ze suivéieren.

Communications du Président - Séance publique du 1er avril 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6670** - Projet de loi concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures modifiant la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; et abrogeant la loi modifiée du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 20.03.2014

***6671** - Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à la mission civile de l'Union européenne de renforcement des forces de sécurité intérieures au Mali*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 24.03.2014

***6672** - Projet de loi relatif à la mise en application du règlement (CE) n°1069/2009 du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 établissant des règles sanitaires applicables aux sous-produits animaux et produits dérivés non destinés à la consommation humaine et abrogeant le règlement (CE) n°1774/2002 et du règlement (UE) n°142/2011 de la Commission du 25 février 2011 portant application du règlement (CE) n°1069/2009 du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 établissant des règles sanitaires applicables aux sous-produits animaux et produits dérivés non destinés à la consommation humaine et portant application de la directive 97/78/CE du Conseil en ce qui concerne certains échantillons et articles exemptés des contrôles vétérinaires effectués aux frontières en vertu de cette directive et modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés*

Dépôt: M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs, le 31.03.2014

***6673** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, le 31.03.2014

3) Les propositions de loi et le projet de révision de la Constitution suivants ont été retirés du rôle des affaires:

***6553** - Proposition de loi visant à modifier 1. l'article 126 1. du texte coordonné de la loi électorale du 18 février 2003 et 2. l'article 10 de la loi du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques*

Dépôt: M. Jacques-Yves Henckes, le 08.03.2013

***6020** - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement*

Dépôt: Mme Lydie Err, M. Marc Angel, le 25.03.2009

***5617** - Proposition de loi portant modification de la loi du 23 juin 1972 sur les emblèmes nationaux, telle qu'elle a été modifiée*

Dépôt: M. Michel Wolter, le 05.10.2006

***5304** - Proposition de loi portant réforme de l'autorité parentale et instaurant la permanence du couple parental*

Dépôt: M. Jacques-Yves Henckes, le 20.02.2004

***4947** - Proposition de loi tendant à élargir les conditions requises pour l'adoption aux personnes non mariées*

Dépôt: Mme Renée Wagener, le 07.05.2002

***4822** - Proposition de loi portant modification de la loi communale du 13 décembre 1988 visant à rendre obligatoire la réunion extraordinaire du corps électoral pour procéder au remplacement de tous les membres du conseil communal à la demande du corps communal*

Dépôt: M. Camille Gira, le 05.07.2001

***4808** - Proposition de loi sur le vote par Internet*

Dépôt: M. Alex Bodry, le 13.06.2001

***4734** - Proposition de loi portant institution d'un congé associatif*

Dépôt: M. Alex Bodry, le 06.12.2000

***4684** - Proposition de loi portant réglementation des pratiques de médecine non conventionnelle dans le domaine de l'art médical*

Dépôt: M. Jean Colombera, le 05.07.2000

***4633** - Proposition de loi portant introduction d'un congé de formation pour les élus locaux*

Dépôt: M. Jean-Pierre Klein, le 15.02.2000

***3896** - Projet de révision tendant à insérer un chapitre II nouveau dans la Constitution*

Dépôt: M. Georges Margue, le 24.03.1994

***3505** - Proposition de loi relative à la production, la propagation et l'utilisation de représentations pornographiques*

Dépôt: M. François Bausch, le 06.03.1991

***3442** - Proposition de loi portant modification de la loi du 15 mars 1983 sur les armes et munitions*

Dépôt: M. François Bausch, le 10.10.1990

***3278** - Proposition de loi relative à la limitation de la durée de la fonction des membres du Conseil d'État*

Dépôt: M. Alex Bodry, le 08.11.1988

***2416** - Proposition de loi ayant pour but de supprimer l'impôt sur la valeur locative de l'habitation occupée par le propriétaire*

Dépôt: M. Jacques Poos, le 19.06.1980

4) Conformément à l'article 66(2) les propositions de loi suivantes ont été reprises:

Mme Cécile Hemmen reprend en son nom la proposition de loi n°6611 relative à l'égalité salariale entre hommes et femmes, déposée par M. Lucien Lux.

M. Franz Fayot reprend en son nom la proposition de loi n°6280 modifiant la loi du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation, déposée par M. Ben Fayot.

Mme Taina Bofferding reprend en son nom la proposition de loi n°4979 relative à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail, déposée par M. Lucien Lux.

5) La pétition publique n°329 relative à la garantie d'indépendance des étudiants face à des réformes du système d'aide financière déposée par M. Sven Clement en date du 12 mars 2014 a été déclarée recevable en date du 27 mars 2014.

6) Un document contenant les procès-verbaux des réunions de commission au cours desquelles les membres du Gouvernement ont présenté le programme gouvernemental a été distribué.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

4. Proposition de loi n°6665 relative à l'organisation d'un référendum national sur la participation du budget de l'État dans le financement d'une ligne de tramway à Luxembourg

Déclaration de recevabilité

Dann nach eng Kommunikatioun: An hirer Réunioun vum 27. Mäerz huet sech d'Presidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6665 iwwert d'Organisatioun vun engem Referendum iwwert de Finanzement vum Tram ausgeschwat. Déi Proposition de loi gouf den 12. Mäerz 2014 vum honorabele Roy Reding deponéiert.

Schléisst d'Chamber sech där Propositioun vun der Conférence des Présidents un?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

5. Ordre du jour

Ech brauch Iech jo net am Detail eisen Ordre du jour virzestellen. Deen huet jiddweree vun Iech virleien.

An ech wollt Iech froen, ob der mat deem Ordre du jour, wéi Der e matgedeelt krut, d'accord sidd? Ass dat de Fall?

(Assentiment)

Da soen ech Iech Merci.

Da géife mer zu eisem nächste Punkt iwwergoen.

6. Vérification des pouvoirs et assermentation de M. André Bauler

Duerch den Antrëtt vum Här Marc Hansen an d'Regierung musse mer wéinst der Incompatibilitéit vun deem Mandat mat engem Deputéiertemandat haut en neie Member an d'Chamber ophuelen.

Den Artikel 167 vum Wahlgesetz gesäit Folgendes vir: Déi Kandidaten, déi op jidder Lëscht no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, sinn dozou opgeruff, d'Mandat vun deenen Deputéierte weiderzeféieren, dat duerch Démissioun, Stierffall oder aus iergendengem anere Grond fräi gouf.

An dësem Fall spillt och den Artikel 54(3) vun der Verfassung, dee virgesäit, datt den Deputéierten, deen an d'Regierung geruff gëtt, an domat säin Deputéiertemandat nidderleet, als éischte Suppléant op der Lëscht, op där hie gewielt gouf, ageschriwwe gëtt.

Den Artikel 9 vum Chambersreglement hält fest, datt de Chamberspresident fir d'Successioun vun deem vakanten Deputéiertemandat suergt, nodeems en de Statsminister doriwwer informéiert huet.

A mengem Bréif vum 28. Mäerz 2014 hunn ech mech un den Här André Bauler gewannt, deen, nodeems hie seng éierbar Démissioun vu sengem Posten als Statssekretär vum Grand-Duc accordéiert kritt huet, laut Artikel 54(3) vun eiser Verfassung, als éischte Suppléant op der Lëscht vun der Demokratescher Partei aus dem Wahlbezierk Norde steet.

A sengem Bréif vum 28. Mäerz 2014 huet den Här André Bauler mech doriwwer informéiert, datt hie bereet ass, d'Mandat vum Marc Hansen ze iwwerhuelen.

Am Artikel 3 Paragraphen 1, 4 a 5 vum Chambersreglement steet Folgendes:

«(1) La Chambre est juge de l'égibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.

(4) En cas d'admission d'un membre suppléant, la vérification est faite par une commission de sept membres tirés au sort.

(5) La Chambre se prononce sur les conclusions de la commission, et le Président proclame députés ceux dont les pouvoirs ont été déclarés valides.»

Ech géif Iech also bieden, zesummen déi Kommissioun ze constituéieren, wéi et am Artikel 3 Paragraph 4 virgesinn ass.

Tirage au sort des membres constituant la Commission de vérification

Mir lousen dann elo déi Kolleegen a Kolleeginnen aus, déi an der Kommissioun sollen hiert Amt iwwerhuelen.

Als Éischten hunn ech den Här Luc Frieden an der Hand,…

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- …duerno d'Madame Octavie Modert,…

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- …den Här Lies,…

(Brouhaha général)

…d'Madame Simone Beissel,…

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- …den Här Edy Mertens,…

Plusieurs voix.- Ah!

(Interruption)

M. le Président.- …den Här Reding…

(Hilarité et brouhaha général)

…an den Här Arendt.

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- Ech géif domat d'Kommissioun bieden, an de Sall 4-5 ze goen, fir d'Resultater vun de Wahle vum 20. Oktober 2013 ze préiwen, virun allem, wat den Här André Bauler betrëfft, an der Chamber doriwwer Rapport ze erstatten.

An domat ass eis ëffentlech Sëtzung kuerz ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 14.45 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 14.57 heures.)

An d'Wuert huet de President vun der Kommissioun, déi mer elo just zesummegestallt hunn, den honorabelen Här Luc Frieden. Här Frieden, Dir hutt d'Wuert.

M. Luc Frieden *(CSV)*.- Här President, déi Kommissioun, déi Dir virdrun duerch Lous zesummegesat hutt, huet sech aus folgenden Deputéierten zesummegesat: d'Madame Octavie Modert, den Här Marc Lies, d'Madame Simone Beissel, den Här Edy Mertens, den Här Roy Reding, den Här Guy Arendt an ech selwer. Den Här Arendt gouf an där Kommissiounssitzung zum Rapporteur ernannt an ech selwer sinn zum President vun där Kommissioun gewielt ginn.

Här President, ier ech Iech biede géif, dem Rapporteur d'Wuert ze ginn, géif ech Iech wëllen drop hiweisen, an eis alleguerten, datt mer eis d'Fro gestallt hunn a se och zum Deel beäntwert hunn, datt mer der Meenung sinn, datt déi Prozedur hei, esou wéi se am Artikel 118 vum Wahlgesetz an am Artikel 3 vum Reglement vun der Chamber virgesinn ass, sech an dësem prezise Fall net applizéiert, well de Kolleeg André Bauler, ier e Statssekretär an der Regierung ginn ass, schonn hei no de Wahle vum 20. Oktober assermentéiert ginn ass als Deputéierten, an ab deem Moment och eis Chamber d'Verifikatioun vun de Wahle gemaach huet, d'Regularitéit vun der Wahl gekuckt huet an zugläich deemools och d'Éligibilitéit vum Här Bauler gekuckt huet.

Duerfir sinn d'Kommissioun an ech als President der Meenung, datt wann esou eng Situatioun nach eng Kéier sollt antrieden, datt mer net nach eng Kéier mussen zweemol datselwecht vérifiéieren. Mä wat eng Kéier gemaach ass, kann een och zweemol maachen. Et schuet also näischt. An duerfir hu mer...

(Interruption)

Duerfir géif ech Iech dann, trotz där Remarque, déi also fir d'Zukunft gëllt, bieden, dem Rapporteur, dem Här Guy Arendt d'Wuert ze ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci dem President vun der Kommissioun. Merci och fir d'Suggestioun, déi mer selbstverständlech mat wäerten huelen. An domat huet d'Wuert den honorabele Rapporteur, den Här Guy Arendt.

Rapport de la Commission de vérification

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ënnert där Remarque also vum Kolleeg Luc Frieden, géif ech Iech dann am Numm vun der Kommissioun ad hoc de Rapport virdroen.

Duerch Arrêté grand-ducal vum 28. Mäerz 2014 ass den Här Marc Hansen an d'Regierung komm. Duerch Arrêté grand-ducal vum 28. Mäerz 2014 huet den Här André Bauler seng éierbar Démissioun als Regierungsmember vum Grand-Duc accordéiert kritt. Laut Artikel 54(3) vun der Verfassung gëtt deen Deputéierten, deen an d'Regierung geruff gëtt an domat säin Deputéiertemandat nidderleet, als éischte Suppléant op där Lëscht, op där hie gewielt gouf, ageschriwwen. Deemno ass den Här André Bauler éischte Suppléant op der Lëscht vun der Demokratescher Partei am Wahlbezierk Norden.

Esou wéi den Artikel 167 vum Wahlgesetz et virgesäit, ginn déi Kandidaten, déi op jiddwer Lëscht no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, dozou opgeruff, d'Mandat vun deenen Deputéierte weiderzeféieren, dat duerch Démissioun, Stierffall oder aus iergendengem anere Grond fräi gouf.

Dem Artikel 9 vum Chambersreglement no suergt de Chamberspresident fir d'Successioun vun deene vakanten Deputéiertemandater an informéiert de Statsminister dovunner.

A sengem Bréif vum 28. Mäerz 2014 huet de Chamberspresident sech un den Här André Bauler gewant, deen als éischte Suppléant op der Lëscht vun der Demokratescher Partei aus dem Wahlbezierk Norde steet. Deeselwechten Dag huet de Chamberspresident och de Premierminister doriwwer informéiert.

Am Artikel 118 vum Wahlgesetz, a méi speziell am Artikel 3 vum Chambersreglement ass virgesinn, ech zitéieren: «La Chambre des Députés juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.» Eis Kommissioun hat als Aufgab, déi néideg Verifikatioune virzehuelen.

D'Legislativwahle vum 20. Oktober 2013 sinn den 13. November 2013 vun der Chamber iwwerpréift a validéiert ginn. Aus de Procès-verbaux vun dëse Wahle geet ervir, datt den André Bauler, wunnhaft zu Ierpeldeng, effektiv

deen nächste Suppléant op der Lëscht vun der Demokratescher Partei am Wahlbezierk Norden ass, fir dem Här Marc Hansen seng Plaz unzehuelen no senger Nominatioun als Regierungsmember.

A sengem Bréif vum 28. Mäerz 2014 huet den Här André Bauler eise Chamberspresident informéiert, dass hien d'Mandat vum Här Marc Hansen wëllt weiderféieren. D'Kommissioun stellt eestëmmeg fest, datt näischt géint d'Vereedegung vum Här André Bauler schwätzt a wënscht him vill Gléck bei der Ausübung vu sengem Mandat. Den Dossier, deen der Kommissioun zur Verfügung gestallt gouf, gëtt um Bureau déposéiert.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Rapporteur vun der Kommissioun an der gesamter Kommissioun, där hir Aarbecht esou onnëtz awer net war, well se konnt kontrolléieren, dass déi Korrespondenzen an d'Echangen an d'Arrêtéen, déi geholl gi sinn, en bonne et due forme geschitt sinn, esou dass eis näischt méi drun hënnert, fir den Här Bauler elo eranzeruffen.

Den Här Bauler, deen ech ganz häerzlech wëllkomm heibannen heeschen an deen ech géif bieden, den Eed no eiser Verfassung ze leeschten, dee folgende Wuertlaut huet: «Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'État.»

Ech géif Iech bieden, Här Bauler, déi riets Hand ze hiewen a mir nozesoen: «Je le jure.»

M. André Bauler *(DP)*.- Je le jure.

M. le Président.- Domat, Här André Bauler, sidd Der Member vun dëser Chamber. Ech géif Iech am Numm vun alle Kolleegen heibannen häerzlech félicitéieren an Iech eng ganz glécklech Hand wënschen. Merci.

7. Changements de composition de commissions parlementaires et de délégations aux assemblées parlementaires internationales

Ech hunn der Chamber dann nach eng Rei vu Kommunikatiounen ze maachen iwwert d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen, déi ënner anerem duerch de Wiessel am Parlament noutwendeg gi sinn.

An der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire ersetzt d'Madame Joëlle Elvinger den Här Alexander Krieps.

An der Ekonomieskommissioun gëtt den Här Guy Arendt vum Här André Bauler ersat, ausser fir de Volet Energie, deen den Här Max Hahn iwwerhëlt.

An der Héichschoulkommissioun ersetzt den Här André Bauler d'Madame Anne Brasseur.

An der Familljekommissioun ersetzt den Här Edy Mertens den Här Marc Hansen.

An der Finanzkommissioun ersetzt de Guy Arendt de Marc Hansen.

An der Logementskommissioun ersetzt den André Bauler de Marc Hansen.

An der Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale ersetzt den André Bauler de Marc Hansen fir de Volet Travail an Emploi, an den Edy Mertens ersetzt de Marc Hansen fir de Volet Sécurité sociale.

Entschëllegt, den Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, ech wollt och nach froen, et sinn och nach zwou Kommissiounen, wou d'Présidencë géife changéieren, ob dat och...

M. le Président.- Dat maache mer an de Kommissiounen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Gëtt dat an der Kommissioun gemaach?

M. le Président.- Jo, dat maache mer an der Kommissioun a mer kënnen dat dann duerno matdeelen. Merci.

Wat d'Zesummesetzung vun den internationalen Delegatiounen ugeet, huet d'DP-Fraktioun proposéiert, datt den André Bauler de Max Hahn am Conseil parlementaire interrégional ersetzt.

Ass d'Chamber mat deene verschiddenen Ännerungen d'accord?

(Assentiment)

Voilà, dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, der Froestonn, wou Der wësst, dass d'Froe vu Majoritéit an Oppositioun sech ofwiesselen. Déi éischt Fro kënnt vum Här Max Hahn un de Minister fir déi intern Sécherheet iwwert d'Organisatioun vun der Police. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

8. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°21 du 31 mars 2014 de M. Max Hahn relative à l'organisation interne de la Police grand-ducale, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure

M. Max Hahn *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Häre, ech war, d'selwecht wéi eng Partie aner Deputéierten, den 19. Mäerz op der Generalversammlung vun der Gewerkschaft vun der Police, wou nawell hefteg Kritik un der Direktioun ausgeübt ginn ass. Dëst léisst op e gereiztent Klima tëscht de Beamten um Terrain an de Cadres supérieurs schléissen. Et ass Rieds gaangen iwwert déi intern Hierarchie bei der Police.

Ech wollt an dësem Kader de Minister vun der Sécurité intérieure froen, wéi eng Stellung hien zu dëse genanntene Virwërf hëlt an ob hien et fir néideg hält, hei Mesuren ze ergräifen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Hahn. Domat huet d'Wuert den Här Etienne Schneider, Minister fir déi intern Sécherheet, also zoustänneg fir d'Polizei. Här Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Merci, Här President. Op d'Fro vum honorabelen Deputéierte Max Hahn wëll ech soen, dass ech, wéi ech dee Ressort hei iwwerholl hunn, konfrontéiert gi si mat enger Police, wou, mengen ech, ganz vill am Uergen ass, wou ganz vill Onrou ass, wou et ganz villes ze regele gëtt a wou ech dräi Projet-de-loie virfonnt hunn, déi nach net déposéiert waren, mä déi ausgeschafft ware vu mengem Virgänger, souwuel zur Organisatioun vun der Police wéi zur Organisatioun vun der Inspection générale de la police, an d'Disziplinsgesetz.

Et waren dräi Projeten, déi ganz hefteg kritiséiert gi sinn, virun allem vun der Police selwer, vun de Gewerkschaften, an an der Police, kann ech Iech soen, ginn et eng ganz Rei Gewerkschaften! Dofir war et mir wichteg, fir all déi Acteuren ze gesinn, fir mer en eegent Bild ze maachen. Ech hunn déi ganz Direktioun gesinn, mat deene geschwat. Ech hu sämtlech Gewerkschafte gesinn, alles dat zesumme mat der Statssekretärin Francine Closener. An ech muss soen, no deene Konsultatiounen, dass eng ganz Rei Saachen, déi d'Gewerkschafte kritiséieren, déi de Gewerkschaften um Häerz leien, dass déi richteg sinn.

Ech hunn dofir och kuerz elo, ier ech an d'USA gefuer sinn, eng ganz Rei Nuetsschichte mat menge Leit zesumme gemaach, fir déi dräi Projeten ëmzeschreiwen.

(Interruptions)

Jo, ech kann Iech soen, et huet een Nuetsschichte gebraucht, Här Halsdorf, fir dat doten alles erëm an d'Rei ze kréien! Ech wäert...

(Hilarité et brouhaha)

Une voix.- Bonjour, Här Gramegna!

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Ech wäert de 7. Abrëll, dat ass den nächste Méinden, sämtlech Gewerkschafte gesinn, fir hinnen déi Punkten ze presentéieren, déi ech wëll anescht maachen, déi ech wëll änneren. Ech wäert dat mat hinnen diskutéieren. Ech wäert dann och mat hinnen diskutéieren, ob se der Meenung sinn, no all deene Modifikatiounsvirschléi, dass et nach néideg ass, en Audit ze maachen. A wa mer der Meenung sinn, dass en Audit gemaach muss ginn, da wäerte mer deen och maachen.

Ech wäert, wann et néideg ass, no deenen Diskus siounen, och nach weider Amendementer un deenen Texter maachen. Duerno kommen ech an d'Chamberskommissioun, wëll an der Chamberskommissioun presentéieren, wat mer zréckbehalen hunn, an dann an eng Procédure législative eragoen.

Ech wäert och bei där doter Geleeënheet mat de Gewerkschaften zesumme schwätzen iwwert déi Problematik, déi ugeschwat ginn ass, zu de Waffen an zu der Munitioun. Do wësst Der, dass d'Direktioun vun der Police eng Analys maache gelooss huet an Däitschland. Déi Konklusioune géif ech gäre mat hinnen diskutéieren an dann och dozou déi néideg Konklusiounen zéien.

Ech wëll ofschléissend hei soen, dass ech iwwerzeegt sinn, dass d'Police en extrem wichtegen Acteur hei zu Lëtzebuerg ass, dee mer ganz drëngend brauchen, deen awer ee grousse Problem, mengen ech, huet. Dat ass nämlech deen, dass hiren Image extrem beschiedegt ginn ass an deene leschte Méint, an dat haaptsächlech wéinst Aussoe vun héije Fonctionnairen an der Police oder Exfonctionnairen an der Police an der Affär Bommeleeër.

Ech kann Iech soen, dass ech leider net ganz vill Méiglechkeeten hunn, fir géint verschiddener vun deene Leit virzegoen. Mä Dir kënnt mer awer gleewen, dass all déi Méiglechkeeten, déi ech hunn, dass ech déi wäert ergräifen, an dat am Intérêt, fir Rou an déi Police ze kréien! An dat och am Intérêt, dass déi Police an Zukunft erëm ka konstruktiv schaffen an dass an Zukunft erëm all Polizistin an all Polizist kann houfreg sinn, Polizist ze sinn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Minister. Mir géifen dann zu där zweeter Fro iwwergoen, déi vum Här Jean-Marie Halsdorf un d'Gesondheetsministesch, d'Madame Lydia Mutsch, gestallt gëtt iwwert d'Boursse vun den Assistenzdokteren an Däitschland. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°22 du 1er avril 2014 de M. Jean-Marie Halsdorf relative aux bourses pour médecins-assistants en voie de spécialisation en Allemagne, adressée à Mme la Ministre de la Santé

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV)*.- Merci, Här President. Mir wëssen, dass déi Lëtzebuerger Medezinstudenten et net einfach hunn, nodeem se ee Joer Uni hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn, fir dann am Ausland ënnerzekommen. An et weist sech en neie Problem, dee betrëfft d'Medezinstudenten, déi hire sechsjährege Grondstudium hannert sech hunn. Déi Leit versichen dann, als Assistenzarzt ënnerzekommen, an deenen enge geléngt et besser wéi deenen aneren.

An do ass et elo esou, dass dann déi, déi ënnerkommen, déi kréien dann och e Gehalt zwësche 4.000 a 6.000 Euro de Mount. Anerer, déi dat net hunn, déi hunn d'Méiglechkeet, als Gastarzt - dat ass awer déiselwecht Fonctioun - dann an engem Spidol och kënnen ze schaffen. A si profitéiere vun enger Bourse, déi de Lëtzebuerger Stat hinne gëtt, vun 2.100 Euro.

Dat fonctionnéiert och gutt an et gëtt deene Leit dann oft d'Méiglechkeet, no zwee Joer als Gastarzt, wou se dann am Fong geholl Assistenzarzt sinn, fir herno dann och eng Plaz an deem Spidol ze kréien. An et arrangéiert och d'Spideeler, well si spueren doduerch vill Suen, wa se zwee Joer bëlleg Aarbechtskräften hunn - loosse mer dat emol esou soen!

Mä de Problem ass elo deen, dass am Fong geholl déi Leit, déi da vun där Bourse profitéieren, déi kéinten am Fong geholl theoretesch den Employeur, also d'Spideeler, déi kéinten déi am Fong geholl wéinst Loundumping verkloen.

A fir justement dat ze évitéieren, fuerdert den däitsche Législateur eben d'Spideeler op, d'Aarbechtskontrakter mat deenen Assistenzdokteren, déi net nom Kollektivvertrag bezuelt ginn, fir déi ze kënnegen. A justement do kréie mer da Problemer bei de Lëtzebuerger Assistenzärzte, déi als Gastarzt fonctionnéieren, a besonnesch och am Beräich vun der Recherche, wou et eng grouss Konkurrenz gëtt op den däitschen Unikliniken. Do gëtt et also eng Situatioun, déi net einfach gëtt.

Dofir wollt ech d'Ministesch froen, well dës beschriwwe Mesurë sollen dëse Summer scho verstäerkt ëmgesat ginn - a well ech mengen, do ass dréngenden Handlungsbedarf -, wéi se heirop wëllt reagéieren. Wëllt se dat éischter iwwer en diplomatesche Wee maachen? Oder wëllt se eventuell déi bestehend Législatioun upassen? Dat ass meng Fro un d'Madame Minister.

M. le Président.- Merci dem Här Deputéierten. An domat huet d'Gesondheetsministesch d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé*.- Ech wëll dem Deputéierte Jean-Marie Halsdorf Merci soe fir seng Fro. Mir hunn am Gesondheetsministère och Kenntnis iwwert déi Fro, déi en hei opwërft, well se eis och iwwert de Courrier vun der Associatioun vun de Lëtzebuerger Medezinstudenten zougestallt ginn ass. A mir hunn do festgestallt, dass et sech ëm een, ech betounen, ee Fall handelt an engem Münchener Spidol, wou eben e Student informéiert ginn ass, dass en opgrond vun der Bourse vun 2.100 Euro, déi e vum Lëtzebuerger Stat kritt, net kéint säi Kontrakt als Gastarzt prolongéiert kréien.

Bon, et ass schonn hei ugedeit ginn, d'Reaktioun vum Spidol, déi kënnt dohier, dass se ënner Drock gesat gi si vu professionellen Associatiounen, déi gesot hunn, et géif net onbedéngt eng Kompatibilitéit ginn tëscht deene sougenanntenen „Gastarztverträge" oder och „Hospitationen", wéi se genannt ginn, mam däitsche Recht an och mam communautairë Recht, wann et ëm d'Spezialisatioun an der Medezin geet.

Bon, si soen, an dat ass och hei scho vum Här Halsdorf gesot ginn, dass e Spidol eventuell kéint de Risiko lafen, dass et verklot géif gi wéinst Loundumping, well de Gastarzt, dee schafft jo normalerweis an engem Spidol fir e Salaire vu 4.000 oder 5.000 Euro. An an dësem Fall wieren et der just 2.100 an da kéinte si retroaktiv verklot ginn.

Ech wëll ausdrécklech hei betounen, dass dat dote keng generaliséiert Problematik ass an dass just ee Cas vun engem Student concernéiert ass, dee seng Studien an Däitschland mécht. Et sinn also à ce stade an eisen Informatiounen no och an der Zukunft net weider Fäll ze befierchten. Dat heite betrëfft also ganz däitlech net d'Studenten, déi hir Spezialisatioun an der Medezin an iergendengem Memberstat maachen, zum Beispill Frankräich oder d'Belsch. Et betrëfft och net déi Studenten, déi hir Spezialisatioun an engem anere Bundesland maachen. Well d'Spezialisatiounen an der Medezin, dat ass nämlech eng Saach, et ass nämlech eng Länderkompetenz a keng Bundeskompetenz. An et betrëfft och net déi Studenten, déi hir Studien als Generalist maachen.

Mir hunn awer trotzdeem, och wann et sech nëmmen ëm een isoléierte Fall handelt, direkt Kontakt opgeholl mam Ministère vum Enseignement supérieur, fir déi dote Problematik méi am Detail ze analyséieren. Ech wëll och betounen, dass dat doten essentiel eng Kompetenz ass, déi déi staatlech Instanzen an Däitschland concernéiert. Et ass also keng Problematik, déi e Changement législatif oder eng Pratique administrative, déi hei zu Lëtzebuerg geschitt wier, betrëfft.

Mir mengen och dofir, dass et à ce stade net noutwendeg wier, eng legislativ Ännerung virzehuelen, behalen awer déi Saach am A a si virun allem amgaang, eis an aneren däitschen Universitéitskliniken ze informéieren, fir Kenntnis doriwwer ze hunn, ob nach en anere Fall hei a Fro kënnt. Eisen Informatiounen no neen, an och d'ALEM konnt eis kee weidere Fall wéi deen heiten nennen, esou dass mir Iech kënne rassuréieren, dass et sech heibäi ëm en isoléierte Fall handelt, deen eis als Regierung net zu weiderem Handele brauch ze encouragéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Gesondheetsministesch. Mir kommen dann zur nächster Fro, déi gestallt gëtt vun der Madame Taina Bofferding un den Aarbechtsminister iwwert de Bilan vun de Projets pilotes fir déi Jonk. Madame Bofferding.

- Question n°23 du 1er avril 2014 de Mme Taina Bofferding relative à l'existence d'un bilan des projets pilotes pour jeunes, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Mme Taina Bofferding *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, net méi spéit wéi d'lescht Woch hat d'Jugendkonferenz op e flotten an interessanten Échange hei am Haus mat de Jugendorganisatiounen zum Thema „Jeunes et Emploi" invitéiert. Ee grousse Sujet war d'Jugendgarantie, woubäi den Aarbechts- a Beschäftegungsminister a sengem Schlusswuert kuerz op d'Pilotprojeten am Kader vun der Garantie jeunes higewisen huet. Déi Projets jeunes si lancéiert ginn, fir deene Jonken, déi als Formatioun just hir Obligation scolaire hunn, d'Méiglechkeet ze ginn a se esou zu enger..., also, fir se ze ënnerstëtzen, fir en neie Start an hiert Liewen ze lancéieren a si herno an den Aarbechtsmarché ze integréieren.

Ech wëll awer elo net hei verallgemengeren, dass e Jonken, deen op der Sich no enger fester Aarbecht ass, automatesch net oder niddreg qualifizéiert ass a vill sozial Problemer opweist. Mä et ass awer esou, dass sécherlech eng Partie Jonker, déi wäit vum Aarbechtsmarché ewech sinn, e sozialen Encadrement brauchen. An dofir sinn dës Initiativen och wichteg, well esou kréien déi Jonk eng Formation sociale de base, wou se uschléissend eng EPI, also eng Expérience d'initiation professionnelle kënne maachen an herno nach d'Méiglechkeet zu engem CAE kréien, also kënnen hunn.

Am Juni d'lescht Joer, mengen ech, do goufe schonn e puer Zuele presentéiert. Nodeems awer elo d'Pilotprojete säit méi wéi engem Joer lafen, wär et sécherlech interessant, en éischte grousse Bilan ze zéien.

Dofir meng Fro un den zoustännege Minister, wéi a wéini déi Projete sollen evaluéiert ginn an ob vläicht aner Initiativen an deem Kader nach virgesi sinn.

Merci fir d'Äntwert.

M. le Président.- Merci och der Madame Deputéierter. Domat huet den Aarbechts- a Beschäftegungsminister, den Här Nicolas Schmit, d'Wuert. Här Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, ech wollt mech emol fir d'Éischt de Wierder uschléisse vun der Deputéierter, fir ze soen, datt deen Débat, deen hei an der Chamber stattfonnt huet iwwert d'Garantie pour la jeunesse, en extrem positiven a konstruktiven Débat mat deene Jonke war. An ech mengen, et ass och ganz an der Logik, an der Philosophie vun där Garantie pour la jeunesse, déi Jonk och ze associéieren an och op si ze lauschteren, op hir Iddien, op hir Suggestiounen.

Ech brauch net op d'Gravitéit vun der Aarbechtslosegkeet vun deene Jonken nach eemol anzegoen. Ech mengen, mir sinn ons all bewosst, datt dat eng vun onse wichtegsten Aufgaben ass, de Chômage vun deene Jonken ze reduzéieren.

Just fir ze rappeléieren: Mir hunn 2.494 jonk Leit bis 25 Joer am Februar dëst Joer am Chômage gehat. Dat ass e bësse manner wéi am Januar an dat ass praktesch liicht méi wéi virun engem Joer. Mä 2.494 Jonker, dat sinn 2.494 Zukunftspläng, déi engagéiert sinn, an duerfir ass dee wichtegste Message, dee mer deene jonke Leit musse ginn, datt mir si net op der Streck loossen, datt mer se net eleng loossen. An duerfir ass et esou wichteg eben, si richteg ze accompagnéieren.

Mir wëssen och alleguer, datt ee vun de Problemer vun dem Jugendchômage hei zu Lëtzebuerg - an net nëmmen iwwregens hei zu Lëtzebuerg - deen ass vun enger schwaacher Ausbildung. 41% vun deene Jonken, vun deenen ech elo just geschwat hunn, si Jonker just mam minimale Schoulofschloss. A grad si sinn déi, déi et am schwéiersten hunn, Fouss ze faassen um Aarbechtsmaart. A grad si sinn déi och, déi solle prioritär vun deene Projete profitéieren, vun deenen d'Madame Bofferding geschwat huet.

Mä mir dierfen awer och net ignoréieren, datt 32% vun deene Jonken eng mëttel Schoulausbildung hunn. Och si hu Schwieregkeeten, an enger Wirtschaft, déi ëmmer méi héich qualifizéiert Leit sicht, eng Plaz ze fannen, an duerfir ass et och esou wichteg, datt mer eng gutt Kooperatioun zwëschent dem Ministère du Travail an dem Ministère de l'Éducation nationale hunn, fir ze probéieren, jonk Leit erëm an d'Schoul ze kréien a se och op deen héchstméiglechen Niveau, wat d'Ausbildung ubelaangt, ze bréngen.

Wat elo déi Mesuren ubelaangt: Éischtens hu mer déi méi traditionell Mesuren vum CIE a vum CAE. Där hate mer am Februar 2014 1.045, wat nach ëmmer e bësse manner ass wéi an deene Jore virdrun, aus deenen Ursaachen, well mer jo d'Législatioun changéiert hunn. Dat heescht, deen neie CIE an deen neie CAE, déi lafen eréischt säit dem Mäerz d'lescht Joer, an duerfir kënne mer och do nach net vill evaluéieren. Fir gutt ze evaluéieren, muss een e gewëssene Recul hunn. Et muss een also och wëssen, wéi wäit déi Jonk, déi vun esou enger Mesure profitéiert hunn, sech um Aarbechtsmaart konnte behaapten, ob se e CDI kruten, mat wat fir enger Rapiditéit se e CDI kruten.

Mir hunn awer besonnesch eng Rei méi spezifesch Projete fir jonk Leit mat niddreger Ausbildung geschafen. An ech wëll besonnesch och do op e Projet an der Horesca hiweisen. Et gëtt ëmmer vill gesot, d'Horesca..., mä d'Horesca bitt Aarbechtsplazen! D'Horesca bitt besonnesch manner qualifizéierte jonke Leit Aarbechtsplazen, déi net ëmmer esou schlëmm sinn, wéi dat gesot gëtt, bien au contraire!

Mir hunn d'lescht Joer e Projet ugefaange mat enger Dose jonke Leit, déi ganz begeeschtert waren, no enger Formatioun och eng Plaz an engem Horesca-Betrib ze fannen. An e groussen Deel..., ech mengen, vun zwielef bleiwen der zéng an deem Betrib. Well mir suivéieren déi Jonk weider a mir kucken och, wéi se an deem Betrib evoluéieren. A besonnesch versiche mer och, se ze iwwerzeegen, während där Aarbecht, déi se am Betrib maachen, och en Apprentissage ze maachen an d'Konditiounen dann ze erfëllen, fir en Apprentissage ze maachen.

En ähnleche Projet leeft elo am Mee erëm un, zesummen och, a Kooperatioun mat der Hotelsschoul, fir 40 Jonker, 20 éischter am Kachberäich an 20 am Service, a wou et och, mengen ech, praktesch acquis ass, datt déi 40 dann och duerno eng Plaz kréien, ënnert dem Statut natierlech vun engem CAE, mä mat der Perspektiv, dann awer och vun de Betriber iwwerholl ze ginn.

M. le Président.- Här Minister, ech wëll lech just soen, dass d'Zäit amgaang ass, lech schnell fortzelafen.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Voilà, elo déi lescht Chifferen, wat de generelle Projet fir déi Jonk ass, déi manner qualifizéiert sinn. Mir hate bis ewell, bis also elo Enn Mäerz 616 Jonker, déi kontaktéiert gi sinn. Mir hunn der 275 do an eng éischt Formatioun bruecht. Dovu sinn der 202 bliwwen, déi aner, déi hunn en cours de route opgehalen.

Mir haten 157 Entreprisen, déi matgehollef hunn an déi 202 jonk Leit opgeholl hunn ënnert enger Form oder enger anerer. Dat leeft jo esou, datt dee Jonke fir d'Éischt ee Mount Stage mécht an duerno kann e Kontrakt kréien ënnert der Form vun engem CAE.

Mä wat wichteg ass: Datt awer och 42 Jonker bereet sinn, en Apprentissage - vun deenen - ze maachen, dat heescht, déi erëm nieft hirem Job och bereet sinn, erëm zum Deel wéinstens an d'Schoul ze goen. An ech mengen, dat ass dat Wichtegst, datt mer ebe schwaach qualifizéierte jonke Leit hëllefen, erëm de Wee ze fannen, fir sech besser ze qualifizéieren an domat och hir Chance, eng durabel a besser Aarbechtsplaz ze fannen, ze realiséieren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Fir d'nächste Kéier sidd Der eis zwou Minutte schëlleg.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Okay!

M. le Président.- Ech géif zu där nächster Fro iwwergoen. Dat ass déi vum Här Fernand Kartheiser, adresséiert un de Premierminister, an do geet et ëm den Devoir de mémoire. Här Kartheiser.

- Question n°24 du 31 mars 2014 de M. Fernand Kartheiser relative au «devoir de mémoire», adressée à M. le Premier Ministre

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Jo, meng Fro geet un den Här Statsminister. Mir hate schonn an deene leschte Wochen e puermol d'Geleeënheet, hei ze schwätzen iwwert den Éischte Weltkrich an dat, wat Dir selwer genannt hutt en „devoir de mémoire", dee mer musse leeschten.

Den Éischte Weltkrich wor fir Lëtzebuerg e ganz wichtegen Ableck. E reit sech an an aner Schicksalsstonne vun eiser Geschicht: 1870, 1914 wor eng, 1940 eng aner. Den Éischte Weltkrich huet eis un de Rand vun eiser staatlecher Existenz iwwerhaapt bruecht! Et ass eng wichteg Aufgab vun enger Regierung a vun eis all, fir dorunner ze erënneren. Et wär och eng Geleeënheet, fir deenen auslännesche Matbierger, déi mat eis hei wunnen, d'Geschicht vun eisem Land méi no ze bréngen an och eis national Identitéit méi verständlech ze maachen.

Et ass en Hin an Hier gewiescht an deene leschte Wochen, wat ganz schwéier nozevollzéien ass, an d'Fro ass gestallt, wéi trei d'Regierung als Vertragspartner notamment géintiwwer der Universitéit ass, mä och géintiwwer dëser Chamber, wou jo och als Äntwert op eng Question parlementaire déi Ausstellung zougeséchert gouf.

Déi finanziell Argumenter sinn och schwéier nozevollzéien, déi d'Regierung seet. Mir hu festgestallt, datt zum Beispill dës Regierung Suen huet, fir eng Ausstellung ze maachen iwwert den Islam zu Lëtzebuerg. Mir stelle fest, datt de Resistenzmusée zu Esch grousszügeg ënnerstëtzt gëtt, wougéint mer natierlech näischt hunn. Mä elo gëtt eng Ausstellung organiséiert iwwert den Nelson Mandela. Do hu mer och näischt dergéint, mä mir froen eis: Wann d'Regierung dofir Suen huet, wisou dann net fir un den Éischte Weltkrich ze erënneren, dee fir eis Geschicht wahrscheinlech nach méi Relevanz huet wéi den Nelson Mandela?

Här Statsminister, mir wäre frou, wann Der eis hei kéint soen, datt d'Regierung zu der Ausstellung steet a se voll erfëllt gëtt, esou wéi se geplangt a virbereet gouf.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Deputéierten. An elo huet de Premier- a Statsminister d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech soen dem honorabelen Deputéierte Kartheiser och Merci fir dës Fro iwwer Choixen, déi an der Kultur getraff gi sinn an déi och planifiéiert gi sinn. Dass et deem enge gefält oder net gefält - dat ass eng Décisioun, déi getraff gëtt!

De Problem ass, dass an deem heite Kontext eng Ausstellung geplangt ginn ass, awer ni budgétiséiert ginn ass. Ni! Am Conseil de Gouvernement ass vun der viregter Regierung décidéiert ginn, dass de Statsministère sech soll ëm dës Ausstellung këmmeren. An och, wann ech d'Madame Modert um 100,7 héieren, dass een dann d'Suen anzwousch aneschters sollt fannen! Ech hu keng schwaarz Keess am Ministère, déi ech dann op eng Kéier opmaachen a soen: Hei, elo hunn ech 256.000 Euro fir déi Ausstellung, déi net geplangt war.

(Interruption)

De Fait ass hei, dass Recherche gemaach ginn ass vun der Uni Lëtzebuerg, an déi ass selbstverständlech ganz, ganz wichteg, ass och weider ënnerstëtzt ginn. Ech muss lech och soen, dass, wann dee Budget net virgesinn ass, ech en net kann erfannen! An dass mer awer selbstverständlech och déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass vun deene Chercheuren, net wëlle verstoppen, mä au contraire ganz houfreg driwwer sollte sinn.

Ob elo also eng Véirelsmillioun Euro fir d'Scénographie vun enger Ausstellung vill oder net vill ass an dësen Zäiten... An ech hunn och gelies, dass déi fréier Kulturministesch um Radio gesot huet: „Dann hätt een et solle méi bëlleg maachen!" Mir haten..., och „méi bëlleg" woren d'Suen net do. Mä déi Ausstellung, et ass jo net, dass se ni kann organiséiert ginn. Op jidde Fall, d'nächst Joer, esou wéi se geplangt war, ka se net organiséiert ginn, well se och virdrun net geplangt war an och keng Engagementer geholl gi sinn.

(Interruption)

Fir eis ass et awer wichteg, dass ee sech och d'Fro stellt, ob de Musée de la Forteresse déi richteg Plaz war, fir esou eng Ausstellung ze maachen. Hei ass jo d'Scénographie, déi ass jo haut nach net gemaach. A mir mengen och, dass déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass, déi Recherchesaarbecht, déi gemaach ginn ass, vläicht gradesou gutt gebraucht kéint gi fir an enger Ausstellung, déi vläicht éischtens méi bëlleg wier, mä déi awer och bausse wier. Dat heescht, déi zum Beispill an d'Schoule kéint goen, déi zum Beispill och kéint an de Gemenge gewise ginn. Dat heescht, dass een elo déi Zäit hätt, fir déi nächst Joren dann och esou eng Ausstellung kënnen ze maachen.

Mir sinn och der Meenung - an dofir hu mer och eis Memberen an der Regierung gefrot -, fir ze kucken, ob och net en Intérêt wier an der Groussregioun, fir do och vläicht eng Zesummenaarbecht ze maachen.

Ech wëll keng esou Iwwerraschunge méi hunn! Ech soen lech et ganz éierlech, well mir hunn e Projet, dat ass den 1914-18.lu etc., etc. An ech hunn de Steve Kayser, dee jo Historiker ass an deen och fir d'Regierung schafft, mandatéiert, fir mir emol eng Opstellung ze maachen, vu wou wat engagéiert ginn ass, wat finanzéiert gëtt, ob et geplangt ass, fir dass ech net nach a sechs Méint oder an engem Joer an déiselwecht Situatioune kommen, wou Kontrakter ënnerschriwwe gi sinn, awer néierens budgétiséiert gi sinn.

Wéi gesot, déi Aarbecht, déi hei gemaach ass, ass net verluer gaangen! A mir si ganz, ganz frou, fir zesumme mat de Chercheuren, déi op der Uni Lëtzebuerg doudsécher eng ganz gutt Aarbecht geleescht hunn, och déi Matière kënnen duerno ze benotzen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Merci! D'Fro ass gestallt an d'Äntwert ass ginn! A mir ginn zu där nächster Fro iwwer, déi vum Här Michel Wolter un d'Ëmweltministesch gestallt gëtt iwwert den Äerdrutsch an der Bauschuttdeponie vu Monnerech respektiv um Monkeler.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Neen, neen, Monnerech!

M. le Président.- Monnerech. Okay, okay! Ah jo, Dir hutt recht. Jo, jo!

M. Michel Wolter *(CSV).*- Monkeler, Här President, dat ass en aneren Dossier.

M. le Président.- Sorry, ech dréien zéng Sekonnen zréck. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°25 du 1er avril 2014 de M. Michel Wolter relative au glissement de terrain à la décharge pour déchets inertes à Mondercange, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

M. Michel Wolter *(CSV).*- Merci, Här President. Viru knapp 14 Deeg, den 19. Mäerz, hat ech hei schonn eng Kéier eng Rei Froen un d'Madame Minister gestallt an deem Zesummenhang. Si huet mer deemools villmools Merci gesot fir d'Pertinenz vun de Froen, hat awer vergiess, op véier vun hinnen ze äntwerten. Mir sinn dunn eens ginn drop, dass se dat géif schréftlech innerhalb vu 14 Deeg nohuelen.

Mir sinn elo 14 Deeg an et ass net geschitt. An ech si frou, dass Der hei sidd, da kënnt Der elo op déi véier Froen äntwerten, wou Der viru 14 Deeg nach net d'Méiglechkeet hat, fir dat ze maachen. Dir hutt, Madame Minister, den 18. Mäerz an der Press affirméiert, dass d'Stabilitéit vum Terrain vun der Deponie Monnerech garantéiert wier. Ech hunn lech viru 14 Deeg gefrot an ech froen lech nach eng Kéier: Wat fir eng Expertise erlaabt lech, zu där Konklusioun ze kommen?

Dir hutt den 18. Mäerz e Rapprochement gemaach tëschent dem Rutsche vum Terrain an dem Lëtzebuerger Wuesstumsmodell. Ech hunn lech viru 14 Deeg gefrot, mer Elementer ze ginn, déi d'Base wiere vun där Affirmatioun. An ech hunn lech och gefrot, wéi Der dat gesot hutt: Hutt Der dat am perséinlechen Numm gesot oder hutt Der dat am Numm vun der Regierung gesot? Ech wier frou, wann ech eng Äntwert kéint dorobber kréien.

Ech hunn lech viru 14 Deeg gefrot, wat fir eng Mesuren d'Regierung à court terme wëllt huelen, fir dem Problem vum Bauschutt Här ze ginn. Ech hunn entre-temps eng Rei Kolleege Buergermeeschteren aus de Südgemenge begéint an héieren, déi ähnlech Problemer hu wéi déi, déi ech viru 14 Deeg hei gesot hunn. Ech hunn an der Press héieren, dass Der beim Schäfferot zu Suessem waart. Ech wier frou, wann Der eis vläicht méi Prezisioune kéint elo ginn, wéi an ënner wat fir Konditiounen dass d'Gemengen aus dem Süden an och d'Entrepreneuren aus dem Süden an deenen nächste Wochen hire Bauschutt kënne lassginn.

An ech hat och viru 14 Deeg gesot, dass ech der Meenung wier, dass déi Strooss tëschent Esch a Monnerech fir eng Rei vu Joren héchstwahrscheinlech zou wier. Dir hutt dat entretemps confirméiert. Ech hat an deem Kontext gefrot, wéi et da mat der Schoul vun der Édiff wier. An ech wier och frou, do eng Äntwert ze kréien, wat Der kuerz-, mëttel- a laangfristeg mat där Schoul gedenkt ze maachen, dans la mesure wou et offensichtlech ass, dass d'Strooss tëschent Esch a Monnerech an deenen nächste Méint a Joren net wäert nees kënnen a Betrib geholl ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Wolter. An ech géif dann d'Wuert weiderginn un d'Madame Ëmweltministesch.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Jo, villmools Merci. Merci, Här Wolter, nach eng Kéier, fir d'Fro. U sech hat ech lech viru 14 Deeg, Dir hutt et gesot, déi Äntwert ginn, déi Der elo anscheinend dann net richteg verstanen hätt. Ech kann lech déi nach eng Kéier ginn.

(Interruptions diverses)

Also, et ass esou, dass am Kader vun den Ana...

M. le Président.- Hei, wann ech gelift, wann ech gelift!

(Brouhaha)

Une voix.- Et ass eng Frechheet! Et ass eng Frechheet!

M. le Président.- Wann ech gelift, wann ech gelift, loosst d'Madame Minister schwätzen!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Dir sidd e bësse Mimosa!

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Also et ass esou, dass mer deemools gesot haten..., also ech hat lech Merci gesot fir d'Fro an ech hat lech driwwer informéiert, dass eis Leit alleguerten um Terrain waren, dass d'Analysen, d'Expertisë géife gemaach ginn. Ech kann lech dat awer elo nach eng Kéier soen. Et ass esou, dass engersäits eng Lëtzebuerger Etüd amgaangen ass ze kucken. Si hunn d'Plaze markéiert an opgrond dessen, dass do keng Ënnerscheeder waren an de Marquagen, kann een hautzudaags, no deem, wat mer haut aktuell wëssen, soen, dass dat Ganzt stabil ass.

Et sinn entre-temps awer och Saache geschitt, an ech mengen, dat ass sécherlech fir lech méi interessant. Et ass esou, dass eng Begehung war och vun enger auslännescher Firma, den 19. Mäerz, wou mer mëttlerweil och e klengen alleréischte Rapport, eng éischt Evaluatioun, kritt hunn, déi genau datselwecht beseet: Dass mer mengen, dass et souwäit stabil ass, dass awer weider muss analyséiert ginn an dass anhand vun de künftegen Analyse muss festgestallt ginn: a) d'Ursaach, firwat ass et geschitt, a b) dann awer och nach d'Mass. Do si mëttlerweil Saachen ënnerholl ginn.

Et ass och esou, dass meng Administratioun de 27. Mäerz - fir lech elo de Suivi ze maachen - och nach eng Kéier d'Firma gesinn huet an dunn de Punkt gemaach gouf an eben och nach eng Kéier betount gouf bei deem Punktmaachen - an dat ass elo aktuell vum 27. Mäerz -,

dass mer mengen, dass et stabel wär, opgrond vun deem, wat mer haut wëssen. En definitive Rapport hu mer leider nach net. En definitive Rapport wäerte mer an de kommende Woche kréien.

An do, mengen ech, géif ech widderhuelen, wat ech a sech gesot hat, wann ech soen: Mir halen lech au courant. Soubal mer eppes Definitives hunn, deele mer et wierklech ganz gäre mat.

D'Wuesstumsproblematik hat ech u sech och ugeschwat. An dat hat ech u sech politesch gemengt, well mer natierlech musse kucken: Wéi sollen eis Uertschafte weider wuessen? Wéi baue mer zesummen? An och dat, hat ech gesot, géif ech nach eng Kéier bekräftegen, dass mer do wäerte wierklech zesumme mat de Gemengen déi Saach thematiséieren, well et esou ass, dass mer wierklech immens grouss Quantitéiten u Bauschutt produzéieren hei am Dag, dass mer immens grouss Quantitéiten aus dem Buedem eraushuelen. An dat ass eng Saach vu sech gemeinsam iwwerleeën, wéi ee wëllt eis Uertschaften zum Beispill wuesse loossen, wat ee wëllt do erreechen, ob zum Beispill en Akafszentrum muss fënnef Etage Parking ënnendrënner hunn. All déi Saachen, dat si mer amgaang ze thematiséieren.

A gëschter hate mer zum Beispill e ganz flotte Lancement och vun „Ecoquartier", déi mer a sech, wat eppes ass, wat mer mat der EBL zesumme maachen, wou ee sech och déi Froe stellt vun: Wéi wëlle mer an Zukunft zesumme liewen?

Dann hat Der elo nach gefrot: d'Strooss Esch-Monnerech. Do war et esou, dass mer gesot hunn - dat hutt Der och selwer elo gesot -, d'Strooss Esch-Monnerech, jo, déi ass gespaart. Dat wäert och weiderhin esou bleiwen. Do ass och den Transportminister hei. Do un där Situatioun huet sech och näischt geännert.

Bon, d'Schoul, dat muss gekuckt ginn. Dat ass leider net meng Kompetenz.

An d'Mesuren, déi kann ech nach eng Kéier erklären. Do ware mer mëttlerweil beim Schäfferot vu Suessem. Mir si gutt weiderkomm. Mir haten eng ganz konstruktiv Sëtzung. Ech war do zesumme mam François Bausch a mir hunn u sech eis ugekuckt: Wéi ass en Accès méiglech a wéi kënne mer schnellstméiglech déi Situatioun do regelen? Eis Leit sinn do um Schaffen. Mir haten deemools gesot: ee Mount. Mir denken, dass mer eventuell vun eiser Säit, wat eben déi Testphas, déi mer kéinte lancéieren, ugeet, kéinte prett si vun deem, wat vu menger Säit, vum Environnement, vu menger Administratioun hierkënnt. A fir de Rescht musse mer kucken, dass mer schnellstméiglech do weiderkommen.

Dann hate mer och gesot, dass mer prioritär wäerten och de Kommodo vu Stroosse weiderdreiwen. Och dat stëmmt nach haut. No enger Testphas - komme mer zréck op Suessem - vu sechs Méint gëtt dat Ganzt evaluéiert, an da wäert den Dossier och weidergedriwwe ginn.

Dat sinn elo déi konkret Mesuren. An déi laangfristeg Mesuren, dat bezitt sech dann op déi Aart a Weis, wéi mer wëlle bauen a wéi mer dann och wëllen an Zukunft eis organiséieren.

Ech soen lech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Minister. Ech wollt just soen, dass mer hei...

M. Michel Wolter *(CSV)*.- An ech wollt lech froen, Här President, datt mer an engem Fait personnel sinn, opgrond vum Ufank vun der Äntwert vun der Ministesch.

Plusieurs voix.- Ohh!

Une voix.- Dat muss Du nach grad soen doiwwer!

M. le Président.- Also...

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Ech wollt soen, Här President, datt ech viru 14 Deeg d'Äntwert vun der Madame Minister ganz gutt verstanen hunn, well d'Lëtzebuerger Sprooch ass eng Sprooch, där ech mächteg sinn. An ech hunn och elo verstanen, wat se geäntwert huet. An ech stelle fest, datt et ganz staark Differenze ginn tëschent deem, wat d'Madame Ministesch viru 14 Deeg gesot huet, an deem, wat se elo gesot huet.

Et ass manifest esou, an dat war en „understanding", dee mer viru 14 Deeg haten, dass d'Madame selwer gesot huet, si géif mer op véier Froen, déi se net beäntwert hat deemools, do géif se mer schréftlech eng Äntwert ginn, an datt ech déi Äntwert, datt ech déi net kritt hunn, esou datt ech mer erlaabt hunn, déi véier Froen nach eng Kéier ze stellen. Et ass - an ech hu verstanen, wat se elo gesot huet, well ech hunn hir nogelauschtert - nach ëmmer eng Fro, op déi se net geäntwert huet.

Ech hu se nämlech gefrot, ob se, wéi se iwwert d'Warnsignal vun dem Lëtzebuerger Wuesstumsmodell geschwat huet, an hirem Numm geschwat hat oder am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung. Op déi Fro hunn ech nach ëmmer keng Äntwert kritt, esou datt ech Iech géif bieden, fir datt mer a 14 Deeg net nach eng Kéier mussen d'Fro stellen, wann d'Ministesch domadder d'accord wier, op déi Fro dann nach ze äntwerten.

M. le Président.- Ech géif mengen, dass d'Madame Minister dat mat engem Jo oder Nee ka maachen, respektiv dass den Här Statsminister mar am État de la nation ganz vill Geleeënheet huet, fir och iwwert d'Wuesstumsproblematik an d'Vuë vun der Regierung ze schwätzen. Et ass also...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Evident!

M. le Président.- Et schéngt...

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Sidd Dir, Här President, concernéiert?

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Bon, ech kann...

M. le Président.- Neen.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Also, a puncto Wuesstum hat ech lech elo just gesot, dass ech denken, dass mer de Wuesstum vun eisen Uertschaften a wéi mer wuessen, a wéi eng Richtung - dat kann ech politesch soen, dat kann ech genausou a mengem Numm soen, mä ech soen et och politesch - dass mer dat mussen zesummen upaken an evaluéieren: Wéi wëlle mer wuessen? An dat ass genausou eng politesch wéi eng perséinlech Ausso.

M. le Président.- Merci. Domat si mer um Enn vun der Froestonn ukomm.

9. Changements de composition de commissions parlementaires et de délégations aux assemblées parlementaires internationales (suite)

Ech wollt just nach eng Informatioun noliwweren, wann Der erlaabt, dat ass, dass an der Héichschoulkommissioun den Här André Bauler den Här Edy Mertens ersetzt.

Sidd Der domat averstanen?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

Da géife mer zum Rescht vun eisem Ordre du jour iwwergoen, an zwar zum Projet de loi 6541. Et geet ëm d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwert d'Emissiounen an der Industrie. D'Riedezäit gouf nom Basismodell festgeluecht. Ech hu bis elo d'Aschreiwunge vun deenen Häre: Oberweis, Negri, Baum an Turpel.

D'Wuert huet elo direkt den honorabele Rapporteur, den Här Henri Kox. Ech wëll och de Fraktioune Merci soen, dass se eis an der Zwëschenzäit d'Riednerlëschte matdeele mat den indikative Riedezäiten. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

10. 6541 - Projet de loi

a) relative aux émissions industrielles

b) modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

c) modifiant la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Här President, Merci. Hei ass direkt vläicht eng kleng Äntwert, a wéi eng Richtung mer wuessen. Wa mer eng Industrie op Lëtzebuerg huelen, da kucke mer, dat natierlech am Respekt vun der Ëmwelt ze maachen. An dës...

M. le Président.- Wann ech gelift! Am Moment huet just de Rapporteur d'Wuert a soss keen aneren! Aus Respekt virun der Aarbecht vum Rapporteur géif ech Iech bieden nozelauschteren. Merci.

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President. Nach eng Kéier: Hei ass effektiv e ganz wichtegt Gesetz, net nëmme fir eis industriell Produktiounen, mä och fir eisen Environnement.

Et ass eng Direktiv, déi am Gesetzesprojet 6541 a lëtzebuergescht Gesetz ëmgesat gëtt, an et geet ëm d'Emissiounen, industriell Emissiounen. Dofir muss d'Gesetz vum 10. Juni 1979 (veuillez lire: 10. Juni 1999) «relative aux établissements classés», also dat sougenannten „Kommodo-Inkommodo-Gesetz" kuerz geännert ginn. An et ännert d'Loi modifiée vum 20. Abrëll 2009 «relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux».

Vläicht um Ufank kuerz och d'Datumer: De Gesetzesprojet ass nach vum Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures vun der viregter Regierung de 5. Februar 2013 déposéiert ginn. En hat eng Fiche financière derbäi an natierlech d'Direktiv, déi vum 2010/75/EU vum 24. November 2010. En huet eng gewëssen Urgence, well u sech d'Direktiv hätt scho missen a Lëtzebuerger Gesetz ëmgesat ginn.

De Conseil d'État huet den 18. Juni 2013 säin éischten Avis ofginn an de 16. Oktober 2013 en zweete complémentaire. D'Chambre des Salariés respektiv d'Chambre de Commerce hunn hir entspriechend Avisen och ofginn.

An enger éischter Kommissiounssëtzung vun der viregter Chamber, den 20. Februar 2013 an der Commission du Développement durable, gouf den honorabele Marcel Oberweis fir d'Éischt als Rapporteur bestëmmt, a si hunn eng éischt Lecture dovu gemaach den 13. Mäerz 2013.

An der Kommissioun vum 29. Februar 2014 (veuillez lire: 29. Januar 2014) ass dëse Gesetzesprojet an där neier Environnementskommissioun nach eng Kéier presentéiert ginn an ech selwer gouf an där Sitzung dann als Rapporteur bestëmmt.

Wéi eng Objektiver huet dann elo dëst Gesetz? Also d'Gesetz transposéiert, wéi gesot, eng Direktiv, eng wichteg Direktiv. Et ass d'Direktiv IED, u sech eng fréier Direktiv vun 2008, «relative à la prévention et à la réduction intégrées de la pollution», déi och nach ënnert dem Numm IPPC genannt gëtt**.**

Den IPPC war u sech och eng Direktiv, an dat war de Virleefer fir d'Gesetz vum 10. Juni 1929 (veuillez lire: 10. Juni 1999), wat gemengerhand als Kommodo-Inkommodo-Gesetzgebung bekannt ass a wat jo a leschter Zäit och e bëssen an der Diskussioun war, siehe Décharge Monkeler oder och nach de Monkeler-Projet selwer, wat u sech der Législatioun ënnerläit.

Wat probéiert u sech dës Direktiv ze maachen? D'Direktiv huet sech u sech lassgeléist. Et gëtt net méi iwwert de Kommodo-Inkommodo geregelt, mä all industriell Emissioune gi mat dësem Gesetz ofgedeckt. An dëst Gesetz wäert dann eis industriell Produktiounsanlagen da gesondert regelen.

Mir hunn der hei a Lëtzebuerg ongefëier 36. Do sinn ënnerschiddlecher, Dir fannt dat am Rapport zréck, zum Beispill nennen ech der just fënnef an der Activité énergétique, mir hunn der néng an der Transformation des métaux, mir hunn der dräi an der Industrie minérale, mir hunn der zwou an der Industrie chimique an esou weider. En tout hu mer 36 Anlagen.

D'Gesetz gesäit also vir, ganz kloer, fir d'Éischt natierlech eng Preventioun vun den Ofgasen oder vun den Emissiounen. Dann natierlech d'Reduktioun an natierlech d'Vermeidung, esou gutt wéi et geet, vun der Eliminatioun vu Pollutiounen duerch déi industriell Aktivitéit nom Prinzip vum Pollueur-payeur. Mir brauchen u sech e Kader, ee Kader deen u sech dat alles regelt vun der Quell bis hannen zu dem Ausstouss. An dofir gëtt dëst Gesetz eng Sécherheet, souwuel fir de Produzent wéi och fir d'Anrainer ronderëm déi Anlag, fir kënnen hiren Asproch ze maachen.

„Wie brauch dann esou eng Autorisatioun?", frot Der Iech. Natierlech all déi Anlagen, déi virdru genannt gi sinn. Sief et och eng nei Anlag, déi op Lëtzebuerg kënnt, déi kritt elo e Kader, an dee Kader probéiert dann, där Anlag esou gutt wéi méiglech Restriktioune bezüglech den Ausstouss ze maachen.

Wat definéiert dann elo dës Autorisatioun? An dat ass natierlech ëmmer e Punkt, wou et Divergenze ka ginn. Mä en definéiert d'Héicht, den Niveau vun de Schuedstoffer, déi eng Anlag kann an d'Ëmwelt eraus emittéieren. An et ass do, wou d'Grenzwäerter ganz wichteg ginn. Dat heescht, éischtens muss de Kader gesat ginn. Et muss gekuckt ginn, dass déi Firma no der neister Technologie entspriechend dat dann ausübt. An, wat natierlech och wichteg ass, wa mer schonn eng Autorisatioun ginn, kënnt de Kader natierlech och vun der Iwwerwaachung. Dat heescht, dëst Gesetz regelt natierlech och d'Iwwerwaachung an déi néideg Konsequenzen, wann der mussen ergraff ginn, fir d'Industrie entspriechend an deen néidegen Déngen eranzefueren.

De Prinzip ass esou wéi och beim Kommodo-Inkommodo: Mir probéieren „la meilleure technique disponible" anzesetzen, an et ass och gängeg Praxis mëttlerweil an och vun der Industrie esou akzeptéiert an och vu ville Betriber esou unerkannt. Well et ass och doduerch, datt eng Kompetitivitéit no bausse ka gemaach ginn.

D'EU huet probéiert, dat natierlech um Niveau vun deene sëlleche Länner ze maachen, well och do keng Concurrence déloyale entsteet. Well et eng Direktiv ass, mussen natierlech den däitschen an de franséischen Industrielle sech un déiselwecht Normen halen. An dofir ass dat wichteg, dass hei deen Équiliber geschaf gëtt.

An zweetens, an dat ass vläicht dat Wichtegst vun dësem Gesetz och, gëtt e Referenzdokument erstallt vun der EU, dat u sech déi Richtlinne festleet. D'Direktiv seet am Artikel 76, stellt do d'Prozedur fest, wéi déi Referenzdokumenter zesummegestallt ginn. Do ass et e Comité, deen élaboréiert dat, reviséiert an, wann et muss sinn, gëtt en déi Direktiven..., oder déi Referenzdokumenter ginn ugepasst, an dat ass en Acte délégué. En Acte délégué ass dat, en ass d'application directe, dat heescht, wann d'EU dat bis festgestallt huet a festgeluecht huet, sinn déi Wäerter a Lëtzebuerger respektiv an national Gesetzgebung ëmzesetzen. Dat ass, mengen ech, ee vun deene wichtegste Kritären, déi hei an deem Gesetz sollten ernimmt ginn.

Dann natierlech eppes ganz Wichteges, dat huet een elo och gesi bei deene Projeten, déi ech virdru genannt hunn, wann et ëm d'Autorisatioune geet, dëst Gesetz entsprécht ganz genau der Convention d'Aarhus. Ech mengen, dat ass eng ganz wichteg Gesetzgebung, wat hei an dësem Gesetz Afloss fonnt huet, nämlech d'Méiglechkeet vun de Bierger, vun de Leit ronderëm, fir Asproch ze erhiewen, fir kënnen och entspriechend nozevollzéien, dass déi Anlag och entspriechend richteg a konform ass, an den Zougang zur Justice, wann et sollt zu Schwieregkeete kommen.

Zum Avis vum Statsrot. De Statsrot hat méi eng juristesch Reflexioun gemaach, insbesondere wat d'Ëmsetzung vun der Direktiv ubelaangt. Vläicht zwou Saachen. Den éischte Fall ass eben déi Ëmsetzung, wéi si et nennen, eng dynamesch Ëmsetzung. Ech hu virdru gesot vun deem Referenzdokument, wat op EU-Niveau gestallt gëtt, dass dat d'application directe ass. An dësem Gesetz gëtt dat entspriechend och esou vermierkt am Kader, dat ass den Artikel 4, deen dat virgesäit, dass eng Rei vu Referenzen direkt da kënnen ëmgesat ginn, wann d'EU dat mat Acte délégué gemaach huet. Duerfir muss am Gesetz eng Referenz op de Mémorial gemaach ginn. Am Mémorial gëtt da Referenz erëm op d'EU gemaach, esou dass dat direkt novollzéibar ass an och direkt d'Anlagen entspriechend kënnen transposéiert respektiv ugepasst ginn op déi Déngen.

Déi Propos ass natierlech vun der Kommissioun esou ugeholl ginn. Dat ass och gängeg Praxis. Ech wëll just op d'Gesetz vun... well mer dat scho méi dack diskutéiert hunn an de Chamberskommissiounen, et ass déi éischte Kéier ugewannt gi bei der Direktiv, wou et ëm d'Sécurité des jouets gaangen ass, wou u sech déiselwecht Problematik sech stellt: ëmmer nei Normen an déi Norme sollen esou séier wéi méiglech ëmgesat ginn.

Dës Normen hei an dësem Fall passen op dräi Annexen. Dat sinn d'Annexe 5, 6 a 7, déi um Gesetz mat dru sinn an déi dann entspriechend sech ëm d'Dispositions spéciales applicables aux installations de combustion... Et geet ëm d'Dispositions spéciales applicables aux installations d'incinération des déchets. Dat ass d'Müllverbrennung. An en drëtten ass och nach „aux activités utilisant des solvants organiques . Also ass et da wichteg, dat och länneriwwergräifend ze maachen. D'EU-Kommissioun huet sech verflicht an hirer Direktiv, lafend dëst Referenzdokument dann unzepassen.

Et sinn awer och aner Annexe mat dem Gesetz hei dobäi. Dës Annexe bezéie sech dann natierlech op eng ganz Rei vun Aktivitéiten, déi an deem Beräich sinn, sief et energetescher, sief et iwwer Metaller, déi verschafft ginn, sief et ëm Industrie minérale, Industrie chimique. Déi Annexe sinn och dësem Gesetz bäigefügt a kënne spéider duerch Règlements grand-ducaux ersat ginn.

Do hat just awer de Statsrot e klenge Problem, well e gesot huet, wéinst dem Parallélisme des formes, huet e gemengt, éischter déi Annexen an d'Gesetz eran ze huelen, respektiv direkt d'Annexen als Règlement grand-ducal ze publizéieren, aus awer Transparenz och vis-à-vis vun der Direktiv. Well d'Direktiv dat och mat Annexe mécht, respektiv och well d'Gesetz vum Kommodo-Inkommodo déiselwecht Prozedur ugewannt huet, esou dass d'Kommissioun gesot huet, mir sollten dat no deemselwechte Schema maachen. Dofir ass dat och hei geschitt.

Dat sinn u sech déi wichtegst Kritäre vun dësem Gesetz. Vläicht nach zwee Wierder zu de Chamberen. D'Chambre des Salariés huet dat guttgeheescht. D'Chambre de Commerce huet natierlech d'Kompetitivitéit vun de Betriber wëllen ervirruffen, dass net mir ze streng wieren. Mä hei muss ganz kloer gesot ginn, dass dofir och d'EU dat an deem Sënn gemaach huet, well et europäesch ass, well den Noper dat och muss uwennen, ass et u sech eng ganz wichteg Direktiv, well déi Däitsch, wéi virdru gesot, déi Belsch oder d'Fransouse sech och un dat mussen halen.

E positive Punkt ass, dass d'Elektronik och hei am Gesetz hir Retombée fënnt, dat heescht all Autorisatioun soll spéiderhin och iwwert den elektronesche Wee kënne gemaach ginn.

Ech mengen, dat wier de gréissten Deel vun deene wichtegsten Elementer hei vun dësem Gesetz. Et ass agedeelt an 71 Artikele mat siwe Kapitelen, wou déi eenzel industriell Produktiounen opgelëscht sinn, vun der Autorisatioun bis zu der Kontroll an der Sanktioun. Ech denken, dann hunn ech de Gros duerch.

Den 13. Mäerz 2014 koum d'Kommissioun zesummen, wou och nach en zweeten Avis complémentaire gekuckt ginn ass a wou eestëmmeg dëse Rapport ugeholl ginn ass. An ech géif da bieden, och hei dann déi Eestëmmegkeet deem Gesetz ze ginn, an ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marcel Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV)*.- Här President, Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, Madame Ministesch, erlaabt mir um Ufank, wéi ëmmer, dem Henri Kox Merci ze soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, dee villes beinhalt. Do brauch ech net ze vill drop anzegoen. Mä ech wollt e puer Wuert awer soen, well dat hei eng europäesch Direktiv ass iwwert d'Emissiounen, déi mer an dat nationaalt Recht ëmsetzen an déi eis Industriebetriber, mir hunn der jo nach e puer, mussen awer anhalen.

Mat dem Gesetzesprojet selwer soll d'Pollutioun duerch déi industriell Aktivitéite reduzéiert ginn. Dat ass jo e Wonsch op ville Bänken. Well op null kënne mir se wuel net setzen, well dann d'Betriber de Schlëssel ënnert den Teppech misste leeën.

Wann et nach viru ronn zéng Joer de Brauch war hei am Land bei de Betriber, den End-of-pipe-Technologien de Virrang ze ginn - dat ass kucken, wat hannen erauskomm ass an da propper ze maachen -, esou läit hautdesdaags ëmmer méi de Virtrag an de Virsproch fir eben déi „in front of the pipe", wat also vir ka gemaach ginn, dass hannen näischt Knaschteges méi soll erauskommen.

Mat Hëllef vun dësen Technologië sollen engersäits manner natierlech Ressourcen, wéi zum Beispill Eisenäerz, Bauxit, Kuel, Äerduelech an Äerdgas verbraucht ginn, an anerersäits d'Emissiounen an der Atmosphär reduzéiert ginn. Hale mer et fest, d'Liewensressourcen, de Buedem, d'Loft an d'Waasser gi manner belaascht an d'Liewensqualitéit vun de Mënschen erhéicht sech. Doniewent soll manner Offall produzéiert an d'Energieeffizienz eropgeschrauft ginn.

Vun den Industriebetriber gëtt awer verlaangt, et ass elo grad och erklärt ginn, eng integréiert Approche an der Preventioun an an der Reduktioun vun all hiren Emissiounen ze huelen, dat heescht ee vernetzte Gedanken an der Betribsgestioun. Fir dass d'Preventioun an d'Reduktioun vun der Pollutioun gräifen, mussen dës Betriber fir hir technesch Anlagen, déi hei viséiert sinn, all déi néideg Autorisatioune virweise kënnen.

Et läit dofir op der Hand, dass de Gesetzgeber déi maximal Wäerter fir d'Emissioune vun de schiedleche Substanze virschreift an déi och dann agehale musse ginn. Déi Instanze musse regelméisseg op den Terrain kënne goen, fir Kontrollen ze maachen, op d'mannst eng Kéier am Joer. D'Betriber musse sech awer och selwer permanent kontrolléieren an déi staatlech Instanze lafend iwwert d'Emissiounen informéieren.

An domat kommen ech zum wichtegste Begréff vun dem Gesetzesprojet. Et gëtt vun de Betriber verlaangt, dass si déi technesch beschten Technologien am Sënn vun der Ëmweltentlaaschtung, déi um Maart sinn, asetze mussen. Dat kascht natierlech dann Investitiounen. An der Europäescher Unioun ginn et genuch Ënnerlagen, déi d'Betriber iwwer all dës Équipementer informéieren a souguer huet d'Europäesch Kommissioun sech bereet erkläert, dass se alle Partner géif hëllefen, déi Technologien um Maart dann zougänglech ze maachen an och all d'Ënnerlagen.

Och wann d'CSV de Projet ënnerstëtzt hei, esou wollt ech awer froen, Madame Ministesch, wéi et sech da verhält, wann ee Betrib seng Diere muss zoumaachen an eventuell nach eng Contaminatioun virläit, sief et am Buedem oder anerwäerts: Wie soll dann d'Käschte vun der Entsuergung iwwerhuelen? Ech denken, dëse Punkt, dee misst een awer am Kontext vun der Reform vum Kommodo-Inkommodo-Gesetz nach eng Kéier op de Leescht huelen.

Wann hei vun Ëmweltschutz geschwat gëtt, dann ass et jo bal normal, dass d'Betriber dës technesch ëmweltschützeresch Aktivitéite selwer bezuele missten. Virun e puer Woche konnt ee liesen, dass eise Wirtschaftsminister enger Firma am Süde vum Land, déi an den Ëmweltschutz investéiert huet - ronn 3,1 Milliounen -, dass de Stat do 510.000 Euro bäigeschoustert huet. Hei sollen dann 3.000 Tonnen CO_2 bannent fënnef Joer agespuert ginn. Wann ech et ausrechnen, fannen ech dat ee ganz héije Präis, fir eng Tonn CO_2 anzespueren!

Meng Fro dofir: Sinn esou Hëllefen iwwerhaapt erlaabt aus der Siicht vun der Europäescher Kommissioun? An zweetens: Kënnen elo all d'Betriber esou Demandë stellen, fir gehollef ze kréien, wann dëst Gesetz an d'Applikatioun kënnt?

Mäi leschte Punkt behandelt nach d'Konventioun vun Aarhus, ee wichtege Punkt hei. Hei muss ee begréissen, dass am Gesetzesprojet d'Participatioun vun de Matbierger ervirgehuewe gëtt. Duerch dëse Schrëtt kënnt et zur demokratescher Biergerbedeelegung - ech mengen, dëse Punkt gëtt vun alle Bänken hei gedroen -, esou dass hei eng Transparenz spille kann. A souguer kënnen d'Matbierger viru Geriicht goen, wann et zu Mëssstänn duerch en Industriebetrib an hirer Noperschaft, oder wann et bekannt ass, kënnt.

Et geet hei jo, loosse mer eis näischt virmaachen, ëm d'Erhale vun der Biodiversitéit an ëm d'Liewensqualitéit vun alle Mënschen. Ech mengen, dat ass e wichtege Punkt hei, well mer jo grad haut oder gëschter dee leschte Rapport vun der IPCC vu Yokohama kritt hunn. An ech mengen, do ass ee wichtege Saz gesot ginn: „Mir liewen an engem Zäitalter vum vum Mënsch verursaachte Klimawandel." Ech denken, et ass gutt, dass hei am Land zumindest esou Gesetzer an d'Wee geleet ginn, fir de Leit ze hëllefen, de Betriber an de Mënschen, dass et besser gëtt.

Dat gesot, den Accord vun der CSV erabruecht an ech soe Merci fir d'Nolauschteren, wéi ëmmer.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Oberweis. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass de Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Président-rapporteur Henri Kox Merci soe fir seng exzellent Rapporten, schréftlech wéi mëndlech. Als LSAP begréisse mer, dass mer fir d'Betriber mat industriellen Emissiounen elo e separat Gesetz kréien, erausgeléist aus dem bestehende Kommodo-Inkommodo-Gesetz. Dëst erlaabt nämlech elo eng integréiert Approche an der Preventioun an an der Reduktioun vun den industriellen Emissiounen, doduerch dass d'Gesetz net nëmmen d'Loftverschmotzung analyséiert, mä och all Zort vu schiedleche Stoffer, ob se an d'Loft, d'Waasser oder an de Buedem ausgeschott ginn.

Mir begréissen och des Weideren, dass um Niveau vun der Simplification administrative et zu Verbesserunge kënnt, andeems d'Betriber net nëmmen elektronesch hir Demande fir d'Kommodosprozedur kënnen erareechen, mä awer och de Suivi vun dëser Demande weider novollzéie kënnen iwwert den elektronesche Wee.

Dëst Gesetz brëngt, wéi scho gesot, nei Obligatiounen a Responsabilitéite fir d'Exploitantë mat sech. Zu Lëtzebuerg, wéi den Här Rapporteur scho gesot huet, betréfft dat de Moment 36 Entreprisen, déi no der „meilleure technologie disponible" musse schaffen, fir dann déi schiedlech Emissiounen do ze reduzéieren.

Dobäi kann ee sech just d'Fro stellen, bei deene Limiten, déi mer eis virginn, dass trotz der Kontroll all véier Joer, Réexamen périodique des autorisations duerch eng Étude technico-économique gemaach gëtt, ob déi sougenannten MTDI, déi „meilleures technologies disponibles" och permanent funktionell sinn, a wien, le cas échéant, esou e Contrôle inopiné géif maachen.

Vu dass déi europäesch Zertifikatioun EMAS - „Eco-Management and Audit Scheme" - nëmme wéineg Succès bis elo hei zu Lëtzebuerg hat, wollt ech d'Madame Ministesch froen, ob se gedenkt, dës Zertifikatioun an Zukunft méi geziilt ze promouvéieren.

Zum Schluss, Här President, begréisse mer och nach, dass konform, wéi den Här Oberweis et och elo scho gesot huet, zur Aarhus-Konventioun den Accès zur Participatioun an zur Informatioun fir de Public nach méi no engem partizipative Kader ausgeriicht gëtt, wéi et virdru bei der IED-Direktiv och scho war.

An domat ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Negri. Als Nächsten huet den Här Baum d'Wuert.

M. Gilles Baum *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Henri Kox Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Just e puer Remarquen. De Projet de loi 6541 betréfft 36 verschidden industriell a landwirtschaftlech Installatiounen hei am Land, aus deenen ënnerschiddlechsten Industriesecteuren, vun der Energie bis zur Offallverbrennung. Dëst sinn Entreprisen, déi duerch d'Natur vun hirer Aktivitéit en héije Risque droen, eis Ëmwelt ze belaaschten. Leider ass et oft esou, dass eng industriell Produktioun Konsequenzen um Ëmweltplang huet. An trotzdeem si mer op dës Betriber ugewisen, denkt een nëmmen emol drun, dass mer och eisen Offall musse verbrennen.

Mir dierfen dann och net vergiessen, an ech soen dat ganz kloer hei am Kontext vun där geplangter Asphaltfabrik, wa mir weiderhi wëllen zu Lëtzebuerg Stroosse bauen, da muss et och méiglech sinn, zu Lëtzebuerg en Asphaltwierk ze bedreiwen. Awer selbstverständlech ënner kloren an transparenten Oplagen! Et ass der Ëmwelt nämlech och net gehollef, wa mir eis Industrie an d'Ausland verbannen an hei zu Lëtzebuerg nach just Déngschtleeschtunge wëllen ubidden.

An ech muss Iech soen: Ech hunn d'Industrie léiwer hei am Land, mat kloren, räsonabelen Ëmweltoploen, wéi an aneren Deeler vun der Welt, wou mir net wëssen, wat fir eng Kritären dass agehale ginn.

20.03.2014 Échange de vues avec le Ministre au sujet des volets du budget de l'État pour l'année 2014 concernant les deux commissions (Affaires étrangères et Force publique)

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
(Président: M. Lex Delles):
26.03.2014 Examen des volets budgétaires concernant l'Éducation nationale, l'Enfance et la Jeunesse

Travaux de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs
(Président: M. Gusty Graas):
31.03.2014 Présentation des volets du budget de l'État pour l'année 2014 concernant le Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs

Travaux de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports
(Présidente: Mme Cécile Hemmen):
25.03.2014 Présentation et examen du projet de budget du Ministère de la Santé

Travaux de la Commission de l'Économie
(Président: M. Franz Fayot):
10.04.2014 Présentation des volets du budget de l'État pour l'année 2014 concernant le Ministère de l'Économie

Travaux de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative
(Président: M. Yves Cruchten):
20.03.2014 Examen des volets budgétaires concernant la Fonction publique et la Réforme administrative

Travaux de la Commission juridique
(Présidente: Mme Viviane Loschetter):
02.04.2014 Présentation du volet concernant le Ministère de la Justice

Travaux de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale
(Président: Georges Engel):
31.03.2014 Examen du projet de budget du Ministère de la Sécurité sociale

Vote en séance publique: 24.04.2014
Loi du 29 avril 2014
Mémorial A: 2014, n°65, page 685

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. le Président*

2. 6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;

3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;

4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;

5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;

6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;

7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;

9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques (suite)

- *Discussion générale: M. Claude Wiseler (interventions de M. Jean Asselborn, M. Gast Gibéryen, M. Alex Bodry), Mme Joëlle Elvinger, M. Alex Bodry (M. Claude Wiseler intervient)*

3. Ordre du jour

- *M. le Président*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Mme Maggy Nagel et M. Pierre Gramegna, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Häre, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e schéine gudde Moien emol fir d'Éischt. Ech maachen d'Sëtzung heimat op.

Ech froen d'Regierung direkt, ob se Kommunikatiounen ze maachen huet.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Dat ass net de Fall, Här President. Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Ausseminister. Mir géifen dann haut de Moie weiderfuere mat de Budgetsdebatten, dem eigentlechen Deel vun de Budgetsdebatten, den Interventioune vun deenen eenzelnen Deputéierten.

Dir wësst, datt d'Riedezäit nom Modell 5 festgeluecht ass. Ech wëll just kuerz soen, wat dat heescht: D'CSV huet 165 Minutte Riedezäit, d'LSAP wéi d'DP 115, déi gréng 80, d'ADR 37 an eng hallef, déi Lénk 25 an d'Regierung insgesamt 50 Minutten. Doniewent kommen dann déi Zäiten, déi virgesi si fir d'Motiounen, déi Der och kennt.

Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Wiseler fir d'CSV, d'Madame Elvinger, den Här Bodry, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen, den Här Turpel, den Här Spautz, den Här Kartheiser, den Här Roth an den Här Mosar. Ech géif dann direkt deem éischte Riedner, dem Fraktiounschef…

Une voix.- Vize!

M. le Président.- ...adjoint vun der CSV, dem Här Claude Wiseler, d'Wuert ginn. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

2. 6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;
3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;
4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;
5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;
6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;
7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;
8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;
9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques (suite)

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech fir d'Éischt selbstverständlech dem Rapporteur villmools Merci soe fir déi Aarbecht, déi en trotzdeem a kuerzer Zäit gemaach huet, an och der Kommissioun, fir d'Éischt ënnert der Présidence vum Marc Hansen, dann duerno vum Eugène Berger, fir déi Aarbecht, déi se an e puer Wochen iwwert d'Bühn kritt huet.

Et ass effektiv eng ganz besonnesch Situatioun gewiescht, well mer am Fong exzeptionell ze dinn hu mat am Fong der zweeter Partie vun engem Budget, der zweeter Partie vum Budget 2014, an enger Regierung, déi bal fënnef Méint am Amt ass. A mir sinn eis alleguer bewosst, datt dat net duergeet, fir alles ëmzesetzen, wat ee sech virgeholl huet, an datt een och fënnef Joer Zäit huet an enger Legislaturperiod, fir dee Programm ëmzesetzen. Dat liicht eis jo alles an.

Op där anerer Säit hu mer awer och der Regierung nogelauschtert, a gutt nogelauschtert an deene leschte fënnef Méint. An d'Regierung huet vill gesot an huet och vill Erwaardunge suscitéiert, notamment och Erwaardunge scho fir dëse Budget, dësen zweeten Deel vum Budget 2014.

Dat hei ass e Budget, mat deem sollten déi éischt grouss nei Akzenter gesat ginn. Dat hei war e Budget oder ass ugekënnegt ginn als Budget, dee soll de Beweis bréngen, datt an dësem Land den neie Wand amgaang wär ze blosen, datt eng nei Politik géif ëmgesat ginn, datt déi éischt richteg Schrëtt an déi richteg Richtung géife gesat ginn, déi éischt Spuermoossnamen, déi richtungsweisend fir eng ganz nei Politik wären. Esou ass dat Ganzt während dräi, véier Méint ugekënnegt ginn, an der Regierungserklärung ugekënnegt ginn, duerno am État de la nation, an deem net vill drastoung, mä an deem op de Budget 2014 verwise ginn ass. An do war natierlech d'Spannung ganz grouss.

A wéi de Budgetsminister de Budget hei déposéiert huet, huet e sech selwer en Oscar décernéiert an huet en och ugeholl. Mä do war e wahrscheinlech amgaang mat deem Oscar-Décernement, dee Lëtzebuerg krut, a war ze vill enthusiastesch dee Moien. Duerno huet en och an engem „Wort"-Artikel gesot, e wär ee vun deene fläissegste Ministeren. Gëschter hunn ech gelies, datt e considéréiert, datt déi Aarbecht, déi gemaach gëtt a sengem Ministère, eng herkulesch Aarbecht ass.

Wann een natierlech déi Wierder gebraucht, Här Gramegna, da suscitéiert een natierlech eng grouss Erwaardung an dann ass et verständlech, datt um Ufank sech eng ganz Rei Froe gestallt ginn an datt mir och an deem Dilemma waren, deen Dir gëschter gutt beschriwwen hutt: Ass dat hei dann elo e Budget, wou mer d'Regierung solle beim Wuert huelen, wou mer solle kucken, datt och déi éischt Ufänk vun enger neier Politik gemaach ginn, wou mer hir am Fong solle gleewen, wat se gesot huet, datt hei den neien Ufank, den éischten Deel vun der kopernikanescher Revolutioun géif ëmgesat ginn?

Oder solle mer all déi Wierder net seriö huelen an am Fong dee Budget huele fir dat, wat en nëmmen nécessairement ka sinn, just en Transitiounsbudget, dee vläicht e liichte gréngen, bloen, rouden Ustrach kritt huet, mä net méi an net manner? An ech wëll dat och net kritesch soen: „Transitiounsbudget", mä just et vergläiche mat deene Wierder, déi virdru gebraucht gi sinn, a mat deenen „Hoffnungen" - tëschent Gänsefüßchen -, déi hätte solle suscitéiert ginn.

Ech hu just gëschter festgestallt, datt hei wéi op villen anere Punkten de Finanzminister zréckkomm ass op all déi Ukënnegungen, déi gemaach gi sinn, an datt mer hei mat engem Transitiounsbudget ze dinn hunn, sans plus.

De Budget 2013 - e puer Wuert, ier mer zu deem vun 2014 kommen. Wat ass an deene leschte Jore geschitt? Wat ass virdru geschitt? Wéi déi lescht Regierung ugefaangen huet, do ware mer um Ufank vun enger weltwäiter Wirtschafts- a Finanzkris.

Dir kënnt lech dat erënneren, dat ware Méint, Joren, déi net evident waren, fir kee vun eis evident waren, wou d'Finanzplaz ganz staark touchéiert war, wou Angscht och hei an der Chamber zu Lëtzebuerg war, well et schwiereg war ze gesinn, wéi zu Lëtzebuerg, wéi an Europa dat Ganzt géif weidergoen. Eng grouss Onsécherheet, duerch déi och op där anerer Säit de Konsum erofgaangen ass, well d'Leit veronséchert waren an enger Situatioun, déi jiddwereen als schwiereg emfonnt huet, wou Investissementer méi lues gaange si wéinst där Situatioun, wou d'Regierung huet missen en urgence iwwert d'Weekender alt Aktiounen huelen a couragéiert Décisioune sengerzäit geholl huet, fir de Bankesystem hei zu Lëtzebuerg oprechtzëerhalen, wat duerno och natierlech haut heiansdo kritiséiert gëtt, notamment wa mer iwwert d'Dette publique schwätzen, wou d'Regierung Milliarden investéiert huet, fir de System um Fonctionnéieren ze halen.

Et soll ee sech un déi Situatioun erënneren, wann een iwwert déi lescht Jore schwätzt. An do sinn och enorm wichteg Décisioune geholl ginn. Notamment ass probéiert ginn, op d'Fro ze äntwerten, wéi een déi Kris kéint meeschteren, well dat wousst hei an Europa déizäit kee richteg.

Mir hunn an deene Jore virdrun eng antizyklesch Politik op d'Bee gesat. Mir hunn déi an der Chamber, an ech ka mech gutt drun erënneren, och laang diskutéiert. An déi antizyklesch Politik ass och vu jiddwerengem heibannen akzeptéiert ginn, well gesot ginn ass, datt dat dat Eenzegt wär, wat an deene Joren do ze maache wär, fir am Fong eng Ekonomie, déi touchéiert war duerch d'Erofsetze vum Konsum, a Bewegung ze halen a fir ze assuréieren, datt och eis Betriber, haaptsächlech eis mëttelstännesch Betriber, net ze vill géifen ënnert der Kris leiden an och iwwerhaapt nach géifen existéieren dee Moment, wou et erëm lues géif unzéien. Do war och jiddwereen domat d'accord, wéi déi Politik iwwer eng Rei Jore gemaach ginn ass.

Mir hunn also an anere Wierder sengerzäit e Budgetsdefizit kuerzfristeg oder mëttelfristeg akzeptéiert. Mir hunn eng erhéicht Statsschold gemeinsam heibannen akzeptéiert. Mir hu kommunizéiert doriwwer. Mir hu se genau beschriwwen a mir hu se a Realpolitik ëmgesat.

Wann een dat dann heiansdo haut reprochéiert kritt, well doraus e Budgetsdefizit entstanen ass, da wëll ech just drun erënneren, datt déi, déi et haut reprochéieren, awer sengerzäit déi Politik kloer an däitlech matgedroen hunn.

Duerno ass probéiert ginn och, an déi aner Richtung ze goen. An ech erënneren och drun, datt déi viregt Regierung zwee Konsolidéierungspäck eragereecht huet. Zwar a villen Diskussioune mateneen, ënnerteneen - kann ech mech gutt drun erënneren -, inklusiv zwësche Regierung a Chamber fir de Pak 2013 - kann ech mech och gutt drun erënneren -, well esou Konsolidéierungspäck evidenterweis net einfach sinn, fir keen einfach sinn opzesetzen, well et schwiereg ass heiansdo, déi Spuermoossnamen ze huelen, well et och schwiereg ass, och Steierhaussen ze décidéieren, well och Steierhaussen natierlech erëm eng Implikatioun op d'Ekonomie hunn.

Dat war alles keng einfach Zäit, net nëmme fir d'CSV, mä fir all déi Parteien an och fir d'Majoritéitsparteien am Allgemengen heibannen. Eng Zäit mat groussen Ausenanersetzungen, mä wou mer et awer fäerdegbruecht hunn, gemeimsam - déi fréier Majoritéit - eng Rei Konsolidéierungspäck vu 650 respektiv 950 Millioune sengerzäit op d'Been ze setzen. Net näischt!

De Budget 2013, wann ech en dann elo kucken als Budget en tant que tel, a mir maachen eng einfach Analys vun de Resultater dovunner, ouni an d'Déift vum Budget, well dat elo net de Sujet ass vun haut, ze goen, da stelle mer fest, da stelle mer fest, datt mer op der Administration publique 4,5 Milliounen Euro positiv am Sold sinn, mat plus 0,1% ofschléissen. A gëschter ass och e Communiqué vun Eurostat erauskomm, an et ass awer derwäert, fir en ze liesen. Net well mer 4,5 Millioune positiv am Sold sinn, mä well de Communiqué vun Eurostat seet, datt mat plus 0,1 laut Eurostat mir dat eenzegt europäescht Land sinn - dat eenzegt europäescht Land! -, wat am Positiven ass.

Och bei der Dette publique, fir dat och eng Kéier kloer ze soen, do si mer an der Eurozon op Plaz Nummer 2 vun deene Länner, hanner Estland, op Plaz Nummer 2 vun deene Länner, déi déi klengsten Dette publique hunn. Si ass vläicht nach ëmmer fir jiddwereen ze héich, mä ech wëll se awer just an den europäesche Kontext stellen, fir ze gesinn, wat de Budget an d'Exekutioun vum Budget 2013 an der Realitéit a komparativ matenee bruecht hunn.

Wann een dann alles dat als schlecht dohinner moolt, zeechent, da muss ech awer soen: Déi Resultater, komparativ gesinn an Europa mat all deenen anere Länner, déi loosse sech duerchaus weisen an dorop kann een déi Politik fir de Budget 2014 opsetzen. An dat ass jo och dat, wat gemaach gëtt.

De Rapporteur seet a sengem Rapport, datt déi Konsolidéierungspäck, an e mécht dat als Reproche, net de strukturelle Problem geléist hätten. Dat ass richteg. Si hunn net de strukturelle Problem definitiv geléist. Si haten och ni als Intentioun, de strukturelle Problem definitiv ze léisen, well och sengerzäit gesot ginn ass, datt een dee strukturelle Problem net an engem Budgetsjoer kéint léisen, mä e Wee dohinner misst opzeechnen, bis een erëm an den Équiliber kéim. An all déi Päck waren Etappen op deem Wee zu engem Rééquilibrage vum Budget a soll een och vläicht esou gesinn.

An ech soen: Déi nei Regierung mat hire Spuermoossnamen - an ech hunn dem Finanzminister ganz gutt nogelauschtert -, déi seet och net, datt mat engem grousse Pak fir dëst Joer oder fir d'nächst Joer alles wäert geléist ginn. Mä wann ech lech gutt verstanen hunn, sot Dir och, datt ee misst am August nach décidéieren, a wat fir engem Rhythmus dat Ganzt a ver-

schiddenen Etappe misst gemaach ginn. Et ass och guer näischt anescht méiglech, fir et unzegoen, well mer dat guer net packen an engem Joer a well ee muss e puer Etappe maachen, fir dee Rééquilibrage erëm uerdentlech hinzekréien.

Ech wëll just, datt ee considéréiert, datt mer an deene leschte Jore ganz staark a ganz vill Efforten op deem Wee gemaach hunn. An hätte mer se net gemaach, da wäre mer sécherlech net op Plaz Nummer 2, wat d'Dette publique ugeet, an hätte sécherlech haut am Budget 2013 keen Iwwerschoss an der Administration publique.

Elo kann een natierlech d'Causen och dofir sichen. Ech weess och, datt d'Causen zu engem Deel bei engem Surplus an de Recetten am E-Commerce leien, an ech weess och all déi Problemer, déi och hannendru sinn. Ech wëll och näischt schéimole bei där ganzer Geschicht. Mä ech wollt awer eng Kéier déi Zuelen do rappeléieren a soen: Et kann een net alles an engem Joer maachen. Dir hutt Iech och, als nei Regierung, bis 2018 fënnef Joer Zäit ginn, fir dee plus 0,5 hierzestellen.

D'ailleurs, d'Zilsetzungen, an dat soen ech och gär nach eng Kéier ganz kloer hei, d'Zilsetzunge vun engem Équiliber op plus 0,5 an enger Dette publique, déi manner wéi 30% vum PIB ass, déi Zilsetzungen, déi ënnerschreiwe mir mat zwou Hänn evidenterweis mat, a mir ënnerstëtzen Iech honnertprozenteg, fir dohinner ze kommen. Nach musse mer iwwert de Wee diskutéieren, an dat si mer jo hei amgaang ze maachen.

Déi Budgetsdiskussioune si jo extrem interessant, an haaptsächlech déi Kommissiounssëtzungen, déi een huet, fir dës Diskussioun virzebereeden, well si engem d'Méiglechkeet ginn, mat enger ganzer Rei Leit zesummenzekommen, déi engem Opschloss ginn iwwert d'Analysen, déi se maachen, iwwert de Fortgang vun eisem Land, iwwert de Fortgang vun eisem Land senge Finanzen.

A wat mir extrem interessant geschéngt huet, dat ass déi Analys, déi de Comité de prévision eis viru knapp enger Woch gemaach huet, mat där en am Fong déi neist Zuelen, op déi d'Regierung sech baséiert, fir hire Budget opzestellen, nach eng Kéier genau erkläert huet.

An do ass och eng Beschreiwung vum Contexte macroéconomique dran, déi extrem interessant ass. De reelle Wirtschaftswuesstum gëtt fir 2014 op 3,1% ageschat a fir 2015 op 3,2%, wat relativ héich ass par rapport zu deem, wat mer an deene leschte Jore kannt hunn. Wat awer nach net esou héich ass, wéi bei deene Budgetsaugmentatiounen, déi mer viru fënnef oder zéng Joer kannt hunn, wou mer nach bei ganz aneren Taux-de-croissancë louchen. Mä trotzdeem ass si awer scho positiv par rapport zu deem, wat mer an deene leschte Jore kannt hunn, wou och eng moderéiert Inflatioun vun 1,5% fir 2014 - ouni Hausse vun der TVA, déi dann 2015 kënnt -, eng relativ déif fir 1,5 a sech ageschriwwe gëtt.

Ech soen dofir kloer: Déi nei Regierung kann op am Fong wirtschaftlech méi positiv Viraussetzungen zréckgräifen, wéi dat déi viregt Regierung konnt. Gott sei Dank fir d'Land, soen ech och ganz kloer, ass deen Trend esou!

De Point de départ ass relativ favorabel. Mir hunn e Solde nominal de l'Administration publique, ech hunn et virdru gesot, vu plus 0,1%. Mir hunn en Defizit fir 2014 vun der Administration centrale vu 500 Milliounen Euro. Dat ass op jidde Fall dat, wat vum Comité de prévision virausgesi gëtt.

Mir hunn evidenterweis dee grousse Problem vum Impact négatif, deen iwwert d'Ofschafen oder dat lues a luest Ofschafe vum E-Commerce à partir vun 2015 erakënnt. A mir hunn eng Croissance vun 3,5% vum PIB, déi a sech laut Comité de prévision bis 2018 esou agerechent gëtt, wann ee wëllt de Parcours rechnen, deen dës Regierung muss maachen, fir dann op hir Zilsetzungen ze kommen. Dat gëtt nom Comité de prévision eng Konsolidatioun, déi innerhalb vu fënnef Joer muss gemaach ginn, déi ronn eng Milliard, 1,1 Milliarde bedréit bis 2018.

Dat si jo och Chifferen, déi Dir confirméiert hutt, déi Dir och an Är Rechnung materagedroen hutt, wann Der de Wee beschreift, deen Der musst goen an deenen nächste Joren. Déi Zilsetzung ass och vum Rapporteur confirméiert ginn, och mat der Ausso, déi e wéineg méi prezis war, datt dat géif heeschen nom Comité de prévision, datt een 250 bis 300 Millioune strukturell d'Joer misst aspueren, fir dohinnerzekommen.

De Finanzminister huet sech op der Zäitschinn e wéineg méi virsiichteg ausgedréckt, well e gesot huet: „Mir mussen am August", wann ech mech gutt erënneren, „kucken, wat elo eisen Zäitplang ass, fir dohinnerzekommen." Mä nach, ech mengen, déi grouss Punkten, déi stinn.

250 bis 300 Milliounen d'Joer, dat ass net vill an dat ass vill zur selwechter Zäit. Et ass net vill, wann een et par rapport zum ganze Pak vum Budget kuckt an zu der ganzer Zomm. Et ass natierlech, an dat soen ech och ganz kloer a ganz gär hei, et ass vill, wann een et muss reell spueren. A wann een et muss strukturell spueren a wann een et net muss nëmme strukturell an engem Joer spueren a wann een et all Joers muss strukturell spueren, dann ass et schonn eng ganz zolidd Zomm.

Just, de ganze Problem, deen ech do hannendru gesinn, dat ass, datt ech mengen, datt just als Angab ze ginn: „250 bis 300 Milliounen d'Joer strukturell spueren", datt dat am Fong just de Minimum ass, well et kloer ass, datt déi Zuelen, déi de Comité de prévision hei agesat hat, an de Finanzminister huet datselwecht gëschter gesot, datt déi Zuelen, déi de Comité de prévision fir dëst Joer 2014 a fir déi Joren drop bis 2018 agesat huet, am Fong extrem optimistesch sinn oder, loosse mer emol soen, optimistesch Zuele sinn.

Fir mat 3,5% Croissance während deenen nächste fënnef Joer ze rechnen, an dat ouni datt iergenden Accident oder iergende Problem an der Lëtzebuerger, europäescher oder an der Weltekonomie virkënnt, dat ass natierlech e gewëssen Optimismus.

Den Här Dijsselbloem, deen huet gesot, an dat ass och schonn e puermol hei zitéiert ginn, datt Lëtzebuerg - Dir hutt et op Englesch ausgedréckt, Här Gramegna - „fully compliant" wär, dat heescht, all de Regele géif entspriechen. Dir hutt dat dohinnergestallt, wéi wann dat elo aussergewéinlech wär. Ech fannen et am Fong och aussergewéinlech, mä ech wëll awer just soen, datt de Budget 2013 an déi Budgete virdrun och alleguer „fully compliant" waren. Et ass also näischt Neies. An déi lescht Regierung an hire Finanzminister, déi ganz Regierung huet derfir gesuergt, datt och déi „compliance" an den Triple-A an alles dat an deene leschte Joren ni contestéiert waren zu Lëtzebuerg. An Dir schreift Iech just an d'Suite vun där Politik do an. Ech wollt dat och eng Kéier kloer an däitlech ervirsträichen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Den Här Dijsselbloem seet awer dat hannendrun, wat ech och gesot hunn: Et muss ee virsiichteg mat deenen Zuelen ëmgoen, well se „slightly", seet hien, „slightly optimistic" sinn - liicht optimistesch. Dat ass diplomatesch ausgedréckt. Si si liicht optimistesch a mir mussen „a little bit careful" hei sinn.

(Hilarité)

Och dat deele mer selbstverständlech ganz. Et ass just nach e Problem doranner, well déi Zuele schwiereg am Fong anzeschätze sinn, well d'Hypothèses de calcul net ganz kloer sinn oder zumindest an deene Pabeieren net kloer erauszefanne sinn.

An de Conseil d'État och a sengem Avis, dee seet, wat fir eng Influenz…, oder e freet sech, wat fir eng Influenz dann d'Kollekt vun den Arriérés d'impôts hat. E freet sech, wat fir eng Influenz de Renforcement vun der Lutte géint d'Fraude fiscale op dee ganze Budget hat. E freet sech, mat wat fir engem Impakt och d'Évolution générale vun der Vitesse économique (veuillez lire: vun der Situation économique) op d'Recettes fiscales hei agesat ginn ass. E freet sech, wat fir en Impakt aner Facteurs techniques haten op de Remboursement vun de Steieren.

Alles dat si kloer Froen, déi de Conseil d'État stellt, wou e seet, ech fanne keng Äntwert an deene ganze Pabeieren, an do zur Konklusioun kënnt, datt en am Fong, well e keng Informatiounen huet, och keng Analyse détaillée dovunner ka maachen.

Aner Facteuren, déi hei an d'Spill kommen, fir am Fong déi Fragilitéit vun deem Équiliber, deen Der opgezeechent hutt, nach eng Kéier duerzestellen: 3,5% Croissance, ech hunn et gesot, dat ass extrem héich, wann een dat iwwer fënnef Joer wëllt esou als Donnée weiderginn. Et geet och am Fong dovunner aus - an dat ass méi mat Fragezeiche besat, loosse mer et emol esou ausdrécken -, datt d'Aféierung vum Échange automatique kee supplementaren negativen Ajustement géif mat sech bréngen, datt se guer keng Influenz hätt op d'Struktur vun eisem Emploi hei zu Lëtzebuerg.

Ech weess net, ob dat esou ass. Ech hoffen, datt dat esou ass! Mä dat musse mer an deenen nächste Méint kucken.

Op jidde Fall, de Budget geet dovunner aus, an déi Previsiounen an deenen nächste Joren och. Si gi vun enger faibler Inflatioun iwwert d'Jore vun 1,5% bis 2% aus. Si gi vun engem Emploi aus, wou de Chômage 2014 an 2015 e Pic vu 7,3% huet an duerno awer erofgeet op 6,5% bis 2018. Dat heescht, all déi Zuelen, déi hei an de Raum gesat ginn, déi rechne mat enger Croissance vum Emploi vun 2,5% d'Joer en moyenne.

Ech soen och, et muss ee jo iergendzwousch Previsiounen huelen. An ech dréie jo och kengem e Stréck draus, datt en déi do oder anerer hëlt. Ech soe just datselwecht wéi den Här Dijsselbloem: Déi hei sinn extrem… oder sinn „slightly", fir et diplomatesch auszedrécken, dat versteet den Här Gramegna gutt, sinn „slightly optimistic".

Wann ech awer da kucken, an ech wëll dat just als Gesellschaftsbeschreiwung maachen, wat déi do Zuelen heesche fir d'Lëtzebuerger Land, wa mer se dann an eis gesellschaftlech Realitéit ëmsetzen - an dat ass, mengen ech, wat mer eis mussen och bewosst sinn, wa mer duerno Budgetspolitik maachen, well de Budget deforméiert jo dann eis Gesellschaft! Wat heeschen déi Zuelen: 3,2% Wuesstum d'Joer, 2,5% Croissance de l'emploi?

No dem Comité de prévision an all deenen Tableauen, déi do gemaach gi sinn, mussen déi Zuelen, wann et da soll klappen, heeschen, datt eis Population résidente hei zu Lëtzebuerg, déi haut op 540.000 an eppes Leit ass - mir hu virun e puer Joer dee 500.000. Lëtzebuerger net gefeiert, mä e festgestallt, loosse mer et emol esou ausdrécken -, datt déi misst um Enn vun dëser Legislaturperiod - um Enn vun dëser Legislaturperiod, dat si véier Joer an en halleft - op 600.000 Leit oder méi sinn!

Si mer net do, sinn déi Zuelen, déi ee budgetär muss beäntwerten, ganz anescht. Mir mussen op engem Emploi total vu 430.000 Leit sinn. Mir sinn haut op engem Emploi total vun 383.500 Leit. Eng Croissance vu 50.000 Leit am Emploi. An dee gëtt agesat an deene Previsioune mat enger Croissance vum Emploi zwee Drëttel besat vu Résidenten, een Drëttel besat vu Frontalieren. Dat sinn d'Zuelen, wéi se elo gewise ginn.

Ech wëll just soen, haut ass et ëmgedréit. Haut hu mer zwee Drëttel Frontalieren, déi op eisen Aarbechtsmaart all Joers kommen, op déi nei Plazen, déi ze besetze sinn, an een Drëttel Résidenten.

Ech wëll zwou Saachen dozou soen: Kënnt Der lech erënneren, am Joer 2000, wéi de fréiere Statsminister déi 700.000-Awunner-Debatt lancéiert huet, um Horizont 2050, do, wou d'Rentemauer géif kommen? Wat war dat e Gejäiz heibannen an an der Gesellschaft, wéi mer iwwert dat Thema geschwat hunn! Wat war dat e Gejäiz sengerzäit! Wat ass en duerch d'Zeitunge geschleeft ginn!

Haut soe mer, mir sinn 2018 bei 600.000 Leit. A mir mussen dat maachen! Mir mussen dat maachen, well soss hu mer keng Chance, datt déi Zuelen hei kéinten - kéinten! - opgoen.

Ech hunn näischt dergéint. Ech wëll just soen, datt haut d'Diskussioun aneschters gefouert gëtt vun deeneselwechte Leit, déi se sengerzäit an engem Toun gefouert hunn, un deen ech net méi wëll erënneren, wann een einfach just déi ekonomesch a gesellschaftlech Realitéiten opgezeechent huet. Haut si mer op deem Wee an an engem méi accéléréierten Tempo wéi dat, wat den déizäitege Statsminister sengerzäit beschriwwen huet.

Da wëll ech awer och soen: Wat heescht dat da fir eist Land? Mä dat heescht, datt d'Entwécklung vum Land natierlech deem muss parallell Rechnung droen. Dat heescht, datt mer mussen am Aménagement du territoire, datt mer mussen an de Mobilitéitsfroen, datt mer mussen an all deene Logementsfroen - schwiereg Sujeten! -, datt mer do musse weiderkommen, ganz schnell weiderkommen, well soss packe mer dat do jo net.

Wat mer awer hei aschreiwen an dëse Budget an och als Previsioun fir déi nächst Budgeten: datt et eng Noutwendegkeet gëtt, fir datt mer eisen Équiliber erëm hikréien. D'Konsequenzen dovunner sinn natierlech, datt ee sech muss bewosst sinn, datt een eng Investissementspolitik muss maachen op deenen dote Punkten, well mer d'Konsequenze vun deem Wuesstum soss net packen. An da kann een net op verschiddene Budgetsartikelen, ech soen dat och ganz kloer, da kann een net op verschiddene Budgetsartikele spueren! Well soss kritt een déi Croissance net! A wann een d'Croissance net kritt, da stëmmen déi Zuelen erëm op där anerer Säit net.

Also ass et eng wesentlech Problematik, déi sech eis wäert stellen. An ech soen dat elo ouni Kritik, ech soen dat just als Deskriptioun vun der Situatioun an als Feststellung vun der Lag, wou mer dra sinn, a vun den Nécessitéiten, déi sech an der Politik an deenen nächste Joren erginn.

An da ginn nach déi Zuelen, da soen ech dat och nach hannendrun, da ginn déi Zuelen, déi hei geschriwwe sinn, nach a sech vun engem Pëtrolspräis aus, deen 108 Dollar de Barrel ass iwwert déi nächst véier, fënnef Joer. Dat heescht, déi ginn dovunner aus, datt am Mëttleren Osten, an all deene Krisenherden, wou der potenziell an deene leschte Jore jo awer ganz vill entstane sinn, näischt geschitt, guer näischt geschitt an datt déi Präisser och stabil bleiwen, schéi propper esou weiderginn.

Dir gitt vun engem Dollar aus, deen tëschent 1,3 an 1,4 an deenen nächste Joren ass. Ech weess net, ob en esou ass. Ech weess awer just, datt d'amerikanesch Ekonomie amgaang ass unzezéien.

Ech gesinn, datt den Här Asselborn seet, de Barrel ass amgaang erofzegoen. Ech weess dat och, Här Asselborn.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Här Wiseler, ouni Iech ze ënnerbriechen, et ass…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et ass gutt, eng Kéier ze ënnerbriechen.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- …duerch d'Politik vum Fracking, déi mer jo net matdroen, mä et ass doduerch, wou awer och kéint, duerch déi vill Importer, déi kommen aus Kanada, aus Amerika, och aus europäesche Länner, déi dorunner schaffen, dass de Präis vum Pëtrol och kéint an eng Richtung no ënne goen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ma dat wär ze hoffen! Ech soe just, datt mer hei Présupposéen iwwer fënnef Joer drastellen, wou weder Dir - ben, Dir vläicht méi wéi ech, well Dir Ausseminister sidd -, mä op jidde Fall ech net weess, wéi dee Präis iwwer fënnef Joer wäert stabiliséiert ginn. Ech maache jo kee Reproche, datt ee muss… et muss ee jo och eng Zuel aschreiwen, et muss ee jo och iergendzwousch Previsioune maachen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Déi viregt Regierung huet et net anescht gemaach.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Neen, déi viregt Regierung huet et net… Et muss een et maachen. Mä just, dat, wat ech jo wëll beschreiwen hei,…

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- …wéi mir zwee an der Regierung waren,…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ware schéin Zäiten, Här Asselborn.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- …mir sinn alt vun 200 Dollar de Barrel ausgaangen!

(Interruptions)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo! Neen, mä nach eng Kéier: Ech beschreiwen hei eng Situatioun, wou iwwer véier, fënnef Joer e Wee opgezeechent gëtt, an ech soen, datt all Regierung muss e Wee opzeechnen an datt ee sech muss Suppositioune ginn! Mä just, datt all déi Suppositiounen do: de Pëtrol, de Präis vum Dollar, Emploi, Inflatioun, datt déi alleguer natierlech eng grouss Rei vu Fragezeiche bedeiten an datt mer am Fong geholl guer net wëssen, wéi et geet, an datt mer de Wee opzeechnen.

An dofir huet de Finanzminister jo och gëschter geschwat vun engem Monitoring, dee misst gemaach ginn, an dee wichteg ass an deen am Fong déi ganz Pläng, déi mer hei opzeechnen, kann op… well déi kënnen op d'Kopp gehäit ginn an deenen nächste Joren.

Ech wëll just soen, wann een e schwéiere Wee viru sech huet - an deen ass schwéier, dat niéiert jo och d'Oppositioun net; mir hu gesot, 300 Millioune spueren, an dat ass am Fong eng positiv Versioun, 300 Millioune spueren d'Joer strukturell ass schwéier! - an et ass nach mat enger Rei Fragezeichen hannendrun, da muss een natierlech och seng Politiken astellen op dat, wat ass.

Wann ech da liesen awer, wat am Regierungsprogramm steet, zum Beispill iwwert d'Erausklammen aus dem Tanktourismus, e Steckenpferd, wat an deene leschte Jore vun deene Gréngen, mä awer och vun… ech ka mech un den Här Berger erënneren, datt mer och eng laang Diskussioun mat him schonn driwwer haten. Ech versti jo och, ech war och fréier responsabel fir Ëmweltpolitik, ech versti jo och déi Suergen an déi Diskussioun, déi do gefouert gëtt.

Just, ech soe mer: Wa mer déi do Budgetssituatioun virun eis hunn, wa mer déi Efforten ze maachen hunn an deenen nächste Joren, kënne mer da reell an eng Regierungserklärung aschreiwen, datt mer elo alles probéieren, fir an deenen nächste Joren aus dem Tanktourismus erauszeklammen, wann ee weess - an dat sinn

Zuelen, déi ech elo net erfannen, mä ech hunn déi beim Conseil d'État elo gesinn -, datt zwou Milliarde budgetär Einnahmen dovunner ofhänken? Dat heescht, datt ronn dräi Véirels, 1,5 Milliarde mat den Akzisen, der TVA op Bensin, Alkohol an Tubak, datt déi eis riskéieren dee Moment ewechzefalen!

Kann een dat seriö soen, och wann ee seet, datt et fir CO_2 eis vläicht méi bëlleg géif ginn, wa mer dat géife maachen, respektiv wa mer net esou vill a Stroosse missten investéieren? Mä déi 1,5 Milliarden, déi mer verléieren, déi ginn awer ni, an do kënnt Dir esou vill Etüde maachen, wéi Der wëllt, déi ginn awer ni kompenséiert duerch 20 oder 30 oder 40 Milliounen vläicht, déi mer manner missten an de Stroosseninvestissement d'Joer maache respektiv bei CO_2-Achaten, déi mer misste maachen. Ni kritt Der esou eng Kompensatioun, zumindest finanziell, eraus!

An dofir soen ech: Wann een déi do Efforte viru sech huet an och wëlles huet ze maachen, a mat Zilsetzungen, déi mer ënnerschreiwen, da muss een awer oppassen, wat een a parallelle Politike seet a versprécht an an deenen nächste Jore wëllt exekutéieren!

Ech ka mech erënneren un déi Diskussiounen, déi mer heibannen haten: den Här Bausch, deen hei iwwert den Tanktourismus an der Heure d'actualité 2013, am État de la nation 2013 geschwat huet, den Här Meisch, deen am Budget 2012 den Här Goerens zitéiert huet, deen eis sengerzäit gesot huet, den Här Goerens an duerno den Här Meisch mam Här Berger hannendrun, datt mer sollten e Futurefong maachen - dat ass jo déiselwecht Iddi wéi beim E-Commerce -, e Futurefong och maachen, fir all déi Recetten, déi mer aus dem Tanktourismus elo erauskréien, fir déi an dee Fong ze setzen.

Elo hutt Der d'Méiglechkeet, fir et ze maachen. Ech géif soen: Da maacht et! Mä ech soen awer och hannendrun: Et geet guer net, fir dat elo ze maachen! Gradesou wéi et an deene leschte Joren net gaangen ass. Well Der einfach, wann Der et misst maachen, einfach méi Sue misst léinen, d'Dette méi héich maachen, a well dat Onsënn ass, fir et an dësem Moment esou ze maachen.

Den Här Gira an der Ried, dee war liicht méi räsonabel, deen huet gesot: „Huelt dann nëmmen 30% dovunner a setzt se an e Futurefong", wëssend, datt et sécherlech net géif goen, fir se ganz dranzesetzen. Da soen ech lech do hannendrun: Ma dann huelt 30% a setzt se dran, an och dat geet net! Fir dann eis hei ze zielen, et misst een elo aus dem Tanktourismus lues a lues erausklammen! Et deet mer leed, mä ech kann d'Konsequenz vun där enger an där anerer Politik net matenee gesinn. An de viregte Wirtschaftsminister huet dat a multiplen Diskussiounen, déi mer heibannen haten, och genau d'selwecht gesinn.

Da schwätze mer iwwer Green Budgeting. Ech ginn dovunner aus, datt dat elo nach näischt ass, wat am Budget 2014 hei virkomm ass, an datt dat wahrscheinlech eppes ass, wat Der an Är Steierreform vun 2016 wäert erafléisse loossen.

Wat awer interessant ass, ech wëll dat och gären ënnersträichen, dat ass déi Analys, déi d'Cour des Comptes iwwert de Green Budgeting gemaach huet. An och all déi Efforten, déi se schonn ervirgestrach huet, déi déi viregt Regierung an deem do Kontext gemaach huet! An dann haaptsächlech och all déi Experienzen, déi se beschreift, déi iwwer Green Budgeting am Ausland gemaach gi sinn, wou se a sech eng Rei positiv Punkten, mä awer och eng ganz Rei Problemer domadder unzeechent, notamment déi, déi se a Frankräich haten. A mir kenne jo déi finanziell Situatioun vu Frankräich fir dee Green Budgeting, fir d'Konklusiounen aus dem Grenelle de l'environnement ze zéien, wat net esou einfach war.

Dofir soen ech, wann een dat mécht - an et kann een op dee Wee goen -, da soll een awer gutt oppassen, datt een all déi Feeler, déi an anere Länner gemaach gi sinn, well een ze vill optimistesch war oder ze vill ideologesch war oder wat och ëmmer, datt een déi net nach eng Kéier hei zu Lëtzebuerg répétéiert.

E puer Wuert wëll ech och iwwert déi Spuermoossname soen, déi hei am Budget ugekënnegt gi sinn oder dra sinn. Ech weess, datt an dräi, véier Méint, wéi gesot, net alles dran ass. Ech weess, datt de Budget ausser de Bourssen a Législation constante gemaach ginn ass. An ech wëll awer just nach eng Kéier déi Zitater bréngen, déi all déi Experten, déi eis aviséiere fir dëse Budget, selwer gemaach hunn.

Eng Cour des Comptes seet zum Beispill - méi kloer, wéi eng Oppositioun et kéint soen, dofir zitéieren ech et jo léiwer bei der Cour des Comptes -, si seet, an dësem Budget wäre keng Spuermoossnamen dran. De Comité des prévisions seet, datt ausser de Bourssen an e puer Fonctionnementskreditter, déi gespuert gi sinn, keng strukturell Spuermoossnamen an deem Budget dra wären.

An de Conseil d'État sengersäits, deen huet probéiert et nozevollzéien, dat beschreift en och, mä en huet notamment net erausfonnt, wat dann oder wéi dann déi 50 Millioune Frais de fonctionnement, déi hei ugi wären, aus wat déi sech géife composéieren, well a verschiddene Linne géif eppes aneschters stoe wéi an aneren. An dofir wär et extrem schwéier, dat nozevollzéien.

Dofir schreift en: «Au vu de toutes ces incertitudes méthodologiques, le Conseil d'État se dispense d'une analyse approfondie des efforts faits par le Gouvernement pour limiter la progression des dépenses de l'administration centrale.» E kann et net novollzéien.

Mir hunn eng Rei Pabeiere kritt iwwert déi Spuermoossnamen, déi mer an de Kommissioune gefrot hunn. Wat sinn dann déi 50 Milliounen, déi gespuert gi sinn? Mir hunn e Pabeier kritt, en éischten, virun dräi Wochen, mat deem ech éierlech gesot net vill konnt ufänken. Ech hunn dat gefrot, wéi dat ze verstoe wär. Duerno ass mer erklärt ginn, effektiv, dee Pabeier, dee kann een net verstoen, well en net korrespondéiert mat dem Budget, dee mer doleien hunn, well de Budget de klassesche Budget wär an dee Pabeier, dee mer doleien haten, da Maastricht-compliant, wéi hei an dem offizielle Langage géif gesot ginn, wär. Also waren déi zwee net matenee comparabel, soudatt een näischt konnt erauszéien.

Dofir hu mer virun zwee Deeg - an dat war natierlech! - esou ee Schmöker kritt, fir e ganz duerchzeliesen, wou mer dat dann alles géife verstoen. Ech hu probéiert, e ganz duerchzeliesen, ech hunn och en Deel dovunner verstanen, muss ech soen, mä nach net grad alles. Dofir soen ech, et war wierklech ganz, ganz, ganz schwéier nozevollzéien, wat dann déi 50 Milliounen elo, en fin de compte, wären.

Ech ginn e puer Wuert iwwert déi eenzel Spuermoossnamen. A fir d'Éischt d'Investitiounen, wou Der drop spuert. An ech mengen, et ass scho vill driwwer geschwat ginn, ech ginn net méi op all déi Polemiken an, wou et... Mä e puer Wuert awer. Ech weess nämlech, wéi schwéier et ass, an den Investitiounen ze spueren. Et ass einfach an et ass schwiereg.

Et ass einfach, well eng Mauer net jäizt, wann Der se net baut. A well et vill méi einfach ass, do Suen ewechzehuelen, wéi anzwousch anescht. Et ass awer op där anerer Säit fir en Infrastrukturminister, an dat soen ech och hannendrun, extrem schwéier. An ech kommen duerno nach drop zréck, firwat.

De Problem ass, datt ee sech muss gutt iwwerleeën, wat een an den Investitiounen ewechhëlt. Well wann een déi Zuele vu virdru kuckt - déi mer an deenen nächste Jore wäerte kennen -, wat d'Evolutioun vun eisem Land ugeet, da muss ee sech natierlech froen, ob dat dee richtege Punkt ass fir ze spueren, well mer awer déi Investitiounen an deenen nächste Jore brauchen, fir weiderzekommen an dësem Land. A well et natierlech, wann ee se spuert, eng direkt Influenz op d'Aarbechtsplazen huet.

Ech weess, datt et awer schwiereg ass, ze spueren, well ech weess, ech kennen deen een oder deen anere Finanzminister, dee wahrscheinlech d'selwecht reagéiert hätt wéi Dir, Här Gramegna, an dee gefrot hätt, wa muss gespuert ginn, dann hätte mer et gär fir de Budget 2014, dat heescht, direkt deen, wou mer amgaang sinn ze schaffen. Wat eng normal Reaktioun vun engem Budgetsminister ass.

En Infrastrukturminister op där anerer Säit, deen huet natierlech de Problem, datt a sengem Budget vill Chantieren amgaang sinn ze lafen an datt 90% bis 95% vun de Suen, déi en ausgëtt, engagéiert sinn, also net kënne gebremst ginn. A wann ee se géif bremsen, da géif et wahrscheinlech zum Schluss méi deier ginn, wéi et am Ufank geplangt war. Dofir ass et ganz schwiereg, op deem Punkt vun engem Joer op dat anert ze spueren. An haaptsächlech, well een och nach vun enger ganzer Rei Prozeduren dépendant ass.

Den Infrastrukturminister, den Här Bausch, huet jo och gesot, datt déi 137 Millioune Spuermoossnamen, déi drastinn, a sech keng strukturell, loosse mer et emol esou ausdrécken, Spuermoossname wären, mä am Fong quasiment Aléas de chantiers, well d'Chantiere méi spéit ugefaange gi sinn, no hanne gedréckt gi wären, wéi och ëmmer, an dofir a sech géifen als Dépensen an deenen nächste Joren ufalen.

Effektiv, wann ee kuckt, wat op deene Poste gespuert ginn ass, da gesäit een, datt zum Beispill 4 Milliounen op dem Pont Adolphe gespuert gi sinn, wou awer elo déi blo Bréck opgaangen ass, déi also e Chantier ass, deen elo ufänkt, direkt amgaang ass. Dann op der Liaison Micheville, déi amgaang ass, wou 8,2 Milliounen, um Bypass Helleng, deen elo ufänkt, deen awer muss gemaach ginn esou schnell wéi méiglech, wou 7,1 Millioune gespuert gi sinn. Um Kolléisch, wou 8 Millioune gespuert gi sinn. Wann een awer kuckt, wou de Kolléisch amgaang ass frësch gemaach ze ginn, da gesäit een, datt dee Chantier wierklech amgaang ass ze lafen.

Also einfach Dépensen op kurante Chantieren, déi amgaang sinn, déi musse gemaach ginn an déi an deenen nächste Joren, 2015, 2016 dann einfach an de Budget wäerten zréckkommen. Dat ass och esou gesot ginn. Dofir ass dat och kee Reproche, dat ass kloer, datt et esou ass.

Wann ee wëllt spueren a wann ee wëllt strukturell spueren, esou wéi et hei verlaangt ass, da geet dat nëmmen op verschidden Aart a Weisen. Da geet dat, andeem een eng ganz Rei Projeten entweder einfach ewechléisst...

(Interruption)

Et ass, datt Der et richteg héiert, Madame Nagel, dofir schwätzen ech...

(Nuisances sonores dues à des interférences techniques)

Ech kann och méi lues schwätzen.

...andeem Der et...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, schwätzt haart, anescht verstinn d'Leit lech net...

(Interruptions diverses)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also d'nächst Joer gëtt et nach méi haart, wann Der et net verstanen hutt.

Une voix.- Oh sot, mir sinn net an der Schoul!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Pardon. Also, wat ech wollt soen, dat ass, datt, wann ee wëllt spueren, richteg spueren, strukturell spueren op deene Sujeten do, wann ee wëllt strukturell spueren, da muss een natierlech eng Rei Projeten ewechloossen. Mir hunn an deene leschte Joren eng ganz Rei Projeten - déi viregt Regierung - vum Programm gestrach, richteg gestrach.

Mir hunn zum Beispill déi Escher Zuchlinn ewechgeholl. Mir hunn zum Beispill d'Zuchlinn op de Kierchbierg ewechgeholl. Mir hunn zum Beispill d'Gare zu Zéisseng, mir hunn zum Beispill d'Gare um Kierchbierg, mir hunn eng ganz Rei Stroossen einfach vum Programm gestrach. Definitiv gestrach, aus dem Programm gestrach, déi mer net méi baue wäerten! An dat sinn einfach Suen, déi reell gespuert gi sinn. Reell gespuert gi sinn! An hätte mer déi net 2006, 2007 oder 2008 vum Programm gestrach, hätte mer se net vum Programm gestrach, da géife se haut am Budget stoen. An da géife se haut als Dépense am Budget stoen. Dat heescht, spueren op den Investissementer, dat muss een dräi, véier Joer virdru maachen, wann et soll duerno effikass ginn.

Dann huet den Här Gramegna gëschter eng Rei Saache gesot, wéi en op den Investissementer wëllt spueren. Et kann een nach spueren, andeem ee manner Volume baut. Manner Volume baut, manner grouss baut! Et muss ee just kucken, ob dat, wat ee baut, och deem entsprécht, wat ee brauch. Et kann een och bauen, andeem een aner Methode gebraucht.

Dir hutt vun enger Standardisatioun geschwat. All Schoul misst d'selwecht gebaut ginn, da géife mer ganz vill Architektekäschte spueren an da bräichte mer deelweis net déi deier Architekten, déi op de Projete sinn. Dat ass eng Iddi, déi ech effektiv säit aacht, néng Joer vun der Finanzinspektioun héieren, déi dauernd seet, mir solle ganz zolidd drop agoen. Ech soen lech just, wann Der dat wëllt maachen, wat de reelle Problem ass.

D'Madame Brasseur, wéi se Éducatiounsminister war, huet sengerzäit eng Standardisatioun vun de Schoulgebaier agefouert an deem sougenannte Plan sectoriel «Lycées», wou ganz genau dran opgezielt ass, wéi e Schoulgebai, mat wat et soll équipéiert ginn, wéi vill Meter carré, wéi vill Schüler, ganz prezis. An dat ass och an deene leschte Joren esou exekutéiert ginn.

Just datt, wann Der an der Realitéit duerno sidd, Är Standardisatioun lech et guer net méiglech mécht, fir iwwerall datselwecht Schoulgebai ze bauen, well all Situatioun anescht ass, well Der am périurbane Raum oder am Zentrum vun enger Gemeng, an enger Stad oder op der grénger Wiss ganz anescht musst bauen, well Är Terrainen am Hiwwel sinn, well sech aner ekologesch Froen a Problemer stellen, déi Der musst léisen. Dat heescht, déi Standardisatioun, déi ass duerchgefouert, mä fonctionnéiert awer nëmmen - well d'Realitéit anescht ass! - bis zu engem gewëssenen Niveau. Dofir ass dat kee Wonnerwierk, wat Der domadder kënnt vollbréngen.

An dann op där anerer Säit hutt Der gesot: „Mir brauche manner Architekten. Wa mer manner Architekten an Ingenieure brauchen, da gëtt et méi...". Ech soen lech just, déi Erfahrung, déi ech domadder hunn, dat ass, datt wann ee méi an d'Architekten heiansdo investéiert, da kritt een domat de Chantier besser an de Grëff a kritt een domat seng ganz Gestioun méi schnell, besser, méi effikass gemaach. Dofir hat ech léiwer, datt mer méi an déi Planifikatiounsfraisen heiansdo investéiert hunn, well mer duerno konnte wesentlech méi an de Fraisë vun der Exekutioun spueren. A wat och mat sech bruecht huet, datt mer an deene Joren duerno, an deene leschte Joren am Fong ganz wéineg Problemer vun Dépassementer haten. Dofir: Et soll een oppassen, wann een déi Saachen do mécht.

Ech wëll dann och nach e puer Wuert iwwert d'Frais de fonctionnement soen. D'Frais de fonctionnement, déi hutt Der ugeschwat, an ech hunn lech scho virgelies, wat de Conseil d'État vun de Frais de fonctionnement a vun de Spuermoossnamen hält, déi en net richteg kann analyséieren. Mir hunn op Demande vun der CSV jo eng Rei Informatiounen doriwwer kritt. An ech hunn lech och d'Schwieregkeete gesot, déi mer mat der Analys domadder haten. Mä e puer Zuele kann een awer trotzdeem dobäi erausliesen.

Bei deene 50 Milliounen aspuere vun de Fonctionnementskäschten, wann ech där Oplëschtung gleewen, déi Der eis ginn hutt, da sinn do just 22,5 Milliounen am Budget, selwer am Budget, déi déi eenzel Ministèren an de Fonctionnement vun deenen eenzelne Ministèren an d'Dépensë vun deenen eenzelne Ministërë concernéierenn - wat de Stat also bei sech selwer spuert, dat heescht 45% vun deenen Dépensen.

An de Rescht ass haaptsächlech bei Établissements publics, souguer zum Beispill 6,6 Millioune bei der Uni, 0,4 beim ONT, 0,4 bei der Coque, 0,5 beim CEPS, 3,9 bei de Centres de recherche, 0,8% beim Musée, wat par ailleurs 20% vum Budget ausmécht, 4,7% bei der Philharmonie, wat par ailleurs 40% vum Fonctionnementsbudget ausmécht, 3 Millioune beim LNS, wat par ailleurs 30% vum Fonctionnementsbudget ausmécht.

Alles an allem stellen ech fest, datt beim Stat selwer - à strictement parler - am Ganzen déi 10% net erreecht ginn a bei deene meeschten aneren Établissements publics ronderëm awer wesentlech méi wéi 10% gespuert ginn! An dat zu engem Deel, ech kann et net iwwerall wëssen, mä zu engem Deel, wéi mer an deene leschte Wochen an den Zeitunge gelies hunn, ouni mat den Établissements publics eng Diskussioun gefouert ze hunn, ouni mat hinne geschwat ze hunn, wéi et da sollt gemaach ginn, wou et da sollt gemaach ginn, wat da sënnvoll wär a wat net sënnvoll wär!

Mir contestéieren och net, datt soll gespuert ginn, mä mir contestéieren awer hei d'Aart a Weis, wéi d'Spueren ugepaakt ginn ass!

Här Gramegna, Dir hutt gëschter gesot, datt déi eng géife soen, et géif mat der Briechstaang gespuert ginn, also ze vill gespuert ginn, an déi aner géife soen, et géif net genuch gespuert ginn. Mir soen lech net, datt net genuch géif gespuert ginn. Mir soen lech just, datt d'Aart a Weis, wéi gespuert gëtt - zu engem Deel, ouni mat deene Leit extern ze schwätzen -, fir eis problematesch ass.

An déi Beispiller, déi an deene leschte Wochen an den Zeitunge stoungen, an der Press och opgegraff gi sinn, déi weisen dat. Ech wëll net nach eng Kéier agoen op déi ganz Diskussioun vun der Eischte-Weltkrich-Ausstellung. Den Här Gibéryen huet do en Amendement an der Kommissioun agereecht, deen ass ofgelehnt ginn. Bon, dat ass esou. Mir regrettéieren et...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat ass schrecklech!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mä dat ass déi Aart a Weis. Här Gibéryen, Dir kommt bestëmmt nach eng Kéier, esou wéi ech lech kennen, drop zréck.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass gutt, datt Der mech drun erënnert!

(Hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Éischt Beispill. Als zweet Beispill, soen ech, bei de Privatschoulen...

(Interruption)

Zweet Beispill, bei de Privatschoulen: Do gëtt an der Loi budgétaire dovunner profitéiert, fir a sech d'Käschte vum globalen Entretien, déi d'Privatschoulen hunn - wat am Privatschoulsgesetz festgesat war an op 2% vun de Gebaiskäschte festgesat war, dat heescht, wou den

Amortissement op 2% festgesat ginn ass -, fir déi an engem Saz vun 2% op 1% erofzesetzen!

Ouni datt eng Diskussioun au préalable mat iergendengem gefouert ginn ass, ginn hei d'Käschten, déi gesetzlech hinnen zoukomm sinn, mëtten am Joer - mëtten am Joer! - fir datselwecht Joer, ouni mat engem ze schwätzen, ëm 50% erofgesat! 17 Milliounen op 8,5 Milliounen erofgesat! Dorop ginn 8,5 Milliounen, wann ech dat richteg verstanen hunn, mä et ass schwéier am Budget erauszefannen, 8,5 Millioune gespuert. Ouni mat engem ze schwätzen! Ouni ze froen, ob dann elo hei scho Chantieren amgaang waren, ob sech hei géife Problemer stellen oder net, oder wéi d'Situatioun sech géif stellen. Déi ginn einfach ewechgeholl. Definitiv ewechgeholl! D'Privatschoulsgesetz gëtt einfach duerch d'Budgetsgesetz geännert.

An da muss ee wëssen, wann een de System kennt, datt souwisou, wann d'Fraisen erofgi vun den Écoles publiques - an déi ginn och erof, an ech kommen duerno nach eng Kéier drop zréck, déi ginn och erof - souwisou duerch de Calcul vum Coût moyen de l'élève nach eng Kéier dat, wat d'Privatschoule kréien, och nach eng Kéier wäert zousätzlech erofgoen, och ouni datt mat hinne geschwat gëtt. Och ouni, datt e Wuert gesot gëtt! Dat krute mer selwer an der Kommissioun confirméiert. Dat fannen ech wierklech eng Method, déi net geet.

Da kréie mer an der Kommissioun geäntwert: „Mä et gëtt d'selwecht behandelt wéi den Enseignement public." „Jiddweree muss dru gleewen", war am Fong d'Äntwert. Da soen ech awer do zwou Saachen. Éischtens, et ass net d'selwecht wéi am Public! Mir hunn nogekuckt: Am Public gëtt op deene Punkten normalerweis tëschent 10% a 15% vum Budget gespuert. Am Kolléisch 10%, am Nic-Biever 14%, just fir Iech zwee Beispiller ze ginn. Et ass also net datselwecht.

Mä och, soen ech, am Public, d'Aart a Weis, wéi do drunnergaange ginn ass, fannen ech och net akzeptabel, well do eng Circulaire de 7. Mäerz 2014 erageschéckt ginn ass, wou déi eenzel Direktiounen eng Informatioun kruten, datt dat elo esou wär, ouni datt mat hinnen au préalable geschwat ginn ass, ouni datt mat hinnen diskutéiert ginn ass an ouni datt si konnte soen, wat dann hir Suergen, hir Problemer wären a wat dann hir Zukunftspläng wären! An déi eng krute méi ewechgeholl wéi déi aner mat der Begrënnung, datt si jo Reserven hätten an datt een dofir kéint méi ewechhuelen.

Da soen ech hannendrun, de ganze Gestion-Séparées-System, deen agefouert ginn ass vun deene viregte Regierungen, deen huet jo genau doranner bestanen, datt d'Schoulgebaier eng Responsabilitéit hätten an datt se kéinte vun engem Joer op dat anert ewechsetzen, fir e gréissere Projet iergendzwousch eng Kéier ze maachen, dann, wa se genuch an de Jore gespuert hätten, fir sech e gréissere Projet kënnen ze leeschten.

Haut kréien déi Gebaier, déi also eppes op d'Säit gesat hunn, fir sech eppes ze leeschten, gesot: Sou, elo hat Dir Pech, elo kritt Dir manner, well Dir hutt jo eppes op d'Säit gesat, an da kënnt Der domadder kucken, datt Der eens gitt. Och dat fannen ech eng Method, déi net akzeptabel ass. Zumindest hätt missen eng Diskussioun do bestoen.

Datselwecht fir d'Associations culturelles, den Artikel iwwert d'Animation socioculturelle. D'Konventioune mat den Associatioune bleiwen op absolut deemselwechten Niveau wéi 2013: 6,7 Milliounen. Et ass eis an der Kommissioun gesot ginn, datt awer 70%, 60%-70% vun deem Budget aus Personalkäschte géife bestoen. D'Personalkäschten, dat wësse mer jo awer, datt se duerch all déi Automatismen, déi mer kennen, 5% d'Joer mindestens klammen.

Wann also op 70% vun engem Budget eng Augmentation automatique et nécessaire vu 5% ass, da weess een, datt d'Fonctionnementskäschten op där anerer Säit, déi nëmmen 30% vum Budget ausmaachen, mussen erofgoen ab där Gréisstenuerdnung. A well dat eent nëmmen 30% sinn an dat anert 70% waren: méi wéi 5%, mä wahrscheinlech 10%, 12%, ouni mat engem ze schwätzen, ouni datt doriwwer een informéiert gi war!

An dat gëtt nach eng ganz Rei Diskussiounen an deenen nächste Méint, well ech mengen, datt déi meescht nach net wëssen, wat do op se zoukënnt. An ech hoffen, datt zumindest, wann elo déi Konventiounen da gekënnegt ginn den 1. September a sollen alleguer frësch gemaach gi fir den 1. Januar, Madame Nagel, ech hoffe wierklech, wéi Der et versprach hutt, datt dann eng Diskussioun mat deenen Eenzelne ka stattfannen, well awer eng Rei Pläng, eng Rei Besoinen do sinn, déi noutwendeg sinn, an datt et net esou geet wéi mat der Ausstellung vum Éischte Weltkrich, wat ech net korrekt fannen, wéi dat do gelaf ass.

Dann och nach eng Fro, déi ech stellen, well ech dat net richteg situéiert, cernéiert kréien, well mer och vun der Regierung nach keng Äntwert kruten. Dat ass déi Fro iwwert d'Allocation budgétaire zur Mutualitéit vun den Employeuren, wou eis gesot gëtt, datt den Här Schneider en Arrêté geholl hätt, fir 86 Millioune virzegesinn - den Här Romain Schneider an dësem Fall -, an datt am Budget awer nëmmen 41 Millioune géife stoen an datt dat retroaktiv a sans concertation préalable mat deenen zoustännege Leit geschitt wär.

Och do sinn eng Rei Questions parlementaires eran, déi nach net beäntwert gi sinn. Och do géif ech gär einfach eng Äntwert wëssen. Wéi soll dat da goen? Ass dat esou? Ass dat net esou? Firwat ass dat esou? A wéi ginn déi Froen dann, déi sech doraus erginn, wéi ginn déi geléist? Well manifestement, an dat ass e Communiqué vun der UEL vum 23. Abrëll, vu gëschter, manifestement si se nach net informéiert ginn, krute se keng Äntwerten. An d'Froe sinn an dësem Kontext net geléist.

Eng aner Spuermoossnam, dat ass déi vum Personal: minus néng Milliounen. Et gëtt gesot: Mir spueren néng Milliounen, well mer am Fong nëmmen 150 Leit astellen. Ech wëll elo net drop agoen, ob dat da spueren ass oder net spueren ass, mä et ass an der Perspektiv, loosse mer soen, do seet déi hei Regierung, se géif manner ausgi wéi eng Regierung virdrun ausginn hätt. Wann ech Iech richteg verstanen hunn, ass jo dat d'Ausso: Déi Regierung virdrun hätt 300, an der Moyenne, nei Posten agestallt. Dir géift der nëmmen 150 astellen, also géift Der néng Millioune spueren.

Kucke mer awer emol d'Realitéit vun deem, wat ass. Effektiv hat déi lescht Regierung eng Rei Saachen décidéiert, fir op de Poste vun de Fonctionnementskäschten, an notamment vun de Personalkäschten ze spueren. Si hat zum Beispill décidéiert, datt e Report géif geschéie bei all Posten, deen nei géif besat ginn, datt e méi spéit géif besat ginn. An do ass och effektiv drop gespuert ginn: 2,7 Millioune sinn drop gespuert ginn. Si huet och décidéiert gehat, déi viregt Regierung, datt bei all Posten, deen nei besat géif ginn, eng Verifikatioun géif gemaach ginn, ob en dann nach wierklech noutwendeg wär. Och dorop, an dat seet d'Finanzinspektioun virun dräi Deeg, och dorop sinn 1,7 Millioune gespuert ginn. Dat heescht, mir sinn elo scho bei véier Millioune Spuermoossnamen, déi op deem Poste reell geschitt si par rapport zum Budget voté, net par rapport zum Budget prévu.

A wa mer da kucken, vun deenen 320 Posten - vun deenen 320 Posten -, déi 2013 am Budget stoungen, wéi vill der do an der Realitéit da besat gi sinn, a mir haten oft als Regierung - ech ka mech gutt drun erënneren an d'sozialistesch Kolleegen, déi och an der Regierung waren, kënne sech och drun erënneren -, mir haten oft mam deemolege Finanzminister Diskussiounen doriwwer: Mä vun deenen 320 Poste sinn der just 177 besat ginn am Joer 2013. Just 177 besat ginn! An do hu mer och eng Spuermoossnam gemaach. Dat heescht 143 Poste sinn net besat ginn. Dat heescht, datt am Ganzen eng Spuermoossnam vun 11,2 Milliounen op deem Artikel par rapport zum Budget voté gemaach ginn ass.

Wien huet dann elo gespuert? Wien huet elo gespuert op deem Artikel? Dës Regierung oder déi viregt Regierung? Wëssend och nach, an ech soen dat och nach hannendrun, datt déi 143 Posten, déi net besat sinn 2013, elo nach kënne besat ginn. Dat heescht, déi sinn op a budgétiséiert. Dat heescht, wann Der elo d'Realitéit kuckt vun deem, wat ka besat ginn, da sinn et déi 150 nei Poste plus déi 143 en fin de compte, déi op sinn. Wien huet dann elo gespuert an der Realitéit vun de Froen?

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An ech wëll just dann um Enn vum Joer kucken, ob déi Neiastellungen, déi gemaach ginn, dann elo 150 plus 143 sinn, oder ob et der just 150 sinn, wéi et versprach ginn ass. Mä dat gesi mer dann an der Exécution budgétaire vum Budget 2014.

An ech soen awer nach eng Kéier hannendrun, elo emol fir nach eng Kéier de seriöe Punkt opzehuelen, dee mer ganz um Häerz läit: Wann een um Personal spuert, da muss een awer och gutt oppassen, wou ee spuert! Mir hunn an der Kommissioun gefrot: Wou wëllt Der dann elo spueren, wann Der déi Poste manner astellt? Do hu mer nach keng Äntwert kritt, well eis gesot ginn ass, déi Diskussioun ass nach net ofgeschloss. Ech weess net, ob se ofgeschloss ass oder net ofgeschloss ass. Mä ech soe just: Passt op, wou Der se spuert! Wëllt Der se op der Polizei spueren? Da musst Der et soen, well déi Diskussioune si jo amgaang elo. Wëllt Der se op dem Enseignement spueren? Och déi Diskussioune si jo amgaang, fir d'Stonnenzuelen eropzesetze respektiv d'Déchargestonnen erofzesetzen. Ech diskutéiere gär mat iwwer eng Tâchendefinitioun vun den Enseignanten. Mä ech diskutéiere se gär pädagogesch mat, andeem ech kucken an deene Reformen, déi gemaach gi sinn, wat sënnvoll ass an net sënnvoll ass. An da fannt Der bei eis och e Partner, dee matdiskutéiert!

Mä awer elo net an dësem Kontext, esou wéi dat hei gemaach gëtt, wou mer jo gesinn, wat mer an deene leschten Deeg fir Diskussioune kruten a wou den Här Meisch gëschter schonn déi Propositioun iwwert d'Kollektivbewäertung, déi e gesat huet, schonn direkt huet missen zréckzéien, well se näischt war.

Féiert déi Diskussioun uerdentlech a passt op, wéi Der se féiert, well awer verschidde Servicer, wann Der dora spuert, mat där Evolutioun vum Land, dat ech an deene leschte Joren... wat ech virdru beschriwwen hunn a wat an deenen nächste Jore wäert kommen, do ass et awer ganz geféierlech, op verschiddene Poste reell ze spueren. Well mer do och gutt fonctionnéierend Administratioune fir eng Rei Zentralaufgabe vum Stat, richteg Zentralaufgabe vum Stat, brauchen! A wann Der déi auserneenhuelt, wann Der déi net genuch - an Dir hutt gëschter de Polizeidirekter héieren -, wann Der déi net genuch besetzt, dann hutt Der reell Problemer. Net elo, mä an deenen nächste Joren. Passt op, wat Der do maacht a wéi Der et maacht!

E puer Wuert zum Schluss iwwert dem Budgetsrapporteur säi Rapport. Well ech weess - ech war och eng Kéier Budgetsrapporteur -, wéi frustrant et ass, Här Berger, wann ee sech vill Aarbecht gemaach huet an et kritt ee kee Répondant dofir, wëll ech wierklech mat Freed e puer Wuert och iwwer Äre Rapport soen.

Dir hutt a kuerzer Zäit villes gesot an Dir sidd dräi grouss Punkten ugaangen, déi mech interesséieren. Dat Éischt, dat ass de Budget de nouvelle génération. Den Här Gramegna huet dat och gëschter erläutert. Dat Zweet, dat ass dee Slogan: „Mat manner Sue méi maachen" an Är Iddien dozou. An dann Är zéng Geboter. Wann deen ee sech fir den Herkules hält, dann hält deen anere sech fir de Moses. Dir waart alt zumindest um Bierg. Ech weess net, ob Der mat...

(Hilarité et interruption)

...mat de stengene Geboter zréckkomm sidd oder net, Här Berger, mä dat ass eng aner Fro.

Iwwert dee Budget vun der nouvelle Génération, do sot Der e puer Saachen. Och do gebraucht Der Termen, déi zwar... Budget 2.0, kopernikanesch Revolutioun gëtt dat. Viraarbechten, déi schonn amgaang sinn: vum Här Negri, 2006 huet e säin Text déposéiert. Ech mengen 2009, Här Negri, hutt Der en nach eng Kéier déposéiert? Éch hunn en zweemol gesinn als Dépôt. Mä enfin, et ass egal, eng Kéier oder zweemol déposéiert, en ass op jidde Fall déposéiert an der Chamber.

An den Här Frieden hat och Etüde vun der OECD driwwer maache gelooss - just fir ze soen, datt mir net géint esou eng Reform vun de Strukture vum Budget sinn. Au contraire! Just, mir soen, si ass effektiv extrem schwéier hinzekréien.

Mir kruten an där leschter Debatt, ech mengen, et war beim État de la nation, gesot: „Mä Dir hutt net virugemaach! Dir hat dem Här Negri säin Text do leien. Dir hätt e jo nëmme brauchen ze stëmmen, da wär déi Reform scho gemaach."

An ech soen Iech, wann dat esou ass, datt mer dem Här Negri säin Text nëmmen hätte brauchen ze stëmmen, da muss ech den Här Gramegna froen: Firwat hutt Der dann de McKinsey agestallt, wann Der den Här Negri hat? Deen hätt Iech d'Aarbecht gratis gemaach.

(Hilarité générale et interruptions)

Dat war elo e wéineg einfach, dat ginn ech zou.

(Interruptions diverses)

Mä dat Zweet, wat ech wollt dozou soen: Wann dat esou einfach wär, dem Här Negri säi Projet stëmmen, majo, da stëmmt en! Da stëmmt e ganz einfach! Dann ass jo Äre Problem geléist, da braucht Der net all déi Saachen do ze maachen.

Une voix.- Très juste!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mä esou einfach ass et jo net. Dat wësse mer - ouni dem Här Negri ze no ze trieden -, dat wësse mer alleguer och.

Dat, wat ech do reprochéieren, dat ass...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...den Avis vum Statsrot nach zu dem Här Negri senge Propositiounen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo. An da géift Der se stëmmen?

(Interruption)

Da géift Der se stëmmen?

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Kucke mer emol, wat de Statsrot seet.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här Bodry, géift Der se da stëmmen? Mir kucken, wat de Statsrot seet. Okay.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Mä 2005 an 2014 ass e bëssen eng laang Zäit. Dat...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Majo dann, dat ass ganz...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Néng Joer!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass ganz interessant, dat do,...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Néng Joer!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...well elo komme mer vläicht op de Fong vun der Saach. Dat Éischt, dat ass, wann ech dem Här Negri säin Text liesen, éischten Artikel, éischten Artikel vum Här Negri sengem Text: «La procédure budgétaire est fixée par la Chambre des Députés, après consultation du Gouvernement.»

A Frankräich ass eng nei LOLF gemaach ginn. Den éischten Alinéa vum Exposé des motifs an d'Explikatioun dovun, ech liesen Iech dee gär vir: «La nouvelle loi organique sur les lois de finances (LOLF) manifeste d'abord une réaction du Parlement (cette loi organique est d'origine parlementaire) visant à donner une véritable signification à l'examen du budget, en lui permettant de se prononcer sur les crédits demandés en fonction des objectifs des politiques qu'ils sont censés soutenir et des résultats obtenus.» A Frankräich ass deen Text vum Parlament proposéiert ginn, ausgeschafft ginn an diskutéiert ginn. Den Här Negri gesäit et och a sengem éischten Artikel vir.

Hei stellen ech fest, datt dat net de Fall ass. Souguer d'Cour des Comptes versteet déi Aart a Weis net. A wann Der d'Cour des Comptes liest a wann Der an der Kommissioun waart - an Dir waart do -, dann hutt Der héieren, wéi gesot ginn ass, datt et eng absolut Nécessitéit ass, datt d'Parlament direkt géif agebonne ginn, datt et eng absolut Nécessitéit ass, datt d'Parlament an d'Cour des Comptes vun Ufank u kéinte matschwätzen! Well schlussendlech muss d'Parlament duerno de Budget kontrolléieren!

A wa mer eng Reduktioun vun den Artikele maachen a wa mer eng aner Organisatioun vum Budget maachen, da muss déi och vun hanne bis vir mam Parlament duerchgeschwat ginn! Well schlussendlech musse mir et kontrolléieren! Dat ass eng vun eisen éischten Tâchen, déi mer musse maachen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dofir fannen ech d'Aart a Weis net korrekt.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat ass eng nei Thees.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dofir fannen ech déi Aart a Weis hei net korrekt, wéi hei ëmgaange gëtt.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...dem Här Frieden seng Thees, dat do!

(Interruptions diverses)

Et ass eng nei Thees, dat do.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- 2015 soll en place gesat ginn a bis elo ass gesot ginn, datt de Budget 2015 e Budget vun der neier Generatioun wär. E Budget 2.0, e kopernikanesche Budget, géif ech bal soen.

Mä den Här Gramegna huet gëschter awer d'Problemer do opgezielt. Den Här Gramegna huet gëschter och gesot, wéi laang Zäit - Dir hutt vun 2005, 2006 geschwat -, wéi laang Zäit ee brauch, fir richteg - fir richteg! - esou eng Reform hinzekréien.

Dat franséischt Parlament huet an den 90er Joren ugefaangen! 2000 ass e Gesetzesprojet déposéiert ginn. 2001 ass e gestëmmt ginn. 2002 sinn d'Ministèren ugeschwat ginn, fir en ëmzesetzen. 2005 ass fir d'Éischt e Budget, wann ech richteg verstanen hunn, à blanc gemaach ginn, mat engem klassesche Budget nach niewendrun. 2006, nodeem dat Gesetz 2000 déposéiert gi war, 2006 ass deen éischte Budget vun der kopernikanescher Revolutioun en place gesat ginn. All dat, wann een et seriö wëllt maachen, brauch seng Zäit.

Et ass eis hei eppes ugekënnegt ginn a manifestement ass et ganz kloer, datt dat elo net ka geschéien. A gëschter hunn ech och fir d'Éischt

dat richteg verstanen: Dat soll och elo net geschéien, mä och dës Regierung seet - an dat fannen ech dann nach optimistesch -, dës Regierung seet, datt elo emol de Budget 2.0 géif kommen, mä datt de Budget 2.0 awer misst vun engem Budget 3.0 iergendzwousch eng Kéier suivéiert ginn, well et evident ass, datt ee bis de September déi kopernikanesch Revolutioun, déi nei LOLF, déi nei Organisation budgétaire, esou wéi se am Ufank gesot gi war, net hikritt.

Ech verstinn dat ganz gutt. Ech si par ailleurs, muss ech och éierlech soen, frou, datt Der net sot, Dir géift dat elo alles probéieren ze maachen, well Dir hätt keng Chance gehat, fir et bis dee Moment hinzekréien. Et ass vill méi räsonabel, dat wëllen an zwou Etappen ze maachen. Ech si just gespaant, an dat soen ech awer wierklech hannendrun, ech si just gespaant, wat dann elo déi Simplification budgétaire ass, déi Der elo an enger éischter Etapp wëllt aféieren an nach eng zweet Etapp hannendrusetzen, mä an der éischter Etapp emol wëllt maachen.

Well ech soen awer ganz kloer, datt et fir d'Parlament muss enorm wichteg sinn, datt d'Lisibilitéit vun deem Budget awer och garantéiert ass an datt mer och kënne suivéieren, wat par rapport zu engem Joer op dat anert changéiert oder net changéiert a wéi déi Fraisen investéiert ginn. D'Lisibilitéit, d'Traçabilitéit an d'Transparenz vum Budget, dee muss moderniséiert ginn, mä e muss awer wéinst dem Parlament bewaacht sinn (veuillez lire: mä dat muss awer vum Parlament iwwerwaacht ginn). An ech soen nach eng Kéier, ech géif et als noutwendeg an als nécessaire fannen, esou schnell wéi méiglech d'Parlament hei anzebannen. A wann ech „esou schnell wéi méiglech" soen, da mengen ech „direkt"!

Den Här Berger gebraucht dann d'Formel: „Méi mat manner." An d'Regierung seet jo: „Mir musse méi mat manner maachen." D'Beispiller, déi vum Här Berger gebraucht ginn, fir ze beweisen, wéi dat soll goen, ech wëll déi och eng Kéier ervirsträichen.

Dir sot, Här Berger: Mir musse méi sozial Selektivitéit maachen. Sinn ech och absolut domat d'accord. Et muss een awer nach wëssen, wéi een déi sozial Selektivitéit mécht, wéi ee se ugeet, fir se ze maachen. A wann een dat bis weess, wat eng ganz schwéier Geschicht ass, wat vill Diskussioune wäert déclenchéieren, da muss een och nach wëssen, datt ee se esou ka maachen, datt se och administrativ maachbar ass.

Vill vun deene Reforme si jo gescheitert oder waren extrem schwéier, well se d'Mise en place vun engem ganzen administrativen Apparat présupposéiert hunn, deen et onsënneg war en place ze setze fir d'Resultater, déi een erauskritt. Och do si mer ganz gespaant, wat an deenen nächste Jore muss kommen.

Op jidde Fall stelle mer elo fest, datt, wann ech Radiosinterviewe vun deem engen oder deem anere Regierungsmember héieren, deen da seet, et gëtt zum Beispill an der Familljepolitik manner ausginn, mä et ass awer keen, dee manner kritt, da froen ech mech just, wéi dat soll an der nächster Zäit gemaach ginn. Op jidde Fall si mer gespaant op déi Reform dann, wa se bis eng Kéier op den Dësch kënnt.

Wann ech vum System vun de Chèques-services schwätzen an ech soen, an de Chèques-services, oder den Här Berger seet, an de Chèques-services muss gespuert ginn, dat kascht ze vill: Da kascht et jo d'Leit méi deier, wa méi dorobber gespuert gëtt, wa manner Leit et kréien. An et seet een awer hannendrun: Eis Zilsetzung ass d'Gratuitéit vum ganze Service! Ech soen: Dir maacht et fir d'Éischt méi deier, fir et da méi bëlleg ze maachen! Je veux bien, datt een déi do Logik huet.

Wann ech da bei der Éducation nationale kucken, wou d'Tâchen ugehuewe ginn: Och do ass d'Fro „méi mat manner" eng, déi net der Realitéit entsprécht. Dir wëllt hei effektiv, datt méi Schoul gehale gëtt, an Dir wëllt a sech, datt méi geschafft gëtt. An et ass net, datt do méi bezuelt derfir gëtt. Ech mengen, déi Logik, déi Der hei asetzt, „manner ausginn, fir méi erauszekréien", dat ass eng Formel, déi ganz schwiereg ass, wann net onméiglech, an d'Realitéit ëmzesetzen. Ech géif se einfach net gebrauchen, well ech mengen, datt se Sand an d'Ae gestreet ass.

Dir hutt, Här Berger, zéng Chancen opgezielt. An ech muss soen, déi zéng Chancen - d'Kannererzéiung, Éducation nationale, d'Place financière, d'Attraktivitéit, d'Konnektivitéit, Chômage, Logement, Écologie, Mobilitéit a schlussendlech och d'Wichtegkeet vun der Tripartite - ënnerschreiwen ech och. Dir hutt dat richteg gesinn. Dat sinn an deenen nächste Joren déi grouss Erausfuerderungen, déi mer wäerten hunn an un deenen d'Regierung, dëst Parlament, an deenen nächste Jore muss schaffen, fir nei Weeër ze fannen.

Dat, wat Der awer net gitt, dat sinn natierlech déi finanziell Äntwerten, wéi mer dann op deenen do Punkte méi maachen a manner ausginn. Dat sot Der awer net! Well Der et och net kënnt soen. Et ass par ailleurs och net den Objet vun dem Budgetsrapport, fir et ze soen.

Ech soe just, datt, wann Der wëllt an all deene Punkten, déi Der do opgezielt hutt, méi maachen, vill méi maachen - a mir musse vill méi maachen, wann déi Zuelen an der Realitéit antrieden, déi ech virdru genannt hunn, musse mer vill méi maachen -, wann Der vill méi wëllt maachen an Dir wëllt wesentlech manner ausginn, soen ech Iech, esou geet et net. Et musse Choixe gemaach ginn.

An ech mengen, Dir sollt och do de Leit d'Wourecht soen: do manner, wou et net oder net méi noutwendeg ass, wou et net méi gebraucht gëtt, an do méi, an dat muss een och soen, wou d'Gerechtegkeet oder d'Mënschlechkeet et verlaangen oder wou mer d'Zukunft vun eisem Land mussen opbauen.

Mir hunn eis, an dann halen ech op, mir hunn eis laang iwwerluecht an der CSV, ob mer Abstentioun bei dësem Budget solle maachen oder ob mer sollen dergéint stëmmen. Well et en Transitiounsbudget ass, well nach vill vun deem Gesoten a vun deem Geschriwwenen aus der Hand vum viregte Finanzminister staamt, dofir hu mer eis déi Fro an der Realitéit gestallt. Mir sinn zur Konklusioun komm, datt mer géifen dergéint stëmmen, well déi nei Akzenter, déi hei gesat gi sinn, Saache sinn, déi mer sécher net kënnen deelen. An duerch all dat, wat virdru versprach ginn ass a wat am Budget net gehale ginn ass.

Ech hoffen, datt Der déi sechs Méint, virun deenen d'Regierung elo steet, fir en neie Budget, de Budget 2015 ze maachen, wou dann, wéi den Här Berger et a sengem Rapport seet: «Une partie substantielle des gains envisagés portera sur l'exercice 2015», dat heescht, wou e groussen Deel vun de Spuermoossname scho missten dran enthale sinn oder perspektivesch dran enthale sinn, ech hoffen, datt Der déi sechs Méint gutt ausnotzt, fir zu engem Resultat ze kommen. Well wann Der dat wëllt an d'Realitéit setzen, da muss de Budget 2015 e ganz grousse Worf sinn. Deen heite Budget huet op jidde Fall déi gemaache Verspriechen net agehalen!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Claude Wiseler. Als nächst Riednerin huet d'Madame Joëlle Elvinger vun der DP d'Wuert. Madame Elvinger, wann ech gelift.

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapporteur Eugène Berger huet et en Dënschdeg schonns ausféierlech gesot: De Budget fir 2014, dee mir hei virleien hunn, ass en Iwwergangsbudget, dee leschte Budget vun der aler Generatioun. Et ass e Budget, deen déi nei Regierung geierft huet, mä wou si awer dat Bescht erausgeschloen huet.

Eng Reduktioun vun 8,5% bei de Fonctionnementskäschte beim Stat a kierzester Zäit ze realiséieren, verlaangt Respekt, a besonnesch fir déi eenzel Ministèren, déi all Steen ëmgedréit hunn op der Sich no Aspuernisser. Gläichzäiteg sinn d'Investitioune vum Stat trotz engem Décalage vun eenzelne Mesuren op engem ganz héijen Niveau gehale gi mat 1,6 Milliarden Euro am Joer 2014.

Ech wëll awer elo net op déi weider Efforten agoen, déi déi nei Regierung dëst Joer gemaach huet. Si si jo schonns vu menge Kolleeginnen a Kolleegen hei am Haus am Detail kommentéiert ginn.

Et ass awer e Fait, dass dës Efforten net duerginn. Mir mussen dëst Joer en Zant zouleeën. Mir brauchen eng grondleeënd Budgetsreform, e Budget vun enger neier Generatioun fir déi kommend Generatiounen. E Budget, deen déi jonk Leit net hypothekéiert, mä hinnen hir Chancen opstoe léisst an hinnen d'Moyene gëtt, hir eegen Zukunft ze gestalten.

Et muss een et kloer soen: Et ass net bei de Recetten, wou zu Lëtzebuerg d'Kromm an der Heck läit. Mir haten déi lescht Joren e ganz considérabelen Zouwuess u Recettë beim Stat. Si sinn tëschent 2005 an 2014 ëm méi wéi 65% gewuess. Vill Länner an Europa wiere frou, wann et hinnen ähnlech ergaange wier. Mä eis Dépensë sinn nach méi geklommen. Jo, et kann een et soen: D'Dépensë vum Stat lafen eis fort, an d'Recettë kënnen domadder net méi Schrëtt halen.

An de Jore vun der Finanzkris 2008 an 2009 sinn eis Dépensë souguer all Kéiers ëm bal 10% geklommen, obwuel mir en Abroch bei de Recetten haten. D'Resultat dovunner si Scholden, déi déi viregt Regierung gemaach huet, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

D'Cour des Comptes huet et an hirem Avis zum Statsbudget kloer formuléiert: Mir kënnen eise Budget nëmmen an de Grëff kréien, wa mir et packen, den Zouwuess un ëffentlechen Ausgaben ofzebremsen. D'TVA-Erhéijung vun 2% wäert e positiven Effet op der Recettësäit brëngen, deen awer net duergeet. Et gëllt och, op der Dépensësäit nozezéien.

De Problem bei eise Statsfinanze läit op der Dépensësäit. D'Dépensë wuessen net nëmmen ze schnell, mä si wuessen och automatesch, also ouni dass deem eng bewosst politesch Décisioun zugronn läit. 80% vun eise Statsausgabe si sougenannten „Automatismen", Ausgaben, déi vu Joer zu Joer klammen, ouni dass mir eis an der Vergaangenheet gefrot hunn, ob dës Dépensen nach justifiéiert sinn an ob mir eis politesch a gesellschaftlech Ziler domadder erreechen.

Meng Fraktioun wëllt, dass dëst Land zu enger aktiver Gestaltung vu senger Zukunft zréckfënnt, dass erëm politesch Choixe getraff ginn an dass eng Politik aus engem Goss gemaach gëtt. D'Dépensë vum Stat ze hannerfroen, ass een Element dovunner.

Et ass mir awer och als nach relativ jonke Mënsch wichteg, hei ze soen, dass mir zënter enger Rei Jore Suen ausginn, déi mir net hunn. Suen, fir déi mir musse Schold maachen. Schold, déi muss zréckbezuelt ginn, wann net haut, da muer, a wann net muer, dann iwwermuer!

Wéini bezuele mir déi Suen zréck? A wie bezilt se zréck? Sinn et déiselwecht Leit, déi elo vun den Dépensë profitéieren? Oder geet et net éischter op d'Käschte vun deenen, déi nokommen?

Ech héieren esou oft de Begréff „spueren" am Kontext vun enger néideger Budgetskonsolidéierung. Mä geet et net a Wierklechkeet drëm opzehalen, Suen auszeginn, déi mir iwwerhaapt net hunn? Eis ëffentlech Schold huet sech an de Joren 2009 bis 2013 verdräifacht. Esou kann et net virugoen an esou wëllt d'DP net virufueren!

Eis Statsfinanzen an de Grëff ze kréien, ass dofir eng vun de groussen Erausfuerderunge fir déi nächst fënnef Joer - dëst am Intérêt vun deene Jonken. Mir mussen derfir suergen, dass mer d'Gestaltungsfäegkeet vun eiser Zukunft net aus den Hänn ginn. D'Erausfuerderunge si sécherlech grouss, awer maachbar.

Mir musse bis Enn 2018 bei de Statsfinanzen e Konsolidéierungseffort vun 1,1 Milliard Euro erreechen, dëst fir eisen Obligatiounen um europäesche Plang nozekommen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Déi nei europäesch Regele suergen derfir, dass de Wuesstum vun den ëffentlechen Ausgaben net méi schnell ass wéi de Wuesstum vum PIB. Dëst ass wichteg, fir sécherzestellen, dass déi dramatesch Finanzkris sech an Europa net widderhëlt.

Mir mussen eis virun Aen halen, dass d'Erfëlle vun dësen Obligatiounen net iergendeen abstrakt Zil ass, mä dass mir eis elo mussen ustrengen, fir an Zukunft erëm e finanzielle Spillraum ze schafen. Mir mussen eis elo nei opstellen, fir deene Jonken déi beschtméiglech Méiglechkeeten a Chancen ze ginn.

D'Regierung huet déi éischt Schrëtt an d'Weeër geleet, fir d'Schéier tëschent de Recetten an Dépensë méi kleng ze maachen. Am Budget 2014 huet si et jo schonns fäerdegbruecht, den Zouwuess un Dépensë mat 3,5% op den niddregste Stand zënter 2008 ze brëngen. Dat ass en Erfolleg! Trotzdeem wäerte mir de Budgetséquiliber wuel net packen. Et mussen also nach eng Rei Schrëtt op dësen éischten nokommen. Mä ech sinn zouversiichtlech, dass dat och passéiere wäert.

Ech héieren deslescht awer och ëmmer erëm vereenzelt Stëmmen dobaussen, déi strukturell Reformen net fir néideg halen, well d'Wirtschaftsprevisioune jo erëm positiv sinn. A si mengen, dass d'Finanzsituatioun beim Stat sech vum selwen erëm arenke wäert.

Jo, de Comité de prévision schätzt, dass eise Wirtschaftswuesstum déi nächst Joren am Schnëtt bei 3,5% wäert leien. Dat ass vill. Et muss een awer derbäisoen, dass d'Europäesch Kommissioun déi Lëtzebuerger Schätzungen ze optimistesch fënnt. Prognose sinn dat, wat se sinn. Si sinn eng gutt Tendenz, wann näischt Aussergewéinleches passéiert. Mä et leet awer keen d'Hand dofir an d'Feier, dass si och genau esou antrieden.

Ech selwer tendéieren zur Virsiicht, well mat der Zukunft vum Land dierf een net spillen. Mä ech wëll och drun erënneren, dass et nach net allze laang hier ass, wou hei am Land esou Wuesstumszuelen als ënnerduerchschnëttlech ugesi gi sinn. Esou schnell kann d'Perspektiv sech änneren. Mir sinn haut an enger anerer Realitéit ukomm an e viraussiichtleche Wuesstum vun 3,5% ass eppes, wou mir haut kënnen houfreg drop sinn.

Et ass awer och eng Realitéit, dass mir an deene leschte 15 Joren ëmmer méi mat externe Schocke konfrontéiert gi sinn: den 11. September 2001, d'Platze vun der New-Economy-Blos, d'Bankekris. Global Krisen, déi mir kaum beaflosse konnten, mä déi och zu Lëtzebuerg net spurlos laanschtgaange sinn. Krisen, op déi mir eis mussen astellen a wéinst deene mir musse Suerg droen, dass mer a wirtschaftlech gudden Zäiten impeccabel opgestallt sinn, fir eis Marge de manœuvre a méi schwieregen Zäiten kënnen oprechtzëerhalen.

Ech wëll awer och drop opmierksam maachen, dass déi viraussiichtlech wirtschaftlech Croissance hei am Land net dozou bäidroe wäert, fir de Chômage ze reduzéieren. Eisen Emploi wiisst dëst Joer ëm 1,9%. Dat ass net schlecht, mä am Laf vum Joer wäert de Chômagetaux dem Statec no op 7,4% weider klammen, an domadder och d'Dépensë vum Fonds pour l'Emploi.

Mir kënnen eis Statsfinanzen nëmmen an de Grëff kréien, wa mir strukturell Mesuren huelen. Strukturell Mesuren heescht, eise Budget nei opzestellen an d'Dépensë systematesch ze hannerfroen. Dëst ass keng nei Erkenntnis vu mir. De Budgetsrapporteur Eugène Berger huet dorobber higewisen, a vill vu senge Virgänger och.

Mat der neier Regierung ass d'Zäit komm ze handelen, amplaz nëmmen ze constatéieren.

De Statsrot huet et och a sengem Avis zum Budget gesot: Mir hu virun allem en Ausgabeproblem bei der Zentraladministratioun. Am Budget 2014 huet d'Zentraladministratioun trotz Spuerefforten en Defizit vu 545 Milliounen Euro.

Déi lescht Jore si méi schlecht wéi gutt iwwerbréckt ginn, an dat obwuel d'TVA-Recetten um elektronesche Commerce spektakulär an d'Luucht gaange sinn. Mä mir wëssen all, dass dëst Gléck net méi vu ganz laanger Dauer ass.

Et hëlleft eis och net, dass eis Pensiouns- a Gesondheetskeesen am Moment nach gutt gefëllt sinn. Net nëmme sinn déi Suen affectéiert, mä d'Berechnunge weisen eis, dass mëttelfristeg d'Situatioun wäert dréien an de staatlechen Apport ëmmer weider wäert klammen.

Et ass ëmmer erëm am Laf vun den Diskussioune gesot ginn: D'Joer 2015 ass e Schlësseljoer fir Lëtzebuerg. D'Experte soen eis, dass mir eng 700 Milliounen un TVA-Recetten um elektronesche Commerce wäerte verléieren. Zum Verglach: Dëst Joer wäert déi elektronesch TVA nach méi wéi eng Milliard zu de Recettë bäidroen. Dës Recettë ginn déi nächst Jore méi kleng, fir mëttelfristeg komplett auszefalen.

D'Regierung huet mam Guichet unique fir d'E-Commerce-Betriber, dem sougenannten „Mini one-stop shop", alles drugesat, fir déi Betriber hei zu Lëtzebuerg ze halen. Aner Atouten, déi mir als Wirtschaftsstanduert hunn, musse mir elo nach méi an d'Vitrine stellen: kuerz, onbürokratesch Weeër, eng zentral Lag an Europa, héich qualifizéiert Aarbechtskräften an, jo och, en attraktiivt Steierëmfeld.

2015 ass awer och e Schlësseljoer wéinst dem Ewechfale vum Bankgeheimnis. Et gëtt dofir kee Grond, nervös ze ginn. Eis Bankeplaz ass staark genuch, sech dorobber anzestellen. Mir mussen eis awer virun dësen Hannergrënn bewosst sinn, dass e wirtschaftlechen Opschwong eis net dovunner dierf ofhalen, d'Erausfuerderungen, déi virun eis stinn, unzegoen. Mir dierfe se och net erauszögeren.

Jo, mir hunn en ekonomesche Kontext, dee sech ophëlt, mä eng Finanzsituatioun vum Stat, déi riskréiert sech weider ze verschlechteren. Ännere mir näischt, riskéiere mir ab 2015 en negative Solde structurel an eng ëffentlech Schold vu 16 Milliarden am Joer 2018.

Eleng dëst Joer hu mir eng Schold vu 7,2 Milliarden. Dofir bezuele mer iwwer 211 Milliounen un Zënsen zréck - d'Joer, wuelverstanen! Mat deene Sue wier dem Stat seng finanziell Participatioun un der éischter Phas vum Tram quasi bezuelt.

Här President, ech hunn elo vill vun Zuele geschwat. Zuele si wichteg, mä nach méi wichteg ass et, ze wëssen, firwat mir Efforte musse maachen. Eng Budgetskonsolidéierung ass kee Selbstzweck an et geet och net drëm, de Finanzminister just glécklech ze maachen.

Budgetsefforte sinn néideg, fir eise Sozialstat wiederfest fir d'Zukunft ze maachen. Et geet drëm ze verhënneren, dass eis Zënslaascht duerch déi Scholden, déi mer maachen, eis Handlungsfäegkeet an der Zukunft aschränkt.

Et geet dorëm, eiser Wirtschaft en zolidd Fundament ze ginn, wat et erlaabt, nei a sécher Aarbechtsplazen ze schafen.

Dëst sinn d'Grënn, firwat strukturell Reformen néideg sinn. Si sinn am Intérêt vun eisem Land, eise Bierger an eiser Wirtschaft.

Meng Fraktioun encouragéiert dofir dës Regierung, e Screening vu sämtlechen Ausgabe fir de Statsbudget 2015 ze maachen an domat all d'Ausgaben op hir Effikassitéit hin ze iwwerpréiwen. All eenzel Ausgab vum Stat muss gekuckt an hannerfrot ginn, ob dës nach hiren Zweck erfëllt. Sozial Selektivitéit a Solidaritéit si bei dësem Exercice wichteg Stéchwierder.

Mir mussen et awer och fäerdegbréngen, Transparenz am Budget ze schafen an Dépensen novollzéibar an iwwerpréifbar ze maachen, virun allem fir de Bierger. Dësen Inventaire vum Budget ass d'Instrument, fir mat manner Geld eng besser Politik ze maachen.

Här President, de Budgetsrapporteur Eugène Berger huet a sengem Rapport zéng Zukunftschancë fir Lëtzebuerg formuléiert. Chancen, déi et gëllt ze notzen, mä déi eis net an de Schouss falen. Mir mussen d'Äerm eropstrëppen an eis ustrengen, fir dës Potenzialer ze entfalen. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass dës Regierung de Courage, d'Energie an d'Loscht huet, fir dës Erausfuerderungen unzegoen. Ech erlabe mer op där heiter Plaz, dräi vun dësen Zukunftschancen erauszepicken an ze développéieren.

Déi éischt ass d'Weiderentwécklung vun eiser Finanzplaz. Dës stoung an deene leschte Jore vill an der internationaler Kritik, an de Wand, deen eis entgéintgeblosen huet, war net ëmmer agreabel. Mir vergiessen iwwert dësen deels polemeschen Diskussioune gären, dass mir kënnen houfreg sinn op déi jorelaang Success Story, déi eis Finanzplaz fir Lëtzebuerg war, ass an och an Zukunft wäert bleiwen. Lëtzebuerg huet et fäerdegbruecht, eng international Plaz iwwer Jorzéngten opzebauen, déi entre-temps an hire Kärdomänen, dem Private Equity an den Investmentsfongen, zur absoluter Weltspëtzt gehéiert.

D'Finanzplaz ass ouni Zweifel de wichtegsten ekonomesche Secteur vum Land an ass och mat knapp 45.000 Aarbechtsplazen eng regelrecht Jobmaschinn. D'Finanzplaz mécht 30% vun de Recettë vum Stat a 40% vum PIB aus.

Géife mer déi Secteuren derbäirechnen, déi indirekt vum Finanzsecteur ofhänken, wieren déi genannte Pourcentagen nach vill méi héich. Eis Finanzplaz ass den zentralen Nervesystem vun eiser nationaler Wirtschaft, och wann et richteg an indispensabel ass, aner Wirtschaftspiliere méi staark ze développéieren.

Och wann den Här Wauquiez aus Frankräich dat net gäre gesäit, mä de Succès vun dëser Finanzplaz ass nëmme méiglech gewiescht duerch eng Europäesch Unioun, duerch d'Opmaache vum Bannemaart an d'Spille vum fräie Wettbewerb. Et ass am ureegenen Intérêt vun Europa, dass mir bannent der EU international kompetitiv Finanzplaze behalen. Dofir brauche mir an Europa eng Finanzgesetzgebung, déi eis net um internationale Marché benodeelegt.

Lëtzebuerg huet missen an der Vergaangenheet dowéinst onbequeem Positiounen an der EU anhuelen. Hätte mir dat net, wier eis Finanzplaz staark benodeelegt gi par rapport zu anere Standuerter, wéi der Schwäiz.

Mir hunn dëst Joer e Befreiungsschlag gemaach, andeems mer dem automateschen Informatiounsaustausch zougestëmmt hunn - mä net ouni sécherzestellen, dass och aner Finanzplazen déiselwecht Obligatioune mussen erfëllen. Et ass wichteg, dass mir elo vun den nächste Méint a Jore profitéieren, fir nei Signaler ze setzen, well eng Finanzplaz ouni Bankgeheimnis mécht eis Dieren op, déi virdrun zou waren. Och dofir war et e ganz wichtege Schrëtt, dass mir vum GAFI am Mäerz als „largement conforme" agestuuft gi si wéinst eise Beméiunge géint de Blanchiment.

Den Ufank vum automateschen Informatiounsaustausch fir den 1. Januar 2015 wäert ouni Zweifel en Effekt op d'Lëtzebuerger Finanzplaz hunn. Et ass e grousse Changement, dee virun der Dier steet, mä Lëtzebuerg ass gewinnt, sech ze adaptéieren an ze innovéieren. Wa mir eis an der Vergaangenheet op Acquisen ausgerout hätten, hätt dës Finanzplaz sech ni esou kënnen entwéckelen.

Eng Restrukturatioun vun eisem Private Banking bleift net aus a si ass scho voll amgaangen. D'administrativ Käschte ginn an d'Luucht, well elo systematesch Informatiounen un auslännesch Steierämter musse geliwwert ginn. Et wäert och en Deel vun den Aktiven d'Plaz verloossen - de Statec rechent do mat enge 5%.

Mir sinn also an enger ganz décisiver Phas vun eiser Finanzplaz. Mä ech sinn zouversiichtlech, dass deen enorme Savoir-faire am Private Banking eis et wäert erlaben, dës Erausfuerderungen ze meeschteren. Et gëllt elo, sech op nei Pisten ze konzentréieren, déi sougenannten „Family Offices", déi spezialiséiert Servicer fir grouss Verméigen ubidden. Mir mussen elo bei neien Opportunitéiten zouschloen, sief et bei der Internationaliséierung vun der chineesescher Währung Renminbi, den islamfrëndleche Finanzproduiten oder bei den alternativen Investmentfongen. Mir mussen eis awer och weider diversifizéieren, nei Kompetenzfelder entwéckelen an och den Assurancësecteur ausbauen.

Meng Fraktioun ënnerstëtzt d'Regierung voll a ganz an hire Beméiungen, déi nächst Méint a Jore proaktiv ze notzen, fir dës nei Opportunitéiten ze développéieren a gestäerkt aus dëser décisiver Etapp ervirzekommen.

Här President, d'Startchancë vun eise Kanner an d'Liewen sinn dat zweet Zukunftsfeld, op dat ech wëll agoen. Grad an der Familljepolitik musse mir eis d'Fro stellen, ob d'Politik hir Ziler erreecht huet oder ob mir net an der Vergaangenheet mat vereelste politesche Mesurë probéiert hunn, enger neier Realitéit ze begéinen.

Meng Fraktioun begréisst et, dass dës Regierung an der Familljepolitik erëm d'Kanner an de Vierdergrond wëllt setzen. D'Etüde vu Statec, CEPS/Instead a Caritas ginn eis e kloert Bild: Mir packen et de Moment net, all eise Kanner déiselwecht Startchancen an d'Liewen ze ginn. Aarmut ass zu Lëtzebuerg verierfbar an d'Kanner aus aarme Stéit hunn net déiselwecht Erfollegschancen an der Schoul wéi Kanner aus bessergestallte Familljen.

Aus deem Grond plädéiert d'DP derfir, eise Fokus op déi Zäit virun der Aschoulung ze leeën, nämlech op déi dräi éischt Liewensjoren, an deene sech schonns ganz vill bei der Entwécklung vun de Kanner deet. Mat engem Taux vun iwwer 40% Auslänner kann et eis och net egal sinn, wa vill Kanner eréischt am Préscolaire mat der lëtzebuergescher Sprooch konfrontéiert ginn.

Mir mussen dofir d'Offer vun enger qualitativ héichwäerteger Kannerbetreiung an den Zentrum vun eise Beméiunge réckelen. D'Kannerbetreiung, sief et an de Crèchen, de Maison-relaisen oder am Précoce, muss Hand an Hand mat der ëffentlecher Schoul goen. Dat wëllt awer selbstverständlech net heeschen, dass mir wëllen de Schoulunterrecht an d'Kannerbetreiung eraverlageren. Wat mir wëllen, ass e luest Aféieren, e luest Eruféiere vun eise Kanner un d'Schoul, fir sécherzestellen, dass, wann et dann am Fondamental lassgeet, eis Kanner déiselwecht Chancen hunn, fir hir Schoullafbunn mat vill Freed an Erfolleg ze gestalten.

Mir halen et awer och fir wichteg, besonnesch d'Fraen ze encouragéieren, op d'mannst nach ee Been an der Aarbechtswelt ze halen, wa si sech fir eng Famill entscheeden. Eisen Taux vun der weiblecher Beschäftegung läit mat ënner 65% nach wäit hannert deem vun de Männer mat knapp 80% zréck. Mir fannen et dofir wichteg, d'Familljentransferte mat Bléck op dës Erausfuerderungen ze iwwerschaffen.

Eng rezent Etüd vun der OECD weist, dass d'Familljeförderung an der Vergaangenheet virun allem mat Steierabattemente gläichgesat ginn ass. Huet eng Koppel zu Lëtzebuerg mat duerchschnëttlechem Verdéngscht zwee Kanner, läit hir Steierlaascht bei 14,3%. Dat ass däitlech manner wéi bei enger Koppel ouni Kanner, déi géif 37% Steiere bezuelen. Bei kengem vun den ënnersichte Länner ass dës Differenz esou drastesch wéi zu Lëtzebuerg. Am Verglach eis Nopeschlänner: A Frankräich géif déiselwecht Famill mat zwee Kanner 41,6%, an der Belsch 41% an an Däitschland 33,8% bäidroen.

D'DP ass der Iwwerzeegung, dass Familljepolitik eppes aneschters ass, wéi Steierabattementen ze verdeelen. Mir sinn der Iwwerzeegung, dass mir den Eltere virun allem eng héichwäerteg Kannerbetreiung mussen ubidden, eng Plaz, wou d'Eltere sécher kënne sinn, dass hiert Kand a gudden Hänn ass an optimal gefërdert gëtt. E Paradigmewiessel an der Familljepolitik heescht deemno och e kritescht Iwwerkucke vu Finanzleeschtungen, fir eis Moyene verstäerkt um Niveau vun de Sachleeschtungen anzesetzen.

Déi drëtt a lescht Zukunftschance, op déi ech wëll agoen, ass de Logement. Mir stinn hei vläicht virun deem gréisste Versoe vun der Politik an deem leschte Jorzéngt. D'Präisser vun de Bauterrainen an de Käschtepunkt fir Wunnraum hunn d'Entwécklung vu Lëtzebuerg an deene leschte Jore behënnert. Dëst gëllt souwuel fir d'Entreprisen, déi et ëmmer méi schwéier hunn, Terrain a Bürosfläch fir räsonabel Präisser ze fannen, mä virun allem awer och fir d'Privatstéit. Mir sinn deene jonke Leit a Familljen et schëlleg, schnell Remedur ze schafen, fir dass si sech hir eege véier Wänn kënne leeschten.

Verschidden Acteuren hu kritiséiert, dass duerch d'Ofschafe vum vergënschtegten TVA-Saz op Zweetwunnengen Investitiounen um Wunnengsmarché ofgebremst wäerte ginn a Loyerspräisser riskéieren eropzegoen. Ech muss awer de Constat maachen, dass ëmgedréit dës Steiererliichterungen net zu engem Ofbremse bei de Locatiounspräisser gefouert hunn. Mir mussen éierlech sinn: Den Amortissement fir a Wunnengen zu Lëtzebuerg ze investéieren ass immens favorabel, soudass eng Investitioun an de Stee sech zu Lëtzebuerg ëmmer nach wäert lounen.

Meng Fraktioun ass iwwerzeegt, dass dës Mesure vun der niddreger TVA fir Zweetwunnengen d'Situatioun um Wunnengsmarché net verbessert huet. Mir stinn och virum Constat, dass all déi staatlech Subventiounen an der Logementspolitik net de gewënschten Effet erreecht hunn an d'Präisspiral sech ëmmer weider no uewe gedréit huet.

D'Politik muss also nei Weeër aschloen. Mat deem iwwerschaffte Plan sectoriel «Logement», deen am Mee presentéiert wäert ginn, gëtt hei den Ufank gemaach. Eis Bevëlkerung wiisst, a si wiisst rasant: Ongeféier 550.000 Leit wunne fir de Moment am Grand-Duché, an et kommen der all Dag derbäi. Et gëtt kee Wee derlaanscht: Mir mussen d'Offer un Terrainen a Wunnenge vergréisseren, well nëmmen esou kann een e Ventil opdréien, fir bei de Präisser e bëssen Drock ofzebauen.

Une voix.- Dat ass richteg.

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- Mir ënnerstëtzen d'Regierung op hirem Wee, dass sougenannten „Baulandverträg" an Zukunft sollen derzou bäidroen, dass op engem als Bauterrain ëmklasséierten Terrain och wierklech gebaut gëtt an dësen net fir Spekulatiounszwecker zréckbehale gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- De Stat selwer wäert awer och säint dozou bäidroen, fir d'Wunnengsnout an de Grëff ze kréien, andeems e kuckt, wéi en déi Baulückenterrainen, iwwert déi e verfüügt, sënnvoll ka fir de Wunnengsbau fräiginn.

Une voix.- Très bien!

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- Ech sinn zouversiichtlech, dass all déi Mesuren, déi ech opgezielt hunn, wäerten hëllefen, d'Präisser am Logement ze stabiliséieren an dass eng Léisung vun der Wunnengsnout en zentraalt Element ass, fir deene jonke Generatiounen en zolitte Start an d'Eegestännegkeet ze erméiglechen.

Dëst waren déi dräi Zukunftschancen, déi ech erausgepickt hunn aus deenen zéng. Net, well déi aner manner wichteg sinn, mä well ech mengen, dass déi dräi Punkten entscheedend Piliere fir e Lëtzebuerg vu muer erëmspigelen.

Eng staark Finanz- a Wirtschaftsplaz, déi Aarbechtsplaze schaaft an de Wuelstand vu Lëtzebuerg séchert, e staarkt a qualitativt Encadrement vun eise Kanner, dat sécherstellt, dass jiddwer Kand déiselwecht Startchancen an d'Liewen huet, eng Logementssituatioun, déi et deene jonken Erwuessenen erlaabt, sech op hir eege Féiss ze stellen an hiert Liewen no hire Virstellungen ze gestalten, dës grouss Erausfuerderunge verlaangen et, dass mir virgetrëppelt Weeër, déi an d'Sakgaass gefouert hunn, verloossen an nei Weeër opmaachen! Weeër, déi déi nei Regierung schonns zum Deel an deene leschte Méint opgezeechent huet a wou ech zouversiichtlech sinn, dass nach vill weider Piste wäerten nokommen.

Et kann awer net d'Politik eleng sinn, déi dës nei Weeër betrëtt. Mir musse si zesumme mat eise Bierger goen. Och d'Relance vum Dialog tëschent de Sozialpartner ass e wichtegt Element, fir dës Diskussioun ze féieren. Ech sinn iwwerzeegt, dass opgrond vun den Erausfuerderunge kee vun de Partner sech et dierf erlaben, esou en Dialog ouni Konklusiounen ofzebriechen. Dëst setzt viraus, dass festgefruere Positioune mussen opgedeet ginn an dass ee sech openeen zoubeweegt.

Une voix.- Très bien!

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- D'Politik, d'Bierger, d'Zivilgesellschaft an d'Sozialpartner, mir all droen eng gemeinsam Verantwortung fir d'Zukunft vun dësem Land. Et bleift mir deemno nëmmen den Appell, et zesummen unzegoen!

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Elvinger. Als nächste Riedner huet d'Wuert den Här Alex Bodry vun der LSAP. Här Bodry wann ech gelift.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt de Merci vun eiser Fraktioun un de Rapporteur vun dësem Budget, den Här Berger, deen ënner méi Zäitdrock, wéi dat normalerweis de Fall ass, et fäerdegbruecht huet, e kompletten an interessante Rapport hei ze maachen. Een, dee selwer zweemol scho Budgetsrapporteur war a senger Carrière hei an der Chamber, weess, mat wéi vill net ëmmer unerkannter Aarbecht esou e Rapport effektiv ze dinn huet. De Fait, dass sech eng Partie Riedner bis elo och op Deeler vun deem Rapport hei bezunn hunn, weist, dass et e gudde Rapport ass.

Budget 2014, jo, et ass elo an Zäit vun e puer Méint eigentlech fir déi zweete Kéier, dass mer iwwert dat Budgetsjoer 2014 hei diskutéieren. No der Diskussioun an dem Vote, déi mer hei am Dezember d'lescht Joer hate fir de Budget fir déi éischt véier Méint, geet et dann elo iwwert déi gesamt Period vun 2014.

An effektiv ass dee Budget, dat soen all d'Commentateuren, e Budget charnière, en Iwwergangsbudget vun enger politescher Mandatsperiod an déi aner, en Iwwergangsbudget vun zwou Wirtschaftsperioden - hoffe mer zumindest: vun enger Period, déi gezeechent war vun enger ganz staarker weltwäiter Kris, Eurokris, déi hir Répercussioune besonnesch och am Finanzland Lëtzebuerg natierlech hat, an, wéi sech dach awer ofzeechent, an do deckt sech awer déi grouss Aschätzung, déi hei zu Lëtzebuerg gemaach gëtt, mat där Aschätzung, déi och international Organisme fir de Moment maachen, vun enger Period dach erëm weltwäit och vu wirtschaftlechem Opschwong.

Et wäert sech erausstellen an deenen nächste Joren, ob dat hei och e Budget wäert sinn, deen eng nei Zort vu Budget wäert alaude fir d'Zukunft, also dee leschte Budget wäert sinn eigentlech, deen op eng méi klassesch, traditionell Aart a Weis opgestallt ginn ass an organiséiert ass an also de Wee weist fir Neierungen, déi sech op deem dote Plang maachen.

Dat wär op jidde Fall och dat, wat mir als LSAP géife wënschen, wat mer net midd gi sinn ze froen, am Dezember 2005 iwwert de Roger Negri, Budgetsrapporteur sengerzäit, woumat och all Mënsch natierlech d'accord war. A wéi gesot, 2005, dat si bal néng Joer hier par rapport zu haut. Ech weess, dass mer jo anscheinend d'Land vun de klengen Distanze sinn, mä op jidde Fall vun de ganz laange politeschen Décisiounen!

A well sech net vill gedoen huet, obwuel mer an der Regierung waren, ass den Här Negri dohinnergaangen an huet eng zweet Etapp gemaach: En huet eng Proposition de loi gemaach. Dat huet en awer gemaach, well sech näischt gedoen huet op der Regierungsbänk, well d'Begeeschterung, fir op en neie Wee ze goen an der Budgetspolitik, net do war.

An do ass dann dat gemaach ginn, wat oft gemaach gëtt: Mir hunn dann nach, nodeem mer fënnef Joer gewaart hunn, emol eng Etüd an Optrag ginn. An déi läit elo dann iwwer ee Joer vir. An ech denken, dass déi Etüd zesumme mat der Proposition de loi vum Här Negri dann och wäert vun dëser Regierung opgegraff ginn an datt probéiert wäert ginn, do Neel mat Käpp ze maachen. Och wann de Finanzminister ganz richteg drop opmierksam gemaach huet, dass d'Mise en musique vun neie Regelen net vun haut op muer ka geschéien, mä eréischt iwwer e laange Prozess kann etappeweis gemaach ginn. Do soll een och, mengen ech, d'Erwaardunge vun haut op muer net ze héich schrauwen an de Bléck fir d'Realitéit, och opgrond vun deenen auslännesche Beispiller, behalen.

Ech si frou, dass den éischte Spriecher vun der CSV - et wäerten der jo nach eng ganz Partie nokommen, et ass esou richteg esou e Kléiblat vun CSV-Politiker, déi haut wäerten d'Wuert ergräifen an der Nofolleg oder an der Absenz, ech weess net wéi, vum Här Juncker -, dass e sech hei vill méi nuancéiert ausgedréckt huet, wéi dat bis elo an éischte Reaktiounen an Interviewen emol ze liese war, vun him selwer an nach vun anere Leit, par rapport zum Dépôt vun dësem Budgetsprojet. Do hätt ee gemengt: alles falsch!

Nun ass awer - dat gefält vläicht deene Leit net esou, déi elo an der Regierung sinn a virdrun an der Oppositioun waren -, dat gesinn ech awer zumindest, dee Budget hei, den 2014er Budget, wat en Iwwergangsbudget ass, awer a ganz villem an der Kontinuitéit vun deem, wat d'Budgetspolitik vun deene leschte Jore war.

Déi Budgetspolitik, déi kann ee kritiséieren op deem engen oder anere Punkt, mä wat ech awer och net wëll hei mat deelen, dat ass déi pauschal negativ Duerstellung, déi gemaach ginn ass vun där Budgetspolitik, déi vun 2009 bis 2013 gemaach ginn ass vun der viregter Regierung a vun der viregter Koalitioun.

(Interruption)

Ech wëll drun erënneren, dass mer a villem e Konsensus haten an dass déi Budgetspolitik, déi do gemaach ginn ass an deene leschte Joren, dat reflétéiert an dass dëse Budget dat eigentlech och weider mécht.

Mir haten e Konsensus, net onbedéngt Eestëmmegkeet, mä e breede Konsensus, éischtens, dass mer an der akuter Kris géifen eng antizyklesch Politik maachen.

Et war e Konsens hei am Haus 2009 an 2010, an deemools ware keng aner Stëmmen hei, besonnesch 2009 net virun de Wahlen, fir ze soen: Et ass elo net de Moment, fir mam Routstëft duerch d'Ausgabe vun deem Budget ze fueren, mä et geet éischter drëm, elo an enger schwiereger Zäit - an ech däerf drun erënneren, dass mer awer hei e Réckgang vu 5% vun eisem PIB haten, ee vun de gréisste Réckgäng a ganz Europa! -, et ass drëm gaangen, fir dat emol - an dat hu souguer d'Wirtschaftskreesser sengerzäit als richteg emfonnt, haut wëlle se wahrscheinlech och dovunner näischt méi wëssen! -, fir dat emol effektiv ze kucken, emol ze stabiliséieren, Vertrauen hierzestellen an net duerch zousätzlech Couppen an den Ausgabe vum Stat noutgedrongenerweis dat Ganzt nach ze verschlëmmeren.

Dat huet gegollt 2009, 2010 an duerno natierlech war d'Prioritéit, fir eng Konsolidéierungspolitik vum Budget ze maachen.

Mir waren eis och eens, dass mer ni däerften an déi Situatioun kommen, dass mer d'Fonctionnementskäschte vum Stat missten iwwer Emprunte finanzéieren. Et ka Sënn maachen, souguer an Zäite vun Héichkonjunktur, en Deel vun den Investitiounsausgaben - déi gréisser Projeten - op eng Generatioun ze verdeelen, also och do op Emprunten zréckzegräifen, mä et däerf ni dozou kommen, dass déi normal Fonctionnementskäschte vum Stat iwwer Emprunte misste géigefinanzéiert ginn.

Mir waren eis och ëmmer eens, dass mer d'Statsinvestitiounsquot sollten op engem héijen Niveau halen. Mir waren eis eens, dass mer d'Neiverschëldung sollte strikt begrenzen. A mir waren eis och eens mam mëttelfristegen Zil, wat europäesch Ziler sinn, wou mer eis haut guer net méi kënnen entzéien, dat ass fir Lëtzebuerg - bis op Weideres, mä all dräi Joer gëtt eng Revisioun vun deem „mid-term objective" gemaach - plus 0,5% am strukturelle Saldo vun dem ëffentleche Budget, Statsbudget plus Sécurité sociale plus Gemengesecteur. Dat ass Konsens, an ech denken, dass dat haut eigentlech nach ëmmer Konsens ass, wa mer eis elo an Zukunft e Projet zéien.

An ech mengen, dat musse mer awer och bei där heiter Diskussioun maachen! An dat huet mech e bëssen enttäuscht bei den Interventioune bis elo - mä dat ka sech jo nach ännere bei deenen aneren Interventiounen -, et ass esou e bëssen déi Vergaangenheetsbewältegung, an där mer elo dra sinn haut de Moien, an d'Noutwendegkeet, no vir ze kucken, d'Noutwendegkeet, ze kucken, wéi et weidergeet...

Une voix.- Genau!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- D'Noutwendegkeet, och emol ze kucken: Wat steet an deem Budget 2014 dran?

Wat mech ëmmer erëm frappéiert, ass, dass mer bal all Kommentare fixéieren op déi 230 Milliounen Aspuerungen, déi d'Regierung hei affichéiert huet an deem heite Budget, an dass mer iwwert déi 14 Milliarden, de Rescht, déi 14 Milliarden, wat am Budget steet - mir schwätzen also iwwert dat, wat net am Budget steet -, dass mer ganz wéineg eigentlech eis domadder auserneesetzen, och wann dat eng Weiderféierung ass vun Engagementer, déi mer hunn.

Mä de Fait, dass mer hei zu Lëtzebuerg op deem héijen Niveau nach kënnen déi Investissementer tätegen, dass mer déi dote Qualitéitsservicer am ëffentleche Beräich kënne weider behalen, dat ass awer eng ganz wichteg Fro, mat all deene ville Gelder, déi och a kruzial Zukunftssecteuren investéiert ginn an deem heite Budget. An dat ass fir eis immens wichteg. Dat däerfe mer, bei aller Freed, bei aller Kompetitiioun a Froe vu Spueren a Budgetséquiliber net aus den Ae verléieren. Dat Inhaltlecht, wat an deem heite Budget dran ass, dat däerfe mer och an deenen nächste Joren net vergiessen, wa mer iwwert den 2015er Budget schwätzen an déi Joren, déi duerno kommen.

Dëse Budget beinhalt, dat ass wouer, e Konsolidéierungspak. Et ass eigentlech deen drëtten, wann ech dat an där Zäit post 2008/2009 kucken. En ass méi kleng wéi déi aner, mä méi schwéier ze maache gewiescht wéi déi aner. A virun allem awer, an dat kann ech dëser Koalitioun an dëser Regierung zeguttschreiwen, ass et e Konsolidéierungspak, deen déi viregt Regierung a Koalitioun net virgesinn hat.

Et war ënnert der viregter Koalitioun, dat ass nozeliesen, am 14. Aktualiséierungstext vum Programme de stabilité et de croissance war net méi virgesinn, 2014 e Konsolidéierungspak ze maachen. Deen ass net dran opgefouert. Dee gëtt eréischt fir 2015 an Aussiicht gestallt vun der vergaangener Regierung.

Dës Koalitioun geet méi wäit, wéi déi viregt Koalitioun wollt a konnt goen. An ech mengen, et ass och richteg, dass se et gemaach huet. Obwuel ech elo feststellen, dass praktesch all Moossnam, déi d'Regierung mécht, fir den Équiliber vum Budget ze konsolidéieren, fir eis och e bësse Wach ze schafen, och fir déi nächst Joren, well do sinn och strukturell Elementer an deem Spuerpak hei mat dran, dass alles dat zerpléckt gëtt, zerriet gëtt: Deem enge geet et ze wäit, deem anere geet et net wäit genuch. Deen ee seet: „Net esou!" - et ass ëmmer einfach, sech op d'Form ze konzentréieren, well een um Fong net wëllt Stellung bezéien -, an deen anere seet: „Ah, net elo, eng aner Kéier!"

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Bon, wann dat esou weidergeet, da kréie mer, soen ech Iech awer, d'nächst Joer oder um Enn vum Joer hei spannend Diskussiounen iwwert den 2015er Budget!

An ech muss éierlech soen, ech ka mech nëmme wonneren, wéi schnell enger CSV op eemol d'Iddien ausginn. Ech hätt mer haut erwaart, mä dat kënnt nach alles vläicht haut de Mëtten, ech hätt mer haut erwaart, hei géifen Alternativen op den Dësch kommen.

(Interruption)

Wann een all d'Moossnamen eenzel zerpléckt, wann een all Moossnam, déi dran ass, eenzel zerpléckt...

(Brouhaha général)

Wann een all...

Jo, Dir jäizt, Här Gibéryen. Da kann ech mer virstellen, wat den Inhalt vun Ärer Ried wäert sinn!

(Hilarité générale et interruptions)

Do wäert selbstverständlech och keng nei Iddi dra sinn. Dir wäert selbstverständlech... Et ass natierlech esou einfach, mä net verantwortungsvoll, dat ze maachen! Et ass esou einfach, sech op alles ze..., d'Kritik ze focaliséieren op déi Ännerungen, déi dra sinn, dann awer näischt ze soen, wat dann anescht gemaach gi wär.

Wéi hätt dee Budget..., an elo erwaarden ech mer natierlech, dass do eng ganz Rëtsch vun Amendementen hei komme vun der Oppositioun, déi de Budget...

(Interruption)

Jo, d'CSV huet jo scho gesot, si wäert e mat Sécherheet esou net stëmmen, well en anscheinend esou schrecklech ass. Wat hätte si anescht gemaach? Wat wär inhaltlech an deem Dokument, wat hei zur Ofstëmmung steet, wat wär anescht gewiescht? Hätte si méi gespuert? Hätte se manner gespuert? Hätte se anzwousch anescht gespuert? Hätte se méi Ausgabe gemaach op eenzelne Plazen? Manner Ausgaben op anere Plazen?

Dofir ass jo eigentlech eng Budgetsdiskussioun do! An déi wäerte mer, wa mer se haut net féieren, soen ech Iech awer, déi wäerte mer intensiivst gemeinsam féieren, wann et am Dezember drëm geet, de Budget fir 2015 ze maachen.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Well do geet et net méi esou einfach wéi elo. Do muss jiddwereen d'Box erofloossen, fir dat emol ganz salopp auszedrécken.

(Brouhaha)

Do muss jiddweree soen... Dat ass net ëmmer e schéinen Ubléck, wahrscheinlech.

(Hilarité générale)

Mä dofir hu mer jo e Riednerpult hei an der Chamber.

(Hilarité)

Une voix.- Et ass héich genuch.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Wat wichteg ass, mengen ech, an ech wär frou, wa mer dat stupid Spill, wat zënter Jorzéngten hei net anescht fonctionnéiert, ugesiichts vun där Herkulesaarbecht, an ech hoffen, dass et keng Sisyphusaarbecht gëtt, déi eis bevirsteet, wat déi Konsolidéierung, fest Konsolidéierung mëttelfristeg vun eisem Budgetséquiliber ugeet, dass et dann net geet, da seet déi eng, déi hunn d'Verantwortung, déi solle proposéieren, a mir zerrieden, zerklengeren alles, wat dann esou vu Propose kënnt, bal den Daum erof a meeschtens den Daum ganz kloer no ënnen.

Ech géif mir wënschen, dass mer hei e Concours vun de gudden Iddien hätten an dësem Parlament. Et ass elo fir déi Diskussioun, dee schwierege Budget 2015, dat gëtt dee schwieregste vun där ganzer Period hei, dass jiddweree weess, firwat. An do ka sech, wéinst der Vergaangenheet, och keen aus der Verantwortung hei erausstielen. Well gewosst war, an och déi Zuelen, déi déi lescht Regierung op Bréissel weiderginn huet, déi beweisen dat, a si seet et souguer an hirem Text: Déi nächst Regierung muss do e groussen Effort maachen!

An déi viregt Regierung war souguer nach méi ambitiéis. Si huet gesot, 2016, spéitstens 2017 musse mer bei plus 0,5% am strukturelle Saldo vun den ëffentleche Finanze sinn. Dës Regierung seet, well se, mengen ech, méi realistesch ass, si seet: Dat do probéiere mer ze erreechen um Enn vun dëser Period, Enn 2018.

A well dat doten esou laang gewosst ass, ka kee soen, e wéisst et net, a ka kee soen, e bräicht keng Virschléi hei ze maachen, wéi hie sech et virstellt, wéi dee Budget 2015 oder déi Budgeten duerno ausgesi sollen, fir effektiv dat Lach opgefëllt ze kréien, wat entsteet duerch deen dramateschen Abroch, dee wäert kommen ab dem nächste Joer a méi staark nach déi Joren drop, wat d'Einnahme vun der TVA beim E-Commerce ugeet.

An da geet et net duer, ze soen: net esou, net haut, ze vill, ze mann! Da muss ee soen, wat een alternativ proposéiert, fir dat doten Zil ze erreechen. Well iwwert d'Zil si mer eis alleguerten eens. Da muss jiddweree säi Wee hei deklinéieren an da sollen déi beschten Iddie sech duerchsetzen.

An da soll och, dat soen ech un d'Regierungskoalitioun, kee sech verschléissen, wa gutt Iddien - dat kann emol virkommen! - vun anere kommen, fir déi och matzehuelen, opzehuelen an ze integréieren an e gemeinsamt Konzept, wéi mer dat dote schëlleren an deenen nächste Joren. Dat ass déi Diskussioun, déi mer haut sécherlech net kréien, do maachen ech mer keng Illusiounen, mä déi wäerte mer musse kréien.

Et sinn och emol Zäite ginn, wou d'Oppositiounsparteien alternativ Budgeten ausgeschafft hunn. Alles dat ass et ginn. Dat ass vläicht eng Pist, déi kann dann och an Zukunft vun aneren exploitéiert ginn. Mä ech mengen, et ass op deem dote Punkt, wou mer déi demokratesch Konfrontatioun, am gudde Sënn vum Wuert, brauchen an deenen nächste Méint, fir fir dëst Land de beschte Wee ze fannen, wéi mer déi doten Erausfuerderunge packen.

Mir wëssen alleguerten, et ass de Fait, dass dës Regierung kann en Initialbudget - oder eppes Ähnleches, mir sinn zwar elo schonn am Abrëll ukomm - presentéieren 2014, dee vu vireran eigentlech total konform ass zu den europäesche Regelen, wou mer d'Ennzil eigentlech, dat mëttelfristegt Ennzil schonn erreecht hunn, mindestens 0,5% am Positive leien, wat den ëffentleche Budget ugeet - da soll ee sech doriwwer freeën! Ech weess, dass dat ëmmer eng Ausso war vu fréiere Finanzministeren, déi ëmmer gesot hunn, dass se et net kéinte verstoen, dass eigentlech, wann een esou Zuele géif presentéieren, dann erëmgemäkelt géif ginn un eenzelne Punkten an deem Budget.

Fir d'Éischt, mengen ech, solle mer alleguerten zefridde sinn, dass dat dote méiglech ass. Dat ass e Resultat, wat sech zum Deel ergëtt duerch déi besser wirtschaftlech Entwécklung, och déi besser, kuerzfristeg zumindest, Prognosen, wat déi wirtschaftlech Entwécklung, och hei zu Lëtzebuerg, ugeet, mat hire Répercussiounen natierlech och besonnesch op der Säit vun den Einnahme beim Stat. Mä dat ass awer och d'Resultat vu sukzessive politesche Weichestellungen, déi an deene leschte Jore gemaach gi sinn a wou dës Regierung mat dësem Budget eng zousätzlech Weichestellung an déi dote Richtung mécht.

Remarquabel bleift et - remarquabel bleift et! -, dass mer hei e Budgetsprojet virleien hunn, deen nëmmen eng Ausgabesteigerung virgesäit vun 3,5%, bei Einnahmen, déi iwwer 5% an d'Luucht ginn. An effektiv ass dat déi éischte Kéier, wou esou e Budget ka presentéiert ginn. Dat och, obwuel se vu ville Säite gedrängt ginn ass, och vun der Oppositioun gedrängt ginn ass, fir wa méiglech nach nei Dépensen anzeschreiwen. Et gëtt jo da gesot: Ma Dir hutt dat jo versprach! Firwat maacht Der dat dann net? Dës Regierung huet deem Drock standgehalen. Wat an der Vergaangenheet vläicht net ëmmer esou de Fall war bei aneren Dossieren.

Si huet deem Drock hei standgehalen a si huet gesot: Neen, mir maachen dat doten net. Mir konzentréieren eis scho bei dësem éischte Budget net drop, fir mordicus elo nei Initiativen ze lancéieren, mä fir emol d'Viraussetzungen ze schafen, dass déi richteg Décisiounen an deenen nächste Jore geholl ginn. Mir konzentréieren eis drop, fir wierklech déi Konsolidéierung vum Budget ze maachen an domadder - dorëms geet et eigentlech - méiglechst mann mussen zousätzlech léinen ze goen - et wäert nach weider musse geléint ginn déi nächst Joren -, mä eben dat manner ze maachen, wéi dat de Fall gewiescht wär, wann näischt geschitt wär. A mir konzentréieren eis dorop, op deen dote Punkt.

Et ass och deen éischte Budget vun de leschte Perioden, wou dës Kéier keng Steiererhéijung virgesinn ass. Et muss ee jo soen, dass et sech effektiv an deene leschte Joren, besonnesch wat dee strukturelle Volet vun de Spuermoossnamen ugeet, bal ausschliisslech um Niveau vun den Einnahme beweegt huet, wann een ofgesäit vun enger Rei vun Investitiounsprojeten, déi definitiv fale gelooss goufen.

Mä och do wëll ech awer soen, wann een dat elo haut kritiséiert, wat dës Regierung mécht, ech wëll net esou grausam sinn, dann awer zréckkucken ze goen. An do hu mer eng ganz flott Note nach kritt, ech hat se gefrot, vun der Finanzinspektioun iwwert d'Aschätzung vum leschte Spuerpak vun der viregter Regierung - e grousse Spuerpak; et ass dee gréisste Spuerpak, deen iwwerhaapt gemaach ginn ass.

Herno - wann een dat elo kuckt, de Bilan zitt vun deem Spuerpak vun 2013 - stellt ee fest, dass bäi Wäitem de Gros vum Spuere gemaach ginn ass op den Investissementer. An do mécht net de Gros d'Sträiche vu Projeten aus, mä de Gros vun deem maachen d'Reporte vu Projeten aus. Dat, wat och an dëser Regierung geschitt ass. Also ass dat, wat elo haut kritiséiert ginn ass, eigentlech och net fundamental verschidde vun deem, wat an deene leschte Jore gemaach ginn ass.

Méi krass ass et eigentlech nach, wann een elo déi Kritik lancéiert vu spueren an de Fonctionnementskäschten. Wou kënnt dat eigentlech hier? Ech muss soen, dass hei d'Regierung - an dofir huet et esou wéi gedoen, an dofir kommen d'Reaktiounen natierlech och - et net gemaach huet wéi déi viregt Regierung bei deem leschte Spuerpak. Beim éischte Spuerpak hat se et och anescht gemaach, do ass d'Spueren effektiv gerechent ginn op de gestëmmte Budget vum Joer virdrun.

Mä am leschte Spuerpak, do huet de Finanzminister eng Rechnung virgeluecht, wou en dovunner ausgeet, dass déi Fonctionnementskäschten ëm 6% géifen an d'Luucht goen. An en huet et fäerdegbruecht schlussendlech, eng Méiausgab vun 20 Milliounen als eng Ekonomie vu 35 Milliounen duerzestellen. Also, der Konscht vun de Budgetsministeren si praktesch an dësem Land, gesinn ech, keng Grenze gesat, wann ee kuckt, wat an der Vergaangenheet geschitt ass. Dofir sollt een, mengen ech, e bësse méi indulgent si vu gewëssene Säiten, wat elo d'Beuerteelung vun der Aarbecht vun dëser Regierung ugeet.

Op jidde Fall, déi nei Koalitioun beweist, dass och si kann e Budget opstellen, dass och si kann eng verantwortlech Budgetspolitik maachen. An dofir ass och, mengen ech, d'Zefriddenheet, dass dat, och wat de Statsdefizit ugeet, wat nach ëmmer de wonne Punkt bleift an eisem ganze System, dass dat, och wat de Statsdefizit ugeet, dës Kéier dee Budget ass, deen dee geréngste Statsdefizit opweist par rapport zu all deenen, déi an deene leschte Jore presentéiert gi sinn.

A wann een d'Entwécklung kuckt an der Inflatioun: Wahrscheinlech gëtt déi Indextranche net den 1. Oktober ausbezuelt, mä wahrscheinlech zwee Méint, vläicht souguer dräi Méint méi spéit. Wann een dat eleng berücksichtegt, da wäert et sech wahrscheinlech och, wat de Gesamtéquiliber vum Budget ugeet, éischter nach an der Exekutioun - wann déi néideg Disziplin do ass, an dorunner zweifelen ech net - zum Gudden hi verbesseren, wéi dass sech d'Bild wäert am Laf vum Joer - ausser et brécht eppes vu baussen eran, wat mer net wëssen - verschlechteren.

Ech fannen, wat och wichteg ass, ass déi Transparenz, wat d'Opstellung vun den Eckdate vum Budget ugeet. Dat ass eppes, wat eis zum Deel vun Europa imposéiert gëtt, wou mer scho laang driwwer diskutéiert hunn, wou mer laang, jorelaang hei Diskussiounen, och an de Finanzkommissiounen, haten: Brénge mer et dann net fäerdeg, all déi Leit, déi d'Donnéeën hunn, wat déi wirtschaftlech an d'Finanzentwécklung ugeet, beieneenzebréngen, fir dass se gemeinsam kënne Prognose maachen! Wéi vill Joren hu mer doriwwer diskutéiert!

Et ass zum Schluss vun der leschter Period dann en informelle Comité de prévision an d'Liewe geruff ginn, deen, eng Zäitchen zumindest, nach am stillen Kämmerlein geschafft huet. An elo, voll Transparenz: d'Publikatioun vun deenen Eckdaten, déi déngen, fir dee ganze Budget eigentlech opzestellen.

Och do hunn ech e bësse meng Bedenken, wann ech den Här Wiseler héieren hu virdrun, wou en dann all déi Prognosen eigentlech soft kritiséiert huet, als räichlech optimistesch duergestallt huet - ech deele souguer seng Aschätzung! -, mä ëmmer mat deem Ënnertoun, wéi wann d'Regierung eppes domadder ze dinn hätt! Dat gefält mer net.

Well den Här Wiseler weess, wann dat do sollt seng béis Absicht gewiescht sinn, dass deem net esou ass! Den Här Wiseler weess, dass dat hei e Gremium ass, zesummegesat aus héije Statsbeamten, déi vu sech aus déi dote Prognose gemaach hunn, déi ënner sech dat diskutéiert hunn a se esou der Regierung an der Chamber och virgeluecht hunn.

D'Regierung, mengen ech, däerf keen Afloss huelen - däerf keen Afloss huelen! - op déi dote Chifferen. An dat gëtt elo formaliséiert duerch dat neit Gesetz, duerch déi nei europäesch Bestëmmungen, déi mer wäerten ëmsetzen a wou jo och d'Regierung virgesinn huet, aus deem Comité de prévision eng offiziell Institutioun ze maachen, déi dann deementspriechend fonctionnéiert.

Also fir dat nach eng Kéier just kloerzestellen...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Neen, ech wollt just soen, datt ech keng béis Absichten hat, datt ech déi Ziffere just benotzt hunn, fir d'Konsequenzen ze beweisen, déi am Fong déi budgetär Perspektiven hunn op d'Evolutioun vun eisem Land. Dofir sinn déi Chifferen d'ailleurs do. An ech hu se dofir gebraucht. Ouni béis Absicht, wëll ech Iech just soen. Heiansdo hunn ech der, mä ënnerstellt mer se net, wann ech se net hunn!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Aha, elo wësse mer, dass Der heiansdo béis Absichten hutt!

(Hilarité)

Dat ass gutt fir de Protokoll hei vun der Chamber.

D'viregt Regierung huet et net anescht gemaach. D'viregt Regierung huet allerdéngs, wéi nach dat do net formaliséiert war, heiansdo aner Eckdaten zréckbehale wéi déi, déi de Statec sengerzäit proposéiert huet. Dat ass emol an der Vergaangenheet esou gaangen. Dat konnt emol eng Kéier an déi eng Richtung goen oder an déi aner Richtung goen. Ech mengen, et ass scho gutt awer, dass een eng neutral Instanz huet, déi onofhängeg ass an déi doten Date liwwert. Mä dat wëllt awer net heeschen, dass déi Date richteg sinn!

Doriwwer musse mir eis eens sinn, an ech mengen, méi nach eigentlech d'ëffentlech Meenung muss sech eens sinn, dass dat ëmmer nëmmen eng Momentopnahm ass mat deem Wëssen, wat een haut huet. An dat Wëssen, dat entwéckelt sech natierlech an deenen nächste Méint, an dofir musse jo och ëmmer Upassunge gemaach ginn. An dofir akzeptéiert jo och Bréissel parfaitement, dass all Joers a souguer am Laf vum Joer nei Daten eigentlech geliwwert ginn an doropshin dann och eng Upassung gemaach gëtt vun der Finanzpolitik a vun de Prognosen, wat d'Entwécklung an deenen nächste Joren ugeet.

Et bleift positiv, dass een elo haut kann dovunner ausgoen, dass mer wäerten e Wirtschaftswuesstum kréie vun 3%, souguer iwwer 3% an deenen nächste Joren. Wat och wichteg ass, dat hänkt domadder zesummen - et kann een ëmmer dat negativ gesinn, dass den Emploi an d'Luucht geet an d'Répercussiounen op d'Landesplanung a wat och ëmmer -, mä positiv, nieft der Speisung vu gewësse Sozialkeesen, ass natierlech, dass mer domadder awer och wëssen, dat ass eng Donnée, déi konstant ass zu Lëtzebuerg: Wa mir e Wirtschaftswuesstum vun 3% a méi hunn, geet d'Aarbechtslosegkeet zréck.

An ewell geet och de Comité de prévision dovunner aus, dass, wann déi Entwécklung esou kënnt, wéi gesot ginn ass, dann d'nächst Joer eng Stabiliséierung op héijem Niveau - ganz kloer - vun der Aarbechtslosegkeet wäert kommen, an duerno misst dann d'Aarbechtslosegkeet erstmaleg zënter laangen, laange Joren hei zu Lëtzebuerg erëm eng Kéier zréckgoen.

D'Fro ass - an déi ass kontrovers diskutéiert, och, wa mer eis ëmmer selwer anhämmeren, mir hu strukturell Problemer -, dat do ass mat dem konjunkturellen Ëmfeld net alles ze erklären a mir hu strukturell en Defizit an eisem Budget, och bei héije Wuesstumsraten! Dat gëtt contestéiert. Et brauch een nëmmen d'Avisen ze liesen, engersäits d'Patronatsavisen, déi vläicht weiderhin d'Tendenz hunn, alles ze dramatiséieren, an mir hunn d'Salariatschamberen, ob dat elo d'Chambre des Salariés ass oder ob dat d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass, déi déi doten Thees eigentlech net deelen, woubäi d'Chambre des Fonctionnaires eigentlech nach bal méi wäit geet a souguer mengt, mir hätte praktesch an deenen nächste puer Joren net mat gréisseren Aboussen an den TVA-Einnahmen ze rechnen, wat no Meenung vu ganz villen Experten eng farfelu Thees ass, déi amgaang ass do opgestallt ze ginn.

An ech fäerte ganz, dass mer, wa mer déi reell Zuelen elo d'nächst Joer kréien, dann och wäerten d'Bestätegung vun där gängeger Thees kréien an net vun där minoritärer Thees, déi am Avis och vun der Chambre des Fonctionnaires zu dësem Projet hei festgehale ginn ass.

Et muss ee sech bewosst sinn, dass déi optimistesch Zuelen optimistesch si par rapport zu deem, wat mer kannt hunn déi lescht Joren. Mä et kéint een och soen, an déi Thees gëtt et, dass se pessimistesch si par rapport zu deem, wat eigentlech an den 80er an an den 90er Joren d'Wuesstumsraten hei zu Lëtzebuerg waren, déi, dat muss een awer soen, gezu si gi praktesch ausschliisslech vun engem Wirtschaftssecteur: dem Finanzsecteur, dee gequollen ass an deenen dote Joren.

Eng total Boom-Situatioun eigentlech, vun där mer genau wëssen, dass den Ausbau vun deem dote Secteur sécherlech tempi passati sinn, dass sécherlech nach Deeler vun deem Secteur wäerte wuessen, wäerte musse wuessen, an déi erkläre jo och déi relativ positiv Prognose fir d'Zukunft, mä dass aner Deeler awer wäerte stagnéieren a wahrscheinlech souguer réckleefeg sinn an deenen nächste Joren.

Dofir ass eis Fraktioun der Meenung, opgrond vun deenen Donnéeën, déi mer haut virleien hunn, dass een net méi kann dovunner ausgoe sécherlech, dass mer an eng Situatioun wäerte kommen, dass mer esou en héije Wuesstum wäerten hunn an deenen nächste Joren, dass mer zum Beispill géifen dräimol méi staark wuesse wéi Däitschland, Däitschland, dat ugesinn gëtt als Lokomotiv vun den europäesche Staten. Well dat misst dee Wuesstum sinn, dee mer bräichten, fir dass praktesch automatesch eis Budgetsproblemer sech géife léisen. Et ass héchst onwahrscheinlech, dass mer dozou kommen.

Et ass och héchst onwahrscheinlech, dass mer an deenen nächste puer Joren erëm zu Aarbechtslosenzuele kommen, wéi mer se emol ufanks den 2000er Joren nach kannt hunn, fir net wäit mussen zréckzegoen. Dat géif praktesch méi wéi eng Halbéierung vun den Zuele vun den Aarbechtslosen hei zu Lëtzebuerg bedeiten. Soudass ee scho muss dovunner ausgoen - et wär alles méi einfach, wann et anescht wär! -, dass sech beschtefalls déi Prognose wäerte bewahrheiten, déi elo der Regierung gedéngt hunn, opgrond vun den Donnéeë vum Comité de prévision, fir déi heite Prognosen ze maachen. An doraus ergëtt sech weiderhin en décke budgetäre Problem fir déi nächst Joren, bei deem ee kann diskutéieren, wéi héich deen ass, mä dass en existéiert, ech mengen, iwwert déi Fro däerft hei eigentlech net méi diskutéiert ginn.

Ech deelen d'Usiicht vun deenen, déi soen, dass eigentlech dëst bessert wirtschaftlecht Ëmfeld a wahrscheinlech also eng gewëssen Décrispatioun awer och um Niveau vun der Aarbechtslosegkeet, dass dat eigentlech de gëeegente Moment ass - vläicht en historesche Moment ass! -, fir eng Rei vu Strukturreformen ze maachen.

Dobäi geet et net drëm, fir alles vun haut op muer ze zerschloen, wat iwwer Jorzéngte gewuess ass hei zu Lëtzebuerg, mä et geet drëm, hei mat klore Prioritéiten de Reformhiewel do unzesetzen, wou munches net esou fonctionnéiert, wéi et soll, fir méi Effizienz ze kréien a fir zum Deel och eng Réorientéierung vun eenzelnen Dépensë vun der ëffentlecher Hand ze kréien. Dat heescht fir munch Kreditter, dass se wäerten erofgoen, dat heescht awer och, dass aner Kreditter wäerte mussen eropgoen an deenen nächste Joren, well mer jo wëllen awer d'Zukunft vun dësem Land preparéieren an net einfach eng administrativ Gestioun vu Lëtzebuerg maachen.

Dofir brauche mer och eng nei Budgetsprozedur. Et ass gesot ginn. An ech sinn der Meenung, dass do d'Chamber emol bei sech sollt ufänken a sech vill méi staark an déi bestehend Budgetsprozedur abréngen.

Wéi vill Joren diskutéiere mer iwwert d'Änderunge vun eisem Chambersreglement, dass mer dat géifen upassen un de Semestre européen?

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wisou ass näischt geschitt? Abee, ech huelen hei en Engagement: Ech setze mech gär mat de Kolleegen zesummen, mir wäerten an deenen nächste Wochen, dans l'état actuel vun der Législatioun, zumindest probéieren, eis aktuell Budgetsprozedur, déi deelweis lettre morte bliwwen ass, unzepassen un den Échéancier, wéi en elo opgrond vum europäesche Kalenner sech ergëtt.

An dozou gehéiert och - ech weess, dass dat dës Kéier opgrond vu Kalennerfroe ganz schwiereg war, ech weess och, dass d'Regierungen ni ganz frou doriwwer sinn, mä et muss awer gemaach ginn, an d'CSV ass jo dann elo éischter op der Säit vum Parlament wéi op der Regierungssäit -, dass natierlech menger Usiicht no et wichteg ass, dat ass d'Meenung och vu menger Fraktioun, dass, wann iwwert de Pacte de stabilité et de croissance diskutéiert gëtt, wa mer déi Donnéeën op Bréissel schécken, dass dann eng Informatioun vun der Finanzkommissioun net duergeet, mä dass eigentlech muss eng ëffentlech Diskussioun och am Parlament gefouert ginn.

Mir wëssen, wéi d'Kalenneren dëst Joer waren, dat war ganz schwéier ze maachen, mä an Zukunft muss dat anescht goen. An dat sollte mer och an déi nei Budgetsprozedur vun eiser Chamber mat aschreiwen, fir dat och kloerzemaachen, datt, wéi an all anerer wichteger Etapp vum europäesche Prozess selbstverständlech och d'nationaalt Parlament - sief et iwwert d'Finanzkommissioun, sief et, wann et wichteg Froe sinn, iwwer eng ëffentlech Debatt hei an der Chamber - muss kënnen Afloss huelen op déi doten Décisiounen, déi geholl ginn.

D'Steierreform ass net fir muer. Och déi muss preparéiert ginn. Mä et ass evident an den Ae vun der LSAP-Fraktioun, dass een déi Efforte fir d'Konsolidéieren net ka lassgeléist gesi vun enger allgemenger Steierreform, déi néideg ass, well munches an deene leschten 20 Joer awer aus dem Rudder gelaf ass an einfach de Moment komm ass, fir eng Bestandsopnahm ze maachen an e Réajustement vun eisem Steiersystem virzehuelen an all senge Komponenten. Am Sënn selbstverständlech vu méi sozialer Gerechtegkeet, am Sënn och vun engem Équiliber, wat d'Besteierung vun dem Revenu, dem Kapital, dem Besëtz op där anerer Säit ugeet - alles dat muss, mengen ech, frësch gekuckt ginn!

Et ass och geschwat gi vun der Scholdefro. Dat hänkt natierlech direkt zesummen, well déi Efforten, déi mer bei der Budgetskonsolidéierung maachen, jo eigentlech awer och als eng vun den Haaptursaachen hunn, dass mer wëlle verhënneren, dass mer an eng Spiral vun ëmmer erëm neier Verschëldung erakommen, aus där mer ni méi wäerten als Land erauskommen.

Et ass keen Drama, wann een héich Investissementer huet an et wëllt een déi deelweis iwwer Emprunte finanzéieren. Mä et gëtt en Drama, an do ware mer no drun, wéi de Budget 2013 opgestallt ginn ass, an dofir d'Reaktioun och sengerzäit vun deenen zwou Regierungsfraktiounen, mir waren no drun, dass mer hätte misse praktesch esou vill Suen ophuelen, wéi déi deemoleg Regierung virgesinn hat, fir direkt an indirekt Investissementer ze maachen. Dat wollte mer sengerzäit net akzeptéieren, an ech mengen, och dës Koalitioun wäert esou eppes net akzeptéieren.

Dofir ass et, mengen ech, immens wichteg, do virzegoen, well mer och als klengt Land manner Spillraum hu wéi grouss Länner. Grouss Länner: Kuckt Frankräich, dat huet eng relativ héich Verschëldung, huet awer kee Problem, sech zu deeneselwechte Konditioune wéi mir eigentlech um internationale Finanzmaart réckzeversécheren.

Kleng Länner si vill méi vulnerabel, wa se eng Kéier do vum Wee vun der Dugend ofwäichen, dofir deele mer dat Zil, fir ze soen: Mir musse kloer ënnert där Marque vun den 30% - wat eng politesch Marque ass, méi net -, 30% vum PIB Gesamtverschëldung vum ëffentleche Secteur bleiwen.

Et ass geschwat gi vun deene 16 Milliarde Schold Enn 2016, woubäi een also och do awer muss éierlechkeetshalber soen, dass do awer nach ëmmer déi zwou Milliarde Schold derbäi sinn, déi de Lëtzebuerger Stat gemaach huet, fir déi Rettungsaktioun bei der Banque Générale kënnen ze finanzéieren. Wann d'Regierung eng Kéier mengt, de Moment wär komm, fir do deen Aktiepak erëm ze verkafen, da sinn natierlech och d'Suen do, fir déi dote Schold erëm eng Kéier zréckzebezuelen. Dat mécht awer ëmmerhi 4,5% vum PIB aus, soudass een awer déi Lektür also och do vun der Scholdesituatioun ëmmer mat där doter Nuance, mengen ech, muss weider gesinn.

Ech hunn et gesot: D'Debatt ass net eriwwer. Wat, mengen ech, awer wichteg ass, dat ass, dass och iwwert de Finanzminister - an dat ergëtt sech eigentlech aus den Zuelen, denken ech och - dat, wat d'Regierung wäert elo iwwert de Weekend op Bréissel weiderginn, wat déi 15. Aktualiséierung da vum Stabilitéitspakt ugeet, ass aus Siicht vun haut dat, wat ze stemmen ass, dat ass ronn eng Milliard Euro, wann ee festhält un deem mëttelfristegen Zil, fir eis Objektiver Enn 2018 ze erreechen, wat den ëffentleche Budget a säin Iwwerschoss ugeet.

Dat ass ze maachen, mä eng Milliard strukturell gëtt net einfach! All déi, déi bei viregte Spuerpäck derbäi waren - an an déi Freed kommen da vill anerer nach dës Kéier mat derbäi -, wäerte gesinn, dass dat awer méi einfach gesot wéi gemaach ass, fir dat och richteg ze maachen, richteg déi Mëschung ze maachen och an deem Konsolidéierungseffort tëschent op där enger Säit der Einnahmesäit an op där anerer Säit der Ausgabesäit.

Mir hunn eis ëmmer als LSAP ausgeschwat fir en „policy mix". Mir musse souwuel eppes maachen op der Säit vu méi Einnahmen, fir stänneg Einnahmen ze garantéieren, op där anerer Säit natierlech awer och strukturell Ausgabekierzungen an -aschränkunge virhuelen.

Dat gëtt déi spannend Diskussioun, déi mer wäerte kréien, besonnesch fir de Budget 2015, well ech der Meenung sinn, dass do eigentlech muss de gréissten Effort gemaach ginn. Mä awer och, leider och déi Joren hannendru wäerten Diskussioune musse kommen, well ech denken net, dass mer e Pak vun enger Milliard strukturell an engem Joer ronnkréien. Et sief effektiv, d'Foire vun de gudden Iddie géif hei an der Chamber ugoen, mä ech bezweifelen dat e bëssen. An dofir mengen ech, dass een also hei dat muss an Etappe maachen, eng gréisser Etapp 2015 an Etappen hannendrun.

Eng Virdécisioun ass geholl. Dat ass d'Erhéijung vun der TVA. Domadder si ronn 30% vun deem ganzen Effort gemaach. Mä wéi gesot, et muss een ofwaarden, d'Regierung huet viru Méint nach geschwat vun engem Effort vun 1,5 Milliarden, dee misst gemaach ginn, well do d'Prognosen eigentlech méi schlecht waren. Also, och déi eng Milliard do ass natierlech ëmmer erëm ze ajustéieren un déi lescht Entwécklung, déi ee vor Ort kann notéieren. Mä dat ass, mengen ech, eng grouss Erausfuerderung, déi sech do fir eis stellt, well dat jo och ëmmer erëm muss verbonne ginn awer och mat neie Politiken.

Mir kënnen net an enger renger Spuer- a Konsolidéierungslogik eigentlech un déi dote Froen erugoen, mä mussen et verbannen natierlech mat enger ganzer Rëtsch vun neie Politiken, déi och an der Regierungserklärung hiren Agang fonnt hunn, wou mer an eenzelne Beräicher och effektiv eis musse Fräiraum schafen, fir méi auszeginn an deenen nächste Joren, soudass also deen Effort do ganz, ganz schwéier gëtt a virun allem awer och sech muss ausriichten no enger ganzer Rëtsch vu Prioritéiten.

Fir eis ass et ganz kloer, dass dee ganze Beräich Schoul, Ausbildung, Héichschoul Prioritéit huet. D'Kannerbetreiung ass immens wichteg, Wunnengsbau - besonnesch soziale Wunnengsbau och -, den ëffentlechen Transport mam Tram, de Gesondheets- an de Fleegeberäich, déi een net däerf vergiessen, well mer jo och der Meenung sinn, dass mer u sech alleguerten näischt ze wannen hunn, wa mer en ausgemergelten, schankege Stat an Zukunft hätten, dee bei näischt méi kéint intervenéieren.

Wat ware mer frou, dass mer u sech e gewësse Speck haten, wéi d'Kris komm ass 2008 an 2009! Dat huet eis awer iwwer eng ganz Rei vu schwierege Momenter ewechgehollef. Wa mer eis vëlleg ausdoen, da kënne mer dat net méi, da kënne mer net méi reagéieren!

An engem klenge Land huet de Stat awer eng wichteg Aufgab, fir reguléierend a lenkend anzegräifen. Mir brauchen och an Zukunft e Stat, dee schützt, och hei zu Lëtzebuerg. A wann de Rapporteur mat Richtegkeet vun enger ganzer Rëtsch vu groussen Défie geschwat huet, wëll ech een zousätzlechen, en eeleften dann - och wann ech mech dann aus der biblescher Geschicht erausbewegen: Dat ass dee vum sozialen Zesummenhalt!

A sozialen Zesummenhalt, dat beschränkt sech net op d'Bekämpfe vun der Aarbechtslosegkeet a beschränkt sech net op d'Fro vum Ukuerbele vum Sozialdialog, dee mer ouni Zweifel brauchen, mä et ass awer och, dass mer an där Zäit elo vun engem, hoffe mer, wirtschaftlechen Opschwong awer d'Schéier tëschent Aarm a Räich net méi grouss gi loossen an dësem Land, dass mer deen Zesummenhalt do behalen, dass mer den Aarmutsrisiko net akzeptéieren. Dass all Sechsten hei zu Lëtzebuerg engem Aarmutsrisiko ausgesetzt ass, dat kann een eigentlech net roueg loossen als Politiker! Dofir brauche mer also och Margen, fir do kënnen ze intervenéieren. An an där ganzer Fro vun Ëmverdeelung a Réorientéierung vun den

Ausgabe muss dat doten och mat eragefouert ginn. Dat ass zumindest d'Meenung vun der LSAP-Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dës Regierung wäert och, mengen ech, a fënnef Joer net gemooss ginn un der Zomm vun den Aspuerungen a vun de Kreditkierzungen, déi se gemaach huet. Si wäert un de Resultater um Terrain gemooss ginn. Si wäert doru gemooss ginn, ob effektiv d'Aarbechtslosegkeet zréckgaangen ass, ob se en Ëmfeld geschafen, matgehollef huet ze schafen, fir dass och Privatinvestissementer gemaach gi sinn, dass erëm nei, dezent Aarbechtsplaze geschafe gi sinn, dass se gehollef huet och, déi Aarbechtsplaze vläicht méi op d'Résidenten auszeriichten, also och op déi Demande, déi mer hei um Aarbechtsmaart hunn.

Si wäert doru gemooss ginn - dat gëtt vläicht dat Schwéierst och, dofir hunn ech ëmmer déi Lat net ze héich gehalen -, ob se um Wunnengsmaart zumindest eng Stabiliséierung vun de Präisser ronnbruecht huet. Well do si mer eis jo awer eens: Ze mengen, dass mer an zwee, dräi Joer duerch ech weess net war fir eng... - mir wësse jo, wat d'Bauzäite sinn, mir wëssen, wat d'Planungszäite sinn! -, ze mengen, dass mer dann de Problem vun haut op muer geléist hätten, an enger ganz kuerzer Zäit! Neen! Mä mir kënnen awer hëllefen, wa mer all déi gutt Iddie beieneefëieren, zumindest eng Brems ze kréien, zumindest awer eng Stabiliséierung op héijem Niveau vun deem Ganzen ze kréien, fir dann an enger zweeter Phas, wann all déi Moossnamen do dann och gräifen, eng Reduzéierung erëm eng Kéier vun där ganzer Präisexplosioun am Beräich vun de Wunnengen ze kréien.

E puer Wuert wëll ech och soen, well dat awer och an enger Optik, an enger europäescher Optik dozou gehéiert, mir diskutéieren a stëmmen iwwert de Statsbudget of, awer e puer Wuert och iwwert de Gemengesecteur, e puer Wuert och iwwert d'Sécurité sociale, well dat eigentlech awer eng Diskussioun ass, déi mer och, mengen ech, gemeinsam musse féieren, och wann dat vläicht net esou üblech ass bei eis an der Chamber. Dat sinn awer dräi…, zwee Drëttel Volet vun där ganzer Fro, och wann de Statsbudget den décke Batz vun deem ausmécht.

D'Gemengefinanzen, dat gesäit een och hei, stelle momentan kee gréissere Problem duer, wat d'ëffentlech Finanzen an den Équiliber vun den ëffentleche Finanzen hei zu Lëtzebuerg ugeet. Déi sinn zënter Jore plus ou moins am Équiliber. E klenge Plus 0,1 - 0,2. Bon, dat gëllt natierlech fir de gesamte Gemengesecteur. Dat gëllt natierlech net fir d'Gemengen eenzel gekuckt.

Dofir begréisse mir ausdrécklech de Wëlle vun dëser Regierung, dat do zu engem gudden Enn ze féieren, wat laang geplangt ginn ass, iwwer laang Joren, mä leider net konnt ofgeschloss ginn. D'Gemengefinanzen, do fuere mer an zwou Etappen: eng provisoresch Léisung, fir déi gréisst Ongereimtheeten an der Opdeelung tëschent de Gemengen auszemerze scho fir 2015, an duerno eng gréisser Gemengefinanzreform, wou eenzel Modeller virleien, déi op jidde Fall eng ganz valabel...

(Interruption)

Mir diskutéieren allerdéngs schonn zéng Joer driwwer.

Et ass eng ganz valabel Viraarbecht do geleescht ginn. Mir wëssen awer och, dass dat doten net ouni Kontroverse geet, soss wär et scho gemaach. A mir wëssen och, dass dat och zu internen Diskussiounen am Gemengesecteur féiert. Nach si mer der Meenung,...

(Interruptions diverses)

...dass dat dote muss a wäert kommen.

En neit Instrument besteet zënter Kuerzem, dëst Joer gëtt et fir d'Éischt exercéiert. Dat ass déi pluriannuell Planung an de Gemengen, wou also och elo méi Donnéeën zesummegefouert ginn, wat d'Situatioun vun deenen eenzelne Gemengen ugeet an insgesamt vum Gemengesecteur, déi de Gemengen et erméiglechen, och fir sech selwer eng besser Planung ze maachen, an der Regierung, och e besseren Iwwerbléck iwwert d'Gesamtsituatioun ze kréien. Och dat, mengen ech, ass also en Instrument, wat sécherlech nëtzlech ass, fir eng Gestioun vun den ëffentleche Finanzen ze maachen.

Wat mer ausdrécklech begréissen, dat soll och ausgedehnt ginn, dat ass de Wëlle vun dëser Regierung an do ass ee mat munchem op Granit gestouss an der vergaangener Period: Transparenz bei der Subventionéierung fir d'Gemengen. Ech weess, dass dat den Dada vun anere Leit hei an der Chamber war. Ech mengen, et soll een net fäerten, fir u sech all déi Subventiounen, déi vun ëffentlecher Hand ausbezuelt ginn, ëffentlech ze maachen.

Nëmme wann een dat mécht, wann een duerch déi Katharsis do geet, kann ee menger Usiicht no och dann eng vläicht méi geziilt Politik an deem dote Beräich maachen. Ech si sécher, dass et zu Réajustementer opgrond vun deenen doten Donnéeë wäert kommen a vläicht och nach zu där enger oder anerer Diskussioun, wat d'Vergaangenheet ugeet.

Volet Sécurité sociale: Do fält op, wann een déi heiten Zuele kuckt, dass d'Sécurité sociale weider, a souguer nach an engem verstäerkte Mooss iwwert déi nächst Joren, wann déi Prognose sech hei als richteg erweisen, wäert dozou bäidroen, dass d'ëffentlech Finanzen am Positive sinn. No deenen heiten Tableauen ass et esou, dass d'Leit vum Comité de prévision dovunner ausginn, dass 2014 an der Sécurité sociale nach en Iwwerschoss wäert si vu 638 Milliounen Euro. An dee géif souguer bis 2018 progressiv liicht uwuessen op 885 Milliounen Euro.

Dat wëllt net heeschen, dass mer, ganz laangfristeg gekuckt, kee Problem mat eiser Finanzéierung vun de Renten hunn. Dat heescht awer, dass a priori déi hei onrecht kréien, mat deenen heiten Zuelen, déi nach virun net allze laanger Zäit net midd gi sinn, hei an der Chamber ze soen, d'Regierung, déi viregt, wär vu farfeluen Hypotheesen ausgaangen, wéi si hir Berechnung gemaach huet, wat den Impakt vun der Rentereform ugeet.

Ech wëll drun erënneren, deemools ass d'Regierung dovunner ausgaangen, dass den Taux d'emploi géif ëm 1,5% am Schnëtt an d'Luucht goen. Den Här Wiseler huet d'Zuelen hei genannt. De Comité de prévision geet elo dovunner aus, dass en ëm 2,5% am Schnëtt wäert an deenen nächste Joren an d'Luucht goen. An dat erkläert natierlech och déi doten Entwécklung.

Et muss een allerdéngs och wëssen, dass, wann ee méi Leit huet, déi cotiséieren, da gëllt och erëm fir d'Zukunft, dass méi Verspriechen do si fir Renten. Dat heescht, mir verschuppen de Problem an der Zäit. En ass manner akut, wéi munch Leit gefaart haten, mä nach ass de Problem do. Et beweist awer och, dass déi Steierreform, déi gemaach ginn ass an der viregter Regierung, dass dat e wichtege Schrëtt war, fir ze hëllefen eigentlech, déi dote Situatioun am Griff ze halen.

D'Fleegeversécherung, do wësse mer, dass den Équiliber kuerzfristeg net méi wäert do sinn, dass muss gehandelt ginn. Den zoustännege Minister Romain Schneider huet jo och der Chamber matgedeelt, dass soll eng Consultatiounsdebatt nach virum Summer hei stattfannen, wou mer déi dote Fro wäerten diskutéieren. A mir wëssen och, dass trotz allen Efforten, déi gemaach si ginn, den Équiliber, wat d'Krankekeesen ugeet oder wat d'Gesondheetskeess ugeet, dass dee ganz prekär ass, dass dat net wäert evident sinn, dee mëttelfristeg ze halen ouni zousätzlech Moossnamen.

Dat wäert also och sécherlech eng Diskussioun ginn, déi mer nach ze féiere kréien, a wahrscheinlech och am Kader vum Spidolsplang, wou mer och dee Spidolsplang als Instrument gesinn, fir awer och déi Käschtenentwécklung am Gesondheetswiese besser kënnen ze steieren, deen dozou soll benotzt ginn.

E leschte Punkt, deen ech wollt ervirhiewen, ass d'Fro vun der ëffentlecher Fonctioun. De Regierungsaccord ass kloer. All Partei kann natierlech hir Meenung behalen, déi se hat. Et ass legitim, dat ze äusseren. De Regierungsprogramm ass kloer. An dës Regierung huet en eigentlech nach eng Kéier bestätegt, well et ass jo eigentlech nach eng Kéier en zousätzlechen Accord elo an der Fonction publique getraff ginn. An als LSAP sti mer zu deem, wat ausgemaach ass.

Bon, ech mengen, et ass eng Fro vu Glafwürdegkeet vu politeschem Handelen op där enger Säit. Op där anerer Säit mengen ech awer och, dass, wann een dat méi laangfristeg kuckt, den Impakt op d'ëffentlech Finanze vun deem Accord, deen an der Fonction publique getraff ginn ass, wat d'Erhéijung vum Punktwäert ugeet, verkraaftbar ass.

Et misst ee vläicht e bësse méi zréckkucken: Déi lescht Erhéijung vum Punktwäert war 2009, dat war ëm 1,5%. Elo kréie mer am Joer 2015 eng Erhéijung vun 2,2%. Dat mécht 3,7%. An d'Regierung seet ganz kloer - dat ass och eis Meenung -, dass sech um Punktwäert och näischt wäert ännere bis Enn vun dëser Period, bis 2018. Da si mer also 2009-2018 an enger Period vun zéng Joer, wou de Punktwäert wäert insgesamt ëm 3,7% an d'Luucht goen.

Kuckt emol no, wéi sech de Punktwäert entwéckelt huet an deene Jorzéngte virdrun. Et ass nach ni - nach ni! - zënter 50 Joer eng Period ginn, wou sech eigentlech esou mann op deem dote Feld gedoen huet. Et gi gutt Ursaachen, fir dass sech esou mann deet. Ech wëll sécherlech keng droptässelen, mä awer einfach, fir nëmmen ze soen, dass een awer och ëmmer erëm muss kucken, wéi sech dat doten entwéckelt huet.

An ech denken, dass och an deene leschten zéng Joer awer och am Privatsecteur net alles no ënne gaangen ass, mä a munche Secteure sech och eppes an engem ähnleche Mooss no uewe beweegt huet. Ech mengen, dass schonn awer hei eng vernünfteg Politik vun der Regierung ageschloe gëtt.

E Wuert och nach zum Index. En Index, dee jo och matspillt bei der Opstellung vum Budget. Ech hunn et scho gesot: wahrscheinlech e puer Aspuernisser fir dëst Joer an dësem Budget, well d'Indextranche héchstwahrscheinlech manner schnell wäert erfalen, wéi dat nach bei der Opstellung vum Budget gemengt ginn ass. An där doter Fro si mer frou, dass sech, wat d'Inflatiounsfront ugeet, d'Saache berouegt hunn. Dat gëtt och d'Méiglechkeet, a méi grousser Serenitéit eigentlech un déi Fro vun der Indexéierung vun de Gehälter an de Pensiounen erunzegoen.

Mir stinn zu där Iddi an eisem Wahlprogramm, am Koalitiounsprogramm, fir ze soen, gutt ass et, dass mindestens zwielef Méint leien tëschent dem Ausbezuele vun zwou Indextranchen. Mä d'Fro stellt sech, an déi Fro huet sech d'Regierung gestallt, ob et néideg ass, ze légiféréieren, also e Gesetz ze maachen, wann dat do eigentlech nëmmen eng reng hypotheetesch Fro ass an all Prognosen drop hiweisen, dass sech deen dote Fall net wäert stellen an deenen nächste Joren.

Et ass kloer, wann et eng aner Entwécklung gëtt, muss d'Politik a muss d'Regierung hei reagéieren. Et muss ee just d'Fro stellen, ob een, wéi gesot, dee Wee vun enger legislativer Änerung geet, wa vläicht och mat de Sozialpartner a Regierung zesummen en aneren Accord ka fonnt ginn.

Ech hunn et scho gesot, de Budgetsminister huet d'Erausfuerderunge skizzéiert. En huet e Budget vun enger neier Generatioun an Aussiicht gestallt, un deem zumindest an enger éischter Phas geschafft gëtt, soufern déi aktuell Texter dat méiglech maachen. Wann ee méi wëllt maachen, muss ee selbstverständlech un d'Kontabilitéitsgesetz goen.

Do wäert net alles méiglech sinn, wat wënschenswäert ass, schnell ze maachen. Mä wichteg ass et, wéi gesot, dass mer do awer konsequent deen dote Wee weiderginn. Dat léist net all eis Problemer. Esou einfach wäert et sécherlech net ginn. Mä et kann eis awer hëllefen, eenzel Problematike besser am An ze behalen an an de Gréff ze kréien, wéi dat an der Vergaangenheet mat deem traditionelle System de Fall war.

Wat dës Koalitioun sécherlech méi auszeechent wéi déi virdrun, ass d'Bereetschaft, munches a Fro ze stellen, wat war. An och an der Ried elo vum Här Wiseler hunn ech eigentlech déi al Reflexer virun allem erëm gespuert: dat Verteidegen, wat war, nëmmen net un eppes erugoen, an alles, wat verännert, ass emol a priori schlecht.

An dat ass, mengen ech, déi fundamental aner Optik, déi déi Dräierkoalitioun hei huet, fir un déi Fro erunzegoen: net Angscht ze hunn, Saachen aus der Vergaangenheet a Fro ze stellen. Herno stellt sech wahrscheinlech eraus, dass munches ka weidergefouert ginn, mä awer op anere Punkte selbstverständlech muss nogebessert ginn. An déi Bereetschaft, mengen ech, muss do sinn. Wann een déi net huet, kann ee menger Ansiicht no keng Strukturreformen an dësem Land maachen.

Déi Bereetschaft muss do sinn an der Politik. Si muss awer och bei de Bierger do sinn. An et ass dat, wat ech mer géif erhoffen: dass mer sollen zesummen, an net an där klassescher, stupider Opdeelung Oppositioun a Koalitioun drun erugoen, well mer jo alleguerte wëssen, dass mer all verléieren, wann dës Regierung échouéiert bei de Strukturreformen! Ech wënschen dann all sukzessiv Regierung bonne Chance, iergendeppes nach an dësem Land zum Gudden ze veränneren! Dat sollte mer bedenken, wa mer déi Diskussioune féieren, an och haut a besonnesch an deenen nächste Méint.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Bodry.

3. Ordre du jour

Eis nächst Riednerin wär d'Madame Loschetter, mä vu dass et mat der Riedezäit ganz wäit a Richtung eng Auer géif goen, géif ech Iech proposéieren, fir d'Sëtzung elo ze ënnerbriechen an direkt de Mëtten um zwou Auer mat der Madame Loschetter unzefänken.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Da soen ech Iech villmools Merci. Rendez-vous um zwou Auer.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 11.46 heures)

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

d'Chamber online op
www.chd.lu

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. le Président*

2. 6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;
3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;
4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;
5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;
6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;
7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;
8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;
9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques (suite)

- *Discussion générale (suite): Mme Viviane Loschetter (interventions de Mme Françoise Hetto-Gaasch et M. Claude Wiseler), M. Gast Gibéryen (interventions de Mme Viviane Loschetter et M. Alex Bodry), M. Justin Turpel (dépôt de quatre motions), M. Gilles Roth (interventions de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Henri Kox, M. Félix Braz, Ministre de la Justice), M. Fernand Kartheiser, M. Laurent Mosar (Mme Viviane Loschetter intervient), M. Marc Spautz (interventions de M. Frank Arndt, Mme Viviane Loschetter, M. Félix Braz, M. Alex Bodry et M. Eugène Berger)*
- *M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Claude Wiseler, M. Marc Spautz et M. Gast Gibéryen)*
- *M. Gast Gibéryen et M. Justin Turpel (parole après ministre)*
- *M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Justin Turpel, M. Claude Wiseler, M. Pierre Gramegna*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*
- *Vote sur la motion 2 (rejetée)*
- *Motion 3: Mme Martine Hansen*
- *Vote sur la motion 3 (rejetée)*
- *Motion 4: M. Justin Turpel, M. Claude Wiseler, M. Gast Gibéryen, M. Eugène Berger*
- *Vote sur la motion 4 (rejetée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; MM. Félix Braz, Fernand Etgen, Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch et M. Claude Meisch, Ministres; M. Marc Hansen, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.00 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Eis Sëtzung ass op a mir géife virufuere mat eise Budgetsdiskussiounen. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter vun déi gréng. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

2. 6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant 1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; 2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement; 3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988; 4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999; 5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police; 6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé; 7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation; 8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles; 9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques (suite)

Discussion générale (suite)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt erlaabt mer, der Gebäerdesproochdolmetscherin Merci ze soen, datt se ons alleguerten iwwersat huet. An dann den zweeten an drëtte Merci geet fir d'Éischt emol u mäi Kolleeg, den Eugène Berger, net nëmme fir säi ganz flotte Rapport, mä och fir déi ganz flott Zesummenaarbecht, déi hien zum Deel geleet huet, mat alle Memberen aus der Kommissioun. Ech denken, mir hate gutt Diskussiounen an der Kommissioun. An den drëtte Merci geet un de Finanzminister fir seng explizit an, fannen ech, gutt erklärend Ried, déi en notamment och gëschter nach eng Kéier gehalen huet.

Mir stinn an dësem Land, Här President, viru groussen Erausfuerderungen. Muncher dovun huet sech dës Regierung net fräiwëlleg erugedroen, mä si sinn éischter eng Ierfschaft. Eng Ierfschaft, déi mir awer elo als nei Majoritéit net kënnen ignoréieren, eng Ierfschaft, déi dës Majoritéit och zwéngt, méi séier wéi gewënscht ze reagéieren. An dofir musse mer parallell verschidde Moossnamen ergräifen, wat natierlech och net ëmmer glécklech ass. Wann ee verschidde Parameteren nämlech mateneen ännert, dann ass et ëmmer méi schwiereg herno, d'Konsequenzen dovunner anzeschätzen oder ze verfollegen.

Dofir versti mir och zu engem gewëssen Deel deen doten Aspekt vun der Kritik, déi notamment vun der Oppositioun de Moie komm ass, obwuel si dës aktuell Situatioun awer e bëssen iwwerspëtzt formuléiert huet.

Mä de Minister huet et gëschter zimlech gutt beschriwwen. Et gëtt fir 2015 en éischte Meilestee fir deen neie Budget gesat a gläichzäiteg gëtt a muss eng „spending review" ugesot ginn.

(Interruption)

D'Regierung huet eng ganz Rei vu Moossnamen ugekënnegt. Dat ass wichteg an dat ass och richteg, fir à moyen an à long terme ze plangen.

Et ass och wichteg an et ass och...

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Ech géif lech bieden, der Riednerin opmierksam nozelauschteren, esou wéi mer dat de Moien alleguer och gemaach hunn. Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Ech mengen, d'Madame Hetto-Gaasch reegt sech e bëssen op iwwert deen engleschen Term „spending review". Dat heescht...

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV)*.- Ech weess, wat et heescht!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- ...d'Dépensen nach eng Kéier...

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV)*.- Ech fannen...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- ... iwwerdenken.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV)*.- Dat ass besser. Merci! Dat versteet jiddwereen...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Voilà!

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV)*.- ...dobaussen. Merci.

(Interruption)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Sou, ech mengen, domadder wär d'Harmonie erëm hiergestallt. Also...

(Interruptions)

M. le Président.- Loosst lech net beiren.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Wat ech wollt soen, Här President, dat ass, datt och bei der Ukënnegung vun deene verschiddene Moossnamen, déi dës Regierung gemaach huet déi lescht Méint, datt déi wichteg a richteg sinn, fir à moyen an à long terme ze plangen. Dat ass dat eent.

Dat anert ass, datt et och wichteg ass, datt d'Bierger an d'Biergerinne matgedeelt kréien, wat dës Regierung ënnerhuele wëllt, jo, souguer ënnerhuele muss. Datt awer net alles direkt bis an dee leeschten Detail direkt kann ugekënnegt ginn, ass jo awer zimlech kloer, ass och de Moie widderholl, och erkläert ginn. Mä nawell ass et éierlech, wichteg a richteg, d'Bierger an d'Biergerinnen elo schonn ze informéieren, wat dës Regierung an dësem Kontext déi nächst Jore wëllt ënnerhuelen.

Haut stëmme mer iwwert de Budget 2014 of. Jo, dëse Budget 2014 gëtt zu Recht, och onserer Meenung no, „Transitiounsbudget" oder „Iwwergangsbudget" genannt. Mä dëse Budget huet och an onsen Aen net d'Prétentioun, e grousse politeschen Akt duerzestellen. An dat wär och zimlech onseriö gewiescht, eppes iwwert de Knéi ze briechen.

Parallell zu deem Budget sinn awer dräi zousätzlech Reformen amgaang virbereet ze ginn: éischtens eng déif gräifend Reform vun der Methodologie, fir e Statsbudget iwwerhaapt opzestellen an ze verwalten. Jo, dat ass en Challenge, fir dat a knapp zéng Méint ze maachen. Jo, et ass an et war och dofir wichteg, fir Kompetenze vu baussen erunzezéien. Mä et wäert och net aneschters méiglech sinn, wéi datt verschidden extern Partner, dorënner och mir an der Chamber, mat un dëser Reform wäerte bedeelegt ginn.

An neen, dëst Land huet keng fënnef Joer Zäit, fir eng nei Methodologie anzeféieren. Et ass eng batter noutwendeg Aufgab a gouf doweinst och ëmmer an deene leschte Budgetsdebatten ugeschwat, net nëmme vun der deemoleger Oppositioun, mä awer och vun der jëtzeger Oppositioun an och vu verschiddene vun hiren deemolege Budgetsrapporteuren. De Statsbudget soll méi transparent a verständlech ginn, jo, souguer méi éierlech opgestallt ginn an domadder besser der Realitéit entspriechen.

Zweetens, onst Land brauch onbedéngt - an och dat ass scho widderhuelt gesot ginn - eng déif gräifend Steierreform. Net nëmmen eng Steierreform, déi ekologesch a sozial méi gerecht ass, mä virun allem eng Steierreform, déi sech de Gegebenheete vum 21. Jorhonnert upasst, notamment den neie Familljestrukturen, awer och deenen neie Kapitalformen.

Dat eleng wär schonn e Programm fir eng ganz Legislaturperiod. Dofir ass et d'autant méi wichteg, datt sech dofir Zäit geholl gëtt, fir dës Reform ze preparéieren, an datt sech Zäit geholl gëtt, all Acteur matanzebannen, inklusiv d'Sozialpartner. Zwee Joer si kuerz, mä et ass net onméiglech.

Zu der Steierreform gehéiert onserer Meenung no och, datt se notamment eng Rei vu Sozialleeschtunge mat integréiert. Dat ass e Modell, wéi mer en notamment och an de skandinavesche Länner kennen. Et ass en anere Modell fir eng gerecht Ëmverdeelung an e schléisst per se och de bekannte Géisskaneprinzip aus.

Zu der Steierreform gehéiert onserer Meenung no och e lenkende Mechanissem, fir méi ekologesch Handlungen ze promouvéiere respektiv munchmol och ëmweltschiedlech Handlungen ze sanktionéieren.

An dann drëttens: den Defizit an de Grëff kréien. Mir stëmmen haut iwwert de Statsbudget of, mir stëmmen awer och haut iwwert d'Dotatiounen an de verschiddenen Investissementsfongen of. Neen, mir stëmme weder iwwert d'Dépenses réelles vun de Fongen of nach iwwert d'Avoire vun de Fongen. D'Avoire vun de Fonge stellen nämlech an onsen Aen och keng richteg Reserv duer, well dës Suen eigentlech jo och scho verplangt sinn, an et ass éischter eng „simple écriture comptable".

D'Administration publique ass am Équiliber op den éischte Bléck. Mä dësen Équiliber gëtt haaptsächlech gehalen duerch de positive Sold vun de Pensiounen. Pensiounen, wou mer genau wëssen, datt et eng Saach vun der Zäit ass, bis deen Équiliber kippt. Fakt ass awer, datt den Zentralstat en Defizit opweist, en Defizit vun enger hallwer Milliard, trotz dem Spuerpak vun 230 Milliounen. En Déséquiliber, deen dat lescht Jorzéngt net gemeeschtert ginn ass an deen dat nächst Joer ëm iwwer eng hallef Milliard wäert klammen duerch d'Ewechfale vun der TVA am Commerce électronique.

Dofir huet och d'Regierung eng Hausse vun 2% vun der TVA ugekënnegt fir den 1. Januar 2015. Et ass eng Moossnam, fir - et ass och scho gesot ginn - indirekt Steieren eropzesetzen, déi kuerzfristeg kann ëmgesat ginn, déi kuerzfristeg muss ëmgesat ginn! Dëst geet sécher net duer, weder fir den Defizit an de Grëff ze kréien, nach fir d'Schold, déi mer hunn, ofzebauen. Neen, mat dëser Moossnam gëtt en Deel vum E-Commerce-Ausfall opgefaangen.

2015 falen nämlech am beschte Fall mindestens - mindestens! - 30% vun den aktuelle Recetten ewech. Dat sinn am beschte Fall iwwer 600 Milliounen. Dëst ass, wéi den Direkter vum Enregistrement et gutt beschriwwen huet, eng mechanesch an eng mathematesch Tatsaach. Nach wësse mer net, wéi déi Firme wäerte reagéieren, notamment op déi attraktiv Offerten aus den Net-EU-Länner, déi sech bemierkbar maache bei dëse Firmen, an nach wësse mer och net, wéi attraktiv de Guichet unique wäert ukommen.

2019 ass et dann definitiv Schluss mat dëser extraordinärer Einnahm, déi ons, an dat muss een einfach esou soen, dës lescht Joren d'Keesen nawell gutt gefëllt huet an an Zäite vu Kris och eng substanziell Recette duergestallt huet. Den Ausfall vun dëser TVA-Recette wor leider net preparéiert. Et huet haut net méi vill Sënn, laang doriwwer ze schwätzen. Ech denken, d'Fakte schwätzen do fir sech!

Da wollt ech awer nach ganz kuerz op dem Här Wiseler seng Remarque iwwert den Tanktourismus agoen. Jo, et ass richteg, Här Wiseler, an Dir wësst et sécherlech besser wéi ech, et ass schwéier, an Zäiten, wou d'Finanzsituatioun enk ass - wéi haut -, en Zukunftsfong dofir ze schafen. Dat wëllt awer net heeschen, datt et déi lescht Joren net zumindest zum Deel méiglech gewiescht wär, dat ze maachen.

An Dir hutt et gesot, wann ech mech gutt erënneren, huet onse Kolleeg Camille Gira, mengen ech, véiermol eng Resolutioun oder eng Aktioun an deem Sënn hei erabruecht, wou en, wéi Dir richteg gesot hutt, mindestens 30% gefrot huet a gesot huet, ma dann huelt dach en Deel eraus a setzt en an en Zukunftsfong. An dat säit 1997! Vun deem Moment un, wou mir Kyoto-konform waren a wou mer gesinn hunn, datt dat ons ewechgerutscht ass, hätt ee sech missen déi Gedanke maachen, zu deenen Zäiten, wou net nëmmen d'TVA vum elektronesche Commerce an d'Luucht gaangen ass, mä parallell och d'Recettë vum Tanktourismus an d'Luucht gaange sinn!

Mir hunn awer déi Suen ausginn déi lescht Zäiten. Mir hu weder dat eent nach dat anert. An erlaabt mer, eng kleng Parallell ze zéie vum E-Commerce mam Tanktourismus. Déi Suen hu mer ausginn, an zwar op eng kontraktuell Manéier. An dat ass d'Situatioun, wou sech d'Regierung vun haut befënnt.

Elo ginn et verschidde Méiglechkeeten, a vu datt Dir se ernimmt hutt, wëll ech am Numm vun der grénger Fraktioun emol e puer Iddien op den Dësch heihinnerbréngen. Zum Beispill, jo, d'Tanktourismusrecetten - dat hätt Dir kënne soen, Här Wiseler - kéint een elo emol geziilt huelen, fir a Moossnamen ze investéieren zum Beispill, déi zäitlech begrenzt sinn - well et muss een och wëssen, datt och d'Recettë vum Tanktourismus net geséchert sinn! -, zum Beispill an d'Renovatioun vun den Haiser, begrenzten Zäit, dräi bis fënnef Joer, zum Beispill an den Ausbau vun der Mobilité douce, sprech vun de Vëlospisten, déi herno net méi vill wäerte kaschten.

Dat alles si Méiglechkeeten, wéi een elo, well een net direkt an en Zukunftsfong kann investéieren, wéi een elo vläicht déi Recetten anescht ka gebrauchen. Mä einfach hei elo e bësse Schoulmeeschter ze spillen an ons ze soen: „Majo kuckt, Tanktourismus, firwat hutt Der dat dann elo net gemaach?", dat ass onserer Meenung no e bëssen eng simplistesch Manéier.

M. le Président.- Madame Loschetter, erlaabt Der, dass de Claude Wiseler kuerz reagéiert?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Majo sécher!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech wëll just d'Madame Loschetter drop opmierksam maachen, datt déi lescht Regierung - an déi lescht Regierungen - Honnerte Milliounen an d'Investissementsfongen investéiert hunn, genau aus deem dote Grond, genau, well am Fong mer wollten déi Suen op e Fong placéieren, fir kënnen a schlechte Joren déi Investitioune weiderzefiéieren. A genau esou ass et och geschitt. Dat heescht, en Deel vun där Politik ass esou gemaach ginn, wéi Dir se elo beschriwwen hutt, wëllentlech a wëssentlech!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Majo, dann hunn ech mech vläicht schlecht ausgedréckt oder Dir hutt mech net richteg verstanen. Ech kommen herno nach drop ze schwätzen, wéi een an Investissementer kann a soll an Zukunft investéieren.

Hei ass et drëms gaangen, fir entweder en Zukunftsfong ze schafen, fir ze prevenéieren, parallell mam E-Commerce ze prevenéieren, fir wann eng Kéier den Tanktourismus „kippt", soen ech emol, wann déi Différentiellen tëscht Lëtzebuerg-Belsch, Lëtzebuerg-Frankräich oder Lëtzebuerg-Däitschland eng Kéier en anere ginn. Dat engendréiert en Dominoeffekt an da geet dat zimlech séier.

An Dir wäert och gesinn, mir schwätze scho laang dovunner, an iergendwann eng Kéier steet eng Chamber virun esou enger Situatioun. En Zukunftsfong ass weder geschafe ginn nach sinn déi Sue vum Tanktourismus geziilt an temporär geziilt Moossnamen investéiert ginn, déi eppes domadder ze di gehat hätten an déi eventuell och hätte kënnen esou kontraktuell determinéiert ginn, temporär determinéiert ginn, datt mer net herno, wann eppes geschitt, an enger Situatioun wären, wéi mer elo mam E-Commerce sinn.

Mä firwat ech dës Opzielung am Ufank elo gemaach hunn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass, well mer an enger Situatioun sinn, wou dës Moossnamen, déi ech opzielt hunn, e Ganzt duerstellen. Leider, a vu d'Urgence vum Handlungsbedarf, kënnt d'Regierung net derlaanscht, fir dës Moossnamen an der Zäit ze strecken. Dës Regierung huet e Budget opgestallt, deen en Équiliber hierstellt tëscht dem Spueren - wat néideg a wat méiglech wor - an der Ofsécherung vun onsem Sozialstat an den Investitiounen an Zukunft.

Wéi gesot, huet d'Regierung net all Méiglechkeet. An dräi Méint kann een e Statsbudget net grondsätzlech nei opbauen. Et ginn eng sëllechen Altlasten, ech kommen nach drop zréck, vun där aler Regierung, déi mussen evakuéiert ginn, esou notamment bei engem grousse Posten am Budget wéi eben de Sozialtransferten, wou amgaang ass analyséiert ze ginn, wat Sënn mécht a wou Double-emploie bestinn, wat kann iwwer eng aner Émverdeelungsform méi gerecht verdeelt ginn an ob domadder och déi richteg Incitatioune kreéiert ginn.

Virun allem awer - virun allem awer! - kann ee kuerzfristeg nëmme bei de Fonctionnementskäschte vun de Ministèren an de Verwaltunge spueren. Dat sinn ëmmerhi 50 Milliounen, déi do gespuert gi sinn op engem Ensembel, deen nëmme 7% vum Budget ausmécht. Dat ass net näischt vun der Leeschtung hier!

Vill Ausgabe sinn ebe kontraktuell festgeluecht. Do musse gegebenenfalls d'Gesetzer adaptéiert ginn, nodeems d'Analysen ofgeschloss sinn. An dat brauch Zäit. Strukturell awer dauerhaft an nohalteg Reforme brauchen eben Zäit! A Schnellschëss, déi gi gären no hanne lass, dat huet déi lescht Regierung missen erfueren, beispillsweis bei de Studentesubsiden.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- De Statsrot beschreift déi aktuell Situatioun eigentlech ganz gutt. An ech erlabe mer just eng kleng Zitatioun aus dem Avis vum Statsrot, deen effektiv analyséiert an dee seet, datt 484 Milliounen Euro vun deem Defizit, datt mer effektiv 90% dovunner, also dat, wat mer additionnell ausginn... An e rechent dat och, en énumëréiert dat, e seet, majo, do ginn an d'Paien 91 Milliounen, an de Fonds communal 59 Milliounen, de Fonds pour l'Emploi ass deen déckste Poste mat 157 Milliounen, an da kommen d'Prestations sociales: 39 Milliounen, an d'Studentebourssen ebe mat 55 oder bal 56 Milliounen.

An da seet de Statsrot: «tandis que l'évolution des autres catégories de dépenses...», also e seet, «Les versements au Fonds pour l'Emploi sont le seul poste dont l'augmentation est directement imputable à la crise économique», et ass evident, «tandis que l'évolution des autres catégories de dépenses découle de choix politiques engageant le Gouvernement à financer des dépenses suivant des modalités définies par des lois existantes.»

Dat heescht, datt all déi aner Posten, datt dat einfach Poste sinn, déi e politesche Choix hunn! An dat sinn och déi politesch Choixe vun der viregter Regierung oder vun de viregte Regierungen. Dat mécht bal 90% vun den Dépensen aus. Déi kann déi nei Regierung net einfach esou kippen. Dat brauch eben Zäit, wéi ech gesot hunn. Mä dofir versti mir d'autant manner, firwat dann elo déi gréisst Oppositiounspartei haut dee Budget net stëmmt an emol sech net enthält, mä eigentlech dergéint stëmmt. Mais bon, allez comprendre!

A wat och richteg ass, Här Wiseler, et muss ee Choixe maachen! Et ass genau dat, wat dës Regierung wëllt a wäert maachen. Si ass amgaang Choixen ze treffen ënnert deenen 90% vun Dépensen. Wéi eng huele mer mat virun? Well mir huelen der sécherlech mat virun. Wéi eng schafe mer of? A wéi eng ersetze mer? A wéi eng hu bis elo gefeelt? Voilà!

Här President, ech wëll elo e bësse méi spezifesch op dräi Punkten agoen an do och e bëssen d'Meenung vun der grénger Fraktioun hei matdeelen. Deen éischte Punkt, zum Spueren: Mir denken, datt et jiddwerengem kloer hei an dësem Land ass, datt mer eng Statsschold hunn, déi an deenen nächste Joren net dierf weider wuessen. Mir hunn haut eng ronn 10,5 Milliarde Scholden. A wa mer elo net agräifen, dann hätte mer, an dat ass schonn oft hei gesot ginn, 2017 15 an eppes Milliarde Scholden, an domadder bal déi 30% vum PIB erreecht.

Mir hunn als Gréng kee Problem, datt mer Scholde maachen, wann dat eis hëlleft, nohalteg fir ons Zukunft ons opzestellen. Awer mir mussen och oppassen, datt mer ons net vun dëser Schold erdrécke loossen. Bei 30% vun de Statsscholde gëtt dee Risiko awer ëmmer méi grouss. Mir mussen onse Kanner a Kandskanner e Land mat Perspektiven an Opportunitéiten hannerloossen, e Land, wou d'Liewensqualitéit op d'mannst muer esou gutt ass wéi haut. Et geet also effektiv schlicht drëm, haut d'Weichen ze stelle fir d'Gesellschaft vu muer.

D'Beem wuessen net an den Himmel, och zu Lëtzebuerg net! A mir mussen alleguerte léieren, domadder ëmzegoen. De Budget 2014 ass en Transitiounsbudget mat éischte Spuerrichtlinnen, mä en ass sécher kee Budget a Richtung Austeritéit. Mir sinn zu Lëtzebuerg net an enger Situatioun, wou mer missten, wéi a Spuenien, Irland oder souguer Griichenland, massiv bei Sozialtransferte spueren, Léin kierzen, Budgete sträiche goen an esou weider. Mä et kann net esou weidergoen.

An deen, deen dem Bierger an der Biergerin eppes aneschters erzielt, dee lieft net an der Realitéit! A mir mengen als Gréng, datt Demagogie a bëllege Populismus einfach hei falsch op der Plaz sinn. Wat mir déi nächst Zäit heibanne brauchen - virun allem, mä net nëmmen - a Budgetsdiskussiounen, dat ass eng éierlech Ausenanersetzung, wann ech gelift! Dat ass och en Appell vun ons notamment och un d'Oppositioun, virop un déi Oppositioun, déi d'Erausfuerderunge realpolitesch wuel ganz gutt kennt.

De geschätzte Verloscht vum E-Commerce mécht 2015 ronderëm 600 Milliounen aus, 2016 ronderëm 700 Milliounen aus, a praktesch eng Milliard am Joer 2017. Dat si vill Suen. Déi hu mir all Joers erakritt. Mä mir hu se awer och all Joers ausginn. An Zukunft fält ganz einfach dës Einnahmequell, wuel an e puer Etappen, mä si fält ewech. Ergo kënne mer dës Suen an Zukunft och net méi ausginn. An nei Scholden dofir maachen, dat kënne mer ons och net erlaben. Mir mussen also dee Budget erëm an den Équiliber bréngen, an dat méiglechst ouni nei Scholden.

Lëtzebuerg huet, an dat kënnt nach derbäi, awer och an deenen nächste Joren Échéancieren. En Échéancier mat senge Créancieren. Mir mussen och iergendwann déi Scholden zréckbezuelen. D'lescht Joer hu mer jo fir d'éischte Kéier eng Schold vun zwou Milliarden duerch eng nei Schold refinanzéiert. Dat ass den Emprunt public, dee mer gemaach haten deemools, fir d'Fortis ze retten. An dann nach! Déi zwou Milliarden, mat deene si mer gutt drun, well mer jo héchstwahrscheinlech erëm eng Kéier déi Parte verkaaft kréien an déi Suen dann och am beschte Fall esou erëmkréien. Just fir ze weisen, datt dat alles net esou einfach ass, ze soen, datt et kee Problem gëtt an datt mer am Équiliber sinn.

Här President, dofir: Spueren ass ugesot. Jo, jiddweree muss säi Bäitrag dozou leeschten. An dat si mir hei zu Lëtzebuerg net gewinnt. An dat héiert een och de Moment an der Gesellschaft, e bëssen nom Motto: „Spuere jo, mä net bei mir!" An d'Fro stellt sech, a mir als Gréng stellen ons déi Fro - zu Recht, denke mer -, ob déi Kategorië vu Leit, déi d'Spuermoossnamen net dierfen affectéieren, ob déi sech schonn zu Wuert gemellt hunn. Well genau um Réck vun deene Leit, déi an der Gesellschaft op den ënneschten Träppleke stinn, dat dierf net passéieren! An dofir si mer alleguerten hei gefuerdert, datt déi Wierder vu Solidaritéits- a Gerechtegkeetsprinzip eng Schlësselfunktioun kréien.

Mir erlaben ons och genau an dësem Kontext, e kritesche Bléck als Gréng op d'europäesch Kritären aus dem Stabilitéitspakt ze werfen. An dat bréngt mech op onsen zweete Punkt, nämlech deen, datt mer mussen Inklusioun garantéieren. Wéi wichteg sinn d'EU-Norme vum Stabilitéitspakt? Sécherlech keng helleg Kou! Mä wa mer ons dovunner distanzéieren, féiert dat zu gravéierende Konsequenzen, net nëmme finanziell, mä och politesch. Mir riskéieren dee Moment, Virschréfte vun der Kommissioun ze kréie fir deen nächste Budget, woufir mir ons Suen dierfen ausginn, oder haaptsächlech, woufir mir ons Suen net oder net méi dierfen ausginn.

Genau dat dierf net passéieren. Genau dat ass och elo net passéiert. Mir sinn effektiv „fully compliant". Dofir ass et och wichteg, datt mer ons schonn dëst Joer als Musterschüler vis-à-vis vun de Stabilitéitsnormen - dat wat een nennt „zu Bréissel" -, dat heescht vis-à-vis vun der Kommissioun behuelen, a grad well dat nächst Joer e Joer vu finanziellem Abroch gëtt. A wat mer musse vermeiden, dat sinn Austeritéitsvirschréften.

A wie weess, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ob net no den EU-Wahle sech vläicht eng nei Majoritéit um EU-Niveau bilde wäert, déi endlech déi sozial Normen an der EU weiderentwéckele kann, an datt déi nei Kommissioun hir Politik op deem Punkt endlech iwwerdenke wäert.

Mir denken, datt d'Contrainten am Kontext vum Semestre européen, d'Fro vun der Inklusioun an der Kohäsioun net genuch an de Kritäre mat bewäert gëtt. Mir fannen, d'Bewäertung baséiert sech ze vill eesäiteg op de Wuesstumsprinzip, ouni genuch ze hannerfroen, ob dësen erschafene Wuesstum och sozial gerecht oder ekologesch nohalteg ass, wéi dat zum Beispill an där neier Lissaboner Strategie 2020 gefuerdert gëtt: «Une économie intelligente, durable et inclusive».

Här President, d'Aarbechtsplazen erhalen a qualitativ gutt Aarbechtsplaze schafen - mäi Kolleeg Bodry war och de Moien drop agaangen -, muss e prioritäert Zil vun dëser Regierung sinn. D'Aarbechtslosegkeet féiert an d'Isolatioun an d'Aarbechtslosegkeet féiert an den Ufank vun der Pauvretéit. Nieft dem klassesche PIB, deen eigentlech de Kompass ass vun all Statsbudget, gëtt et och en „PIBien-être", mat deem sech notamment och de Conseil Économique et Social beschäftegt. Zu Recht, denke mir.

A mir denken och, mir sollten ons zu Lëtzebuerg domat beschäftegen, wéi ons Gesellschaft opgestallt ass, wéi se fonctionnéiert. Wat ass de Räichtum vun de Ménagen, vun de Familljen zu Lëtzebuerg? Dee Räichtum, dee sech net eleng un hirem Akommes, un hirer Pai moosse léisst. Et gëtt zu Lëtzebuerg keng Opstellung iwwert d'Verdeelung vum Räichtum par rapport zum Patrimoine, dat heescht alles, wat net direkt finanziell Akommesse sinn, mä wat éischter Kapital oder de Besëtz duerstellt, Besëtz vu Wunnengen, Besëtz vun Terrainen zum Beispill.

An Etüde beweisen, datt et grad déi net direkt finanziell Avoire sinn, déi d'Gesellschaft auserneesplécken. Ech erkläre mech: Et ass grad déi Form vu Räichtum, de Patrimoine, deen d'Chancëgläichheet an enger Gesellschaft wesentlech erschwéiert. D'Differenz vum Besëtz vum Patrimoine, de Gap vum Besëtz vum Patrimoine schaaft méi Inégalitéite wéi d'Differenz, de Gap vum Akommes, dat heescht vun der Pai, a léisst sech iwwregens och net duerch Sozialtransferten équilibréieren.

A wie Patrimoine seet, seet automatesch Logement. Et ass haut sécherlech net de Moment, op d'Logementspolitik anzegoen, mä et gëtt eng kloer Korrelatioun tëscht Aarbecht respektiv Aarbechtslosegkeet a Wunneng. An dee Lien mécht sech zu Lëtzebuerg immens séier. Wie seng Aarbecht verléiert an net séier genuch eng Aarbecht erëm fënnt, verléiert seng Wunneng a rutscht iwwert de Seuil vum Risque de pauvreté eraus direkt an de Statut vun der Pauvreté tout court. An dofir waarde mir och mat Spannung op de Plan sectoriel «Logement».

Doriwwer eraus wëll ech awer nach eng Bemierkung maachen. Doriwwer eraus soll hei nach eemol widderholl ginn, datt dës Regierung sech virgeholl huet, méi Locatiounswunnengen op de Marché ze bréngen, awer ënnert der Regie vun der ëffentlecher Hand, spriech Sozialwunnengen oder erschwéngleche Wunnraum. An do muss ech soen, datt déi Angschtmaacherei oder déi Spekulatioune ronderëm d'Hausse vun der TVA op déi zweet Wunneng vläicht de bonne guerre sinn, mä dach awer e bësse mat den Hoer erbäigezunn, well mer alleguerte wëssen - alleguerte wëssen! -, datt et net déi äermst Leit hei am Land sinn, déi sech kënnen eng zweet, eng drëtt oder eng véiert Wunneng bauen oder kafen!

Dofir brauche mir, Här President, Reformen an dësem Land, déi ons och méi strukturell Investissementer erlaben. Mir brauche strukturell Investissementer, déi eng nohalteg an intelligent, zukunftsorientéiert Politik erlaben, déi an nei Créneauen investéiert. De Finanzminister huet der e puer opgezielt beim Dépôt vum Budget: ICT, Ekotech, Biotech, Logistik an esou weider, ech ginn elo net weider drop an. Et stinn zum Deel och scho Saachen an deene verschiddene Kommunikatioune vun der Regierung.

Éischt Akzenter sinn awer gesat ginn an der Ried zur Lag vun der Natioun. A mir erwaarden ons als Gréng och an deem nächste Budget 2015, oder ab deem nächste Budget 2015 hire budgetären Nidderschlag. De Budget 2015 wäert eigentlech deen éischte richtege Budget sinn, wou sech déi kloer politesch Prioritéite vun dëser Regierung an Zuelen nidderschreiwe wäerten. Strukturell Investissementer sinn de Schlëssel géint d'Austeritéitspolitik. Dat huet ons déi dramatesch Situatioun a Spuenien a virun allem a Griichenland bewisen. Wuesstum jo, mä intelligenten an nohaltege Wuesstum! Wuesstum duerch eng intelligent an nohalteg Investitiounspolitik.

Dat bréngt mech zu onsem drëtte Punkt, den Investissementer. Och hei fanne mer an dësem sougenannten Transitiounsbudget och éischt politesch Akzenter vun der neier Regierung. D'Regierung organiséiert hir Investitiounen zilorientéiert, op d'mannst do, wou se schonn d'Méiglechkeet dëst Joer huet, dat ze maachen. An de Minister huet et och schonn ugekënnegt an eigentlech gutt beschriwwen: net méi eleng kucken, wéi mer d'Suen ausginn, mä firwat mer se ausginn.

A mir erwaarden ons ab deem nächste Budget, datt eng zilorientéiert Budgetsopstellung och den Impakt vun de geplangten Investissementer mat analyséiert. Well ech muss Iech soen,

dat Wuert, wat och de Moien erëm gefall ass, „Investissementer op méi héijem Niveau halen" oder „antizyklesch Investissementspolitik" eleng - eleng! - geet net méi duer, fir eng nohalteg an intelligent Planung ze realiséieren.

Här President, et geet weider an et gëtt weider an d'Schoul an och an d'Beruffsausbildung vun de Jonken investéiert. Duerch déi nei Ministèreopdeelung ass och en neie Fong geschafe ginn, deen et virdrun net gouf an deen aus de bestehende Fongen aus dem fréiere Familljeministère gespeist gëtt. Doduerch gewanne mer un Transparenz. Dëst si Fongen, wou net gespuert gëtt, well et gëtt regelméisseg d'selwecht vill an d'Kanner- a Jugendinfrastruktur investéiert.

D'Reform vum Arbeitsamt gëtt weidergedriwwen. Projeten, déi d'Leit an d'Aarbecht brénge, gi weider ënnerstëtzt a kréien zum Deel och weider Mëttelen, fir ze schaffen. Mir erwaarden ons vill vun där Ëmsetzung vun der neier Jugendgarantie, déi elo soll operationell ginn, obwuel mer keng spezifesch Sue vun der Kommissioun dofir kritt hunn.

Dann den Tram. Den Tram gëtt schlussendlech awer méi séier méi wäit ausgebaut, wéi dat nach virun engem Joer de Fall war. An do wollt ech einfach emol e puer Zuelen aus deem décke Budgetsbuch eraushuelen: Déi éischt Phas Gare-LuxExpo schléit mat 345 Milliounen zu Buch, den Ausbau Findel-Héienhaff 80 Milliounen, den Arrêt Pont-Rouge 95 Milliounen, den Ausbau Cloche d'Or 90 Milliounen. An ech setzen dat deem géigeniwwer, wat mer elo intelligent gespuert hunn, nämlech 1,3 Milliarden, well déi Zuchstreck Findel dann definitiv abandonnéiert ginn ass.

Besser Ubannungen un d'Groussregioun ginn endlech weidergedriwwen. An den ëffentlechen Transport hëlleft onser Meenung no, d'Standuertfacteuren zu Lëtzebuerg weiderzëentwéckelen. Och do, international Projete sinn dofir wichteg a ginn iwwerholl vun där leschter Regierung: den Eurocap-Rail mat 97 Milliounen, divers Projeten, wéi déi duebel Gleisen op Igel, den TGV op Stroossbuerg: 30 Milliounen. An dann eppes, wat net an Zuelen erëmzefannen ass, mä de SMOT mat der Belsch ass mat Sécherheet och eng Plus-value. A grad déi Beispiller vun der Förderung vum ëffentlechen Transport, deen ons Grénge jo awer bekanntlech och wichteg ass, sinn e Beispill, wéi Investissementer ekologesch a sozial Kritäre vu Gerechtegkeet fördere kënnen.

Här President, zum Schluss géife mir ganz gären der Regierung eng allgemeng Suggestioun mat op de Wee ginn. D'Budgetsdiskussiounen, och dëst Joer, sinn allgemeng focaliséiert op d'Règles budgétaires. Dat ass sécher wichteg a richteg, awer dobäi geet de Fong vun den Diskussioune gäre verluer. Mir sollten ons Gedanke maachen, och heibanne vläicht, am Kader vun der Reform vun der Budgetsprozedur, datt och déi inhaltlech Diskussiounen zu deenen eenzelne Politikfelder erëm méi Visibilitéit kréien.

De Budget an d'Budgetsdiskussioune mussen, onser Meenung no, erëm méi benotzerfrëndlech ginn, wann ech mech esou kann ausdrécken: eng Diskussioun iwwert déi reng faktesch a mechanesch Zuelen eraus, déi mer souwisou op Pabeier hunn, déi zwar och fir jiddwereen zougänglech sinn, mä awer och net ëmmer fir jiddweree verständlech sinn. Diskussiounen, déi iwwert d'Finanzkommissioun an deenen anere Kommissiounen och thematiséiert ginn, mä awer och doriwwer eraus.

Och doriwwer eraus, an do denke mer notamment, mä net nëmmen, un esou éischt Versich vu verschidde Gemengen, notamment och der Stad Lëtzebuerg, fir e Budget participatif anzeféieren oder d'Bierger an d'Biergerinne méi matanzebannen, wéi zum Beispill bei der Ausaarbechtung vun engem neie PAG. Un esou Initiative kéinte mir ons inspiréieren, fir de Statsbudget méi no bei d'Leit ze bréngen, besonnesch an Zäiten, wou mer mussen zesummenhalen.

Mir mussen an deenen nächste Joren zesummen ons fir d'Zukunft opstellen! Loosse mer dach dat Wuert „zesummen" generéis an demokratesch revaloriséieren. Mir Gréng denken, datt onst Land dëse frësche Wand brauch.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Loschetter. Als nächste Riedner huet sech den Här Gast Gibéryen vun der ADR ageschriwwen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt och vun eiser Säit aus e Wuert vu Merci un de Kolleeg Eugène Berger als Rapporteur. Och, mengen ech, wann een dëse Rapport net gestëmmt huet an de Budget net wäert stëmmen, muss een dach awer déi Aarbecht unerkennen, déi de Rapporteur, an och bei deene Budgete virdrun, d'Rapporteuren ëmmer gemaach hunn, wat eng Fläissaarbecht ass a wat virun allem och ëmmer e gutt Dokument ass, wou ee Statistesches an Iwwerleeunge kann zréck kucke goen.

Mir befannen eis dëst Joer an enger relativ aussergewéinlecher Prozedur, wat de Budget ubelaangt. A wa mer eis selwer objektiv analyséieren, si mer och amgaangen, e bësse Stréi ze dreschen, well mer véiermol elo scho bal hannerteneen déiselwecht Debatt heibanne féieren: Mir hunn am Dezember d'Regierungserklärung héieren an déi debattéiert, dunn hu mer den Douzième provisoire gestëmmt, dunn hu mer viru 14 Deeg iwwert d'Lag vun der Natioun geschwat, an haut schwätze mer schonn iwwert de Budget 2014. An duerfir, villes, wat mer an deene leschte Wochen an Méint heibanne gesot hunn, dat widderhëlt sech.

Et huet awer net vill geännert un der Ausriichtung vun der Politik vun der Regierung, woubäi d'Erwaardunge vun de Leit am Land un déi nei Gambia-Regierung grouss sinn, well d'Leit Hoffnungen an déi Regierung gesat hunn. A bis elo sinn déi Hoffnungen awer net erfëllt ginn.

Bei der Regierungserklärung hunn ech heibanne gesot, Här President, datt déi nei Regierung am Fong eng gewësse Virlafchance huet, well vill Leit am Land soen, datt et emol gutt wier, datt d'CSV eng Kéier an d'Oppositioun kënnt. An déi zweet Iwwerleeung, déi ee vill am Land héieren huet, ass, datt d'Leit gesot hunn: Méi schlecht wéi d'CSV/LSAP et gemaach hunn, kann d'Gambia et och net maachen. Dat hunn ech, wéi gesot, am Dezember gesot.

A wann ech dann haut, e puer Méint méi spéit, do géif eng éischt Analys maachen, da géif ech soen, datt d'Leit et nach ëmmer gutt fannen, datt d'CSV an der Oppositioun ass, mä bei deem, wou ech gesot hunn: Méi schlecht wéi d'LSAP/CSV-Regierung et gemaach huet…, do hunn ech awer an der Zwëschenzäit meng Bedenke kritt. An ech fäerten, datt et de Sozialiste wäert glécken, vläicht, wa se esou weiderfueren, mat der DP an de Gréngen nach méi eng schlecht Politik ze maachen, wéi d'Sozialiste virdru mat der CSV gemaach hunn. Mä mir sinn eréischt sechs Méint al a si sollen awer nach eng Chance kréien.

(Interruptions)

Ech hunn och ëmmer an deenen Debatte virdru gesot, datt mer virum 25. Mee näischt wäerte gewuer ginn. A wann ech haut soen, datt dat nach ëmmer esou ass, da soen ech näischt Neies. An d'Debatten, déi mer elo dës dräi Deeg hei verfollegen, hunn eis och keen neie Moment bruecht, wat dann alles soll nom 25. Mee geschéien.

Den Här Finanzminister huet gëschter och erëm gesot, datt 20 Gruppen an de Ministèren agesat gi sinn an datt d'Regierung am Summer, also nom 25. Mee, wäert décidéieren, wat da geschitt. An en huet och all deene Beamte félicitéiert, déi an deene verschiddene Ministèrë schaffen: déi géifen eng gutt Aarbecht maachen. An duerfir muss ee sech dann automatesch d'Fro stellen, wann déi Beamten alleguer esou eng gutt Aarbecht maachen, firwat dann d'Regierung huet missen auswäerteg Beroder mat bäihuelen a firwat datt eng Rei vun héije Fonctionnairen hirer Wee gaange sinn a firwat eng aner Rei vun héije Fonctionnairen d'Dier schonn opgemaach hunn, fir erauszegoen.

Duerfir soe mir, datt hei dat net esou ass, wéi dat hei presentéiert gëtt, datt do eng Harmonie bestéing an de Verwaltungen, mä mir mengen éischter, datt do verschidde Leit a Ministeren op engem Konfrontatiounskurs sinn, dee sécherlech net am Interesse vun enger gudder staatlecher Verwaltung ass.

Et ass gëschter gesot ginn, een Drëttel vun deem, wat mer duerch den E-Commerce géife verléieren, dat géif duerch d'TVA-Erhéijung gemaach ginn, an déi aner géifen dann no dem 25. Juni, oder der Summervakanz, gemaach ginn.

Kloer ass awer an dëser Debatt eppes erauskomm bis elo, dat ass d'Strategie, déi d'Regierung fiert. Éischtens wëllt d'Regierung esou maachen, wéi wa si mam gudde Beispill virgaange wier, fir ze spueren, fir Exempelen ze weisen, wéi gespuert gëtt, fir dann dat als Alibi ze huelen, fir ze soen: Ma, elo hu mir als Regierung gespuert an da muss de Rescht vum Land och elo d'accord sinn, fir iergendwéi Sacrificer ze bréngen a Geld ze spueren.

Den Här Finanzminister huet gëschter hei gesot, mir géifen iwwer eis Verhältnisser liewen. Ech mengen, dat misst een e bëssen nuancéieren. Et gëtt sécherlech Leit am Land, déi iwwer hir Verhältnisser liewen! Mä ech ka mer awer net virstellen, datt déi 25.000 Chômeuren iwwer hir Verhältnisser liewen. Ech ka mer och net virstellen, datt déi 50.000 Mindestlounbezéier iwwer hir Verhältnisser liewen oder déi Leit, déi am RMG sinn. Oder déi 15% Leit hei am Land, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen.

Den Här Bodry huet de Moie geschwat: All Sechsten hei am Land ass am Risiko, fir ënnert d'Aarmutsgrenz ze falen. Déi Leit liewe sécherlech net iwwer hir Verhältnisser. Et soll een also net pauschaliséieren an da soen: Et ass de Stat, deen iwwer seng Verhältnisser lieft. Jo, de Stat ass och responsabel fir d'Politik vis-à-vis vun deenen dote Leit!

An duerfir ass et, mengen ech, immens wichteg, datt mer drop oppassen, och dës Regierung, wa se dann elo de Summer ufänkt, Décisiounen ze huelen, datt mer déi dote Leit ausschléissen aus allen Décisiounen, déi musse geholl ginn, an deene Leit nach déi Moyenen zoukomme loossen, déi se brauchen, fir aus deene prekäre Situatiounen erauszekommen.

Wa gesot gëtt „spueren", an et gëtt virun allem gesot, datt d'Statsfinanzen an dësem Budget besser wieren an datt den Defizit méi kleng gi wier wéi an deene Budgete virdrun - wou mer quasi eng Milliard a méi wéi eng Milliard Defizit haten an dëst Joer op 545 Milliounen, laut dem Budget, zréckginn -, dann ass dat, wa mer éierlech sinn heibannen, Majoritéit wéi Oppositioun, net de Mérite vun der Politik!

Eis Ekonomie huet nun emol eben, Gott sei Dank, ugezunn, a mir hu souwuel um E-Commerce eng staark Progressioun dëst Joer wéi op der Taxe d'abonnement, well am Fong déi zwou Taxe bal eleng maachen déi méi positiv Resultater am Budget dëst Joer aus.

Dat, wat sougenannt als Spuermoossnamen hei ugekënnegt ginn ass, dat bremst am Prinzip d'Progressioun vum Defizit, mä et huet net den Defizit als solchen ofgebaut. Den Defizit als solchen ass ofgebaut gi vun engem Plus u Recetten um E-Commerce an un den Taxes d'abonnement. Ouni déi Progressioun an deenen zwou Steiere wier och den Defizit an dësem Budget nach ëmmer bei enger Milliard bliwwen.

Déi verschidde Spuerprogrammer, déi d'Regierung ugekënnegt huet, wëll ech kuerz duerchsträifen, well se och schonn de Moien an de Mëtteg schonn zum Deel hei beliicht si ginn.

Wa mer iwwert d'Frais de fonctionnement schwätzen a mir wëssen, datt dat 8% vum Statsbudget ausmécht, da wësse mer, datt mer net iwwert dee Punkt eleng d'Statsfinanze kënne sanéieren. Mä mir hunn awer gesot, an dat ass richteg, datt, wann ee wëllt d'Statsfinanze redresséieren, dann däerf et keng Tabuthemae ginn an da muss een déi honnert Prozent ventiléieren. An zu deene gehéieren nun emol eben och déi 8%, wëssend, datt een net ka mat 8% eleng dat maachen an datt mer och all déi aner mussen op de Leescht huelen, ëmmer an der Optik vun deem, wat ech virdru gesot hunn.

Mir stellen awer fest, datt och hei eng gewësse falsch Transparenz vun der Regierung besteet, well wann ee genau kuckt, wou déi Suen an de Frais de fonctionnement agespuert ginn, dann ass e gudden Deel net beim Stat, an et ass de Moien och schonn ugeklongen, mä dat ass am Fong bei den Établissements publics gemaach ginn. A meeschtens, wann een dat haut héiert, sinn déi meescht vun deenen net konsultéiert ginn.

Et huet keen Dialog bestanen, soudatt am Fong d'Regierung dat, wat d'Madame Loschetter elo grad hei just als hiert Schlusswuert gesot huet, datt ee soll „zesummen" déi Problemer ugoen... Op jidde Fall, an den éischte sechs Méint huet d'Regierung bewisen, datt se déi Problemer, déi se wëllt léisen, net zesumme mat deene Concernéierten ugaangen ass. Dat huet een an deene leschte Wochen an Deeg intensiv aus all deene Reien héieren, datt d'Regierung einfach iwwert d'Käpp ewech vun alleguer deenen Établissements publics a vun deene Betraffenen ewech décidéiert huet.

(Interruption)

Och wat d'Investitiounen…

M. le Président.- Jo, Här Gibéryen, erlaabt Der, dass d'Madame Loschetter eng…?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wann ech d'Zäit ugerechent kréien, ganz gär.

M. le Président.- Selbstverständlech! Dir wësst, dass mir ëmmer fair mat Iech sinn.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Mengt Dir wierklech am Eescht, Här Gibéryen, datt dës Regierung an dräi Méint schonn all Décisioun geholl huet, nodeems d'Regierung selwer an d'Majoritéit gesot hunn, datt mer elo emol amgaang sinn, en État des lieux ze maachen, an datt mer sécherlech mat alle Partner wäerten zesummen déi Saach ugoen. An da kommt Dir dohinner an Dir sot: Dir hutt alles eleng décidéiert! Mengt Dir dat wierklech am Eescht?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech weess net, Madame Loschetter, wat Der domadder wëllt soen, well ech hunn elo grad gesot, datt Der nach praktesch näischt décidéiert hutt, datt Der dat eréischt no den Europaparlamentswahle maacht.

(Interruption)

Mä dat, wat Der décidéiert hutt, hutt Der mat kengem beschwat! Ech schwätze vun deene Moossnamen, iwwert déi d'Leit, iwwert déi d'Uni an alleguer sech momentan opreegen, an d'Établissements publics sech opreegen, well Der net mat hinne geschwat hutt. Dat heescht, bei deem Weinegen, wat Der décidéiert hutt, hutt Der bewisen, datt Der net mat deene Leit schwätzt. An et ass vun deenen, wou ech schwätzen a wou ech soen: Ännert lech a maacht dat, wat Der virdrun hei gesot hutt, a schwätzt an Zukunft mat de Leit a fuert net esou virun, wéi Der an deene sechs éischte Méint dat elo gemaach hutt.

(Interruptions)

D'Investitiounen, och do ass no bausse gemaach ginn, wéi wann d'Investitioune géife grouss zréckgoen. Neen, et ass keng Investitioun, déi geschnidde ginn ass! Et ass just, well mer haut ebe mam Budget schonn am Mount Abrëll sinn, wou soss de Budget am Joer virdrun am August, September opgesat ginn ass an et ass am Hierscht gestëmmt ginn. Da waren d'Previsiounen, fir Projeten ze realiséieren, selbstverständlech an dem Budget méi grouss.

An haut si mer am Abrëll an d'Verwaltunge stelle fest, datt an enger Rei vu Projeten, wéi dat all Joers de Fall war, dëst Joer d'Suen net alleguer ausgi ginn, déi een am Budget virgesäit. An elo sinn déi einfach op d'Realitéit zesummegeréckelt ginn, zesummegestrach ginn, an dat ass eben dat Aspuernis.

Mä et soll een net kommen a soen, et hätt een do gespuert. Do ass näischt gespuert ginn! Déi Eenzeg, wou reell gespuert ginn ass - ech wëll net weider drop agoen, well mer dat déi leschte Kéier schonn hei gesot hunn -, dat ass bei de Studenten. Ech wëll net méi drop agoen, well ech dat schonn déi leschte Kéier hei gemaach hunn am Kader vun der lafender... Mä dat ass deen eenzege konkrete Punkt, wou ee ka soen: Do huet d'Regierung gespuert.

D'Neiastellungen, do gëtt gesot, mir maachen nëmmen 150 Stéck. An et ass awer och de Moien hei schonn ugeklongen an, ech mengen, jiddweree weess et, datt nach iwwer 140 Plazen hei vum Parlament genehmegt sinn a budgétiséiert sinn, déi nach net agestallt gi sinn.

Dat heescht, d'Regierung kéint am Prinzip, och wa se seet, mir ginn nëmmen am Budget eis d'Autorisatioun fir 150 nei Plazen, si kéint awer, wa se wéilt, wa Besoin do wier, 300 Plazen dëst Joer astellen. Och dat ass also, wéi gesot, eng Presentatioun vun der Situatioun, déi wäit vun der Realitéit ewech ass.

Genausou wéi mer dat bei den Emprunten hunn: Mir hunn an dësem Budget en Emprunt virgesi vu 500 Milliounen. Mä mir wëssen awer, datt nach zwou Milliarden Emprunten autoriséiert si vun dëser Chamber. Dat heescht, d'Regierung kann och nach méi wéi 500 Milliounen Emprunt ophuelen, well déi autoriséiert sinn, quitte datt der nëmmen esou vill, 500 Milliounen, hei dëst Joer am Budget sinn.

Wa gesot gëtt, mir stellen nëmmen 150 Leit an an da spuere mer néng Milliounen, dat ass immens flott. Ech hoffen, datt de Finanzminister net ëmmer esou rechent, wann en 150 Leit astellt an, dass en da seet, mir hätte néng Millioune gespuert! Dat verstinn ech net. Kréien déi Leit keng Pai? Oder bréngе se nach Geld mat? Well wéi spuert en dann, wann en 150 Leit méi huet? Also, 150 Leit kaschten eppes! Da muss een emol fir d'Éischt soen, wat déi 150 Leit weider kaschten, an et kann een net soen, wat een domadder géif spueren.

Dann och d'TVA. Et ass ëmmer gesot ginn - vun alle Parteien, déi haut an der Regierung sinn! -, datt d'TVA eng sozial ongerecht Steier wier, an et ass virun allem vun der DP gesot ginn, datt eng Steiererhéijung iwwerhaapt net a Fro kéim, ier all aner Moossnamen erschöpft sinn. A wat ass dat Alleréischt, wat mer Konkretes vun dëser Regierung héieren hunn? Dat war d'TVA-Erhéijung. Déi war virun de Wahle sozial ongerecht, a si bleift och no de Wahle sozial ongerecht!

An och déi Décisioun, datt do um zweete Logement d'TVA eropgesat gëtt; wéi d'Madame Loschetter elo hei gesot huet, dat wieren net déi Äermst, déi eng zweet oder drëtt Wunneng hätten. Dat mag sinn. Mä et sinn awer déi Äermst, déi an déi Wunnenge musse loune

goen an déi duerch déi heite Moossnam de Loyer an d'Luucht gesat kréien. Et sinn also déi Äermst, déi dat trëfft, well déi, déi investéieren, déi wéckelen dee Plus un Investissement un hir Locatairen of, an da sinn et awer déi Äermst, déi mat Ärer Moossnam hei getraff ginn, an net déi, déi Suen hunn. Déi stinn um laangen Hiewel. Déi kënnen dat kompenséieren.

Dann huet den Här Bodry de Moie gesot, hei wier deen éischte Budget, wou keng Steiererhéijungen dra wieren. Ech wëll awer just froen, wat dann domadder gemengt ass. De Rapporteur kann et och op der Säit 69 vum Rapport kucken, datt d'Akzise gehéicht ginn. D'Akzise gi gehéicht op de Produits énergétiques, op der Elektrizitéit, um Tubak, um Alkohol, an zwar ginn déi vun 3,75 op 4,75 erop.

Et huet mech gewonnert, datt weder de Rapporteur, nach de Finanzminister, nach bei der Presentatioun vum Budget een iergendwéi heibannen ee Wuert verluer huet, datt déi Akzise géifen eropgoen. An ech hätt duerfir, Här President, eng Fro un den Här Finanzminister, wann en een Ableck géif nolauschteren.

(Interruption)

Ech hätt eng Fro un den Här Finanzminister, ob en eis herno géif soen, wat déi Erhéijung vun den Akzise vun 3,75 op 4,75 als Plus u Recetten an d'Statskeess erabréngt, well et ass jo an dësem Budget virgesinn.

Da gëtt permanent vun enger Steierreform geschwat, ouni datt se konkretiséiert gëtt. De Moien huet den Här Bodry hei gesot: Wéi sinn d'Alternativen da vun der Oppositioun? Mä eng Alternativ kann een nëmmen zu eppes maachen, wat besteet! Da musst Der emol fir d'Eischt...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Mir schwätzen hei iwwert de Budget!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, oh, zum Budget! Dir schwätzt hei vu Steierreformen,...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Wat sinn dann Är Alternativen zum Budget?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- ...wou gesot ginn ass, mir musse kucken, wat néideg ass, a mir musse kucken, wat net néideg ass.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Näischt héiere bis elo!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- A mir musse kucken, wat dran ass, a mir musse kucken, wat kéint drakommen. Jo, dat ass flott gesot, mä domadder ka keen eppes ufänken.

Da gëtt gesot: Mir mussen de Mëttelstandsbockel ofschafen. Ech hunn dat bei der Regierungserklärung hei erkläert schonn, wéi een dat esou ka maache mat engem Mëttelstandsbockel. Well dat ass e Bockel. An déi virdrun an déi hannendrun, déi verdénge laut deenen, déi mengen, si wieren um Bockel..., déi mengen, déi virdrun an déi hannendrun, déi géifen net Steiere genuch bezuelen, oder si géifen der ze vill bezuelen.

Elo kann een natierlech higoen a soen: Ma da senke mer de Bockel erof. Dann hätten déi Leit manner Steieren ze bezuelen. Ech ka mer awer net virstellen, datt déi Regierung hei Steiererliichterunge mécht. Ech stelle mer éischter vir, datt se déi virdrun an déi hannendrun, datt se déi an d'Luucht hieft. An dat ass jo och an deene leschte Woche kloer erauskomm.

Den Här Bëttel, den Här Premier, huet eng Kéier gesot an der Press no baussen, datt hien der Meenung wier, jiddwereen am Land misst Steiere bezuelen. Bon, mir wëssen awer, datt mer 40% vun de Leit am Land hunn, déi keng Steiere bezuelen. Also ass den Här Statsminister der Meenung, déi 40% misste Steiere bezuelen!

An den Här Bodry huet no e puer Deeg doropshi gekontert an en huet gesot, ma hie wier der Meenung, d'Räichesteier misst méi eropgesat ginn, d'Héchststeier misst méi eropgesat ginn. Et ass also genau dat, wat ech wëll soen: Dir schaaft de Mëttelstandsbockel of, andeem datt Der déi virdrun an déi hannendrun an d'Luucht hieft! Sou, gesitt Der, elo ass kee Bockel méi do! Awer de Leit Hoffnunge maachen, de Mëttelstandsbockel, dat géif Steiererliichterunge bréngen! Dat wäert doudsécher bei dëser Regierung net de Fall sinn.

Da wëll ech nach e puer Wuert verléieren iwwert déi Ausstellung vum Éischte Weltkrich. Ech mengen, do huet d'Regierung och gutt bewisen, wéi et mat hirer Kommunikatioun war: Deen een Dag derfir, deen aneren Dag dergéint, deen Dag drop erëm derfir an dann herno war se erëm dergéint. An da waren op eemol keng Kreditter do.

Mir schwätzen hei vun 250.000 Euro. Mir schwätzen also hei net vun Honnerte vu Milliounen. An eng Regierung, där hir Geschicht emol net esou eng Ausstellung wäert ass, déi brauch sech net ze wonneren, wann d'Leit hir de Virworf maachen, si hätt kee Respekt virun der Geschicht vun dësem Land. Fir do hinzegoen an da mat allen Argumenter ze versichen, firwat datt een dee Kredit net kéint kréien, et wier net budgétisiert gewiescht!

Wann nëmmen an engem Stat dat géif gemaach ginn, wat vun Ufank un ëmmer budgétisiert war! An do komme wéi dacks Ministere bei eis a se soen, hei, fir datt et méi séier geet, an esou virun, kënnt Der net d'accord sinn, datt mer dat doten awer maachen an datt mer dat op dee Kredit iwwerbuchen oder esou. Et ass ëmmer e Wee fonnt ginn.

Also, wann een dat wëllt maachen, wierklech wëllt maachen, da mécht een et. A wann een et net wëllt maachen, da sicht een egal wat fir Argumenter, déi ee wëllt, fir et eben net ze maachen. An dës Regierung wëllt keng Ausstellung iwwert den Éischte Weltkrich maachen, an duerfir huet se och an der Finanzkommissioun deen Amendement, dee mir erabruecht hunn, verworf! Si wëllt keng Ausstellung maachen, an da soll se dat kloer soen a soll hei net mat esou fadenscheinegen Argumenter operéieren.

Wann eng Regierung wëllt wierklech mam gudde Beispill virgoen a si wëllt spueren, da soll se konkret ginn an eppes Beweisbares an Novollzéibares bréngen. Dat huet dës Regierung awer mat deem Spuerprogramm, dee se bis elo virgeluecht huet, net gemaach. Dee kënnt eréischt, wéi gesot, no den Europaparlamentswahlen.

(Interruption)

Fir symbolesch esou e Blödsinn ze maachen, wéi op der Autobunn d'Stroosseluuchten ewechzeseeën, wou d'ganzt Land de Kapp driwwer rëselt, wann dat sollt e symbolesche Geste no bausse sinn, wéi dës Regierung wëllt spueren, da muss ech soen: aarmséileg Regierung! Grad do, wat d'Sécherheet ubelaangt, gi Luuchtemasten ewechgeholl. Wa se se wéinstens ausgemaach hätten. Neen, si hu se symbolesch ewechgeschnidden op ee Meter. Dat Eenzegt, wat positiv un deem Meter ass: D'Leit ginn all Dag, wa se derlaanschtfueren, un dee Blödsinn nei erënnert!

(Hilarité)

Duerfir, loosst se stoe bis d'nächst Wahlen, datt d'Leit ëmmer erëm gesinn, hei, esou blöd muss ee sinn, fir Luuchten op ee Meter vum Buedem ewechzeseeën, fir ze soen, mir spueren dann.

Wann d'Regierung wëllt esou symbolesch eppes maachen: Si war jo elo virun e puer Wochen op Clierf de Weekend verbréngen, wéi se de Regierungsrot do gehalen huet. Mir fannen dat positiv, datt se d'ländlech Géigend ënnerstëtzt an datt d'Hôtelleriesbranche ënnerstëtzt gëtt. Mä dann hätt se sollen do en Exempel maachen a soen: Hei, mir fueren net mat de Regierungsween op Veianen oder op Clierf dorobber, mir fueren zesumme mam Zuch dorobber. A vu datt kee soziale Fall an der Regierung ass, maache mer e Geste a mir bezuelen déi Käschten och alleguer selwer. Dat hätt zwar och de Budget net gerett, mä et wier op d'mannst vun esou vill symboleschem Wäert gewiescht dobaussen, wéi d'Luuchte laanscht d'Strooss ewechzerappen.

(Brouhaha)

Här President, den Tram huet d'Madame Loschetter ugeschnidden. Ech wollt deen och dann nach eng Kéier uschneiden. Ech mengen, déi Leit, déi esou fervent fir den Tram heibannen antrieden - dobausse gëtt et der ëmmer manner -, déi Leit sollten emol higoen…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- 72%!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, neen, neen, neen!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- 72%!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir interpretéiert dat, wéi Dir dat wëllt.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Da liest och alles…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, 72% ënnerstëtzen en net. Dat ass net d'Interpretatioun vun där Analys.

Une voix.- Ou!?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, neen. Wann Der wëllt, hei, da kommt emol heihin a da gitt Der konkret Beispiller, u konkrete Beispiller weist Der, fir wien deen Tram dann e Virdeel bréngt.

Mir hunn hei an der Stad Exercicer gemaach an alle Quartieren, aus deene Leit sech déplacéieren, a mir hunn net een eenzege fonnt, wou et fir e Stater Bierger en Avantage wier, wann den Tram eng Kéier kënnt. Am beschte Fall ass et gläich! Am beschte Fall ass et gläich an an deene meeschte Fäll ass et fir d'Stater Leit eng Verschlechterung. A bei alleguer deenen 150.000 Pendler, déi moies an d'Stad mussen eran- an owes erauskommen, do hu mer kee fonnt, fir deen et e Virdeel war! Do kënnt Der alles opbauen, Schemaen, wouhier d'Leit kommen a wouhi se fueren...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Wien?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma Dir! Maacht dat! Dir kënnt net de Contraire…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Wien ass „mir"?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma mir, mir als Partei hunn dat gemaach.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ahhh!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mä, Madame Loschetter, Dir kënnt jo heihinnerkommen, Dir kënnt jo heihinnerkommen an unhand vu Beispiller beweisen,…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- … Expert Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …datt d'Leit Virdeeler dovunner hunn; een, deen zu Bouneweg wunnt, deen an de Centre Hospitalier fiert, wéi en haut fiert, wéi e muer fiert. Huelt ee vum Kierchbierg, deen op Zéisseng fiert; huelt een, dee vun Thionville op de Lampertsbierg fiert. Dir huelt einfach esou vill Beispiller a bréngt eis Beispiller, wou et fir déi betraffe Leit e Virdeel ass. Ech soen Iech: Dir fannt keen, fir deen et e Virdeel ass. Et ass héchstens gläich, awer fir keen e Virdeel.

An dann déi gréng, déi hunn ëmmer sech dergéint gewiert, datt Parkingen an der Stad solle kommen, datt d'Autoe sollen an d'Stad kommen. Elo baue se awer fir den Tram 5.000 bis 6.000 Parkplaze ronderëm d'Stad bäi, wou d'Leit da sollen an den Tram kommen.

(Interruption)

Richteg.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ronderëm d'Stad ass net an der Stad!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Awer just! Also d'Kockelscheier, de Kierchbierg, dat ass net an der Stad, mä et ass just do, wou den Tram fortgeet.

(Interruption)

Madame Loschetter, Dir sidd vläicht ze vill an der Stad. Dir musst Iech emol moies an owes e bësse ronderëm d'Stad bewegen. Da gesitt Der, datt am Rescht vum Land alles Stau ass! Moies ass alles Stau fir an d'Stad, an owes ass Stau fir aus der Stad. Dat heescht, fir datt dann déi 5.000 bis 6.000 Leit mat hiren Autoen an d'Stad kommen, musse se emol fir d'Éischt am Stau stoen. A wann Dir sot, et kënnen elo 6.000 Autoe weider an d'Stad kommen an Dir huelt an engem Stau en Auto mat siwe Meter, da produzéiert Der mat Ären dräi Parkinge ronderëm d'Stad 40 km Stau ronderëm d'Stad moies an owes weider!

Dat ass d'Realitéit, well déi zousätzlech Autoe stinn emol zousätzlech am Stau. Dat ass Är Konklusioun, an duerfir, déi Regierung hei, wann déi investéiert, dann investéiert se an de Stau. Dat hunn ech déi leschte Kéier gesot, an duerfir soen ech Iech ganz kloer: Dat dote geet net op!

A wann Der dann erëm wëllt mat de Leit all zesummen d'Problemer ugoen, wéi d'Madame Loschetter elo grad hei gesot huet, ma dann hutt dach de Courage a maacht e Referendum. A wa 70% derfir sinn, Madame Loschetter, wéi Der elo grad gesot hutt, da braucht Der dach keng Angscht ze hunn! Da wier ech an Ärer Plaz deen Éischten, déi géif soen: Ma mir maachen e Referendum a mir loossen eis vun de Leit am Land d'Zoustëmmung gi fir dee Projet do. Mä Dir wësst ganz genau, datt déi grouss Majoritéit dergéint ass, an duerfir hutt Der Angscht. Dir hutt Angscht virun der Wourecht. Dir hutt Angscht virun der Meenung vum Bierger. An duerfir frot Der se net. Dir maacht nëmme Referendumen do, wou se lech an de Krom passen! A wann de Risiko besteet, datt d'Leit eng aner Meenung hu wéi Dir, da maacht Der kee Referendum. Duerfir soen ech Iech: Maacht e Referendum, da geet dat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mengem Kolleeg Fernand Kartheiser nach zéng Minutte loossen,...

(Interruptions)

…duerfir wëll ech zum Schluss kommen.

Et si Leit heibannen, déi hunn e schlecht Demokratie-Versteesdemech, déi mengen, just hir Meenung däerft hei virgedroe ginn. Et sinn och nach Leit, déi hunn eng aner Meenung, an an engem Parlament an engem demokratesche Stat huet jiddwereen d'Recht, seng Meenung virzedroen, och wann et deem engen oder aneren net gefält!

Op jidde Fall, dës Regierung huet an deene sechs éischte Méint bewisen, datt se net fir Transparenz ass, datt se net fir Dialog ass. Si huet gewisen, datt se kee Respekt vis-à-vis vun eiser Geschicht huet, eiser Traditioun, eiser Identitéit, eiser Kultur. A si huet och bewisen, datt se kee Respekt virun de kommende Generatiounen huet. A sechs Méint huet se scho villes futtigemaach, wat Generatioune virdrun ënner schwierege Konditiounen erschafft hunn.

Ech soen Iech Merci.

(Interruptions et brouhaha)

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Vill Pathos! Dat passt net bei Iech, dee Pathos do.

M. le Président.- Sou, da gi mer zum nächste Riedner iwwer, an dat ass den Här Justin Turpel vun déi Lénk. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

(M. Justin Turpel dépose 4 motions.)

Merci, dat ass awer fein, dass Der mer eppes matbruecht hutt.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Dat ass ganz gär geschitt! Ech hoffen, Dir appréciéiert et. Et si véier Motiounen, op déi ech dann herno wäert zréckkommen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant l'annonce de Madame le Ministre de la Culture de résilier l'ensemble des conventions culturelles que l'État entretient actuellement avec les associations et institutions du secteur culturel afin de réorganiser la politique de subvention culturelle de l'État;

- considérant que ces déclarations n'ont pas été accompagnées par des annonces concrètes concernant l'orientation future de ces conventions culturelles qui auraient ainsi au moins permis aux associations et institutions une certaine prévisibilité concernant leurs engagements;

- considérant qu'il existe ainsi une grande incertitude concernant les nouveaux critères à la base des nouvelles conventions;

- considérant que cette incertitude rend impossible toute planification pluriannuelle - outil important pour les associations et institutions culturelles;

invite le Gouvernement

- à s'informer auprès des associations et institutions culturelles sur leurs engagements qu'elles ont d'ores et déjà pris en relation avec leurs projets culturels par rapport à d'autres associations et institutions luxembourgeoises et/ou étrangères;

- à présenter dans les meilleurs délais les critères qui serviront de base pour les nouvelles conventions, critères qui devront s'orienter aux buts, défis et mesures proposés par le Pacte culturel.

(s.) Justin Turpel, Serge Urbany.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que le Gouvernement est en train d'élaborer une nouvelle procédure budgétaire dite «budget de nouvelle génération»;

- considérant les incidences de cette nouvelle procédure sur les capacités de l'État d'agir en matière politique;

- considérant la volonté de la Chambre de Députés de s'impliquer dans les différentes étapes de l'élaboration de cette nouvelle procédure;

invite le Gouvernement

- à soumettre les propositions concernant la nouvelle procédure budgétaire le plus rapidement possible à la Chambre des Députés, afin de l'associer aux travaux futurs et de lui permettre d'en discuter en séance plénière.

(s.) Justin Turpel, Serge Urbany.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant le projet de loi 6670 sur la réforme des aides financières de l'État aux étudiants de l'enseignement supérieur et ses implications sur la situation des étudiants;

- considérant que l'allocation de base prévue est inférieure aux montants alloués en matière d'allocations familiales avant la réforme de 2010;

- considérant que les organisations estudiantines et les organisations syndicales craignent que cette réforme ne porte atteinte à l'autonomie de tous les étudiants et à leurs possibilités de poursuivre des études supérieures;

- considérant que les dépenses en matière d'aides pour étudiants ne représentent pas seulement un coût, mais constituent surtout un important investissement dans l'avenir;

invite le Gouvernement

- à se concerter avec les représentants des étudiants et les organisations syndicales dans le but de garantir dans la nouvelle loi la possibilité pour tous les étudiants de poursuivre des études supérieures tout en assurant leur autonomie.

(s.) Justin Turpel, Serge Urbany.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- considérant l'accroissement constant et inquiétant des inégalités de revenus à tous les niveaux (cf. ratios des parts de revenus disponibles - S95/5, S90/10, S80/20, etc.);

invite le Gouvernement

- à soumettre des propositions, y compris en relation avec la procédure budgétaire, afin de réduire ces inégalités à tous les niveaux;

- à présenter pour chaque projet de loi l'impact sur l'évolution des inégalités sociales.

(s.) Justin Turpel, Serge Urbany.

Den Här Gramegna huet eis gëschter mat Stolz erklärt, datt déi lescht Regierung, an där d'LSAP dra war mat der CSV, eng falsch Finanzpolitik gemaach hätt. A mir, sot en, hunn d'Zil erreecht an den Triple-A an d'EU-Norm, dat heescht de Stabilitéitspakt, agehalen. Déi lescht Regierung hätt vu Bréissel keng gréng Luucht kritt fir hire Budget. „Mir", Zitat, „hunn dat fäerdegbruecht."

„Mir", dat ass virun allem d'DP, zesumme mat hire Beroder vun der ABBL. An d'LSAP an déi gréng maache mat. An den „kritesche Bléck", vun deem d'Madame Loschetter elo just geschwat huet, vun der LSAP an och vun deene Gréngen op d'Politik vun der Regierung a vun der DP ännert näischt drun, datt se et matmaachen a letztendlech och rechtfertegen.

(Interruption)

Net d'Erofsetze vun de sozialen Ongläichheeten, déi ëmmer méi grouss ginn, net d'Bekämpfe vun der Aarmut a vum Chômage, déi zouhuelen, neen, d'Oplage vun der EU a virun allem de Ratingagencë sinn d'Mooss vun der Politik. An dobäi bleift et, sot den Här Gramegna, en Iwwergangsbudget, „en Iwwergank vu gëschter op muer, vun engem alen op en neie System an", ech hu gestaunt, wéi ech et héieren hunn, „vu viru Lehman Brothers op eng nei Welt, déi multipolaire ass."

Si mir wierklech „no Lehman Brothers" ukomm? Ech wëll drun erënneren, dat sinn déi, déi 2007 déi gréisste Finanzkris agelaut hunn, déi de Kapitalismus bis haut kannt huet.

Neen, mir sinn net „no Lehman Brothers" ukomm! D'Ursaache vun der Kris si bis haut net duergeluecht ginn an d'Léieren net gezunn. 5.100 Milliarden Euro goufen de Banke fir faul Kreditter zur Verfügung gestallt. En Audit iwwert d'Ursaache vun deene faule Kreditter, wou se loungen a wou déi illegitim Schold vläicht ass, déi een net soll bezuelen, gouf bis haut net gemaach. A ronn 1.000 Milliarde faul Kreditter si weider ënnerwee. An d'Spekulatioun zitt erëm un. Och do goufen déi noutwendeg Léieren net gezunn.

Den zweete Volet vun der Ausso vum Finanzminister: Ass d'Zukunft „multipolaire"? Dat heescht, ginn elo all Acteuren an all Komponente berücksichtegt? Ech mengen net!

Et gëtt just nach ee Pol, an dat ass deen: Gefält onse Budget der Finanzaristokratie, déi d'Muecht an Europa iwwerholl huet? Wat soe Moody's, Standard & Poor's, Fitch an DBRS zum Budget an zu der Regierungspolitik? Dat ass d'Mooss vun den Dénger, vun der Saach.

Fir d'LSAP zielt net méi: Wat soen d'Gewerkschaften? Wat soen d'Vertrieder vun de Leit, déi schaffe ginn? Mä: Wat soen d'Vertrieder vum Kapital a vun de Ratingagenturen? Déiselwecht Ratingagenturen, déi mat schold sinn un der Finanzkris 2007/2008; ech wëll un Enron erënneren. An dat wäert beim Budget vun der neier Generatioun, op deen ech nach zréckkomme wäert, a senge Strukturreformen nach méi zum Droe kommen.

Déi viregt Regierung vun CSV an LSAP huet d'Basis fir déi Politik geluecht. D'DP iwwerhëlt elo mat der ABBL d'Rudder, an ech wëll dann emol den Här Wirtschaftsminister zitéieren, dee seet, dass d'ABBL deen éischten, den „Premier Conseiller de Gouvernement" vun der neier Regierung ass.

D'CSV ass e bësse méi blöd drun, well se déi Politik eigentlech mat ageleet huet, se gréisstendeels och dréit. A si ass och net dergéint, datt gespuert gëtt, seet den Här Wiseler. Si ass just net d'accord mat der Aart a Weis, wéi d'Regierung dat mécht. An ech mengen, d'CSV huet souguer domadder recht, wa se seet, si kéint net d'accord si mat der Aart a Weis, well esou geet een net mat Leit ëm, deenen ee Saachen ewechhëlt an iwwert déi een décidéiert, wéi dës Regierung dat mécht. Mä d'CSV ass awer d'accord mam Inhalt a mam Prinzip vum Spueren.

An ähnlech ass et bei der ADR, déi zwar seet, déi och schwätzt vum Spueren, wat onbedéngt misst gemaach ginn, vun där neier Relioun, déi just seet, et soll een déi Leit, déi wierklech näischt hunn, et soll een déi ausspueren.

An dat schéngt de Problem ze sinn: déi nei Relioun. En ass elo net heibannen. En ass vläicht säi Staf a säin Hutt sichen als gudden Hiert, dee mat sengen zéng Geboter hei vum Bierg erofkomm ass. En huet se wahrscheinlech laang verstoppt gehat, mä en huet eis erkläert, elo, wou de Reliounsunterrecht emol nach net ofgeschaaft ass an deen neie Wäerteunterrecht emol nach net definéiert ass, wat déi nei Wäerter sinn. Déi nei Wäerter...

Une voix.- Den Här Berger huet jo vun zéng Geboter geschwat.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Maja, ganz genee, vun deenen zéng Geboter. Ech weess awer net, mat wiem e se duerchgeschwat huet op deem Bierg do uewen, mat wéi engem Gott. Oder mat sech selwer? Mä en huet se op jidde Fall emol matbruecht an...

(Interruption)

Jo, en huet jo och e Buch driwwer geschriwwen, „Ganz oben", wou en dann awer näischt dovunner ugekënnegt hat.

Une voix.- Kommt zum Budget!

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Zum Budget ass et ganz kloer, datt dat déi nei Relioun ass, an dat ass déi nei Regel. D'Prinzipie vun der Humanitéit - de Mënsch, net d'Kapital soll am Mëttelpunkt stoen - gëtt et net méi. Déi nei Regel heescht „spueren, spueren an nach eng Kéier spueren!".

Hu mir iwwer ons Verhältnisser gelieft, wéi den Här Berger dat gesot huet? Den Här Gibéryen huet et och opgeworf. Jo, et gëtt vill Leit, déi iwwer hir Verhältnisser liewen. Ronn 0,1% vun der Bevëlkerung vun dëser Welt, deene gehéieren 81% vun alle Verméigen op dëser Welt! An 99,9%, déi deele sech déi aner 19% vum Verméigen op dëser Welt. Dat sinn e puer Honnertdausend Leit vis-à-vis vu sechs Milliarde Mënschen.

Och zu Lëtzebuerg gëtt et grouss sozial Ongläichheeten, déi zouhuelen. Ech wëll drop hiweisen, fir déi, déi den Avis vun der Chambre des Salariés an och de Sozialalmanach vun der Caritas a vun der Chambre des Salariés opmierksam gelies hunn, datt den Ënnerscheed tëschent deenen ieweschten 10% vun Akommes an deenen ënneschten 10% sech vun 2000, wou schonn den Ënnerscheed 5,5-mol war, wou uewe méi verdéngt gouf wéi ënnen, datt dee sech nach vergréissert huet op 6,4-mol. Mir sinn, wat déi zéng héchst a wat déi 5% héchst Akommessen ugeet, do, wou Däitschland och ass mat senge groussen Ongläichheeten.

An neen, d'Majoritéit vun de Leit lieft net iwwer hir Verhältnisser. Eng Minoritéit vu Räichen a Superräichen doudsécher, mä d'Majoritéit vun de Leit sécher net! An ech brauch d'Chifferen net nach eng Kéier ze widderhuele vum Aarmutsrisiko: 15%; all Sechsten, dee Schwieregkeeten huet, fir um Enn vum Mount iwwert d'Ronnen ze kommen. Ech soen et och nach eng Kéier, all zweete monoparentale Stot ass an där Situatioun. A wa mer keng Sozialtransferten hätten, da léiche mer bal bei 50% vun eiser Bevëlkerung, déi Schwieregkeeten hätten, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, well se ënnert dem Aarmutsniveau leien.

D'Ursaach dovunner, iwwert déi ass net geschwat ginn, d'Ursaach vun deenen Ongläichheeten. Mä et muss een awer doriwwer schwätzen, och wann ee wëllt iwwer Budget schwätzen an iwwert d'Awierke vum Stat op d'Ongläichheeten. D'Ursaach ass déi, datt de geschafene Räichtum zu Lëtzebuerg net gerecht verdeelt gëtt. Vum ganze Räichtum, deen duerch d'Aarbecht geschafe gëtt - well et ass d'Aarbecht, déi Räichtum schaaft, net d'Kapital eleng, an och Maschinnen eleng net, wann ee keng Aarbecht dran investéiert -, kritt d'Kapital, dat heescht d'Shareholderen, zu Lëtzebuerg méi wéi a villen anere Länner.

Ech wëll och dozou e Chiffer ginn, well e wichteg ass, fir ze verstoen, wou eise Problem ass am Budget, an dorëms geet et jo. Zu Lëtzebuerg kréien 2009 - d'Statistike si schonn e bësse méi al -, den Undeel vun der Aarbecht um geschafene Räichtum sinn 52%. Ech wëll do soen: 19 Joer virdru waren et der nach 61%! Mä et sinn 52%, esou ass dat erofgaangen.

An Däitschland ass deen Undeel awer 62%, a Frankräich 63%, an der Belsch 67%. Dat heescht an anere Wierder, datt zu Lëtzebuerg d'Salariat 10% bis 15% manner op der Valeur ajoutée brute ausbezuelt kritt wéi an deene Länner ronderëm. An déi 10% bis 15%, déi manner an d'Aarbecht zréckfléissen zu Lëtzebuerg, dat mécht véier bis sechs Milliarden all Joers aus.

Da kommt, mir vergläichen dat elo emol am Budget an da wësse mer, datt, wann een de Leit déi Sue virenthält als Loun an als direkt Ëmverdeelung, datt een herno iwwert de Budget ganz villes muss rudderen, fir de Leit dat zum Deel ze kompenséieren, wat se brauchen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat ass jo eng vun den Ursaache vun de Sozialtransferten a firwat datt ouni d'Sozialtransferten den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg praktesch d'Halschecht vun der Bevëlkerung géif ëmfaassen.

An trotz dëse Sozialtransferte ginn d'Ongläichheeten zu Lëtzebuerg ëmmer méi grouss. D'Realléin ginn zréck, 2,7% an deene leschte Joren. Déi méi niddreg Léin besonnesch, déi héich och, zwar manner. D'Ausgabe fir d'Majoritéit vun de Leit huelen zou, besonnesch an deenen ënneschten Akommeskategorien huele se verhältnisméisseg staark zou.

D'Konklusioun dovunner ass relativ kloer: Et muss eppes geschéie bei der direkter Verdeelung, bei de Léin! Och do huet de Stat eng Roll ze spillen. Well alles, wat net bei der direkter Verdeelung richteg verdeelt gëtt, muss de Stat herno mat anere Moyene kompenséieren, an dat ass genee jo d'Diskussioun iwwert de Budget an iwwert déi Besoinen, déi de Stat huet.

Dobäi ass et och wichteg ze kucken, wie wéi vill an de Statsbudget abezilt. Ech mengen, d'Chiffere si bekannt, fir déi, déi d'Avisen duerchgelies hunn, mä d'Entwécklung ass awer beonrouegend. Een Drëttel vun de Recettë vum Stat kommen aus direkter Steier an zwee Drëttel aus indirekter Steier. Beispillsweis d'TVA ass eng Entwécklung, déi och virun de Wahlen och vun der LSAP a vun anere kritiséiert ginn ass. Si geet awer am Moment emol esou weider! Och wann d'TVA an d'Luucht gesat gëtt, geet se gradesou weider.

Ech wëll soen, datt déi indirekt Steier, dat ass eng Steier, déi net no Akommes gestaffelt ass, während déi direkt Steier, dat ass eng Steier, déi progressiv ass an déi zouhëlt, wat ee méi Akommes huet. Et sinn d'Stéit an d'normal Leit, déi dee gréissten Deel vun de Recettë vum Stat finanzéieren.

Am mannsten droen d'Betriber dozou bäi. D'Betriber bezuelen 1,5 Milliarde Betribssteier. D'Lounsteier eleng dréit 3,7 Milliarden. Dat heescht, dat Verhältnis, wat mer emol haten, wat kritiséiert ginn ass, datt d'Betriber nëmmen een Drëttel géife bezuelen an d'Steiere vun de Salariéen zwee Drëttel, dat huet sech nach weiderentwéckelt. Elo si mer op engem Véierel an dräi Véierel a mer gi ganz staark a Richtung, datt d'Betriber just nach ee Fënneftel bezuele vun de Steieren an d'Salariéë véier Fënneftel, wat eng Entwécklung ass, déi net kann higeholl ginn.

An dann huet een awer d'Impressioun, wéi wann dat awer esou gewollt wier an der Steierpolitik. Et ass esou gewollt. Ech ginn ee Beispill. De Serge huet et scho gi gehat hei bei der Diskussioun iwwert d'Lag vun der Natioun.

Et ass de politesche Wëlle vun der Regierung, datt een op Revenue vum Kapital manner Steiere bezilt wéi wann ee schaffe geet. Een, dee 55.000 Euro d'Joer verdéngt a schaffe geet, bezilt dorobber 13.000 Euro. An als Kapitalbesëtzer bezilt en op deem Revenu 2.232 Euro, dat heescht sechsmol manner wéi deen, dee schaffe geet an deen d'Saach erschafft huet.

Och do gëtt et interessant Chifferen aus der Vergaangenheet. E sëtzt hei, well et ass ee vun deene wéinegen, déi ganz opmierksam déi ganz Zäit bei den Diskussiounen derbäi sinn: De Gilles Roth huet den 30. November 2011 als deemolege Budgetsrapporteur opgeworf an ausgerechent, datt d'OPCe fir ronn 13.800 Euro Aktiva een Euro - een Euro! - Taxe d'abonnement bezuelen. Dat sinn 0,0072%!

Et ass logesch, datt d'Fongenindustrie seet, an et stoung grouss am „Tageblatt" op enger Säit, ech hu se elo net matbruecht, mä Dir hutt et all gelies, datt d'Fongenindustrie seet, fir si wier d'Kris ofgehaakt. Ech gleewen dat! D'Fongenindustrie ass zu Lëtzebuerg gewuess op 2.600 Milliarden Euro, déi aktiv hei agesat ginn. Op deenen 2.600 Milliarden Euro bezuele se als Taxe d'abonnement 691 Milliounen. Et ass manner wéi dat, wat déi Leit, déi an de Banke schaffen, als Lounsteier bezuelen. Et ass manner wéi dat, wat déi Leit, déi beim Stat schaffen, als Lounsteier bezuelen, bei 2.600 Milliarden.

An dann huet d'Chambre des Salariés an hirem Avis och nach eng ganz interessant Donnée ginn iwwert d'Steieren, déi bezuelt ginn, an dat ass zur Industrie non financière. D'Chambre des Salariés seet, datt d'Industrie non financière zu Lëtzebuerg 0,1% Steieren op der Valeur ajoutée brute bezilt. 0,1%! A si kréie parallell 1,1% Subventiounen, déi se reell kréien. Soudatt also d'Industrie non financière, fir d'Finanzen emol erauszeloossen, ënnert dem Stréch - ënnert dem Stréch - 1% erauskritt, amplaz eppes bei de Stat eranzebezuelen! Lëtzebuerg ass also definitiv e Paradies fir Leit mat vill Geld. Lëtzebuerg ass definitiv e Steierparadies fir déi Leit.

Dofir, an trotzdeem, Lëtzebuerg ass méi wéi kompetitiv. De Räichtum, dee geschafe gëtt, ass enorm héich. Ech ginn do net méi op d'Chifferen alleguerten an. Dir wësst, datt zu Lëtzebuerg eng Aarbechtsstonn 1,47-mol méi produktiv ass a méi erabréngt wéi beispillsweis an Amerika. Dir wësst, datt zu Lëtzebuerg d'Steieren an d'Sozialofgaben immens niddreg sinn, datt een op 100 Euro Gewënn zu Lëtzebuerg 21 Euro Steieren a Sozialofgabe bezilt, an am EU-Duerchschnëtt sinn et 42 Euro. An Däitschland sinn et der 48, an der Belsch 57 an a Frankräich 65.

An da seet d'UEL, d'Entrepreneuren, si géife sech wonneren, datt net méi zu Lëtzebuerg géif investéiert ginn. Jo, firwat soll een an Industrie investéieren, wann een als Finanzindustrie bal näischt méi brauch ze bezuelen a just nach praktesch iwwer säi Rendement ka schwätzen?

An et ass déi ongerecht Steierpolitik, déi dës Regierung weiderféiere wëllt. Si huet Signaler gesat an déi Richtung a si ass amgaangen, weider Signaler ze setzen. D'Steiertabell gouf net un d'Inflatioun ugepasst. Et kommen zwar elo keng Intérêts notionnels, mä d'Politik vum „ruling" gëtt weidergefouert. An et wier och emol interessant, fir gewuer ze ginn, wat de „ruling" als Déchet fiscal zu Lëtzebuerg all Joers géif mat sech bréngen. Ech wier frou, wann de Finanzminister mer dozou Renseignementer kéint ginn.

Lëtzebuerg soll ëmmer méi attraktiv ginn, et steet am Regierungsprogramm, fir HNWIen, also „high net worth individuals", an och déi „super high net worth individuals", déi ganz Räich, an och fir d'Multinationalen, inklusiv d'Rüstungsindustrie. Wann ech richteg verstanen hunn, wëlle mer jo souguer engem vun deene gréisste Rüstungsproduzente seng Multinationale op Lëtzebuerg ulackelen. A parallell soll duerch selektiv Sozialpolitik insgesamt manner ëmverdeelt ginn a solle Steiere gespuert ginn.

Och d'Indexmanipulatioun, op déi ech elo net weider méi laang aginn, well och schonn doriwwer geschwat ginn ass, soll weidergefouert ginn. An et ass jo kloer, datt, wann d'Inflatioun ënner 2% oder 2,5% läit, dann ass et einfach, fir ze soen, mir brauchen et net ze manipuléieren, wann ee parallell seet, mä wann et driwwer geet an d'Sozialpartner sinn net d'accord, fir ze manipuléieren, da musse mer légiféréieren.

Mir soen, d'Steierlaascht zu Lëtzebuerg ass net solidaresch a gerecht verdeelt. Mir brauchen eng Ëmverdeelung, méi eng gerecht Verdeelung, souwuel bei de Léin awer och iwwert d'Steieren an de Statsbudget, woubäi d'Sozialtransferten och weiderhin eng wichteg Roll wäerte spillen. De Budget ass insgesamt ënnerfinanzéiert. D'Recetten entspriechen net de Besoinen.

An ech stelle fest, datt mir déi Eenzeg sinn, déi dat hei soen. Jiddweree wëllt bei den Dépensë spueren. An de Constat, datt d'Recetten ze niddreg sinn an datt Moyenen do sinn, fir et aneschters ze maachen, deen ass kee bereet ze maachen. An dat féiert an d'Katastroph.

De Budget ass kee Selbstzweck, och kee Schéinheetsconcours, weder fir e Premier nach fir d'Finanzministeren zu Bréissel. De Budget muss erlaben, datt de Stat seng Aufgabe mécht am Beräich vun ëffentlechen Déngschtleeschtungen, déi ech net alleguerte wëll opzielen, vu Kannerbetreiung iwwer Schoul, Mobilitéit, Gesondheet, Recht op Informatioun, Waasser, Energie an esou weider an esou fort, iwwer Infrastrukture fir jiddwereen - ech kommen nach op d'Infrastrukturen zréck -, och fir d'Betriber, bis hin zu sozialen Ausgläich a Gerechtegkeet schafen a regulativ virgoen. Déi Aufgabe muss de Stat kënne maachen, zesumme mat de Gemengen, an zesumme brauche Stat a Gemengen dofir d'Mëttelen.

Wann dat de Fall de Moment net ass, wann de Stat an d'Gemengen déi Mëttelen net hunn, dann huet dat zwou Ursaachen: Éischtens, et gëtt keng Steiergerechtegkeet. Wa jiddwereen, och d'Kapital, e gerechten Undeel un der Steier géif bezuelen, da géif de Problem net bestoen. An ech hoffen, datt déi, pardon, ech fäerten, datt déi geplangte Steierreform vun 2016 net an d'Richtung wäert goen, fir do méi Steiergerechtegkeet ze schafen, wann ech d'Aussoe ku-

cken, déi bis elo an déi Richtung gemaach gi sinn.

Et gëtt eng zweet Ursaach, firwat datt d'Gemengen an de Stat net iwwert déi Sue verfügen, iwwert déi Recettë verfügen, déi se brauchen, dat ass de Stabilitéits- a Fiskalpakt vun der EU. Mam Europäesche Semester an dem Sixpack, Twopack, makroekonomesch Ongläichgewiichtsparameteren, huet d'EU-Kommissioun eise Budget fest am Grëff. An den Här Gramegna an d'DP si stolz dorobber.

Bei der Ofstëmmung iwwert de Fiskalpakt an der Chamber am Februar 2013, virun engem Joer, hunn déi gréng dergéint gestëmmt, an dat zu Recht. Et ass zwar net ganz kohärent, well si hu fir de Stabilitéitspakt gestëmmt, mä net fir de Fiskalpakt, mä doriwwer kann ee sécher eng Kéier méi am Detail diskutéieren. Mä si hunn dergéint gestëmmt, an dat war och richteg.

Si hu gesot: De Fiskalpakt, dat ass eng Scholdebrems, déi ekonomesch schiedlech ass, sozial ongerecht „...und nicht zur Lösung der Finanz- und Schuldenkrise beiträgt. (...) Wer für den Fiskalpakt eintritt, nimmt eine gefährliche Schwächung der Handlungsfähigkeit der Staaten in Kauf, auf Kosten der wirtschaftlich Schwächeren." An et ass e falschen Usaz fir d'Ofwendung vun der Kris.

Ech ginn elo net weider drop an, fir ze zitéieren aus all deem, wat déizäit gesot ginn ass. An dat, wat d'Madame Loschetter haut ugedeit huet, kritesch an déi Richtung, ännert awer näischt drun, datt alles, wat am Budget ass, matgedroe gëtt an datt alles, wat op Bréissel gaangen ass, vun Iech esou matgedroe gëtt an datt Der net méi bereet sidd, fir déi Politik, déi Der virdrun zum Deel verdeedegt hutt, fir déi och konsequent zum Droen ze bréngen.

(Interruption)

Dach, dat huet eppes mateneen ze dinn!

Och d'CSL warnt an hirem Avis virum „piège de Maastricht".

(Coups de cloche de la présidence)

M. le Président.- Wann ech gelift, ech géif d'Kolleege bieden, jiddweree Plaz ze huelen. An et si mer e bëssen ze vill där klenger Sëtzungen an der Sëtzung. Wann ech gelift e bësse Respekt virum Riedner! Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President.

Och d'CSL warnt an hirem Avis virum „piège de Maastricht". Ech géif jiddwerengem roden, dat nozeliesen op Säit 27, wou se seet, datt déi gëlle Regel zu Kierzunge vun den Investitioune féiere wäert an datt dat mëttel- a längerfristeg geféierlech a souguer déidlech ass.

Grad fir déi kleng Länner! An ech mengen, den Här Bodry huet de Moien eppes gesot: datt grad déi kleng Länner méi restriktiv an hirer Budgetspolitik misste sinn, an datt mir eis selwer 30% Maximum operluecht hu vun de Scholden, statt 60%, déi am Stabilitéitspakt virgesi sinn.

Mä grad an engem klenge Land ass dat extrem geféierlech! Wann ee sech esou Bremsen operleet, fir net méi déi Investitioune kënnen ze maachen, déi ee muss maachen, dann huet dat Konsequenzen. An domadder, doduerch, datt een dann net méi déi Investitioune ka maachen, préemptéiert een am Fong geholl d'Zukunft vun onse Kanner.

Ech war erstaunt de Moien, wéi d'Madame Elvinger gesot huet, an och de Premier huet et schonn dacks genuch virdru gesot, datt ee misst immens virsiichteg sinn. Esou wéi si et gesot huet, mat de Scholden, leeft et dorobber eraus, datt ee praktesch keng Scholde méi ka maachen, zum Beispill fir eng Wunneng ze bauen. Dach, do mécht ee Scholden! Well dat lount sech.

An d'nämlecht ass et jo beim Stat! D'nämlecht ass et beim Stat. An dee Verglach, deen ëmmer gemaach ginn ass, haaptsächlech vum Premier, tëschent dem Statsbudget an dem Budget vun engem Stot, ass falsch an ierféierend. Aus enger ganz einfacher Ursaach: Well ee Stot, deen huet e fest Akommes, wat e wéineg ka beaflossen. De Stat, deen huet eng regulativ Funktioun a soll déi och ausüben.

An et ass kee Problem, fir bestëmmte Saachen, mir schwätzen net vun Dépenses courantes, fir bestëmmte Saache Scholden ze maachen. Ech ginn d'Beispiller net alleguerten, déi een do kéint uginn. Infrastrukturen, dat ass evident. Duerch Investitiounen an Infrastrukture baut een déi Struktur op, déi ee brauch, fir duerno eng Retombée fiscale ze hunn, fir d'Liewensqualitéit ze erhéijen. En anert Beispill ass d'energetesch Erneierung an d'Energieeffizienz, well dat ganz kloer hëlleft, d'Klima retten, Aarbechtsplaze schafen.

En drëtt Beispill, iwwert dat mer sécherlech deemnächst eng Kéier méi laang mussen diskutéieren, ass de Wunnengsbau. Well duerch massiven ëffentleche Wunnengsbau schaaft ee Wunnraum, schaaft een Aarbechtsplazen, dréckt een d'Präisser, och zum Mëssfale vun de Spekulanten an de Promoteuren. A vläicht ass do ee vun de Couacen an der Regierungspolitik, datt se dat net wëlle maachen. Mä et ass dat, wat misst geschéien.

Zu de Spuermoossnamen, déi fir 2014 virgesi sinn, e puer Wierder, well ech elo net allze vill laang Zäit wëll dofir huelen, well ech nach op d'Motioune wëll agoen. Éischtens bei de Studenten. Also, ech mengen, wann de Minister Meisch seet, hie wier iwwerrascht iwwert d'Reaktioun vun de Studenten, da kann dat mech nëmmen erstaunen. Mir wëssen dach alleguerten, datt d'Studenten hei am Fong geholl bal dat Eenzegt sinn, wou wierklech hei versicht gëtt duerchzegräifen, datt et en Test ass! Datt et en Test ass fir d'Regierung, fir ze kucken, wéi wäit datt ee ka goen.

A mir wënschen - ech ginn net op den Detail an, mir komme sécherlech dorobber zréck -, mir wënschen de Studenten, déi muer manifestéieren, vill Courage an ënnerstëtze se an hirem Asaz fir d'Zukunft vun der Jugend. Well si wäerte beweisen, wat d'Zukunft vun der Jugend ass, an net déi, déi op d'Käschte vun der Jugend wëlle spueren!

En ähnlechen Test, dee vläicht fir d'LSAP gradesou schwiereg ass, dat ass dee vum Chômage, vun deenen neien Zoumuttbarkeetsregelen, -klausele fir Chômeuren, wou d'Gewerkschafte sech jo och scho relativ hefteg zu Wuert gemellt hunn. Ech wéisst gären, ob d'LSAP dann och do erëm déi Spuermoossnamen einfach esou matdréit oder ob se agesäit, datt et einfach net méiglech ass, datt een all Chômeur alles kann zoumudden, wat do an deenen Zoumuttbarkeetsklausele virgesinn ass.

Et muss een och e Wuert verléieren iwwert d'Kultur. D'Kultur, wou d'Konventioune jo gekënnegt ginn an nei, op enger neier Basis solle verhandelt ginn. Wann een esou eppes ukënnegt, ouni ze soen, wat déi nei Basis ass, da schaaft een an engem ganze Secteur, deen immens breet ass an deen zu Lëtzebuerg eng grouss Wichtegkeet huet, eng grouss Onsécherheet.

An et ass genee dat, wat geschitt ass, wat d'Regierung an d'Kulturministesch fäerdegbruecht hunn, doduerch datt se all déi Leit, déi an deem Secteur geschafft hunn, aktiv, an der Breet... An et geet jo net nëmme bei der Kultur ëm déi visibel Kultur, ëm Kultur als Standuertargument, wéi de Premier dat bei der Lag vun der Natioun gesot huet. Bei der Kultur ass et d'nämlecht wéi beim Sport, et geet ëm d'Breet. Et geet ëm dat, wat an den Associatiounen, an de Veräiner, an de Gemengen, an de Regioune geschitt. Wann een do déi Onsécherheet erabréngt par rapport zu deene Projeten, déi déi haten, par rapport zu deenen Engagementer, déi déi haten, da muss ee verstoen, datt déi Leit rose sinn, an zu Recht rose sinn! A mir hoffen, datt dat ganz schnell gekläert gëtt. Mir hunn och eng Motioun an deem Sënn, op déi ech wëll zréckkommen.

D'Ausstellung iwwert den Éischte Weltkrich, do hunn ech nach eng Question parlementaire lafen. Ech hoffen, datt ech do eng Kéier eng Äntwert kréien. Well ech weess net, ob a leschter Instanz do gespuert gëtt, an déi 296 oder 291 Milliounen (veuillez lire: an déi 256.000 Euro), wann ech elo de Chiffer richteg am Kapp hunn, sinn eigentlech Peanuts par rapport zu deem, wat mer virdrun alles opgelëscht hu vun do, wou Suen net erakommen! Net erakommen, well effektiv déi, déi vill Geld hunn, net brauchen ze bezuelen. An et wier wichteg, datt een d'Opaarbechtung mécht vu senger Geschicht, well e Vollek, wat keng Mémoire huet a seng Geschicht net opschafft - si ass och nach opgeschafft ginn, mä mir ginn eis emol net d'Moyenen, fir se ënnert d'Leit ze bréngen! -, dat mécht grouss Feeler.

Vläicht hutt Der Angscht virun deem, wéi den Éischte Weltkrich ausgaangen ass. Well den Éischte Weltkrich an d'Situatioun, an déi d'Leit bruecht gi sinn, huet jo schliisslech dozou gefouert, datt mer 1918 a ganz Europa, am Osten an am Westen, revolutionär Situatiounen haten, iwwert déi mer och dann de Bilan kënne maachen. Mä dat um Rand gesot.

En anere Punkt, deen och einfach wichteg ass opzewerfen, dat ass d'Universitéit.

M. le Président.- Ech wollt Iech just drop hiweisen, Här Turpel, dass Der zwar selbstverständlech op Är Zäit vun de Motiounen däerft zréckgräifen, mä dass déi Zäit awer, esou wéi eist Reglement dat virgesäit, soll genotzt ginn, fir zu de Motiounen...

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Ech schléissen dann...

M. le Président.- ...ze schwätzen an net ze kumuléiere mat der normaler Riedezäit. Ech géif Iech also bieden, déi Zäit och ze notzen, fir Är Motiounen ze presentéieren. Merci.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Ech kommen dann zum Ofschloss dovunner. Wou mer sécherlech d'Geleeënheet kréien, fir eng Rei Saachen ze diskutéieren, och iwwert d'Schoul, d'Tâche vun den Enseignanten, wou et wierklech ëm pädagogesch Froe geet a wou ech wëll einfach just eppes ze bedenke ginn: Jiddwereen, dee méi al gëtt op senger Aarbecht, ka méi lues schaffen. Den Enseignant kann dat net! Deen huet viru senger Klass déi nämlecht Erausfuerderungen. An en huet just eng Chance, dat ass, datt en e puer Stonne manner schafft, wann e méi al gëtt. Ech géif Iech bieden, dat ze berücksichtegen.

Op d'Fongen, d'Investitioune ginn ech elo net weider an,...

(Brouhaha)

...an zu de Sozialtransferten hunn ech genuch gesot.

(Interruption)

Et gëtt sech hei gewiert géint den NIMBY-Effekt, „Not In My BackYard". Mä mir wieren eis awer och géint den TINA-Effekt, „et gëtt keng Alternativ". Dach, et gëtt Alternativen, an iwwert déi diskutéiere mer!

Och bei der Steierreform wëll ech drop opmierksam maachen, datt d'TVA och eng Steier ass. An ech wëll froen, ob d'Regierung schonn evaluéiert huet, bei deene 17%, déi se op Zweetwunnengen, also ausser der éischter Wunneng, erëm wëllt aféieren, wat dovunner den Impakt ass op de Wunnengsmaart, op d'Präisser an op d'Loyeren. An déi Etüd, déi misst ee wierklech emol gesinn, wat dovunner den Impakt ass, ier ee kann do Konklusiounen zéien.

Op d'„kopernikanesch Revolutioun" beim neie Budget komme mer dann zréck. Ech ginn dann iwwer zu de Motiounen.

Déi éischt Motioun bezitt sech och dorobber. Dat ass déi, datt d'Regierung jo ugekënnegt huet, fir eng nei Procédure budgétaire ze maachen. Ech weess net, ob d'Motiounen elo schonn ausgedeelt sinn oder eréischt ginn.

M. le Président.- Si ginn.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Se ginn.

M. le Président.- Se sinn amgaangen.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Do geet et ganz einfach drëm, datt d'Chamber seet, wat och de Minister Wiseler, pardon, den Deputéierte Wiseler de Moie gesot huet, datt d'Chamber wëllt an déi verschidden Etappe matabezu ginn an datt d'Regierung ageluede gëtt, fir déi nei Procédure budgétaire esou schnell wéi méiglech an d'Chamber ze bréngen, fir d'Chamber un der Diskussioun an der Ausaarbechtung..., an der Chamber ze erlaben, fir doriwwer ze diskutéieren.

Déi zweet Motioun, déi bezitt sech grad op d'Fro vun der Kultur, wou eng immens Onsécherheet geschafe ginn ass am Secteur a wou mer och eng Diskussioun haten an der Kulturkommissioun driwwer, ob d'Regierung Informatiounen hätt iwwert d'Engagementer, déi d'Associatioune schonn agaange si fir déi nächst Joren. Wou mer gesot kritt hunn, dat wier de Moment nach net de Fall, wou mer awer versprach kritt hunn, d'Kritäre géifen dann diskutéiert ginn. A mir insistéieren drop, datt d'Associatioune wéi d'Institutiounen an deem Beräich och gefrot ginn, wat hir Projete sinn, déi se scho virgesinn hunn, an datt d'Chamber esou schnell wéi méiglech d'Kritäre presentéiert kritt, no deenen an Zukunft d'Konventioune solle gemaach ginn, an datt een och kann driwwer diskutéieren, iwwert d'Kritären, no deenen d'Konventiounen an nächster Zäit kënne gemaach ginn.

Déi drëtt Motioun bezitt sech op d'Studenteprêten. Et wier jo einfach fir eis, fir hei eng Motioun ze maachen, wou mir eis Propositiounen zu de Studenteprêten, déi mer der Press virgedroen hunn, déi mer gemaach hunn an déi ech elo net hei widderholl hunn, fir déi hei an eng Motioun eranzebréngen. Dat maache mer net. Mir hätten dann e gutt Gewëssen - mat zwou Stëmme géint 58 wahrscheinlech -, datt mir eist hei gesot hunn.

Mir proposéieren eppes aneschters. Mir hätte gären, datt mer géife weiderkommen an deem Dossier. Mir hätte gären, datt d'Uleiesse vun deene Leit seriö geholl ginn! Datt d'Uleiesse vun de Studentenorganisatiounen, vun de Gewerkschaften, déi reell Problemer opgeworf hunn, datt déi seriö geholl ginn. Mir proposéieren hei einfach, datt d'Regierung sech mat de Studentevertrieder a mat de Gewerkschafte soll zesummesetzen, wat se zwar scho gemaach huet, mä zesummesetze mam Zil - mam Zil! -, fir derfir ze suergen, datt d'Autonomie vun de Studente garantéiert ass an deem Sënn, datt jiddweree seng Studie ka weiderféiere respektiv maachen, wéi e wëllt.

An dann dee leschte Punkt - an dann halen ech op - ass deen, fir ze soen, datt, wa mer vu sozialen Ongläichheete schwätzen - an ech si frou, datt den Alex Bodry driwwer geschwat huet, ech si frou, datt d'Viviane Loschetter driwwer geschwat huet -, datt ech fannen, mir mussen dat nach méi seriö ugoen. Et geet net duer, fir dat eng Kéier esou ze erwähnen, mä et muss een och do Konsequenzen zéien. Mir lueden d'Regierung an, Propositiounen ze maachen, inklusiv am Kader vun der Procédure budgétaire, fir ze kucken, wéi déi sozial Ongläichheeten, déi bestinn, kënne reduzéiert ginn a wann ech gelift och derfir ze suergen, datt bei Gesetzesprojeten den Impakt vun deem Gesetzesprojet op d'sozial Ongläichheeten evaluéiert gëtt.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. Dann als nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Tribün fräi fir den Här Roth vun der CSV.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech soen dem Rapporteur Eugène Berger Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Bericht. Dat mécht een och als Oppositiounspolitiker, well grad de Budgetsrapport mat ganz vill Aarbecht verbonnen ass. A fir dee Rapport kritt een traditionell hei an der Chamber net ëmmer Eestëmmegkeet.

Wat de Fong awer elo vun dem Rapport ubelaangt, do kann d'CSV eng Rei vu Konklusioune vun dem Rapporteur net deelen. Et ass tëschent den Zeile vun dem Rapport ze liesen, wéi wann déi viregt CSV/LSAP-Regierung déi ëffentlech Finanzen eigentlech net am Grëff gehat hätt. Et misst dofir elo mat Hëllef vun externe Beroder zu engem Paradigmewiessel mat engem Budget vun der neier Generatioun kommen, fir dann elo erëm alles an d'Rei ze bréngen.

An ech muss och soen: En ähnlech düstert Bild vun eisen ëffentleche Finanzen huet och schonn de Statsminister am Numm vun der ganzer Regierung bei dem État de la nation den 2. Abrëll gemoolt. A gëschter waren eigentlech déi stäerkste Wierder vun dem Finanzminister. Mat allem Respekt fir Iech, Här Minister, mä Dir hutt vun enger net tragbarer Budgetspolitik geschwat, déi déi lescht fënnef Joer gemaach gi wier.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Duerstellung vun der Aarbecht vun der viregter Regierung ass falsch. An ech sinn och frou, dass de Moien den Här Bodry déi Éierlechkeet hat, fir dat och an dat richtegt Liicht ze stellen. Déi plakeg Zuelen, déi genannt goufe bei der Budgetspresentatioun, déi zweifelen ech sécher net un. Mä et gëtt awer och dofir eng Explikatioun: nämlech an de Krisejore keng Austeritéitspolitik ze maachen, mä Wuesstum ze erhalen an de Statsbudget ze konsolidéieren.

Jo, mir hunn haut eng Statsschold vun eelef Milliarden Euro oder 23% vun dem Bruttoinlandsprodukt. Jo, de Stat huet iwwert déi lescht Jore méi Suen ausginn, wéi en der erakritt huet. Mä et war eng antizyklesch Politik, fir d'Wirtschaft um Liewen ze halen, wéi et schlecht gaangen ass, fir dann elo, an erëm besseren Zäiten, kënnen anzespueren.

Mä ass dat e Spigelbild vun enger schlechter Finanzpolitik iwwert déi lescht Joren? Huet een déi ëffentlech Suen ënnert der viregter CSV/LSAP-Regierung net am Interessi vum Land ausginn? Huet ee schlecht geschafft, wann ee bei de gesamtëffentleche Finanze wäit ënnert dem Defizit an de Scholdebarrièrë vun de Maastricht-Kritäre läit, besser dosteet wéi bal jiddwer aneren europäesche Memberstat? An Eurostat an den Här Frieden hunn de Moien ënnerstrach: Mir sinn dat eenzegt Land, wat 2013 mat engem Plus an de gesamtëffentleche Finanzen ofschléisst.

Jo, als klengt Land mat enger oppener Ekonomie musse mir eis d'Lat heiheem méi héich leeë wéi anerer, eis méi enk Grenze setze wéi anerer. Mä och als klengt Land musse mir zur Kenntnis huelen, dass déi weltwäit Wirtschafts- a Finanzkris och bei eis net spurlos laanschtgaangen ass. Mä ganz am Contraire. 2008 huet d'Regierung, zesummen iwwregens mat der ganzer Chamber, e Konjunkturpak op d'Bee gesat. An do war festgehale ginn, dass d'Investitiounsausgabe vum Stat tëschent 2008 an 2012 vun 1,3 op 1,6 Milliarden Euro jährlech klammen, nämlech vun 3,5% vum Bruttoinlandsprodukt op ganzer 4,2%. An deenen aneren EU-Memberstate waren dat 2,5%.

Dat war eng gewollte Politik, déi iwwregens d'Regierung an der Regierungserklärung vun 2009 ugekënnegt hat. Ouni déi ëffentlech Opträg, ouni deen aussergewéinlechen Investitiounsvolume vun iwwer 4% vum Bruttoinlandsprodukt hätten Zéngdausenden Aarbechtsplazen hei am Land op der Kipp gestanen. 2008, dat kënnt Der Iech nach alleguerten erënneren, och den Här Gramegna, gouf an engem Weekend eng grouss Lëtzebuerger Bank gerett. Wier dat net geschitt ënnert der Fiederféierung vun dem fréiere Finanzminister, dem Luc Frieden, jo, da wier eis ganz Bankeplaz zesummegebrach. Vill Klengspuerer, an net nëmmen där, hätten hiert Hab a Gutt verluer.

Jo, alles dat huet sech och forcément an eiser Statsschold erëmgespigelt. Ouni den Emprunt vun zwou Milliarden Euro, dee jo och haut nach e Géigewäert huet an der Participatioun vum Stat an der Banque Générale - an deen Emprunt kascht de Stat finalement manner wéi déi Dividenden, déi de Stat all Joers kasséiert -, dann hätte mer net 23% gesamtëffentlech Schold, mä 18,7% vum Bruttoinlandsprodukt. A rechent een dann nach eng Kéier - a keen huet sech sengerzäit dergéintgestallt - 500 Milliounen Euro Participatioun am europäesche Rettungsfong ewech, jo, da léich déi ëffentlech Schold bei 17% vun dem Bruttoinlandsprodukt.

Och d'Note d'experts, et gëtt vill iwwert déi geschwat, déi bei der Regierungserklärung 2009 derbäilouch, jo, déi huet deemools, à politique inchangée, wéi et ëmmer esou schéin heescht, de gesamtëffentlechen Defizit fir d'Joer 2013, also fir d'lescht Joer, op 4,3% geschat oder ëmgerechent op 1,9 Milliarden Euro. Dat Ganzt bei engem geschate Wirtschaftswuesstum vun deemools - well se gesot hunn, d'Konjunktur géif zum Enn vun der Legislaturperiod, vun där viregter, erëm an d'Luucht goen -, bei engem geschate Wirtschaftswuesstum fir 2013 vu 4,3%.

Abee, déi lescht Zuelen, déi beleeën, dass mir am Joer 2013, also zum Ofschloss vun deem Budget, fir deen déi viregt Regierung nach verantwortlech war, een Nulldefizit, souguer e liichte Plus hate bei de gesamtëffentleche Finanzen. An dat bei engem Wirtschaftswuesstum, deen net bei 4,3% louch, mä nëmme bei 2,1%.

Här President, ech wëll domat déi finanziell Situatioun vun eisem Land net schéirieden, mä d'Fairness verlaangt awer, dass een dat an dat richtegt Liicht setzt.

Ee Bléck op déi, wéi gesot, plakeg Zuele seet, dass 2008 bis 2013 net alles perfekt an der Gestioun vun de gesamtëffentleche Finanze gelaf ass, mä villes war, duerno betruecht, gutt, souguer ganz gutt. Hätte mir soss zu Lëtzebuerg nach den Triple-A vun den internationale Ratingagencen?

De Konjunkturpak vun 2008 bis 2011, deen huet gegraff. An d'Budgetskonsolidéierung vun 2012 an 2013 - dës eleng am Gesamtwäert, wéi et deemools geschat war, et ass elo e bësse manner gewiescht, vun 952 Milliounen op zwee Joer -, jo, déi huet hir Friichten och gedroen. Et war wuel vläicht no dem Moossstaf vun der neier Regierung, déi sech d'Lat jo vill méi héich leet, kee Paradigmewiessel, mä et war awer och sécherlech keng Politik vun der Strenz. Et ass ville Betriber an de Leit an der Kris hei zu Lëtzebuerg net gutt gaangen. Mä déi mannst sinn awer an där Zäit duerch dat soziaalt Netz gefall! An dat soll een och an aller Objektivitéit der ganzer viregter Regierung zegutthalen.

Här President, 2013 schléissen déi ëffentlech Konten hei am Land of mat engem Nulldefizit. Et war eng responsabel Finanzpolitik, déi gemaach gouf, an dat am Interessi vun enger gesonder Offiederung vun der Kris an am Sënn vun dem sozialen Zesummenhalt. Och deen zielt an engem klenge Land. An dorop léisst sech och fir déi nei Regierung haut opbauen.

Här President, d'Analys vun eise gesamtëffentleche Finanzen iwwert déi lescht Jore léisst eis dofir eng Rei Konklusiounen zéie fir déi zukünfteg Orientatioun vun eiser Budgets- a Finanzpolitik. An dat, wien och ëmmer dofir d'Verantwortung dréit.

Éischtens, entgéint deem, wat ëmmer gemengt gëtt, sinn iwwert déi lescht 20 Joer d'Ausgabe vun dem Zentralstat, also wat mir ënnert dem klassesche Stat verstinn - d'Ministèren, d'Verwaltungen, d'Schoulen, déi staatlech Servicer -, net explosiounsaarteg an d'Luucht gaangen. Si si vill méi zënter '95 an enger Forschett vu 27% bis 31% vun dem Bruttoinlandsprodukt bliwwen. An och d'Personalkäschte beim Stat, ech weess, dass der vill dat net gären héieren heibannen an dobaussen, déi leien zënter 2000 konstant bei ronn 20% vun de staatlechen Ausgaben.

Am Contraire dozou sinn awer d'Einnahme vun dem Zentralstat iwwert déi lescht Krisejoren am Verhältnis zu dem PIB staark gestiegen. D'Erklärung dofir ass den Impakt vun eenzelne Steiermoossnamen, sécher engersäits de Plus un TVA-Einnahmen, mä och d'Upassunge bei den Akommes- an de Betribssteieren aus de Joren 2011 an 2013. Dat ware keng populär Moossnamen, si sinn awer geholl ginn, mä déi spillen och haut nach eng wichteg Roll, grad wéi d'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun.

Den Defizit vun eise gesamtëffentleche Finanzen ass an de Krisejoren, och dat soll een nach eng Kéier soen, zum Deel wäit ënner 1% bliwwen. Sécher duerch en Deel Spuermoossnamen, mä virun allem och duerch e Plus un Einnahmen. An d'Steieren op de Léin a Gehälter, déi gi vun 2010 bis op 2014 vun 2,1 Milliarden Euro op iwwer geschaten dräi Milliarden an d'Luucht. Ronn een Drëttel dovunner kënnt aus der Fonction publique an e weidere Véirel dovunner aus dem Finanz- a Bankesecteur.

Dat heescht, dass ouni Upassung vun der Steiertabell an opgrond vun der Lounentwécklung dës Steierrecetten och an Zukunft wäerte weider uwuessen. D'Ursaach ass déi vun enger allgemenger Entwécklung vun der Lounmass. Och a Krisenzäiten, an dat kënnt Der nokucken, ass d'Lounmass an d'Luucht gaangen, well haaptsächlech héichqualifizéiert Leit agestallt goufen, wouduerch och natierlech deementspriechend Steieren ugefall sinn.

De Statsminister, den Här Bettel, deen huet a senger Ried iwwert d'Lag vun der Natioun festgehalen: „Mir soen de Leit, wat mir wëlle maachen, wat op si duerkënnt, wou mir zesummen hiwëllen." Dat ass u sech och nëmmen ze begréissen.

An an deem Sënn meng Fro un Iech, Här Finanzminister, am Kontext vun der Akommessteier: Firwat kënnt déi an der Vergaangenheet oft vun der DP gefuerdert global Steierreform, duerch déi de sougenannte Mëttelstandsbockel och soll ofgeflaacht ginn, eréischt zum Enn vun der Legislaturperiod? D'CSV fuerdert, dass dës net bis 2016/2017 ausgesat gëtt.

Déi zweet Fro: Gëtt de Steierausfall, deen duerch d'Offlaache vun dem Mëttelstandsbockel entsteet, dann ausgeglach oder net duerch weider Recetten? Kënnt et bei der neier Regierung zu engem neie Spëtzesteiersaz? A leet an der Zwëschenzäit d'Regierung der Chamber e Gesetzesprojet vir, fir d'Steiertabell un d'Inflatioun unzepassen? Heescht an deem Kontext „mat manner méi", dass d'Regierung dervun ofgesäit, vun deenen ze erwaardende Plus-valuen an der Akommessteier ze profitéieren?

An ech erlabe mer, hei nach eng Kéier den Här Claude Meisch ze zitéieren, wat hien op dëser Plaz dann an der Oppositioun gesot huet am Numm vun der DP den 13. Dezember 2012 am Kontext vun dem Projet de loi 6497, dat ass den zweete Pak vu Steierupassungen, déi virgeholl gi waren an déi sollten ab dem Joer 2013 a Kraaft trieden.

Den Här Meisch, dee seet: „An de Spuerpak vun der Regierung respektiv dee vun de Majoritéitsfraktiounen ass jo eigentlech e Steierpak mat ganz ville Steiergranaten", sot den Här Meisch. „Et muss ee se", d'Regierung, „hannerfroen zum Beispill, well an där Duerstellung jo net geschwat ginn ass vun der Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun", wéi gesot, sot den Här Meisch, „wat pro Joer jo nach eng Kéier ronn 130 Millioune méi wäert u Steierlaascht fir d'physesch Persounen hei am Land heeschen."

Abee, Dir Hären, Dir an den Här Meisch, Dir sëtzt elo an der Regierung an et ass elo un Iech ze weisen, ob dat, wat Der an der Oppositioun gefuerdert hutt, ob Der dat dann och wëllt ëmsetzen oder net.

Här President! „D'Politik mat der Strenz gëtt ersat duerch eng selektiv Politik, déi systematesch a kohärent gemeinsam gesellschaftlech a politesch Ziler erreeche wëllt", esou weider de Statsminister a senger Regierungserklärung.

Bezunn op d'Steierpolitik wollt ech am Sënn vun der versprachener Transparenz a Kloerheet, op déi sech vill Famillje sollen hei am Land jo da kënnen astellen, dem Finanzminister weider folgend Froe stellen:

Wéi soll dem Facteur Kanner an der versprachener Steierreform da Rechnung gedroe ginn?

Une voix.- Ah!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo. Gëtt an deem Kontext der Situatioun vun den Divorcen, de Familles monoparentales, vun net bestuetene Koppele méi selektiv Rechnung gedroen?

Wat gedenkt d'Regierung ze maachen um Niveau vun de sougenannte Steiersubventiounen, dat heescht den Abattementen, de Sonderausgabe wéi d'Scholdzënsen, d'Assurancen, d'Bauspuerverträg? Kënnt et hei zu Ännerungen? Well 40% vun de Bierger, nämlech déi net akommessteierflichteg sinn, jo, déi profitéieren dovunner net. Esou bezuelen zum Beispill all déi Leit eng Autosversécherung, mä si kënne se net steierlech ofsetzen.

Zweetens, d'TVA-Einnahmen. D'TVA-Einnahme ginn iwwert déi lescht 15 Joer bei eis am Land, mat Ausnahm vum Joer 2005, permanent an d'Luucht. Zum Vergläich: 2000 louchen déi brutto TVA-Einnahmen - et ass also dat, wat mer am Budget pour ordre hunn - bei 1,2 Milliarden Euro. 1,2 Milliarden Euro. 2010 méi wéi dat Duebelt: 2,5 Milliarden Euro, an 2014 bei geschaten 3,7 Milliarden Euro.

D'TVA ass domat mat Ofstand déi gréisst Einnahmequell fir de Stat, bal een Drëttel vun de gesamte Recetten. D'Ursaach dovunner, dat ass e konstant Uwuesse vun eiser Ekonomie, och bedéngt duerch en Zouwuess vun der Populatioun, an natierlech der TVA op dem elektroneschen Handel. Mä awer net ausschliisslech. Eleng de Verkaf an d'Reparatioun vun den Autoen huet dem Stat am Joer 2013 méi wéi eng Milliard Euro erabruecht.

D'CSV, an dat soe mir kloer, steet zur Erhéijung vun dem Regelsaz vun der TVA vu 15% op 17%. Do ass et nämlech esou: Wann ee sech en deieren Auto wëllt kafen, jo da muss en och bereet sinn, dem Stat eppes dorop weider ofzeginn.

Mä mir hunn de Leit dat virun de Wahle gesot! Anerer hu sech do hannert Schlagwierder wéi „Screening vun den Dépensen", „zero-based budgeting", „bei sech selwer spueren" an esou weider verstoppt. A bei dem Etat de la nation, jo, do gouf elo viru knapp engem Mount d'Kaz aus dem Sak gelooss.

(Interruption)

Jo, jo, et koum een direkt…, et koum een direkt mat dem décken Zouschléier!

(Interruptions diverses)

Well net nëmmen, - elo lauschtert gutt no, well Dir kommt aus dem Osten -, net nëmmen de Regelsaz vun der TVA, dee goung vu 15% op 17% an d'Luucht, mä et kippt een eng Moossnam…

(Interruption diverses)

M. le Président.- Wann ech gelift, den Här Roth huet d'Wuert!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Et kippt een eng Moossnam, déi iwwregens zënter 1991, also méi wéi 25 Joer hei am Land Bestand hat: nämlech d'TVA um Logement locatif, also op de Mietwunnengen, déi geet vun 3% elo op 17% an d'Luucht. Dat ass wuel eng einfach Moossnam, fir schnell un d'Geld ze kommen. Well zënter '92 bis 2013 huet de Stat duerch de begënschtegten Tarif op der TVA Logement insgesamt op 4,7 Milliarden Euro Einnahme verzicht. Net alles fält dovunner sécher ënnert de Mietwunnengsbau, mä den Haaptgrond, fir beim superreduzéierten TVA-Saz vun 3% bei dem Wunnengsbau ze bleiwen, war nun eemol d'Schafe vu Wunnengen, an dat och fir Mietwunnengen, well grad där ginn der och vill zu Lëtzebuerg gebraucht.

An dann, de Stat, Madame Loschetter, eleng och mat dem Fonds du Logement an och mat der S.N.H.B.M., dee kann de Besoin u Mietwunnengen hei zu Lëtzebuerg net decken.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Dat huet kee gesot!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Souguer d'Geriichter, souguer d'Geriichter hunn d'Finalitéit vum TVA-Saz vun 3% fir d'Schafe vu Wunnengen ëmmer unerkannt an dofir a Grenzfäll all dës Steierdispositiounen äusserst large interpretéiert. An elo décidéiert dann déi nei Regierung, no knapps fënnef Méint am Amt, fir bei der Schafung vu Mietwunnengen d'TVA vun 3% op 17% an d'Luucht ze setzen.

Et kann een doraus, fir eis, also nëmme schléissen, dass de Screening an de „zero-based budgeting" bei der Regierung do net vill bruecht hunn, well am Sënn vun der Transparenz hätt een dës Moossnam jo da spéitstens misse bei der Regierungserklärung ukënnegen.

Als CSV si mir der Meenung, dass dës Moossnam kontraproduktiv ass. De Finanzminister soll och herno dem Land a senger Stellungnahm soen, wat dës Moossnam vu Plus u Recetten da bedeit.

A wa mer bei de Steiere sinn, dann erlaabt mer, den Här Fernand Etgen, den deemolege finanzpolitesche Spriecher vun der DP, ze zitéieren, wat hien dann den 2. Dezember 2010 op dëser Plaz gesot huet am Kontext vun dem Gesetzesprojet 6166. Dat war deen éischte Projet de loi, mat deem verschidde Steierupassungen ënnert där viregter CSV/LSAP-Regierung gemaach goufen.

Den Här Etgen, heitege Landwirtschaftsminister, dee seet:…

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- „Wann eng Regierung…"

(Interruption)

Jo, jo, et kënnt „très bien"!

„Wann eng Regierung Steiererhéijunge proposéiert", wéi gesot, den Här Etgen, „dann ass dat eppes Aussergewéinleches. Wann eng Regierung Steiererhéijunge proposéiert, da muss ee genau kucken, firwat datt se dat mécht, viru wat fir engem Hannergrond datt se dat mécht. Da muss een iwwerpréiwen, wie si firwat domadder trëfft. Wann eng Regierung Steiererhéijunge proposéiert, da muss si d'Fro beäntwerten, ob et keen anere Wee gouf. A wann eng Regierung Steiererhéijunge proposéiert, da muss ee bedenken, wat fir eng Auswierkungen dat op déi ekonomesch Acteuren huet, bezéiungsweis, wat fir eng Signaler een domadder no bausse sent."

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Très bien!

(Interruptions)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Mä wat fir eng Signaler sent dann den Här Etgen un déi geplote Wënzer, wann en och elo do nach d'TVA op dem Wäin an d'Luucht setze geet?!

(Interruption et brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An den Här Kox stëmmt dat mat!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Ma dofir hunn ech…

(Hilarité, interruption et brouhaha)

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Qualitéitswäi muss deier sinn.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här Bettel, Här Bettel, ech kommen och nach bei Iech. Da lauschtert elo emol gutt no!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Drénkt Waasser.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Den Här Etgen, deen huet deemools weider gesot: „D'Demokratesch Partei"…

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- …„ass der Meenung, dass d'Steieren net sollen an d'Luucht goen. D'Steiere sollen ëm 0% an d'Luucht goen! Null Prozent!" Zwëscheruff vum Här Xavier Bettel deemools: „Hutt Der et verstanen? Null!", hat Der gesot.

(Hilarité)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Très bien! Deen hat deemools och nach recht!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Majo, Här Statsminister, mir hunn et verstanen, an ech mengen, ganz vill Leit dobaussen och: Net 0%, mä 14% TVA op de Mietwunnenge gitt Der.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Ech mengen, si hunn Iech och verstanen.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Si hunn Iech och verstanen, Här Roth!

(Interruption)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President,…

(Hilarité)

…drëttens zu den Akzisen. Déi sinn iwwert déi lescht Joren…, mat dem sougenannten „Tanktourismus" hunn déi eis, an alles, wat domat verbonnen ass, eng Milliard pro Joer Akzise bruecht an zousätzlech och nach eng Kéier 300 Milliounen Euro TVA, wéi gesot, pro Joer.

Une voix.- Plus vill Feinstaub.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Dës Einnahm ass stabel, mä wäert an Zukunft och net an d'Luucht goen.

De Fuhrpark hei zu Lëtzebuerg, deen ass zwar net oder dee gëtt net méi kleng, mä d'Autoe vun der neier Generatioun - gesitt Der, do ginn et där och -, déi brauchen ëmmer manner Sprit. Et ass kloer, dass e gudden Deel vun den Akziserecetten duerch den Différentiel mat den Nopeschlänner kënnt, och dat Nopeschland vun der Musel, wann och gläich dëse wäert ëmmer méi kleng ginn.

Une voix.- Très bien, richteg!

M. Gilles Roth *(CSV).*- D'Vertrieder - Madame Loschetter, do waart Der erféiert - vun der Douanesverwaltung, déi hunn eis an der Finanzkommissioun gesot,…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- … keen erféiert…

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...dass déi Relatioun tëschent den Akzisentauxen an den domadder verbonnene Recetten hei am Land ganz fragil ass. Dat Ganzt ass natierlech eng cocasse, fir net ze soen, an dat soen ech och éierlech, eng onmoralesch Situatioun: Well mir hei am Land méi niddreg Akzisentauxen hu wéi d'Nopeschlänner, kréie mir praktesch 10% vun eisem Statsbudget finanzéiert.

Ech soen awer gradesou kloer, dass fir d'CSV ee sollt virsiichteg sinn, fir de Moment ouni Concertatioun mat den Nopeschlänner un der Akziseschrauf hei zu Lëtzebuerg dréien ze goen. Mir gesinn de Moment net direkt, wéi een op déi substanziell Einnahmen, wéi gesot, vun 1,3 Milliounen Euro kéint verzichten.

(Interruption)

A mir géifen an deem Kontext Iech, Här Finanzminister, och froen - wann Der nolauschtert... Ech stellen Iech eng Fro, Här Gramegna! -, wéi Der nämlech zur Propositioun stitt, déi an der Vergaangenheet ënner anerem des Éfteren och vun der Chambre de Commerce gemaach gouf, nämlech fir d'Sue vun dem Tanktourismus an e Reservefong ze setzen. A wa jo, wann Der nach ëmmer zu där Propositioun stitt, ob dës Iddi sech dann och an dësem oder an engem nächste Budget vun där neier Generatioun sollt erëmfannen.

Une voix.- Gutt Fro!

Une autre voix.- Eng gutt Fro.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Véiertens a leschtens: d'Struktur vun eiser Statsschold. Déi eenzel Chambres professionnelles, déi hunn, wéi ganz oft an deene leschte Budgeten, zum Deel ganz fundéiert Analysen zu dem Statsbudget gemaach. D'Chambre des Salariés, déi stellt dobäi fest, dass vun insgesamt eelef Milliarden ëffentlech Schold der ronn 6,2 Milliarden Euro sech op Investissementsprojete bezéien. De Rescht - de Rescht! -, dat ass d'Konterpartie vun der BGL, den europäesche Rettungsfong an och eng Milliard Euro Gemengeschold.

Weider gëtt awer och festgehalen, dass opgrond vun deene Wirtschaftsprognosen de Stat am Joer 2014 654 Milliounen Euro weider Schold kéint maachen, ouni dass sech d'Verhältnis zu dem PIB a Prozenter domat géif änneren.

An dann op den 30. September vum leschte Joer, do hätt de Stat Avoire vun insgesamt 8,2 Milliarden Euro, dovunner der 2,9 Milliarden, also bal dräi Milliarden Euro Liquiditéiten a 4,2 Milliarden Euro staatlech Bedeelegungen, dorënner eleng an der SES eng Bedeelegung vun engem Géigewäert vu 730 Milliounen Euro. Déi staatlech Avoiren, déi hunn zesumme 626 Milliounen Euro am Joer 2012 bruecht. An der Konterpartie war de Käschtepunkt vun der Schold - ech ginn zou, d'Zënsen, déi waren niddreg - bei 209 Milliounen Euro.

Här President, de Sënn vun deene Feststellungen ass net, an ech soen et nach eng Kéier, fir d'Finanz- an d'Scholdesituatioun vun dem Stat schéinzerieden, mä ech wëll se awer virun allem am Numm vu menger Partei an e richtegt Liicht gesat gesinn. Als CSV ënnerstëtze mir natierlech all sënnvollen Effort, fir déi finanziell Situatioun vun eisem Land weider ze verbesseren. Mir hunn dat an der Vergaangenheet mat Regierungsverantwortung gemaach a mir stinn och als Oppositioun dozou.

„Mat manner méi maachen", esou iwwerschreift déi nei Regierung hir nei Finanzpolitik. D'Zilsetzung dovunner, déi ass luewenswäert. Mä am Geescht vum Statsminister senger Ausso bei der Regierungserklärung: „Mir soen de Leit, wat mir wëlle maachen, wat op si duerkënnt a wou mir zesummen hiwëllen", hätte mir als CSV, a ganz vill Bierger am Land, Här Bettel, dann elo och gären Opschloss a Kloerheet doriwwer: Wat kënnt da vun neie Spuermoossnamen op eis zou? Oder gedenkt d'Regierung, mat enger reportéierter Steierreform à terme virun allem ze liewe vun engem Plus u Steierrecetten an engem Afréiere vun den Investitiounsausgaben?

Här Finanzminister, mir si gespaant op Är Äntwerten. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Roth. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, da wëll ech vläicht spontan do weiderfueren, wou den Här Roth grad opgehalen huet, well et ass natierlech, eng Steierpolitik muss garantéieren, datt och d'Kompetitivitéit vum Land erhale bleift. A wann ech elo hei an deene leschten Debatten, déi mer hei gefeiert hunn, heiansdo héieren, wat d'Regierung seet, da muss ee sech d'Fro stellen: A wéi eng Richtung geet dat?!

Mir haten hei zum Beispill den Här Bodry héieren an enger vun deene leschten Debatten, dee seet, datt de Steiersaz, dee reelle Steiersaz fir d'Entreprisë méi no un deen nominelle soll erukommen. Ech mengen, den Här Gramegna, dee kann eis soen - elo lauschtert en zwar net no, mä e kéint eis soen -, datt an der Aussewerbung vu Lëtzebuerg et wichteg ass, datt een den Entreprisen de reelle Steiersaz hei am Land als Kompetitiounsargument oder als Kompetitivitéitsargument vum Land kann nennen an datt, wa mer dee Steiersaz reell eropsetzen, mer domadder dem Land schuede ginn.

Ech wëll och..., well dat ass esou einfach, wéi déi Lénk et hei presentéieren, fir ze soen, hei mir kéinten d'Recetten, déi kënne mer praktesch onbegrenzt an d'Luucht hiewen. Neen, esou geet dat net! Wat hei wierklech och vun deene lénke Kolleege proposéiert gëtt - eng Finanztransaktiounssteier, dann eng Hausse vun der Taxe d'abonnement an esou weider -, dat schuet der Ekonomie. A wann een der Ekonomie schuet, ass näischt méi ze verdeelen do!

An et geet och net, wéi verschidde Leit soen: „Mir hiewen de Spëtzesteiersaz", oder wéi déi Lénk: „Mir huelen déi héich Gehälter, déi soll ee méi besteieren", wann een net genau seet, wou dat dann ufënkt!

Et muss ee kloer sinn: De Stat, wann deen de Leit Suen ofhëlt, dann hëlt en hinnen eppes duerch gesetzlech Moossnamen, woubäi u sech net bewisen ass, datt d'Leit net vill besser kënne mat hire Suen ëmgoen, wéi mir et kënnen als Stat. An d'Doctrine muss sinn, datt mir de Leit d'Sue loossen an datt mir als Stat dat huelen, fir staatlech Käraufgaben ze erfëllen, an net fir konfiskatoresch de Leit Suen ofzehuelen, fir Aufgaben ze erfëllen, déi net zu de Käraufgabe vun engem Stat gehéieren oder déi vun aneren Acteure kéinte besser erfëllt ginn.

D'Sozialtransferte sinn e wichtegt Element dovunner, awer Steierpolitik ass eng Saach vu Gerechtegkeet a Verantwortung, a mir mussen un éischter Plaz drun denken, fir de Leit hiert Akommes ze loossen.

Eng zweet Bemierkung: An do kommen ech op dem Här Berger säi Rapport, fir deen ech em villmools Merci soen, dee wor interessant. Den Här Berger huet ënner anerem gesot, datt mer 500 Milliounen an dësem Budget u sech gebrauchen, am schrëftleche Rapport steet, fir international Obligatiounen ze erfëllen, mëndlech huet e gesot, datt dat Kontributioune sinn am Kader vun der Eurorettung.

Mä da muss een awer och nach eng Kéier d'Fro opwerfen, fir 500 Milliounen, déi Schold, déi mer vläicht dëst Joer ophuelen, niewent deenen zwou Milliarden, déi autoriséiert waren aus der Vergaangenheet, wa mer déi huele fir d'Eurorettung, da musse mer eis froen: Gëtt et da keng Alternativen an där Währungspolitik?

Och mir si fir den Euro. Mä wa mer gesinn, wat un Eurorettung a leschter Zäit gemaach ginn ass, an deene leschte Joren, wéi eng wirtschaftlech Contrainten dat a verschiddene Länner verursaacht huet, wéi eng sozial Nout et verursaacht huet, wéi eng politesch Spannungen an Europa entstane sinn duerch déi Rettungspolitik, déi mer hei hunn, da musse mer och de Courage hunn, fir eis ze froen: Euro jo, mä ass déi aktuell Europolitik wierklech déi richteg gewiescht, oder musse mer net no Alternative sichen, déi op méi enger grousser wirtschaftlecher Verantwortung an enger politescher Durabilitéit berouen? Mir mengen, datt mer och dat mussen iwwerdenken.

Mä ech wollt eigentlech déi puer Minutten, déi mer bleiwen, elo benotzen, fir iwwer Familljepolitik ze schwätzen, well dat ass jo schlussendlech eent vun den zentralen Themen. Den Här Berger, a senge grousse biblesche Kenntnisser, hat jo déi zéng Geboter zitéiert. En eeleft, dat Är Regierung opgesat huet, ass sécher dat vun der Madame Cahen, déi gesot huet: „keng natalistesch Politik".

Mä ech wëll Iech vläicht un en anert Gebot erënneren, e richtegt déi Kéier, dat véiert, „Du solls däi Papp an deng Mamm éieren". An do si mer da bei der Familljepolitik. Och dat ass e Gebot. An ech wëll Iech einfach unhand vu véier Froen, vu véier Themeberäicher emol froen, wat d'Regierung da wierklech wëlles huet.

Deen éischten Themeberäich, deen ech do wëll vläicht uschneiden, dat ass dee vun der Mammerent. Ech hu gesinn, an dat steet och am schrëftleche Rapport, deen den Här Berger eis presentéiert huet, datt d'Chambre de Commerce, d'Parteizentral vun der Demokratescher Partei, gesot huet, de Forfait d'éducation, dee misst - also d'Mammerent, dat ass de Forfait d'éducation -, dee misst evaluéiert ginn, dee wär contraire zu dësem oder deem politeschen Zil.

Mä ech froe mech, wann ech esou Saache liesen, wéi vill Ressortissantë vun der Chambre de Commerce - do muss jo jiddweree Member sinn - eigentlech esou Aussoe matdroen, wéi vill Geschäftsleit net eng Mamm oder eng Fra doheem hunn, déi vläicht ganz frou sinn, och dee Forfait d'éducation ze kréien no engem laangen a schwierege Beruffsliewen, wou se sech dann och nach ëm d'Kanner an der Famill gekëmmert hunn.

Dat sinn esou Aussoen, déi een esou séier seet, mä wou ech mech froen, ob do net nëmme verschidde grouss Acteuren an der Chambre de Commerce derfir verantwortlech sinn a vill klenger iwwerrannt ginn.

Mä wat ass dat, wann Dir d'Mammerent ofschaaft? Éischtens ass et eng Ofwäertung vun enger wichteger Aufgab, vun der Erzéiungsaarbecht vun de Kanner, vun der Elterenaarbecht. Et ass zweetens eng Ongerechtegkeet, well mir wësse jo, datt déi Fraen, déi selwer geschafft hunn, oder déi Männer, esou wäit et der gëtt, déi selwer geschafft hunn, sech dann awer och nach der Kannererzéiung gewidmet hunn an eegen Usprëch do hunn...

Mä et ass egal..., wichteg ass, datt déi Fraen, déi an hiren eegene Rentenusprëch Babyjoren unerkannt kréien, déi kréien näischt ewechgeholl. An déi aner, déi awer déi eege Rentenusprëch net hunn, déi sollen dat ewechgeholl kréien. Si goufe scho benodeelegt, wéi de Bezuchsalter an der leschter Legislaturperiod vu 60 op 65 Joer eropgesat gouf. Hei stellt sech eng Fro vu Gerechtegkeet tëschent Mammen an tëschent Fraen, wann een op deen dote Wee geet. A mir soen, et kann een net dat maachen, datt déi eng - mat Recht - Babyjoren ugerechent kréien an deenen aneren dann awer d'Mammerent ewechgeholl gëtt!

Duerfir, den Här Berger schreift a sengem Rapport, ech hu mer dat hei opgeschriwwen: «Il faut réajuster les transferts sociaux dans le domaine de la famille.» An d'Fro ass dann natierlech: Majo, wat ass dann domadder gemengt? Wëllt Der d'Mammerent ofschafen? A wann Der dat maacht, wat geschitt da mat de Babyjore vun deene Fraen, déi eege Rentenusprëch hunn?

Zweete Beräich: Déi Iddi vun der Madame Cahen, fir d'Kannergeld ze uniformiséieren. Dat ass natierlech opgrond vun där Schwäizer Etüd do gesot ginn, wou och den Här Spautz an anerer scho gesot hunn, datt déi vun der Lëtzebuerger Realitéit hei scho laang désavouéiert ginn ass, déi Etüd, datt dat einfach net stëmmt an datt een net kann op Prämisse vu falsche Statistiken oder onrealistesche Statistiken, wou vill finanziell Aspekter vun de Familljen iwwerhaapt net considéréiert goufen, dann higoen an einfach u sech de Famillje Geld ewechhuelen.

Et ass einfach, et gëtt natierlech e Problem vun Économie d'échelle an de Familljen, an et ass net falsch, datt ee Verschiddenes kann e puermol benotzen. Mä en ofgenotzte Pullover kann een net x Kanner undoen. An dat Argument vum Auto ass och richteg: Wann Der véier Kanner hutt, da braucht Der nun eemol méi e groussen Auto, wéi Der ee braucht, wann Der der nëmmen zwee hutt.

Dat ass wichteg. An et wär interessant, fir emol ze kucken, virun e puer Joer ass d'Kannergeld jo desindexéiert ginn, ob dann déi Rechnung richteg war schlussendlech fir d'Familljen, fir dat a Sachleeschtungen ze investéieren. Ech géif dat emol gär eng Kéier an enger interessanter an déiwer Analys gesinn.

Dann huet d'Madame Elvinger de Moien eppes ganz Interessantes gesot, wat d'Steierlaascht ugeet vun de Familljen. Dat steet net am Här Berger sengem Rapport, an duerfir sinn ech dankbar fir déi Interventioun, wou d'Madame Elvinger eis erkläert huet, datt eng Koppel mat Kanner hei am Land, also wat ee gängegerweis eng Famill nennt, normalerweis, datt déi wäit manner besteiert gëtt wéi eng Koppel, déi keng Kanner huet, an do missten dann, wat weess ech, ech weess net méi genau de Wuertlaut, mä do misst dat dann ugepasst ginn.

An dat ass dach eng interessant Fro un Iech, Här Minister, well et gëtt jo awer vill Familljen am Land: Wat wëllt Dir maache mat der Besteierung vun de Familljen? Soll dat dann elo eropgesat ginn, sollen d'Famillje mat Kanner an Zukunft méi Steiere bezuelen? Wëllt Der dat kompenséiere mat Sachleeschtungen? Op déi kommen ech gläich. Mä wëllt Der d'Steierlaascht vun de Familljen héijen, niewent all deenen anere Sacrificen, déi Der scho fir déi Leit ugekënnegt hutt, och notamment bei de Wunnkäschten a bei anere Saachen?

Ech fannen och dat Mësstrauen, wat ëmmer erëm an deem Rapport vun der Regierung hei opdaucht, dat Mësstraue géint d'Elteren ass u sech inakzeptabel. Wann Dir sot - an et ass dat éischt Gebot vum Här Berger, et ass net dat zéngt, et ass dat éischt! -, datt Kanner - u sech, déi Logik! -, datt Kanner u sech méi Chancen am Liewen hätten, wa se tëschent null an dräi Joer schonn a Strukture wären.

Et gëtt vläicht Kanner, fir déi dat stëmmt. Et gëtt dysfunktional Familljen, wou d'Kanner vläicht kënne profitéieren, wa se éischter an enger Struktur sinn. Mä déi grouss Majoritéit vun den Elteren hei am Land, déi mécht eng ausgezeechent Erzéiungsaarbecht. A wéi kann een higoen als Regierung an den Elteren hei am Land e Mësstrauen ausschwätzen a soen, ma Är Kanner sinn dach besser an de Strukturen?!

(Interruptions)

A wéi Der dat wëllt erreechen, dat sot Der eis och. Dir wëllt jo den Eltere Geld ewechhuelen, fir se materiell an eng Situatioun ze bréngen, wou se musse schaffe goen. Den Här Berger huet hei bedauernd gesot: Jo, an da lant d'Geld bei den Elteren. Majo sécher soll et do landen, well d'Elteren, déi kënnen domadder ëmgoen!

A wat den Här Berger dann net seet an där Équatioun tëschent deem, wat d'Strukture kaschten, an deem, wat d'Elteren eventuell kréien, den Här Berger seet eis net, wat déi Crèchë kaschten, déi solle geschafe ginn, all déi Plazen. An Däitschland gëtt et eng Schätzung, ech weess se net fir Lëtzebuerg, mä an Däitschland gëtt geschat, datt eng Plaz pro Mount an enger Crèche 1.200 Euro kascht. Wat kascht déi zu Lëtzebuerg?

A wann dat esou deier ass, firwat geet d'Regierung dann dohinner investéieren an hëlt deenen Elteren, déi hir Kanner vläicht wëlle selwer erzéie fir vill manner Geld, déi Méiglechkeet materiell ewech, fir dat eventuell kënnen ze maachen? Do ass keng Logik. Et ass virun allem net liberal!

Ech erënnere mech nach un eng DP fréier - fréier! -, déi och de Choix vun de Leit respektéiert huet, déi vun der Privatsphär geschwat huet, déi den Individuum respektéiert huet. A wat maacht Der haut? Dir danzt no der grénger Päif oder no deene Rouden: kollektiv Kannererzéiung, de Stat kann et besser wéi d'Familljen, de Stat kann et besser wéi d'Leit. Neen! Mä Dir danzt als Blo no där grénger Päif bis Der rout am Gesiicht sidd!

(Brouhaha)

Dir sidd einfach net méi ze differenzéiere vun deenen, all deenen aneren, déi do eppes wëlle maachen.

Mir op jidde Fall, mir vertrauen den Elteren als ADR. An ech wëll vläicht nach eng Fro stellen, dat ass net an der Kompetenz vum Finanzminister - mir bleift nach eng Minutt -, mä d'Fro sief emol an de Raum gestallt: Wat ass eigentlech an den Ae vun dëser Regierung eng Famill? Ech hunn, fir mech ze orientéieren, fir erauszefannen, wat dat ka sinn, Är Wahlprogrammer gekuckt, déi dräi. An ech hunn alles fonnt, mä ech hunn net vill fonnt, wat d'Verantwortung vun Eltere géintiwwer Kanner ugeet.

(Interruption)

D'LSAP schreift: „Solidarität in unterschiedlichen Lebensentwürfen und -phasen", „Menschen verschiedener Generationen übernehmen füreinander Verantwortung." Dat kann eigentlech eng Klinik oder e Fleegeheim oder Gott weess wat sinn, dat fält och scho vläicht dodrënner.

Fir d'DP ass et eng „freie Wahl der Lebensmodelle", wou jiddweree sech kann ausliewen, wéi e wëllt: „Jeder kann seiner Vorstellung von Familie nachgehen und diese ausleben."

Fir déi gréng ass et, muss dat eng „Lebenswelt vielfältiger Familienformen" ginn.

Mä wat ass eigentlech nach déi Famill, iwwert déi mer hei schwätzen? Wat ass dat fir Iech, wat an der Constitutioun steet als Famill a wat mir solle protegéieren an der Politik? Wat ass nach Famill? Wou steet nach d'Verantwortung vun den Eltere géintiwwer Kanner an enger gemeinsamer Liewensverantwortung?

Mir als ADR hunn dat an eisem Programm konkret ausdefinéiert. Mir hunn ausgeschloss, wat mer net wëllen, well mer den Ordre public wëlle respektéieren. Mir hunn definéiert, wat mer wëlle maachen, fir d'Rechter vun de Kanner an eiser Gesellschaft ze schützen. An ech wär frou, wann d'Regierung eis enges Daags géif soen, wat dann nach bei deenen dräi Wahlprogrammer, déi elo hei zesummekomm sinn, wat dann nach eng Famill ass an den Ae vun dëser rout-gréng-bloer Regierung.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Als nächste Riedner ass den Här Mosar vun der CSV ageschriwwen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a senger Regie-

rungsdeklaratioun vum leschten 11. Dezember hat de Premier Xavier Bettel sech intensiivst mat der Wichtegkeet vun enger nohalteger Wirtschaftspolitik beschäftegt an en hat och an deem Kontext eng Rei vu konkrete Propositioune gemaach. Hien hat ganz besonnesch op d'Noutwendegkeet vun enger effizienter Promotioun vun eisem Wirtschafts- a Finanzstanduert ausserhalb vun eise Grenzen insistéiert a gläichzäiteg eng grouss Offensiv ugekënnegt, fir nei Aktivitéiten hei op Lëtzebuerg ze zéien.

Wéi ech awer elo souwuel de schréftleche wéi de mëndleche Budgetsrapport vum honorabelen Här Berger ënnert d'Lupp geholl hunn, hunn ech dach misse mat enger gewësser Ernüchterung feststellen, datt d'Wirtschaftspolitik am Rapport vum Här Berger awer trotzdeem e bësse stiefmütterlech behandelt ginn ass.

Dat fannen ech e bësselche schued, well den Här Berger trotzdeem eng substanziell Fläissaarbecht hei geleescht huet, och eng Rei vu ganz interessante Pisten a sengem Budgetsrapport opgezeechent huet, fir deen ech em och wëll Merci soen. Och als fréiere Budgetsrapporteur weess ech, datt déi Aufgab net ëmmer ganz einfach ass, well een och als Rapporteur sech oft mat ganz ville Fuerderungen, ganz besonnesch aus Majoritéitskreesser, konfrontéiert gesäit.

Ech wëll an deenen nächste Minutten, Här President, keen expansiven Exkurs an d'Wirtschaftspolitik maachen, mä mech drop limitéieren, d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft am Allgemengen a vun eiser Finanzplaz am Speziellen e bësselche méi ze duerchliichten.

Aleedend zu dëser Thematik, an dat wäert dem Här Finanzminister gefalen, wëll ech kuerz op den Avis vun der Chambre de Commerce agoen, deen eng Rei vu Klassementer vun internationalen Institutiounen opgelëscht huet, bei deene Lëtzebuerg an deene leschte Joren éischter Plaze verluer wéi gewonnen huet. Dëse Constat deckt sech d'ailleurs regelméisseg mat deenen Avise vun der Chambre de Commerce an deckt sech och mat den Aussoe vum aktuellen a fréiere Wirtschaftsminister, déi net midd gi sinn, op Kompetitivitéitsdefiziter vun eiser Wirtschaft hinzeweisen, dat an hire jeeweilege Foires-Riede wéi awer och hei op der Chamberstribün.

An deem Kontext géif ech Iech och recommandéieren, d'Ried vum alen an neie President vun der Chambre de Commerce, dem Här Michel Wurth, nozeliesen, déi e virun zwee Deeg gehalen huet. Eng Ried, déi, och wann ee mat ganz villem net kann d'accord sinn, dach eng ganz Rei vu Pisten a Propositiounen opzeechent, déi zumindest méritéieren, datt ee sech intensiv domadder beschäftegt.

Da wëll ech awer och op d'Ried vum heitegen a fréiere Wirtschaftsminister Etienne Schneider viru bal engem Joer op dëser Tribün zréckkommen, deen deemools däitlech ënnerstrach huet, datt mer um Niveau vun eiser Kompetitivitéit substanziell Efforten och struktureller Aart misste maachen, wéilte mer dann net den Uschloss un dat europäescht, awer och ausser-europäescht Ëmfeld verléieren.

Ech sinn dann och haaptsächlech iwwerzeegt, datt ech beim aktuelle Finanzminister a fréieren Direkter vun der Chambre de Commerce wäert oppen Dieren arennen, well eng Rei vun deene Propositiounen, op déi ech elo an deenen nächste Minutte wäert agoen, sech ëmmer erëm an den Avise vun der Chambre de Commerce erëmfonnt hunn an déi dem Här Gramegna seng Ënnerschréft gedroen hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kontext vun der Kompetitivitéit wëll ech mech haut just mat zwee Punkte beschäftegen: op där enger Säit dee vun der Simplification administrative an op där anerer Säit d'Noutwendegkeet vun engem attraktive steierlechen Ëmfeld.

Fir mat mengem éischte Punkt unzefänken, kommen ech net derlaanscht, op deen an de leschte Wochen a Méint oft zitéierte Bréif vum aktuellen an deemolege Wirtschaftsminister Etienne Schneider un den deemolege Premier Jean-Claude Juncker anzegoen. Dësen op de 27. Mäerz 2013 datéierte Bréif zeechent op eng akribesch Aart a Weis all déi verschidde Punkten op, déi eng Bremsfunktioun a verschiddene Prozeduren duerstellen an déi dozou féieren, datt onnéideg vill Zäit verluer geet, ier een zum Beispill mam Bau vun ëffentlechen Infrastrukture kann ufänken.

Dëse Bréif beschreift awer och millimetergenau, wat déi Defiziter sinn, dat um Niveau vun enger ganzer Rei vu Gesetzestexter, wéi nëmmen deen iwwert den Aménagement communal oder dee vum Gesetz vun 2004 iwwert den Naturschutz, fir hei nëmmen déi wichtegst ze nennen.

Dës Analys vum zoustännege Minister liwwert dann och eng Rei vu ganz konkrete Léisungsusätz, déi noutwendeg sinn, fir dës Bremsfunktiounen esou ze entschäerfen, datt op där enger Säit de Bau vun ëffentlechen Infrastrukturen, mä awer och d'Autorisatiounen a Gewerbezonen zum Beispill méi schnell a méi effektiv kënne virugedriwwe ginn.

Datt dëse Bréif esou eng exzellent Synthees vun alle Problemer duerstellt, ass dann och net weider verwonnerlech, well en a sech d'Resultat vun enger gudder Viraarbecht vun deenen deemools concernéierte Ministeren, den Häre Wiseler a Schank, dat zesumme mat der Madame Modert, duerstellt.

Am Géigesaz zu deem, wat an de leschte Wochen oft dobausse kolportéiert ginn ass, gëtt et also hei eng zolidd Viraarbecht, op déi sech déi aktuell Regierung ka baséieren, fir méiglechst schnell e Gesetzestext op déi legislativ Schinnen ze setzen.

Mir haten, Här President, eigentlech och dofir erwaart, datt de Pabeier vum Här Schneider, deen hie sech jo selwer op säin eegene Fändel hänkt, sech integral géif am Regierungsprogramm erëmfannen an och d'Grondgerüst vun enger Législatioun iwwert d'Simplification administrative géif ginn. Leider hu mer bis elo nach net vill, weder aus dem Mond vum Premier nach aus deem vum Wirtschaftsminister, héieren, ausser datt e puermol op dëser Tribün an och ausserhalb gesot ginn ass, mir géifen elo net méi beim Omnibusgesetz bleiwen, mä mir géifen ëmklammen op en „TGVs-Gesetz".

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir sidd schonn alleguer mat engem normalen Zuch a mat engem TGV gefuer, an do ginn et jo awer eng Rei vun Ënnerscheeder. An ech ginn emol dovun aus, wann d'Regierung hei seet, mir fueren elo net méi mam Omnibus, mä mir fuere mam TGV, da gëtt et e bësselche méi Luxus, et ass och e bësselche méi Contenu, an haaptsächlech geet et vill méi schnell, Dir Dammen an Dir Hären.

Or, bis elo, muss ech Iech soen, hunn ech nach net richteg erausfonnt, op wéi enge Punkten dann déi aktuell Regierung an deen aktuelle Wirtschaftsminister wëlle méi wäit a méi schnell goen. Mir sinn also ganz gespaant, an deenen nächste Wochen ze héieren, wat dann elo esou alles an deem „TGVs-Gesetz" do wäert agepaakt ginn.

Mir sinn op jidde Fall bereet, Här President, esou e Gesetz positiv ze begleeden. A mir wären och scho ganz frou, wann et beim Omnibusgesetz géif bleiwen. Wa mer natierlech mat op den TGV geholl ginn, soe mer net Neen. Mir hoffen allerdéngs, datt et nom Omnibusgesetz an dem „TGVs-Gesetz" net schlussendlech zu engem Postkutschegesetz wäert kommen.

Här President, ech kommen dann op de Punkt vum steierlechen Ëmfeld, an deem eis Wirtschaft sech muss bewegen, an do kommen ech net derlaanscht, nach eng Kéier déi 65 Propositioune vum deemolege Wirtschaftsminister Jeannot Krecké an Erënnerung ze ruffen. Hien hat ganz besonnesch um steierlechen Niveau eng Rei Propositioune gemaach, déi awer, zumindest um Datum vun haut, nach net ganz ëmgesat gi sinn. Dofir wéilt ech vun der Geleeënheet profitéieren, Här Finanzminister, Iech do och eng Rei vu Froen ze stellen.

An deem Pabeier war notamment virgesinn, déi ganz Prozedur vum „ruling" op de Leescht ze huelen an ze optimiséieren, dëst am Sënn vun enger méi grousser Effizienz an Nohaltegkeet am Interessi vun de Betriber. An der Zwëschenzäit, mengen ech, an do sidd Der mat mer d'accord, Här Finanzminister, ass d'Noutwendegkeet vun esou enger detailléierter Analys vum „ruling" nach gewuess duerch den Drock, dee mer vun der Europäescher Kommissioun gemaach kréien. Net nëmme mir, mä och verschiddener vun eisen Nopeschlänner.

An dësem Kontext géif ech vum zoustännege Minister wëllen héieren, wéi d'Regierung an dësem dach sensibelen Dossier wëllt virukommen, wëssend, datt déi Prozedur vum „ruling" eminent wichteg ass, wann een dann och an Zukunft nach wëllt nei Entreprisen op Lëtzebuerg zéien. An e gutt Beispill heifir ass de Fall vun der Société Netflix. Mäi Kolleeg Serge Wilmes an ech selwer hu par ailleurs eng Question parlementaire dozou un de Finanzminister gestallt.

Eng zweet Propositioun, déi bis elo leider Gottes nach ëmmer net realiséiert ginn ass, ass déi vum Artikel 50bis vum Gesetz iwwert d'Propriété intellectuelle, wou virgesinn ass, dës esou ëmzeänneren, datt och d'Autorerechter an d'Logiciels informatiques heirënner géife falen. Ech weess, datt ganz besonnesch de fréiere Finanzminister, de Luc Frieden, sech ëmmer erëm heifir staarkgemaach huet, an ech wär frou ze héieren, wou mer am Moment mat dëser dach wichteger Gesetzesmodifikatioun dru sinn.

Derniewent stellt sech natierlech ëmmer erëm d'Fro iwwer eng Reform vun der Gewerbesteier, dëst am Sënn, fir déi fir Betriber méi attraktiv ze maachen. An deene 65 Propositioune war deemools awer och d'Upassung respektiv d'Ewechfale vun der Verméigenssteier fir Betriber virgeschloe ginn, ass awer an engem gewëssene Moment vun der deemoleger Regierung fale gelooss ginn.

Dofir ass et e bësselchen erstaunlech gewiescht, wéi déi nei an aktuell Regierung de System vun den Intérêts notionnels am Koalitiounsaccord festgeschriwwen huet, e System, dee jo zu engem groussen Deel déiselwecht Objektiver verfollegt wéi eng Upassung respektiv en Ewechfale vun der Verméigenssteier fir Betriber.

Wann ech elo d'Regierung richteg verstanen hunn - mä et ass net ëmmer esou einfach, dës Regierung richteg ze verstoen -, weess ech net, ob dann elo de System vun den Intérêts notionnels definitiv fale gelooss gëtt oder ob nëmmen dee System nom belsche Modell definitiv wäert fale gelooss ginn.

Här President, muncher vun deene Propositiounen, déi vum fréiere Wirtschaftsminister virgeluecht gi waren, sinn also bis dato nach ëmmer net ëmgesat oder zumindest net ganz ëmgesat. An ech vermëssen heizou och eng Rei vu konkreten Aussoe vum Finanzminister. Mä deen huet jo elo d'Geleeënheet, an e puer Minutten op all déi Froen ze äntwerten.

An deemselwechte Kontext an och am Interessi vun enger besserer Promotioun vun eisem Wirtschaftsstanduert, an dat an engem ëmmer méi schwéieren internationalen Ëmfeld, stellt sech ëmmer erëm d'Fro, ob den aktuellen Taux nominal vun e bësselche méi wéi 29% vun eiser Betribssteier net muss op de Leescht geholl ginn. Och wa gewosst ass, datt an der Praxis zwar déi allermannst Betriber dëse Pourcentage bezuelen, ass et dach esou, datt mir domadder an den internationale Klassementer an an den Hitparaden net ëmmer gutt dostinn. An d'Fro, déi ee sech do muss stellen: ob een dee System net ännert.

An ech wëll Iech och nach eng Kéier drun erënneren, datt meng Partei an hirem Wahlprogramm en Optiounssystem virgeschloen hat, deen eiser Meenung no de Besoine vun de Betriber am beschte géif entgéintkommen an awer genau déiselwecht Steierrecettë kéint garantéieren.

De Wirtschaftsminister hat mer an der zoustänneger Kommissioun geäntwert, datt d'Regierung éischter der Meenung wär, den Taux nominal erofzesetzen a gläichzäiteg d'Base d'assiette ze vergréisseren, dëst ouni op de Wee vun engem Optiounssystem ze goen. Leider hunn ech weder am Kader vun der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun nach vun der Budgetspresentatioun iergendwéi eng Ausso heizou wéi och zu anere Punkten héieren.

Mir mengen, datt ee muss dat steierlecht Ëmfeld permanent adaptéieren, wann een da wëllt eng konkurrenzfäeg Wirtschaft behalen. An dës permanent Adaptatioun ass schlussendlech jo och de Schlëssel vum Erfolleg iwwer Jorzéngte vun dësem Land gewiescht. Mir hunn et ëmmer erëm fäerdegbruecht, eis kuerzfristeg esou opzestellen, datt mir konnten duerch en attraktiivt steierlecht Ëmfeld, wou mir eng Rei Nische besat hunn, nei Betriber unzéien. An e gutt Beispill dofir ass de Commerce électronique.

Dofir wär et och, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis kee gutt Zeechen, wa mir an deenen nächsten dräi Joer keng steierlech Incentivë géife setzen an alles op d'Steierreform vun 2016 verschiben. Wie stoe bleift, fält zréck, an dat ganz besonnesch an der Wirtschaft vun engem Land! An dofir invitéiere mir nach eng Kéier d'Regierung, mat deene steierlechen Incentivë fir dWirtschaft net eréischt bis 2016 respektiv 2017 ze waarden, mä dës esou schnell wéi méiglech ëmzesetzen.

Här President, ech hunn d'Gefill, wann ech esou e bëssen d'Objektiver an d'Ziler vun der Regierung kucken, datt déi a sech an déi richteg Richtung weisen. Leider Gottes hunn ech d'Gefill, datt d'Regierung net ëmmer weess, wéi se dohinnerkënnt. An ech hu ganz oft d'Gefill, datt bei enger ganzer Rei vu Sujeten, notamment an der Wirtschaftspolitik, eng gewëssen Navigation à vue besteet.

An Dir wësst, ech sinn e Frënd vun Zitater, an a menger Zitatekollektioun hunn ech eent fonnt, dat mer ganz gutt gefall huet an dat, fannen ech eigentlech, op dës Regierung exzellent passt. Dat ass vun engem groussen englesche Politiker, dem Winston Churchill. Deen hat dat allerdéngs gesot à l'attention vun de sozialistesche Kolleegen. Dofir erlaabt mer, datt ech elo e bëssen déi Zitatioun paraphraséieren, andeem ech se elo net op d'sozialistesch Partei limitéieren, obschonn ech dat och kéint maachen.

(Interruption)

De Winston Churchill, deen huet also deemools gesot, liicht paraphraséiert: D'Regierung fonctionnéiert wéi de Christoph Kolumbus, deen net wousst, wou e wär, an deen haaptsächlech net wousst, wou en hi wéilt.

(Interruption)

An dat op d'Käschte vun eise Steierzueler. Ech mengen esou fonctionnéiert och e bëssel-chen...

(Brouhaha)

...och e bësselchen eis...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- An d'Geschicht ass en agaangen!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, ech mengen,...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- En huet Amerika entdeckt!

(Interruptions)

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Domadder, Här President, kommen ech och zu mengem leschte Punkt, nämlech deem vun der Zukunft vun eiser Finanzplaz, iwwert déi ech dach awer wollt e puer Wierder verléieren.

D'Regierung huet also décidéiert, op de Wee vum automateschen Informatiounsaustausch ze goen, ënnert der Konditioun, datt och Drëttlänner wéi d'Schwäiz bis Enn des Joers seriéis Verhandlunge mat der Kommissioun doriwwer géife féieren. Ech wëll hei fir d'Alleréischt vun der Geleeënheet emol profitéieren, d'Méritte vum fréiere Finanzminister, dem Luc Frieden, ze ënnersträichen, ganz besonnesch an dësem Domän, dee sech iwwer Joren ëmmer erëm derfir agesat huet, datt mir de Prinzip vum sougenannten „level playing field" géife respektéieren, oder op gutt Lëtzebuergesch gesot, datt jiddwer Land deeneselwechte Regele beim Informatiounsaustausch misst ënnerluecht ginn.

Mir sinn, Dir Dammen an Dir Hären, am Moment mat verschiddene Standarde konfrontéiert: de FATCA-Standard, den europäeschen an elo dee vun der OCDE. An eisen Informatiounen no schéngt et esou ze sinn, datt d'Schwäizer, déi fir eis esou wichteg sinn, éischter géifen am Moment a Richtung OCDE-Standard goen an datt et och dëse Standard wär, dee sech mëttel- a laangfristeg géif duerchsetzen.

Dofir d'Fro un d'Regierung: Här Finanzminister, wär et net besser, Dir - d'Regierung, de Finanzminister - géift an deenen nächste Méint ganz besonnesch bei där neier Europäescher Kommissioun drop awierken, fir ze kucken, ob een net direkt soll op den OCDE-Standard eriwwergoen, vu datt dat vill méi e komplette Standard ass wéi deen europäeschen, an och wëssend, datt weltwäit ëmmer méi Länner op dee Standard wäerten eriwwergoen?

An déi Fro, déi sech natierlech an deem Kontext stellt, ass, inwiefern deen OCDE-Standard konform ass mat allen europäeschen Direktiven. An do ass natierlech déi Fro, déi ee muss stellen - an de Finanzminister wäert sécherlech eis herno dorobber eng Äntwert wëssen ze ginn -, inwiefern datt mer do kënne laanschteneekommen. Nach schéngt et fir eis ganz wichteg ze sinn, datt mer eis Banken net obligéieren, mëttel- a laangfristeg zwee Standarden ëmzesetzen, wat extrem schwiereg wäert ginn.

En zweete fir mech wesentleche Punkt ass deen, datt eise Finanzsecteur muss nei Produiten a Servicer entwéckelen. A wie sech e bësselche mat dëser Thematik beschäftegt, weess, datt dës Produiten ëmmer méi sophistiquéiert ginn an datt eis Finanzplaz sech an engem extrem haarde konkurrenziellen Ëmfeld muss positionéieren. Et ass dofir extrem wichteg, zesumme mat den Acteure vun der Finanzplaz iwwer nei Produiten nozedenken. A mir begréissen och dofir déi Initiativ vum Finanzminister, fir eng Rei Aarbechtsgruppen en place ze setzen, fir iwwer nei Produiten nozedenken.

Allerdéngs géif et eiser Meenung no Sënn maachen, eis Uni, ganz besonnesch och um Niveau vun der Recherche, méi anzebannen an d'Entwécklung vun esou Produiten a Finanzservicer, wéi dat bis elo de Fall war. Fir eis ass et wesentlech, datt mir an deenen nächste Joren eis Uni an eis Recherche méi no un d'Finanzplaz erufféieren, wéi dat an deene leschte Joren de Fall war, an domadder d'Finanzplaz och méi profitéiere loosse vum Know-how, dee vun eiser Uni och an deem Secteur soll entwéckelt ginn.

Här President, ech wollt dann och nach kuerz op en anere Punkt agoen, wou och de fréiere Finanzminister Luc Frieden sech mat ganz vill Engagement an Häerzblutt agesat huet: näm-

lech eis Finanzplaz Lëtzebuerg als e sougenannten „Hub" fir chineesescht Kapital ze positionéieren. An et muss een unerkennen, datt dëst eng regelrecht Success Story ginn ass, wann een d'Zuel vun de chineesesche Banke kuckt, déi sech an der Tëschenzäit hei niddergelooss hunn, an och haaptsächlech kuckt, wéivill där Banken am Moment nach an der Pipeline sinn.

Allerdéngs hunn entre-temps, an de Finanzminister, oder déi zwee Finanzministeren, de fréieren an den aktuellen, wëssen dat, hunn och aner Länner entre-temps de Potenzial vu China entdeckt a maachen extrem vill Efforten, fir eng Aart Handelsplaz fir de Renminbi an Europa ze ginn. Ech bleiwe perséinlech dervun iwwerzeegt, datt mir als Lëtzebuerg nach wie vor exzellent positionéiert sinn, a mir musse virufuere mat deenen Efforten, déi vun der viregter Regierung gemaach gi sinn. A mir mussen alles maachen, fir hei den Uschloss net ze verpasse par rapport zu grousse Plaze wéi London, Paräis a Frankfurt.

An deem Kontext, Här Finanzminister, ass et fir eis wesentlech, datt mer och eng Chambre de compensation fir de Renminbi op Lëtzebuerg ze kréien. Ech weess, datt Clearstream schonn an de Startbléck steet, fir esou ee Projet och hei zu Lëtzebuerg mat ëmzesetzen. An ech wär frou, och heizou herno eng Ausso vun Iech ze kréien.

An deem Kontext erlaabt mer eng Remarque, laanscht déi ech net kommen: Ech hunn et perséinlech net glécklech fonnt, datt mir, datt d'Regierung ouni Explikatioun an ouni Virwarnung d'Tournée vum OPL a China einfach esou ofgesot huet. Eisen OPL ass e wichtegen Ambassadeur vun eisem Land an an engem kruziale Moment vun der Entwécklung vun eise bilaterale wirtschaftleche Bezéiunge mat China muss een dach och hei kënne vun enger Regierung e bësse méi Fangerspëtzegefill fuerderen.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, e leschte Punkt, wat de Finanzsecteur ubetrëfft, ass d'Promotioun, déi mir an Zukunft vun eiser Plaz maachen. An do si mer eis alleguer eens, datt de Branding eng ëmmer méi wichteg Roll spillt. An an deem Sënn ass et scho richteg, datt d'Zesummenaarbecht zwësche Luxembourg for Finance a Luxembourg for Business verstäerkt gëtt. Allerdéngs stelle mir eis d'Fro, ob et all Sënn mécht, déi zwou Entitéiten total ze fusionéieren, a mir mengen, besser sollt ee se parallell fonctionnéiere loossen, quitte datt d'Zesummenaarbecht méi enk matenee verknäppt gëtt.

Här President, ech kommen domadder zu menger Konklusioun. Fir datt eise Wirtschafts- a Finanzstanduert sech weider ka positiv entwéckelen, ass et wichteg, datt d'Clientë weiderhi Vertrauen an d'Autoritéiten an an d'Institutioune vun dësem Land hunn. Fir datt dëst Vertraue weider bestoe kann a souguer nach ausgebaut gëtt, komme mer net derlaanscht, eng Consolidatioun vun eisen ëffentleche Finanzen hinzekréien.

Mir mussen awer och weider, Här Bodry, un eiser Kompetitivitéit, awer och un eiser Produktivitéit schaffen,...

(Interruption)

...wëssend, datt mir beileiwen am Moment net méi zu deene Beschte vun der Klass gehéieren an datt mir eis erëm mussen ustrengen, fir dohinner ze kommen, wou mer emol eng Kéier waren.

Fir dëst ze erreechen, brauche mer och Reformen am wirtschaftleche Beräich. An déi nei Regierung ass jo ugetruede mat der Ambitioun, d'Fënstere grouss opzemaachen an dës Reformen ëmzesetzen. Allerdéngs waarde mir bis elo nach ëmmer op konkret Propositiounen a mir vermësse ganz besonnesch och an dësem Budget déi Impulser an Initiativen, déi eiser Wirtschaft erëm géifen dee Boost ginn, dee se brauch.

Fir mech ass dës Regierung, Här President, déi vun de grousse Schlagwierder a Superlativen. Hei gëtt geschwat: „méi mat manner", en „TGVs-Gesetz", den „Oscar fir de Budget" - dat ass dee vun Hollywood, net dee vu Saarbrécken -, d'„kopernikanesch Revolutioun" an esou virun an esou weider.

Alles dat erënnert mech e bësselchen un eng Ausso vun engem eminente franséische Politiker, deen awer scho laang dout ass an deen oft vu mengem Kolleeg, dem Här Bodry, schonn emol a Rieden zitéiert ginn ass. Dat ass nämlech de Jean Jaurès. A fir eng Kéier erlaben ech mer dann,…

(Interruption)

… den Här Jaurès ze zitéieren, well den Här Bodry gelungenerweis dëst Zitat bis elo nach ni benotzt huet.

(Interruption)

A wann ech Iech elo d'Zitat virgelies hunn, da mengen ech, da verstitt Der och, firwat datt en dat bis elo nach net gemaach huet.

(Interruption)

Den Här Jaurès huet nämlech a senger grousser Sagesse festgestallt, an ech mengen, dat ass och nach ëmmer richteg fir haut, ganz besonnesch fir dës Regierung: «Quand les hommes politiques ne peuvent changer les choses, ils changent les mots.»

Ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Mosar. Dee leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz vun der CSV.

Här Spautz, Dir hutt d'Wuert. Dir hutt nach 45 Minutten.

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV)*.- War dat eng Opfuerderung, Här President?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut an engem Mount gi mer wielen. Déi néngte Kéier wiele mer eis Vertrieder an d'Europaparlament. Mir ware bis elo ëmmer gewinnt, dass déi Europawahlen zesumme mat de Chamberwahle wieren. Firwat a wéisou dat elo net esou ass, brauch ech heibannen net ze soen. Mä den Afloss vun Europa op déi national Politik gëtt ëmmer méi grouss, gëtt ëmmer méi wichteg. An och dofir ass et wichteg, gutt Leit op Bréissel a Stroossbuerg ze schécken.

Eng gewëssen Europaverdrossenheet ass bei de Leit do, well mir spieren nach näischt esou Richteges vun engem Wahlkampf a vun europäeschen Themen. An do ass et un eis, no der Eurokris, déi vum deemolege President vum Eurogroup, dem Jean-Claude Juncker, mat deenen néidege Léisunge betreit ginn ass, fir dass mer do erauskomm sinn, elo no enger Ukrain-Kris gëllt et, déi och demokratesch an diplomatesch ze léisen.

Wuel wëssend, wat dës Kris fir déi betraffe Leit, d›Mënschen an der Ukrain bedeit, wuel wëssend, wat esou eng Kris bedeit fir d'Demokratie a fir de Stellewäert vun Europa. Well d'Leit an der Ukrain zielen op Europa. D'Leit an der Ukrain zielen op eis, fir dass mer do Gestë maachen. An do ass et och un eis, dat ze weisen, wat Europa ass, well och Lëtzebuerg ass e Stéck Europa.

Mir hunn an Europa manner Rohstoffer an Energiereserven, wéi all déi aner Länner op anere Kontinenter. D'Finanz-, d'Wirtschafts- an d'Scholdekris hunn zu engem enorme Wirtschaftsabroch an zu vill Chômage gefouert. D'EU-Wirtschaft huet - alles zesumme gekuckt - déi lescht sechs Joer stagnéiert. Am selwechten Zäitraum ass déi indesch Ekonomie ëm en Drëttel an déi chineesesch ëm 70% gewuess.

D'Fro vum 21. Jorhonnert ass déi, wat fir eng Roll Europa an domadder och Lëtzebuerg wäert spille vis-à-vis vun den USA, vis-à-vis vu China a vis-à-vis vu Russland. Gëtt Europa e Bittsteller vis-à-vis vun deenen oder e staarken a verlässleche Partner?

Mir brauchen hei zu Lëtzebuerg, wéi de Laurent Mosar et scho gesot huet, eng richteg Standuertpolitik. Mir brauche Wirtschaftswuesstum, fir de Chômage an de Grëff ze kréien. Mir brauche Wuesstum, fir d'Finanzsituatioun an de Grëff ze kréien. Mir brauche Wuesstum, fir eise soziale Modell ofzesécheren.

Lëtzebuerg gëtt haut gelueft fir seng Finanzpolitik vun der EU. De Claude Wiseler huet et schonns de Moie gesot an ech zitéieren d'„Wort" vum 24. Abrëll - dat ass vun haut: „solidester Haushalt im Euroraum" fir 2013. An do wëll ech awer och soen, dass een do ka virun allem félicitéieren dem Luc Frieden fir dat, wat en do fäerdegbruecht huet, der fréierer Regierung Juncker/Asselborn an awer och de fréiere Beamte vum Finanzministère, déi mat dozou bäigedroen hunn, dass mer all déi Saachen do kritt hunn. Ech mengen, mir kënne stolz dorop sinn. An do muss ee sech awer och bewosst sinn, dass och do déi Leit alleguerte mat dozou bäigedroen hunn.

Déi lescht Regierung Juncker/Asselborn hat zwee Päck gemaach, dee leschten am Budget 2013, a mir haten och ugefaangen, weider Moossname fir 2014 ze kucken an ze analyséieren.

Ech zitéieren do en Artikel vum 9. November 2012 vum Romain Hilgert vum „Lëtzebuerger Land" - et ass jo net bekannt, dass do iergendwéi sollen enorm Relatioune mat där Partei sinn, vun där ech d'Chance hunn, President ze sinn -, deen nach eng Kéier zitéiert an de Fahrplan festleet, deen deemools d'Regierung gemaach huet fir 2014, 2015, 2016 an och 2017. Nozeliesen, wéi gesot, an der Press vum 9. November 2012, am „Lëtzebuerger Land", wat mer do geschriwwen hunn a wat do gesot ginn ass vun de Regierungsparteien. Well ech haut de Moien esou e bëssen héieren hat, wéi wann do net gewollt gewiescht wier bei der viregter Regierung, verschidden Ännerungen ze maachen!

Et hunn och Gespréicher stattfonnt, fir ze kucken, wéi ee weider kéint spueren. An déi Gespréicher si scho gelaf, wou d'Vertrieder vun de Koalitiounsparteie waren, wou d'Inspection générale des finances derbäi war, wou et drëm gaangen ass, wat een am Familljeberäich a wat een um Aarbechtsmaart an an deenen Domäne kéint maachen. An duerno sollte weiderer un den Tour kommen, zu deem ass et awer net méi komm.

A Freides de 26. Abrëll 2013 si mer an der Budgets- a Finanzkommissioun deemools vum Wirtschafts- a Finanzminister informéiert ginn iwwert de Stabilitéitspak. An am „Wort" vun deemools schreiwe se, wat dann esou alles vum Här Schneider a vum Här Frieden deemools gesot ginn ass. Do steet dran, dass den E-Commerce jo géif ewechbrieche fir 2015 an dass et dofir kloer wier, dass d'TVA misst ugepasst ginn, dat kéint bis 400 Milliounen erabréngen, dass d'Scholdequot vun 2012 op 2016 weider géif eropgoe vun 20,8 op 27,9, dass mer awer do missten oppassen, wéi mer deen Defizit an de Grëff kréiche bis 2017. Et ass nach eng Kéier drun erënnert ginn, wéi bei dem Zentralstat do d'Entwécklunge wieren.

Dat kënnt Der noliesen och am „Lëtzebuerger Wort" vum 27. Abrëll 2013, Säit 4, fir dass och déi Leit sech alleguerten nach eng Kéier erëmfanne bei deene Saachen, déi se deemools gesot hunn. Et ass ee jo ëmmer dann heiansdo iwwerrascht, wann ee liest an héiert, wat een alles esou gesot huet - fir dass déi sech och do erëmfannen.

An do ass mer awer an deem Artikel eppes Enormes opgefall: De Vertrieder vun der liberaler Partei, de Claude Meisch, betount, dass dat awer allerhand wier, dass elo géif vun der TVA-Erhéijung geschwat ginn. Fir d'Éischt misst een emol kucken, wou ee ka spueren, ier een unilateral géif iwwer TVA-Erhéijunge schwätzen.

De François Bausch vun deene Gréngen - deen hat d'Chance, Madame Loschetter, siwen Deputéiert a senger Fraktioun ze hunn -, deen hat eng ëmfaassend Studie verlaangt, an ier een dann eng TVA-Erhéijung géif maachen, misst een och emol eng Kéier analyséieren a kucken, wat fir een Afloss déi TVA-Erhéijung géif mat sech bréngen op d'Konsumenten an op d'Leit.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Haut hu mer der véier an der Regierung!

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Jo, awer nach ëmmer nëmme sechs an der Chamber. De Wieler hat eppes aneschters geschwat!

Une voix.- Et sinn der zéng. No menger Rechnung sinn et der zéng!

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Den Här Bodry huet haut de Moie gesot, dass zwee Päck gemaach gi si vun der viregter Regierung, an déi nei Regierung hätt elo am Fong en drëtte gemaach, well déi al Regierung hätt dat net wëlles gehat, e Pak ze maachen. Ech wëll do drun erënneren,…

(Interruption)

Wat gelift?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat war net virgesinn!

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Net virgesinn.

Ech wëll do drun erënneren, nozeliesen de 27. Abrëll 2013 am „Quotidien", Alex Bodry: «Ce serait arrogant, si le Gouvernement actuel décide des mesures à prendre par le nouveau Gouvernement pour la prochaine législature.» Dofir, just fir drun ze erënneren, firwat keen drëtte Pak virgesi war: Mä den Här Bodry huet et selwer gesot an et ass am „Quotidien" grouss markéiert ginn als Iwwerschrëft, dass een dat net mécht, wann een a Wahlen erageet a wann eng nei Regierung kënnt, dass déi Regierung vu virdrun nach soll en zousätzleche Pak maachen. Just dat als Erënnerung, firwat keen drëtte Pak komm ass.

Mir hunn awer gläichzäiteg weider dru geschafft, wou kënnen Aspuerunge gemaach ginn. Do sinn Ännerunge gemaach ginn an den Allocations familiales. Do sinn zwee Reglementer geholl ginn an an der Finanzkommissioun ass en Dokument ausgedeelt ginn, wou dat och nach eng Kéier rappeléiert ginn ass, wou do och schéi propper drasteet, dass déi zwee Reglementer geholl gi sinn, fir Ännerungen ze maache bei de Chèques services.

Et ass e Projet de loi gemaach ginn, wou et geheescht huet, dass de Chèque service aneschters misst berechent ginn, dass mer de soziale Kritäre misste méi Rechnung droen. Do sinn Amendementer ugeholl ginn, nach dräi Deeg iert d'Chamber opgeléist ginn ass, ouni Géigestëmm, ech kann net soen unanime - et waren der, déi hate sech enthalen -, mä ouni Géigestëmm ugeholl ginn. Déi sinn op de Wee gaange fir bei de Statsrot, fir dass mer duerno schnellstméiglech kéinte virufueren, fir och deene Kritäre Rechnung ze droen.

Wéi déi nei Regierung do war, hu mer dunn erkläert kritt, dass dee Projet fir si keng Prioritéit méi huet. Ech war dofir e bëssen iwwerrascht, wéi d'Madame Elvinger och haut de Moie gesot huet, dass een och net nëmmen dat, mä och d'Familljentransferten iwwer Steierpolitik..., si huet och Beispiller gesot, mat Lëtzebuerg a sengen Nopeschlänner, wéi vill Leit do wat vum steierleche Volet kréien. Wat heescht dat dann elo? „Mir maachen näischt beim Chèque service", wat heescht dat? Maache mer elo alles iwwert de Steierwee? Wat bedeit dat fir d'Familljen a fir d'Monoparentaux? De Gilles Roth huet schonn op déi verschidden Abattementen higewisen. Wat geschitt mat all deene Steierabattementen? A wat bedeit dat konkret?

Ech war dofir e bëssen iwwerrascht, well den Här Berger hat virgëschter gesot: manner Geld a méi Saachleeschtungen. A Saachleeschtunge ware jo awer 2006 ee vun de Punkten, wou mer gesot hunn, mir maachen e Chèque service, well et beim Chèque service ganz kloer ass, dass ee weess, wou déi Sue vun deem Chèque service higinn. Entweder gi se an d'Kannerbetreiung direkt oder et waren d'Musekssschoulen an d'Sportsfederatiounen, déi dovu konnte profitéieren am Intérêt vun de Kanner. War dat kee Wiessel vu Geldleeschtungen op Saachleeschtungen?

Oder bedeit dat, wat den Här Berger ugeschnidden huet, dass d'Rentrée scolaire ofgeschaaft gëtt als Geldleeschtung an et kritt ee Schoulmaterial amplaz? Ass et dat, wann ee seet, mir maache gäre méi Material- a manner Geldleeschtungen, fir sécher ze sinn, dass et ukënnt? Wann et dat ass, kee Problem, da kënne mer driwwer diskutéieren! Mä da muss een eis dat och soen, an net weiderhin ëmmer soen: Mir ännere dat bei de Steieren, mir ännere Geldleeschtunge géint Saachleeschtungen. An d'Leit, d'Elteren, ob dat Familljе sinn am traditionelle Sënn oder Familljе sinn am neie Sënn a Monoparentaux sinn, mä dass déi Leit wëssen, wou se dru sinn! Wat dat fir si fir d'Zukunft bedeit, wat dat bedeit fir d'Rentrée scolaire 2014/2015! Brauche se do d'Bicher net méi ze bestellen? Kréie se se vum Stat, oder wat geschitt?

An dat ass dat, wat ech bedaueren, dass, wann ee seet, dass ee Saache muss ännere... Och déi viregt Regierung huet gesot, mir musse Verschiddenes doran ännere, déi viregt Regierung huet scho Reglementer geännert, déi viregt Regierung huet do Projets de loi déposéiert. Mä do stoung awer konkret dran, wat et ass! An elo heescht et: Dat wëll dës Regierung net maachen. Wat ee kann akzeptéieren, wann een einfach seet, mir hunn aner Iddien do. Mä da soll een déi Iddie soen an net d'Leit an der Ongewëssheet loossen, dass se net wëssen, a wat fir eng Richtung dat geet!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Marc Spautz *(CSV)*.- A wa mer schwätze vun der Familljepolitik, da schwätze mer och vun der Jugendpolitik. An der Jugendpolitik - de Moien huet de Claude Wiseler iwwert d'Konventioune vun der Kulturpolitik geschwat -, wat geschitt mat de Konventiounen am Jugendberäich? Wat geschitt mat de Konventioune mat de Jugendhaiser? Do, wou d'Gemenge mat dra sinn. An ech mengen, heibanne sëtzt een, mat deem ech a mengem fréiere Liewen e bëssen domadder ze dinn hat,...

(Interruption)

...an et ass nach net esou laang hier, hien ass haut Buergermeeschter zu Déifferdeng. Mir hunn do laang a vill diskutéiert iwwert d'Subventionnementer vun de Jugendhaiser, iwwert d'Subventionnementer vun de Clubs des jeunes, iwwer all déi Gelder. Wou si mer do drun? Och do stellen d'Leit sech Froen. Wat geschitt mat deene Konventiounen? Ginn déi Konventioune geännert? Ginn déi Konventioune fortgefouert? Kommen aner Schlësselen do dran? Mussen d'Gemenge méi dozou bäidroen oder manner dozou bäidroen? Wat geschitt do?

An do ass d'Ongewëssheet enorm bei deene Jugendorganisatiounen, well se net méi wëssen, wat geschitt. Dat war fréier am Familljeministère, haut ass et an der Éducation nationale. Bekëmmert sech an deem do Volet d'Famill nach drëm oder bekëmmert sech an deem do Fall de Jugendministère drëm, wat elo en Departement ass vun der Éducatioun? Wie bekëmmert sech drëm? An déi Froe mussen eng

Äntwert kréien. Dat ass dat, wat mer eis erwaart haten. Wann een déi Saache wëllt änneren - et kann een ëmmer alles änneren -, mä da muss een och soe wéi an et däerf een net d'Leit einfach hänke loossen!

Mir hunn och de Moie geschwat iwwert d'Wunnengen. Et ass elo scho vill geschwat ginn, et sinn och schonn aner Kolleegen op alles dat agaangen, wat am Wunnengsbau geschitt ass. Ech wëll soen, ech sinn dann elo emol gespaant bei der S.N.H.B.M. a beim Fonds du Logement, wann déi elo iwwerall däerfen... A wou ech dat ënnerstëtzen, wat d'Madame Loschetter gesot huet, dass déi d'Geleeënheet musse kréien, fir méi Mietwunnengen ze bauen.

Ech weess awer, dass do heiansdo op kommunalem Plang d'Begeeschterung net ganz grouss war, wann de Fonds du Logement ugeklappt huet an en huet gesot, ech géif gär e Locatif maachen. Wou et da geheescht huet, jo, wann s de Vente méchs oder och et nach an d'Stee gëss, wat déi lescht Jore komm ass, dann däerfs de kommen, mä dat mam Locatif, dat hu mer net esou gär.

A wann ech hei esou duerch de Sall kucken an all déi Députés-maires gesinn, wou ech weess, wou Demandë virlouche vum Fonds du Logement, wou de Fonds du Logement gäre Projete gemaach hätt, wou och Députés-maires heibanne sinn, déi dat mat Kusshand geholl hunn, mä et sinn der awer och heibannen, déi un allem interesséiert waren, mä ëm Gottes Wëllen net, dass de Fonds du Logement dohinnerkënnt, oder wann e kënnt...

(Interruption)

Gelift? Ech hunn op déi zwou Säite gekuckt.

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Da kuckt op déi aner Säit och eng Kéier!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dir waart awer een, dee Jo gesot hat, Här Arndt.

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Kuckt och eng Kéier op déi aner Säit!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Elo wollt ech Iech och nach félicitéieren, well Dir waart ee vun deenen, déi Jo gesot hunn. An elo kritiséiert Der dat schonn, wat ech gesot hunn.

M. Frank Arndt *(LSAP).*- Neen, garantéiert net. Mä kuckt och op déi aner Säit!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dat ass deen ee Punkt. Deen anere Punkt...

M. le Président.- Entschëllegt, Här Spautz. Erlaabt Der, dass d'Madame Loschetter Iech eng Fro stellt?

M. Marc Spautz *(CSV).*- Selbstverständlech!

M. le Président.- D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ech wollt de Kolleeg Spautz froen, ob hie weess, datt am Koalitiounsaccord och steet, datt dës Regierung sech bewosst ass, datt d'Gemenge vill méi Ënnerstëtzung brauchen, fir ebe kënnen och op dee Wee matzegoen, an datt d'Gemengen heiansdo och iwwerfuerdert si mat där Erausfuerderung, déi mir alleguerten hei an dësem Land hunn. An dofir sollen och d'Gemengen an Zukunft pragmatesch Ënnerstëtzung kréien.

Ech wollt just froen, ob de Kolleeg Spautz dat och gelies huet.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Also, Madame Loschetter, ech hunn dat och gelies. Mä ech hat dat zwar e bëssen aneschters verstanen, well ech de Promoteur public Fonds du Logement kennen. An de Promoteur public Fonds du Logement, deen hëlleft, éischtens, och oft Gemengen an och aneren,...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Doriwwer...

M. Marc Spautz *(CSV).*- ...fir do iwwerhaapt ze kucken, wat een nach alles ka mat eranhuelen an a wat fir enger Form ee baut. Dofir hat ech dat do éischter verstanen, wat Der do virgesinn hutt, dass Der wëllt d'Gemengen zousätzlech ënnerstëtzen, fir eegen Initiativen ze huelen an net nëmme fir d'S.N.H.B.M. an de Fonds du Logement, mä dass dat och esou wier, fir dass d'Gemenge selwer eppes maachen, well och där ginn et der - op där Säit an op där Säit -, déi och selwer locative Logement gemaach hunn.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- ... Gitt de Gemengen eng Chance…

M. Marc Spautz *(CSV).*- Et ass dofir, wou ech elo net wousst, wat Der vun deenen zwou Saache géift mengen.

Et ass op alle Fall net gutt, dat, mat deenen 3% op 17% an d'Luucht ze goen am Bau, an - déi leschte Kéier hunn ech et schonn heibanne gesot - net nëmme wéinst deem vum Locatif, wat gesot ginn ass, mä dat war och deemools - an den Här Gramegna weess dat awer nach, e souz och an där Tripartite -, dass och doriwwer gesot ginn ass, dass dat eng vun de Méiglechkeeten och wier, fir dass mer d'Schwaarzaarbecht kéinte mat an de Gréff kréien, wa mer d'TVA géife bei all deene Renovéierungen op 3% loossen, well dann den Intérêt, fir Schwaarzaarbecht ze maachen, vill méi kleng wier.

An ech si mer elo net méi ganz sécher, ob et dem Här Gramegna seng viregt Chamber war oder déi aner vum Kierchbierg, mä et war eng vun deenen zwou, déi ganz kloer déi Mesure grouss ëmjubelt huet an och déi Mesure gefrot huet, wéi deemools de Statsminister Jean-Claude Juncker an de Finanzminister Luc Frieden dat presentéiert hunn. An dat war e Package, deen an enger Tripartite ofgemaach gi war, wat och deemools, soen ech och ganz kloer, och op d'Zoustëmmung vun all deenen anere Partner getraff ass, well et net nëmmen am Logement eppes kéint bewierken, mä gläichzäiteg och eppes géint d'Schwaarzaarbecht um Bau an am Handwierk virun allem kéint bewierken, wou do oft op déi Saachen zréckgegraff ginn ass. Wann den Intérêt net méi do ass..., bei 3% TVA ass den Intérêt jo och vill méi kleng, fir do op Schwaarzaarbecht ze goen.

A wa mer bei der Jugend sinn - also ech weess, ech war och eng Kéier Rapporteur bei engem Projet, wou d'Jugend op d'Strooss gaangen ass, zesumme mam Romain Schneider, deen huet 5611 geheescht - mä muer, wa mer iwwert de Jugenddialog schwätzen, wa mer iwwert den Dialog schwätzen, dee mat der Jugend soll stattfannen... Ech weess net, ob et stëmmt, mä op engem Internetsite vun engem Mediekonzern vun Esch, do steet drop, 14.500 Schüler géife muer de Moie manifestéiere wéinst deem, wat geschitt an de Bourssen.

Och mir wëssen, dass bei der Bourse hu misse Saache geännert ginn. Mä et muss een et awer fäerdegbréngen am Dialog, an och ze dialogéieren an do mat deene Leit ze schwätzen! An ech kann dem Här Meisch do nëmme félicitéieren: Fir no fënnef Méint 14.500 Leit op d'Strooss ze kréien - wann dee Chiffer stëmmt, deen um Internetsite ass -, esou ass dat eng wonnerbar Leeschtung! An dat weist näischt...

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- ...déi ni fäerdegbréngen, Här Spautz.

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- An dat weist näischt vun Intérêt, fir mat de Leit ze diskutéieren an ze dialogéieren.

(Hilarité)

A wa mer an deem Dossier sinn a wa mer beim Éducatiounsministère sinn, muss ech lech och soen, dass een awer och verwonnert war, wa mer e Land sinn, wou et heescht, mir mussen der Jugend eng Chance ginn, wou mer eis all eens sinn, mir mussen eppes maache géint de Chômage, mussen eppes maache fir d'Beruffsausbildung, fir déi ze ënnerstëtzen, dass dann op eemol alleguerten déi Saachen, déi vun der fréierer Éducatiounsministesch gemaach gi sinn, déi duerno och a Fro gestallt gi sinn an deene Berichter, déi een do gelies huet während de Koalitiounsverhandlungen, mä et ass net u mir, dat ze kommentéieren... Mä et ass u mir, dat ze kommentéieren, wat do geschitt ass, wou déi Leit nach waarden, fir nei Moduler ze kréien!

Ech hat selwer eng Question parlementaire un den Här Meisch gestallt an un den Här Bauler, dee mer duerno...

(Panne d'éclairage)

(Brouhaha)

Oh, elo huet d'Handwierk schonn... Elo ass schonn d'Energie fort.

(Brouhaha)

Da brauche mer net méi ofzestëmmen iwwert de Budget.

(Brouhaha)

Jo, mä, mengt Der, den Här Bausch hätt zougeschnidden... Neen?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Den Här Schneider...

M. Marc Spautz *(CSV).*- Den Här Schneider? D'Madame Loschetter sot, et war net den Här Bausch, et war den Här Schneider...

M. le Président.- Mir hunn elo ee Moment schwaarzgesinn.

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- De Punkt an der Formation professionnelle ass deen, dass do nach ëmmer Moduler net geholl sinn. Mir hunn e Modul-Unterrecht gemaach, do solle Leit hir Formatioun kënne fortsetzen, do solle Leit hir Exame kënne maachen. Déi Moduler sinn nach ëmmer net do. An do ass d'Äntwert och gewiescht vum Minister, e kéint mer de Moment nach keng detailléiert Äntwert ginn.

An do wier et eng Kéier interessant, Dir kënnt jo haut alleguerte mat Äre Sichmaschinnen nosichen - do war elo eng Kéier en Interview moies vun engem Responsabele vun der Beruffsausbildung vum Lycée vu Bouneweg - an da lauschtert Der emol no, wat dee seet, wat dat fir déi Schüler bedeit, fir d'Zukunft vun deene Schüler, well déi Moduler nach ëmmer net do sinn.

An ech mengen, och dat wier vläicht eng absolut Prioritéit gewiescht fir dat nächst Schouljoer respektiv fir dëst Joer fir den Examen, dass déi Konditiounen erfëllt wieren, fir dass déi Schüler och d'Geleeënheet hätten, hiren Examen en connaissance de cause ze maachen an och domadder duerno hir Zukunft kënnen ze maachen. An dat ass leider net geschitt. Och dat wier eng Prioritéit vläicht gewiescht.

Ech war och de Moien e bëssen iwwerrascht, wéi mer... De Gast Gibéryen huet et zitéiert, dat ass dat, wat an den Akzise geschitt, iwwert den Tubak an iwwert de Bensin. Ech hat am Fong geduecht - Här President, Dir waart ëmmer e grousse Fervent an den Tubaksdiskussiounen -, dass mer den Tubak géifen aus dem Index-Wuerekuerf eraushuelen. Well wa mer soen, d'Fëmmen, mat all deem, wat mer gemaach hunn, wat jo an dësem Haus op alle Bänken, bei deenen enge méi, bei deenen anere manner, ënnerstëtzt ginn ass, fir dass dat mam Fëmme géif geschéien, dann hätt ee jo awer kënnen den Tubak aus dem Wuerekuerf eraushuelen.

Une voix.- Très bien!

M. Marc Spautz *(CSV).*- An dann hätt een och domadder en Akzent gesat an et géif een net nach d'Fëmmen, wou ee seet, et soll een et net maachen, wou ee seet, et soll een net an engem Café fëmmen, fir déi aner net ze stéieren... Do hätt een dann och gläichzäiteg kënne soen: Ma dann huele mer dat och aus dem Wuerekuerf eraus. Dat wier jo och eng Méiglechkeet gewiescht.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...dat da maachen...

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dat sot Dir elo ganz...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...ass dat déi lescht Konsequenz...

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ech sinn do e bësse méi liberal,...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...nom Wuerekuerf kënnt dat dann...

M. Marc Spautz *(CSV).*- ...Här Bodry, wéi Dir an deem doten Dossier.

Dann och an der Fonction publique, ass mer de Moien opgefall an deenen Debatten, do hunn ech och net alles verstanen. Den Här Bodry huet hei, vëlleg zu Recht, de Moien erkläert, wat an deene leschten zéng Joer an der Fonction publique geschitt ass. Dem Här Bodry säi Virgänger, den Här Lux, an ech, mir haten, nodeem mer -den Här Biltgen an d'Madame Modert - en Accord fonnt hate mat der CGFP, gesot, dass dat jo alles schéin a gutt wier, mä mir géife mengen, aus Spuermoossname wier et net schlecht, wann deen Accord géif no hanne verréckelt ginn.

An d'Madame Modert an den Här Biltgen sinn do bei déi Gewerkschaft zréckgaangen aus dem ëffentlechen Déngscht a si sinn erëmkomm mat engem Accord, dee méi spéit géif ëmgesat ginn. An dat ass deen Accord, dee jo elo soll ëmgesat ginn! An den Här Bodry huet dat de Moie gutt erkläert, wat d'Fonction publique bäikritt huet. Ech weess awer elo net, wat de Regierungskurs ass oder de Majoritéitskurs ass. Den Här Bodry huet et esou erkläert...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Mir hunn Iech gesot, dat wär eng...

M. Marc Spautz *(CSV).*- Den Här Berger...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- ...Majoritéitsdécisioun.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Den Här Berger huet op enger anerer Plaz gesot, dass hien der Meenung wier, dass deen Accord an der Fonction publique net dierft kommen. Dofir wär et awer och elo do...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Neen, neen, esou huet en et net gesot.

(Interruptions diverses)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Wéi huet en... Ma da sot et nach eng Kéier, wéi Der et gesot hutt.

(Interruptions diverses et hilarité)

Une voix.- Question avec débat!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Also ech mengen, dass den Här Berger gesot hat, hie wier am Fong dergéint, mä dass am Fong déi nei Regierung dru gebonne wier, dat ëmzeänneren.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- D'Regierung steet zu deem, wat se am Regierungsaccord huet.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Okay. Aah, dann ass et...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Ech hu preziséiert awer, wat d'Meenung vum Fraktiounschef vun der DP ass.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ah, et ass net den DP-Wahlprogramm, mä et ass dat, wat d'Regierung virdrun ofgemaach huet. Okay. Dann ass dat och elo kloer.

(Interruption)

Majo dach, wann een eppes net versteet, freet een, Madame Loschetter. Dofir hat ech gefrot. An dofir hunn ech jo elo eng Äntwert kritt. Voilà!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mir hunn Zäit!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dann och beim Sozialdialog. De Laurent Mosar huet scho virdrun zitéiert, wat an der Chambre de Commerce an hirer éischter Sitzung lass war, en huet d'Ried vum Här Schneider zitéiert. An ech liesen do: «L'UEL a peur pour le dialogue social». En Artikel haut am „Quotidien", wou se sech dann doriwwer opregen iwwert dat, wat mat der Mutualitéit hire Sue geschitt wier, déi am Fong ofgemaach waren am Statut unique, wat all Kéiers misst bezuelt ginn.

An ech weess och do aus sécherer Quell, dass de Finanzminister mat an där Tripartite derbäisouz, wéi mer de Statut unique agefouert hunn. Dofir wier et awer och elo interessant ze wëssen, wat dann elo do richteg ass: dat, wat d'Regierung seet, oder ob et esou ass, wéi d'UEL seet, dass d'Regierung déi Suen net wéilt bezuelen an domadder net zu deem steet, wat deemools ofgemaach gi war. Well et ass jo awer den Här Wurth, dee jo och scho virdru President war vun der Chambre de Commerce an och scho virvirdrun, deen dee Bréif geschriwwen huet. Et ass jo elo net een, deen nei am Job derbäi ass, mä een, dee scho laang Joren där Beruffschamber virsteet.

A wa mer schwätze vum Dialogue social, musse mer och schwätze vu Chômage. Mir musse schwätze vun deem, wat bei der Jugend geschitt ass. Do ass jo dat, wat vun der viregter Regierung schonn - an et war jo deeselwechten Aarbechtsminister wéi haut -, déi Jugendmesuren, déi schonn an d'Weeër geleet gi sinn, dat ass eng gutt Saach. Et ass wichteg, dass dat gräift.

Mä ech stelle mer awer och d'Fro, en anere Problem, dee sech stellt, ass dee vun eise Leit mat Behënnerung, déi ëmmer méi Schwieregkeeten hunn, um Aarbechtsmaart ënnerdaach ze kommen. Wéi ass et mat deene Klauselen, déi et do gëtt am ëffentleche Secteur an am private Secteur, wann esou Leit misste mat ënnerstëtzt ginn an um Aarbechtsmaart agestallt ginn?

Misste mer net och do nach eng Kéier en Hoff maache fir och déi Leit - si haten eng Campagne gemaach: „Mir sinn net behënnert, mä mir gi behënnert" -, fir dass mer deenen all hëllefen an och do déi Akzenter setzen, fir dass si och eng Chance hunn um Aarbechtsmaart? Net nëmme bei deene Retarden, déi mer hu bei den Atelieren, wou mer wëssen, dass mer op deenen engen oder anere Reklassementer vun Terrainen houngen, bis mer kënnen déi Atelieren ëmsetzen, déi se brauchen, mä och, fir um fräie Marché hinnen d'Chance ze ginn, fir kënne mat derbäi ze sinn. Och dat ass e wichtege Spektrum.

An dann däerf ee jo och all déi net vergiessen, déi am Gros vun eisem Alter heibanne sinn, déi 45 plus, déi Al vun haut um Aarbechtsmaart, wou jo alleguerten déi, oder dat op alle Fall déi sinn, mat 45 plus, déi Schwieregkeeten hunn um Aarbechtsmaart, mä dass mer och do Akzenter setzen, fir och deene kënnen ze hëllefen, fir eng Aarbecht ze kréien. Well ech gleewen, dass den entscheedende Punkt deen ass, dass Mënschen déi Aarbecht hunn, also déi jonk Generatioun d'Chance huet, an domat och déi Jonk an déi Al an och déi mëttel Generatioun, duerch hir Aarbecht sech kënnen hiert Liewen ze ënnerhalen, dass dat et muss sinn, dat ideaalt Zil, wat mer ustriewen!

Dass jiddweree kann eleng duerch dat, wat e schafft, an duerch dat, wat en do kritt als Loun, als Géigeleeschtung, säi Liewen ënnerhalen, dat muss dat Zil sinn, wat mer uginn. A wann et wichteg ass bei deene Jonken, musse mer dat och maache fir déi 45 plus, fir och deenen

erëm eng Chance an eng Geleeënheet ze ginn, op den Aarbechtsmaart ze kommen.

Une voix.- Très bien!

M. Marc Spautz *(CSV).*- En anere Punkt. Wa mer vun deene schwätzen, déi alles dat mat opgebaut hunn, do ass haut de Moien och scho geschwat ginn: d'Fleegeversécherung. Mir wëssen, dass mer bei der Fleegeversécherung Saache mussen änneren. D'Fleegeversécherung ass finanziell op engem Punkt ukomm, dass mer mussen driwwer nodenken, wéi et weidergeet. Haut de Moien huet e Riedner hei gesot, dat dierft een och am Zesummenhang mam Spidolsplang gesinn. A wann ech dat richteg an Erënnerung hunn, dat war den Här Bodry.

An da muss ee sech och d'Fro stellen, wéi mer dat maache bei deem Spidolsplang, bei där Fleegeversécherung, bei der Altersversuergung generell. Well et ka jo elo net sinn, dass mer aus engem Dëppen d'Ausgaben an dat anert Dëppe verlageren. Heescht dat, dass eppes geschitt bei de Cotisatiounen? Heescht dat, dass eppes geschitt bei de Prestatiounen, déi de Moment ugebuede ginn? Oder wat fir ee Wee geet dat?

Ech weess, dass de fréiere Gesondheetsminister an de fréiere Familljeminister zesummesouzen, fir genau doriwwer ze schwätzen, dass et net dozou ka féieren, dass déi Leeschtungen, déi net méi kënne vun der Fleegeversécherung bezuelt ginn, dass déi duerno géifen iwwert den Departement aus der Famille falen, nämlech de Fonds national de solidarité, dass deen da misst fir déi Saachen alleguerten opkommen. Well da maache mer, wat dat Finanziellt ubelaangt, maache mer als Stat... Dann ass zwar deen ee Ministère da besser drun, mä de Käschtepunkt, ënnert dem Stréch, fir de Budget, ass net datselwecht. An dat däerf een alles an deenen Diskussiounen ëm d'Fleegeversécherung an de Spidolsplang net vergiessen.

Mä mir sinn deene Leit, déi haut an der Fleeg sinn, mir sinn eisen eelere Leit dat schëlleg! Fir dat, wat si gemaach hu fir eis, fir dass dat Land haut do steet, wou et haut ass, si mir och hinnen et schëlleg, dass si e mënschewierdegt Liewen hunn an dass mer och déi Diskussioun kloer a sachlech féieren an net einfach soen, dat eent gëtt ewechgeholl an dat anert gëtt gemaach.

Dofir geet et net duer, fir Fleegeversécherung a Spidolsplang ze kucken, do muss een och da schwätze vun den Altersheimsbetter an do muss een och schwätze vun deem, wéi d'Subventionnementer gemaach ginn duerno, wat iwwert de Fonds national de solidarité bezuelt gëtt an iwwer alleguerten déi Büroen, déi an de jeeweilege Gemenge sinn. Well soss hu mer eis selwer belunn, an dat wier och net propper! Dann ass et besser, e bësse méi laang ze waarden an esou eng Reform ze maachen, déi sech och gewäsch huet!

A wann ech dat soe vun eiser Vergaangenheet, vun deene Leit, deem Merci, dee mer deene schëlleg sinn, do war ech dach awer och verwonnert: Mir ginn an engem Mount wielen, virun honnert Joer huet e Weltkrich ugefaangen, et war deen Éischte Weltkrich, an do sollt eng Ausstellung kommen. An ech weess, dass eng aner Oppositiounspartei en Amendement proposéiert hat, fir dass mer dat kéinten am Budget awer mat eranhuelen, fir dass déi Ausstellung och kéint stattfannen, an deen Amendement ass vun der Majoritéit ofgelehnt ginn. Ech war do e bëssen iwwerrascht, well ech awer der Meenung war, dass et wichteg wier, dass mer, historesch gesinn, och un dat Evenement vun 1914 erënneren, well dat war den Éischte Weltkrich, an dass et awer scho komesch schéngt, wann an all den Nopeschlänner doriwwer geschwat gëtt a just bei eis soe mer einfach: Mir hunn net déi Suen, fir déi Ausstellung ze maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, en Amendement louch vir, d'Majoritéit wollt en net. Ech bedaueren dat, ech fannen dat net gutt. Ech mengen, dass et wichteg gewiescht wier, dass mer och um honnertste Joresdag vun deem Evenement doru geduecht hätten. Well mer jo och wëssen, wat duerno geschitt ass 1917. A wa mer elo Russland an d'Ukrain-Kris kucken, wier et och do vläicht historesch gutt gewiescht, wa mer do emol verschidde Leit och un alles dat erënnert hätten, wat dat duerno alles mat sech bruecht huet.

Nëmme wa mer eng vertrauensvoll Politik hunn a Verlässlechkeet hunn, dann ass et och sécher, dass d'Leit an Zukunft zu Lëtzebuerg wäerten investéieren. Dat gëllt fir auslännescht Kapital, dat gëllt fir inlännescht Kapital. An et sinn déi Invester, déi mer brauchen. Dofir, géif ech fannen, wier et besser, wa mer mat méi konkrete Saache géifen heibannen diskutéieren.

Den Här Gibéryen seet ëmmer, nom 25. Mee kéime se. Ech huelen un, dass dat konkret jo awer kënnt, wann deen neie Budget, dee vun der neier Generatioun, do ass, dass mer dann op alle Fall wëssen, konkret, wou et higeet. Well ech hu schonn eng Kéier gesot: Gambia huet sech d'Lat ganz héich geluecht, mä ech hoffen, dass et net ass, fir ënnendrënner erduerchzelafen.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm. An elo huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Finanzminister wann ech gelift.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre Deputéiert, léif Regierungskolleegen, et ass jo traditionell, dass de Minister dann zum Schluss zu deene ganz ville Froen oder Kommentaren, déi gemaach gi sinn, Stellung hélt. Ech muss soen - fir mech ass dat jo déi éischte Kéier, wou ech deen Exercice hei in extenso matmaachen -, dass ech haaptsächlech iwwerrascht sinn, wéi vill Froe gestallt gi sinn. Et si Froen op Froe gewiescht an dann nach Froen, déi hannerfrot hunn. An dat huet mech haaptsächlech bei der Haaptoppositiounspartei iwwerrascht, well déi war jo esou laang un den Affären, dass et mech wonnert, dass se eis déi Froe stellt, well si huet sech och missen déi Froe wahrscheinlech selwer stellen.

Et ass dann och schwéier, fir an den éischte fënnef Méint op all déi Froen ze äntwerten an direkt dee ganze Programm dohinnerzeleeën, wéi een dat am Detail géif maachen. Et ass jo „ein Ding der Unmöglichkeit". Mä ech wäert natierlech op wichteg Saachen, zu deenen Der Froe gestallt hutt, äntwerten.

Ech hunn awer och eng Rëtsch positiv Saache wëllen aus deem Débat hei enthuelen. Dat ass Folgendes: Ech mengen, dass mer e grousse Konsensus ronderëm dës Bänken hunn, fir unzëerkennen, dass mer an enger schwiereger Situatioun sinn an dass musse strukturell Reforme gemaach ginn. Op jidde Fall hunn ech dat beim Här Wiseler ganz kloer erkannt, bei enger Persoun, bei e puer aneren e bësse manner. A beim Här Gibéryen a beim Här Turpel, muss ech soen, hunn ech déi Convergence de vue net gesinn. Mä grosso modo hunn ech se awer bei der CSV gesinn. An doriwwer freeën ech mech, well déi strukturell Reformen, déi mer musse maachen, déi gi schwéier. An d'autant mieux ass et, wa mer eis eens sinn, dass der musse gemaach ginn.

Do wou mer eis och, mengen ech, relativ eens sinn, dat ass, dass d'Verschëldung séier an d'Luucht gaangen ass vum Lëtzebuerger Stat. Jo, richteg, mir sinn eent vun deenen am mannste verschëllte Länner an Europa. Mä ech mengen, mir sinn eis och all eens, dass e klengt Land manner Marge de manœuvre huet wéi e grousst. A mir hunn eis déi Grenz vun 30% als nei Regierung selwer ginn. Ech mengen och, dass d'Haaptoppositiounspartei déi Grenz als eng wichteg och ugesäit. An ech mengen, den Här Wiseler huet dat och kloer gesot, dass déi zwee Ziler sinn, déi mer eis ginn hunn, den Objectif de moyen terme anzehale vun 0,5% bis 2018 an dass mer déi 30% Plaffong net sollen iwwerschreiden. Dat ass eng gutt Saach.

Iwwert d'Konjunktur ass de Moie vill geschwat ginn, de Mëtte vill manner. Och do hunn ech erkannt, dass mer op d'mannst, och wat den Här Wiseler ubelaangt, konvergéiere mat deem, wat d'Regierung en fait seet. Dat ass, dass déi Prognosen, déi am Pacte de stabilité drageschriwwe sinn, dass déi optimistesch sinn. An dat ass nun eemol esou. Gott sei Dank si se ganz positiv a relativ héich. Mä et ass net d'Regierung, déi déi Prognose geschriwwen oder erfonnt huet. Si stame vum Statec. An de Statec ass eng onofhängeg Institutioun. A wann de Statec déi doten Zifferen erausfënnt no Methodologien, déi och vu Bréissel kontrolléiert ginn, da muss ee mat deenen Zifferen eens ginn.

Ech sinn awer och d'accord, an ech hunn dat a menger Ried gëschter gesot: Mir mussen déi Situatioun permanent monitoren! Dat ass och déi eenzeg Äntwert op déi Problematik. Well et huet kee Wäert, dass mer eis een deen anere wëllen iwwerzeegen, ob se ze vill optimistesch oder pessimistesch sinn. Mir monitoren dat, an dat wäerte mer all zesumme maachen op Basis vun Zifferen, géif ech mengen, déi net ze vill a Fro kënne gestallt ginn.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Elo kommen ech op mäin zweeten Deel, dat ass, e bëssen iwwert d'Spuermesuren ze schwätzen, déi jo vu villen Orateuren ugeschwat gi sinn, an dann e puer generell Remarquen zum Budget.

Et huet mer e bësse wéigedoen, muss ech soen, dass een Orateur, den Här Gibéryen, fir en ze nennen, onbedéngt wollt dee Saz, dass de Stat bei sech spuert, falsch verstoen an onbedéngt wollt deem e Sënn ginn, deen et net huet. Wann de Stat seet, dass en iwwer seng Moyene lieft, da mengt de Stat sech selwer. Dann ass dat a kenger Hinsicht eng Kritik oder e Jugement iwwert d'Leit, déi am Lëtzebuerger Land liewen. Fir dann d'Parallell ze maachen, dass et vill Chômeuren zu Lëtzebuerg gëtt, fir dann ze soen, dass dee Saz kee Sënn mécht - ech kann dat net novollzéien!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- An ech fannen et och wierklech schockant, dass een dee Mélange do wëllt an d'Käpp vun de Leit bréngen.

(Interruptions)

Jo, dat fannen ech wierklech net gutt!

(Interruption)

Ech wollt dat als éischt Remarque maachen.

Ech mengen, dës Regierung brauch sech net ze schummen, dass se gesot huet, dass se bei sech selwer géif spueren. Si huet jo och schliisslech den Équilibre budgétaire an d'Objektiver vu Bréissel agehalen, andeem se nëmmen dat gemaach huet. Si huet nëmme bei sech gespuert a si huet keng Taxen an d'Luucht gesat! Ma dat ass e remarquabelt Resultat!

Wéi hu mer da gespuert? Dat ass jo bekannt: Frais de fonctionnement. Do sinn eng Rëtsch Kritiken opkomm, ënner anerem déi iwwert d'Transparenz. Dofir hunn ech Iech dat Dokument matbruecht, fir Iech et ze weisen, wat mer elo der Cofibu virun dräi Deeg ginn hunn. Ech hu mer verséchere gelooss vun der IGF, ob dat da wouer ass, wat ech Iech elo soen: Esou en déckt Dokument ass nach ni verdeelt ginn. Ech sinn awer ganz frou, dass et verdeelt ginn ass, well da kann een op de Millimeter genau kontrolléieren, wou mer dann déi ronn 50 Milliioune Fonctionnementskäschte gespuert hunn.

Ech géif gären och… Et ass vill gesot ginn, dass mer - ech versichen, op d'Froen ze äntwerten, déi gestallt gi sinn -, dass de Spuereffort zwar gemaach gi wier, mä dass e groussen Deel an den Établissements publics gemaach gi wier an anzwousch anescht, an en fait bei de Ministèren e bësse manner.

Ben, ech soen Iech, mir mussen no de Bréisseler Regelen an nom Bon sens alleguerten déi Plazen, wou de Stat d'Soen huet, mat an de Perimeter eranhuelen. Firwat solle mer dann do eng Distinctioun maachen? Firwat soll dann en Établissement public net un de Fonctionnementskäschte spueren, wann de Rescht vum Stat spuert? Ech gesinn do iwwerhaapt kee Problem.

A wann da gesot gëtt, dass déi Institutiounen oder Associatiounen, déi och hu misse matspueren, net genuch consultéiert gi sinn, da soen ech Iech: Wann dat deen eenzege Reproche ass, deen ee wëllt maachen, ma da maacht en!

Mä kommt awer, mir iwwerleeën emol, wat hei geschitt ass: Mir hu keng Prélèvementer bei de Ménagë gemaach. Mir hu keng Taxen an d'Luucht gesat. Mir hu keng Prestation-socialen touchéiert. Mir hunn näischt bei der Protektioun vun de Chômeure gemaach. Mir hunn dach am Fong geholl alles gelooss, wéi et ass, a mir hu bei ons selwer gespuert. An da kréie mer reprochéiert, dass mer net genuch Dialog gemaach hunn. Ech fannen, dat ass net ganz kredibel.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- A well d'Madame Maggy Nagel, d'Ministerin vun der Kultur, déi ganz Zäit nieft mir souz a well gesot ginn ass, mir géifen net genuch Dialog maachen: Si huet mer am Laf vum Mëtteg gesot, si hätt bal 30 Vertrieder vun Associatiounen an Institutioune gesinn, fir justement iwwer all déi Saachen ze schwätzen. Also, ech kann Iech soen: D'Ministere fleegen den Dialog.

Den zweete Punkt: den Investissement. Do ass zu Recht gesot ginn, dass d'Investissementen eng ganz wichteg Saach sinn an dass do am Fong geholl net soll gespuert ginn, well een doduerch natierlech d'Land net weider moderniséiert an d'Land net genuch ukuerbelt an en fait de Géigendeel vun deem erreecht, wat ee wëllt, dat heescht d'Wirtschaft relancéieren.

Nu stellen ech awer fest, dass am Spuerpak, deen déi viregt Regierung gemaach huet, och op den Investissemente gespuert ginn ass, an zwar waren do 30% vum Spuereffort an den Investissementen, mä vu dass den Ajustement bestanen huet a 57% Reduktioun vun Dépensen an 43% Augmentatioun vun den Taxen an de Recetten, wann een dann déi 30% par rapport zu deene 57% kuckt, dann ass och méi wéi d'Halschent vum Spuereffort an de Mesurë vun der viregter Regierung komm vun enger Reduktioun vun Investissementen. Dir hutt also Ähnleches gemaach wéi dat, wat mir gemaach hunn.

Une voix.- Dir maacht jo alles anescht.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo, mä ech wëll just soen, dass mer do op Äre Spure waren. Mä dat ass jo och fir 2014, wéi ech a menger Ried och explizéiert hat, mir maache jo och nëmmen Décalagen dës Kéier. Déi prinzipiell Saachen hu mer, wat d'Investissementen ubelaangt, an dëser kuerzer Zäit net wëlle maachen.

An da last but not least zu den Investissementen: D'lescht Joer si vun der viregter Regierung en fait 1,5 Milliarden Euro investéiert ginn, en réalité ass dat manner wéi dat, wat ee sech zum Zil gesat hat. A wa mir eist Zil erreechen, wat ech hoffen, da misste mir jo 1,6 Milliarden 2014 ausginn, dann hu mer also net manner investéiert, mä méi. Mä dat gesi mer dann zum Schluss vum Joer.

Iwwert d'Ressources humaines muss ech soen, dass ech d'Demonstratioun vum Här Wiseler ganz gutt fonnt hunn an dass och déi Zifferen, déi e genannt huet, mech iwwerrascht hunn, well ech se net esou gutt kannt hunn, muss ech soen. An da soen ech mer, dass dann déi viregt Regierung op d'mannst 2013, wat d'Aspuere vum Personal ubelaangt beim Stat, en fait dann de Wee opgemaach huet an dass mir dann an därselwechter Linn 2014 virufueren.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also, d'Chiffere koume just an deem décke Pak, deen Der virdru gewisen hutt, do sti se dran.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Just, fir Iech zur Informatioun ze soen.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Do sti se dran, jo.

(Brouhaha)

Zu de Bourssen ass en fait net ganz vill geschwat ginn haut de Moien, e bësse méi de Mëtten. Ech wëll nach eng Kéier insistéieren, dass dat eng strukturell Method ass. Vu dass awer e puer Orateuren de Mëtten driwwer geschwat hunn, fir ze fannen, dass de Minister Meisch net genuch dialogéiert hätt, fir déi Reformen ze maachen; ech muss soen: Hien huet a kuerzer Zäit do e ganz gudde Projet hikritt, mat deem mer net nëmme spueren, mä och sozial selektiv ginn. Ech weess net, wéi gutt déi viregt Regierung mat de Studenten dialogéiert huet, fir déi Mesuren do ze maachen. Mä ech muss soen, d'Endresultat, wat komm ass, war net selektiv a war net ze bezuelen!

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Elo méi generell Punkten. Ech mengen, mir hunn hei ronderëm den Dësch bal e Konsensus - bal e Konsensus -, wat d'Nécessitéit ass, fir d'TVA 2015 an d'Luucht ze setzen. Et war jo och vun der gréisster Partei gesot ginn, virun de Wahlen, dass dat misst geschéien. Déi Erkenntnis ass elo gedeelt, mengen ech, vun deenen dräi Regierungsparteien. Dat heescht, mir gesinn alleguerten an, dass dat doten dee beschte Wee ass, fir dem Ewechfale vum Commerce électronique entgéintzehalen a fir e Package ze hunn, deen équilibréiert ass zwësche Recetten an Dépensen.

Ech mengen och net, dass et räsonabel ass, wat den Här Gibéryen gesot huet, dass dat eng ongerecht Steier ass, well wann dat esou eng ongerecht Steier wier, da géif et déi net iwwerall an Europa ginn an dann hätt een net e Konsensus hei, fir dass ee mat där TVA hei soll schaffen an déi raisonnablement an d'Luucht setzen. A wéi gewosst bleift se jo nach ëmmer déi niddregst an Europa.

Ech wäert och par ailleurs elo net méi iwwert d'TVA schwätzen, well mir kréie jo eng Kéier e Gesetzesprojet iwwert d'TVA, wou mer iwwer alleguerten déi Aspecten, déi sech do stellen, kënnen amplement schwätzen. Dofir wëll ech dat elo net hei maachen, well en fait, déi TVA-Augmentatioun huet null Impakt op de Budget 2014! Dofir brauche mer dat elo net hei ze maachen.

Et ass eng Fro gestallt ginn iwwert d'Akzisen: vun 3,75 op 4,75 erop. Ech mengen, do ass e Compréhensiounsfeeler. Et ass net, dass d'Akzisen do eropginn, et ass de Pourcentage vum Biocarburant, deen eropgeet. Dofir huet dat keen Effet op d'Akzisen.

(Interruptions)

Meng Konklusioun ass also, wat elo déi méi generell Saache vum Budget ubelaangt, dass dës Regierung den Ajustement fäerdegbruecht huet, ouni - ouni! - Taxen an d'Luucht ze setzen. An dat ass e relativ groussen Ënnerscheed mat dem Ajustement, deen déi viregt Regierung 2012 an 2013 gemaach huet!

Nun zu verschiddene Kommentaren, déi gemaach gi sinn. Fir d'Éischt emol hate mer vill Orateure vun der CSV, an zwar véier Stéck. Ech stelle fest, mir hunn do eng Fraktioun, zwee Bezierker a véier Meenungen! Well ech kréien déi Saachen net conciliéiert, déi all do gesot gi sinn.

Zum Éischten den Här Wiseler, fir mat him unzefänken, deen de Moie laang geschwat huet, deen eng relativ, géif ech soen, nüchtern a sober Analys vun der Situatioun gemaach huet an och dee war, deen am meeschten insistéiert huet, dass mer Réformes structurelles solle maachen, wat ech och begréissen.

Op där anerer Säit, wann ech den Här Spautz héieren, da sot en: Well 2013 d'Finanze positiv waren, war alles an der Rei.

Jo, déi zwou Saache sinn net ganz kompatibel!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dat hunn ech net gesot!

Une voix.- Dir misst vläicht e bësse méi nuancéieren, Här Gramegna.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo. Den zweete Punkt…

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dir däerft de Leit awer och näischt an de Mond leeën, wat se net gesot hunn!

(Interruptions)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Zweete Punkt, den zweete Punkt zu deem: Den Här Roth huet vill Froe gestallt iwwert d'Steierreform. Jo, déi Steierreform, déi steet am Regierungsprogramm - déi kënnt net an deenen nächste fënnef Minutten! Dat ass e ganz schwéieren Exercice. All d'Experte soen engem, dass eng generell Steierreform tëschent 18 a 24 Méint Preparatioun brauch. Dofir wäert ech haut zu all deene Froen, déi Der doriwwer gestallt hutt, net kënnen eng Äntwert ginn. An ech mengen, dass Dir, oder dass Är Partei jo weess, wéi schwéier dat ass, an och dee Chantier net schéngt an Ugréff geholl ze hunn.

Den Här Gibéryen huet en fait alleguerten d'Propositioune vu Spuermesuren, déi am Projet de loi drastinn, all kritiséiert. Et ass net eng stoe bliwwen, déi seng Indulgence kritt hätt. An ech muss soen, ech verstinn net, wéi ee kann en Assainissement vum Budget maachen, andeem ee keng Spuermesure a keng Erhéijung vun de Steieren akzeptéiert. Mir sinn op jidde Fall Är konkret Propositiounen net an d'Ae gestach, mä vläicht verstinn ech déi eng Kéier an der Zukunft.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Liest eise Wahlprogramm!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Voilà.

(Brouhaha et hilarité)

Dem Här Turpel géif ech gären... Deen ass jo esou onzefridden, dass mir zefridde sinn an der Regierung, dass mir d'Bréisseler Kritären anhalen. Ech soen Iech, ech si frou, dass mer se anhalen. Ech wéilt mer d'Liewen net virstellen, wa mer dat net géife maachen. A mir halen déi Kritären an, net, fir Bréissel eng Freed ze maachen, mä mir hale se an, well mer Spillraum fir eis Finances publiques brauchen, fir dass mer kënnen eis Ekonomie entwéckelen, fir dass mer kënnen eist soziaalt Netz finanzéieren a fir dass mer kënnen an eis Infrastrukturen investéieren.

Dem Här Kartheiser wollt ech kuerz soen, dass en eng Rëtsch Problemer - oh, Problemer, Sujeten - abordéiert huet, déi alleguerten iwwerhaapt net am Budget 2014 en Impakt hunn. Dofir kann ech elo net vill drop äntwerten. Et ass awer kloer, dass vläicht déi eng oder déi aner Fro, déi e gestallt huet, en Impakt kéint hunn op Décisiounen, déi d'Regierung am Laf vum Joer hélt an hirem Spuerpak. Mä déi Mesurë si jo och nach net ausgeschafft. Mä mir wäerten dann déi Froen natierlech am Kapp behalen.

Wat dem Här Mosar seng Froen ubelaangt: Perte de compétitivité, huet Lëtzebuerg Kompetitivitéit verluer? Do ass d'Äntwert ganz kloer: Jo! An zwar säit Joren, a ganz vill! An ech wëll do net der viregter Regierung - wéi soll ech soen? - elo e grousse Fanger maachen. Et kéint een dat elo soen, dass et der Regierung hir Schold ass. Mä ech mengen, mir sinn do duerch eng Period gaange vu fënnef Joer, déi extrem schwéier war. An et ass normal, dass, wa mer an deene fënnef Joer vun 2008 bis 2013 keng Croissance haten, dann ass et normal, dass eis Produktivitéit erofgaangen ass.

An och do, ech kucken op den Här Roth, deen huet mer Reprochë gemaach, dass ech net unerkannt hätt, dass déi Period 2008-2013 eng speziell gewiescht wier. Dach, ech hat dat a menger Ried gesot. An ech mengen net, dass ech där Saach net Rechnung gedroen hunn.

Et ass richteg, dass ee muss eng antizyklesch Politik maachen, wann een an enger schwéierer Situatioun ass, wéi dat 2008 an 2009 de Fall war. Do, wou eis Analyse wahrscheinlech divergéieren, dat ass eben iwwert d'Längt vun der Period, wou een eng antizyklesch Politik mécht.

Mä et ass kloer, dass mer e Kompetitivitéitsproblem hunn zu Lëtzebuerg. An dee musse mer ugoen. An dat ass och eng Saach, déi dës Regierung sech zu Häerz hélt.

Zu enger anerer wichteger Fro, déi méi fiskalescher Natur ass, huelen ech Stellung, wat ech soss net gemaach hätt, well et dann och d'actualité ass. Dat ass d'Fro vum Här Mosar iwwert d'Rulingen. Et ass esou, dass mer an där Diskussioun iwwert d'Rulingen, dass do säit Jore gemauschelt gëtt, dass mer wëssen, dass do den Drock ëmmer méi grouss gëtt. Ech hunn och, säitdeem ech Minister sinn, Instruktioune ginn, fir dass mer déi Rulingen e bësse besser kategoriséieren. An dat ass och geschitt. Mä et ass also eng intern Aarbecht. Ech wëll Iech dat awer just soen, dass mer dat gemaach hunn.

An Dir wësst, dass mer virun engem Mount eng Injonctioun vun der Kommissioun kruten, fir masseg Informatiounen an deem Domän op Bréissel ze schécken. An d'Lëtzebuerger Regierung huet décidéiert, déi Injonctiounen unzefechten. Dat ass haut geschitt, virun e puer Stonnen. De Communiqué kënnt elo an dëse Stonnen eraus oder ass an dëse Minutten eraus.

Ech fannen, dat ass eng gutt Geleeënheet, fir esou e wichtege Sujet awer hei an der Chamber ze évoquéieren. Mir hunn eis dat laang iwwerluecht als Regierung a mir hu fonnt, dass d'Kommissioun eis éischtens emol net gerecht behandelt par rapport zu aneren États membres, Punkt Nummer eent, an zweetens, dass mer Informatioune gefrot ginn, déi extrem breet sinn an extrem generell. Am Jargon vu Bréissel gëtt dat eng „fishing expedition" genannt.

Mäi Virgänger, de Luc Frieden, hat oft mat deenen „fishing expeditions" ze dinn, net nëmmen am Kontext „ruling", och mat den Échanges d'informations sur demande an esou weider. Et ass also e Sujet, dee regelméisseg erëmkënnt. An d'Regierung huet fonnt, dass een hei misst résistéieren, well mer mengen, dass mer den Droit op eiser Säit hunn. D'Kommissioun kann net an engem Domän, deen Aide d'État ass - mir sinn hei an engem spezifesche Raum - generell Informatioune froen.

Wat sech och dohannert verstoppt, an dat ass Iech bestëmmt och alleguerte wichteg, dat ass, dass fiskalesch Froe jo wierklech de Kär si vun de Kompetenze vun de Staten. Dofir ass och an deem Domän ëmmer Unanimitéit gefrot. A wa mer hei déi Injonctioun net ugefecht hätten, mengen ech, hätte mer deene Rechter, déi mer hunn am Domän vun der Fiskalitéit, wahrscheinlech net Rechnung gedroen.

Bon, aus all deene Grënn hu mer déi Injonctioun dann haut ugefecht an e Recours en annulation gemaach fir den „ruling" an och en fait fir déi Injonctiounen an der Propriété intellectuelle, et ware jo zwou verschiddener, esou dass dat eng Äntwert ass op Är Fro.

Eng aner Fro vum Deputéierte Mosar war iwwert den Échange d'informations an de Lien mat dem Échange automatique an déi verschidde Standarden. Mir verteidegen zu Bréissel ganz kloer, a mir hunn dat och an de Konklusioune vum Conseil vum Mäerz aktéiert kritt, dass et am Intérêt ass vun all Mënsch, dat heescht: am Intérêt vun der EU, vun den États membres, vun den Institutions européennes, vun de Banken a vun de Clienten, dass net eng Multiplikatioun vun de Standarde soll existéieren.

De Premierminister huet sech wierklech geschloe fir dat, dass dat soll an d'Konklusioune kommen. Ech hat datselwecht iwwregens am ECOFIN gemaach. An déi Diskussioun, déi geet elo monter weider a si evoluéiert och relativ séier, well vill États membres jo déiselwecht Problemer hu wéi mir an net wëllen, dass ee muss zweemol investéieren an Informatik, esou dass ech mengen, dass mer hei eng relativ kohärent Positioun hunn zu Lëtzebuerg vun alle Stakeholderen, ob dat elo Majoritéit, Oppositioun ass oder ob dat elo d'Acteure vun der Finanzplaz sinn.

Et ass och d'Positioun évidemment vun der Schwäiz a vun Éisträich, mä awer och vun enger Rëtsch anere Länner an der EU.

Voilà, ech mengen, dat wieren e bësse méi prezis Kommentaren zu deene Froen, déi gestallt gi sinn oder zu de Reaktiounen. Ech géif gären ofschléissen, andeem ech an d'Zukunft kucken, iwwert de Budget de nouvelle génération, iwwert deen och ganz vill geschwat ginn ass. Ech muss soen, et mécht mer vill Freed, dass ech konnt feststellen, dass e Wëllen do ass bei alle Parteien, fir dee grousse Chantier unzegoen. Et ass mat Humor drop higewise ginn, dass et eng Herkulesaarbecht ass. Ech hunn net gesot, dass ech den Herkules sinn. Ech hu gesot, dass d'Aarbecht eng herkulesaarteg ass. An ech si frou, wann alleguerten d'Parteie wëllen déi Reform mat begleeden. An et ass en fait d'Missioun vum Parlament, fir déi Missioun mat ze begleeden.

Richtegerweis ass ënnerstrach ginn, wéi ech dat och a menger Ried gëschter gesot hat, dass dat an anere Länner, déi dat ëmgesat hunn, ganz vill Jore gedauert huet. Ech hoffen an ech mengen, ech sinn och iwwerzeegt, dass mir dat zu Lëtzebuerg e bësse méi séier kënne maachen, mä et ass eng Aarbecht, déi iwwer Jore sech streckt.

An doduerch, dass mer dat maachen, mengen ech, leeschte mer deenen neie Generatiounen e gudden Déngscht. An och do konnt ech mam Här Gibéryen senger Ofschlossremarque net gutt liewen, wou e gesot huet, dass mer net wéilten..., dass eigentlech dëse Budget, den 2014er, an dann déi, déi kommen, net fir déi nächst Generatioune gutt wieren. Ech mengen, dass et besser ass, dass ee gesond Statsfinanzen huet, fir dass déi nächst Generatioun och kann hir Zukunft plangen, wéi dass ee seng aktuell Ressourcë verplangt an ausgëtt, esou dass déi nächst Generatioun keng Sue méi huet!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ech hunn och festgestallt, dass mer op engem Sujet, dee mir ganz no um Häerz läit, e richtege Konsensus hei hunn. An ech hoffen, mir kënnen dat elo relativ séier exploitéieren. Dat ass de Sujet vum Fonds souverain, wou vun alle Säiten d'Iddi guttgeheescht ginn ass, dass ee misst déi Recetten, déi provisoresch sinn, vun deenen ee weess, dass se à terme verschwannen oder méi kleng ginn, dass een en Deel vun deene Ressourcen an e Fong soll setzen. Elo kann een dee Fonds souverain nennen, et kann een en anescht nennen, mä vill Orateure vun den dräi Regierungsparteien, awer och vun der CSV hunn dat ënnerstrach. Ech muss soen, ech huelen dat mat heem als eng exzellent Noriicht, als eng vun den Iddien, déi mer mussen an de Budget de nouvelle génération mat eranhuelen.

An dës lescht Iddi ass en fait vläicht en Ustousspunkt oder exemplaresch fir dat, wat mer vläicht méi oft kënnen hei an der Chamber zesumme maachen, dat ass, wierklech Iddie mateneen austauschen, well déi Réformes structurelles, déi mer mussen iwwert déi nächst véier Joer maachen, fir den Objectif de moyen terme anzehalen, dat gëtt schwéier Décisiounen. Mir ginn eis bestëmmt net ëmmer eens iwwert den „Wéi", mä mir kéinten eis awer vläicht eens ginn, wou mer den Unhaltspunkt wëllen huelen a wat fir eng vun all deene Mesurë vläicht déi sinn, bei deene mer am mannste wäit vuneneen ewech sinn.

Also, ech soen Iech dat, wéi ech et spieren: Wa mer dat dote fäerdegbrénge, dann hätte mer eisem Land vill gedéngt. Well, wéi den Alex Bodry dat gutt gesot huet a senge Schlussremarquen: Den Intérêt, fir d'Statsfinanzen ze sanéieren a fir déi Strukturreformen ze maachen, dat ass net den Intérêt vun dëser Regierung, dat ass den Intérêt vum ganze Land!

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Finanzminister, dem Pierre Gramegna. Ech hunn zwou Wuertmeldungen. Vläicht fir ze preziséieren, ëm wat dass et geet, Här Gibéryen?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Parole après ministre.

M. le Président.- Parole après ministre. An den Här Turpel och. Dann huet den Här Gibéryen als Éischten d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech wëll mech ganz kuerzfaasse bei der Parole après ministre, fir e puer Saachen, déi den Här Finanzminister elo gesot huet, awer vu menger Säit aus kloerzestellen.

Dat Éischt war dat, wat ech gesot hunn: Wa mer iwwer eis Verhältnisser liewen - wat d'Regierung gëschter hei gesot huet -, dozou hunn ech hei de Mëtte gesot, ech hu vun deene 25.000 Chômeure geschwat, ech hu vun deene Leit um Mindestloun geschwat, vun den RMG-Bezéier a vun deene Leit, déi no un der Aarmutsgrenz oder ënnert der Aarmutsgrenz leien. An ech hu gesot: Wann d'Regierung dat gesot huet, datt dat d'Meenung wier, datt d'Regierung iwwer hir Verhältnisser oder de Stat iwwer seng Verhältnisser gelieft huet.

Dat hunn ech de Mëtten…

(Interruption)

Dat hunn ech hei gesot. An ech hu gesot, datt ech hoffen, datt, wann déi Strukturreforme kommen, datt dann déi Leit, déi ech virdru genannt hunn, datt déi dann net vun deene Moossname géife getraff ginn. Dat war dat, wat ech de Mëtten hei gesot hunn.

Zweetens, d'TVA: Do huet den Här Minister gesot, „ongerecht" hätt ech gesot. Ech hu vun enger „onsozialer" Steier geschwat. An ech hu gesot, datt déi dräi Regierungsparteie virun de Wahle vun enger TVA-Erhéijung geschwat hunn, datt dat eng onsozial Steier wier - virun allem d'DP an déi gréng. An ech hu gesot, datt d'DP an hirem Wahlprogramm stoen huet, datt eng Steiererhéijung fir si eréischt géif a Fro kommen no allen anere Moossnamen, wann déi geholl gi wieren, an datt dat elo déi éischt Steier wier, déi géif gehéicht ginn, an déi éischt konkret Ausso vun der Regierung wier.

Drëttens, Dir hutt gesot vun „gesonde Statsfinanzen", ech sinn haut net am Detail op gesond Statsfinanzen agaangen. Mä déi Kolleegen, déi an der Vergaangenheet heibanne waren, wëssen, datt ech permanent ëmmer d'Statsfinanzen analyséiert hunn an ëmmer gesot hunn: „Mir brauchen net Bréissel, déi eis soen, datt mer musse gesond Statsfinanzen hunn!" Mir hunn an eisem ureegenen Interessi en Intérêt drun, datt mer gesond Statsfinanzen hunn, opgrond vun de kommende Generatiounen.

An ech hunn och ëmmer drop higewisen, wa mer Scholde maachen am Land, datt mer déi iergendwann eng Kéier mussen zréckbezuelen an datt mer elo an deen Zyklus erakommen. An der leschter Legislaturperiod hate mer dat schonn d'lescht Joer mat deenen zwou Milliarden. An ech mengen, vun 2016 u kënnt praktesch all Joers een Emprunt à échéance, deen da muss remboursëiert ginn.

Ech hunn ëmmer drop higewisen a mir hunn och als Partei kloer gesot, datt mer net Bréissel brauchen, déi soen, mir missten eng Scholdespär an eis Verfassung setzen oder an e Gesetz maachen, mä datt et an eisem ureegenen Interessi ass, datt mer keng Statsverschëldung maachen. An dat ass elo net nei vun dëser Regierung, och an der leschter Legislaturperiod bestoung heibannen e Konsens ënnert de Parteien, datt et fir e Land wéi Lëtzebuerg wichteg wier, datt mer net géifen iwwert déi 30% Statsverschëldung erausgoen.

Dir hutt gesot, ech hätt keng Spuervirschléi gemaach vun eiser Säit. Ech hu gesot: „Ech verweisen do op eise Wahlprogramm." Wann awer gären ee se direkt hätt, ech hu se bei mer. Et si fënnef Säiten, mä ech erspueren Iech, déi elo am Detail virzedroen.

M. le Président.- Merci dem Här Gibéryen. Dann huet d'Wuert den Här Justin Turpel.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Weist se emol eng Kéier kuerz heihinner.

(Interruptions)

M. le Président.- Da gitt mir se vläicht, Här Gibéryen.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et ass awer déck geschriwwen. Et ass déck geschriwwen, sot!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här Bodry, et si se effektiv.

(Hilarité et interruption)

M. le Président.- Den Här Turpel huet d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci. Ech maachen et vun hei aus, well ech maachen et kuerz. Ech hat dem Minister zwou Froe gestallt, déi ech vläicht nach eng Kéier wëll preziséieren, fir ze kucken, wéi hien déi ka beäntwerten. Déi éischt, dat war déi beim Logement, datt just déi éischt Wunneng soll e bëllegen Zënssaz hunn an déi aner sollen op 17% gesat ginn, wouriwwer vill Diskussiounen dobausse sinn, well een dat net richteg ze pake kritt, ob dat elo eng Moossnam ass, déi just am Fong geholl soll déi, déi méi Haiser hunn, belaaschten, oder ob et eng Auswierkung huet op de Wunnengsmaart.

Dofir war meng Fro déi, ob d'Regierung eng Etüd huet oder bereet wier, eng Etüd ze maachen, déi géif klären, wéi eng Konsequenzen dat hätt fir de Loyer vun deene Wunnengen, wéi eng Konsequenzen dat hätt fir den Akafspräis vun deene Wunnengen a wéi ee kéint d'Auswierkungen, datt grad déi Leit, déi eng Wunneng brauchen, méi deier Wunnenge misste bezuelen, wéi een déi kéint évitéieren.

Ouni elo Positioun ze huelen derfir oder dergéint, mä ob d'Regierung bereet wier, fir esou eng Etüd maachen ze loosse respektiv gemaach hätt.

An déi zweet Fro, déi huet sech op den „ruling"bezunn, wou ech gefrot hunn, ob ee kéint gewuer ginn, wat d'Déchets fiscaux si vum „ruling". Dat heescht, et misst ee wëssen: Wéi vill Betriber sinn do ongeféier betraff all Joers? Wéi een Typ vu Betriber ass dat? A wat ass dat, wat doduerjer vu Steieren ewechfält? Ob d'Regierung - dat muss net haut sinn -, am Prinzip bereet wier, fir eis do als Chamber - mir sinn net Bréissel, mir sinn d'Chamber - zousätzlech Renseignementer ze ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci. Och nach eng Reaktioun vun der Regierung op déi Froen? Ech soen Iech Merci. Keng aner Wuertmeldunge vun der Regierung? Merci. Da géife mer elo no ofgeschlossenen…

(Brouhaha)

Den Här Gramegna huet d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Also, ech wëll just ganz kloer soen: Et ass net, dass ech dem Här Turpel net wëll äntwerten. Ech hu gesot op der Tribün, dass ech op d'TVA-Froen net wéilt agoen, well mer do e Gesetz maachen, an da kréie mer d'Geleeënheet, fir doriwwer hei an der Chamber ze schwätzen. Ech hu fonnt, dass ech domat op all TVA-Froe geäntwert hunn. An ech wëll elo net laang op déi Fro do agoen, well da maache mer e ganzen Débat hei. Ech hunn d'Argumenter all prett, wa mer wëllen driwwer schwätzen. An ech muss lech soen, d'Regierung ass grouss an al genuch, si brauch net laang Etüden ze maachen, fir ze wëssen, wéi se op déi dote Froe muss äntwerten.

(Brouhaha)

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Mir hätten awer gären d'Äntwerten! Mir hätten awer gären d'Äntwerten.

M. le Président.- Merci der Regierung.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- An dann déi zweet?

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- An déi zweet?

M. le Président.- Ech stelle fest, dass d'Regierung hei eng Positioun huet. Ech stellen och fest, dass den honorabelen Deputéierten net domat zefridden ass. Mä domat, mengen ech, ass awer alles gesot.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Déi zweet Fro ass awer net beäntwert.

M. le Président.- A vu dass mer… Ech wëll just feststellen, dass vun der Regierung gesot gëtt, dass déi Fro an engem anere Kader géif beäntwert ginn.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Neen, déi zweet Fro, déi zweet Fro!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här Turpel, ech hunn der och nach eng Rei, déi net beäntwert sinn, wëll ech just soen.

(Brouhaha)

M. le Président.- Ben, ech mengen…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass eben esou bei dëser Regierung.

Plusieurs voix.- Ooh!

(Interruptions)

Une voix.- Bëlleg. Oh, wéi bëlleg!

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Et geet ëm den „ruling" an den Déchet fiscal, deen eng grouss Importenz huet.

M. le Président.- Sou, d'Diskussiounen…

(Interruptions)

Ah, Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Ech äntwerten dem Här Turpel dann, wat d'Rulingen ubelaangt,…

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- …wann en d'Äntwert direkt wëllt hunn. D'Rulinge sinn net en Déchet fiscal. Dat ass schonn direkt eng falsch Presentatioun! Den „ruling" ass eng Demande de confirmation, wat fir ee Gesetz applicabel ass a wéi dat Gesetz spillt. Also ass et par définition keen Déchet fiscal.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

M. le Président.- Merci.

(Interruption)

M. le Président.- Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm, déi, wéi ech feststellen, an engem ganz positiven, gudde Geescht gefouert gi sinn. An ech mengen, mir sollen eis net dem Risiko aussetzen, dass an deene leschte Minutten déi gutt Diskussiounen nach entgleisen.

Dofir géif ech Iech bieden, zum Schluss zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6666 ze kommen. Den Text steet am Document parlementaire 6666[6], wou deene leschten Änneren gen an deem leschten Avis vum Conseil d'État Rechnung gedroe ginn ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6666 et dispense du second vote constitutionnel

Ech lancéieren de Vote iwwert den Ensembel vum Budget fir 2014. De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

Et hunn un der Ofstëmmung 60 Deputéiert deelgeholl - 58 direkt an 2 iwwer Procuratioun. De Projet de budget ass ugeholl mat 32 Stëmme géint 28 Stëmmen a keng Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Félix Eischen), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

(Interruptions)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Da winnt lech drun, dat dauert nach fënnef Joer!

M. le Président.- Jo, ech mengen, Här Bodry, eng Bal-Enthalung muss een net motivéieren.

(Hilarité)

Dofir géif ech dann zum Schluss d'Fro stellen, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Interruptions)

Ech ginn dervun aus, dass d'Relatioun... Dir insistéiert jo net op en...

Une voix.- E Vote électronique, neen.

(Hilarité)

M. le Président.- Voilà.

(Assentiment)

Da Merci villmools. Domat wär also de Budget fir 2014 ugeholl.

Mir sinn dann nach saiséiert mat véier Motiounen. Wëllt d'Regierung Stellung zu de Motioune bezéien? Ech ginn dervun aus, dass d'Auteure vun der Motioun an hirer Interventioun dozou Stellung bezunn hunn. Wëllt d'Regierung Stellung bezéien?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert déi eenzel Motiounen iwwergoen.

Motion 1

Fir d'Éischt d'Motioun N°1.

Vote sur la motion 1

Ech lancéieren de Vote.

M. Alexander Krieps *(DP).*- Mäi geet net.

M. le Président.- Jo, mir droen deem Rechnung, Här Krieps.

D'Procuratiounen. De Vote zu der Motioun N°1 ass ofgeschloss.

60 Participatiounen um Vote. Jo 29, Neen 31. Ech ginn also dervun aus, dass eng Correction de vote...

(Brouhaha)

Gutt, mir kucken de Vote nach eng Kéier am Detail a mir droen deem da Rechnung.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 32 voix contre 28 voix.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Motion 2

D'Motioun N°2.

Vote sur la motion 2

De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

Erëm eng Kéier 60 Participatiounen um Vote: 28 Jo, 32 Neen. Domat ass déi zweet Motioun ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Motion 3

D'Motioun N°3, do hunn ech d'Wuertmeldung vun der Madame Martine Hansen. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. D'CSV ass héchstwahrscheinlech a ville Punkte vum Projet de loi iwwert d'Studentebäihëllefen, wa mer déi géifen am Detail diskutéieren, net därselwechter Meenung wéi den Här Turpel an den Här Urbany. Mä d'CSV hält éischtens weider um Prinzip vun der Autonomie vum Student fest a fënnt zweetens d'Kommunikatioun a Concertatioun mat de Concernéierten immens wichteg. Duerfir ënnerstëtze mer och d'Motioun hei vum Här Urbany (veuillez lire: vum Här Turpel).

A puncto Kommunikatioun wëll ech dem Här Minister Gramegna nach op seng Fro äntwerten, wéi dacks datt mir mat de Studenten eis concertéiert hätten. Éischtens wëll ech Iech soen: Dir hat bis elo fënnef Méint Zäit. Ech hat vun do un, wou d'Uerteel do war, bis datt d'Wahle waren, véier Méint Zäit. Mir hunn eis net nëmmen eemol mat alle concernéierte Studentevereenegunge getraff, och net nëmmen zweemol. Mir hunn dat regelméisseg gemaach. Mir hunn dat och regelméisseg mat alle Gewerkschafte gemaach.

An da wëll ech och nach zousätzlech soen, datt d'CSV haut an der Kommissioun gefrot hat, fir kënnen iwwert dëse Projet an der Kommissioun ze schwätzen. An och do krute mer keng Satisfaktioun. Mir krute gesot, mir misste waarden, bis datt den Avis vum Conseil d'État do wier. Dat fannen ech net an der Rei an dat fannen ech och de Géigendeel vun Transparenz a Kommunikatioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Hansen. Keng weider Wuertmeldunge méi zu der Motioun? Da gi mer zur Ofstëmmung iwwer.

Vote sur la motion 3

De Vote huet ugefaangen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss. D'Motioun ass bei 60 Deputéierten, déi um Vote participéiert hunn, mat 32 Nee bei 28 Jo ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Nancy Arendt), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Motion 4

Da géife mer zur leschter Motioun kommen. Gëtt et dozou Wuertmeldungen?

Den Här Turpel, wann ech gelift.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Jo. Also, ech wëll eppes soen zu där Motioun, well déi Motioun u sech, mengen ech, eigentlech awer regruppéiert, wat hei mindestens zwou vun de Regierungsparteien och gesot hunn.

Mech erstaunt et souwéisou och bei deenen anere Motiounen, datt am Fong geholl ee weess, datt bei deene Parteie Leit d'accord sinn an eigentlech och der Meenung sinn, datt een déi Budgetsprozedur zum Beispill hei soll diskutéieren, an dann aus iergendengem Grond, ouni et emol iwwerhaapt ze motivéieren an ouni iwwerhaapt driwwer ze diskutéieren, einfach dergéint stëmmen. Dat ass wierklech de Géigendeel vun Transparenz a vun Demokratie an enger Debatt, wéi ee sech dat virstellt.

An ech hätt gären éierlech, wann een der Meenung ass, datt een dat heiten net soll stëmmen, da soll en et wann ech gelift argumentéieren an e soll wann ech gelift erklären, firwat datt d'Zouhuele vu sozialen Ongläichheeten him op déi Aart a Weis egal ass, datt en einfach hei dergéint stëmmt.

Ech géif hoffen, datt mer et op där doter Motioun géife fäerdegbréngen, e Konsens ze fannen, datt een déi Debatt do soll esou féieren, wéi dat hei proposéiert ass. Well alleguerten déi Motioune sinn esou gehalen, datt net d'Motioun souwéi mir just eis Positioun erabrëngen, all déi Motioune sinn esou gehalen, datt se konsensfäeg sinn zwëschen deenen, déi wierklech wëllen, datt um Fong eppes geschitt. An ech mengen, doweinst sinn déi Motiounen hei bruecht ginn.

Well wa mir just Motioune wëlle bréngen, fir Motiounen ze bréngen, da brénge mer anerer!

Hei geet et ëm Motiounen, wou et ëm Inhalter geet a wou et drëm geet, fir zesumme weiderzekommen. An och déi do Motioun ass ee Beispill, an do kéint ee wierklech elo emol dokumentéieren, datt dat an där Chamber hei vläicht méiglech a gewollt ass. An ech géif Iech elo schonn dofir Merci soen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Mir géifen dann, esou wéi ech dat verstanen hunn, zur Ofstëmmung...

Den Här Wiseler, wann ech gelift.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech wëll just fir d'Éischt soen, datt ech dem Här Turpel säi Räsonnement deelen, fir ze soen, datt een, wann een dergéint stëmmt, géint esou Motiounen, awer d'Argumentatioun gär gehéiert hätt. Well hei sinn dräi Motioune gestëmmt ginn, déi awer net ze vill gefrot hunn, vun deenen ech fonnt hunn, datt se ganz logesch waren. Wann

ee freet, datt soll mat kulturellen Associatiounen diskutéiert ginn, wann ee seet, datt ee soll mat Studenten diskutéieren, wann ee seet, datt een haaptsächlech mat der Chamber soll diskutéieren: Wann een dergéint stëmmt, wäre mir awer frou gewiescht, eng Argumentatioun ze héieren.

Ech argumentéieren, firwat mir déi lescht hei net stëmmen. Mir stëmmen déi lescht hei net, well mer fannen, datt se wesentlech ze generell am Ausdrock ass. A wann ech de Prinzip dovunner och ka verstoen, vun deem, wat hei gewënscht ass, mengen ech, datt ee keng esou generell Motioun ka stëmmen an datt een do wesentlech méi prezis muss an den Detail goe vun deem, wat gemengt ass.

Also, mir kënnen déi hei net matstëmmen. Déi aner dräi hu mer matgestëmmt.

M. le Président.- Den Här Gibéryen, wann ech gelift.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, Här President, ech wollt och vun eiser Säit aus soen, datt mir dës Motioun net wäerte matstëmmen. Et gëtt sécherlech Inegalitéiten tëschent Räich an Aarm, mä fir et ze pauschaliséieren an ze soen, et wier integral esou, dat kënne mer net matdroen. An duerfir wäerte mer och géint dës Motioun stëmmen.

M. le Président.- Merci och dem Här Gibéryen.

Den Här Berger, wann ech gelift.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Jo, Här President, just kuerz zu deenen anere Motiounen, zu deene Motioune virdrun. Déi sinn an eisen Ae superfétatoire, well déi Saachen, déi gefrot gi sinn - fir awer nodréiglech nach op dem Här Turpel seng Remarque ze äntwerten -, déi si fir eis superfétatoire, well déi Saachen amgaange si gemaach ze ginn.

(Interruptions)

M. le Président.- Wann ech gelift, loosst den Här Berger säi Räsonnement zum Schluss bréngen.

Also, wann ech dat richteg, vu dass dertëschentgeschwat ginn ass, wann ech dat richteg verstanen hunn, ass dem Här Berger seng Argumentatioun, dass d'Motioune superfétatoire wären, zum gréissten Deel, well d'Regierung geäntwert hätt, dass se eng Rei vu Saache géif maachen.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Jo.

(Interruptions)

M. le Président.- Ass dat esou? Hunn ech dat richteg verstanen?

(Assentiment)

Merci. Da géife mer zum Vote iwwert déi lescht Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 4

De Vote ass lancéiert. De Vote ass ofgeschloss. D'Motioun ass mat 58 Nee-Stëmme bei 2 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Nancy Arendt), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Domat si mer um Enn ukomm. Ech wollt Iech just informéieren, dass d'Presidentekonferenz den nächste Mëttwoch wäert zesummekommen, fir den Ordre du jour vun deenen nächsten ëffentleche Sëtzunge festzeleeën.

Ech wollt Iech nach eng Kéier Merci soe fir den Oflaf vun den Debatten, a kommt gutt heem.

D'Sëtzung ass ofgeschloss.

(Fin de la séance publique à 18.02 heures)

SÉANCE 20

MARDI,
6 MAI 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. Communications
- *M. le Président*

3. 6605 - Proposition de loi relative au changement du nom de la commune de Erpeldange en celui de Erpeldange-sur-Sûre
- *Déclaration de recevabilité: M. le Président*

4. Ordre du jour
- *M. le Président, M. Claude Wiseler (M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures intervient), M. Gast Gibéryen, M. Eugène Berger (interventions de M. Michel Wolter et M. Claude Wiseler), M. Justin Turpel, M. Alex Bodry, M. Michel Wolter, M. Eugène Berger*
- *M. Félix Braz, Ministre de la Justice (interventions de M. Gast Gibéryen et M. Claude Wiseler), M. Michel Wolter, M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *M. le Président, M. Claude Wiseler, M. Gast Gibéryen, M. Eugène Berger, M. Gilles Roth, M. Michel Wolter*
- *M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ordre du jour modifié (adopté)*
- *M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, M. Claude Wiseler, M. Michel Wolter (M. Eugène Berger intervient)*
- *M. le Président, Mme Octavie Modert, M. Claude Wiseler, M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *M. le Président, M. Claude Wiseler, M. Félix Braz, Ministre de la Justice*

5. Heure de questions au Gouvernement

Question n°26 du 6 mai 2014 de M. Guy Arendt relative à la prolongation du permis de conduire, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- *M. Guy Arendt - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (M. Claude Wiseler intervient)*

Question n°27 du 6 mai 2014 de Mme Martine Hansen relative à la formation professionnelle, adressée à M. le Secrétaire d'État à l'Éducation nationale, à l'Enfance et à la Jeunesse
- *Mme Martine Hansen - M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Éducation nationale, à l'Enfance et à la Jeunesse*

Question n°28 du 6 mai 2014 de M. Roger Negri relative aux nuisances sonores provoquées par la circulation automobile sur le pont provisoire dit «blo Bréck», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- *M. Roger Negri - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°29 du 6 mai 2014 de M. Fernand Kartheiser relative aux aides pour les écrivains et traducteurs luxembourgeois, adressée à Mme la Ministre de la Culture
- *M. Fernand Kartheiser - Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture*

Question n°30 du 4 mai 2014 de M. Claude Adam relative à la gare de Mersch, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- *M. Claude Adam - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°31 du 6 mai 2014 de Mme Nancy Arendt relative à l'organisation des cours de natation dans l'enseignement fondamental, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- *Mme Nancy Arendt - M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Éducation nationale, à l'Enfance et à la Jeunesse*

Question n°32 du 5 mai 2014 de M. Justin Turpel relative aux bourses d'études et aides financières de l'État pour les étudiants, adressée à M. le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche
- *M. Justin Turpel - M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*
- *M. Justin Turpel (fait personnel)*

Question n°33 du 6 mai 2014 de M. Serge Wilmes relative à la mise en œuvre de la garantie pour la jeunesse, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
- *M. Serge Wilmes - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*

Question n°34 du 6 mai 2014 de M. Fernand Kartheiser relative au droit d'exclusivité et de priorité des volontaires de l'armée dans la Fonction publique, adressée à Mme la Secrétaire d'État à la Défense
- *M. Fernand Kartheiser - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à la Défense*

6. Question écrite n°163 du 21 mars 2014 de M. Claude Wiseler relative à la conduite transfrontalière du motocycle léger (A1) avec le permis de conduire de la catégorie B
- *M. Claude Wiseler - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

7. Question écrite n°176 du 26 mars 2014 de M. Félix Eischen relative aux importations de gaz russe
- *M. Félix Eischen - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*

8. Question écrite n°179 du 27 mars 2014 de M. Marc Spautz relative à la société Enovos
- *M. Marc Spautz - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*

9. Question écrite n°157 du 19 mars 2014 de M. Marc Spautz relative à la mauvaise transposition d'une directive européenne
- *M. Marc Spautz - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*

10. Question écrite n°190 du 1er avril 2014 de M. Marc Spautz relative à l'installation de panneaux solaires photovoltaïques sur les toits des immeubles et objets classés monuments nationaux
- *M. Marc Spautz - Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture*

11. 6415 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie
- *Rapport de la Commission juridique: M. Léon Gloden*
- *Discussion générale: Mme Simone Beissel, M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding, M. Serge Urbany*
- *M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *M. Serge Urbany (parole après ministre), M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

12. Ordre du jour (suite)
- *M. le Président*

13. 6651 - Projet de loi relative au financement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Justin Turpel, Mme Joëlle Elvinger*
- *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

14. 6647 - Projet de loi modifiant les articles 15 (2) et 16 (2) de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

- *Rapport de la Commission juridique: M. Guy Arendt*
- *Discussion générale: Mme Octavie Modert, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Serge Urbany (Mme Simone Beissel intervient), M. Guy Arendt*
- *M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

15. 6572 - Projet de loi

a. concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (UE) n°649/2012 du Parlement européen et du Conseil du 4 juillet 2012 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux

b. abrogeant la loi du 28 mai 2009 concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) n°689/2008 du Parlement européen et du Conseil du 17 juin 2008 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux

- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Roger Negri*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser, M. Justin Turpel*
- *Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

16. 6636 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel aux Conventions de Genève du 12 août 1949 relatif à l'adoption d'un signe distinctif additionnel (Protocole III), fait à Genève, le 8 décembre 2005, et modifiant la loi du 18 décembre 1914 concernant la protection des emblèmes de la Croix-Rouge

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (M. Gusty Graas intervient), M. Justin Turpel*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; MM. Romain Schneider, Félix Braz, Nicolas Schmit, François Bausch, Mmes Maggy Nagel, Lydia Mutsch et Carole Dieschbourg, Ministres; Mme Francine Closener et M. Marc Hansen, Secrétaires d'État.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Ech maachen heimat d'Chamberssëtzung op.

Dir Dammen an Dir Häre, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e schéine gudde Mëtteg!

Éischt Fro un d'Regierung: Huet d'Regierung Kommunikatiounen ze maachen?

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Neen, Här President.

M. le Président.- Merci, dat ass also net de Fall.

2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) Éischtens läit d'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten hei um Büro.

2) Folgend Projete si säit där leschter Sëtzung an der Chambersadministratioun deponéiert ginn:

- de 24. Abrëll vum Minister fir Nohaltegkeet an Infrastrukturen de Projet de loi 6684 iwwert d'Zuchinfrastrukturen;

- de 5. Mee huet de Wirtschaftsminister de Projet de loi 6685 iwwert d'Sécherheet vun de Spillsaachen deponéiert.

3) An der Zwëschenzäit op Propositioun vun der Petitiounskommissioun a mam Accord vun der Conférence des Présidents si sechs nei Pétitions publiques fräigeschalt ginn.

Communications du Président - séance publique du 6 mai 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6684** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 24.04.2014

***6685** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 05.05.2014

3) Les pétitions publiques suivantes ont été déclarées recevables en date du 30 avril 2014:

*Pétition publique n°**331** - Méi ee strengt Déierenschutzgesetz*

Dépôt: M. Eric Henn, le 20.03.2014

*Pétition publique n°**332** - Berücksichtigung der Mehrsprachigkeit bei etat.lu*

Dépôt: M. Christophe Schott, le 20.03.2014

*Pétition publique n°**341** - Élections nationales*

Dépôt: Mme Nora Schleich, le 07.04.2014

*Pétition publique n°**343** - Mariage homosexuel - Demande d'abandon, dans l'intérêt de l'enfant, des projets de loi n^{os}6172 et 6568 ouvrant le mariage, l'adoption et la pma aux couples de même sexe, ou, sinon, d'organisation d'un référendum constitutionnel populaire*

Dépôt: M. Jean-Jacques Lorang au nom de Initiativ Schutz fir d'Kand, le 07.04.2014

*Pétition publique n°**345** - Ausnahmegenehmigung für medizinisch begleitete und betreute Selbsttherapie mit den Cannabisprodukten Bedrocan, Bediol, Bedrobinol und Bedica nach dem deutschen Modell*

Dépôt: M. Jean Colombera, le 16.04.2014

*Pétition publique n°**346** - Pour le droit de vote des étrangers au Luxembourg*

Dépôt: M. Pierre da Silva, le 17.04.2014

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. 6605 - Proposition de loi relative au changement du nom de la commune de Erpeldange en celui de Erpeldange-sur-Sûre

Déclaration de recevabilité

Da wollt ech d'Regierung informéieren, dass an hirer Réunioun vum 30. Abrëll d'Presidentekonferenz sech fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6605 iwwert d'Émbenenne vun der Gemeng Ierpeldeng an Ierpeldeng-Sauer ausgeschwat huet. Déi Proposition de loi gouf den 8. August vum Här André Bauler deponéiert.

Ass d'Chamber dermat d'accord, wat d'Presidentekonferenz hir proposéiert huet?

(Assentiment)

Dat ass de Fall. Dann ass dat esou décidéiert.

4. Ordre du jour

De Mëtteg ass eng Froestonn un d'Regierung virgesinn. Laut Artikel 83 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten. D'Froe kommen ofwiesselnd vu Majoritéit an Oppositioun.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här President, ech wollt d'Wuert zum Ordre du jour froen.

M. le Président.- Ah, selbstverständlech. Den Här Claude Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Jo, Här President, ech wëll zum Ordre du jour an haaptsächlech zum Punkt vun der Heure de questions awer e puer Remarquë maachen. Ech stelle fest, datt mir säit leschte Freideg fënnef Versioune kritt hu vun de Präsenze vun de Ministeren an der Heure de questions. Dat war e Freideg, fënnef Ministeren, déi sollte präsent sinn. Duerno waren et dräi Ministeren, déi sollte präsent sinn. Dat ass dann op fënnef vu 15 fir haut eropgaangen, plus zwee Statssekretären. Ech muss éischtens soen, datt mer mat deem Hin an Hier a mat där Desorganisatioun awer fannen, datt et extrem schwéier ass, uerdentlech Aarbecht hei an der Chamber ze maachen.

Zweetens stellen ech fest, datt eng Präsenz vu fënnef Ministeren op 15 ech als net seriö considéréieren. Eng Präsenz hu mer an där leschter Legislatur an deene Legislature virdrun ëmmer esou gehalen, datt d'„question time" an hei d'Aarbecht an der Chamber sollte prioritär behandelt ginn, an datt just international Obligatioune respektiv Obligatiounen hei zu Lëtzebuerg mat internationale Gäscht eng Excuse wäre fir d'Regierungsmemberen, fir net hei un der „question time" deelzehuelen.

An ech mengen, d'Ministere solle sech deem Exercice hei prêtéieren a solle sech net fernhale vun deem Exercice hei. D'autant plus, datt mer an der Presidentekonferenz jo eng Diskussioun féieren iwwert den Ordre du jour, an der Präsenz vum Minister vun de Relations avec le Parlement. A wann eng Kéier gréisser Problemer wären, mengen ech, datt de Minister respektiv seng Servicer dat missten zum Ausdrock bréngen, an net eng „question time" organiséiere loossen, wann d'Resultat do ass, datt ee groussen Deel vun de Regierungsmemberen net kënnen do sinn oder musse gezwonge ginn, an enger zweeter Etapp do ze sinn.

Da stellen ech och nach fest, datt mer haut fir den Ordre du jour gefrot haten, datt Der u sech sollt déi Question élargie vun dem Här Marc Lies iwwert de Logement op den Ordre du jour huelen. Et ass eis gesot ginn, dat wär net méiglech, well d'Madame Nagel net kéint do sinn. Ech stellen awer elo zu menger grousser Freed fest, datt d'Madame Nagel do ass, soudatt ech mengen, datt mer déi Fro op den Ordre du jour scho kéinten huelen, well de Grond, datt se net um Ordre du jour war, deen ass momentan net méi do, a mir si prett och, fir déi Fro hei kënnen haut de Mëtten ze stellen an duerchzehuelen.

Da wëll ech och nach soen, datt et esou ass, datt eng Rei Questions parlementaires, déi schonn iwwerfälleg sinn, déi säit enger ganzer Rei Zäit gestallt gi sinn, nach net beäntwert goufen. An et ass och op Basis vum Artikel 80 (5) vun der CSV-Fraktioun den Untrag, fir kënnen, esou wéi d'Reglement dat virgesäit, eng Rei Questions parlementaires dann haut op den Ordre du jour ze huelen, fir se kënnen oralement ze beäntwerten.

Dat sinn elo vun deene Ministeren, déi präsent sinn, déi Question 156 vum Här Spautz iwwert de Lycée Déifferdeng un d'Éducation nationale, d'Question 157 vum Här Spautz un den Travail, den Emploi an d'Économie sociale et solidaire iwwert d'Transpositioun vun enger Direktiv, dann eng Fro 163 vu mir selwer un den Här Bausch iwwert...

(Interruption)

Ah, mir hunn déi nach net an der ganzer Transmissioun an dem...

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech kann lech just soen, ech hu se beäntwert.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mir hunn dann eng Fro un d'Affaires étrangères an un de Ministre de l'Économie iwwert d'Importatioun vu russeschem Gas an eng Fro vum Marc Spautz och un den Ekonomiesminister iwwert d'Société Enovos, wou mir froen, fir se kënnen oralement ze stellen.

Ech soen Iech Merci, Här President.

M. le Président.- Merci och dem Här Wiseler. Ech hunn eng Wuertmeldung vum Här Gast Gibéryen a vum Här Eugène Berger direkt duerno.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Et ass och Parole zum Ordre du jour. Ech wëll mech deem uschléissen, wat d'Heure de questions ubelaangt, wat de Kolleeg Claude Wiseler elo grad hei gesot huet. Ech mengen, et ass eng schlecht Prozedur, wann e Parlament hei praktesch fënnef verschidde Versioune kritt, wéi d'Regierung haut hei präsent ass. Souguer eng Versioun war derbäi, wou just zwee Membere vun der Regierung zur Zäit hei gewiescht wieren.

Ech mengen, mir hate scho laang keng esou grouss Regierung méi hei an dësem Land wéi dës Kéier. A mir haten och scho laang net méi esou wéineg Präsenz vu Ministeren an den Heures de questions, wéi dat an dësem Fall ass.

Et kann natierlech sinn, well mir donneschdes an der Presidentekonferenz dat décidéieren, datt eng Rei vu Ministeren Engagementer hunn. Dat soll ee wëssen, an ech mengen, dat versteet een och. Duerfir géif ech proposéieren, datt d'Presidentekonferenz sech sollt mat deem Problem befaassen.

A vu datt mer wëssen, wéi iwwert d'ganzt Joer mer als Chamber tagen, wat fir eng Wochen, datt ee vläicht déi Heures de questions géif méi laang am Viraus fixéieren a soen: Hei, an deem Mount ass op deem Dënschdeg eng Heure de questions. Da kéinten d'Regierungsmembere sech och besser dorobber astellen. An ech mengen, da wiere se sécherlech och zu méi hei an dat géif sécherlech zur Opwäertung vun deem ganzen Débat da bäidroen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gibéryen. Den Här Eugène Berger huet d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Een, zwee Kommentaren zu deem, wat den Här Wiseler, de Vizefraktiounschef vun der CSV, gesot huet. Mir wieren och frou, wann heiansdo vläicht de Fraktiounschef vun der CSV hei wier, fir dat och kënnen ze soen,...

(Brouhaha)

...wann e keng international Obligatiounen hätt.

(Brouhaha général)

Fir einfach deen éischte Punkt... Ech kommen, Här Gibéryen, ech kommen dozou.

Et ass haut näischt aneschters wéi dat, wat mer an deene leschte fënnef oder zéng Joer haten, datt en Deel...

Plusieurs voix.- Ooohhh!

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Da sidd elo roueg!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Dir braucht guer net ze diskutéieren, Dir waart virun zéng Joer net hei!

(Brouhaha général)

M. le Président.- Wann ech gelift, wann ech gelift, mir loossen den Här Berger ausschwätzen! A wann da Wuertmeldunge sinn...

M. Eugène Berger *(DP)*.- Et ass haut näischt aneschters wéi dat, wat mer an deenen anere Joren haten. Et sinn eng Rei Ministeren, déi kënnen hei sinn, eng Rei anerer, eng Rei Ministeren, déi net kënnen hei sinn, well se effektiv Obligatiounen hunn, international Obligatiounen, déi fir d'Land a respektiv fir d'Chamber eventuell do sinn. Ënner anerem ass haut eng Cabinetssitzung mat der Regierung aus Rheinland-Pfalz zu Tréier, wou en Deel vun der Regierung do ass.

Ech huelen ee Beispill, ech kéint der elo 50 oder vläicht méi eraushuelen. Ee Beispill: Den 30. Januar 2013 war eng Heure de questions. Do ware vu 15 Ministeren der siwen net do. 40%. Wann ech haut zielen an dat ëmrechnen, ass et haut prozentméisseg genau datselwecht. Deemools ware vun néng CSV-Ministere siwen CSV-Ministeren net do.

(Brouhaha)

Also einfach nëmme fir ze illustréieren, datt dat an deenen anere Jore gang und gäbe war, well eben d'Ministeren déi eng oder aner Verflichtungen haten, fir net kënnen hei ze sinn. Dat ass also näischt Neies.

Ech wëll op där anerer Säit awer drop hiweisen, datt also och hei 40% vun der Regierung do sinn, datt herno nach wäert de Premierminister kommen an dann och wäert kënne Ried an Äntwert stoen, wann do Froe sinn.

Ech stellen einfach nëmme fest, datt dat do awer eng relativ - wéi soll ech soen? - simplistesch Oppositiounspolitik ass, datt ech mer éischter géif Saachen, Débaten au fond erwaarden, wéi dat Geplänkels do, dat Hin an Hier.

Nach eng Kéier, Här President, dat hei ass elo guer näischt Aussergewéinleches. Et ass eng normal Situatioun. An ech wëll nach eng Kéier rappeléieren, datt hei e gudden Deel awer vun der Regierung do ass an datt och all déi Froe kënne gestallt ginn, déi hei um Ordre du jour sinn.

Sécherlech kënne mer och kucken, datt mer vläicht an Zukunft nach méi laang am Viraus eng prezis Lëscht kënnen hu vun de Ministe-

ren, déi kënnen do sinn. Mä och deemools, wann ech elo op den 30. Januar 2013 kommen, war dat och deemools déi drëtt verbessert Versioun vun der Präsenz vun de Ministeren, déi mer deen Dag haten, wou och also vu freides bis dënschdes dräi verschidde Versiounen do waren. Also, wann ech gelift e bësse Verständnis an, voilà, net hei aus enger Méck en Elefant maachen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dir sidd gutt virbereet. Dat heescht schonn, datt Der e schlecht Gewëssen hat, wéi Der heihinnerkomm sidd, wéint deene Versiounen, déi komm sinn.

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. le Président.- Merci dem Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här Wiseler, et war, fir lech de Spigel virzehalen!

M. le Président.- Wann ech gelift!

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, dat ass Spillschoul, dat do, voilà!

M. le Président.- Als Nächsten huet den Här Justin Turpel d'Wuert an duerno den Här Alex Bodry.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech hat proposéiert, datt mer dee Problem do géifen an der Conférence des Présidents uschwätzen, well et ee seriöe Problem ass. Ech fannen, datt et wierklech eng Saach ass vu Méiglechkeet vum Contrôle parlementaire un der Regierung, datt d'Präsenz vun der Regierung garantéiert ass.

Wéi mir déi éischt Lëscht kritt hu mat zwou Präsenzen, hunn ech mer Suerge gemaach. Ech hu geduecht: Wat ass lass? Ass eng Epidemie? Ass e Virus ausgebrach? Ass d'ganz Regierung krank? Gëtt d'Land iwwerhaapt nach regéiert? Also, esou seriö war dat.

An et ass eigentlech nëmmen dem Sekretariat vun der Chamber an der Présidence ze verdanken, datt et no e puermolegem Nohaken da mat enger éischter, zweeter, drëtter bis fënnefter Lëscht am Fong geholl fäerdegbruecht ginn ass, datt elo een Drëttel vun der Regierung hei präsent ass.

Ech sinn absolut iwwerzeegt, datt de Contrôle parlementaire verlaangt, datt d'Regierung disponibel ass fir d'Chamber fir bestëmmte Plagen. Wann do een een europäesche Ministerrot huet oder soss eng international Verflichtung, ass e bien entendu entschëllegt. Mä all déi aner Rendez-vouse solle wann ech gelift esou geluecht ginn, datt et méiglech ass, fir dat hei ze maachen!

An deem Zesummenhang wëll ech och drop hiweisen, datt ech et net korrekt fannen, datt, wann hei iwwert de Budget diskutéiert gëtt, vun der Regierung bal keen do ass. Et sinn der e puer, déi kommen heiansdo eran. Et waren der zwee, déi hu versicht, dee ganze Mëtteg do ze sinn. Och de Respekt virun der Chamber bei der Diskussioun iwwert dat wichtegst Gesetz, wat et gëtt am Joer, verlaangt, datt d'Regierung, ausser déi, déi wierklech eng valabel Excuse hunn, präsent ass.

An ech géif wierklech proposéieren, datt mer géifen an der Conférence des Pésidents driwwer diskutéieren, wéi mer d'Relatioun vun der Chamber zu der Regierung esou geregelt kréien, datt et méiglech ass, uerdentlech ze schaffen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, Här President, ech muss soen, ech hunn och zu deene gehéiert, déi awer erstaunt waren, wéi se déi éischt Lëscht vun der Präsenz vun de Regierungsmembere matgedeelt kritt hunn. Ech fannen allerdéngs, dass haut d'Präsenz vun der Regierung déi ass, déi och an der Vergaangenheet an der Moyenne als Präsenz do war. Dat ass an der Rei.

Nach mengen ech, dass et besser gewiescht wär, et hätt een deen Hin an Hier vermidden an et wär vun Ufank un déi néideg Suergfalt gefouert ginn op eng angemesse Präsenz vun de Regierungsmemberen dënschdes hei an der Chamber, wat traditionell effektiv dee Moment ass um Ufank vun der Sitzung, wou d'Heure de questions stattfënnt, déi jo nëmme ka fonctionnéieren - soss musse mer se ofschafen -, wann een natierlech der Regierung och ka Froe stellen. Ech mengen, dat muss eis gemeinsam Suerg sinn.

Och an der Vergaangenheet huet dat net ëmmer geklappt. An der Vergaangenheet huet déi jeeweileg Oppositioun dat dote kritiséiert. Ech mengen, et soll een dat doten als Warnung eigentlech huelen a kucken, dass mer déi Aarbechte besser organiséieren. Dat geet bei der Regierung un, déi muss och hire Plang maachen. An dat geet da weider bis an d'Conférence des Présidents, wou déi heite Fro eigentlech higehéiert, wou mer dann och mussen natierlech, wa mer donneschdes zesummekommen, am Besëtz vun allen Informatioune sinn, déi mir och als Konferenz brauchen, fir den Ordre du jour hei vun der Chamberssitzung festzehalen.

Also géif ech Iech bieden, hei elo net an eng onnéideg Polemik eranzekommen, mä déi Fro hei sachlech weiderzebehandelen an effektiv dat seriö mat deenen néidege Konklusiounen och an eiser nächster Conférence des Présidents festzehalen, déi dann awer vläicht kéint schonn dësen Donneschdeg stattfannen.

M. le Président.- Merci. Den Här Michel Wolter huet d'Wuert.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Ech wollt och kuerz d'Wuert froen no der Diskussioun, well ech dem Här Bodry wëll Merci soen - hien hat d'Chance, a sengem Liewen op deenen zwou Säiten ze sinn - iwwert déi Aart a Weis, wéi e geäntwert huet, déi, muss ech soen, agréablement détonnéiert huet vun där Aart a Weis, wéi den Här Berger op d'Fro geäntwert huet. Den Här Bodry kennt d'Problemer an den Här Berger kennt se net.

Toujours est-il, datt ech derbäi war, a Verschiddener heibannen och, wéi d'Heure de questions agefouert ginn ass, an dass deemools gesot ginn ass dat, wat den Här Bodry och elo nach eng Kéier méritoirement widderholl huet, dass dee ganzen Exercice nëmmen e Sënn mécht, wann och den Interlocuteur präsent ass. An et versteet een och, dass net ëmmer alles méiglech ass. Mä Dir musst awer zouginn, Här President, dass déi Aart a Weis, wéi dat vun e Freideg bis haut gelaf ass, tëschent zwee a fënnef, dass dat eng Ausnahm soll bleiwen.

An ech hu mer d'Wuert gefrot, well ech d'Madame Minister Corinne Cahen héieren hunn, derdeeg sech opreegen driwwer, dass mäi Fraktiounskolleeg, de Marc Spautz, se an eng Chamberskommissioun geruff huet iwwer eng Rumeur - wat awer net nëmmen eng Rumeur war, mä déi an de Medie kolportéiert ginn ass -, dass d'Regierung mam Gedanke géif spillen, fir d'Kannergeld ze limitéieren op 2.500 Euro pro Kand pro Joer.

Ech wëll drun erënneren, dass an der viregter Legislatur d'Ministeren all Kéiers ugetratt sinn, wann e Politiker vun der Oppositioun, opgrond vun enger Neiegkeet, déi an de Medien, oder enger Informatioun oder enger Meenung, déi an de Medien erauskomm ass, duerno gefrot huet, ob d'Regierung dozou eppes géif soen.

Si huet eigentlech quasi texto gesot, datt si géif dru gehënnert ginn, hir Aarbecht ze maachen doduerch, datt se vun Oppositiounsdeputéierte géif an d'Chamberskommissioun gefrot ginn, fir zu Saachen, déi net aus der Loft gegraff gi sinn, mä déi an de Medie widderholl gi sinn, fir déi ze bréngen.

A se huet am selwechte Moment gemengt, si misst och nach den Deputéierte Wolter, dee sech erkéngt hat, erdreist hat quasi, virun engem Mount eng Question parlementaire ze stellen iwwer Aussoen, déi se gemaach huet am Kader vum Tram, dee soll zu Lëtzebuerg kommen, wou ech se gefrot hunn, ob Aussoen, déi se manifestement gemaach huet an engem méi klenge Krees, ob déi richteg wieren, dorobber nach eng Kéier geäntwert, fir ze soen, et wär eigentlech e bësse penibel, dass d'Chamber permanent amgaang wär, der Regierung op d'Hänn ze klappen.

Ech wëll der Madame Cahen, déi haut net derbäi ass, an all deenen anere Kolleegen, besonnesch deene Kolleegen, déi heibanne sëtzen, déi an der Regierung an der leschter Period waren an déi d'Regierung permanent a pausenlos op Medieberichter attackéiert hunn, interpelléiert hunn, se a Chamberskommissioune gefrot hunn, soen, dass mir als Oppositioun, egal wien et ass, eis net wäerten de Mond verbidde loossen, wann et drëm geet, fir d'Kontroll vum Parlament iwwert d'Lëtzebuerger Regierung ze maachen.

Une voix.- Voilà!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV).*- An deem Kontext ass dat, wat mäi Fraktiounspresident - Vizepresident, wéi Dir sot,...

(Hilarité)

...jo, och dat kann een op eng Aart a Weis soen, wéi een et ebe seet -, den Här Wiseler, och am Numm vun eiser Fraktioun...

(Interruptions diverses)

Här President, et ass fir eis extrem wichteg. Et ass fir eis extrem wichteg, wann Heures de questions sinn un d'Regierung, dass d'Regierung do ass, ausser deenen, déi wierklech eng Obligatioun hunn a fir déi mir Respekt hunn. Mir wëssen, dass net ëmmer jiddweree kann do sinn. Mä déi, déi kënnen do sinn, déi sollen do sinn, fir dass mer net an d'Situatioun kommen, dass iergendwann eng Kéier gemengt gëtt, dass verschidde Leit sech dem Contrôle vun der Chamber wëllen entzéien.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Wolter. Den Här Berger freet d'Wuert nach eng Kéier fir eng Prezisioun.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, Här President, ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, datt mir och Demandeur sinn, datt een déi Prozedur vläicht nach eng Kéier méi cibléiert, datt ee wierklech effektiv spéitstens freides genau weess, wat fir ee Regierungsmember kann do sinn. Dogéint huet guer keen eppes.

Ech wëll awer och nach eng Kéier soen, datt et heiansdo Momenter ginn, an dat ass et och fréier ginn - ech hunn et un engem Beispill gewisen, et hätt ee kënnen en anert huelen -, datt et och fréier Situatioune gi sinn, wou net d'ganz Regierung konnt hei sinn, datt déi awer ëmmer bereet sinn, wou se kënnen, fir Ried an Äntwert ze stoen. An haut sinn, wéi gesot, 40% vun der Regierung hei, wéi dat oft zu anere Momenter de Fall war, an datt natierlech déi Regierungsmemberen all prett sinn, fir Ried an Äntwert ze stoen.

Ech wëll hei awer net am Raum stoe loossen, datt d'Regierung net prett wier, fir, wa se kann hei sinn, Äntwerten ze liwweren, an datt se awer och, dat muss een awer haut och verstoen, datt se do international respektiv regional Obligatiounen huet. Si ass zesummen, dat ass och an der Vergaangenheet de Fall gewiescht, datt do Austausche sinn tëschent der Regierung a Parlament respektiv Regierungen aus den Nopeschbundeslänner, datt dat awer eng valabel Excuse an eisen Aen ass.

M. le Président.- Merci dem Här Berger. Den Här Félix Braz huet fir d'Regierung d'Wuert gefrot. Här Braz, wann ech gelift.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Här President, ech wëll mech och kuerzfaassen, fir dass mer kënnen zum Ordre du jour iwwergoen. Ech hunn e bëssen d'Gefill, dass et hei esou ass, wéi an der Kierch: Déi, déi do sinn, gi vernannt.

(Interruptions)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Wouhier wësst Dir dat dann?

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Dem Här Wiseler... Ech hu mer dat soe gelooss, duerfir hunn ech och esou ugefaangen.

(Hilarité)

Dem Här Wiseler wëll ech awer soen, bei all Verständnis fir de Fong vun deem, wat e wëllt soen, well selbstverständlech huet den Här Wiseler an den Ae vun der Regierung recht, wann e seet, et wier gutt, wa méiglechst vill oder souguer all Ministere bei der Heure de questions präsent wieren.

Dat gëllt fir d'Ministeren, dat gëllt och fir d'Deputéierten, wann Der mer déi Remarque, Här Wiseler, erlaabt.

Dir hutt hei eppes bemängelt, wou ech awer och fannen, den Här Wolter huet sech um Toun gestouss vum Här Berger, ech kéint Iech datselwecht e bëssen och äntwerten, Här Wiseler.

(Interruption)

M. le Président.- Wann ech gelift.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- D'Parlament kontrolléiert d'Regierung, Här Minister!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Ech kéint datselwecht soen, Här Wiseler, well fairerweis, wa mer déi lescht Joren awer zréckkucken, also déi Duerstellung, déi Dir elo gemaach hutt, dass dës Regierung net vill Leit haut hei am Sall hätt, an dat géif also, vu dass Der et bemängelt, détonnéiere mat deem, wat mer an deene leschten zéng Joer haten, dat ass net richteg!

Dat hei ass eng ganz normal Präsenz vun der Regierung bei der Heure de questions, esou wéi mer et ëmmer, och bei CSV/LSAP-Regierungen, kannt hunn. Et gëtt iwwerhaapt keen Ennerscheed.

Wou ech Iech par contre recht ginn, dat ass, wann Der sot, et wär besser, wann dat esou organiséiert ass, dass ee méi fréi weess, wie schlussendlech do ass.

Allerdéngs, och do, Här Wiseler, d'Regierung huet et elo déi lescht zwee Deeg probéiert, gutt ze maachen, a gëtt elo dofir vun Iech kritiséiert. Et waren der effektiv nëmmen zwee virgesinn. A vläicht wier et besser gewiescht, si wier dobäi bliwwen. Si hätt gesot, et sinn der zwee an et bleift bei zwee. Dat huet och e Grond, well der ganz vill vun der Regierung zu Tréier sinn, bei enger Réunioun mat der Ministerpresidentin vu Rheinland-Pfalz, dem Malu Dreyer. An et hunn eng Rei, notamment den Här Bausch...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mä da wär et awer besser, Dir géift dat an der Presidentekonferenz soe virdrun.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Notamment den Här Bausch, deen haut hei ass, deen och virgesi war zu Tréier. Deen ebe just, well och d'Regierung fonnt huet, dass zwee net vill wier, hu mer probéiert alleguerten, ëmzedisposéieren, fir nach zu enger méi, mengen ech, normaler Representatioun haut hei an der Chamber ze kommen.

Elo kréie mer dorauser e Stréck gedréit. Mir hätten dat vun zwee op dräi op fënnef op siwe gemaach. Bon, beim Versuch, et gutt ze maachen, gi mer elo dofir kritiséiert. Nodréiglech, soen ech, wier et fir d'Regierung méi einfach, datt et nach besser gewiescht wier, déi do Kritik net gemaach ze kréien. Mir wiere bei deenen zwee bliwwen, da wären der haut - ech weess net wéi eng - zwee hei gewiescht an dann hätte mer déi do Remarque net gemaach kritt. Ausser déi, da berechtegt, dass et der net vill wieren, an do géif ech Iech och recht ginn. Zwee hätt ech perséinlech och net richteg an zefriddestellend fonnt.

Dofir, ech ginn Iech komplett recht, Här Wiseler, um Punkt, wann Der sot, kommt, mir probéieren no Méiglechkeeten, esou fréi wéi méiglech déi definitiv Lëscht ze arrêtéieren, do hutt Der komplett recht. Dat, fannen ech, ass och d'Chamber parfaitement en droit, vun der Regierung ze verlaangen. Mir hunn et probéiert, gutt ze maachen, kréien elo dofir e bëssen hei e Virworf gemaach. Ech mengen, deen ass net ganz justifiéiert.

Zu der Madame Cahen, déi net hei ass, fir dem Här Wolter ze äntwerten, da wëll ech dat awer an hirer Plaz maachen. Fir d'Madame Cahen gëllt dat, wat fir jiddwer Member vun der Regierung gëllt. D'Regierung steet permanent an integral der Chamber zur Verfügung. Dorunner besteet keen Zweifel. An dat huet och d'Madame Cahen net wëlle soen.

D'Madame Cahen huet eng Remarque gemaach, déi wollt soen: Wa mer natierlech elo bei all Int, déi eng Zeitung an d'Welt setzt, d'Regierung an d'Chamberskommissioun aberuffen, ob dat dee beschte Wee ass, dat ass awer eng Fro, déi dierf ee stellen. Mä wann d'Chamber rifft, kënnt d'Regierung selbstverständlech. An do entzitt kee sech. Dat ass net d'Fro. D'Chamber, wéi den Här Gibéryen virdrun zu Recht gesot huet, ass do, fir d'Regierung ze kontrolléieren. A wann d'Chamber rifft, da kënnt d'Regierung, egal wéi ee Member vun der Regierung geruff ass.

Dann ass och nach gesot ginn un d'Adress vun der Madame Nagel, ob dann elo net awer déi Question élargie haut kéint evakuéiert ginn. D'Regierung ass der Meenung, et soll ee beim Ordre du jour bleiwen. Deen ass elo arrêtéiert ginn. D'Madame Nagel ass virgesi fir de 14. Mee. A mir sinn der Meenung, dass mer och deen Ordre du jour esou solle respektéieren. Da ka jiddweree sech organiséieren an de beschten Termen.

An als leschte Saz, Här President, erlaabt mer deen: Ech war frou, festzestellen, dass den Här Turpel sech Suerge gemaach huet beim blousse Gedanken, dass dëst Land net kéint vun dëser Regierung regéiert ginn.

(Hilarité)

M. le Président.- Merci dem Här Braz. Den Här Michel Wolter huet d'Wuert.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här Chamberpresident, ech fannen, datt dat, wat den Här Braz elo gesot huet am Numm vun der Regierung, nun definitiv e Schlag an d'Gesiicht ass vun der Chamber.

Plusieurs voix.- Oohhh!

M. Michel Wolter *(CSV).*- Hei kënnt e Minister hin an e seet: Eigentlech wär et besser gewiescht, mir wären nëmmen zu zwee komm. Eigentlech wär et besser gewiescht, mir wären zu zwee vun 18 Membere vun der Regierung komm, fir eis dem Contrôle parlementaire vun der Chamber ze stellen.

Ech froen den Här Braz: Wéini ass déi Réunioun mat der Regierung vu Rheinland-Pfalz fixéiert ginn? Doudsécher virun dem leschten Donneschdeg. Da muss een also an d'Chamberskommissioun kommen, an d'Conférence des Présidents, ech war och eng Zäitche Member vun deem Gremium, an da muss ee soen: Den nächsten Dënschdeg, et deet eis leed, do hu

mer eng Réunioun, déi ass scho säit dräi Méint festgeluecht mat Rheinland-Pfalz. Do sinn aacht oder néng Ministeren, déi sinn do präsent. Mir kënne keng Heure de question maachen. An da géif, Här Berger, eise Vize, dee géif dat dann agesinn.

Mä wann een dat net gesot kritt an da kritt ee gesot, et kommen der zwee, an da kritt een eigentlech gesot elo, datt se hätte sollen zu zwee kommen. Ech muss soen, dass et eng Aart a Weis ass, fir d'Parlament ze considéréieren, déi mech nëmmen nach sproochlos léisst.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Jo. Dozou nach eng Kéier de Regierungsvertrieder, den Här Félix Braz.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Här Wolter, wann Der mech zitéiert, dann hätt Der misse bis zum Schluss nolauschteren. Ech hu kuerz hannendru gesot, selbstverständlech an der Hypothees, dass der nëmmen zwee komm wieren, hätt ech dat net genuch fonnt. Selbstverständlech ass et d'Verflichtung vun der Regierung, zu esou vill wéi méiglech ze kommen. Dann hätt Der solle bis zum Schluss nolauschteren. Dann hätt Der d'Äntwert op Är Remarque kritt.

Wat ech domadder wollt soen, ass: Op de Virworf vum Här Wiseler, dass aus enger Lëscht vun zwee der dräi ginn an da ginn et der fënef an da ginn et der siwen, dass den Här Wiseler bemängelt, firwat dass do musse véier verschidde Lëschte kommen, ech dem Här Wiseler da geäntwert hunn déi Efforten, déi mer gemaach hunn, well mer och fannen, dass zwee net duerginn. Do si mer eis jo eens, Här Wolter, natierlech geet dat net duer. D'Regierung huet, no Méiglechkeet, hei vollzieleg kënne präsent ze sinn, dofir hu mer eis beméit, der méi draus ze maachen. An dofir sinn da véier Lëschten entstanen, am Beméien, dann haut zu siwe kënnen hei ze sinn.

A meng Remarque huet sech dorop bezunn, dass Der eis de Virworf maacht, dass mer probéiert hunn, aus zwee der siwen ze maachen, dee fannen ech net fair an net richteg. Well et ass ebe just aus Respekt vun der Chamber, dass mer probéiert hunn, op siwe Regierungsmemberen eropzekommen, déi haut hei präsent sinn.

Ech bieden Iech, dat just zur Kenntnis ze huelen. An ech ginn Iech awer och ganz recht, an och dem Här Wiseler: Et soll ee selbstverständlech dat esou organiséieren, dass méi fréi déi definitiv Lëscht vun de Présencen hei feststeet. Mä ech bleiwen derbäi: Dass Der eis elo e Virworf draus maacht, dass mer wierklech probéiert hunn, herno zu siwen hei ze sinn, fannen ech net ganz fair. An esou war et gemengt an net anescht. An haalt op, Ënnerstellungen ze konstruéieren, wou keng musse gemaach ginn!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech mengen, dass alles gesot wär an dass mer kënne Konklusiounen doraus zéien. Ech huele mat op de Wee, dass mer alles maachen, fir eis am Rahme vun der Conférence des Présidents esou gutt wéi méiglech kënne mat der Regierung ze concertéieren. Dee Moment muss dann och de Regierungsvertrieder eis déi Informatioune ginn, iwwert déi e verfüügt, wou mir selbstverständlech dann alles maachen, fir kënnen iwwereneen ze kommen. Wann dann eben déi Woch drop Heure de questions ass, mengen ech, ass dat fir keen e Problem.

Ech wëll just soen, dass hei am Generalsekretariat vun der Chamber an och bei der Présidence déiselwecht Reaktioun war wéi bei de Kolleegen. Wéi d'Liste de présence vun zwee Ministere komm ass, hu mir eis concertéiert mat der Regierung a mir hunn d'Regierung staark invitéiert, fir déi Lëscht esou komplett wéi méiglech ze maachen. Ech mengen, et gesäit een, dass eng Reaktioun do war. Ech mengen, dat ass eis Missioun, fir eis als Institutioun och deementspriechend ze artikuléieren.

Mir wäerten dann och an der Conférence des Présidents déi Suggestiounen iwwerhuelen, déi vu verschiddene Bänke gemaach gi sinn, fir kënnen am Viraus, souwäit wéi dat méiglech ass, Heures de questions ze fixéieren. Wat der Regierung dann och eng Orientatioun gëtt, wéi si sech kann arrangéieren an eis dann och kann Informatioune ginn, wann eng Heure de questions net geet.

Ech kommen dann awer zum Eigentlechen zréck, dem Ordre du jour vun haut de Mëtten, wou mer d'Froestonn jo virgesinn hunn. Op Ärem Schierm gesitt Der déi Projeten, déi mer sollen evakuéieren. An dann hunn ech d'Demande kritt, fir déi Question élargie ze behandelen.

Do wëll ech d'Regierung froen, ob se zum jëtzegen Zäitpunkt dat maache kann. D'Regierung seet, si ass limitéiert an der Zäit, jiddefalls dee Regierungsvertrieder fir d'Froestonn.

Ech géif dann d'Chamber froen, ob se mat där Erklärung d'accord ass, dass mer dat op déi nächst Woch géifen huelen, well och déi zoustänneg Ministesch - Här Wiseler, ech wollt dat zur Vollstännegkeet soen - de Moie gefrot huet, fir hir Fro kënnen direkt virzebehandelen, well se spéitstens no enger hallwer Stonn misst anere Verflichtungen nogoen.

Dofir meng Fro un d'Chamber: Ass déi Propositioun akzeptabel, fir et d'nächst Woch ze maachen? Soss musse mer ofstëmmen.

An ech ginn dem Här Wiseler direkt och d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här President, mir sinn der Meenung, datt een déi och kéint virhuelen als éischte Punkt vum Ordre du jour.

M. le Président.- Jo. Da stellen ech d'Fro un d'Chamber...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wat fir eng Fro?

M. le Président.- D'Fro, ob mer déi Fro haut sollen huelen oder ob mer, wéi d'Regierung dat proposéiert, se sollen déi nächst Woch op den Ordre du jour huelen.

Plusieurs voix.- D'nächst Woch!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President.

M. le Président.- Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech weess net, ob d'Chamber doriwwer kann ofstëmmen. Wann ech eist Reglement…

M. le Président.- Dach, mä si…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …gutt kennen, dann ass et e Recht vun deem, deen déi gemaach huet, fir, wann déi net beäntwert ass an deem Délai…

M. le Président.- Neen, neen, entschëllegt, Dir schwätzt vun engem aneren…, Dir schwätzt…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Entschëllegt, Här President.

(Interruption)

M. le Président.- Dir sidd ausnahmsweis an deem falsche Film.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech war menger Zäit viraus wahrscheinlech.

M. le Président.- Also, hei geet et ëm d'Question élargie,…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ah.

M. le Président.- …an net ëm déi Froen, déi net beäntwert sinn. Do hutt Der selbstverständlech recht.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo.

M. le Président.- Mä ech wollt fir d'Éischt froen: D'Question élargie, huele mer déi, wéi d'Regierung et proposéiert huet, déi nächst Woch oder, wéi den Här Wiseler et proposéiert huet, op den Ordre du jour vun haut?

Wuel wëssend, dass déi zoustänneg Ministesch gebieden hat, fir se um Ufank vum Ordre du jour, vun deem mer elo schonn an der Zwëschenzäit e bëssen ewech sinn, ze huelen, géif ech d'Chamber froen: Wien der Meenung ass, dass mer déi haut sollen huelen, géif Jo soen, respektiv déi, déi der Meenung sinn, dass se d'nächst Woch soll kommen, soen Neen.

(Interruptions)

Sidd Der d'accord mat engem Vote à main levée oder insistéiert Der op en élektronesche Vote?

À main levée?

M. Michel Wolter *(CSV).*- Neen, neen, Vote électronique.

M. le Président.- Also, wien derfir ass…

(Interruptions)

Jo.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, mir kënnen et och aneschters formuléieren. Mir hunn en Ordre du jour, op där déi Question élargie net steet, well mer dat an der Conférence des Présidents esou décidéiert haten, aus deenen Ursaachen, déi Dir och erkläert hutt, well d'Ministesch net ka bis zum Schluss bleiwen.

Et ass einfach: Si mer fir den Ordre du jour vun haut oder si mer net fir deen Ordre du jour?

M. le Président.- Jo, et ass just e bësse méi komplizéiert, Här Berger, well mer eisen Ordre du jour musse souwéisou ergänzen doduerch, dass d'Fro gestallt ginn ass, fir och eng Rei vun net beäntwerte Froen hei kënnen ze stellen. An dat ass, ech mengen, dat, dat ass d'Recht vun all Deputéierten. Also, ausser…

(Interruptions et brouhaha)

Entschëllegt, entschëllegt, ech wollt… Jo?

M. Gilles Roth *(CSV).*- Ech wollt froen…

M. le Président.- Zum Ordre du jour.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, jo. Här President, Dir hutt virdru gesot, dass d'Ministesch hätt sollen no enger hallwer Stonn erëm wéinst enger anerer Verflichtung goen. Si soll der Chamber soen, wouran déi Verflichtung dann auswäerts géif bestoen.

Plusieurs voix.- Oh!

M. Michel Wolter *(CSV).*- Jo! Jo! Jo!

(Brouhaha général)

M. Gilles Roth *(CSV).*- Jo, mir froen dat.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Si ass manifestement net zu Tréier.

(Hilarité et brouhaha)

Si ass net zu Tréier.

M. le Président.- Also, e Regierungsvertrieder dozou.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Här President, ech géif awer wierklech d'Chamber elo invitéieren, dass mer kënnen zu deene Saache kommen, déi eis haut préoccupéieren. Mir hunn an der Conférence des Présidents en Ordre du jour festgehale mat all de Remarquen, déi gemaach gi sinn. Do ass virgesinn, dass fir déi nächst Woch de 14. Mee d'Madame Nagel zu där Question élargie Stellung hélt.

D'Regierung proposéiert, dass mer zu deem, wat ofgemaach ass, solle stoen. D'Madame Nagel huet sech extra beméit, aus deene Grënn, déi Dir benannt hutt. Och do gëtt, aus deem affichéierte gudde Wëllen, mat engem strenge Kalenner, dee si huet, gëtt hir elo e Stréck erëm gedréit, datt se de gudde Wëllen hat, nawell heihinnerzekommen.

Ech fannen, dat kann net d'Aart a Weis sinn, wéi mer matenee schaffen. Ech géif lech also dofir bieden, och am Intérêt vun der Planbarkeet och vun der Regierungsaarbecht, zum Ordre du jour ze stoen, wéi mer en zesummen diskutéiert hunn.

M. le Président.- Merci dem Här Félix Braz. Ech géif och d'Kolleegen an d'Kolleeginne bieden, bei deenen Ëmgangsformen ze bleiwen, déi hei an der Chamber üblech sinn, an net hei ze iwwerreagéiere vun där enger wéi vun där anerer Säit.

An ech géif Iech dofir bieden, elo iwwert den urspréngleche Ordre du jour ofzestëmmen, mat Ausnahm vun deene Froen, déi net beäntwert sinn an op déi mer herno nach zréckkommen, fir ze kucken, wie vun de Ministeren disponibel ass.

Vote sur l'ordre du jour modifié

Ass d'Chamber domat d'accord, dass mer…

Plusieurs voix.- Vote électronique!

M. le Président.- D'accord. Wie mam Ordre du jour d'accord ass, wéi en urspréngleche festgeluecht war, stëmmt mat Jo. Wien net mat deem Ordre du jour d'accord ass, stëmmt mat Neen. De Vote ass lancéiert.

(Brouhaha)

Une voix.- Oui fir den Ordre du jour. Oui fir den Ordre du jour.

M. le Président.- Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss. Fir den urspréngleche Ordre du jour hu gestëmmt 32 Deputéiert, bei 26 Neen. Domat bleiwe mer beim urspréngleche Ordre du jour.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

M. Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech wollt awer der Vollstännegkeet halber froen, wien haut de Mëtten disponibel ass, fir déi Froen, déi net beäntwert sinn, kënnen ze beäntwerten. Dat sinn déi normal schréftlech Froen, déi net am Délai beäntwert gi sinn. De Statsminister kënnt méi spéit am Nomëtten. Da klamere mer déi aus. Déi nächst Fro ass déi vum Här Spautz, d'Fro N°156 un den Éducatiounsminister betreffend d'Planifikatioun vum Lycée Déifferdeng.

Jo?

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, wann Der erlaabt, dozou kann ech eppes soen. Dat ass eng, déi ass geschriwwe ginn un den Éducatiounsminister an och u mech als Bauteminister,…

M. le Président.- Jo.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- …also Infrastrukturminister. An d'Äntwert ass schréftlech vu menger Säit aus fäerdeg, mä déi ass un den Éducatiounsministère geschéckt ginn, well déi hire Volet nach musse beäntwerten, deen doranner beinhalt ass.

An dofir géif ech do ëm Verständnis bieden. Wann et un zwee Ministere geet, kann et emol eng Kéier kuerz iwwert den Délai goen, well dat dann heiansdo dauert, well déi Fro vun deem engen zu deem aneren hin- an hiergeet.

Also, ech kann de Mëtteg ouni Problem deen Deel beäntwerten um Schluss vun der Froestonn, dee mech betrëfft, awer natierlech net deen, deen d'Éducatioun betrëfft. Deen ass nach ënnerwee. Oder déi aner Méiglechkeet ass, dat ass, datt bannent deenen nächsten Deeg d'Äntwert schréftlech kënnt. Wann d'Kolleegen domadder d'accord sinn, géif ech dat esou proposéieren.

M. le Président.- Den Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech mengen, bei där heiter Fro, well mer de Prinzip haten, wann zwee Ministere betraff sinn a well ech mengen, datt och eng Ufro ass, fir den Délai ze verlängeren, si mer mat där doter d'accord. Déi aner hätte mer awer gäre beäntwert.

M. le Président.- Merci. Dat heescht, mir géifen do déi zwou schréftlech Äntwerten ofwaarden. Dann eng nächst Fro vum Marc Spautz, d'Fro N°157 un den Aarbechtsminister. An do geet et ëm d'Transpositioun vun enger europäescher Direktiv. Den Aarbechtsminister ass hei.

Ass dat méiglech, fir dorop ze äntwerten no der Froestonn?

(Assentiment)

Merci. Da gëtt dat esou gemaach.

Dann hate mer eng schréftlech Fro vum Här Claude Wiseler un den Nohaltegkeetsminister, wat d'Conduite transfrontalière, d'grenziwwerschreidend Fuere vun engem…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Motorrad!

M. le Président.- …liichte Motorrad ugeet. Do ass d'Fro heibannen…

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Also, se misst hei sinn, well ech hunn d'Äntwert. Déi ass gemaach, Här President.

M. le Président.- D'Äntwert ass heibanne mat Ënnerschréft. Wann den…

Une voix.- Ouni Ënnerschréft, provisoresch.

M. le Président.- Ouni Ënnerschréft. Ah!

(Interruption et hilarité)

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech kann déi awer och mëndlech beäntwerten herno um Schluss oder se schréftlech herno ofginn. Dat ass, wéi Der wëllt.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech mengen, mir halen déi bäi. D'Äntwert ass jo relativ, wann ech richteg verstanen hunn, schnell ginn. Wann ech den Här Bausch richteg verstanen hunn, kënne mer dat an engems maachen.

M. le Président.- Jo, da kënne mer dat an engems maachen. An dann hu mer eng lescht Fro vum Marc Spautz, déi datéiert ass vum 1. Abrëll un den Nohaltegkeetsminister. Do geet et ëm d'Installatioun vu Solaranlagen op Gebaier, déi - net ënner Naturschutz - ënner Denkmalschutz stinn.

(Brouhaha)

Déi feelt och, do ass de Minister am Moment net do.

Jo, dann ass nach eng Fro N°179 vum Marc Spautz un den Ekonomiesminister, betreffend…

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, just zu där virdrun. Ech wëll awer do nach eng Remarque maachen zu där virdrun, déi anscheinend net beäntwert ass. Déi ass u mech gestallt ginn, mä ech sinn net deen, deen zoustänneg ass, fir dorop ze äntwerten. Se ass un zwee Ministere gestallt ginn an der Fro: u mech an un d'Madame Nagel als Kulturminister.

M. le Président.- Jo.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Or, ech sinn déi falsch Adress, well un d'Madame Dieschbourg hätt déi missen adresséiert ginn. Dofir hunn ech déi och un d'Madame Dieschbourg weiderginn.

M. le Président.- Ah, okay.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Dat huet wahrscheinlech zur Konsequenz, datt natierlech e bëssen Zäit scho verluer gaangen ass. An dat Zweet ass, d'Madame Nagel ass zoustänneg fir dee ganze Beräich vun den Daten, vum Denkmalschutz, pardon. Also, ech mengen, den Délai kënnt wahrscheinlech, well den Här Spautz huet se u mech adresséiert a si hätt missen un d'Madame Dieschbourg adresséiert ginn. Et war dee falschen Adressat.

(Brouhaha)

M. le Président.- Dat heescht, déi richteg Adressatin wär d'Madame Dieschbourg gewiescht.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo. D'Madame Dieschbourg ass zoustänneg fir dee ganze Beräich, also nohalteg Energie, also alternativ Energien. Net ech.

M. le Président.- Déi de Mëtten…

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo.

M. le Président.- …excuséiert ass. Här Wiseler, géift Der dann deementspriechend Rechnung droen? Entweder kënnt se dann an deenen nächsten Deeg oder si géif an där nächster…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also…

M. le Président.- …an där nächster Sëtzung gestallt ginn.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech stelle just fest, dass d'Madame Nagel hei ass, fir op d'Fro ze äntwerten.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Voilà.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Si kann zumindest deen Deel maachen, dee si concernéiert.

Une voix.- Dat ass jo penibel dat do!

M. le Président.- Dat heescht, d'Madame Nagel seet, dass si net an der Lag ass, fir dorop ze äntwerten.

(Brouhaha)

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, d'Reglement ass ganz kloer, soubal eng Fro net beäntwert ass, da muss se beäntwert ginn.

M. le Président.- Jo, mä si ass awer vum zoustännege Minister…

(Interruptions)

M. Michel Wolter *(CSV).*- Keng Négociatioun. Et ass e Regierungsmember hei. Et ass elo deen zweete Fall innerhalb vu fënnef Minutten. Hei sëtzt e Regierungsmember, dee kritt eng Question élargie gestallt an dee seet: Ech beäntwerten déi net, obschonn ech hei sëtzen. Elo si mer scho méi laang amgaangen ze diskutéieren driwwer, wéi wann d'Madame Nagel opgestane wier…

M. le Président.- Jo.

M. Michel Wolter *(CSV).*- …a si hätt d'Fro beäntwert.

Une voix.- Dat kann net sinn.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Elo kommt Der heihinner an Dir fänkt un ze négociéieren driwwer, ob e Minister äntwert. D'Reglement ass kloer: No engem Mount,…

(Interruption)

…no engem Mount ass d'Fro ze beäntwerten. Mir hätte gären, dass all déi Froen, déi iwwer ee Mount elo en suspens sinn,…

M. Eugène Berger *(DP).*- Wann Der soss näischt ze bidden hutt.

M. Michel Wolter *(CSV).*- …am Laf vun de Mëtte beäntwert ginn, wann ech gelift.

Et ass wierklech den elementare Contrôle, Här Berger,…

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo.

M. Michel Wolter *(CSV).*- …soen ech Iech wierklech nach eng Kéier,…

M. Eugène Berger *(DP).*- Ech kéint Iech nach esou eng Lëscht weise vun deenen,…

M. Michel Wolter *(CSV).*- …den elementare Contrôle,…

M. Eugène Berger *(DP).*-…déi Der an zéng Joer während Méint net beäntwert hutt.

(Interruptions diverses)

M. Michel Wolter *(CSV).*- …den elementare Contrôle vun der Chamber…

Une voix.- Dat do ass nach ni geschitt.

Une autre voix.- Dat do hate mer nach ni.

M. Eugène Berger *(DP).*- Et leien der nach do vun der leschter Regierung, déi den Här Wiseler nach misst beäntweren, där leien der nach do.

Une voix.- Awer net, wann en do steet. Net wann en an der Regierungsbänk ass.

M. le Président.- Also…

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Wann ech hei gefrot gi sinn, hunn ech ëmmer meng Froe beäntwert. Ech war eng Kéier…

M. le Président.- Zum Här Wolter, den Här Wolter huet recht, dass, wann déi zoustänneg Ministesch hei ass, dass drop geäntwert soll ginn. Ech kréien awer vun der Regierung gesot, dass hei d'Madame Dieschbourg drop äntwert.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Ma, dat kann dach net sinn.

M. le Président.- Jo, bon…

(Brouhaha général)

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Et ass eng Fro, déi si betrëfft.

M. le Président.- Also, ech mengen,…

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Le Gouvernement est un.

M. le Président.- Ech mengen zwar, Här Wolter, bei allem Respekt virun de Prerogative vun der Chamber, wann d'Regierung eis seet, dass et eng Ministesch X ass, déi drop ze äntwerten huet, dass een dat awer ka sécher gutthalen.

Une voix.- Bon, ech mengen net.

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Dat ass dann eng nei Verfahrensaart a -weis vis-à-vis vu virdrun.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Et ass eng nei Interpretatioun vum Chambersreglement, déi Dir maacht, Här President.

M. le Président.- Neen, ech kréie vun der Regierung gesot, dass et eng zoustänneg Ministesch ass, déi dorop äntwert, dann…

M. Michel Wolter *(CSV).*- Jo, déi aner ass do. Et deet mer leed.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir stelle fest, dass u sech d'Regierung momentan net wëllt äntwerten…

Une voix.- Loosse mer driwwer ofstëmmen!

Une autre voix.- Voilà!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- …op déi do Fro. Contrairement zum Reglement.

Une voix.- Loosse mer driwwer ofstëmmen!

M. Michel Wolter *(CSV).*- Loosse mer driwwer ofstëmmen, da kucke mer, ob se nach eng Kéier…

Plusieurs voix.- Loosse mer driwwer ofstëmmen!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Här President! Här President!

M. le Président.- Jo.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Och do mat allem Respekt fir d'Chamber, et wär awer gutt, wann déi Regelen, déi mer hunn, och géife respektéiert ginn.

Une voix.- Nawell.

(Brouhaha général)

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Den Här Wolter, den Här Wolter…

M. le Président.- Wann ech gelift, kommt, loosst eis dem Regierungsvertrieder nolauschteren.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Dir wäert jo net am Eescht mengen, dass ech amgaange sinn, Iech recht ze ginn, mat mengem éischte Saz. Wa mer Regelen hunn, wa mer Regelen hunn, da solle mer se wann ech gelift och respektéieren. Wann eng Fro un zwee Ministeren adresséiert gëtt, da war dat net de Choix vun der Regierung. Deen Deputéierten, deen d'Fro stellt, huet de Choix geholl, eng Fro ze stellen un zwee Ministeren. An et war nach ëmmer esou, dass déi Fro dann och vun zwee Ministere beäntwert ginn ass, och schréftlech.

(Interruption)

Wann an deem heite Fall, wann an deem heite Fall den Adressat falsch war, da war dat och net de Choix vun der Regierung, dass déi Fro un dee falsche geschéckt gëtt. Wann also hei e falschen Adressat,…

(Brouhaha général)

…e falschen Adressat ausgesicht gëtt vum Auteur vun der Questioun, da loosst wann ech gelift der Regierung och Zäit, fir déi Fro bei dee richtegen Adressat ze kréien.

Dir kënnt net soen, dat Eenzegt, wat gëllt, ass den Délai vun engem Mount, egal wéi vill par ailleurs falsch war an der Démarche. Deen Délai ass och gebonnen un de Respekt vum Resht vun der Démarche. An d'Regierung géif gären, wéi den Auteur vun der Fro et gewënscht huet, zu zwee drop äntwerten, sou wéi d'Fro et och gären hätt. Dofir kommt, mir bleiwe bei deem Prinzip: Wann eng Fro un zwee Ministere geet, dann äntwerten déi zwee Ministeren.

Ech kenne kee Fall, Här President, dass dann eng Fro gespléckt gi wier, dass deen een Deel haut beäntwert gëtt, deen aneren Deel an zwou Wochen. Kommt, mir fänken dat net un. Dat ass dann awer och en Ëmgang mam Reglement, vun deem ech mengen, dass deen eis alle béid an der Zukunft nëmme wäert Problemer schafen.

M. le Président.- Also, mir wannen heiansdo drun, wa mer bei esou Diskussiounen eist Chambersreglement zur Hëllef huelen. An eisem Artikel 80 Paragraph 5 steet: «À défaut de réponse du Ministre à une question dans le délai d'un mois, cette question pourra être posée oralement lors de la première séance publique de la semaine suivant l'expiration du délai de réponse accordé au Gouvernement par le Président de la Chambre.»

Bon, d'Chamber huet d'Fro den 1.4.2014 kritt. De Mount war den 1. Mee ofgelaf. Dat war d'lescht Woch. Déi Woch, déi duerno kënnt, ass déi hei.

(Interruption)

Méi steet am Reglement net. Dat heescht, wann déi Demande vun enger Fraktioun respektiv engem Deputéierte kënnt, adresséiert sech déi Demande un d'Regierung, net un en eenzelne Member.

(Interruption)

Dann…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Also, mir stelle fest, datt bei där heiter Fro mer op Basis vum Artikel 80 (5) mer deene Kritären entspriechen a mir géife gär déi Fro stellen. Mir gesinn och, datt vu Regierungsmemberen der dach eng Rei hei sinn, déi vläicht d'Fro net ganz kënne beäntwerten, mä déi en Deel dovunner kënne beäntwerten.

Ech mengen, datt mer bei all deene Froen, fir déi d'Regierungsmemberen haut ofgemellt waren, net insistéieren, fir déi beäntwert ze kréien. De toute façon hunn ech dat um Ufank net gefrot. Bei deenen, déi ugemellt waren, hu mer et gefrot. An déi géife mer gäre stellen, Här President.

M. le Président.- Jo, den Här Félix Braz.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- D'Regierung respektéiert natierlech den Entscheed vun der Chamber, mam Nodeel, dass déi Fro, déi un zwee Ministere gaangen ass, elo nëmmen zu engem Deel beäntwert gëtt.

Plusieurs voix.- Jo!

M. le Président.- Dat, mengen ech, ass eng räsonabel Propositioun. An et ass och näischt aneschters, mengen ech, vun der Chamber gefrot ginn. Déi Elementer, déi feelen, ginn dann deementspriechend nogeliwwert.

Voilà, da géif ech elo…

Ah, ech hunn nach en Hiweis kritt op eng Fro, déi net beäntwert ass. Dat ass déi iwwer Enovos.

Ass do d'Regierung an der Lag, fir drop ze äntwerten?

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- E bësse méi spéit.

M. le Président.- Kee Problem. Also, souwéisou komme mer elo un d'Heure de questions. An da kënne mer bei deene Froen, déi gestallt ginn, d'Ranguerdnung ouni Weideres beaflossen.

Ech géif Iech also froen, ob no deenen Diskussiounen, déi mer elo gefouert hunn, d'Regierung mam Ordre du jour d'accord ass. Ech mengen, dat war kloer, soudass mer elo zu der Heure de questions kënnen iwwergoen an no der Heure de questions op d'Äntwert zu deenen ausstoende Froe kënnen iwwergoen.

Déi éischt Fro - dat ass d'Fro N°26 vum 6. Mee, also vun haut - vum Här Guy Arendt betrëfft d'Verlängerung vum Führerschäin a si riicht sech un den Nohaltegkeetsminister. Den Här Guy Arendt huet d'Wuert.

5. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°26 du 6 mai 2014 de M. Guy Arendt relative à la prolongation du permis de conduire, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Guy Arendt *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn also d'Chance, dass den Här Minister do ass, fir mer meng Fro ze beäntwerten. Ech wëll op dëser Plaz eng Fro un den Här Nohaltegkeetsminister stellen, oder besser eng Erklärung froen, wat d'Verlängere vum Führerschäin ugeet.

Mat 50 Joer muss ee jo de Führerschäi verlängeren. Dat ass elo déi éischte Kéier. Natierlech zielt déi ganz Argumentatioun och fir spéider Verlängerungen. Am beschte géif ech Iech e Beispill gi mat Datumen, fir de Problem besser kënnen ze erklären.

Ech huelen un, dass eng Persoun, déi den 1. Juni 2014 hir 50 Joer kritt, also en neie Permis ausgestallt muss kréien. Hiren neie Permis gëtt dann, huelen ech un, den 29. Abrëll vun dësem Joer, ausgestallt. Et steet dann um Recto, ënnert dem Punkt 4A, Ausstellungsdatum den 29. Abrëll 2014. Ënnert dem Punkt 4B vum Führerschäin steet: Auslafdatum den 29. Abrëll 2024. Dann, wann ech op der Récksäit vun der Käertchen, wat neierdéngs jo dann elo de Permis ass, kucken, do steet ënnert dem Punkt 11 jusqu'au, also dat heescht bis den, den Datum vum 1. Juni ´24 fir déi verschidde Kategorien, fir déi de Permis ausgestallt ginn ass. Dat heescht, dat ass an deem Sënn de Gebuertsdatum vun deemjéinegen, deen de Permis huet.

Dee méigleche Problem ass, datt, wann déi Persoun nom 29. Abrëll 2024 ugehale gëtt an enger Kontroll an hiren neie Permis nach net huet, ass et onkloer, ob hire Permis zu deem Datum gülteg ass oder net.

Menge Fro also: Wat fir een Datum op de Permisen ass ausschlaggebend, fir ze wëssen, ob e Permis valabel ass oder net?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Arendt. An d'Wuert huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Erlaabt mer vläicht aganks awer eng kleng Remarque ze maachen. Ech wëll d'Chamber ganz sécher net kritiséieren, mä ech fannen et net ganz gutt, ech krut nämlech de 17. Abrëll vun der Madame Sylvie Andrich-Duval eng Question parlementaire gestallt, schréftlech, déi integral dat nämlecht erëmgëtt wéi dat, wat elo mëndlech hei gefrot gëtt.

An ech géif wierklech d'Chamber bieden, datt mer eis eng Kéier zesummen hei eens ginn, wéi mer dat uginn. Ech hunn zwar kee Problem, ech si bereet, se schréftlech ze maachen an nach eng Kéier mëndlech an duerno nach eng Kéier schréftlech. Dat ass mer egal. Mä ech mengen, dat ass net am Intérêt vun der Saach an och net am Respekt vun den Deputéierten, déi Froe gestallt hunn. Et misst een iergendee System fannen, datt awer hei e Filter agebaut gëtt, datt, wann eng Fro schréftlech kënnt, a mir sinn amgaang déi ze beäntwerten, datt se dann net zwou Wochen duerno nach eng Kéier mëndlech gestallt gëtt. Ech mengen, dat ass elo kee Reproche u keen. Mä ech mengen, et ass net ganz gutt, wa mer esou virginn.

Ech wëll dofir dann och hei profitéieren, dem Här Arendt ze äntwerten an der Madame Andrich an engems, wa se erlaabt. Si kritt awer selbstverständlech och gär vu mir nach d'Fro schréftlech beäntwert.

Ech mengen, déi dote Problematik, déi ass scho vill an der ëffentlecher Diskussioun gewiescht. A mir sinn och amgaangen, also meng Servicer sinn amgaangen, dat doten ze analyséieren, fir ze kucken, ob mer net kéinten haaptsächlech déi Eejoresperiod ab deem ganz héijen Alter do e bëssen allégéieren. Dat ass allerdéngs net esou einfach, well do stelle sech e puer Problemer.

Éischtens musse mer kucken, datt mer e Bilan emol fir d'Éischt zéien iwwert d'Stroossen, iwwert d'Accidenter op der Strooss. Well, wann dat gemaach gëtt, déi méi kuerz Délaien ab engem gewëssenen Alter, fir mussen de Führerschäin ze erneieren, dann huet dat jo och e Grond. Mir maachen et jo net, well eis näischt méi Gescheites afält, mä et ass jo awer och, well mer eis, zu Recht, Suerge maachen, datt - an ech mengen, dat betrëfft jiddweree vun eis ab engem gewëssenen Alter - awer d'Reflexer manner gutt ginn an esou weider. An ob et dann net awer ubruecht ass, och verschidde Krankheetsbiller kënne sech erginn, fir méi oft ze kontrolléieren. Dat heescht, mir musse kucken, ob wierklech d'Stroossenaccidenter, awéifern déi mat esou Fäll zesummenhänken. Mir mussen och d'Commission médicale froen. Mir mussen eng Kéier kucken, wéi d'Experienze sinn.

An dat, wat nach méi wichteg ass, mir mussen och kucken, wat an deenen anere Memberstaten an der Europäescher Unioun existéiert. Well et huet jo kee Wäert, datt mir hei zu Lëtzebuerg elo géife soen, mir maachen eng méi allégéiert Situatioun, an da géif dat zu Schwieregkeete féieren am Ausland.

A selbstverständlech, an dat hat d'Madame Andrich och gefrot, ob een do d'Amiperas net kéint abannen an déi ganz Consultatiounen, selbstverständlech wëlle mer dat maachen. Dat heescht, mir sinn amgaang doriwwer nozedenken. Mä ech mengen, dat brauch e bëssen Zäit. An dann hoffen ech, datt mer eng Léisung fannen, déi deem Problem kéint entgéintkommen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Bausch, deem ech ganz recht ginn, wat déi schréftlech an d'Froen an der Froestonn ugeet. Ech muss allerdéngs soen, dass déi Froen, déi eraginn an der Froestonn, heiansdo esou libelléiert sinn, dass een dee Parallelismus net onbedéngt ka feststellen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Hei war et awer zimlech kloer.

M. le Président.- Jo, mä hei steet, an engem Saz: „au sujet de la prolongation du permis de conduire".

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo.

M. le Président.- Dat ass da ganz schwéier nozevollzéien. Et ass bal onméiglech. Aus där Experienz vu virdrun hunn ech bei esou Froen ëmmer nogefrot, wat genee gemengt ass, esou dass et awer vläicht net géif schueden, wann ee liicht méi géif spezifiéiere wéi zwee Wierder iwwer eng Fro; dat géif der Regierung d'Aarbecht e bësse méi einfach maachen. Eis och an der Selektioun, wat d'Recevabilitéit ugeet, wa scho schréftlech Froe virleien, och wann déi nach net beäntwert sollte sinn. Also mat Bitte ëm Versteesdemech fir d'Situatioun vun deene verschiddene Säiten.

Voilà, dat gesot, géif ech zur nächster Fro...

Jo, den Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech wollt just d'Remarque maachen, datt am Prinzip, wann ech mech gutt erënneren, et esou gehandhabt ginn ass, wann d'Recevabilitéit vun enger Question orale geholl ginn ass an et war schonn eng Question écrite similaire parallèle do, déi bal d'selwecht war, datt bei där Fro probéiert gouf ze regruppéieren. An d'selwecht, datt den Auteur vun der Question écrite och d'Méiglechkeet hat, seng Fro dann hei ze stellen, wa se parallell war.

M. le Président.- Jo.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President...

M. le Président.- Den Här Bausch an da vläicht och eng Prezisioun...

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech wëll awer just dozou soen: Ech hu kee Problem domadder, mä et muss een awer och bedenken, datt jo awer och am Ministère Aarbecht hannendrustécht. An et huet awer och kee Wäert, datt mer d'Aarbecht duebel maachen. Dat heescht, datt d'Beamten opgehale gi mat enger Aarbecht, fir eppes schréftlech ze beäntwerten op där enger Säit, wat ech dann hei amgaange sinn, zur gläicher Zäit hei mëndlech ze beäntwerten.

Dofir wär ech frou, wann d'Chamber géif eng Solutioun fannen, déi eis alleguerte géif d'Saach méi kloer maachen, an datt mer net duebel awer Aarbecht maachen.

M. le Président.- Merci. Dozou sief och gesot, dass et net schuet, wa mer et signaléiert kréien. Da géife mer se eventuell nach virun hallwer dräi vum Ordre du jour erofhuelen, esou dass mer do vläicht sollte probéieren, mat e bësse guddem Wëlle vun all de Säiten, esou Iwwerschneidungen ze évitéieren.

Déi nächst Fro kënnt vun der Madame Martine Hansen an et geet ëm d'Formation professionnelle. Déi Fro riicht sech un den Éducatiounsminister respektiv un de Statssekretär aus dem Éducatiounsministère. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°27 du 6 mai 2014 de Mme Martine Hansen relative à la formation professionnelle, adressée à M. le Secrétaire d'État à l'Éducation nationale, à l'Enfance et à la Jeunesse

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den 11. Mäerz hat ech dem Här Minister Meisch op dëser Plaz eng Rei vu Froen zur Formation professionnelle a speziell zu de Rattrapagen an de Remédiatioune gestallt. Déi Instruktioun, déi elo un d'Schoule verschéckt ginn ass, sollt Kloerheet an dës Problematik bréngen.

Här Statssekretär, vun deene fënnef Punkten, déi an der Instruktioun opgezielt ginn, ass just ee richteg nei. Well ech mengen, et ass allen Direktioune bekannt, datt si bei engem Refus de travail vum Schüler kënnen eng Mesure disciplinaire ergräifen. Et ass och bekannt, datt eng Remédiatioun mat Épreuve kann ee Rattrapage ersetzen. An et ass och bekannt, datt d'Évaluatioun vun de Moduler soll de façon continue sinn.

Mä deen ee richteg neie Punkt werft eemol méi vill Froen op. Hei geet et ëm d'Schüler op der 12e Technicien oder der 11e DAP plein temps, déi riskéieren, falls si normal an dat nächst Schouljoer kéimen, net all Moduler während hirer Schoulzäit nohuelen ze kënnen.

Wann de Régent dat feststellt, kann hien, laut Ärer Instruktioun, um Enn vum Schouljoer dem Conseil de classe eng Mesure individuelle de rattrapage proposéieren. Dës Mesure individuelle besteet doranner, datt de Student fir dat nächst Schouljoer op senger aler Klass, der 12e Technicien oder der 11e DAP, ageschriwwe bleift, datt hie während deem Schouljoer een Horaire vum Direkter gemaach kritt, wou op där enger Säit Moduler ugebuede ginn, déi nach nozehuele sinn, op där anerer Säit och schonn eventuell Moduler vun der nofolgender Klass kënne beluecht ginn.

Dat héiert sech vläicht ganz gutt un, mä d'Studenten hu jo net nëmmen d'Moduler vun der 11e, wou si dann ageschriwwe bleiwen, wann ech elo emol beim DAP bleiwen, nozehuelen, mä eventuell och nach eng ganz Partie vun der 10e.

Dann hu leider och net all Schüler déiselwecht Moduler nozehuelen. Déi verschidde Moduler hunn och nach ganz ënnerschiddlech Wochestonnenzuelen. Den Direkter muss also Stonnepläng à la carte organiséiere fir déi eenzel Schüler vu Moduler vun der 10e, der 11e an eventuell, wann dann nach Plaz an deenen eenzelne Schwäizer-Kéis-Stonnepläng bleift, ech nenne se elo emol esou, probéieren, d'Lächer am Stonneplang opzefëlle mat Moduler vun der 12e. Dës Moduler missten dann awer och nach zoufälleg an dës Lächer vum Horaire erapassen an och nach stonneméisseg de fräie Plagen entspriechen.

Dofir meng Froen:

Éischtens, wéi mengt Der, datt dës Mesures individuelles vun de Schoulen ze organiséiere sinn? Zweetens, stellt Der de Schoulen déi noutwendeg Moyenen, Déchargen zur Verfügung, fir dëst ze maachen? Dir schwätzt vill vun Déchargëkierzungen. Ech mengen, hei misste se éischter erhéicht ginn. Drëttens, firwat kréien d'Concomitanceklassen net och eng zousätzlech Chance ugebueden?

Hei schwätzt Der just vun engem Appui facultatif, dee kéint zousätzlech zum Rattrapage ugebuede ginn, ausserhalb vun de Schaffstonne vum Léierjong oder -meedchen. Ass dat konform zum Aarbechtsrecht?

Véiertens, dem Gesetz no dierf de Student am Regelfall just een zousätzlecht Joer maachen, oder hie muss säin Ofschloss am Lifelong-learning maachen.

M. le Président.- Madame Hansen, Dir sidd elo...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech hu just nach eng Fro. Dann nach séier...

M. le Président.- Dir sidd elo eng Minutt 30 iwwer Är Zäit. Et ass d'Äntwert, déi véier Minutten huet, an net d'Fro.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Zielt dëst zousätzlecht Joer zu deene véier Joren? A wéini hutt Der wëlles, d'Gesetzestexter respektiv de Gesetzestext an d'Reglementer ze änneren?

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Marc Hansen, Statssekretär am Éducatiounsministère.

M. Marc Hansen, *Secrétaire d'État à l'Éducation nationale, à l'Enfance et à la Jeunesse.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren dann, a véier Minutten Äntwerten op d'Froen ze ginn, déi och esou laang gedauert hunn. Dat gëtt wahrscheinlech schwéier, fir se alleguerten direkt ze beäntwerten. Ech probéieren awer, e Koup un Elementer mat op de Wee ze ginn, déi Iech dann déi Äntwerte ginn op déi Froen, déi Der gestallt hutt.

Ee Constat muss ee maachen: Den 19. Dezember 2008 ass dat dote Gesetz iwwert d'Formation professionnelle jo hei an der Chamber gestëmmt ginn. An ee Constat, deen déi nei Regierung gemaach huet, dat ass natierlech, wann ech alleguerten déi Punkten elo géif opzielen, mat deenen et Problemer gëtt, och an der Organisatioun, da wär ech och scho vill méi laang amgaang wéi déi véier Minutten, déi ech zur Verfügung hunn. Et ass eng Urgence gewiescht, wéi déi nei Regierung do ugetrueden ass, fir an deem dote Kontext eppes ze maachen.

An ech mengen, d'Problemer, déi si bekannt gewiescht. Et ass awer virdrun ni eppes gemaach ginn, esou dass déi heite Regierung sech elo an der Flicht gesinn huet, fir ze probéieren, e Koup un Hëllef ze liwweren, fir dat doten eenegermoossen ze arrangéieren, an dat am Sënn vun de Schüler. Well Dir hutt et ganz kloer gesot, do sinn e ganze Koup u Modulen, déi amgaang sinn opzelafen.

Do riskéieren Honnerte Schüler, déi a verschiddene Formatiounen de Wee gemaach hunn, herno net erauszekommen, keng Qualifikatioun ze kréien an dowéinst dann op engem Aarbechtsmaart ze stoen an net kënnen ënnerdaach ze kommen. Dat ass e reelle Problem. An do gouf elo mat där Circulaire...

(Interruption)

Mat där Circulaire, déi de 24. Abrëll elo erausgaangen ass un d'Ministeren, un déi verschidde Lycéeën...

(Interruption)

M. le Président.- Wann ech gelift, just den Här Hansen huet d'Wuert. Wa mer streng sinn, da si mer och zu alle Säite streng, Här Wolter.

M. Marc Hansen, *Secrétaire d'État à l'Éducation nationale, à l'Enfance et à la Jeunesse.*- Ech soen Iech Merci, Här President. Et gouf ee Punkt, deen Der ernimmt hutt, deen natierlech mat ganz vill organisatoreschen Oplage verbonnen ass, déi och alleguerten elo ze léise sinn. A wann dat doten net geschitt wär, da wär déi Problematik entstanen, déi ech kuerz ëmrass hat.

Wéi ass et zu där do Circulaire komm? An dat ass, mengen ech, dat, wat wichteg ass. An dem Gesetz vun 2008 gëtt et e Comité de pilotage. Do ass, nieft dem Vertrieder vun dem Ministère, de Service de la formation professionnelle mat dran. Dann ass d'CSL mat dran, d'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce, de Collège des Directeurs si mat dran. Et sinn och nach zwee Coordinateuren, wat zwee Enseignantë sinn, an deem Comité de pilotage mat dran. An alleguerten déi dote Leit sinn an där Zäit, an där kuerzer Zäit, mat un den Dësch gesat ginn, fir eng Léisung ze sichen. Dat heescht, déi ware sech alleguerten där doter Problematik bewosst. A si hunn op déi dote Problematik probéiert, eng kuerz an eng kuerzfristeg Léisung an där éischter Phas ze fannen, déi Der och vläicht am Communiqué gelies hutt, fir kënnen deem doten entgéintzewierken.

Dat heescht, souwuel - wéi Dir elo d'Fro gestallt hutt: Wéi ass et mat den Direkteren, wéi ass et mat den Enseignanten? - déi waren an deem Comité de pilotage mat dem Projet mat befaasst vun där Circulaire ministérielle, déi erausgaangen ass. An déi hunn deem alleguerten zougestëmmt. Dat war eng unanime Décisioun, déi geholl ginn ass vun deem Comité de pilotage. An do war och de Collège des Directeurs vertrueden. Dat heescht och hannendrun d'Direkteren, déi dat och presentéiert kritt hunn, konnten alleguerte mat där dote Léisung liewen. Wat sécher eng Iwwergangsmesure ass, mä déi huet awer missen elo geholl ginn, fir dass mer net e Problem kréien an herno keng Qualifikatioun méi hu fir déi Leit, an dass se zum Schluss vun hirer Formatioun vun eenzelne Moduler déi Rattrapagen net kéinte maachen. Dat heescht, dat ass am Accord mat deene gemaach ginn, an déi si sech där Saach bewosst a wäerten dat dann och deementspriechend ëmsetzen.

Dann, am Communiqué hutt Der och vläicht gelies, dass dat doten deen éischte Wee ass, déi Circulaire, fir kuerzfristeg Léisungen ze proposéieren. An enger zweeter Etapp kommen d'Amendementer dann zu dem Gesetz a Règlements grand-ducaux, fir dat doten ze adaptéieren. Déi ginn am Moment mat deemselwechte Comité de pilotage ausgeschafft, fir ze probéieren, och do esou séier wéi méiglech nach méi déifgrënneg un déi Reform erunzegoen a fir déi Reform vun 2008, fir déi do ze ajustéieren, wou se net d'Schinn hält. Et ginn e ganze Koup vu Problemer, déi wäerten elo ajustéiert ginn. An an där Phas ass de Ministère amgaang dann ze schaffen, fir dann och do hannendru méi déifgrënneg kënnen hannendrun ze goen.

Ech soen Iech Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären.

M. le Président.- Merci och dem Här Marc Hansen. Déi nächst Fro kënnt vum Här Roger Negri an et geet iwwert de Kaméidi oder den angebleche Kaméidi, dee vun der neier bloer Bréck beim Verkéier ausgeléist gëtt. An d'Fro riicht sech un den Här Nohaltegkeetsminister a Bauteminister. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°28 du 6 mai 2014 de M. Roger Negri relative aux nuisances sonores provoquées par la circulation automobile sur le pont provisoire dit «blo Bréck», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, op der provisorescher Bréck, niewent dem Pont Adolphe, ginn et jo akustesch Problemer, déi, wéi mer héieren hunn, och a kierzester Zäit, wahrscheinlech nach dës Woch, solle behuewe ginn. Do wär et interessant ze wëssen, wéi dat geschitt. Iwwer Amortisseuren oder Ënnerleeungen? Well do Stol op Stol reift oder iergendwéi aus welchem Grond.

Déi Fro, déi sech awer stellt, dat ass, ech mengen, et ass vun Ufank un, virum Bau, versprach ginn, dass deenen akustesche Problemer géif Rechnung gedroe ginn. An déi Fro, déi sech elo einfach stellt, ob et sech elo hei ëm en Imprévu handelt duerch de Bau. Dat géif mech interpelléieren, well schliisslech geet et hei ëm mechanesch an dynamesch Kräften, grouss Kräften, déi do vun der Bréck erof wierken, wou een och da sech d'Fro kéint stellen, ob dat eppes mat der Stabilitéit ze dinn huet. Dofir wär ech do ganz frou, wann den Här Minister mer dorop géif eng Äntwert ginn.

An dann eng aner Suggestioun vläicht. Wann déi akustesch Problemer net géifen oder kéinte behuewe ginn, ob et net géif Sënn maachen, eng Geschwindegkeetsbegrenzung op der Bréck, zum Beispill vun 30 Kilometer an der Stonn, ze maachen?

Ech soen dem Här Minister Merci am Viraus fir seng Äntwert.

M. le Président.- Merci dem Här Negri. An d'Wuert huet den zoustännege Minister, den Här François Bausch.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech wollt dem Här Negri och Merci soe fir déi Fro. Bon, ech mengen, dat ass en Imprévu, deen do virkomm ass bei där Bréck. Dat ass awer keen dramateschen. Ech kann Iech direkt berouegen. D'Fro huet sech gestallt haaptsächlech bei Poids lourds, déi driwwer gefuer sinn, dat heescht Bussen oder Camionen. An et ass esou, datt et ze dinn huet mat Schrauwen oder Boulonen vill méi, déi agedréit sinn - ech hunn och eng schéi Foto hei, fir déi, déi interesséiert sinn, kann ech se herno weisen -, déi effektiv op d'Eise reiwen an doduerjer dat Gequiitschs do entstanen ass.

Dat ass awer elo genau analyséiert ginn. An déi Plaze ginn deementspriechend ausgebessert, dat heescht, déi Boulonen do ginn ersat duerch anerer, wou dann och nach eng Kautschukschutzfolie ronderëm ass, déi wäert maachen, datt dat Gequiitschs dann do ophéiert.

Déi Aarbechte sinn och amgaange scho vum 30. Abrëll un. Et ass och schonn e gutt Stéck besser ginn. An déi wäerten an deenen nächsten Deeg, bis Enn der Woch och ofgeschloss sinn an da misst dee Problem behuewe sinn. Ech wëll am Numm vun der Regierung mech dofir formell entschëllege bei deene Leit, déi puer, déi ënnendrënner wunnen, déi vun den Nuisancë betraff waren. Dat sinn ebe Saachen, déi kënnen emol einfach virkommen. Mä ech mengen, et ass séier behuewe ginn a spéitstens ab e Sonndeg wäert d'Gequiitschs opgehéiert hunn.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem François Bausch. Déi nächst Fro kënnt vum Här Fernand Kartheiser, riicht sech un d'Madame Kulturminister a geet ëm d'Ënnerstëtzung fir Lëtzebuerger Schréftsteller an Iwwersetzer. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°29 du 6 mai 2014 de M. Fernand Kartheiser relative aux aides pour les écrivains et traducteurs luxembourgeois, adressée à Mme la Ministre de la Culture

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Madame Minister, am Kulturministère ass all Joers eng kleng Zomm, also eng relativ modest Zomm vu manner wéi 40.000 Euro virgesi fir materiell Ënnerstëtzung vu Lëtzebuerger Auteuren, woubäi awer opfält, datt elo déi Lëtzebuerger Iwwersetzer net extra ënnerstëtzt ginn, wat awer vläicht ganz wichteg wär. Et ass eigentlech onbestridden, datt eng gutt Iwwersetzung eng eege Literaturform ass. A mir hunn och an deene leschte Joren eng ganz Rei vu qualitativ héichwäertegen Iwwersetzungen op Lëtzebuergesch vun auslännesche Wierker gehat.

Elo ass et awer esou, datt am Kulturministère zwar d'Iwwersetzung vu lëtzebuergesche Wierker op aner Sproochen ënnerstëtzt gëtt. Do sinn zum Beispill Saachen ënnerstëtzt gi wéi d'Iwwersetzung vun engem norwegesche Buch op Englesch oder d'Iwwersetzung vun engem Lëtzebuerger Auteur vun engem italieneschen Text op Franséisch, mä wat e bësse feelt, dat ass d'Iwwersetzung oder d'Hëllef fir Iwwersetzunge vun auslänneschen Texter op Lëtzebuergesch, well do sinn heiansdo ganz héich Droits d'auteur ze bezuelen. A well hei zu Lëtzebuerg d'Oploe vu Bicher op e puer Honnert Exemplairen, wann et héich kënnt op dausend oder liicht méi sinn, dann ass dat net rentabel an et behënnert d'Iwwersetzung vun auslännesche Wierker op Lëtzebuergesch.

Dofir wär et eng Suggestioun, an ech wollt froen, ob d'Madame Minister do d'accord wär, fir an hirem Budget och dofir Sue virzegesinn, ëmsou méi well mer jo och gesinn hunn, datt am Ausland bei anere Sproochen, déi vun net ville geschwat ginn, wéi zum Beispill Islännesch, déi konsequent a systematesch Iwwersetzung vun auslännesche literaresche Wierker an hir eege Sprooch ganz vill zur Entwécklung vun där Sprooch bäigedroen huet.

Dohier meng Fro un d'Madame Minister: Wier Dir bereet, och esou Iwwersetzunge vun auslännesche literaresche Wierker op Lëtzebuergesch an deem Sënn ze ënnerstëtzen, datt déi Leit, déi dat wéilte maachen, notamment d'Droits d'auteur kéinte bezuelt kréien?

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet elo d'Madame Kulturminister Maggy Nagel.

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.*- Här President, honorabel Deputéiert, wéi gesäit et mat der Promotioun vun de Lëtzebuerger Schrëftsteller an den Traducteure vum Kulturministère, wéi gesäit dat do aus?

Et ass selbstverständlech eng Villfalt vun Hëllefen a Subventiounen, déi am Joer ausbezuelt ginn. De Ministère huet nach ëmmer déi Productions littéraires ënnerstëtzt, engersäits duerch eng jährlech Organisatioun vun engem Concours littéraire national, dee säit ´78 besteet fir all Leit wunnhaft a Lëtzebuerg, déi an deem Fall sinn, och gutt sinn. D'Dotatioun an de Sujet vum Concours, déi ginn duerch de Conseil national vun der Literatur fixéiert. An do ass och e Montant vu 6.750 Euro am Budget dran. Wat d'Attributioun ugeet all dräi Joer vum Prix Batty Weber - ´87 ass deen an d'Welt geruff ginn -, deen ass, fir eben e Gesamtwierk vun engem Lëtzebuerger heitege Schrëftsteller ze honoréieren, an dat duerch eng Dotatioun vun 10.000 Euro.

Dann hu mer d'Primes à la publication. Do geet et ëm d'Primen, déi d'Auteure kréie fir all nei Publikatioun a Création littéraire, d'Belles-Lettres, op Demande vum Auteur an déi gi fixéiert duerch e Comité des primes à la publication. Do sinn 29 Auteuren 2013 priméiert gi mat engem Montant vu 16.900 Euro (veuillez lire: 16.550 Euro).

Dann hu mer d'Bourse d'aide à la création, eng Aide financière, déi kann accordéiert ginn op méi Méint. Se soll exceptionnel Projeten ënnerstëtzen a se soll och dem Artist d'Méiglechkeet ginn, fir en Deel vu senge Käschten ze decken. 2.500 sinn 2013 ausbezuelt ginn.

Da gi Frais de voyages à charge geholl vun Auteuren, déi invitéiert ginn op e Festival littéraire étranger, 8.400 Euro (veuillez lire: 8.401).

Dann ënnerstëtze mer Résidences d'auteur. Zu Lëtzebuerg hu mer de „Struwwelpippi kommt zur Springprozession", e Projet d'échange finanzéiert vum Kulturministère a Kollaboratioun mat der Iechternacher Gemeng: 13.000 Euro. Eng Résidence du Pont d'Oye an der Belsch, wou de Ministère de la Culture och d'Frais de séjour en charge hëlt: 2.250 Euro. Do hate mer 2013 kee Kandidat.

Dann d'Résidence d'auteur an der Türkei „Turquie poésie francophone", wou de Ministère de la Culture och d'Frais de séjour à charge hëlt.

Da ginn Aiden un A.s.b.l.en an Établissements publics. Fir nëmmen der e puer ze soen: Freed um Liewen, um Liesen - och um Liewen -, 15.000 Euro; Printemps des Poètes, 10.000 Euro; de Radio socioculturel 100,7, dee vum Ministère finanzéiert ass, dat ass awer elo alles eriwwergaange bei den Etat, hu mer jo héieren am Budget.

A säit 2010 hu mer och d'Méiglechkeet duerch d'Gesetz, déi ëffentlech Bibliothéiken ze ënnerstëtzen. E Montant 2013 vun 350.000 Euro (veuillez lire: 351.373 Euro).

Kulturell Instituter vun dem Kulturministère selwer, d'Nationalbibliothéik zu Lëtzebuerg, d'Promotioun vu Lëtzebuerger Artisten, do geet et 2013 ëm 3.475.000 an 2014 ëm 3.325.000 Euro (veuillez lire: 3.325.082 Euro).

De Centre national de littérature, en Institut culturel vum Ministère de la Culture, e Centre de recherche documentaire fir d'Lëtzebuerger Literatur, e Centre d'animation socioculturelle, alles ronderëm d'Buch an d'Lektür, mat 2013 a 2014 deeselwechte Montant 268.500.

Da ginn et Aides aux éditeurs, Aides à la traduction. Dës Hëllefe concernéieren d'Traduction vu wichtege Wierker fir de Patrimoine vun eisem Land a si gefrot vun de Maisons d'édition étrangères, déi interesséiert sinn duerch d'Publikatioun, wat eis Sprooch ugeet vun eisem Land, oder wat d'Wierker vun eise Lëtzebuerger Auteuren ugeet, dat mat 38.155 Euro am 2013er Budget.

Eng Konventioun hu mer mat de Lëtzebuerger Bicherédituren, eng Dotatioun vu 60.000 Euro a 54.000 Euro (veuillez lire: eng Dotatioun vu 54.000 Euro). Plus supplementar ënnerstëtze mer Lëtzebuerg, e Gaaschtland zu Karlsruhe op der Foire vun dem Buch am November, mat 15.000 Euro. En Avenant, deen zu där Konventioun och gemaach ginn ass.

Dann eng Aide financière fir d'Éditeurs luxembourgeois a op de Salons internationaux du livre. De Kulturministère bezilt do e Stand, deen zwar dee bëllegsten ass, mä awer si mer präsent.

Dann ënnerstëtze mer Revues culturelles, wéi zum Beispill: Nos Cahiers, Cliärrwer Kanton, Galerie, Forum, Transkrit an esou weider. D'Promotioun vum Lëtzebuerger Buch konkretiséiert sech schlussendlech am Laf vum Joer duerch regelméisseg Akeef vu Bicher bei den Éditeuren. Mir schécken och déi Bicher dann un d'Ambassaden an un d'Bibliothéiken.

Dat anert alles, wat Der gesot hutt vun Traductiounen, kann ech Iech soen…

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ah, Dir kommt elo zur Fro!

Une voix.- Ma ja!

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.*- Jo, Är Fro hat awer och dat do gefrot.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dat hat ech net gefrot. Dir hutt mer bis elo de Rapport annuel virgelies.

M. le Président.- Jo, wann ech gelift, loosst d'Madame Nagel schwätzen, well si ass schonn amgaangen, hir Zäit ganz seriö ze dépasséieren…

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.*- Dat mécht näischt. Ech soen nach just…

M. le Président.- …, mä vu dass se eng Kéier op der Oppositiounssäit bei den Deputéierten iwwerschratt ginn ass, géif ech et och eng Kéier bei der Regierung duerchgoe loossen…

(Hilarité et interruptions)

…an awer déi nächst bieden, sech strikt drun ze halen am Sënn vum Équiliber. Madame Nagel, Dir hutt nach e puer Sekonnen.

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.*- Merci, Här President.

Wat d'Hëllefe bei der Traductioun ugeet, d'Subventioun, déi accordéiert gëtt, fir d'Traductioune vun Ouvragen, littéraire Ouvragen, déi scho publizéiert gi si vun engem Lëtzebuerger Auteur oder engem Auteur, deen zu Lëtzebuerg wunnt, oder eng Traductioun vun engem auslänneschen Ouvrage, déi e reelle kulturellen Interesse fir de Patrimoine vum Grand-Duché hunn, do gëtt et e spezielle Comité. Dee spezielle Comité décidéiert, ob d'Opportunitéit do ass, fir esou ee Wierk ze iwwersetzen, an och iwwert d'Subventioun. Dee Comité ass mat fënnef Membere besat, an 2013 sinn, wéi Der effektiv gesot hutt, eng ganz Rei Traductioune gemaach ginn an der Héicht vun 38.155 Euro. An do si verschidde Wierker a verschidde Sproochen ëmgesat ginn. Do ass e Buch an d'Serbescht iwwersat ginn, a Rumänesch an Englesch a Spuenesch an Italienesch a Bulgaresch an op Franséisch. An do ass et och an Zukunft esou virgesinn, datt mer och Aiden do wëlle fräiginn, fir Bicher op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen.

Här Kartheiser, Här President, ech hoffen, datt den Här Kartheiser dann elo schlussendlech da seng Äntwert kritt huet. Mä ech wollt awer komplett sinn, well en huet ugefaangen, datt nëmme ganz wéineg Kreditter am Budget stinn. Mä dat do ass awer en décken Deel, wat d'Aiden an d'Subventioune vum Stat, wat d'Promotioun vun de Lëtzebuerger Schrëftsteller an Traducteuren ugeet, virgesinn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Nagel. Ech wëll hir just soen, dass se bei siwe Minutten ukomm ass. Dat ass am Verhältnis zu deenen zwou Minutte vu virdru proportionell gerechent. Ech wëll och jiddwer Kolleege soen, dass ech ab sofort d'Auer strikt wäert handhaben.

Den Här Adam, dee fir seng Kierzt bekannt ass, ass dann deen Éischten, deen dat wäert erliewen.

(Hilarité et interruptions)

Et geet a senger Fro un den Här Nohaltegkeetsminister ëm de Lancement vun engem Projet Bike & Ride op der Gare Miersch.

- Question n°30 du 4 mai 2014 de M. Claude Adam relative à la gare de Mersch, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech stellen dem Här Minister Bausch eng Fro iwwert d'Situatioun vum Vëlo zu Miersch op der Gare. An ech wëll mech och kuerzfaassen, erlaabt mer awer trotzdeem, datt ech meng Fro e bëssen encadréieren.

Dir wësst, datt d'Mierscher Gare eng Pilotgare ass. Dat huet eng ganz Rei Avantagë fir déi Leit, déi zu Miersch mam ëffentlechen Transport fueren. Ënner anerem gesäit een owes, a wéi enger Gare datt een ass, et ass e Lift do fir bei der Unterführung, an et si bausse Panneauen. Et ass alles flott. Et ass awer esou, datt eigentlech ëmmer den Aspekt Vëlo gefeelt huet op där Gare. Et war näischt Extraes virgesinn, fir déi Leit, déi mam Vëlo op d'Gare géife kommen.

Net méi spéit wéi virun zéng Deeg - wann ech mengem Buergermeeschter däerf gleewen - am breetste Souterrain, do ass ee Graffiti ageweit ginn, deen zesumme mat Schoule gemaach ginn ass, an do huet dann den Direkter vun der Eisebunn gesot, et wier och eppes um Kommen, wat d'Vëlosinfrastruktur op der Mierscher Gare géif betreffen. An dat huet mech natierlech interesséiert.

An dofir stellen ech dann dem Minister d'Fro, wat dann elo genau virgesinn ass op der Mierscher Gare an eventuell och ob dat och a Pilotform ass an ob dat den Ufank vun enger Entwécklung am Uelzechtdall ass.

Merci.

M. le Président.- Merci villmools och dem Här Adam. An d'Wuert huet den Här François Bausch, den Nohaltegkeetsminister, deen an dem Dauerbetrib ass.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech soen dem Här Adam och Merci an och fir seng Begeeschterung fir Miersch a seng Gare. An ech kann him soen, datt den Direkter vun der Eisebunn do eppes ugekënnegt huet, wat richteg ass a wat och fir geschwënn ass.

Dir wësst jo, datt mer elo viru Kuerzem de Parc, pardon, de Ride & Bike op der Gare Lëtzebuerg - deen éischten - ageweit hunn, an do kënnt och nach ee bäi op e Quai vun der Gare Lëtzebuerg an datt et souwéisou an der Philosophie läit vun dem MoDu-Konzept, an donc och vun der Eisebunn, fir ze versichen, méiglechst vill Garen ze kombinéieren, sief et mat Bus, mat Auto, awer och natierlech mam Vëlo. An Vëlosinfrastruktur huet vill gefeelt op de Garen.

An duerfir ass Miersch erausgesicht ginn, well Miersch och schonn effektiv e bëssen e Pilotprojet war an der Erneierung vun de Garen en général, fir een éischte méi gréissere Projet ze maachen, deen dann och soll awer ausgedehnt ginn op zimlech all gréisser Garen am Land respektiv op méi kleng Garen, do kommen natierlech méi kleng Infrastrukturen. An duerfir wäert tëschent dem 12. an dem 16. Mee, also an där Woch, deen éischte Système modulaire vun esou engem Vëlosparking op der Gare Miersch installéiert ginn. Dat ass e Modul, wou am Fong insgesamt 40 Vëloen draginn. Dat gëtt op zwou Etagen, esou e System mat esou enger Maschinn, déi ee kann erauszéien, also ofgespaart, soudatt jiddweree säi Vëlo kann, wann en den Zuch wëllt huelen, sécher do ofstellen an och erëm sécher mat ewechhuelen.

De Käschtepunkt vun deem System do zu Miersch ass 50.000 Euro. An, bon, wéi gesot, et si 40 Vëloen, déi dra Plaz hunn. An dat ass net onwesentlech, well de Vëlo kann haaptsächlech fir déi Leit, déi am Mierscher Raum selwer direkt wunnen, e ganz wichtegen Zoubrénger zum Zuch sinn, an et ass dann net nëmmen e Virdeel, fir datt mer den „modal split" verbessert kréien, insgesamt zugonschte vum ëffentlechen Transport an der Mobilité douce, mä et bréngt der Eisebunn och zousätzlech Clienten.

Mir hunn do zu Lëtzebuerg e groussen Nachholbedarf. Wann Der kuckt a Länner wéi an der Belsch oder an Däitschland, vun Holland guer net ze schwätzen, wat eis Nopeschlänner e bësselche sinn, do ass dat scho längstens eng grouss Traditioun, mat engem enorme Succès. An duerfir wäerte mer dat do och weiderentwéckelen.

Ech denken och drun, an der Gare Ettelbréck, wou de Gesetzesprojet elo relativ a kuerzer Zäit wäert fäerdeg sinn, och do esou eppes ze installéieren. Souguer eventuell e Schrack méi wäit ze goen, och nach vläicht eng Reparaturwierkstat kombinéiert mat engem soziale Projet ze installéieren zu Ettelbréck.

Also, Miersch wäert schonn e bësselchen do eng Virreiderroll spillen, well se als Éischt sinn, déi elo deen neie Modul do kréien, mä, wéi gesot, d'Zilsetzung ass awer, fir datt mer dat doten dann op d'ganzt Land ausdehnen.

M. le Président.- Merci dem Nohaltegkeetsminister. Déi nächst Fro kënnt vun der Madame Nancy Arendt, riicht sech un den Éducatiounsminister respektiv de Statssekretär aus dem Éducatiounsministère a geet ëm d'Organisatioun vun de Schwammcoursen am Primaire.

- Question n°31 du 6 mai 2014 de Mme Nancy Arendt relative à l'organisation des cours de natation dans l'enseignement fondamental, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Merci, Här President. Här Statsminister - entschëllegt, Här Statssekretär, selbstverständlech -, an der Circulaire ministérielle fir d'Gemengen iwwert d'Schoulorganisatioun fir d'Rentrée 2014/2015 kënne mer liesen, dass ab dem nächste Schouljoer d'Schwammcoursë vum Titulaire de classe oder sengem Remplaçant gehale wäerte ginn. Wann een dat gleeft, wat gëschter am „Lëtzebuerger Wort" stoung, esou ass d'Basisformatioun vum Schoulmeeschter fir de Schoulsport am Schwamme vun 20 op 40 Stonnen eropgaangen, wou haaptsächlech d'Theorie enseignéiert gëtt. Fir eis Fraktioun ass et immens wichteg, datt d'Enseignanten eng gutt Formatioun an e Sécherheetsgefill vermëttelt kréien, wa se um Bord vum Baseng stinn.

An dësem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Statssekretär fir d'Éducatioun riichten: Wat ass genee an deene 40 Stonne Schwammformatioun fir d'Schoulmeeschtere virgesinn? Wéi gesäit déi praktesch Ausbildung aus? Dës Formatioun gëtt jo vun der Uni gemaach, gëtt se do vu Sportsproffe gemaach? Oder sinn hei nach aner extern Acteure mat erugezu ginn? Wat ass d'Konzept hannendrun? Wat sollen d'Kanner kënnen, wa se mat der Grondschoul fäerdeg sinn? Geet et duer, wa se sech am Waasser beschäftege kënnen oder datt se sech iwwer Waasser halen, oder gëtt eventuell gekuckt, datt se déi véier Stilaarten eventuell einegermoosse beherrsche kënnen?

Dat schéngt eis en ugemoossent Zil ze sinn. Et geet jo hei net drëm, fir kleng Schwëmmer ze zillen, mä datt se richteg schwamme geléiert ginn.

An da last but not least, ech mengen, dat ass déi wichtegst Fro: Wéi ass et hei mat de Chargés de cours? Déi hu jo keng esou eng Grondausbildung kritt - ass fir déi dann eng Formation continue virgesinn, wa se Titulaire de classe sinn?

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Arendt. An d'Wuert huet de Statssekretär am Éducatiounsministère.

M. Marc Hansen, *Secrétaire d'État à l'Éducation nationale, à l'Enfance et à la Jeunesse.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass gëschter effektiv en Artikel gewiescht, oder virgëschter, iwwert d'Schwammmeeschteren, déi sech Suerge gemaach hunn. Ech mengen, et ass net nëmmen Ärer Fraktioun, mä alleguerten deene Leit, déi Kanner hunn, natierlech wichteg, dass d'Kanner vill Sport maachen,

dass se motoresch sech gutt entwéckelen, an dozou gehéiert natierlech och d'Schwammen.

Dir wësst et, dass an deene Cyclen, bis den drëtte Cycle et dräi Stonnen Turne respektiv Schwamme sinn, déi och do nach integréiert pro Woch sinn. An dann an dem leschte Cycle, do sinn et nach zwou där Stonnen. Dat heescht, et gëtt och dann vu Gemeng zu Gemeng a vu Schoul zu Schoul esou organiséiert, wéi dat deenen dann an hirem fräie Kader méiglech ass, d'Schwamme respektiv d'Turnen ze organiséieren.

Et ass ugeschwat ginn, dass d'Schwammmeeschtere sech do Gedanke maachen. Et kann een awer soen, dass am Fong duerch d'Gesetz vun 2013 d'Schwammmeeschtere emol iwwerhaapt eréischt opgetaucht sinn als Assistanten an der Hëllef, fir d'Personal ze begleeden, fir hinnen ze hëllefen. Et geet natierlech och drëms, dass d'Léierpersonal assistéiert gëtt vun de Schwammmeeschteren an de Piscinnen. An dat ass de Sécherheetspunkt, deen och thematiséiert gouf, elo net vun Iech an Ärer Fro hei, mä an där ganzer Diskussioun ass dat awer ee vun de Punkten, déi eis awer och wichteg sinn, fir dass d'Sécherheet ëmmer garantéiert ass.

Elo ass d'Fro gestallt ginn iwwert d'Formatioun respektiv iwwert d'Chargés de cours, déi akommen. Dee ganze Plang vun dem Léierpersonal, deen an dem Schoulbetrib agesat gëtt, deen deit natierlech an Zukunft ëmmer méi drop hin, an am Moment och schonn, dass esou vill wéi méiglech brevetéiert Leit an den Asaz kommen, déi dann och eng Formatioun gemaach hunn an eng Ausbildung, eben d'Léierpersonal. Do geet et drëm, fir déi ze forméieren.

Dir hutt d'Fro gestallt iwwer UNI.lu, an ech ginn elo net ze vill awer an den Detail a vun deene Formatiounen, well mer jo net nëmmen Enseignanten hei zu Lëtzebuerg hunn, déi vun der UNI.lu kommen, mä et sinn natierlech och e ganze Koup un Enseignanten, déi iwwer aner Filièren an de Lëtzebuerger Schoulsystem kommen, sief et iwwert d'Belsch, Frankräich, Däitschland oder vu wou se eben alleguerten an de System kommen.

An deem Kontext gëtt et och vun eis ëmmer an deene verschiddene Formatiounen, wat d'Chargéen ugeet, un d'Häerz geluecht, dass déi Leit natierlech och ausgebilt sinn, fir dat doten ze maachen, an dass d'Sécherheet vum Kand op jidde Fall zu kengem Moment a Gefor gestallt ass. Dat ass, mengen ech, emol dee wichtegste Punkt.

Wat d'Kanner solle geléiert hunn, ass Är Fro. De Socle de compétences um Enn vum véierte Cycle, dee seet, dass se solle fräigeschwomme sinn am beschte Fall. Dat ass de Socle de compétences, wéi en do virgesinn ass. An dat ass dat Zil, wat se alleguerte sollen erreechen. An dorunner schaffen natierlech och déi verschidde Leit an d'Pädagogen an d'Léierpersonal an deem Kader vun deene Stonnen, déi se zur Verfügung hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Statssekretär aus dem Éducatiounsministère. Déi nächst Fro kënnt vum Här Justin Turpel, riicht sech un de Minister respektiv de Statssekretär aus dem Éducatiounsministère a betrëfft en eventuellen Débat public nom Schülerstreik.

- Question n°32 du 5 mai 2014 de M. Justin Turpel relative aux bourses d'études et aides financières de l'État pour les étudiants, adressée à M. le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de 25. Abrëll huet de Streikcomité 6670 15.000 bis 17.000 Studenten a Schüler op d'Strooss bruecht, déi sech Suerge maachen ëm hir Zukunft an d'Méiglechkeet, fir hir Studien, Héichschoulstudie kënnen ze maachen. Parallell huet de Comité, de Streikcomité Propositioune gemaach, wéi een de Gesetzesprojet 6670 aneschters kéint gestalten. Béides, souwuel d'Mobiliséierung wéi d'Propositioune vum Streikcomité, mengen ech, verdénge Respekt an Unerkennung fir dat Engagement.

Et muss een och wëssen, datt de Streikcomité 6670 eng Aktioun ass vun enger ganzer Rei vun Organisatiounen, déi sech zesummegesat hunn, fir an där Saach do e gemeinsamt Uleies ze vertrieden. Zënter dem Streik huet de Comité sech ëmgenannt an Aktiounscomité 6670.

An den Aktiounscomité 6670 proposéiert dem Héichschoulminister eng ëffentlech Debatt iwwert d'Ausriichtung vun deene Studiebäihëllefen. An duerfir meng Fro: Éischtens, ass den Héichschoulminister, wéi en dat de Moien awer schonn, mengen ech, iwwert d'Press bestätegt huet, d'accord, fir esou eng ëffentlech Debatt mam Aktiounscomité ze féieren? Ëffentlech Debatt an deem Sënn, datt se ëffentlech iwwer Video iwwerdroe ka ginn? A wa jo - wann ech dat jo richteg verstanen hunn, ass en domadder d'accord -, wéini kéint esou eng Debatt stattfannen? A wie soll se am beschten organiséieren? Ass dat de Ministère, dee bereet wier, déi Organisatioun ze iwwerhuelen? Soll den Aktiounscomité dat maachen? Oder wier et gutt, wann eng aner Instanz dat géif maachen?

An dann, meng zweet Fro ass déi: Ob d'Regierung disposéiert ass, fir déi noutwendeg Amendementer, well dovunner geet jo jiddwereen aus, datt Amendementer solle gemaach ginn, fir déi esou séier wéi méiglech virzeleeën, dat heescht ouni den Avis vum Statsrot ofzewaarden, well deemno wéi laang datt dat dauert, komme mer net weider an deem Projet. An et wier wierklech wichteg, datt déi Amendementer esou schnell wéi méiglech géife virleien, fir datt se wa méiglech och esou schnell wéi méiglech kënne vum Statsrot mat aviséiert ginn. An ech soen dem Statssekretär Merci, datt en Zäit huet, fir heihinner ze kommen an op déi Froen ze äntwerten.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. An d'Wuert huet den Här Marc Hansen, Statssekretär am Éducatiounsministère.

M. Marc Hansen, *Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif e klenge Constat maachen, fir op d'Fro ze äntwerte vum Här Turpel. An deem dote Kontext ware virun dem Streik e ganze Koup vun Entrevuë mat verschiddenen Organisatiounen, déi sech an deem dote Kontext zu Wuert gemellt haten.

Et gouf dann och déi Deeg duerno vun dem Minister ëmmer d'Ausso, dass d'Dier géif opbleiwen, an do gouf et e ganze Koup vun Associatiounen, déi vun där Geleeënheet profitéiert hunn, fir an de Ministère ze kommen a fir hir Argumenter virzedroen a fir déi verschidde Saachen zesumme mat dem Minister ze analyséieren.

De Streik gouf dunn och vun dem Claude Meisch op der Pressekonferenz nom Regierungsrot als grousse Succès bezeechent, wat een natierlech och esou muss soen, an et war jo och eng gutt Saach, dass déi Jonk hir Meenung konnten artikuléieren. Zanter deem Streik gouf et gëschter Owend eng Réunioun vun dem Streikcomité, mä vun de Säite vun den Organisateuren nach keng Approche, fir eng Kéier mat dem Minister Meisch ze schwätzen.

Et goufen Entrevuë mat aneren Organisatiounen. Soudass ech Iech awer haut ka soen, dass de Moien de Minister Meisch de Streikcomité ugeruff huet, fir mat hinnen e Rendez-vous ze fixéieren, vu senger Säit aus, fir se ze gesinn an awer eng Entrevue am Ministère ze hunn. Au contraire zu deem, wat déi Leit gesot haten, dass se dat net wéilten, kënnt et dann awer zu esou enger Réunioun an zu engem Échange de vues, fir doriwwer ze diskutéieren. An eiser Vue ass et och eng ganz gutt Saach gewiescht bis elo, dass déi Jonk hir Meenung esou artikuléiert hunn, wéi dat eben de Fall war.

Ech muss awer dann e bësse mäin Erstaune feststellen, wann ech de Moie wort.lu liesen iwwert d'Réunioun vu gëschter Owend, wou dann dosteet, dass Dir Iech an de Sall geschlach hutt, Här Turpel, „und immer wieder griff der Abgeordnete von déi Lénk in die Diskussion ein und gab den Jugendlichen Tipps, wie sie sich verhalten sollten...".

(Brouhaha)

Do wéilte mir awer soen, dass d'Tentatioun fir all Partei wahrscheinlech grouss gewiescht wier, fir sech op déi doten Diskussioun anzeloossen a fir dat doten ze instrumentaliséieren. A bis elo huet keen dat gemaach gehat, ausser elo déi Lénk. An dat fanne mer natierlech net gutt, dass elo eng Partei dat doten an de Grapp hëlt, fir déi doten e bësse matzebewegen. An dat, mengen ech, hätt jiddweree kënne maachen, huet kee gemaach an ech fannen, dass dat awer net d'Meenung vun de Jonke respektéiert ass, wann hei eng Partei higeet an déi dote Saach vu gëschter Owend mécht - wat jo awer notamment de Fall schéngt gewiescht ze sinn.

(Interruptions)

Ech géif op där anerer Säit dann awer och ee Wuert zur Fro wëllen op där heiter Plaz soen. Natierlech, den Här Meisch huet et gesot, ass e prett, fir en Débat ze maachen, wou och d'Press do ass a kritesch Froe gestallt ginn, dat huet den Här Meisch scho gemaach. E war bei RTL, wou d'Leit konnte vu baussen erantelefonéieren. Do ware kritesch Froen, déi gestallt gi sinn. Also, do huet en absolut kee Problem, fir dat ze maachen - wann dat natierlech fair an équilibréiert ass. Mä dat soll awer net, wéi dat elo gefuerdert ginn ass, och wéi ech dat liesen an deem Artikel, eng ëffentlech Verhandlungsronn sinn. Verhandelt, mengen ech, gëtt nach ëmmer bei der Regierung an dem Ministère. Dofir stinn d'Dieren op, fir iwwer alles ze schwätzen. Den Débat, domadder huet guer keen e Problem.

An ech hat et éinescht gesot, dat ass dann déi zweet Fro, déi Der gestallt hutt: Wéi ass et mat Amendementer? Wéi gi mer vir? Gëtt do nach gewaart op den Avis vun dem Conseil d'État? Et ass nun emol esou, dass mer déi nächst Deeg ebe probéieren, déi Réuniounen ze kréie mat deene verschidden Organisateuren, fir deen Dialog, iwwert dee mer geschwat hunn, dann och esou duerchzezéien. D'Diere stinn op. Déi Leit kommen. Et gëtt mat hinne geschwat. An deemno wat do erauskënnt an deemno wat fir Argumenter nach kënnen an d'Diskussioun erakommen, wäerte mer natierlech opbleiwe fir all méiglech Diskussiounen. An da fir eventuell och ze kucken, wéini mer da reagéieren. Mä fir d'Éischt deen Dialog, dee soll dës Woch stattfannen, an da kucke mer weider, wéi mer an deem Dossier virufueren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Minister.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Fait personnel.

(Brouhaha)

Jo, et ass awer evident. Do war awer evident de Fait personnel.

(Assentiment)

M. le Président.- Fait personnel. Dat kann ech dem Deputéierten net refuséieren.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech kréien hei virgeworf, mat menger Partei zesummen, eng Bewegung ze instrumentaliséieren, an ech fannen, dat ass ee Reproche, deen net haltbar ass. Ech war mam Serge Urbany op der Manifestatioun präsent. Ech hunn do soss keen Deputéierte fonnt. Ech wëll awer kengem dat reprochéieren, well jiddweree soll seng Meenung hunn.

Ech hu meng Meenung an där Saach do an ech weess, wou ech higinn, wann et drop ukënnt. Ech war agelueden, wéi aner Leit och, op de Streikcomité. Ech sinn dohinnerkomm. Ech hu mech net erageschlach, wéi dat fälschlecherweis anzwousch steet a wéi dat elo hei zitéiert ginn ass.

Ech hu mech presentéiert. Ech hu gefrot, ob et wierklech gewënscht ass, dass ech deelhuelen. Ech krut dat gesot. Ech hunn awer net méi wéi eng hallef Stonn deelgeholl, fir datt eben deen Androck do net soll opkommen. Ech hunn op eng Rei technesch Froe geäntwert. An domadder huet et sech.

An ech wäert och an Zukunft wëssen, op wéi enger Säit datt ech ze stoen hunn. An ech hoffen, datt jiddwereen heibannen dat och wäert esou maachen. An da komme mer och an deem doten Dossier ganz schnell weider a kommen zu anere Resultater wéi déi, déi de Moment am 6670 stinn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Déi nächst Fro riicht sech un den Här Aarbechtsminister. Si geet ëm d'Garantie jeunes a kënnt vum Serge Wilmes.

- Question n°33 du 6 mai 2014 de M. Serge Wilmes relative à la mise en œuvre de la garantie pour la jeunesse, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Merci, Här President. Leschten Zuele vun der ADEM no waren am Mäerz 2014 ronn 2.300 Jonker bis 25 Joer ouni Aarbecht. Dat wär also all zéngte Chômeur, deen e Jonken ass. A mir kennen déi Zuele jo alleguerte ganz gutt. An eng vun de Mesures phares, déi jo schonn déi lescht Regierung wollt huelen an déi dës Regierung wëllt ëmsetzen, ass jo d'Jobgarantie. An an deem dote Kontext fir d'Ëmsetzung vun der Jobgarantie, oder net vun der Jobgarantie, mä vun där Garantie, fir eben deene Jonke kënnen entweder e Stage oder fir awer soss eng Beschäftegungsmesure, am beschte Fall eben och e Beruff kënnen zouzeschousteren, wéilt ech gär déi heite Froe stellen.

Wéi gedenkt Der, déi Garantie ebe konkret ëmzesetzen? An zwar: Wéi denkt de Minister, déi verschidde Jugendorganisatiounen aus dem Land bei der Ëmsetzung vun där Jobgarantie oder vun där Garantie ebe mat anzebannen? Kann den Här Minister eis d'Roll vun dësen eenzelnen Organisatiounen erklären, déi do solle spillen? Wéi soll de Schoulministère intervenéieren? Wéi geschitt och d'Zesummenaarbecht tëschent dem Schoul- an dem Aarbechtsministère? A wéi géif dee genauen Timing ausgesi fir d'Ëmsetzung dovunner?

Dat wären déi Froen, déi ech un den Aarbechtsminister hätt.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Wilmes. An d'Wuert huet den Här Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, Här Deputéierten, erlaabt mer, Iech haut och vun dëser Tribün e schéine Gebuertsdag ze wënschen, wann ech dat richteg verstanen hunn.

Plusieurs voix.- Aahhh!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Voilà.

Ech mengen, Dir hutt véier Froe gestallt. Ech muss leider nach eemol rappeléieren, datt et sech hei ëm eng Garantie pour la jeunesse handelt, déi net eng Jobgarantie en tant que telle ass. Dat heescht, et ass net esou, Här Wilmes, datt jiddwer Jonken eng Garantie kritt: Hei, mir fannen Dir en Job. Och wa keen do ass, deen op Dech passt; mir fannen Der en Job.

Hei geet et drëm, bannent véier Méint all Jonken eng Perspektiv opzemaachen, wou et hoffentlech vill Jonker gëtt, déi en Job ganz schnell fannen, gehollef kréien, deen ze fannen. D'Méiglechkeet besteet och, datt Jonker erëm zréck an d'Schoul ginn, well mir wëssen, ganz vill Schoulofbriecher, dat sinn déi, déi am verluerenste sinn an déi déi gréisste Problemer um Aarbechtsmaart hunn an hiert ganzt Liewe wäerten hunn. An duerfir muss een also och probéieren, déi erëm an d'Schoul ze kréien, oder an en Apprentissage, eng Formatioun oder e Stage.

Bon, mir hu jo eng ganz Rei Mesurë scho geholl, déi sinn en place, fir déi Garantie pour la jeunesse do ëmzesetzen. An ech géif Iech soen, och dem President vun der Commission du Travail, datt mer Enn dëses Mounts kéinte vläicht eemol eng Sëtzung vun der Kommissioun organiséieren, wou mer genau am Detail soen, wéi elo déi Garantie pour la jeunesse ëmgesat gëtt.

Dir hutt mer dräi, véier Froe gestallt. Éischtens, déi Jugendorganisatiounen, déi si jo schonn zu Wuert komm. Ech mengen, Dir selwer waart hei, hei an der Chamber hate mer d'Jugendparlament, wou eng ganz Rei Jugendlech zu Wuert komm sinn, hir Suggestioune gemaach hunn. Ech krut och vun enger ganzer Rei vu Jugendorganisatioune schréftlech Propositiounen, déi eben hir Vuen zur Garantie pour la jeunesse presentéieren. Deen Débat geet weider. A mir hunn Enn des Mounts mam Jugenddësch e weideren Échange, well de Jugenddësch huet missen deemools déplacéiert ginn, aus deene bekannte Grënn. Mer wäerten awer deen Dialog mat de Jugendorganisatioune weider féieren. Wat och e Bestanddeel vun der Garantie pour la jeunesse ass - den Dialog mat deene Jugendlechen ze féieren.

Zweetens, de Schoulministère huet natierlech en extrem wichtege Rôle an där Garantie pour la jeunesse, well eng Branche vun där Garantie pour la jeunesse jo de Retour ass an d'Schoul respektiv en Apprentissage. A mir schaffen also ganz enk zesummen. A mir hunn d'ailleurs déi Jugendgarantie an zwou Branchë gegliddert. Déi eng ass méi achséiert op d'ADEM an den Aarbechtsministère. An déi aner ass méi achséiert op de Schoulministère respektiv och de Service National de la Jeunesse, well déi hu jo och eng Offer ze maachen, an déi Offer besteet jo haaptsächlech am Service volontaire.

Also, d'Kollaboratioun zwëschent deene verschiddenen Instanzen, ob dat elo ADEM ass, ob dat ALJ ass, ob dat de Service National de la Jeunesse ass, déi fonctionnéiert. Mir hunn also e Comité. Mir brauchen elo nach een Instrument, an dat musse mer awer kréien iwwer e Gesetz - an esou e Projet wäert och kommen -, fir kënnen Échangen ze maache vun Donnéeën, datt déi eng wëssen, wou dee Jonken drun ass. Et ass also net, fir iwwert deem Jonke säi Privatliewen eppes gewuer ze ginn, mä just, datt dee Jonken net vun enger Stell op déi aner geschubst gëtt, mä datt et ëmmer weidergeet, datt en zu engem Zil kënnt. Dat ass also déi Kollaboratioun, déi wäert fonctionnéieren.

Véierte Punkt: Natierlech, déi Jugendgarantie ass amgaang ëmgesat ze ginn. Mir haten ons schonn an där leschter Regierung - Dir hutt recht, wou ech jo och Aarbechtsminister war, wann ech mech gutt erënneren - deen Datum vum 1. Juni fixéiert gehat, fir wierklech déi Ëmsetzung komplett stoen ze hunn. Dat wäerte mer och kënne maachen.

Wahrscheinlech wäert et schwiereg ginn, fir honnert Prozent vun alle Jugendlechen ze couvréieren, well et besonnesch schwiereg ass, eng ganz Rei Jugendlech ze fannen. Déi, déi net an der ADEM ageschriwwe sinn, déi, déi net bei engem SPOS signaléiert ginn, déi, déi d'Schoul ofgebrach hunn an iergendwou an der Natur sinn, déi muss een natierlech virdru fannen. Mä mir wäerten awer grad ebe mat dem Éducatiounsministère all Efforte maachen, fir un déi Jugendlech erunzekommen, fir se iwwer hir Rechter ze informéieren a fir hinnen och eng seriö Offre de qualité, wéi dat an der Recommandatioun steet, ze maachen.

M. le Président.- Merci och dem Här Aarbechtsminister.

Déi nächst Fro kënnt vum Här Fernand Kartheiser a riicht sech un d'Statssekretärin am Verdeedegungsministère iwwert d'Exklusivitéit an d'Prioritéit op gewësse Posten am ëffentlechen Déngscht fir Leit, déi d'Arméi gemaach hunn. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

- Question n°34 du 6 mai 2014 de M. Fernand Kartheiser relative au droit d'exclusivité et de priorité des volontaires de l'armée dans la Fonction publique, adressée à Mme la Secrétaire d'État à la Défense

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Madame Statssekretärin, wann ech mech net iren, mengen ech, Dir sidd déi éischte Kéier an der Chamber, ausser ech géif mech iren. Häerzlech wëllkomm!

(Interruptions et hilarité)

Et ass schéin hei!

Meng Fro riicht sech un déi Perspektiven, déi déi jonk Leit hunn, déi sech an d'Arméi mellen. Ech mengen, Lëtzebuerg huet eng ganz Rei vun internationalen Obligatiounen. Mir hunn d'nächst Joer eis Participatioun an dem Battlegroup. Et ass ganz wichteg, datt genuch jonk Leit sech fir eng Carrière an der Arméi interesséieren. A wichteg fir de Rekrutement ass natierlech d'Perspektiv, d'Beruffsperspektiv vun deenen Zaldoten, d'Rekonversioun um Enn vun hirer Carrière an hir berufflech Perspektiven. D'Gesetz gesäit gewësse Méiglechkeete vir, eben en Droit d'exclusivité a verschiddene Beräicher, Prioritéiten an anere Beräicher.

Elo ass et awer esou, datt déi Projets de loi, déi d'Regierung am Ableck do am Beräich vun der Fonction publique hei an der Chamber mat diskutéiert, virgesinn, datt den Droit d'exclusivité a verschiddene Beräicher soll ofgeschaf ginn. Dat ass notamment de Fall bei de Giischtercher, also bei der Administration pénitentiaire, an och bei de Préposéë vun der Administratioun vun den Douanes et Accises. Dat ass natierlech, dat suergt fir eng gewëssen Onrou, à plus d'un titre.

Éischtens ass emol eng Fro: Gëtt et eng Période de transition? Mir haten, wou mer d'Polizeigesetz 1999 reforméiert hunn, do wossten awer déi Zaldoten, déi du schonn an der Arméi waren, datt hire Rechtsstatut oder hir Rechtsusprécher net géifen tangéiert ginn duerch déi Modifikatiounen, déi geplangt waren.

An zum Zweeten ass d'Fro: Wéi wëllt d'Regierung dann iwwerhaapt d'Attraktivitéit vun der Arméi garantéieren an Zukunft, wa Schrëtt fir Schrëtt déi Rechter, déi d'Zaldoten elo hunn, ofgebaut ginn? Ech mengen, do stellt sech da wierklech eng Fro - mir mussen eis international Obligatiounen erfëllen -: Wéi wëllt Der dee Rekrutement assuréieren?

An da muss een och kucken: Gëtt et eng kohärent Regierungspositioun, engersäits déi Reformpropositiounen, déi Der an der Fonction publique probéiert ze promouvéieren, an anersäits awer dee Problem am Beräich vun der Défense, wéi wëllt Der dat ënner een Hutt bréngen?

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. D'Wuert huet d'Madame Statssekretärin aus dem Verdeedegungsministère, d'Madame Francine Closener.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à la Défense*.- Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech si ganz frou, fir hei Stellung ze huelen, well d'Débouchéë vun de Volontairë vun der Arméi ass eppes, wat mir perséinlech och ganz wichteg ass. Den Artikel 25 vum Militärgesetz, deen definéiert jo d'Carrièren, déi exklusiv an déi prioritär, déi en Zaldot kann no sengem aktive Fräiwëllegendéngscht aschloen.

Déi exklusiv Carrièren, dat ass de Kaperol, den Ënneroffizéier bei der Arméi, de Brigadier bei der Police, de Giischtchen an, wéi Dir scho gesot hutt, de Préposé bei der Douane. A fir déi ënnescht Carrièrë bei Stat a Gemengen hunn d'Zaldote prinzipiell en Droit de priorité.

Elo ass et richteg, datt d'Tendenz besteet, datt et Carrièrë beim Stat ginn, déi méi opgi fir Leit aus dem Privatsecteur. Zum Beispill, an dat steet jo och esou am Regierungsprogramm, déi vum Giischtchen. Dat huet sécher seng Avantagen, datt do an de Prisongen och Leit schaffe mat ënnerschiddleche Profiler.

Et ass och esou, datt d'Exklusivitéit fir déi ënnescht Carrièrë beim Stat gëllt. Wann et esou ass, datt an Zukunft um Niveau vun de Carrières moyennes rekrutéiert gëtt, da stellt sech effektiv d'Fro vun der Exklusivitéit. Dat musse mer da mat alle Concernéierten diskutéieren. Dat heescht jo awer op kee Fall, datt dee Moment net méi géif iwwert den Härebierg rekrutéiert ginn, mä eben net méi exklusiv. Mä wéi gesot, esou wäit ass et nach net. A mir diskutéieren dat mat alle Concernéierten.

Net méi spéit wéi gëschter hate mer eng Réunion de concertation souwuel mam Chef d'état-major wéi och mat de Gewerkschaften APOL a SPAL. An och do ass iwwert den Droit de priorité an en Droit d'exclusivité Rieds gaangen. Et war iwwregens eng ganz konstruktiv Réunioun. A mir gesinn eis bannent engem Mount erëm, wou mer nach eng Kéier déi Froen do alleguerte wëllen op de Leescht huelen.

Ech mengen awer och, datt et wichteg ass, fir ze soen, datt de Minister an ech op enger Rei anere Punkte schaffen. Dir hutt ganz recht, fir ze soen, dat do, déi berufflech Perspektiven, dat ass den Attrait vun der Arméi. Et ass genau dat, firwat déi jonk Leit jo awer gären an d'Arméi ginn. An dat wëlle mir natierlech och absolut ënnerstëtzen.

Wat mer elo amgaang sinn ze maachen, dat ass, mir kucken, wéi an och wéini d'Examensconcours vun deene verschiddene Verwaltungen organiséiert ginn. Et muss och séchergestallt ginn, datt den Niveau vun den Examensfroen an deenen Examens-concours op de Programm an och op den Niveau vum jeeweilegen Enseignement ofgestëmmt ass. Dat kucke mer zesumme mat der Éducation nationale. Dat concernéiert iwwregens all Kandidaten, déi an esou een Exame ginn.

Voilà. Da suerge mer och nach derfir, datt d'Kandidaten, déi zum Beispill bei engem Interview, also scho virum eigentleche schréftlechen Examen eliminéiert ginn, datt déi Kandidate méi prezis wéi haut gesot kréien, firwat se eigentlech net zréckbehale goufen. Dat ass haut net ëmmer de Fall. An dat ass awer ganz wichteg, fir datt d'Kandidate sech déi nächste Kéier besser kënnen dorobber preparéieren.

An deem Kontext, an ech mengen, dat ass awer ganz wichteg, muss een de Service vun der Rekonversioun awer ernimme vun der Arméi. Dee Service krut 2007 eng legal Basis. An d'Rekonversioun, déi am Prinzip ee Joer dauert, déi suergt jo derfir, datt d'Zaldoten ee bessere schoulesche Bagage kréien. Se kënnen an engem Semester e ganzt Schouljoer nohuelen.

An an deem Sënn huet d'Regierung jo och de Projet de loi vum Militärlycée op den Instanzewee geschéckt, fir eben den Zaldoten ze garantéieren, datt se eng gutt Ausbildung kréien, fir datt se eng Aarbechtsplaz fannen. Am léifsten natierlech an der Fonction publique, dat ass evident, mä eben awer och am Privatsecteur.

An ech war selwer virun e puer Woche mer an de Lycée technique op Ettelbréck e Bild maachen, well do gi schonn esou Coursë jo gehalen. An ech géif soen, déi Zaldoten, déi do amgaang sinn, fir déi Rekonversioun ze maachen, déi sinn extrem motivéiert. An d'Enseignanten, déi gi mir och nëmme positiv Echoen an deem Kontext. Soudatt ech mengen, datt de Militärlycée wierklech genau dat ass, wat der Arméi an deem Sënn kann hëllefen.

De Sujet, wéi gesot, vun der Rekonversioun war gëschter och en Thema. A bannent véier Woche gesi mer den État-major an d'Syndikater erëm. An da kommen ech ganz gär zréck, fir lech ze soen, wat dobäi erauskomm ass.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Closener.

Domat wäre mer um Enn vun eiser Froestonn ukomm. Mir hunn der nach zwou, déi opstinn. Déi sinn dann automatesch zréckbehale fir déi nächst Heure de questions. Et deet mer leed, mä mer hunn entre-temps nach e chargéierten Ordre du jour kritt. A mir hunn nach eng Rei vu Gesetzesprojeten, déi awer och musse verofschit ginn. Also, domat wär eis Froestonn ofgeschloss.

Esou wéi dat vun enger Rei vun Deputéierten, laut Reglement zu Recht, gefrot ginn ass, komme mer elo zu enger Rei vu schréftleche Froen, déi net an den Délaie beäntwert gi sinn an déi elo kënne vun deene jeeweilegen Deputéierten un d'Regierungsmembere gestallt ginn.

Déi éischt Fro riicht sech un den Nohaltegkeetsminister a kënnt vum Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

6. Question écrite n°163 du 21 mars 2014 de M. Claude Wiseler relative à la conduite transfrontalière du motocycle léger (A1) avec le permis de conduire de la catégorie B

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. A kuerze Wierder, déi Fro, et geet u sech ëm d'Applikatioun vun der neier Gesetzgebung iwwert d'Führerschäiner, déi d'Direktiv 2006/126/CE ëmsetzt. Do geet et ëm e ganz besonnesche Passage, deen am Fong als Méiglechkeet drastoung, an zwar d'Méiglechkeet, fir den A1-Führerschäin, dat heescht de Führerschäi vun den 125 ccm ze kréien, net mat där normaler Prozedur, wéi mer se bis elo ëmmer haten, mä mat enger spezifescher Prozedur, déi doranner besteet, datt ee kann no zwee Joer B-Führerschäin, Autosführerschäin a mat enger Rei Coursen, vu sechs oder siwe Coursë kann dee Führerschäi kréien, respektiv d'Recht, op engem 125 ccm ze fueren.

D'Statistike weisen, datt effektiv ganz vill Leit dat haut och benotzen. Mir wëssen, datt mer och eng ganz Rei Frontalieren hunn, déi all Dag an d'Land erakommen. Dat do, dat ass eng national Méiglechkeet. Lëtzebuerg huet décidéiert, op Basis vun der Direktiv, fir déi national Méiglechkeet a Lëtzebuerger Recht ëmzesetzen. Aner Länner hunn dat och décidéiert. D'Belsch huet et décidéiert, Frankräich huet et décidéiert. Däitschland huet et net décidéiert.

Et ass eng national Reconnaissance. Dat heescht, déi Leit, déi dee Führerschäin iwwert dee Wee kritt hunn, kënnen en nëmmen zu Lëtzebuerg benotzen, à moins datt Ofkomme gemaach gi mat anere Länner, déi déiselwecht Méiglechkeet geholl haten, an zwar d'Belsch a Frankräich, fir d'Equivalenze respektiv d'Reconnaissancë vun deene Führerschäiner an der Belsch, a Frankräich, a Lëtzebuerg respektiv dann hir Führerschäiner och zesummen anzeféieren.

Ech wollt am Fong den Nohaltegkeets- oder den Transportminister an dësem Fall froen, ob Diskussioune géife lafe respektiv wéi wäit déi Diskussioune wären.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Wiseler. D'Wuert huet den Här Nohaltegkeetsminister.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo, Här President, ech wollt dem honorabelen Här Wiseler Merci soe fir déi Fro. Ech wollt mech och entschëllegen. Ech weess net, déi muss iergendwéi bei mir leie bliwwe sinn, well se ass am Fong séier beäntwert.

An duerfir verstinn ech och net, firwat ech se nach net beäntwert hunn, well de 24. Januar hunn ech e Bréif geschriwwen un d'Kommissioun, wou ech déi Fro vun der Conformité do opgeworf hunn, a virun allem vun der Reconnaissance mutuelle, ëm déi et jo hei geet an deem dote Fall, an ech hunn nach keng Äntwert dorobber kritt. Mä mir schaffen dorunner, an ech ginn dovun aus, datt dee Problem sech an deenen nächste Méint wäert léisen.

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister.

Déi zweet Fro vum Här Félix Eischen, an dann eréischt den Här Spautz. Déi vum Här Félix Eischen riicht sech un de Wirtschaftsminister respektiv un d'Statssekretärin am Wirtschaftsministère a geet iwwert d'Importatioune vu russeschem Äerdgas. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

7. Question écrite n°176 du 26 mars 2014 de M. Félix Eischen relative aux importations de gaz russe

M. Félix Eischen *(CSV)*.- Merci, Här President. Um Datum vum 4. Abrëll hat ech dem Wirtschaftsminister Etienne Schneider an och dem Ausseminister Jean Asselborn eng parlamentaresch Ufro gestallt, wat méiglech Liwwerschwieregkeete vu russeschem Gas ugeet.

Wann ee gesäit, wat den Ament an der Ukrain lass ass, da soll ee sech doriwwer seng Gedanke maachen, ëmsou méi, wann ee weess, dass de Grand-Duché säi Gas duerch en interkonnektéierten europäesche Réseau kritt, dee mir eis ënner anerem mat Frankräich, Däitschland an der Belsch deelen. Russland ass ee vun den Haaptaspeiser an dëst Netz. An enger rezenter Analys vum däitsche Büro EnergyComment kënnt 24% vum ganze lëtzebuergesche Gasimport aus Russland. Ee Véirel also ass russesche Gas.

Elo kann een, elo muss ee sech d'Fro stellen, wéi et am Fall vu Sanktioune géint Russland mat deenen hiren Exporter Richtung Weste weidergeet. Russland ass nämlech schonn amgaangen, nei Keefer am asiatesche Raum ze sichen an och ze fannen. An anere Wierder, de Verkaf an de Westen ass net esou liewenswichteg fir d'Russen, wéi mir dat alleguerte vläicht mengen.

Sollt Russland elo opgrond vu Sanktiounen ee Boykott géint de Westen décidéieren, hätte mir e Problem, wëssend, dass an deem Fall aner Fournisseure wéi Norwegen hir Liwwercapacitéite fir eis net substanziell kéinten eropsetzen. Wann een dann och weess, dass eis Lagercapacitéite limitéiert sinn, kéint sech also fir de Grand-Duché e reelle Problem stellen.

Deemno wéilt ech un déi politesch Responsabel folgend Froe stellen:

1. Kéint Dir mir déi Zuele vum Undeel u russeschem Gas an eis Réseaue confirméieren?

2. Wat ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung wat méiglech ekonomesch Sanktioune géint Russland ugeet?

3. Wat ass de reelle Risiko fir de Grand-Duché, wa Russland net méi liwwert?

4. Wann et zu Sanktioune mat engem Boykott an an der Suite zu Liwwerenkpäss kéim, wat gedenkt de Ministère do ze maachen, fir ze kompenséieren? Sprech, wat fir Alternative sinn zu wat fir engem Prozentsaz méiglech?

Ech soe scho Merci fir d'Äntwert am Viraus.

M. le Président.- Merci och dem Här Eischen. D'Wuert huet d'Statssekretärin am Wirtschaftsministère. Madame Closener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie*.- Merci, Här President. Wéi gesot, déi Question parlementaire ass jo un zwee Ministere gestallt ginn. Ech äntweren dann elo hei am Numm vum Wirtschaftsminister.

D'Versuergung vum Lëtzebuerger Territoire mat Äerdgas gëtt duerch Interconnexioune vun eisem Gasnetz mat de Gasnetzer vun Däitschland, der Belsch an an engem méi gerénge Mooss mat dem Gasnetz vu Frankräich garantéiert. Dës Netzer si weider mat den Haaptnetzer vun aneren europäesche Länner verbonnen. D'Versuergungssécherheet vun eisem Land kann aus deem Grond nëmmen am Kontext vun der Versuergungssécherheet an deenen aneren europäesche Länner appréciéiert ginn.

Duerch déi zentral Lag vu Lëtzebuerg an Europa an duerch d'Liberaliséierung vun den europäesche Gasmäert gëtt eng Diversitéit vun der Versuergung garantéiert an et gëtt domadder keng direkt Ofhängegkeet vis-à-vis vun engem Land, wat produzéiert.

D'Fournisseuren hunn domadder d'Méiglechkeet, sech bei Grousshändler an op der Bourse mat Gas ze versuergen. Laut de Statistike vun der Internationaler Energie-Agence gëtt ongefeier ee Véirel vum Gas an Europa vu Russland geliwwert. Déiselwecht Statistike ginn dovun aus, datt vum Gasverbrauch zu Lëtzebuerg zirka 24% aus Russland kommen.

No den Ënnerbriechunge vun de Gasliwwerungen aus Russland am Joer 2009 si bekannterweis Simulatiounen am transeuropäesche Réseau realiséiert ginn, déi an eenzelnen Zeenarien Ënnerbriechunge vun de Liwwerungen, déi Wäissrussland an d'Ukrain transitéieren, zur Grondlag hunn. Et huet sech, an dat ass dat Wichtegst bei deene Simulatiounen, gewisen, datt d'Länner an Zentral- an a Westeuropa tendenziell keng Problemer dierften an hirer Versuergung kréien.

Zousätzlech muss ee berücksichtegen, datt säit 2009 nei Investissementer an der europäescher Gasinfrastruktur realiséiert goufen, déi zu enger Verbesserung vun der Versuergungssécherheet gefouert hunn.

An deem Kontext goufen och nei Terminalen a Betrib geholl, déi et méiglech maachen, verflëssegten Äerdgas an déi europäesch Netzer anzespeisen, beispillsweis aus dem Katar, Trinidad, Tobago oder och nach aus Kanada. Dës Aktioune reie sech an an déi allgemeng Initiative vun der Europäescher Unioun, fir d'Gasversuergung ze diversifiéieren.

Bei längeren Ënnerbriechunge vun de Liwwerungen aus Russland bestinn nach d'Méiglechkeeten, fir iwwert den transeuropäesche Réseau Gas aus Norwegen oder aus Algerien ze importéieren. Doriwwer eraus sollt och berücksichtegt ginn, datt d'Gasspäicher an Europa, laut Informatioune vun der Europäescher Kommissioun, am Moment gutt gefëllt sinn duerch deen éischter mëlle Wanter.

Aus deene virgenannte Grënn rechent d'EU duerfir och net mat Versuergungsproblemer an

den nächste Méint. Et muss een allerdéngs berücksichtegen, datt länger Liwwerausfäll aus Russland a verschiddene Länner kéinten zum Enkpass féieren.

Villmools Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Statssekretärin.

Déi nächst Fro riicht sech erëm un d'Madame Statssekretärin, also et war déi éischte Kéier direkt suivéiert vu méi Kéieren. Den Här Spautz huet d'Wuert, fir eng Fro iwwert d'Zukunft vun der Enovos ze stellen.

8. Question écrite n°179 du 27 mars 2014 de M. Marc Spautz relative à la société Enovos

M. Marc Spautz *(CSV).*- Jo, Här President, Madame Statssekretärin, ech hat de 26. Mäerz d'Fro gestallt, dass bei der Presentatioun vum Bilan vun der Enovos ënnerstrach gi wier, dass si och an Zukunft géifen de Leit komplett Packagen ugi fir de Conseil an d'Installatioun vu Gasheizungen. Ech wollt do wëssen, ob d'Regierung dat och esou gesäit, dass dat eng gutt Aktioun ass.

Mécht d'Enovos dat selwer? Mécht si dat an Zesummenaarbecht mam Lëtzebuerger Handwierk? A falls dat net de Fall sollt sinn an Zesummenaarbecht mam Lëtzebuerger Handwierk, géif dat keng Situatioun vun déloyaler Konkurrenz ginn, well Enovos ëmmer e Virdeel huet, als Distributeur vun der Energie dat am Virfeld ze maachen?

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Spautz. An d'Wuert huet d'Madame Closener.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Här President, als Äntwert op d'Ufro vum honorabelen Deputéierte Marc Spautz iwwert d'Aktivitéite vun Enovos wollt ech Iech dat heite matdeelen. Déi europäesch Energieeffizienzdirektiv, déi setzt de Kader, fir datt d'Memberstaten duerch konkret Mesuren Energie aspuere sollen. An där Direktiv gëtt och d'Méiglechkeet geschafen, fir ënner anerem d'Stroum- an d'Gasliwweranten ze verflichten, Energie anzespueren.

Op Nofro hin huet d'Entreprise Enovos eis matgedeelt, datt se sech am Moment domadder beschäftegt, fir adequat op dës méiglech Obligatiounen ze reagéieren, déi hir an Zukunft sollen operluecht ginn.

Eng vu ville Mesuren, déi Enovos envisagéiert ze maachen, ass, fir de Remplacement vun alen Heizungen duerch méi effizient Heizunge virunzedreiwen, fir esou eben d'CO_2-Emissiounen ze reduzéieren an Energie ze spueren. D'Zil vun der Enovos ass et dobäi, d'Energieberodung an déi méi effizient Léisungen an deem Kontext mat de professionelle Partner aus dem Secteur ze realiséieren, also net e Konkurrent ze ginn.

Enovos deelt weiderhi mat, datt déi Aktivitéiten nach an der Analys sinn an déi definitiv Décisioun eréischt da geholl gëtt, wann de Kader fir d'Obligatioun an der Énergieeffizienz fir de Secteur méi kloer definéiert ass.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Merci.

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie.*- Merci och.

M. le Président.- Merci och der Madame Closener.

Déi nächst Fro kënnt nach eng Kéier vum Här Spautz. Si riicht sech un den Aarbechtsminister a betrëfft d'Transpositioun oder d'Nettranspositioun vun enger Direktiv. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

9. Question écrite n°157 du 19 mars 2014 de M. Marc Spautz relative à la mauvaise transposition d'une directive européenne

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dir Dammen an Dir Häre, léif Frënn, mir haten och elo Diskussioune mat den CDDs-Verträg. Lëtzebuerg huet d'Direktiv 1999/70/CE, wou et ëmmer ëm d'Verlängerung gaangen ass vun den CDDen, hat Lëtzebuerg eng Ausnahmebestëmmung geholl, virun allem, well mer e Secteur hate wéi dee vun der Recherche, wou et oft och am Intérêt war vun deene Betraffenen, dass se konnten de Vertrag méi oft wéi 24-mol verlängeren.

D'Europäesch Kommissioun huet eis elo ugekënnegt, laut engem Communiqué, dass se Lëtzebuerg wéilt usichen. Ech wollt do d'Fro stellen un d'Lëtzebuerger Regierung, wéi si et gesäit, fir dorobber kënnen ze reagéieren. Ass d'Gefor do, dass mer do eng Strof kréie vun der Europäescher Kommissioun? A wat wier de Plang B, well mer jo wuel wëssen, dass d'Cheruren, wann déi eng Kéier mussen e Contrat définitif maachen, dass dann de Standuert Lëtzebuerg fir d'Chercheure méi oninteressant gëtt?

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Spautz. D'Wuert huet direkt den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Här President, et gëtt zwou Saachen an deem, wat d'Kommissioun ons matgedeelt huet: Éischtens hu se ons an enger éischter Phas kritiséiert op alles, wat déi Métieren ubelaangt, déi sougenannten „Métiers du spectacle". An do kritiséiert se, datt mir kënnen eben iwwert deen Artikel am Code du Travail d'CDDe relativ oft répétéieren an erneieren.

Dat Zweet ass dat, wat Dir elo gesot hutt iwwert d'Chercheuren an d'Enseignanten, gewëssen Enseignanten op der Uni Lëtzebuerg. Wat dee Punkt ubelaangt, huet d'Kommissioun ons, ass se zefridde mat där Explikatioun, déi mir hir ginn hunn. Ech soe just, d'Kommissioun hätt ons och do net kënnen, si muss jo emol nach fir d'Éischt op d'Geriicht goen, an da muss d'Geriicht mat der Kommissioun d'accord sinn, ier mer kënne vu Strofe schwätzen. Do ware mer also nach net. Dee Punkt schéngt mer definitiv écartéiert. D'Kommissioun ass do mat onsen Explikatiounen d'accord.

Bleift also de Problem vun deene Leit, déi an de Métiers du spectacle schaffen. An do kann ech mech eigentlech nëmme wonneren, datt d'Kommissioun onse Regime do attackéiert. Well onse Regime ass e Regime, deen, wann ech mech gutt erënneren, iwwregens vun engem gemaach ginn ass, dee souwuel Kulturminister war wéi och Aarbechtsminister, deen eigentlech deene Leit méi Protektioun gëtt, wéi dat an deene meeschte Länner de Fall ass.

A Frankräich kann een x-mol ëmmer erëm en neie Kontrakt maachen, vun engem Dag, vun e puer Stonnen, e puer Deeg. An Däitschland mécht iwwerhaapt keen en direkten Aarbechtsvertrag, well do ass, sinn alleguerten déi Métieren, déi schaffen op enger Base libérale. Dat sinn also fräischaffend Leit, déi hunn also iwwerhaapt kee Contrat de travail.

Mir hu gemengt, andeems mer deene Leit e Contrat à durée déterminée ginn, deen zwar méi oft kann erneiert ginn, besonnesch, well een net ëmmer genau weess, wat d'Durée ass vun deenen Interventiounen, déi déi Leit musse maachen, hätten déi Leit méi Sécherheet, méi Planungssécherheet, fir hir Aarbecht ze organiséieren.

Mir wäerten der Kommissioun dat nach eemol explizéieren. Mir hunn dat scho gemaach. D'Kommissioun ass do e bëssen hartnäckeg. Ech soe ganz offen: Et wonnert mech, datt d'Kommissioun grad op deem dote soziale Punkt elo esou pingeleg ass, wou et esou vill aner sozial Froen an Europa gëtt, wou d'Kommissioun eigentlech relativ schnell an ouni Problem driwwer ewechgaangen ass. Mä ech gesi momentan nach keng Gefor, datt mer op deem do Punkt kéinte veruerteelt ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Aarbechtsminister. An, Travail à la chaîne, den Här Spautz ass erëm dru mat der Fro un de Minister fir Nohaltegkeet an un d'Madame Kulturminister, wat d'Solarzellen op, net natur-, mä denkmalgeschützte Gebaier ugeet. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

10. Question écrite n°190 du 1er avril 2014 de M. Marc Spautz relative à l'installation de panneaux solaires photovoltaïques sur les toits des immeubles et objets classés monuments nationaux

M. Marc Spautz *(CSV).*- Merci, Här President. Meng Fro ass gaangen un d'Lëtzebuerger Regierung an ech sinn dofir och frou, dass d'Kulturministesch, nodeem se nëmmen hätt kënnen eng hallef Stonn bleiwen, awer gewaart huet, fir mer op meng Fro kënnen ze äntwerten.

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.*- Gesitt Der emol!

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ëmmer méi, an d'Madame Closener huet et elo ënnerstrach, Energieeffizienz gëtt gemaach. Et geet drëms, fir CO_2 kënnen anzespueren an et ginn ëmmer méi Fotovoltaiksanlagen opgestallt.

Meng Fro ass: Ass d'Méiglechkeet, gëtt et eng Ausnahmebestëmmung vum Kulturministère, fir och a Gebaier, déi op der Lëscht sti respektiv déi schonn denkmalgeschützt sinn, fir och do kënne Fotovoltaiksanlagen opzeriichten? Oder ass dat eng Méiglechkeet, déi komplett exclue ass, dass esou Gebaier och kënnen an déi Berücksichtegung mat erakommen, well festgestallt gëtt, dass et jo oft schwiereg ass, déi géeegent Gebaier ze fannen, fir déi Fotovoltaiksanlagen an enger grousser Zuel kënnen ze installéieren?

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Spautz. An d'Wuert huet d'Madame Kulturministesch Maggy Nagel.

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wat d'Äntwert op déi Question parlementaire do ugeet, hu mer am Kulturministère eis Aarbecht gemaach. Déi läit prett do fir eraus, en attendant, datt se vun deem anere Ministère nach beäntwert gëtt, a se dréit d'Iwwerschréft: „Eis gebautent Ierwen an d'erneierbar Energien".

Wéi den 21. Mäerz „my energy days" waren, hu mer op engem Stand als Sites et Monuments méi wéi scho gewisen, wéi oppe mer sinn, fir iwwert d'Panneaux solaires photovoltaïques op den Diech vun de klasséierte Gebaier, déi awer am Inventaire supplémentaire stinn, nozedenken. A mer hunn och schonn engersäits gutt Beispiller an anerersäits manner gutt Beispiller, déi mer no där Ausstellung och op dem Internetsite vu Sites et Monuments drop hunn. E gutt Beispill zitéieren ech: zu Useldeng d'Kierch. Ech zitéieren e schlecht Beispill: d'Kierch zu Greiweldeng.

Et ass awer esou am Prinzip, datt en historescht Haus an eng méi oder manner intakt Uertschaft oder e Stadvéirel net duerch Energiekollektere sollt gestéiert ginn an doduerjer och d'Authentizitéit an de Cachet vum Haus oder vun der Plaz net méi gären herno garantéiert ass. Als Ausnahm zum Prinzip: Wa weder d'Gebai nach d'Uertschaft e grousse materiellen an optesche Schued erleiden duerch d'Installatioun vu Kollekteren, da soll et méiglech sinn, Fotovoltaiks- oder aner Capteuren och op historesch Haiser ze installéieren. Dat virun allem, wann d'Haiser selwer eppes vun där Energie hunn an net nëmmen als Këscht benotzt ginn, fir Stroum ze maachen, deen an de Réseau fléisst.

E gutt Beispill, wéi ech scho gesot hunn, ass och sécher d'Uwendung vum kybernetesche Prinzip, wou mat wéineg techneschem Opwand, dat heescht Low-tech also am Géigesaz zu Fotovoltaik, vill Hëtzt kann direkt duerch déi Gebailechkeete gewonnen a genotzt ginn.

Wat d'Installatioun vun Energiekollekteren ugeet, mussen zwar eng Rei technesch Kritären op alle Fall respektéiert ginn. An enger Réunioun mat Sites et Monuments hu mer schonn iwwert déi Kritäre geschwat. A mir hunn och schonn doriwwer geschwat, wéi d'Oploe musse si fir d'Ausféierung virun allem vun de Sonnekollekteren, déi mer wëllen akzeptéieren, fir op e Gebai ze installéieren.

Et ass also esou, datt mer op sinn an datt mer och wëllen an déi Richtung do matdenken. Natierlech muss een oppassen, datt ee kuckt, a wat fir engem Kontext dat do gefrot gëtt. Et muss een och kucken, wéi mer dann déi Subventiounen, déi Sites et Monuments de Leit gëtt, wa se eng Restauratioun maachen, wéi déi dann herno sollen ausgesinn, ob dat soll an der Kultur nëmmen eleng bleiwen oder ob dat soll och bei d'Madame Dieschbourg an de Ministère goen.

Et sinn all déi geschützte Gebaier, bis elo ass nach keent, wat op dee Wee do gaangen ass. Mä an anere Gebaier, wéi ech elo gesot hunn, wéi déi Kierchen do, do fannt Der dat awer schonn erëm.

Voilà, ech mengen, dat ass emol deen Deel, wat ech als Kulturminister zu deem sollt soen oder wëll soen. An deen aneren Deel wäert Der jo da spéider vun der Madame Dieschbourg, wou ech se um Tëlefon hat a wou se mer gesot huet, si hu bis elo nach näischt am Ministère erëmfonnt, och da wäert äntwerten.

Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Nagel.

Mir wären domat um Enn vun engem net alldeeglechen Exercice, deen zwar ganz gutt elo ofgelaf ass, wat awer net soll eng Invitatioun sinn, fir dat esou oft wéi méiglech ze widderhuelen. Also mäin Appell, sech un d'Délaie fir d'Äntwerten ze halen, an d'Äntwert ass als Äntwert akzeptéiert, wann och d'Énnerschréft vum Minister drënner ass.

Selbstverständlech bei méi komplexe Froen, déi och méi technescher Natur sinn, ass ëmmer d'Méiglechkeet, fir eng Verlängerung vum Délai ze froen. Mä do mussen awer gutt Grënn virleien. Et ass net, dass systematesch verlängert gëtt. Also d'Konklusioun dozou, ech mengen, mir hunn haut e bësse bäigeléiert. Villmools Merci.

Mir géifen dann zu dem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi Nummer 6415 betreffend d'Vente vu médicamenteusë Substanzen an d'Lutte géint d'Toxicomanie. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Léon Gloden.

11. 6415 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie

Rapport de la Commission juridique

M. Léon Gloden *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, um Menu steet elo de Projet de loi 6415 portant modification de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie. Ech wëll, fir unzefänken, kuerz op d'Prozedur agoen, well et jo awer e bësse méi ongewéinlech ass, datt een aus der Oppositioun Rapporteur vun engem Gesetzesprojet ass.

Dëse Gesetzesprojet gouf vum fréiere Justizminister François Biltgen den 23. Mäerz 2012 an der Chamber deponéiert. Den 22. Januar 2013 goung den Avis vum Statsrot hei am Haus an. A senger Sëtzung vum 20. Mäerz 2013 huet déi zoustänneg Chamberskommissioun mech zum Rapporteur vun dëser Gesetzesvirlag genannt. Dës Nominatioun gouf och no de Chamberswahle confirméiert. Mir hunn den 20. Mäerz 2013 de Projet de loi duerch en Amendement ofgeännert gehat. Dësen ass dunn de 26. Juni 2013 vum Statsrot aviséiert ginn.

De virleiende Gesetzestext schreift sech an d'Regierungserklärung vun 2009 vun deemools an, wou et geheescht huet: „Le Gouvernement va poursuivre sa politique de lutte contre la drogue et les maladies de dépendance par un vaste programme d'actions et de campagnes de sensibilisation ciblées sur les jeunes."

An deem Kontext war et d'Suerg vun der Regierung, d'Strofverfolgung vun den Infraktiounen, déi am Gesetz vum 19. Februar 1973 iwwert de Verkaf vu medikamentéise Substanzen an d'Bekämpfung vun der Drogenofhängegkeet opgelëscht sinn, ze verstäerken, andeems den Drogenhandel, wëll heeschen d'Dealen, verstäerkt an d'Viséier geholl gëtt. Et goung drëm, déi repressiv Aktiounen an d'Interventioune méi effikass ze gestalten.

Wat gëtt also duerch dëse Projet de loi elo verbessert? Bis elo konnt d'Douane am Kader vun der Drogebekämpfung just en cas de flagrant délit intervenéieren. Elo ginn d'Agente vun der Douane vum Grad vum Brigadier principal un an déi nominativ vum Justizminister genannt ginn, Officier de police judiciaire. Esou kréien dës Agente méi grouss Kompetenzen am Kader vun der Drogebekämpfung. Dat heescht, dës Agente kënne selwer verschidden Infraktioune recherchéieren a constatéieren.

Ech ënnersträichen, datt dës Agenten eng Spezialformatioun kréien. D'Kommissioun hat och den Avant-projet vum Règlement grand-ducal betreffend d'Formation professionnelle virgeluecht kritt.

Zweetens, d'Méiglechkeet fir de Procureur oder den Untersuchungsriichter, gemeinsam Équipen tëschent der Police an der Douane mat Enquêten oder Ënnersichungen am Kader vun der Drogebekämpfung ze befaassen.

Drëtte Punkt. Eng nei Infraktioun gëtt agefouert. Persounen, déi Produiten, Substanzen, Objeten oder aner Moyenen, déi dozou déngen, Bluttprouwen oder medezinesch Ënnersichungen ze verfälschen oder ze influencéieren, ze verkafen, ze offréieren, benotzen oder importéiert hunn, kënne bis zu dräi Joer an de Prisong kommen, mat engem Minimum vun dräi Méint, a riskéieren eng Amende tëschent 251 an 10.000 Euro oder eng vu béide Strofen.

Am Fachjargon schwätzt een hei vun enger „Clear machine" oder dem „Clear urin". Dat éischt ass e Pudder, deen den Dépistage vu psychotrope Substanzen am Urin verschleiert. Am zweete Fall handelt et sech ëm synthetesche Urin.

Véierte Punkt. D'Verjährungsfrist vun zéng Joer fir verschidden Infraktiounen am Zesummenhang mat Droge gëtt uniformiséiert. Dëst gëtt och vum Statsrot begréisst. A sengem Avis vum 22. Januar 2013 seet sech de Statsrot awer iwwerrascht doriwwer, dass der Douane ëmmer méi Kompetenzen zougeschoustert géife ginn, an dat ausserhalb vun hirem eigentlechen Aufgabeberäich.

Déi Héich Kierperschaft bedauert weider, dass déi lescht zwee Jorzéngten, dat heescht zënter

dem Ofschafe vun de Grenzkontrollen innerhalb vun der EU, net dozou genotzt goufen, fir sämtlech Kompetenzen am strofrechtleche Beräich der Police zouzeschreiwen. De Statsrot erënnert drun, dass d'Policegesetz vun 1999 justement zum Zweck hat, fir déi verschidde Corpsen, déi am strofrechtleche Beräich täteg waren, an engem ze eenegen.

D'juristesch Kommissioun huet de prinzipielle Bedenke vum Statsrot, wat eng Extensioun vun de Kompetenze vun der Douane ubelaangt, net Rechnung gedroen. Wat d'Membere vun der Kommissioun awer zréckbehalen hunn, dat sinn d'Bedingungen, déi de Statsrot un dës Ausdehnung geknäppt huet: Nëmme vun engem bestëmmte Grad un, an déi Leit mussen eng speziell Formatioun kréien. A sengem zweeten Avis seet sech dann de Statsrot mat der Propositioun vun der Kommissioun averstanen.

Den initiale Projet de loi hat Strofreduktioune virgesi fir Beschëllegter, déi gehollef hunn, d'Infraktiounen opzeklären. Hei huet sech de Statsrot vehement opposéiert mam Argument, dass d'Kohärenz vum Strofrecht a Fro gestallt gëtt. Wann een nämlech an engem Deelberäich vum Strofrecht esou eppes afeiert an op verschidden aner Beräicher ausdehnt, da riskéiert een ähnlech gelagert Situatiounen, déi awer net berücksichtegt goufen, anescht ze behandelen. Deem konnt de Statsrot seng Zoustëmmung net ginn.

No dëser Opposition formelle vum Statsrot zu den neie Bestëmmungen a Saache Strofreduktioun, hu sech d'Membere vun der Commission juridique domat averstane gewisen, déi Ofännerung aus dem Gesetzesprojet ze sträichen.

Et sief dann och hei drun erënnert, datt sech den deemolege Justizminister dozou engagéiert hat, de Sujet vun de Strofreduktioune vu Krounzeie méi generell an engem Gesetzesprojet ze behandelen.

Zum Schluss ginn ech nach den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem honorabele Rapporteur. Ech hu bis elo als ageschriwwe Riedner: d'Madame Simone Beissel, den Här Alex Bodry, d'Madame Viviane Loschetter, den Här Roy Reding an den Här Serge Urbany. Als éischt Riednerin huet d'Madame Simone Beissel d'Wuert.

Discussion générale

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop och mäin häerzleche Merci un de Rapporteur Léon Gloden fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport.

D'Drogekriminalitéit mat all hire Facetten ze bekämpfen, dat ass jo ee vun de Leitmotiver vun all de Regierungsdeklaratioune säit de 70er Joren. Wann een de Fazit 2014 zitt, da kann ee just constatéieren, et gëtt net besser. Au contraire! D'Mondialisatioun, illiciten Trafic vun Drogen, déi kriminell Energie, déi verwannt gëtt, fir ëmmer erëm nei sophistiquéiert chemesch Drogen op de Marché ze bréngen, do mécht et Sënn, dass alles gemaach gëtt, fir d'Effikassitéit vun den Interventioune vun den zoustännege Corpsen ze verstäerken, dat op dem Basisgesetz vum 19. Februar 1973, wat de Secteur regléiert a wat de Rapporteur jo ugeschnidden huet.

An dësem Sënn elo zwou Serie vun Iwwerleeungen. Éischt Serie, consacréiert dëse Gesetzesprojet e Paradigmewiessel, dat heescht vun engem Auserneendriften 1994 an 2001 vun der Lëtzebuerger Douane an och 1999 vun der Police grand-ducale zu engem Réalignement zu enger Coopération renforcée tëschent Police an Douane. D'1994er Gesetz, modifizéiert 2001, iwwert d'Douane, huet d'Kompetenze vun den Douanieren, an dat trotz Fale vun de Binnegrenzen, legal verankert a konstant erweidert.

1994 krut d'Douane, trotz Resistenz vum Statsrot, an den Här Gloden hat et scho gesot, Police-générale-Missiounen. Am Artikel 2 ass nämlech virgesi ginn, dass, ech zitéieren: En cas de nécessité kënnen d'Douanieren, an dat ouni Spezifikatioun vun iergendengem Grad, réquisitionnéiert ginn, fir Personalkontrollen am Inland duerchzeféieren, wat u sech géint d'Ratione materiae vun hire Basiskompetenze geet. Duerno krute se och nach Kompetenzen a Saache vu flagrant délit.

De Projet de loi 6415, dee geet méi wäit, geet et dach hei drëm, fir ze erméiglechen, dass héich Fonctionnairë vun der Douane OPJ-Attributioune kréien an dass, op Uerder vum Staatsanwalt oder vum Instruktiounsriichter, d'Police grand-ducale zesumme mat der Douane Actions communes, Joint-Ventures a Saachen Enquête respektiv Instruktioun vun engem Fall kënne maachen. Nees eng Kéier seet de Statsrot „oui, mais". Mir kennen dem Statsrot seng Bedenken. Säit 1993 dreemt de Statsrot dovun, fir dass hei zu Lëtzebuerg ee Corps unique zoustänneg wier fir de Maintien de l'ordre national. Elo si mer amgaang awer erëm méi dat ze verhënneren, well och en zweete Corps, niewent der Police grand-ducale, elo OPJ-Kompetenze kritt, wat jo ëmmer d'Chasse gardée war vun der Police.

Et muss een awer begréissen, an de Léon Gloden huet dat och scho gesot, dass déi Héich Kierperschaft trotz hire Retizenzen hei eng konstruktiv Approche huet. Si seet eigentlech, mit einem lachenden und einem weinenden Auge, mir sinn zwar net happy, mä op där anerer Hisiicht, mat de Konditiounen, déi mer setzen, wann Der déi erfëllt, da si mer d'accord.

D'Konditioune sinn duebel an déi maachen och Sënn. Éischtens mussen et héich Fonctionnairë sinn, dat heescht et geet vum Brigadier principal un, nëmmen déi kënnen OPJ-Attributioune kréien, an zweetens musse se eng spezifesch professionell Formatioun kréien, wat och Sënn mécht am Intérêt vun der Saach.

Ech mengen, dës Mesuren, an dee Moment och d'Attitüd vum Statsrot, déi déi zoustänneg Kommissioun iwwerholl huet, fërdert d'Unicitéit an d'Koordinatioun tëschent deenen zwee Corpsmemberen, ménagéiert d'Sensibilitéiten a verhitt nei Berührungsängschten, déi weess Gott an de leschte Joren, haaptsächlech an den éischte Joren, bestanen hunn tëschent der Douane an der Police. Et ass ganz gutt, dass déi Saachen elo ofgeschaaft ginn, oder op d'mannst op e Minimum erofgeschränkt ginn. Dat gëtt eng operationell effikass Interventiounsméiglechkeet, fir d'Drogekriminalitéit méi valabel ze bekämpfen.

Zweet Serie vu kuerze Remarquen, déi ech nach wollt dozoufügen. Eis Fraktioun begréisst et och, dass virun allem nei Infraktiounen an e Spezialgesetz agesat ginn, fir déi ze strofen, déi kriminell Energie dozou verwenden, fir Spezialprodukter hierzestellen, déi ebe just Drogen oder Dopingsprodukter an Analoges, déi sougenannte Produits précurseurs, solle maskéieren an deelweis och pervertéieren. Et ass ganz wichteg, dass hei eng Base légale geschafe gëtt fir esou nei Delikter. Dat ass e ganz wichtege Schrëtt!

Zum Schluss, mir kréien ëmmer gesot „bien légiférer" vu Bréissel oder „mieux légiférer". Fir eis ass et och ganz wichteg, am Intérêt vum „mieux légiférer", dass mer endlech no laange Joren, wou dat gefuerdert ginn ass, eng Unicitéit kréien an de Saache vun der Verjährung, dass sämtlech Friste vun der Verjährung an deem spezielle Secteur hei vun der Drogekriminalitéit verschäerft ginn op zéng Joer. Dat mécht Sënn, dat ass dissuasiv an et mécht och de l'ordre dans la boutique an dësem Spezialgesetz, wat u sech d'Basisgesetz ass vun deem ganze Secteur.

Opgrond vun dëse Remarquen zu dësem Gesetz wollt ech och nach den Accord vu menger Fraktioun bréngen, déi dëst Gesetz ausdrécklech begréisst.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Beissel. An elo huet d'Wuert den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Merci, Här President, dass ech d'Wuert kréien. Ech wéilt och am Numm vun der sozialistescher Fraktioun den Accord zu deem heiten Text abréngen, deen en Text ass, deen eigentlech, et ass richteg och, iwwert den Avis vum Conseil d'État eraus eng Rei vu prinzipielle Froen opwerft, déi mer schonn e puermol am Laf vun deene leschten, jo bal Jorzéngten hei diskutéiert hunn.

Et ass wouer, dass an deem Moment, wéi d'Diskussioun ronderëm Fusioun vu Gendarmerie a Police gefouert ginn ass, och ee Moment diskutéiert ginn ass, awéiwäit een och kéint d'Douane mat eranhuelen. Dat huet sech aus techneschen, aus politeschen Ursaachen als net méiglech erwisen. Technesch war et schwéier, well d'Carrièren awer an der Douane anescht organiséiert waren, an och haut sinn, wéi dat an der Gendarmerie an an der Police de Fall war; ganz schwiereg also, déi Leit ze integréieren an een eenheetleche Corps.

An zweetens muss ech och soen, dass normalerweis och déi fir d'Douane zoustänneg Ministeren eigentlech léiwer beim Status quo bliwwe sinn, wat jo sécherlech och méi bequem ass, wéi eppes ze reformëieren, esou dass mer an där Situatioun eigentlech weiderliewen, wéi se och schonn Enn den 90er Jore gewollt war.

Gutt ass et allerdéngs, dass een iwwert deen heite Wee ënner anerem et jo och méiglech mécht, dass awer d'Kooperatioun ka renforcéiert ginn ënnert der Égide vum Parquet respektiv vum Untersuchungsriichter, dee jo hei d'Méiglechkeete kritt, fir gemeinsam Équipen - Police an Douane - zesummenzestellen.

Wat ee muss sécherlech och nach am A behalen, dat ass de Fait, dass mer hei eigentlech eng Etapp weiderginn an enger Entwécklung, déi mer eigentlech, och d'Chamber bis elo ni schrecklech positiv gesinn huet, well se och riskéiert awer op d'laang Weil ze dérapéieren. Dat ass d'Zuel vun deenen Agente beim Stat, déi a verschiddene Verwaltungen éparpilléiert sinn, an déi nieft hirer eigentlecher Funktioun an där Verwaltung och Pouvoir kréien iwwer e Spezialgesetz, wéi an dësem Fall, fir eigentlech an engem bestëmmte Beräich als Officier de police judiciaire kënnen ze handelen, also mat all deene Pouvoiren, déi domadder zesummenhänken. Mam Fait och, dass se dann och, wat hir hierarchesch Ënneruerdnung ugeet, net méi eigentlech hirem direkte Ressortminister ënnerstallt sinn, mä eigentlech och dem Parquet ënnerstallt ginn, soubal se als Officier de police judiciaire täteg ginn. Dat kann am Eenzelfall zu ganz quokelege Situatioune féieren an dat mécht d'Iwwersiicht sécherlech net méi einfach.

Duerfir ass jo schonn an der viregter Mandatsperiod och vun der Commission juridique ënner anerem d'Demande gaangen un d'Regierung, fir eng Lëscht ze erstelle vu sämtlechen Agente beim Stat, déi iwwer iergendwelch legislativ Texter speziell Befugnisser kréien, déi engem Officier de police judiciaire gläichzesetze sinn. An et wär wichteg, mengen ech och, dass déi dote Lëscht regelméisseg géif à jour gehale ginn, fir awer do net d'Kontroll iwwert déi dote Situatioun gläich ze verléieren.

Well de Fait, dass et praktesch méintelaang gedauert huet, bis d'Regierung déi dote Lëscht zesummegestallt hat, dat war nach déi viregt Regierung, beweist wéi wäit schonn déi Entwécklung iwwert déi lescht Jorzéngte praktesch gaangen ass, an et besteet praktesch, et vergeet kee Joer, wou net erëm an iergendengem Text deen een oder anere Beamte soll speziell Befugnisser kréien. Dat ass eigentlech net déi glécklechst Léisung, déi ee sech ka virstellen. Mä et ass awer eng pragmatesch Léisung an duerfir wäert eis Fraktioun och deen heiten Text stëmmen, wat deen dote Volet ugeet.

Deen anere Volet ass och scho vum Rapporteur, deem ech och Merci soe fir seng Aarbecht, respektiv vun der Virriednerin duergeluecht ginn. Wat jo ëmmer interessant ass, dat ass, wéi eigentlech de Législateur hanner enger Entwécklung muss hannendru lafen, wéi e muss reagéieren. De Fait, dass mer eng nei Infraktioun hei schafen, beweist, dass opgrond vun der Aféierung vum Dépistage vun Drogen et nei Feelverhale ginn, doduerjer, dass eben eng Rei vun Outilen zur Verfügung gestallt ginn, fir kënnen deen Dépistage do onméiglech ze maachen oder respektiv ze verfälschen. Wat dann erëm eng Kéier de Législateur muss dozou bréngen, fir en neit Strofdelikt an eise Code pénal anzeféieren.

Et gesäit een also, dass mer ëmmer eigentlech an deem Wiesselspill praktesch sinn, dass mer opgrond vu gewësse Feelverhale mussen als Législateur noreagéieren. Dat do war u sech eppes, wat ee vläicht a priori net konnt virausgesinn a wou mer elo musse praktesch eisen Arsenal législatif an deem dote Beräich norüsten. Et ass sécherlech gutt gemaach, an dofir wäerte mer also och deen dote Volet vun deem Text hei stëmmen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. Nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech géif mech einfach beschränken drop, éischtens, dem Rapporteur Merci ze soen, an och Merci fir seng Gedold. En huet eng Zäitche misse waarden, bis en da konnt säi Rapport hei virbréngen, well mer an der Organisatioun e puer Tëschefäll haten, an duerfir haut hien da säi Rapport hei konnt virbréngen a mir dat Gesetz och haut kënne stëmmen.

A fir de Rescht, mengen ech, datt et trotz deene Schwieregkeeten, déi och notamment vum Statsrot ernimmt gi sinn, et awer e gutt Gesetz ass, wat mer haut stëmmen. An dofir wäerte mir als Gréng dat Gesetz mat ënnerstëtzen.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, léif Kolleegen, dat heiten ass e Gesetz, wat eis d'Geleeënheet gëtt, e puer méi fundamental Wierder zur Drogeproblematik ze soen.

Dir wësst, datt mer Unhänger sinn dervun, datt de Stat sech soll op d'Kärkompetenze konzentréieren an dat immens gutt maachen. An dozou gehéiert ënner anerem de Schutz vu senge Bierger; de Schutz vun Drogesüchtegen, déi éischter an eng Therapie gehéiere wéi an e Prisong, mä awer och de Schutz vum Bierger als Affer vu Beschafungskriminalitéit. An dat ass e Volet, wou d'Regierung vläicht gutt géif drun doen, fir emol eng Kéier an déi Richtung ze iwwerleeën, ob een net dee Problem ka virrangeg traitéieren, andeem een e System aféiert vu staatlecher Ofgab vun Drogen an Ersatzstoffer, an zwar systematesch, u Süchteger - natierlech gesetzlech reglementéiert an natierlech medezinesch kontrolléiert. Einfach, fir deem Sumpf vum Drogenhandel déi ekonomesch Basis ze entzéien.

Natierlech lafe mer dann nees Gefor, wéi ëmmer, datt et och do kann zu Mëssbräich kommen. En Drogentourismus kann ee sech virstellen, wou EU-Bierger dann op Lëtzebuerg plënneren, well se hei kënne vun deem System profitéieren. Trotzdeem denken ech, datt dat e Gedanke wier, wou et derwäert wier, an déi Richtung ze iwwerleeën.

Fir de Rescht, wéi de Léon Gloden a sengem exzellente Rapport dat richteg gesot huet, ass dat hei ee ganz, ganz wichtegen Text. Mir schléissen eis där Saach un a wäerten als Fraktioun och dat Gesetz stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Reding. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Mir hunn hei e Gesetz virleien, wat nach vum Här Biltgen als Justizminister virgeluecht ginn ass, wat haut vun engem grénge Justizminister eis hei virgeluecht a verteidegt gëtt.

Dat Gesetz huet am Fong geholl zwou Konsequenzen: Dat Éischt, dat ass, dass d'Douane nei repressiv Befugnisser kritt, wat ech awer net esou séier ugesinn als eng einfach administrativ Fro, mä am Fong geholl als eng Fro, déi och mam Inhalt ze dinn huet vun där Drogepolitik, déi mer maachen.

Zweetens ass virgesinn, eng nei Infraktioun ze schafen, fir déi bis zu dräi Joer Prisong sollen agefouert ginn, a Fäll, wou ee Substanzen, déi u sech guer net illegal sinn, benotzt bei enger Analys, fir dass do d'Resultater vun där Analys verfälscht ginn.

Mä dat Ganzt ass ze gesinn natierlech am Kader vun enger repressiver Drogepolitik. An domadder setzt am Fong geholl dës Koalitioun kritiklos déi Politik vu virdru weider. Et ass och en CSV-Rapporteur, deen dat hei presentéiert huet. Dat ass och guer kee Problem, well et ass einfach d'Fortsetzung vun enger Politik vu virdrun.

An dobäi waren et awer grad, muss ech soen, Här President, déi gréng, déi ëmmer stounge fir eng Depenaliséierung an der Drogepolitik. Et louchen zwou Proposition-de-loien hei vir vum Renée Wagener, déi sinn 2009 zréckgezu ginn, déi fréier Deputéiert vun déi gréng. Och Deeler vun der LSAP hu sech och emol bei Geleeënheeten ausgeschwat fir eng Depenaliséierung vun den Drogen. Hei maache mer eng Verschäerfung am Fong geholl vun der Drogepolitik. Dobäi ass grad um internationale Plang amgaang eng Wend sech ofzezeechnen, eng nei Approche zu där Politik sech ofzezeechnen.

Ech wëll hiweisen op e Rapport, deen 2011 erauskomm ass vun der Commission mondiale pour la politique des drogues, an där ganz eminent Leit vertratt sinn, déi eng Rei Kritike gemaach hunn. Éischtens emol hu se gesot, dass dee Weltkrich géint d'Drogen, deen am Fong geholl amgaangen ass, en Échec ass, dass ëmmer nei Drogen agefouert ginn - iwwregens ass déi eng Infraktioun, déi mer hei aféieren, e Resultat dovunner -, an zweetens, dass déi ëffentlech Ausgabe fir déi Repressioun an déi Verfollegung vun deenen Delikter an d'Ënnersichung dovunner, déi mer all Joers ausginn, Milliioune kaschten a gläichzäiteg méi schlecht maache ganz dacks wéi se gutt maachen, andeems se ganz dacks och d'Liewe vu jonke Leit zerstéieren, déi jorelaang an de Prisong ginn, an och hir Familljen dobäi an de Misär stierzen, dass dat eng falsch Politik am Fong geholl ass, déi iwwerhaapt eigentlech näischt bäidréit zur Verbesserung vun der Situatioun vis-à-vis vun der Drogesucht, déi, wéi och mäi Virriedner gesot huet, éischter e Suchtproblem ass, e Krankheetsproblem ass, wéi dass déi Leit

sollen an de Prisong kommen. Dat gëtt awer hei kengesfalls ofgeschaaft. Dat gëtt hei confirméiert, déi Politik.

Ech hunn emol Zuelen héieren, wéi wann d'Halschent vun deene Leit, déi emprisonnéiert sinn zu Schraasseg, Drogenofhängeger wieren, déi an iergendenger Aart a Weis ze dinn hätte mat der Drogekriminalitéit. De Justin Turpel huet och eng Fro un de Minister Braz gestallt, wou e gär déi Chifferen do hätt. An dat huet och vill ze dinn zum Beispill, mer schwätze vum Käschtepunkt dovunner. Deen neie Prisong, dee soll kommen, dee gëtt am Fong geholl noutwendeg gemaach doduerch, dass mer esou eng repressiv Drogepolitik nach weiderféieren, soss stéing de Prisong zu Schraasseg wahrscheinlech eidel, huelen ech emol un, oder hallef eidel, a mer hätte gutt Plaz nach a mir bräichte keen neien Untersuchungsprisong ze bauen, esou wéi dat virgesinn ass.

Déi Commission mondiale pour la politique des drogues mécht och eng Rei vu Propositiounen. Si schléit de Regierungen an de Parlamenter vir, fir der Kriminaliséierung vun den Drogen en Enn ze bereeden. Si rifft d'Regierungen dozou op, Modeller vu legaler Regulatioun vun den Drogen ze entwéckelen an anzeféieren an esou och d'Muecht vun de Karteller vun der organiséierter Kriminalitéit anzeschränken. A si weist och op positiv Resultater hin, do, wou eng aner Drogepolitik gemaach gëtt, an zwar an engem Land, wat guer net esou wäit vun eis ewech ass: Portugal, wou et eng Depenaliséierung vun de liichten Drogen, wann ech gutt informéiert sinn, gëtt zënter enger Zäit respektiv, mengen ech, eng Dekriminaliséierung vum Besëtz vun Drogen, vun allen Zorte vun Drogen.

Dat heescht, dat Gesetz hei féiert am Fong geholl déi schlecht Politik weider, déi och grad déi, déi elo an der Regierung sinn, déi vun engem neie Wand schwätzen a gesellschaftleche Froen, ëmmer kritiséiert hunn, heftegst kritiséiert hunn, a féiert hei net zu engem Emdenken an där Politik. Si gëtt souguer verschäerft.

An dofir kënne mir a kengem Fall domadder d'accord sinn a mir wäerte géint dee Projet hei stëmmen.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Domat wäre mer um Enn vun der Riednerlëscht ukomm an d'Regierung huet d'Wuert: den Här Justizminister Félix Braz.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Merci als Alleréischt un de Rapporteur, den Här Gloden, an och un déi ganz Kommissioun, souwuel fir dee schréftleche wéi och dee mëndleche Rapport. Merci awer och un de Statsrot an deem heite Fall, well, ech mengen, och duerch den Avis vum Statsrot sinn, par rapport zum initiale Projet de loi, e puer Ännerungen an den Text komm, déi awer wichteg sinn, déi a mengen Aen och noutwendeg waren an déi maachen, dass mer en Text elo hunn, deen en Text ass, dee ganz no un der Praxis ass vun der Polizeiaarbecht, awer och vun der Aarbecht vun der Douane.

Et ass keen Text, deen eppes groussaarteg Neies mécht, mä en hélt an deem bestehende Kader, dee mer hunn, e puer Optiounen, déi maachen, dass mer kënnen um Terrain besser schaffen, an en orientéiert sech also an der Haaptsaach hei un der Praxis.

Den Alex Bodry huet, wéi anerer och, op d'Fro vun den OPJe verwisen. Déi Zuel, déi mir zur Verfügung steet, ass eng aus dem Joer 2009. Déi Zäit ware ronn 1.700 Leit hei am Land, queesch duerch d'Verwaltung, also laang net nëmme bei der Police, dat ass a praktesch all de Verwaltungen, déi als OPJ gëllen. Dat sinn der effektiv immens vill. An dat muss een zu engem kriteschen Emgang domadder bewegen. Ech ka mech do dem Alex Bodry nëmmen uschléissen, wat awer net deen heite Projet elo falsch mécht.

Hei wäerten nach eng zéng bis zwielef, schätzungsweis, dobäikommen, woubäi awer och d'Natur vun där Aarbecht, déi se maachen, mengen ech, den Titel vum OPJ sécherlech justifiéiert, vläicht méi wéi op enger ganzer Rei vun aner Plazen, wat een eng Kéier misst mat engem kriteschen An duerchforste beim Stat. Dat ass oft gesot ginn. Wann een éierlech ass, ass et nach ni wierklech gemaach ginn.

Et ass och eng Aufgab fir dës Regierung. Ech hoffen, dass mer eis Aufgab wäerten unhuelen. Mä et weess een, dass et ganz komplizéiert ass, well do och um legislative Plang immens vill misst gemaach ginn. Wann ee wéilt no der Duerchforstung d'Zuel vun den OPJe reduzéieren, da misst een och a ganz ville Gesetzer Saachen ännere goen. An dat ass, ech wëll net soen, eng Herkulesaufgab, mä net wäit dovun. An et ass och vläicht dat, wat och viregt Regierunge schlussendlech dovun ofgehalen huet, hir gutt Intentiounen op deem heite Punkt an d'Realitéit ëmzesetzen, well et der wierklech ganz vill beim Stat gëtt, déi an deem dote Fall sinn.

Mir wäerten och, soubal dëse Projet gestëmmt ass, e Règlement grand-ducal op de Wee schécken, wëllen hei virumaachen. Do geet et notamment ëm d'Formatioun vun deenen neien OPJen, déi wäert assuréiert ginn. De Reglement ass och scho geschriwwen. Deen ass prett, dee kann an den nächsten Deeg op den Instanzewee geschéckt ginn. D'Formatioun, déi wäert assuréiert gi vun den Autorités judiciaires, vun der Police grand-ducale an awer och vun der Administratioun vun der Douane a vun den Akzisen. Déi Formatioun, déi kritt och um Enn e schréftleche Contrôle. Et ass also net just eng kuerz theoretesch Formatioun, mä do gëtt wierklech eng seriö Formatioun gemaach, dass déi Leit, wa se da bis OPJ sinn, wierklech en parfaite connaissance de cause hir Aarbecht kënnen ophuelen.

D'Iddi vun den Équipes communes ass och eng, déi scho laang tëschent Polizei an Douane am Gespréich ass, huet scho laang eigentlech Sënn gemaach, gëtt elo an d'Realitéit ëmgesat. An dat ass indéniablement eng praktesch Plusvalue.

Iwwert déi nei Incriminatioun hunn och verschidde Virriedner sech scho geäussert. Et ass e Fait, dass do d'Législatioun ëmmer e bëssen hannendru leeft, dat ass och an der ganzer Matière vum Doping de Fall. Dat weess een. Déi, déi fuddelen, sinn ëmmer e Schrack vir. D'Aufgab vun deenen, déi gären éierlech a fair Konditiounen hätten, ass ëmmer déi, déi vir sinn, ze entlarven. Do gëtt et och en technesche Fortschrëtt. An do muss een och an der Législatioun dat heiansdo upassen.

Dat ass net ëmmer zefriddestellend, wann een hannendru leeft. Mä nach manner zefriddestellend wier et mat Sécherheet, wann ee géif kapituléieren a soen: Bon, da si se eben ëmmer vir, mir akzeptéieren dat, loossen dat lafen. Dat wär en Incitatif, fir vill Leit och op deen dote falsch Wee ze goen, mat villen negativen Elementer, déi mer net sollen akzeptéieren. Et kann do kee gëllene Wee gi fir d'Fuddeler. Och wann et heiansdo frustrant ass hannendrun ze lafen, deen Effort muss ee maachen. Et ass net akzeptabel ze kapituléieren an deem dote Beräich.

Et ass och geschwat gi vum Délai de prescription, deen ugepasst gëtt. Do ass, éierlech gesot, keng ganz grouss Iwwerleeung hannert dem Projet de loi gewiescht. Et ass en fait, fir méi e Méssel an der bestehender Drogegesetzgebung aus der Welt ze schafen. Et waren an engem Artikel an zwee verschidden Alinéaen zwou verschidde Prescriptiounen. Dat ass net ganz glécklech. Dat huet och kee richteg verstanen. Dat hu mer elo alignéiert op zéng Joer, wat heimadder gemaach ass. An ech mengen, dass dat och gutt gemaach ass.

De Statsrot huet, zu Recht a mengen Aen, dem Text vun der viregter Regierung eng Opposition formelle gemaach bei der Fro vun den „repentis". D'Kommissioun huet sech deem ugeschloss, wat d'Regierung ausdrécklech begréisst. Dat wär déi falsch Démarche!

Dann zu den zwou méi allgemenge Reflexioune vum honorabelen Här Reding a vum Här Urbany iwwert d'Drogepolitik am Allgemengen. Dee Constat, dee souwuel den Här Reding gemaach huet wéi den Här Urbany, fënnt sech an der Beäntwertung net an de Wahlprogrammer vun de Koalitiounsparteien. D'Beäntwertung vun Árem Constat fënnt sech am Regierungsaccord. Dee Contstat, deen dir gemaach hutt, d'Feststellung, dass eng repressiv Politik iwwer Jorzéngte mëttlerweil net déi Resultater bruecht huet, déi ee sech wënscht, dee Constat steet am Koalitiounsaccord. Fir déi, déi dat vergiess haten, Här Urbany.

D'Regierung selwer huet dee Constat gemaach, dass eng reng repressiv Politik net zielführend eleng ka sinn. Den Drogekonsum klëmmt an all de westleche Länner, obwuel déi repressiv Moyenen och klammen. Do klappt eppes net.

An den Här Reding huet a mengen Ae recht, wann en op de kommerzielle Volet verweist. Soulaang domadder Sue verdéngt sinn, ass déi Dynamik ongebrach. An dofir huet och d'Regierung am Koalitiounsaccord gesot, si wéilt an engem breede Sënn all d'Piste verfollegen, doriwwer nodenken, sech d'Moyene ginn, fir mat all de Moyenen, an net just mat deene repressiven, well mer do dee Constat deelen, dass dat eis net virubruecht huet an deem Mooss, wou mer wollten, dass mer do wëllen all Piste goen, déi et erlaben, den Drogekonsum ze reduzéieren.

Dir sot, Här Urbany, d'Halschent vun de Leit am Prisong wieren Drogekonsumenten. Ech mengen, do verwiesselt Der eppes. Et sinn effektiv ganz vill Leit...

(Interruption)

Ech kommen direkt. Do sinn effektiv ganz vill Leit, déi opgrond vun Drogendelikter am Prisong sinn. Dat huet awer net mam Konsum ze dinn, mä mat Handel. Dat stëmmt, dass et vill Leit am Prisong gëtt, déi a Konflikt gerode si mat der Drogegesetzgebung. Mä Konsumenten, déi fir en eegene Verbrauch consomméieren, sinn hei zu Lëtzebuerg an der Regel herno net virun engem Riichter. Wat natierlech poursuivéiert gëtt, dat ass den Handel domadder, well do Leit Geld verdénge mam Misär vun aneren. An ech ka mer net virstellen, dass Dir et géift richteg fannen, dass een deene seet: Kee Problem, maach du dat roueg.

Mir mussen also op zwee Niveauen agéieren. Mir musse preventiv do agéieren, wou consomméiert gëtt. Deene Leit ass mat Aspäre mat Sécherheet net an all de Fäll gehollef, an dat weess een. Do, wou domadder Sue verdéngt ginn, entsteet eng Kriminalitéit, déi mer par contre net musse wëllen. Do, wou also gehandelt gëtt a mam Misär vun anere Leit Sue verdéngt ginn, brauch d'Gesellschaft net permissiv ze sinn. Do, wou awer d'Repressioun beim Konsum d'Leit net virubréngt, da muss een dat och agesinn a seng Politik ëmstellen. Dat ass de Sënn vun deem Passus aus dem Koalitiounsaccord, an dee wäerte mer selbstverständlech ëmsetzen.

Hei, an dësem ganzen Text, an dofir ass do kee Widdersproch an eisen Aen, Här Urbany, schwätze mer net vu Konsumenten, mä hei schwätze mer éischter vun all deenen, déi heimadder wëlle Sue verdéngen an handelen. Dofir hu mer och kee Problem mat deem ofgeännerten Text, esou wéi d'Kommissioun an de Statsrot en ofgeännert hunn, hu mir als Regierung kee Problem, deen Text haut hei zum Vote ze stellen. An an eiser Drogepolitik wäerte mer déi nächste Jore probéiere selbstverständlech de Misär ze reduzéieren, ouni awer permissiv mat deenen ze sinn, déi mam Misär vun anere Geld verdéngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Parole après ministre.

M. le Président.- Merci och dem Här Justizminister. Ech hunn eng Demande de parole après ministre vum Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Jo, Dir hutt elo gesot, Dir hätt dat am Regierungsprogramm drastoen. Dat hei geet awer elo an eng aner Richtung. Hei schwätze mer just vu Repressioun. Hei schwätze mer net vun neie Pisten. Ech si selbstverständlech gespaant, wat dobäi erauskënnt. An Dir wäert och an eis déi fannen, déi wäerten dat beobachten a positiv begleeden, wann dat positiv begleedenswäert ass. Am Sënn vun deene Kritiken, déi vu ganz ville Leit ëmmer virbruecht gi sinn, dass eng Penaliséierung an eng Kriminaliséierung vum Drogekonsum keng richteg Léisung ass. A wann een den Drogekonsum penaliséiert léisst, da schaaft een natierlech automatesch mat déi ganz Kriminalitéit, déi domadder zesummenhänkt.

Dir sot och, hei geet et net ëm de Konsum, mä ëm d'Kriminalitéit. Da muss ech awer soen, wann ech den Text kucke vun Árem Gesetz, wou et ëm déi nei Substanzen do geet, déi dissimuléiere gewëssen Effete vun Drogen, dat kënnen och ganz harmlos Droge sinn, wou ee Cannabis geholl huet an duerno eppes anhëlt, fir dass een dat net soll kënne feststellen, steet hei „qui ont utilisé ces produits". Dat heescht, dat Wuert „utilisation" kënnt ganz kloer hei dranner vir. Oder et sief dann, Dir gitt mer eng aner Erklärung dofir, wat dat heescht. Dat heescht, och d'Utilisateure vun esou Produiten, déi ginn hei mat kriminaliséiert, well et steet eng Strof drop vun dräi Méint bis dräi Joer.

Ech wëll nach soen, ech si bestëmmt dee Leschten, dee wéilt den Drogekonsum u sech verherrlechen oder verharmlosen. Ech si perséinlech iwwerhaapt kee Frënd dovunner. Mä ech si just der Meenung, eng Penaliséierung vum Drogekonsum, dat ass eppes, woumat mer der Jugend e Bierendéngscht leeschten. Dat ass eng Kriminaliséierung vu Leit, déi eigentlech guer net an de Prisong gehéieren. Mä ech si gespaant op déi Äntwert, déi Der gitt zu deem Text hei.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Vläicht allgemeng eng Kéier widderholl, dass et ubruecht ass, dass den Deputéierte sech un d'Chamber riicht, idem fir d'Regierungsmemberen, dass mer net den Dialog ënner Persoune maachen, mä dass mer eis entweder un d'Chamber oder un de President riichten. Just eng Kéier, well dat an der Lescht e bësse méi oft virkomm ass. An da ginn ech dem Justizminister direkt d'Wuert.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Just ganz kuerz, well ech eigentlech d'Gefill hunn, ech hätt virdrun a menger Interventioun déi Saache scho gesot, déi dem Här Urbany seng Fro beäntweren.

Mir sinn hei am bestehende Kader. Wann Dir op deen doten Artikel vum Gesetz verweist, soen ech Iech nach eng Kéier, mir hunn zu Lëtzebuerg eng Praxis, wéi eng Konsumenten iwwerhaapt mat de Geriichter a Kontakt geroden. Alles dat hei setzt dat net ausser Kraaft. Et ass also heiranner keng nei Orientatioun an der Drogepolitik ze gesinn. Et ass eng am bestehende Kader praxisorientéiert Approche, wou den Text, an eisen Aen, no den Interventioune vum Statsrot a vun der Kommissioun, och an der Rei ass.

An eng nei Approche zu der Drogepolitik, wou ech d'Gefill hunn, dass mer eigentlech e Konsens an der Chamber hunn, dass mer wëllen den Drogekonsum reduzéieren am Land, dass mer eis wëlle beméien, dass den Drogekonsum zréckgeet, dass mer wëllen déi, déi domadder Sue verdéngen, déi wëlle mer aus dem Circuit kréien. Well an deenen allermeeschte Fäll selbstverständlech eng Prisongsstrof fir déi dote Leit keng Solutioun ass.

Ech mengen, wa mer eis do eens sinn, an ech hunn d'Gefill, wéi wann dat och beim Här Urbany de Fall ass, da wäerte mer eis och an den Diskussiounen an den nächste Joren an där heiter Matière hoffentlech séier kënnen op eng gemeinsam Politik verstännegen.

Dat hei ass e Schratt an deem bestehende Kader. Mä nach eng Kéier, och déi Substanzen, wou de Verbrauch dovunner an d'Benotzung dovunner strofbar gemaach ginn, ännert näischt dorunner, dass déi, déi haut schonn net mat de Geriichter a Kontakt kommen, och an Zukunft weiderhin net mat de Geriichter wäerten a Kontakt kommen.

Et kommen also duerch dat heite bei deene Konsum-Limiten, déi grosso modo vun de Geriichter applizéiert ginn, wäerten also och duerch dëst Gesetz keng aner Leit, keng Leit weider virun d'Geriichter kommen. Ech mengen, dat misst elo kloer sinn.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Gestrooft wéinst der Utilisatioun vun deene Produiten.

M. le Président.- Merci dem Justizminister. An domat wäre mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mer kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6415.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6415 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dat ass dann esou décidéiert.

12. Ordre du jour (suite)

Ech hunn d'Demande vum Här Statsminister, fir de leschte Projet virzezéien, well en eng offiziell Visite direkt anschliessend huet. Ass d'Chamber domat d'accord, fir deem Projet Prioritéit ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech Iech villmools Merci an ech géif direkt der honorabeler Rapportrice, der Ma-

dame Joëlle Elvinger, d'Wuert gi fir de Rapport vum Projet de loi 6651 fir en neie Radiokommunikatiounssystem fir d'Services de sécurité.

13. 6651 - Projet de loi relative au financement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet 6651 betreffend de Finanzement vum Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois, kuerz gesot RENITA, ass de 6. Februar 2014 vum Premier- a Statsminister Xavier Bettel déposéiert ginn.

Um Text vum Projet de loi war en Exposé des motifs, e Commentaire des articles an eng Fiche financière annexéiert. Den 22. Abrëll 2014 gouf ech als Rapporteur an der Finanz- a Budgetskommissioun genannt an den 29. Abrëll huet d'Kommissioun de Rapport ugeholl.

De RENITA ersetzt den heitege RIFO. De RIFO baséiert op fënnef Antennen uechtert d'Land, déi zu Diddeleng, um Waldhaff, Pfaffenberg-Osweiler, Heiderscheid an Housen stinn. E baséiert op analoger Technologie. An dëse Réseau besteet säit de 70er Joren an ass Enn der 90er Jore moderniséiert ginn. Mä e séchere Cryptage vun de Kommunikatiounen ass net méiglech. De RIFO entsprécht och net méi den internationale Kommunikatiounsstandarden an d'Interopérabilitéit mat de Réseaue vun eisen Nopeschlänner ass net méi garantéiert. De Réseau vum RIFO ass also op sengem Liewensenn ukomm an et ginn och nach kaum Ersatzdeeler fir dëse Réseau.

An eisem digitalen Zäitalter ass et wichteg, dass deen neie Réseau agefouert gëtt, en digitale Réseau also, fir dass eis Rettungsdéngschter an d'Servicer, déi fir d'Sécherheet am Land zoustänneg sinn, méi optimal, effikass a sécher funktionéiere kënnen. An natierlech och en vue vun der Présidence vum EU-Conseil am zweete Semester 2015.

Den aktuellen analoge Réseau gëtt also duerch en digitale Réseau ersat. De RENITA wäert op Basis vun der Technologie TETRA funktionéieren. TETRA steet fir „Terrestrial Trunked Radio" an ass eng harmoniséiert europäesch Norm. D'Réseaue vun eisen Nopeschlänner Däitschland, Frankräich a Belsch funktionéieren och op Basis vun där Technologie TETRA. De RENITA ass an éischter Linn geduecht, fir d'Servicer vun der Douane, de Ponts & Chaussées, d'Rettungsdéngschter, Pompjeeën a Protection civile, d'Arméi, d'Centres de communication vun der Regierung, den Haut Commissariat de la protection nationale, d'Police an de SREL. An insgesamt wäerten eng 11.500 Benotzer den neie Réseau benotzen.

De RENITA deckt de gesamten Territoire vun eisem Land of a funktionéiert och a Bëscher an Autobunnstunnelen, an Eisebunnstunnelen a wäert och bannen an de Gebaier funktionéieren. Ongeféier 75 Basisstatioune wäerten néideg si fir de Fonctionnement vum RENITA. An d'TETRA-Technologie erlaabt et och, eng Kommunikatioun innerhalb vun nëmmen 0,3 Sekonnen opzestellen. Dat ass extrem séier an ass méi séier wéi eng GSM-Kommunikatioun. TETRA funktionéiert mat engem „Push to talk", dat heescht, dass eng Kommunikatioun ka mat engem eenzege Knäppchendrock hiergestallt ginn. D'Benotzer kënne sougenannte Groupes d'appels organiséieren. A wann een Terminal net funktionéiert, kann en aneren Terminal als Relais geholl ginn.

De Cryptage vun de Kommunikatiounen ass och ganz sophistiquéiert. An et ass och méiglech, SMSen iwwert de RENITA ze verschécken. De RENITA iwwerdréit Donnéeë vu Persounen, notamment wat d'Géolocalisatioun vu Persounen ugeet. An dëse Réseau versprécht eng héich Frequenz, déi et erlaabt, dass de Réseau net bei enger technescher Pann zesummebrécht. Den neien digitale Réseau RENITA ass en aussergewéinlechen a komplexe Projet. An dofir ass bei der Ausschreiwungsprozedur virgesinn, dass de Projet sech op en Zäitraum vu 15 Joer, vu mindestens 15 Joer ausdehne soll.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Ech wëll och hei drop hiweisen, dass am schréftleche Rapport, deen an der Kommissioun vum 29. Abrëll ugeholl ginn ass, eng kleng Erreur matérielle virkomm ass, an zwar am zweete Paragraph vum Artikel 1, do steet, dass de Kontrakt bis den 30. Juni 2013 leeft, anstatt bis den 30. Juni 2030. Dëse klenge Feeler ass awer schonn an deem Rapport, dee gedréckt ginn ass, verbessert ginn.

De Stat huet och keng richteg Erfahrung, wat d'Ausschreiwunge fir esou grouss Projeten oder Projete vun deem Typ vum RENITA ugeet, an dofir war et och schwéier anzeschätze fir d'Regierung, wéi eng vun deene verschiddenen technesche Léisungen déi richtegst an adaptéierste wär.

De 24. Abrëll 2012 huet d'Chamber eng Motioun adoptéiert, an där se d'Regierung invitéiert huet, d'Ausschreiwungsprozedur ze lancéieren, fir d'ekonomesch Acteuren ze invitéieren, fir hir Offeren ze maache fir d'Conceptioun, d'Installatioun an d'Maintenance vum neien digitale Réseau.

Duerch en Arrêté ministériel vum 20. November 2013 ass de Marché public un de Groupe Connectcom an d'Post vergi ginn. Et ass allerdéngs eng express Reserv virgesinn, dass de Kontrakt eréischt kann ënnerschriwwe ginn, wann d'Finanzéierungsgesetz vun der Chamber gestëmmt ass.

D'Regierung huet décidéiert de Kontrakt fir den Déploiement an d'Exploitatioun vum neie Radiokommunikatiounsréseau mat engem privaten Investisseur anzegoen, ënnert der Form vun engem sougenannte Private Public Partnership, engem PPP also. De PPP huet eng ganz Rei vu Virdeeler, well d'Technologie immens komplex ass. Wat eleng d'Personal ugeet, wären 33 Posten an Eegeregie néideg, fir d'Iwwerwaachung vum Réseau an eng Assistance 7 Deeg op 7 a 24 Stonnen op 24, fir all d'Benotzer vum neien digitale Réseau ze garantéieren. Am Kader vum PPP riicht den Opérateur de Réseau op an de Réseau gëtt exklusiv vum Pouvoir adjudicateur, also vum Stat benotzt a vun deene Benotzer, déi vum Stat bestëmmt ginn.

D'Exploitatioun vum Réseau ass, wéi gesot, fir 15 Joer virgesinn. An den Opérateur bleift och Propriétaire vum Réseau an assuméiert domat all d'Risiken an d'Responsabilitéit, déi un d'Propriétéit gebonne sinn. De Stat huet awer eng Option d'achat op de Réseau. An duerch de PPP ass d'Stabilitéit an d'Zouverlässegkeet vum Réseau, wat immens wichteg an dësem Domän ass, garantéiert. Et ass och eng kontinuéierlech Verbesserung vum Réseau virgesinn.

De 4. Abrëll 2014 huet de Statsrot säin Avis zu dësem Projet de loi ofginn an huet do zwou Oppositions formelles formuléiert. Déi Éischt betrëfft d'Attributioun vum Marché public. Hei huet de Statsrot virgeschloen, den Numm vun der Entreprise, déi de Marché attribuéiert krut, aus dem Gesetzestext erauszehuelen an d'Finanzkommissioun huet dës Propos och ugeholl.

Déi zweet Opposition formelle huet d'Finanzéierung vum RENITA betraff. Hei huet de Statsrot virgeschloen, de Punkt c) vum drëtte Paragraph am éischten Artikel vum Gesetzesprojet ze sträichen, fir dass de Projet de loi konform soll sinn zum Artikel 99 vun eiser Verfassung. Och dëser Propos ass d'Cofibu gefollegt.

De Stat iwwerhëlt och d'Käschte fir déi éischt Formatioun vun alle Benotzer vum RENITA.

Als Ofschloss géif ech dann och nach den Accord vun der DP-Fraktioun ginn zu dësem Gesetzesprojet an nach eemol betounen, dass d'DP et ausdrécklech begréisst, dass dëse Projet soll virun der Présidence agefouert ginn, och wann dat bis dohin aus Zäitgrënn, wat evident ass, just an enger liichter Versioun kann de Fall sinn.

Et ass immens wichteg, dass och de Stat mam technesche Fortschrëtt virugeet an dass d'Sécherheet an d'Zouverlässegkeet virun allem an dësem Domän vun de Sécherheets- a Rettungsdéngschter garantéiert bleift.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci der Madame Elvinger fir hire breetgefächerte Rapport an dësem ganz interessanten an zukunftsträchtege Secteur. Als éischten ageschriwwene Riedner ruffen ech elo hei op d'Tribün den Här Deputéierte Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Madame Presidentin. Ech soe fir d'Éischt der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, Merci fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, dat Wichtegst virop, d'CSV wäert dëse Projet stëmmen. E geet och zum groussen Deel op déi fréier Regierung zréck. An d'Chamber - muss ee soen - war och schonn 2012 mat agebonnen, nämlech krute mer de Projet an der Finanzkommissioun, deemools presidéiert vum Här Wolter, virgestallt. A mir hunn och eng Motioun gestëmmt, wou d'Regierung eigentlech formell den Optrag kritt huet, fir en Appel d'offres an dësem Dossier ze maachen.

D'CSV steet vum Fong hier zu deem Projet, well en ass am Interessi vun der Sécherheet vun de Bierger a vun eisem Stat. An zweetens - d'Madame Rapportrice huet et och ënnerstrach - soll dee System operationell si fir d'EU-Présidence dat zweet Semester 2015, an dobäi geet et och ëm d'Image de marque vun eisem Land, dass mer dee System kënnen hunn.

Et ass, wéi gesot ginn ass, de sougenannte RIFO-System, dee gëtt no laange Joren op eng nei Technik adaptéiert an dofir féiere mer dëse RENITA-System an, deen net nëmmen déi staatlech Servicer concernéiert vun der Police, Douane, iwwert de SREL, d'Arméi, mä och déi gemengendirekt oder -indirekt raccordéiert Servicer, notamment d'Pompjeeën an d'Protex, concernéiert.

De Gesamtkäschtepunkt - ech mengen, dat soll een och ënnersträichen -, dat sinn net nëmmen déi 37 Milliounen Euro, wat déi éischt Investitioun ass, mä do kommen och nach d'Fonctionnementskäschten derbäi. A wann een d'Fiche financière vun dem Gesetzesprojet kuckt, da komme mer um Enn vun der Lafzäit an dësem Projet, deen 2030 soll zu Enn goen, op e Gesamtchiffer vu ronn 120 Milliounen Euro.

Mir stellen och dee Chiffer net a Fro. Et muss een awer soen, dass eng ganz Rei rechtlech Problemer opgetaucht sinn a wou de Statsrot, mengen ech, an engem pingelechen Avis, mä zu Recht, eng Rei vu Froen opgeworf huet, wou och d'Finanzkommissioun sech dermat beschäftegt huet.

Et geet éischtens emol ëm eng relativ strikt Liesaart, déi de Conseil d'État huet vum Artikel 99 vun der Verfassung, well de Statsrot huet gesot: Dir braucht e Spezialgesetz, net nëmme fir de Projet selwer, well et e sougenannte Projet de grande envergure ass, deen iwwer 40 Milliounen Investissement erausgeet, mä Dir braucht och nach ee Spezialgesetz, well d'Lafzäit vun dem Projet sech op méi Exercice-budgétairen ausdehnt an dofir och dat finanziellt Engagement vun dem Projet eng Loi spéciale am Sënn vum Artikel 99 brauch.

An, ech mengen, den Artikel 99, ënnert dem Contrôle hei vun dem fréiere President an dem jëtzege President vun der Institutiounskommissioun, dee wäert op deene Punkten och do net ëmgeännert ginn an enger eventueller neier Verfassung. An dofir ass och déi Remarque vun dem Statsrot op deem Punkt gedeelt ginn.

Zweetens, an dat ass méi eng fundamental Remarque vun dem Statsrot, dat ass Folgendes: 2012 huet d'Chamber eng Motioun gestëmmt, fir dass d'Regierung kéint en Appel d'offres maachen, fir dee Réseau éischtens a Plaz ze setzen an och an enger zweeter Phas ze géréieren.

2013 ass deen Appel d'offres gemaach ginn. An ënner verschiddenen Offren, déi als recevabel ugesi gi sinn, ass dann déi vun, loosse mer soen, dem Postkonsortium zréckbehale ginn. Dat war vläicht net déi performantsten Offer, déi ofgi ginn ass, wéi een aus engem Uerteel vun dem Verwaltungsgeriicht erausliest, mä et war awer déi ekonomesch gënschtegst an, op gutt Lëtzebuergesch gesot, déi bëllegsten Offer.

An doropshin ass d'Regierung higaangen an huet dat heite Finanzéierungsgesetz ausgeschafft mat deenen entspriechende Montanten aus der Offer vun dem Postkonsortium an huet och, esou wéi dat an der Soumissioun virgesi war, an dësem Finanzéierungsgesetz geschriwwen, dass d'Chamber d'Regierung autoriséiert, mat dem Postkonsortium e Kontrakt ofzeschléissen.

A grad do hat de Conseil d'État - net zu Onrecht - seng Problemer, well de Conseil d'État gesot huet: Majo, wann Dir an dem Artikel 1 vun dësem Finanzéierungsgesetz de Postkonsortium formell ernimmt, dann erlaabt dat jo engem eventuell zweete Submittent, also deen och eng Offer ofginn huet, iwwerhaapt kee Recours méi ze maache géint d'Soumissioun.

A grad dat ass geschitt. Well mir hunn - do läit d'Kromm an der Heck - de Moment e Recours, deen usässeg ass, vun engem Soumissionnaire, deem seng Offer net zréckbehale gouf, well se net ekonomesch déi gënschtegst war, an deen dann eigentlech en dueble Recours beim Verwaltungsgeriicht gemaach huet. Engersäits e Référé, e sougenanntent Schnellverfahren, an anerersäits awer och e Recours um Fong.

Dat Schnellverfahren gouf - muss ech soen, Gott sei Dank, am Interessi vun dem Lëtzebuerger Stat - als net zoulässeg zréckgewisen. Mä mir hunn awer nach ëmmer e Recours au fond, deen unhängeg ass, wou een net weess, wéi en ausgeet, mä wat spillt ass virun allem den Zäitdélai. Well mir sinn an enger éischter Instanz an et kann och nach e Recours um Fong gemaach ginn op der Cour administrative, also en Appel. A wat et zäitlech net méi géif erlaben, wann déi Soumissioun géif annuléiert ginn, fir de System da fristgerecht fir den 1. Juli 2015 operationell ze maachen.

Dofir wëll ech och am Numm vu menger Fraktioun soen, dass e Risiko besteet - dat muss een einfach soen -, dass déi Soumissioun, wou d'Post dann oder de Postkonsortium als éischten erausgaangen ass, ënner Ëmstänn kéint op dem Verwaltungsgeriicht annuléiert ginn. Wat natierlech da kéint dozou féieren, dass déi Offer, déi écartéiert gouf, kéint op zivilrechtlechem Plang géint de Lëtzebuerger Stat virgoen. Mä mir kënnen net waarden, well soss de System net operationell ass.

An ech wëll am Numm vun der CSV-Fraktioun hei ganz kloer soen, dass onofhängeg vun deem Risque, dee besteet, an ech mengen, wou mer och dozou stinn, dat Gesetz haut hei sollt gestëmmt ginn, fir dass engersäits deen neie System kann operationell sinn, och fristgerecht fir den 1. Juli 2015.

Sollt, par impossible, d'Post oder déi Soumissioun annuléiert ginn, da géife sech nämlech eng ganz Rei aner Froe stellen, notamment déi vun deene Chifferen, déi mer hei an dem Finanzéierungsgesetz stoen hunn, well déi Chifferen, déi bezéie sech eigentlech exklusiv op dat, wat de Postkonsortium ofginn huet. An da wier an deem Fall, wann een dat bis zu Enn denkt, eigentlech och dat Finanzéierungsgesetz ouni Wäert. Well da misst da jo en neit kommen, wat op deen neie Submittent ausgeluecht wier. An aus all deene Problemer soe mir, dass d'Regierung hei sollt autoriséiert sinn, fir dee Kontrakt dann definitiv ze ënnerschreiwen.

En drëtte Punkt ass deen, dass och ënnerstrach gouf, dass hei niewent den Investissementskäschten, niewent de Käschte vun der Gestioun vun dem Réseau, sech och déi sougenannte Frais de formation initiale stellen. Dat ass en net onerhebleche Montant. Firwat? Mä well - wéi d'Madame Elvinger dat virdru gesot huet - eng ronn 10.000 eenzel Opérateuren, Leit, déi dee System wäerte bedéngen, dovunner der ronn d'Halschent, dat heescht bal ronn 5.000 Leit, aus dem sougenannten erweiderte kommunale Secteur kommen. Dat sinn alleguerten déi, wéi d'Pompjeeën, respektiv dann och d'Rettungsdéngschter, dat heescht d'Protex, déi dann och eenzel Terminaler kréien. An do hu mer mat Satisfaktioun zur Kenntnis geholl, dass, esou wéi den Text formuléiert ass, déi Käschte vun der Formation initiale exclusiv vun dem Lëtzebuerger Stat wäerte gedroe ginn.

Här President, oder Madame Presidentin - entschëllegt! -, véierten a leschte Punkt, dat ass dee vun der Formulatioun vun dem Gesetzestext, esou wéi en elo der Chamber virläit. D'Madame Elvinger huet, mengen ech, zu Recht drop higewisen, dass eigentlech an dem Text coordonné en Iertum dran ass. Nämlech, dass beim Artikel 1 Alinéa 2 steet, dass: «…la durée du contrat de marché visé à l'alinéa 1er s'étend de la date de sa prise de vigueur», dat wier am Prinzip den 1. Juli 2015, «jusqu'au 30 juin 2013». Dat kann eigentlech net sinn. Do misst den 30. Juni 2030 stoen. Dat trëfft fir den Artikel 1 zou. Mä et trëfft menger Usiicht no och nach eng Kéier am Artikel 3 zou, well och do steet: «Les frais mensuels à charge de l'État au titre des frais d'exploitation du réseau au cours de la période courant à partir de la mise en exploitation du réseau jusqu'au 30 juin 2013», an dat misst den 30 juin 2030 sinn, menger Meenung no, «ne peuvent pas dépasser le montant de 390.000 euros.»

A sous réserve vun dëser Observatioun, wat den Text ubelaangt, wou et awer elo ubruecht wier, dass mer am Texte coordonné, deen d'Chamber zur Ofstëmmung huet, dat richteg aschreiwen, géif ech dann och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Mme le Président.- Merci dem Här Roth fir seng konstruktiv Interventioun. Et ass elo ageschriwwen: den Här Deputéierten a President Alex Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Merci, Madame Presidentin, fir deen Titel President, deen ech hei kritt hu bei dëser Geleeënheet. Eis Fraktioun wäert deen heite Projet de loi stëmmen, wat e Projet de loi ass, deen effektiv ënnert dëser Regierung vum aktuelle Statsminister deponéiert ginn ass, mä deen natierlech awer eng ganz Rëtsch vu Preparatiounen hat a mat deem och d'Chamber schonn, sief et an der zoustänneger Kommissioun, Finanzen, sief et awer och hei am Plenum, befaasst war.

Et ass effektiv eng Initiativ gewiescht, déi op d'Joer 2011 zréckgeet, wou e Comité de pilotage agesat ginn ass, wou déi eenzel concernéiert Verwaltungen a Ministèrë sech getraff hunn, fir deen heite Projet opzebauen, fir eng

Lacune ze behiewen, déi eigentlech zënter enger Rëtsch vu Jore scho bekannt ass, an déi eben eng Schwächt festgestallt hunn, wat eisen aktuelle System vun der Radiokommunikatioun vun de Sécherheetsdéngschter hei zu Lëtzebuerg ugeet, de RIFO, deen eng leschte Kéier Enn der 90er Joren opgemotzt ginn ass, moderniséiert ginn ass.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech ka mech nach vaguement un d'Diskussiounen erënneren, déi mer deemools am Regierungsrot haten, wou schonn deemools de Käschtepunkt dozou gefouert huet, dass deen Invest eigentlech an der Zäit ëmmer erëm no hanne verschubt ginn ass. A schlussendlech ass deemools d'Optioun geholl ginn, fir méi eng bëlleg Léisung ze huelen, also den aktuelle System eigentlech ze moderniséieren an net schonn direkt op eng ganz nei Technologie ze goen, also aus der analoger Technik erauszegoen.

Dëse Schratt gëtt dann dës Kéier gemaach. En ass sécherlech iwwerfälleg, well, mengen ech, e souveräne Stat sech et net ka leeschten, dass a sengem Radiokommunikatiounssystem, wat d'Sécherheet vum Land ugeet, Faillë sinn, dass deen net fiabel wär respektiv net komplett ofgeséchert ass. An dofir mengen ech, dass et normal ass, dass mer deen heite Schrëtt maachen. Ech géif wéi gesot soen, also, et kënnt sécherlech net ze frëi, mä éischter mat engem gewësse Retard par rapport zu deem, wat noutwendeg ass. Als Zil gëtt hei geholl, mä et hätt een u sech awer dat Zil eigentlech net gebraucht, déi nächst Presidentschaft vu Lëtzebuerg an der Europäescher Unioun am zweeten Hallefjoer 2015; also den 1. Juli am Joer 2015 soll deen neie System stoen.

Dat huet also mat sech bruecht, dass prozedural eigentlech onorthodox gefuer ginn ass. Dat war eng Initiativ vun der leschter Regierung nach, awer mat der Schützenhëllef hei vun der Chamber, fir eigentlech schonn e Marché public ze lancéieren, dach an engem Domän, dee ganz vill ëffentlech Gelder mat implizéiert, ouni eigentlech den direkten Accord vun der Chamber ze hunn. Mä et ass awer och kloergestallt gi bei deem Marché public an och bei deem Akt, iwwert deen d'Regierung den Zouschlag ginn huet bei deem Marché public, dass dat sous réserve natierlech ass, dass d'Chamber iwwer e Gesetz hiren Accord zu deem dote finanzielle Volet vum Projet gëtt. Dat soll also heimadder geschéien.

Et ass scho gesot ginn: Eng 11.500 Benotzer soll deen heite System hunn. Eng ganz Rei vu staatleche Verwaltungen, an éischter Linn natierlech eis Police, mä och aner Organer si mat direkt hei concernéiert vun deem neie Radiosystem, op deen also muss elo eng relativ rapid Émstellung kommen, fir deen och schnell musse Formatioune gemaach ginn, fir deen déi néideg Terminaux mussen installéiert ginn a Gefierer respektiv fix Terminaux installéiert ginn. Also, do ass e groussen Aarbechtsopwand, dee kënnt net nëmmen un déi direkt Responsabel, mä awer un all déi, déi herno wäerte mat deem heiten neie System ab Mëtt 2015 ze schaffe kréien.

Et ass scho gesot ginn, dass de gesamte Käschtepunkt héich ass vun deem heite System, well niewent deem éischten Invest, dee muss gemaach ginn - en Invest vu wäit iwwer 50 Milliounen -, kënnt awer praktesch pro Joer nach e fixe Käschtepunkt vu knapps fënnef Milliounen Euro d'Joer derbäi iwwer eng Lafzäit vu 15 Joer. Dat Ganzt ass also och finanziell e ganz staarkt Engagement, wat de Lëtzebuerger Stat iwwert deen neie Projet RENITA hei hëlt.

Et ass schonn ugeschwat ginn: U sech profitéieren haaptsächlech staatlech Servicer vun deem heiten neie Kommunikatiounssystem. Et ass awer eng Verwaltung, eng Entitéit dobäi, déi ënnert déi direkt Responsabilitéit vun de Gemenge fält. Dat sinn d'Pompjeeën, déi drënnerfalen. An do ass virgesinn, dass u sech d'Gemengen, wéinst hirer direkter Responsabilitéit fir d'Pompjeeswiesen, sollen d'Fraisen, wat d'Terminaux ugeet, iwwerhuelen. Mä, wéi gesot, de Rescht, d'initial Formatioun vun de Leit, déi domadder schaffen, och vun de Pompjeeën, respektiv herno d'Fonctionnement vum ganze System, do gesäit d'Regierung keng Participatioun vun de Gemenge vir, déi also hir Part eigentlech wäerten ausschliisslech bei der Mise en place vun den Terminaux respektiv dem eventuellen Ersetze vun deenen doten Installatiounen ze droe kréien.

E wichtege Punkt, mengen ech, deen en direkten Afloss hat op déi definitiv Formulatioun vun deem heiten Text, war dat Geriichtsverfahren, wat momentan unhängeg ass beim Lëtzebuerger Verwaltungsgeriicht, bei deem zweete Gruppement, dee matgemaach huet bei der ëffentlecher Ausschreiwung, déi d'Chamber - pardon -, déi d'Regierung hei lancéiert hat iwwer e Marché public. An eng Analys allerdéngs, déi ee konnt maache vun deem Uerteel, schéngt drop hinzeweisen, dass den Dossier vun der Regierung relativ zolidd ass. Op jidde Fall ass de Référésriichter relativ wäit gaangen, am Kader vun engem Référé, wat d'Analys an d'Ofweiung vun deenen eenzelne Moyenen ugeet, déi d'Contestatairen eigentlech virbruecht hunn an deem dote Prozess. E geet se der Rei no praktesch duerch, e léisst keen aus, an e kënnt eigentlech all Kéiers zum Schluss, dass an enger, noutwendegerweis, sommairer Préiwung vun der Stéchhaltegkeet vun den Argumenter d'Geriicht zur Iwwerzeegung komm ass, dass dee Moyen net seriö wär. Op jidde Fall net seriö genuch wär, fir dass de Riichter elo e Sursis à exécution géif prononcéieren op d'Demande vun de Reklamanten.

Ech mengen, dat kann ee berouegen, well hei, wéi gesot, net reng op d'Formalitéiten de Référésriichter eng Décisioun geholl huet, fir eigentlech déi Prozeduren net ze ënnerbriechen, mä weider lafen ze loossen, mä en huet dat wierklech gemaach, andeem en awer scho relativ wäit op de Fong kucke gaangen ass.

De Risiko ass natierlech net null, dass, wann d'Geriicht um Fong dat nach eng Kéier kuckt, dat ass jo en anert Geriicht, eng aner Zesummesetzung am Regelfall, déi dat nach eng Kéier kucken, déi kënnen natierlech zu enger anerer Appréciatioun vun den eenzelne Moyene kommen nach. Et kann een dovunner ausgoen, dass d'Chance op jidde Fall méi grouss ass, dass et zu enger Confirmatioun kënnt vun där éischter Analys vum Référésriichter, wéi dass et zu enger contrairer Décisioun kënnt.

Et bleift awer an den Ae vun der sozialistescher Fraktioun, dass doduerjer, dass mer dat Gesetz hei stëmmen, wat e rengt Autorisatiounsgesetz ass fir d'Regierung, fir dee Marché ofzeschléisse respektiv fir déi finanziell Engagementer ze huelen, dass d'Endappréciatioun nach ëmmer bei der Exekutiv bleift, dass nach wie vor d'Zouschloe vun engem Marché net d'Chamber mécht. D'Zouschloe vun engem Marché mécht d'Exekutiv, mécht d'Regierung. Si huet méi en déiwen Abléck an den Dossier am Detail, wéi mir e kënnen als Deputéierten hunn. An, wéi gesot, wa mer déi Autorisatioun hei ginn, dispenséiert déi eigentlech d'Regierung net, fir nach eng Kéier den Dossier am Detail ze kucken, ier se en definitiven Zouschlag hei mécht.

Wat ass de Risiko vun deem Ganzen? Ech gleewen net, dass, wéi gesot, déi Probabilitéit ass net déi héchst, déi ass awer net auszeschléissen, wann et sollt um Fong zu enger anerer Décisioun komme wéi där, déi eigentlech de Référésriichter mat senger Décisioun ugedeit huet, dass dat jo net muer geschitt, mä dass dat natierlech beschtefalls an engem gudde Joer geschitt, wann een e bëssen d'Prozedure kuckt, dat riskéiert jo och dann an eng zweet Instanz eventuell ze goen, an dass da sécherlech awer dat net heescht, dass de Projet domadder gestoppt wier. Mä dass an esou engem Fall normalerweis déi dote Froe sech regelen am Kader vun engem Schuedensersatz, wou Manque à gagner da muss festgehale gi vum Geriicht, soudass also, egal wéi et ausgeet, e Reschtrisiko besteet vun engem méigleche Schuedensersatz, wa sollt d'Geriicht anescht décidéieren, wéi dat elo ausgesäit, mä doduerjer de Projet u sech awer kann normal weiderlafen, wann d'Regierung dann opgrond vun deem Autorisatiounsgesetz hei déi nächst Schrëtter mécht.

Voilà, dat waren déi Ausféierungen, déi ech nach eng Kéier zum Schluss wollt am Numm vun eiser Fraktioun maachen, déi deen heiten Text wäert stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. Nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Här President, ech wollt der Rapportrice, der Madame Elvinger, Merci soe fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport an am Numm vun der grénger Fraktioun och den Accord fir dëse Projet ginn.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. An als nächsten ageschriwwene Riedner huet den Här Gast Gibéryen d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, dee Projet, dee mer haut hei stëmmen, dat ass e wichtege Projet, dee mer als moderne Stat brauchen. Am Verglach zu der internationaler Communautéit, mengen ech, leie mer als Lëtzebuerg hannen, wat dee Réseau, wat d'Sécherheet hei am Land ugeet, ubelaangt. Wa mer elo op deen neie System RENITA iwwerginn, deen de RIFO ersetzt, dann ass dat am Fong e System, dee schonn an eisen Nopeschlänner besteet an deen op europäeschen harmoniséierte Moossnamen oder Norme berout.

E gëtt vu ville Leit gebraucht, benotzt. Dat geet vun de Rettungsdéngschter, de Pompjeeën, der Protex iwwert d'Police bis hin zum SREL, gëtt am Fong jiddwereen, dee vun deem Réseau hei benotzt gëtt (veuillez lire: wou dee Réseau am Fong vu jiddwerengem hei benotzt gëtt), soudatt een also gesäit, wéi grouss d'Envergure vun deem Ganzen ass. Et gi 75 Basisstatiounen duerch d'Land gebraucht, fir datt de Réseau fonctionnéiert. Et ginn 33 Poste geschafen, an de Käschtepunkt ass 36,6 Milliounen als Uschafungspräis a spéiderhin 390.000 Euro pro Joer Fonctionnementskäschten.

Dat Ganzt soll fäerdeg sinn am Prinzip fir d'Présidence déi zweet Halschent am Joer 2015. Mir hunn dat an der Kommissioun duerchdiskutéiert, wou sécherlech och Zweifel opkomm sinn, ob et realistesch ass, fir ze mengen, bis d'zweet Halschent vun 2015 wier dat fäerdeg. Et ass och elo gesot ginn, datt zumindest deen Deel operationell wier, dee mer bräichte fir d'Présidence, och wann nach de ganze Réseau eventuell net operationell wier.

Mir wäerten dëse Projet selbstverständlech stëmmen. Mir hunn och deemools d'Motioun gestëmmt.

Mä et sinn awer zwou Froen, déi een, mengen ech, muss an deen Débat hei mat erabréngen. Déi eng Fro, dat ass déi vun deem Recours, deen unhänkt. Mir wëssen alleguer, datt d'Regierung am éischte Projet am Fong d'Post an d'Gesetz ageschriwwen huet, wougéint de Statsrot seng Opposition formelle gemaach huet; et ass erausgeholl.

Mir wëssen awer, datt d'Regierung wëllt mat der Post dee Marché maachen an datt mer do e Recours hunn, dee mer beim Référé elo un éischter Stell gewonnen hunn. Mä, ech mengen, eis Kolleege Juriste Gilles Roth an Alex Bodry hunn déi Prozedur elo grad hei erkläert, wat alles do nach méiglech ass. A mir kënnen nëmmen hoffen, datt de Stat recht behält an datt et esou ausgeet, wéi de Référésriichter dat an éischter Instanz décidéiert huet. Soss kéint eventuell Schuedensersatz op de Stat duerkommen.

De Projet selwer u sech, mengen ech, wann ech dat richteg verstanen hunn, gëtt duerch déi Recoursen net no hanne gesat, mä de Projet kann esou zäitlech realiséiert ginn, wéi e geplangt ass. Et kann natierlech sinn, wa mer Pech hätten a mer kréichen herno op der Cour administrative onrecht, da kéint eng zivil Klo kommen un de Stat, fir Schuedensersatz ze kréien.

Ee Punkt awer, deen nach net ugeschwat ginn ass hei, dat ass d'Fro, wat d'Strahlen ubelaangt. Ech mengen, wann een e bësse méi an d'international Press, an d'Fachpress kucke geet, da gesäit een, datt dee System hei och am Ausland awer op vill Kritik gestouss ass an och Recourse mat sech bruecht huet, well ebe Leit bei sech, wat d'Bestrahlung ubelaangt, do ze vill héich Wäerter festgestallt hunn.

Wann ee weess, datt am Verglach zu deem ale System, zum Analogfunk, deen heite System permanent strahlt, par contre deen aneren, deen ale System, dee strahlt nëmmen deen Abléck, wou e benotzt gëtt, dann ass et also hei vun enger Dauerbestrahlung, datt mer schwätzen, an et ass dofir, datt am Ausland vill Recoursen dogéint gemaach gi sinn.

Ech hat am Fong geduecht, datt eis gréng Kolleegen, déi an der Vergaangenheet ëmmer ganz wachsam waren, wat déi Bestrahlung ubelaangt, datt déi géifen e Wuert dozou verléieren, mä dat schéngt der Vergaangenheet unzegehéieren.

Duerfir wollt ech dat awer hei elo mat erabréngen an un d'Regierung d'Fro stellen, well mer dat och net an der Kommissioun, muss ech fairerweis soen, behandelt haten, ob d'Regierung eis kann och matdeelen, wat fir Wäerter do vun der Bestrahlung ausginn an ob se eis kann d'Garantie ginn, datt d'Wäerter vun de Bestrahlungen, déi, wéi gesot, permanent hei sinn an déi a priori, wann een d'Fachpress liest, déi Leit betreffen, déi permanent domat ze dinn hunn, wéi wäit datt d'Garantien do kënne gi sinn, datt déi Suergen, déi, wéi gesot, am Ausland dacks héich Welle geschloen hunn, onberechtegt sinn.

Ech mengen, dat ass ee Problem, dee e mer ganz dacks ugeschnidden hunn. Mir wëssen alleguer, wéi mer déi Antennen duerch d'Land opgeriicht hunn, fir eis normal Kommunikatiounsmëttele wéi Handyen an esou ze benotzen, wéi vill Diskussiounen a Kaméidi dat um Niveau vun dem Land op de Gemenge waren. Dat heiten ass laut der Fachpress méi eng staark Bestrahlung a se ass permanent, an duerfir wier et gutt, wann den Här Statsminister herno a senger Interventioun eis kéint do soen, wéi déi Wäerter wieren an ob esou Kritiken oder d'Besuergnisser vun de Leit berechtegt sinn.

An dann och wollt ech awer nach eng Fro stellen, ob mer hei mussen och eng Prozedur lafe loossen. Kréien d'Bierger hei d'Méiglechkeet, eventuell géint esou e Réseau och individuell ze kloen?

Mir si mat enger Klo befaasst vun enger Entreprise, wéi gesot, déi am Kader vun der Soumissiounsprozedur hire Recours gemaach huet, mä huet och deen eenzelne Bierger d'Méiglechkeet, zum Beispill wéinst de Strahlen, fir dogéint e Recours ze maachen?

Wéi gesot, dat si Froen, déi mer stellen, mä insgesamt, menge mer, ass et wichteg, datt mer als Land dëse Projet kréien, an duerfir wäerte mir dëse Projet och stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Gibéryen. An als leschten agedroene Riedner huet den Här Justin Turpel d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, datt et héich Zäit gëtt, fir en analoge Funksystem, wéi de RIFO e war, ze ersetzen duerch een digitale System, deen en plus nach ganz vill aner Virdeeler huet, wéi dee vun der Interoperabilitéit, dee vun der Vitesse,… Bon, déi och alleguerten am Exposé des motifs opgezielt sinn.

Déi éischt Fro, déi ee sech muss stellen, ass, firwat datt dat net éischter geschitt ass. Mir sinn eent vun deene leschte Länner, déi vum analogen op en digitale Funksystem ëmschalten, an ech mengen, datt eis Sécherheetskräften, d'Police, d'Protection civile, d'Pompjeeën an esou weider - also de SREL interesséiert mech net an deem Zesummenhang, obschonn e jo och betraff ass -, datt déi scho laang verdéngt hätten, mat méi engem séchere System do ze schaffen.

An dat ass dat, wat een och erstaunt bei der Argumentatioun vun der Dréinglechkeet. D'Dréinglechkeet misst eigentlech déi sinn an hätt scho laang missen déi sinn, dat ass, datt d'Kommunikatioun vun eise Sécherheetsdéngschter am Interessi vun de Bierger an och am Interessi vun deene Leit, déi do an deene Sécherheetsdéngschter schaffen, scho laang hätt missen ersat ginn. Neen, d'Urgence gëtt motivéiert duerch d'Présidence an der zweeter Halschent 2015. An ech fannen dat awer e bëssen traureg, datt hei elo d'Présidence muss hierhalen, fir dréngend eppes ze maachen, wat eigentlech Dausende vu Leit, déi zu Lëtzebuerg am Sécherheetsberäich aktiv sinn, scho laang verdéngt hätten.

Déi zweet Saach, déi eis ze bedenke gëtt, an déi gëtt hei weider bis elo net diskutéiert, dat ass déi, datt et sech ëm e PPP handelt. Et ass deen zweete PPP nom Miercher Lycée an et steet och esou am Exposé des motifs.

Ech ka mech erënneren, datt mer an der Commission du Développement durable mam Minister ofgemaach haten, mir kriten emol e Bilan vun deem PPP vu Miersch, wat dat wierklech bruecht hätt Niveau Präis, Niveau Qualitéit. Dee Bilan krute mer versprach, mir hunn en awer nach net. Also ech hunn en op jidde Fall bis elo net kritt. An zwar e Bilan, deen op alleguerten déi Aspekter do emol misst agoen. Well am Ausland festgestallt ginn ass, datt d'PPPe mehr Schein als Sein ass ganz dacks an am Fong geholl weder um Niveau vum Präis a scho guer net um Niveau vun der Qualitéit dee Plus erreecht gëtt, dee vill Leit sech erwaarden.

An et ass jo logesch, an engem PPP ass eng privat Gesellschaft, déi e Benefiss wëllt maachen. A wa se dee wëllt maachen, da mécht se en op d'Käschte vu wat? Majo entweder op d'Käschte vun de Paie vum Personal oder op d'Käschte vun der Qualitéit.

Eng Saach, déi zum Beispill ganz dacks an de PPPen - an dann halen ech op mat deem Punkt - festgestallt ginn ass, dat ass den Entretien vun esou Gebaier, déi a PPPe gebaut ginn. Dat misst een um Beispill vum Lycée Miersch kucken, ob ech en Entretien curatif maachen oder en Entretien préventif; préventif, wou d'Gebai iwwer 30 Joer eng ganz aner Substanz behält, wéi wann ech just en Entretien maachen, ass qualitativ e groussen Ënnerscheed.

An ech géif wierklech emol gären de Bilan vun deem PPP zu Miersch gesinn. Ech wëll just drop hiweisen, datt de grénge Buergermeeschter vu Freiburg all seng PPPen an deem Sënn ofgeschaf huet, well e gesot huet, et gëtt schlussendlech méi deier, wéi wa mer et selwer maachen.

Elo gëtt erëm ee PPP hei gemaach, ee Public Private Partnership, ouni datt dee Bilan virläit. An zwar ass d'Ursaach, an dat steet am Exposé des motifs jo ganz kloer dran, net de Präis. Et

gëtt net gesot, et gëtt méi bëlleg. Et pour cause, et gëtt och net méi bëlleg! D'Ursaach, déi genannt gëtt, dat ass déi vun der Astellung vum Personal, wat net bräicht gemaach ze ginn. An et gëtt gerechent, datt ee ronn 33 Leit misst astellen, fir dee System do ze betätegen. Ech ginn dovun aus, datt dat net lauter nei, zousätzlech Leit sinn, mä datt dat Leit sinn inklusiv déi, déi hierkommen aus dem RIFO-System, déi do ersat ginn. Mä datt een 33 Leit bräicht an een dat esou kuerzfristeg net kéint maachen.

Ech fäerten awer och, datt mer hei eng Budgetsmakulatur maachen, déi net richteg ass, op déi ech higewisen hat, wéi mer d'Budgetsdiskussioun haten, nämlech déi, datt mer soen, mer spueren um Personal, mä mer ginn awer op där anerer Säit Suen aus, fir iwwer Verträg Leit ze bezuelen, déi dann awer déi Aarbecht musse maachen, awer zu méi schlechte Konditiounen.

Well wann een dat ausrechent, wat den Entretien all Joers kascht mat deem Personal, wat duerfir gebraucht gëtt, dann ass et evident - evident! -, datt mer hei ee Genre Sozialdumping maachen, well mer hei Leit beschäftegen, also ustellen, fir den Entretien vun deem Réseau ze maachen, d'Maintenance vun deem Réseau ze maachen zu méi schlechte Konditiounen, wéi dat de Fall wier, wa se beim Stat géife schaffen.

Plus, datt mer den Know-how net intern hunn. Dat heescht, d'Konsequenz ass déi, datt eng vun deene wichtegste Sécherheetsstrukturen, déi de Stat huet, ausgelagert gëtt. Statt datt mer selwer d'Infrastruktur géréiere fir d'Sécherheet vum Land, vun de Leit a vum Personal vun de Sécherheetsdéngschter, ginn hei 120 Milliounen investéiert, fir dat vun engem Privaten exploitéieren ze loossen.

Et steet zwar am Exposé des motifs dran, an ech muss éierlech soen, ech hunn et net verstanen, mä de Premier wäert eis et herno erklären, datt de Stat eng Optioun huet fir d'Propriétéit ze kréien. Ass dat eng Optioun telle quelle à frais nuls? Oder muss do dann erëm eng Kéier bezuelt ginn? A wat misst dann do bezuelt ginn, fir datt de Stat bis spéitstens no 15 oder 17 Joer da Propriétaire gëtt vun eppes, wat dee Moment awer natierlech dann total vereelst ass?

Drëtte Punkt, deen ech wollt opwerfen, dat sinn eng Rei Froen a Bedenken zur Technik an zu der Gesondheet. Ech ginn elo net an op déi Rechtsonsécherheet, déi hei besteet an deem Ganzen, mä zur Technik selwer. Déi Technik do fonctionnéiert an enger Rei anere Länner schonn aacht bis zéng Joer an déi hat natierlech och Kannerkrankheeten an deenen anere Länner. D'Fro, déi sech awer stellt, ass, ob d'Technik, mindestens esou, wéi se elo op Lëtzebuerg iwwerdroe gëtt, net zum Deel vereelst ass. Ech erkläre mech.

Et steet am Exposé des motifs dran, de Paging, dat heescht d'Upiipse vu Leit, géif net iwwert de System lafen. Do behale mer dann nach ee parallelle System, obschonn den TETRA oder den TETRAPOL an den TETRA 2000 dat absolut erlaben, esou wéi den TETRA als System et och erlaabt, fir Bild a Videoen ze iwwerdroen. Ass dat dann elo virgesinn? Oder ass dat net virgesinn? A firwat gëtt de Paging do net abezunn? Do muss ee sech eng Rei Froe stellen.

An d'Gesondheetsrisiken, op déi mäi Virriedner schonn agaangen ass, déi hunn näischt mat Kannerkrankheeten ze dinn, déi hunn eppes ze di mat där Technik. Déi hunn eppes domadder ze dinn, datt do Sender sinn, déi an engem Beräich wéi GSM permanent esou senden, wéi wann dee wierklech op Héchstleeschtung wier, an dat och am Passivmodus.

An dat féiert dozou, datt d'intern Recommandatiounen dorobber erauslafen, fir ze soen, et soll een en net am Auto gebrauchen, am Auto soll en aus sinn. Wat ee Problem ass. Haut ginn d'Autoen ëmgebaut an Däitschland, fir datt ee se am Auto ka gebrauchen, fir datt net ze vill Reflete si fir d'Gesondheet vun deene Leit, déi an deenen Autoe sëtzen, sief dat d'Pompjeeën, sief dat Polizisten. Datt Polizisten oder Pompjeeë mat Häerzschrëttmacher se net solle gebrauchen an och net Leit mat engem Häerzschrëttmacher ze vill no solle kommen an datt a Spideeler de System net däerft aktivéiert sinn.

Ech mengen, an Däitschland ass et esou wäit gaangen, datt d'Polizeigewerkschaften - ech weess net, ob ech elo de Schwéierpunkt op d'Polizei oder op d'Gewerkschafte soll leeën, et ass egal -, datt d'Polizeigewerkschafte gefrot hunn, fir de System erëm ofzeschafen, wat natierlech net méiglech ass, wann een esou een Invest gemaach huet. An ech soe ganz kloer, dat huet näischt mat Kannerkrankheeten ze dinn, dat huet eppes mat der Technologie ze dinn.

An aus all deenen Ursaachen do wäerte mir eis bei deem Projet hei enthalen. Mir wëssen och net, awéiwäit datt d'Alternative seriö gekuckt gi sinn.

Ech wëll op e leschte Punkt agoen, dat ass déi Saach vun deem Feeler am Document parlementaire. Ech war do extra nach eng Kéier kucken, well d'Rapportrice gesot huet, am gedréckten Dokument wär dat verbessert. Am Artikel 1 steet nach ëmmer dran, datt dat bis den 30. Juni 2013 ass amplaz '30, Juni 2030. An de Gilles Roth huet schonn drop higewisen, datt dat net nëmmen e Problem ass vum Artikel 1, mä och vum Artikel 3, wou erëm esou eng Échéance drasteet. Dat heescht, mir sollen awer elo hei kloer wëssen an och d'Dokumenter virleien hunn, wou mer wëssen, iwwer wat datt mer stëmmen.

Als Konklusioun ass et kloer, hei geet et ëm eng vun deene wichtegsten Infrastrukturen, déi de Stat huet, fir d'Sécherheet vum Land, vun de Leit ze wahren. A fir esou eng wichteg Infrastruktur net selwer an eegener Hand ze géréieren, mä déi auszelageren un eng Privatfirma, ass fir eis eng onzoulässeg Saach. Mir gesinn d'Drénglechkeet an, mä net op déi do Aart a Weis. Duerfir enthale mer eis.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. D'Rapportrice, d'Madame Elvinger, huet nach eng Kéier d'Wuert.

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.*- Här President, et ass effektiv wéi den Här Roth mat Recht gesot huet, et ass 2013 duerch 2030 ze ersetzen, souwuel am Artikel 1 wéi och am Artikel 3. Dat ass awer anscheinend an deenen zwee Artikelen esou schonn am gedréchtene Rapport verbessert ginn, deen an d'Imprimerie gaangen ass.

Merci.

M. le Président.- Merci der Madame Elvinger. An domat huet de Statsminister, den Här Xavier Bettel, d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Merci, Här President. Erlaabt mer fir d'Éischt, dass ech der Rapportrice an all de Riedner e grousse Merci soe fir déi konstruktiv, déi berechtegt Froen, déi hei gestallt gi sinn. Ech wëll net op den Historique agoen. Ech mengen, dass verschidde Leit et scho gemaach hunn.

Mir hunn net vill Choix. Et ass net, dass et de gaieté de cœur ass, dass d'Regierung seet, mir maachen elo dat doten, einfach, well et eis gefält a well et och esou deier kascht. Neen, dat heiten ass eppes, wat mer brauchen. An ech soen et och nach eng Kéier: Den Här Wolter hat deemools 2012 am Abrëll och eng Motioun hei déposéiert, déi unanime ugeholl ginn ass, fir justement an déi Richtung och ze schaffen.

Jo, Här Bodry, jo, Här Roth, ech kann Iech net soen, an Här Gibéryen, ech kann Iech net soen, wat d'Riichter décidéieren. Dat wier éischtens contraire zur Séparatioun vun de Pouvoiren, wann ech Iech hei géif soen, wat d'Geriichter ze soen hätten, an zweetens ass et un de Geriichter, dat ze décidéieren, an net un der Regierung, do en Avis juridique ofzeginn, wéi d'Uerteel duerno aus sollt goen oder net.

Et muss ee wëssen, dass de Projet vun deem Zweeten, dee matgemaach huet, deen net zréckbehale ginn ass an eis ugesicht huet, bal dat Duebelt kascht huet - bal dat Duebelt kascht huet! - vun deem Projet, deen zréckbehale ginn ass. De Référé deit eng Richtung un, déi eis éischter Freed mécht. Mä, wéi gesot, ech kann Iech elo net soen, wat duerno um Tribunal an duerno op der Cour erauskënnt. Mä ech hoffe selbstverständlech, dass et do an déi Richtung geet, dass mer net e Schuedensersatz mussen un déi aner Firma bezuelen.

De Projet ass méi wéi néideg, esou wéi scho gesot ginn ass. Et sinn 11.500 Utilisateuren, déi dovu Gebrauch wäerte maachen. D'Madame Elvinger huet et gesot, et si Stécker, déi emol net méi fonnt gi beim RIFO, dat heescht, déi emol net méi ersat kënne ginn. Et geet ëm d'Sécherheet. Ech wëll net soen, Feind hört mit, mä ganz vill Leit wëssen, wéi een op de RIFO kënnt, wou een als Amateur vun doheem aus de RIFO kann nolauschteren. Dat geet net! Dat geet net, wann do Recherchë mussen organiséiert ginn, wann do d'Sécherheet vun engem Land soll garantéiert ginn, dass een do och vun doheem aus roueg kann nolauschteren, wat beim RIFO geschitt.

Et sinn eng Rëtsch vu Froe gestallt ginn. Erlaabt mer, dass ech dann direkt op d'Froen aginn.

Et ass gefrot ginn, ob d'Leit e Recours kënne maachen. Et gëtt e Kommodo gemaach, jo, Kommodo Klass 3 gëtt gemaach als Site, wou dann och Recoursméiglechkeeten do sinn. An engem Rechtsstat ass dat och esou.

Et ass geschwat gi vu Privatwirtschaft, ob do e PPP déi richteg Form wier oder net, ob een net dat sollt als Stat maachen. Ech gehéieren zu deene Leit, Här President, deen och der Privatwirtschaft Vertraue schenkt an der Meenung ass, dass een net alles muss verstaatlechen an all Initiativ muss vum Stat organiséiert an dirigéiert ginn an dass een och an deem heite Fall zesummen an engem PPP e Partner fonnt huet, wou ee sech driwwer freet selbstverständlech, dass een och ee fonnt huet, op deen een ziele kann an deen e vertrauensvolle Partner ass, wou ech iwwerzeegt sinn, dass och dee Lien de confiance, deen néideg ass bei esou engem Projet, do ass.

An ech gehéieren zu deenen, Här President, deen net einfach ka soen, dass alles muss veröffentlecht sinn. Et muss och, wéi gesot, tëschent dem Stat an tëschent der Privatwirtschaft e Vertraue bestoen, an hei ass och Vertraue mat deem Betrib. Ech vertrauen der Post.

D'Piipserte bleiwen, mä et ass fir kleng Messagen. Mir wëllen elo net all Piipsert ëmstellen, dat ass elo net direkt an der éischter Phas virgesinn.

Dir hutt virun allem vu Gesondheetspunkten a vu Strahlebelaaschtunge geschwat. Et muss ee wëssen, dass d'TETRA-Geräter mat wesentlech manner Leeschtung wéi Analoggeräter fonctionnéieren. Dat soen déi Etüden, an d'Regierung huet net gezéckt, och kucken ze goen, wat et lénks a riets och nach gëtt.

Vu Kannerkrankheeten ass hei virdru geschwat ginn, vun Technologie ass geschwat ginn. Et si keng 100.000 Méiglechkeeten. Wann ee wëllt e Funksystem maachen, gëtt gefunkt. Et ass een net méi an der Zäit, wou ee mat Tamtam oder mat Pigeon-voyageure ka schaffen. Mir sinn an enger Zäit, wou Funken och an enger moderner Gesellschaft, wou ee rapid muss kënnen äntwerten, a wou dann och dat gebraucht gëtt. Et ass bal all europäescht Land, wat den TETRA-System och benotzt, an d'Handfunkgeräter kënnen och duerch Mikroe beim Senden um Rimm gedroe ginn, an net direkt beim Kapp.

Et sinn Etüde gekuckt ginn, all Studie si vun der International Commission on Non-Ionizing Radiation Protection gemaach ginn. Déi schafft zum Beispill och mat der WHO, der ILO an der International Radiation Protection Association (veuillez lire: International Radioprotection Association) zesummen. Keng vun den Etüden, och déi, déi de Bund für Strahlenschutz an Optrag ginn huet, konnt en negativen Effekt och vun TETRA weisen. D'Charité vu Berlin kënnt och zur selwechter Konklusioun, an och eng Etüd an Éisträich.

Dann ass eng Téleesreportage komm, déi gesot huet, dat wier net gutt, dat wier geféierlech. An am Fong ass festgehale ginn, fir dass et wierklech nocif sollt sinn, muss een dann d'Gerät op Dauersende stellen, sech mam Kapp géint den Daach oder géint eng mobil grouss Metallfläch leeën, d'Antenn widdert dem Kapp hunn, iwwer 4,5 Minutte laang konstant Daten a Sprooch schécken. A mir gleewen, dass dat net de Fall wäert sinn. Ech gleewe kaum, dass d'Leit am Auto mam Kapp widdert dem Daach wëlle fueren.

Bon, wann Der mer elo sot, wann d'Leit ganz grouss sinn, ob se da widderkommen oder net...

(Interruption)

Ech kann Iech just soen, Här President, dass déi Etüden och beweisen, dass dat net de Fall wäert sinn.

Ech soen op jidde Fall hei Merci fir déi grouss Zoustëmmung fir deen dote Projet. D'Leit, déi deen dote Réseau och brauchen, soen och Merci. Ech soen et nach eng Kéier, an dat ass och vum Här Roth ganz kloer gesot ginn: Hei ass eng Urgence! Den Här Bodry huet och drop insistéiert, dass d'Urgence hei wierklech ass, fir dass mer sollen agéieren. Mir kéinte waarden, an ech war och ganz frou, Här President, dass ech an der Finanzkommissioun de Réck gestäipt kritt hunn. Well dat war meng Fro.

Ech hat an der Finanzkommissioun d'Fro gestallt, Här President, ech kann och waarden, bis d'Uerteel do ass, mä dann hu mer keen TETRA fir déi nächst zwee oder dräi oder véier Joer lancéiert. An do hunn ech wierklech vun de Fraktiounen alleguerte gesot kritt: Neen, maacht, fuert do weider! An duerfir sinn ech och frou, dass mer esou séier konnten deen heite Projet op den Ordre du jour bréngen a soen och Merci fir déi grouss Zoustëmmung.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Statsminister. Domat wäre mer um Enn vun eisen Diskussiounen a mer kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6651.

Wéi d'Rapportrice schonns erkläert huet, sinn zwou Erreurs matérielles an der provisorescher Versioun vum Rapport entstanen, déi awer an der leschter offiziell gedrécktener Versioun redresséiert gi sinn. Et ass am leschte Saz vum Artikel 1 ze liesen: „jusqu'au 30 juin 2030" an net 2013, an am Artikel 3 ass och ze liesen, „jusqu'au 30 juin 2030" an net 2013. Mir stëmmen also elo iwwert déi lescht offiziell Versioun of, déi am gedréchtenen Document parlementaire 6651[2] wäert stoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6651 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. An d'Ofstëmmung, nodeem och d'Procuratiounen era sinn, ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6651 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthalungen, déi scho motivéiert sinn, adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marcel Oberweis), Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen, an zwar de Projet 6647 iwwert d'Professioun vum Affekot. Ageschriwwe sinn: d'Madame Octavie Modert, d'Madame Viviane Loschetter, den Här Serge Urbany an den Här Roy Reding. An de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Guy Arendt, huet direkt d'Wuert. Här Arendt, wann ech gelift.

14. 6647 - Projet de loi modifiant les articles 15 (2) et 16 (2) de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

Rapport de la Commission juridique

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Kolleegen, mir sinn hei mat engem relativ techneschen Text befaasst, deen d'Ofännerunge vun den Artikele 15 (2) a 16 (2) aus dem Gesetz vum 10. August 1991 iwwert den Affekotebe-ruff betrëfft.

Dëse Projet de loi ass de 17. Januar 2014 vum Justizminister bei der Chamber déposéiert ginn. Ech sinn an der Kommissiounssëtzung vum 19. Mäerz zum Rapporteur genannt ginn. De Conseil d'Etat huet säin Avis den 11. Mäerz ofginn, an déi respektiv Barreaue vun Dikrech a Lëtzebuerg hunn hiren Avis den 20. Januar respektiv den 11. Februar ofginn. D'Commission juridique huet hire Rapport den 2. Abrëll ugeholl.

An dësem Projet geet et drëm haaptsächlech, fir de Mandat vum Bâtonnier an de Mandat vun de Membere vum Conseil de l'Ordre vun engem Joer op zwee Joer eropzesetzen. De Moment ass d'Mandat vum Bâtonnier op engem Joer festgeluecht, grad wéi déi vun de Membere vum Conseil de l'Ordre. Si sinn allerdéngs erëmwielbar.

Et muss ee wëssen, datt virun der Reform vun 1991 d'Bâtonnieren e Mandat vun zwee Joer gemaach hunn. Aus Grënn, déi zu där Zäit ugepasst woren - et sollte méi Affekoten zu der Éier vum Bâtonnat kommen -, ass nëmme méi ee Mandat vun engem Joer gemaach ginn. Déi Grënn bestinn haut net méi, soudatt et richteg ass, dee bestehenden Text ze änneren.

Aus Erfahrung kann ech soen, datt ee Joer fir de Bâtonnier net duergeet, fir all seng Iddien a Reformen ëm- oder duerchzesetzen. E fréiere Bâtonnier huet zwar gesot, datt, wann ee säi Programm net an engem Joer duerchgesat kritt, kritt een en och net an zwee Joer duerch. Ech erlabe mer awer, deem Affekot ze widderspriechen. D'Chargë vum Bâtonnier a vum Conseil de l'Ordre als Ganzt sinn haut ganz anerer wéi viru 25 Joer. D'Zuel vun de Barreausmemberen ass an de leschte Joren enorm gewuess. Mir hunn haut 2.093 Affekoten um Barreau vu Lëtzebuerg a 35 um Barreau vun Dikrech.

Wann ech dann d'Zuele vun der Assistance judiciaire huelen, déi konstant klammen, vun de Perquisitiounen an den Étuden, wou de Bâtonnier oder säi Vertrieder muss derbäi sinn, déi international Engagementer vum Barreau, d'Avisen zu Projet-de-loien, d'Arbitragen ënner Affekoten, d'Intermédiatioun mat Clientë vun Affekoten, fir nëmmen déi Punkten ze nennen, sinn eng enorm Charge fir de Bâtonnier, déi hien zousätzlech zu senger Aarbecht an der Étude maache muss.

Derbäi kënnt, datt d'Mandat vum Bâtonnier a vum ganze Conseil de l'Ordre Mëtt September ufänkt, ee jo awer e puer Woche brauch, bis ee sech ganz ageschafft huet, an dann ass et schnell Juli, wou d'Neiwahle scho stattfannen. Dat geet net duer, fir all dat, wat ee sech virgeholl huet, ëmzesetzen.

D'Praxis huet dunn erginn, datt säit 2007 d'Bâtonniere sech fir en zweet Mandat opgesat hunn, wat allerdéngs als Konsequenz hat, datt dat zweet Joer kee sougenannte Bâtonnier sortant méi hat. Et muss een awer wëssen, datt d'Gesetz virgesäit, datt ee Bâtonnier, deem säi Mandat zu Enn geet, d'office nach ee Joer als Bâtonnier sortant am Conseil de l'Ordre bleift. Dobäi kënnt fir d'Membere vum Conseil de l'Ordre, datt eng gewësse Kontinuitéit muss bestoen. Aus där Iwwerleeung huet d'Praxis erginn, datt am Prinzip d'Membere vum Conseil de l'Ordre sech en zweet Joer der Wahl gestallt hunn, fir esou eng gewësse Kontinuitéit an den Décisioune vum Conseil de l'Ordre ze behalen.

Et ass aus all deenen Iwwerleeungen, wou déi zwee Barreauen de Wonsch ausgedréckt hunn, fir d'Mandat vum Bâtonnier a vun de Membere vum Conseil de l'Ordre op zwee Joer gesetzlech festzehalen.

D'Avisen zu dësem Projet de loi sinn all positiv. De Conseil d'État ënnersträicht, datt dëse Projet dozou bäidréit, praktesch Organisatiounsschwieregkeeten ze léisen. Dës Gesetzesännerung huet och den Avantage, datt d'Dauer vum Mandat vum Conseil de l'Ordre mat deem vum Conseil disciplinaire et administratif gläichgestallt gëtt. Déi zwee Barreauen, déi eigentlech Demandeur vun dëser Reform waren, aviséiere selbstverständlech de Projet de loi och positiv.

Et ass kloer, datt dës Reform vum Affekotegesetz e klengen Ufank ass an datt dat ganzt Gesetz eng Kéier muss nei op de Leescht geholl ginn. Do läit natierlech d'Initiativ bei de Barreauen an haaptsächlech beim Justizminister.

Perséinlech stellen ech mer do zum Beispill d'Fro, ob mer an eisem Zäitalter nach zwee Barreaue brauchen. An deem Zesummenhang muss ee sech d'Fro stellen, ob mer nach zwee Arrondissements judiciaires brauchen. Woubäi ech awer ënnersträiche wëll, datt et an där Fro net drëm geet, d'Geriichter zu Dikrech an Esch ofzeschafen! Et gëtt nach aner Punkten, wou ee sech muss iwwerleeën, ob eisen Text nach zäitgeméiss ass. Mä dat ass haut am Kontext vum aktuelle Projet de loi hors sujet.

Ech ginn heimat den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi, géif begréissen, wann Der dëse Projet géift unhuelen a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Rapporteur. Als éischt Riednerin huet d'Madame Octavie Modert d'Wuert.

Discussion générale

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur. Ech bréngen zu dësem Gesetz den Accord vun der CSV-Fraktioun, an dat net just, well ech dësen Text nach der viregter Regierung ënnerbreet hat, déi en och ugeholl hat - de Projet de loi ass du vum neie Justizminister am Januar vun dësem Joer hei an der Chamber déposéiert ginn -, mä och well dëse Gesetzesprojet d'Aarbecht vum Conseil de l'Ordre vereinfacht. En ass dofir am Interessi vun der Professioun an dofir geet en och zréck op eng Demande vum Conseil de l'Ordre.

Déi méi grouss Kontinuitéit vum Mandat vum Bâtonnier a vu senge Missioune vis-à-vis vum gesamte Conseil de l'Ordre ginn dem Fonctionnement vun där Beruffsorganisatioun méi eng grouss Stabilitéit. Dat hei ass sécherlech eng punktuell Ännerung vun engem Gesetz, wou ee kann driwwer iwwerleeën, wat een nach kann an Zukunft doranner abréngen. Do waren och schonn e puer Gedanken do.

Mä et ass e kuerzen Text mat enger grousser Wierkung also, well den Ordre heimadder verbessert Konditiounen, fir seng wichteg Roll auszeüben, kritt. Dat hat mäi Verständnis als fréier Justizministesch a fënnt haut nach grad esou d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Modert. Nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President. Jo, ech géif och gären dem ancien Bâtonnier a Rapporteur Guy Arendt Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Rapport. Als fréiere Member vum Conseil de l'Ordre weess ech, dass eng gewësse Kontinuitéit an deem Gremium eng gutt Saach ass, esou dass een dee Prolongement op zwee Joer vun deem Mandat am Fong nëmme ka begréissen.

Et gëllt och dozou ze soen, dass hei u sech e bëssen aus enger Nout eng Tugend gemaach gëtt, well d'Experienz weist, dass ëmmer manner Kandidaten do sinn, fir Bâtonnier ze ginn, esou dass een en fait op deen ale System elo zréckgeet, deen ëmmer do war. Dat heescht, dass d'Bâtonniere fir zwee Joer am Amt waren, ass u sech och vun deem Point de vue éischter eng gutt Saach.

Soudass aus all deene Grënn ech och da fir eis Fraktioun den Accord zu dësem Projet ginn.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Fayot. Dann huet d'Wuert d'Madame Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Merci, Här President. Och mir als Gréng soen dem Rapporteur Merci fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport. Déi Froen, déi e gestallt huet, déi fanne mir och ganz pertinent. Natierlech ass dat elo net de Sujet vun haut, mä et ass souwuel an der Commission juridique eng Prioritéit, fir weider un der Profession d'avocat ze schaffen, an ech denken, datt et och eng Prioritéit vum Minister ass, fir net nëmmen de Beruff, mä virun allem d'Organisatioun, wéi se schaffen, ze adaptéieren an ze moderniséieren an engem Land, dat och op deem Plang reformbedürfteg ass.

Wat mer elo haut ofstëmmen, nämlech déi Verlängerung op zwee Joer vun de Mandater, mengen ech, wäert awer, keng Unanimitéit vläicht, mä op jidde Fall e groussen Zousproch fannen. Well esou wéi mir et awer och matkritt hunn, ass awer de Gros vun de Leit, déi do an deem Beruff schaffen, déi deem heite kënnen zoustëmmen.

Dofir, och mir ginn den Accord a mir wäerten dëse Projet esou stëmmen.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany ageschriwwen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Dee Projet de loi hei gëtt gerechtfäerdegt mat gewëssen Argumenter, déi ganz lakonesch am Text opgezielt sinn a mat deenen een net muss onbedéngt d'accord sinn.

Éischtens gëtt gesot, den aktuelle Mandat vun engem Joer, dee jo e Bâtonnier huet, wann e sech vun der Generalversammlung vun den Affekoten am Juni wiele léisst, dee géif net duergoen, dee wier ze kuerz. An et wier déi lescht Zäit d'Gewunnecht, fir dass dee Bâtonnier sortant sech géif melle fir en zweet Mandat. Den aktuelle Bâtonnier, den Här René Diederich, huet am „Paperjam" virun enger Zäit en Interview ginn, wou e gesot huet, dass an den 80er Joren eng Kéier en Affekot do war, deen zwee Mandater ausgeübt huet. An dass dann nach eng Kéier en zweete Fall an e leschte Fall do war, tëschent 2009 an 2011, vun engem aneren Affekot, deen och en zweet Mandat ausgeübt huet an dee schonn eng Partie Jore virdrun eng Kéier ee Mandat ausgefëllt huet.

Et kann een also wierklech net vun Usage hei schwätzen. Ech mengen, dass dat eng falsch Informatioun ass. Zënter 1980 sinn et 29 Bâtonniere ginn, ouni dass dat iergendee Problem, mengem Wëssen no, opgeworf huet.

Da gëtt gesot, et wier net gutt, wann no deem zweete Joer Mandat, an deem zweete Joer Mandat ee Bâtonnier, dee sech nach eng Kéier zur Wahl stellt, da wier kee Bâtonnier sortant méi dran, well jo deen ale Bâtonnier dann als Bâtonnier sortant nach eng Kéier am Conseil de l'Ordre figuréiert. Mä an dësem Fall ass et jo deen neie Kandidat, dee virdru Bâtonnier war, deen nach eng Kéier Bâtonnier gewielt gëtt, dat ass jo den ale Bâtonnier! An ech gesinn net an, firwat do geschwat gëtt an Ärem Text vu Mémoire institutionnelle, déi absolut noutwendeg wier, fir do ze behalen am Conseil de l'Ordre, doduerch dass de Bâtonnier sortant dann nach eng Kéier als Bâtonnier sortant am Conseil de l'Ordre figuréiert.

Et gëtt och geschwat, et géif drëm goen, fir de Lien mat der Aarbecht méi einfach ze maachen, well et jo effektiv zäitopwendeg ass, an et wier gutt, wann do e Lien mat der Aarbecht géif weiderhi bestoen, dee staark genuch ass. An et gëtt gesot, besonnesch kleng Etuden hätten et schwéier, fir niewent hirer Aarbecht och nach Bâtonnier ze spillen.

Do, éischtens muss ee sech emol d'Fro stellen: Wat ass dann den Ënnerscheed? Den Ënnerscheed ass jo just, dass, well ee sech jo kann zwee- oder och souguer dräimol mellen, ass den Ënnerscheed hei just, dass eng Wahl ausfält. Soss näischt! Et ännert soss näischt um Aarbechtsopwand vum Bâtonnier. Wann e Bâtonnier sech wëllt fir d'zweet Joer mellen, kann e sech mellen. Dat huet guer näischt mam Aarbechtsopwand ze dinn. Ech fäerte souguer, au contraire, dass et grad fir Affekoten aus klengen Étudë vill méi schwéier ass, fir direkt e Mandat vun zwee Joer anzegoen, wéi dass se emol ee Joer gewielt ginn an da kucken, ob se sech nach eng Kéier eng zweet oder eng drëtt Kéier presentéieren.

Ech mengen also, dass déi hei Argumentatioun, déi gebraucht gëtt, fir dat hei duerchzekréien, eng relativ fadenscheineg Argumentatioun ass, déi ech net kann novollzéien.

Ech stelle mer och eng Rei vun anere Froen. Et gëtt jo elo am Juni, wann d'Assemblée générale vun den Affekoten ass, en neien Ordre des Avocats da gewielt, en neie Bâtonnier gewielt. Dann ass jo dat Gesetz schonn a Kraaft. An ech stelle mer d'Fro: Ass dann d'Assemblée générale vun den Affekoten ëm hiren Avis gefrot ginn? Well et si jo am Fong geholl déi, déi hiren Avis hei ginn hunn, déi sech selwer am Fong geholl en Avis ginn hunn, dass se der Meenung sinn, dass et gutt wier, wann de Conseil de l'Ordre géif fir zwee Joer gewielt ginn. Ech géif mech awer och emol dofir interesséieren, wat d'Assemblée générale vun allen Affekoten, déi eemol am Joer zesummekommen, dovun halen.

Ëmsou méi, wann ee weess, dass och nach dee Bâtonnier, deen elo gewielt gëtt, fir véier Joer gewielt gëtt, doduerch dass en als Bâtonnier sortant nach eng Kéier kann untriede während zwee Joer. An ech fanne keen esou een Avis. Et gëtt vläicht deen Avis, en ass vläicht geholl ginn. Dat géif mech dann awer emol interesséieren, dat ze wëssen, ob och esou d'Assemblée générale vun den...

M. le Président.- Här Urbany, wann Der erlaabt, d'Madame Beissel wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo, d'Madame Beissel ka mer herno déi Fro stellen. Ech sinn direkt fäerdeg.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Eng Prezisioun.

M. le Président.- Neen, keng Fro, si wëllt eng Prezisioun ginn, well et schéngt, dass Der op enger falscher Pist sidd.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Merci, Här President. Ech wëll just dem Här Urbany soen, iergendwéi huet e sech net richteg dokumentéiert. D'Regel war ëmmer, dass de Bâtonnat zwee Joer war. An ech wëll him just soen, dass meng Mamm eng vun den éischte weiblechen Affekotinne vum...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo.

Mme Simone Beissel *(DP).*- ...Barreau - dräimol e Mandat vun zwee Joer -, Bâtonnier war. D'Regel war ëmmer bis...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo, dat war virun 1980. Ech hunn hei...

Mme Simone Beissel *(DP).*- Ma neen, mä...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech hunn hei Zuele genannt vun 1980.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Ech wëll Iech just soen, et war ëmmer d'Regel an et ass just, well eng Panoplie vun Affekoten op eemol an deene selwechte Jore komm ass, fir d'Méiglechkeet ze gi fir méi Affekoten, dass se Bâtonnier géife ginn.

De Schwieregkeetsgrad vun deem Mandat ass awer esou, et ass elo erausfonnt ginn, dass een emol net an zwee Joer meeschtens säi Programm gemaach kritt. An an engem Joer scho guer net! An et ass just d'Voix de la raison, dass mer elo erëm dat maachen, wat jorelaang seng Preuve gemaach huet a wat dat eenzeg Richtegt ass. Et deet mer leed, Dir hätt Iech sollen dokumentéieren, well dat, wat Dir sot, dat ass net richteg.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dat ass...

M. le Président.- Merci. Den Här Rapporteur kann herno d'Wuert kréien. Ech géif och dem Här Urbany soen, dass e selbstverständlech déi 30 Sekonnen ugerechent kritt.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Déi Zuelen, déi ech hei genannt hunn, sinn éischtens no 1980. Ech weess net, ob d'Mamm vun der honorabeler Madame Beissel do nach Bâtonnier war. An déi Zuele stame vum aktuelle Bâtonnier, dem Här René Diederich. An ech hunn am Fong geholl keng Ursaach, fir dat an Zweifel ze zéien.

Ech stellen och fest, dass dat esou duerch d'Commission juridique gaangen ass. Éischtens emol ginn déi, déi betraff sinn, sech selwer en Avis. An da geet et och nach duerch d'Commission juridique, déi awer zesummegesat ass - ech wëll net opzielen hei, vu wéi vill Affekote vu wat fir engen Étuden -, mä déi awer och zimlech do belaascht ass, wat d'Interesselag ugeet, fir esou ee Gesetz hei ouni Problem ze stëmmen.

Ech weess och iwwregens net - souguer wann d'Assemblée générale vun den Affekote géif soen, dass et gutt wier, fir dat esou ze maachen, dat ka jo sinn -, weess ech awer net, ob et demokratesch ass an ob et richteg ass an ob et net besser ass, alleguerten déi, déi déi Aarbecht maachen, wat eng wäertvoll Aarbecht ass, wat keen a Fro stellt, loosse sech op der Assemblée générale, déi souwéisou all Joers eng Kéier ass, loosse sech och nach eng Kéier hiert Mandat bestätegen. Dat huet näischt ze di mat der Aarbecht, déi se musse leeschte während där Zäit, wou se am Amt sinn.

Dofir, aus deenen Ursaachen, wäerte mir dat hei Gesetz net stëmmen.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. An de Rapporteur, den Här Arendt, huet sech nach eng Kéier d'Wuert gefrot. Dir hutt d'Wuert, Här Arendt.

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Här President, ech wollt am Fong just zwou Saache bäifléicken. Engersäits, den aktuelle Bâtonnier stellt sech net méi zur Wahl, also ass e keng véier Joer Bâtonnier. Dat wëll ech emol gesot hunn. An ech si frou, dass mer an der Commission juridique vill Affekoten hunn, well déi kenne wéinstens eppes vum Beruff.

M. le Président.- Sou.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Wat en Thema.

M. le Président.- Domat wär d'Riednerlëscht op en Enn komm an den Här Justizminister huet d'Wuert.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Ech wäert keng Ausféierunge maachen, déi op eng Generalversammlung vun Affekote gehéieren, mä just ganz kuerz hei Stellung huelen, fir dem Rapporteur, dem Guy Arendt, Merci ze soen.

Ech hunn e Projet déposéiert de 17. Januar. Elo si mer manner wéi véier Méint duerno hei scho beim Vote. Dat geet heiansdo zu Lëtzebuerg, wann e Projet vun engem groussen nationalen Intérêt ass, da kënne mer dat ganz séier. Ech wëll net soen, dass dat heite kee groussen nationalen Intérêt ass, mä heiansdo geet et och, well de Projet relativ einfach a relativ limpide ass a senger Argumentatioun. Mir hunn eng Demande kritt vun den zwee Barreauen, déi se mat hiren Argumenter étayéiert hunn.

Mir hu weder an der Commission juridique, nach an der Regierung, an och net an der viregter e Grond fonnt, fir ze fannen, dass e Mandat vun zwee Joer ze laang wier, besonnesch wou mir alleguerten heibanne Mandater hu vu fënnef Joer, mengen ech, kënne mer eis wéineg dru stéieren, wann e Mandat zwee Joer huet.

D'Demande kënnt vun de Barreauen, si ass argumentéiert. Mir hunn dat zur Kenntnis geholl an hunn dofir och dee Projet gär esou déposéiert. Ech si frou, dass mer deen haut kënne stëmmen a soen Iech am Viraus Merci fir en hoffentlech eestëmmege Vote.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Minister. Domat géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6647 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6647 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratioun. An de Vote ass elo ofgeschloss an de Projet ass mat 58 Stëmme bei zwou Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Luc Frie-

den, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marcel Oberweis), Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

D'Abstentiounen, mengen ech, si motivéiert ginn.

An ech wollt d'Chamber nach froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dat ass dann esou décidéiert.

Mir géifen dann zum Projet de loi 6572 iwwergoen, wou och nom Basismodell d'Diskussioune geregelt sinn a wou den honorabelen Här Rapporteur Roger Negri direkt d'Wuert huet. Ageschriwwe sinn: d'Häre Marcel Oberweis, Max Hahn, Henri Kox, Fernand Kartheiser a Justin Turpel. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

15. 6572 - Projet de loi

a. concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (UE) n°649/2012 du Parlement européen et du Conseil du 4 juillet 2012 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux

b. abrogeant la loi du 28 mai 2009 concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) n°689/2008 du Parlement européen et du Conseil du 17 juin 2008 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Prozeduren iwwert den Import an Export vu geféierleche chemesche Produkter ënnert de Länner sinn iwwert déi sougenannte Konventioun vu Rotterdam geregelt mam Zil, d'Mënschen an d'Emwelt virun dëse geféierleche Substanzen ze schützen. Hei gëllt de Prinzip, dass geféierlech chemesch Produiten nëmme vun engem Land an dat anert transportéiert dierfe ginn, wann dat Land, wat esou Stoffer unhëlt, och virdrun informéiert gouf a seng ausdrécklech Genehmegung dozou ginn huet.

D'Konventioun vu Rotterdam vum 11. September 1998 baséiert um PIC-Prinzip, „Prior Informed Consent", a wéi et am Gesetz steet „consentement préalable en connaissance de cause". De Prinzip ass deemno déi préalabel Genehmegung, wou all d'Wëssen iwwert d'Geféierlechkeet vu chemesche Stoffer an aller Transparenz iwwermëttelt gëtt.

D'PIC-Prozedur gesäit genau Dispositioune vir, wéi d'Informatioune weidergeleet musse ginn am Intérêt vun der Gesondheet vu Mënsch an Emwelt. D'Konventioun applizéiert sech op déi verbuede chemesch Produkter an op extrem geféierlech Pestizide wéi d'Schädlingsbekämpfungsmëttel am Agrarberäich.

Dat éischt Gesetz dozou gouf den 28. Mee 2009 a Lëtzebuerger Recht émgesat. Opgrond vun den Erfahrungen, déi entre-temps op europäeschem Niveau gemaach gi sinn, koum et zur Refonte vun engem neie Reglement mat der Nummer 649/2012, dat vum 1. Mäerz 2012 - 2014, pardon! - un en vigueur ass.

Hei muss een dräi Kategorien an deem neie Reglement ënnerscheeden:

Éischtens, de Moment ënnerleien eng ronn 150 geféierlech chemesch Produkter der PIC-Prozedur, déi an der Annex I vum Reglement 649 stinn.

Zweetens: Verschidde Produiten ënnerleien allerdéngs net der PIC-Prozedur, well se duerch aner Reglementer géréiert ginn, an zwar d'Betäubungsmëttelen an d'Psychotropen, radioaktiv Materialer, d'Offäll, d'pharmazeutesch Produiten, d'chemesch Waffen, d'Ernährungsmëttel an d'Additive vun den Ernährungsmëttel, d'OGMen, wéi gesot d'Organismes génétiquement modifiés, an zum Schluss d'Produiten, déi a ganz klenge Quantitéiten an der Recherche agesat ginn, awer dat just bis zu zéng Kilo pro Joer a pro Importer.

An dann déi drëtt a lescht Kategorie si chemesch Produiten, déi wéinst hirer Geféierlechkeet ganz einfach guer net exportéiert dierfe ginn. Déi stinn deemno an der Annex V vum Reglement 649.

Här President, no der Konventioun vu Rotterdam muss all Land seng responsabel kompetent Autoritéit bestëmmen. Zu Lëtzebuerg ass dat den Emweltminister, elo eis Emweltministesch, déi d'Autorité nationale huet an zoustänneg ass fir d'Emsetze vun der Konventioun vu Rotterdam. Mat abezu ginn awer hei am Land d'Kompetenze vun den Aarbechts-, Gesondheets-, Agrar- a Finanzministeren. Den Emweltminister kann den Export oder den Import vun engem geféierleche chemesche Produkt verbidde respektiv de Retrait vun engem solche Produkt imposéieren.

En internationalt Sekretariat assuréiert d'Koordinatioun an déi administrativ Tâchen zesumme mat der europäescher Agence, déi am Kader vum REACH kreéiert ginn ass. Iwwer REACH hu mir hei an der Chamber scho vill diskutéiert an CE-Reglementer transposéiert. Dat aktuellt Gesetz dozou en vigueur ass dat vum 16. Dezember 2011. REACH ass jo d'Ofkierzung vu Registration, Evaluation, Authorization and Restriction of Chemicals a betrëfft d'Registréierung an esou weider, wéi ech elo gesot hunn op Englesch, vun alle chemesche Stoffer. De Moment sinn et där méi wéi 30.000.

Am Gesetz vun haut geet et jo zur Ënnerscheedung ëm den Import an den Export vun extra geféierleche chemesche Produkter. An der weiderer Prozedur vum PIC informéieren d'Länner d'europäesch Agence iwwer all reglementaresch Mesuren, déi se op hirem Territoire geholl hu fir déi verschidde chemesch Stoffer. Dat neit europäescht CE-Reglement 629 (veuillez lire: 649) tabléiert weiderhin op enger Datebank an engem Kodéierungssystem, fir d'Déclaration d'exportation besser ze organiséieren.

All Land muss duerno preziséieren, ob et säin Accord gëtt oder och net, fir dass dat respektiivt chemescht Produkt op säin Territoire dierf importéiert ginn. Hei kënnen och Restriktioune verlaangt ginn, mä zugläich och Ausnahmen applizéiert ginn, wéi zum Beispill den Import an OECD-Länner, awer ënner ganz prezisen Oplagen, wann e Land einfach keng Äntwert gëtt an ee bestëmmte Produit awer erwisenermoossen néideg ass, fir op der Plaz do ze hëllefen.

Des Weidere kann ee Land an enger Ufangsphas och just nëmmen eng provisoresch Importgenehmegung ginn. Fir extrem geféierlech phytopharmazeutesch Produkter, wéi Pestiziden, besteet eng ganz speziell Direktiv, déi de Moment jo och an eiser parlamentarescher Agrarkommissioun behandelt gëtt.

Um internationale Plang bei de Pestiziden dréit d'europäesch Agence virun allem de reduzéierte Moyene vun den Entwécklungs- a Schwellelänner Rechnung, déi d'Hëllef an d'Wësse vun den industrialiséierte Länner an Usproch huele kënnen, fir e chemescht Produkt op déi respektiv Lëscht ze kréien. De Comité mécht duerno eng Recommandatioun an d'Konferenz vun de Länner hëlt dann duerno eng definitiv Décisioun.

Ech wëll ënnersträichen, dass, trotz deenen elo grad gemaachte Bemierkungen, d'Notification d'exportation fir all Länner vun der Drëtter Welt géllt, ob dës d'Rotterdamer Konventioun ënnerschriwwen hunn oder net. Dat ass ganz wichteg, well just an dësem Domän, wéi gesot, bei den Drëttweltlänner déi gréissten Abuse stattfannen. Dofir ginn och hei ganz detailléiert Informatiounen iwwert déi entspriechend Liewensdauer bei adequater Handhabung gefuerdert.

Här President, all Land, wat e geféierlecht chemescht Produkt exportéiert, muss selbstverständlech d'Décisiounen an d'Konditioune vum Importland respektéieren. Den Export vun engem chemesche Produkt an e Land, wat keng oder nëmmen eng provisoresch Äntwert fir dat Produkt ginn huet, ass deemno ganz einfach verbueden an zitt Sanktiounen no sech fir de Produzent.

D'Gesetz vun haut erhéicht virun allem d'Sanktioune vis-à-vis vum Gesetz vun 2009, déi deemools niewent enger Prisongsstrof tëschent aacht Deeg an engem Mount louchen a bis zu 50.000 Euro plafonnéiert waren. D'Form vun der Erhéijung vun de Sanktiounen ass op eng Opposition formelle vum Statsrot gestouss, dee verlaangt huet, dass d'Strofe proportionéiert musse ginn, konform zur Charta vun den Droits fondamentaux vun der EU.

D'Emweltkommissioun huet an hirem Amendement proposéiert, de Strofregëster deemno an zwou Kategorien anzedeelen, an déi Propos huet och d'Zoustëmmung vum Statsrot a sengem Avis complémentaire fonnt, an d'Sanktioune ginn elo folgendermoossen ënnerdeelt: éischt Kategorie mat Prisongsstrofen tëschent aacht Deeg bis zu engem Mount an Amendë vun 251 bis 50.000 Euro fir zéng Fäll, fir zéng prezis Fäll. Als Fallbeispill zitéieren ech een, wann en Importeur, Importateur, pardon, net déi richteg Quantitéiten ugëtt, déi en an d'EU-Länner agefouert huet.

Dann déi zweet Kategorie, do geet et ëm Prisongsstrofen tëschent engem Mount bis zu engem Joer an Amendë vu 50.001 Euro bis zu 500.000 Euro bei sechs prezise Fäll, zum Beispill beim Export vu chemesche Stoffer, ouni dass den Accord vum Importland do ass oder den Export vun net konforme Pestiziden.

Här President, d'Kontrollen dovunner, ob d'Anhale vun dëse chemesche Stoffer respektéiert ginn, gi weiderhin och wéi en normaalt Gesetz vun de Fonctionnairë vun der Douane a vun der Emweltverwaltung gemaach a wann néideg och vun de Membere vun der Police grand-ducale, wou de Contrôle an den Accès och proportionéiert zum Delikt gemaach gëtt. Hei ass ënner anerem de Kodéierungssystem vu grousser Hëllef, deen an der Déclaration d'exportation direkt op d'Konformitéit oder och net schléisse léisst. Deen entspriechende Règlement grand-ducal iwwert d'Formatioun vun dëse Fonctionnairen, déi dee Contrôle maachen, hu mer gesot kritt vun der Regierung, ass och an Ausaarbechtung.

Des Weidere gëtt och den agréémierten Emweltorganisatioune weiderhin hiert Klorecht viru Geriicht bäibehalen. Weider dozou kënnt awer elo, dass d'Emweltorganisatiounen och zousätzlech e Recoursrecht virum Verwaltungsgeriicht kréien an dat innerhalb vun enger Frist vu 40 Deeg.

De Statsrot, deen hätt do léiwer gesinn, wann d'Klorecht weiderhin nom Prinzip vum Droit commun gehandhabt géif ginn, wéi bis elo, nom 1996er Gesetz, wou et der Appréciatioun vum Riichter operluecht ass, den Emweltorganisatiounen d'Klorecht zouzëerkennen an innerhalb vun dräi Méint e Recours en annulation ustriewen ze kënnen.

De Statsrot huet sech hei a sengem Avis och baséiert op säin Avis vun deem neien Naturschutzgesetz. An ech mengen, et ass dofir scho ganz wichteg, wéi heirop reagéiert gëtt, andeems dass engersäits hei d'Regierung ganz einfach op d'Applikatioun vun der Aarhus-Konventioun verwisen huet.

Jo, ech kucken den Här Oberweis. Säit 2005 hu mer hei an eiser Chamber vill Gesetzer iwwert d'Aarhus-Konventioun gestëmmt. Dat heescht, d'Participatioun an d'Informatioun vum Public un den Décisiounen, wou den Emweltorganisatiounen, wéi dat hei genannt gëtt, en Intérêt suffisant zousteet vis-à-vis vu partikular Aktivitéiten a wou och den Tribunal administratif 2008 an 2010 schonn an deem Sënn sech ausgedréckt huet.

D'Emweltkommissioun huet natierlech dës Approche vivement ënnerstëtzt, dass mer am Zäitalter vun enger participativer Gesellschaft den Emweltorganisatiounen de Recours administratif am Kader vum Respekt vun der europäescher Aarhus-Konventioun zouerkennen, esou wéi et och initial am Projet de loi vun der Regierung virgesi war an dat och an engem Délai de recours vu 40 Deeg.

Dat gesot, Här President, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Rapporteur. Als éischten ageschriwwene Riedner huet de Marcel Oberweis d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madame Ministesch, erlaabt mer, um Ufank dem Roger Negri Merci ze soe fir de mëndlechen a schréftleche Rapport, deen esou extensiv war, datt ech mech ganz kuerz kann hei faassen.

Awer kuerz gesot: Et geet hei ëm e weidert europäescht Reglement, dat sech mat dem Import an Export vu geféierlechen an och gëftege Produkter beschäftegt. Et ass gesot ginn, et gëtt e rezent Gesetz vum Mee 2009 abrogéiert, wat deemools d'Konventioun vu Rotterdam ëmgesat huet. An dës Konventioun hat sech zum Zil gesat, d'Responsabilitéit an d'Kooperatioun tëschent den Acteuren am internationalen Handel vun dëse geféierlechen a gëftege Produkter ze regelen.

Et ass ganz kloer, et ass e weidere Gesetzesprojet, dee sech mat der Gesondheet vun de Mënschen an der Protektioun vun der Emwelt beschäftegt an doriwwer eraus och där ekologescher Notzung vun de geféierleche Produkter.

D'Konventioun, kuerz nach gesot, sollt och den Échange vun Informatiounen iwwert d'Eegenschafte vun dëse Produkter erliichteren, an et sollt en nationalen Décisiounssystem geschafe ginn, mat deem dann den Import an Export geregelt sollt ginn.

Dräi Punkten hiewen ech gären eraus: éischtens emol d'Kontroll a Sanktiounen, déi elo erwähnt si ginn, de Roger Negri huet se breet erkläert. Et ass eis just opgefall, an ech mengen, dat wäert och ee Problem gi fir d'Geriicht: Mir hunn zweeërlee Kategorien, eng bis 50.000 an eng vu 50.001 Euro bis 500.000 Euro plus Prisongsstrofen. Ech hu mech zwar gefrot gehat beim Liese vun deem ganzen Text, wéi een dat soll maache bei sechs Strofen, wéi een dann do erauskënnt. Well nämlech, wann ee kuckt, hu mer eent bis zéng, an deem Verhältnis, da muss een emol erausfannen, wat da grave oder manner grave oder méi grave soll sinn. Do ass eng grouss Spannwäit fir d'Geriicht dragetässelt.

Deen zweete Punkt, deen awer och interessant ass, dat ass de REACH hei. Mir hunn eis viru Jore mat där Saach beschäftegt, engem wichtegen Element, dat bei der Agence zu Helsinki festgehale ginn ass, wou mer probéieren op alle Fall, dass an Europa all geféierlech Stoffer, déi de Mënsch oder d'Emwelt kéinte belaaschten oder geféierlech ginn, registréiert ginn. Ech mengen, dat muss een och eng Kéier hei soen. De REACH ass ee System, op deen ee soll houfreg sinn. Oft gëtt ëmmer gesot: Europa bréngt näischt Konkretes - bei ville Béierdëschgespréicher. Au contraire! Esou Saache wéi REACH sinn Elementer, mat deene mer beweisen an der Europa-Unioun, dass mer dem Mënsch an der Emwelt de richtege Stellewäert ginn.

Dee leschte Punkt awer, et ass och um Rand ugedeit ginn, an dat gefält mer an deem heiten Text och ganz gutt: Et muss ee jo Angscht hunn deelweis, dass mer an Europa hei ganz, ganz fein wëlle sinn an, et kann ee bal soen, d'Ham an der Mëllech wëlle kachen, awer da vergiesse mer, dass d'Produkter hei an Europa net méi gehandelt ginn, mä kéinten iwwert d'Grenze goen, net bei Schwellelänner, well do passe se gutt op, mä an Entwécklungslänner. An ech fannen, et ass ganz gutt hei, dass een dorop oppasst, dass een, wann een zum Beispill wëllt Stoffer exportéieren an Drëttweltlänner, wou vläicht manner Kontrolle sinn, well et manner gutt ausgebilte Mënsche sinn oder well et vläicht méi rabiat zougeet do, mat deene Leit, déi eppes erabrénge wëllen, dass mir op alle Fall oppassen, dass déi Exporteuren de Leit do musse matdeelen, ënner wat fir Konditiounen, an dass se Informatioune ginn, dass awer dann och déi Leit, wa se Stoffer kréien aus der Europäescher Unioun, net domadder belaascht ginn.

Mir wëssen alleguerten, wann Der eng Kéier Blumme kuckt, gell: Et ass festgestallt ginn, dass mer erëm DDT an Europa erakréien. Wou kënnt dat iwwerhaapt hier? Mir hunn iwwerhaapt keen am Asaz hei. Ma dat kënnt ganz einfach, well DDT gesprëtzt ginn ass op riseg Flächen, vu wou mir awer eis Blummen importéieren, an domadder kréie mir erëm eng Kéier DDT an eis Stuffen eran. Et ass u sech verréckt, dass mer net éierlech sinn doranner, dass mer dat net wëlle maachen.

Ech mengen, dat gesot, Madame Ministesch, léif Kolleegen, Här President, bréngen ech den Accord era vun der CSV a soe Merci wéi ëmmer fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och Iech, Här Oberweis. Nächsten ageschriwwene Riedner ass de Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP).*- Här President, léif Kolleegen, wann alles gesot ass, ass alles gesot.

(Hilarité)

Dass alles gesot ass, ass sécherlech de Verdéngscht vum Rapporteur, deem ech dann am Numm vun der demokratescher Fraktioun e grousse Merci wëll soe fir säi ganz gudde schréftlechen an och mëndleche Rapport. An ech géif dann och heimat den Accord gi vun der Demokratescher Partei, vun der DP.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg, Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Hahn. Deen nächste Riedner, den Här Kox, wénkt duerch. Dat ass dann esou. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, den Här Hahn, obschonn en deen Enthusiasmus hei am Sall suscitéiert huet, provozéiert huet, huet awer net ganz recht. Et ass net alles gesot zu dësem Sujet, well ech wëll mech op eppes bezéien, wat eng Parteikolleegin vun him virdru gesot huet, dat ass „mieux légiférer". An et ass net ënnert dem Aspekt vun der Technicitéit vun dësem Projet, datt ech wëll d'Wuert huelen. Ech mengen, do kann een dem Här Negri nëmme Merci soe fir e ganz detailléierten an ausgezeechente Rapport, mä et ass vun engem strikt legale Standpunkt, datt ech awer hei wëll Bemierkungen am Numm vun der ADR soen.

Eigentlech misst den Titel vun dësem Gesetzesprojet eis schonn interpelléieren, well mir schwätzen hei iwwer Modalités d'application vun engem Reglement, vun engem europäesche Reglement. Dat verkennt, wat en europäescht Reglement eigentlech ass. Wann een den Artikel 288 vum Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne liest, da weess een, datt en europäescht Reglement eigentlech eng Norm, eng prezis Norm ass, déi ass d'application directe, an zwar erga omnes vum Datum vun der Publikatioun un. U sech bedarf et dann also kenger Ëmsetzung méi duerch en nationalt Parlament, well jo e Reglement alles soll soen, wat ze soen ass.

Wa mer also hei soen: Mir mussen nach légiféréieren, fir e Reglement ëmzesetzen – dann, muss ee soen, ass dat keng propper Technique législative vun den europäeschen Institutiounen. Well, wann een eppes muss ëmsetzen als nationalt Parlament, ass d'Rechtsinstrument d'Direktiv an net d'Reglement.

An dofir soe mer als éischt Konklusioun vun enger Analys iwwert de legalen Apparat, deen eis hei presentéiert gëtt, datt een net kann, wann een europäesch denkt, einfach e Rechtsinstrument sichen, wat engem méi einfach ze huele schéngt um Niveau vum Fonctionnement vun den Institutiounen, mä datt, wa Rechter vu Memberstaten tangéiert sinn, oder si intervenéiere mussen, datt da muss eng Direktiv geholl ginn.

An dat ass aus zwee Grënn hei souguer onerlässlech, an zwar aus constitutionnelle Grënn. Et muss een emol kucken, wat hei an deem Reglement, an deem, wat mer hei sollen dann ëmsetzen - obschonn e Reglement net ëmsetzbar ass -, wat eis dann hei gesot gëtt vusäite vun engem europäesche Rechtsakt, an da muss een dat vergläiche mat deem, wat hei d'Constitutioun seet.

Dat Éischt ass, am Artikel 8 seet d'europäescht Reglement, datt mir däerfen als Land eng Redevance administrative huelen, fir dat hei ze maachen. Mir maachen et zwar net, mä am Reglement gi mir autoriséiert, dat ze maachen.

Et ass awer net un engem europäesche Rechtsinstrument, fir eis ze autoriséieren, Steieren ze erhiewen oder net, well eis Constitutioun seet am Artikel 99: «Aucun impôt au profit de l'État ne peut être établi que par une loi.» Dat heescht, et ass eng Prerogativ vun der Chamber, fir en Impôt ze erhiewen. Et ass net, datt mir eng Autorisatioun vun iergendengem brauchen, fir dat ze maachen. A well eis Constitutioun seet, datt mer mussen e Gesetz maachen, kann et net opgrond vun engem europäesche Reglement gemaach ginn, mä ëmmer nëmmen iwwert de Wee vun der Direktiv, wat eis dann d'Fakultéit léisst, e Gesetz hei ze huelen an domadder déi Constitutioun hei vun dësem Land ze respektéieren.

En zweete Punkt, wou mer en ähnleche Räsonnement musse féieren, ass, datt mer hei vu Gnode engem europäesche Rechtsinstrument, vun engem Reglement am Artikel 28 gesot kréien, datt mer sollen determinéieren als Stat e Régime de sanctions. Dat heescht, mir kréien hei virgeschriwwen am Kader vun engem europäesche Reglement, datt mir hei musse Sanktiounen determinéieren am Fall, wou d'Dispositioune vum Reglement net géife respektéiert ginn, wat mer jo och, wéi den Här Negri et exposéiert huet, gemaach hunn.

Mä och hei seet déi Lëtzebuerger Verfassung am Artikel 14: «Nulle peine ne peut être établie ni appliquée qu'en vertu de la loi.» Mir mussen also alt erëm eng Kéier iwwert de Wee vum Gesetz an net iwwer eng einfach Publikatioun vun engem europäesche Reglement, dat directement applicable ass, mä hei, doduerch, datt mir e Gesetz huelen, bestëmmen, wéi eng Peinen applicabel sinn.

Dofir ass dat Rechtsinstrument, wat hei gewielt gouf vun der Säit vun der europäescher Institutioun, einfach e falscht, well et d'Souveränitéit vun de Memberstaten, op jidde Fall hei vu Lëtzebuerg, an zwou wichtege constitutionnellen Dispositiounen net respektéiert.

Dofir, d'Konklusioun vun eiser Säit aus: Et muss och op europäeschem Niveau propper légiféréiert ginn, besser légiféréiert ginn, an deem Sënn, datt een net aus Bequemlechkeet op de Wee, dee méi einfach a méi séier schéngt vun engem Reglement, geet, wann dee richtege Wee dee vun enger Direktiv ass!

Mir op jidde Fall wäerten eis wiere géint Dériven um europäesche Plang. A mir insistéieren, datt déi constitutionnelle Obligatiounen, déi mir hei hunn och als Gesetzgeber zu Lëtzebuerg, respektéiert ginn, well nëmmen esou kënne mer d'Interesse vun de Bierger vun eisem Land schützen an eis Rechtsstaatlechkeet als integrale Wäert erhalen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech ginn elo net an op dat, wat den Här Kartheiser gesot huet, well ech mengen, datt e sech do iert. Eng Direktiv muss ëmgesat ginn. Ee Reglement kann ëmgesat ginn. D'autant plus, wou hei steet, certaines modalités d'application vum Reglement, a wou et ëm Sanktioune geet, déi jo awer sollen an de Gesetzer festgeluecht ginn. Et geet en plus net ëm eng Steier, mä eng Redevance. Mä ech ginn net op all déi Saachen an.

Mir stëmme fir dat Gesetz aus deem einfache Grond, well mer eis och am Europaparlament als lénks Fraktioun fir d'Konventioun vu Rotterdam agesat hunn. Well mer och do derfir gestëmmt hunn. A mir stëmme fir dat Gesetz notamment méi, wou hei och virgesinn ass, datt am Géigesaz zu deem, wat de Statsrot am Fong geholl recommandéiert huet, d'Ëmweltorganisatiounen en Asprochrecht kréien oder behalen, datt d'Konventioun vun Aarhus ëmgesat gëtt an datt de Wonsch vun der Chambre de Commerce, wat wahrscheinlech en ähnlechen ass, wéi dee vum Här Kartheiser, fir am Fong geholl net ëmmer esou Delikter, wéi am Ëmweltberäich, esou staark ze strofen, wou deem hei net Rechnung gedroe gëtt.

Ech hoffe just - an ech bedaueren, datt mer déi Debatt net kréie méi elo an nächster Zäit, datt déi verschoben ass op ech weess net..., ech mengen nom 25. Mee -, datt déi Gesetzer hei dem Fräihandelsofkommes mat Amerika standhalen. An dofir hätt ech nawell gäre ganz offen iwwer TAFTA an TTIP diskutéiert, well duerch esou Ofkommesse sinn esou Gesetzer wéi déi, déi mer hei stëmmen, a Fro gestallt.

Mä ech hoffen, datt mer déi Debatt esou schnell wéi méiglech kréien an datt dat Stoppchesspill, wat de Moment mam TAFTA geschitt, net weidergeet.

En attendant stëmme mir fir dat Gesetz hei, wat eng positiv Ëmsetzung ass vun engem Reglement.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Domat huet d'Madame Ëmweltminister Carole Dieschbourg d'Wuert.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol e ganz grousse Merci dem Rapporteur, dem Roger Negri, fir säin exzellente Rapport, wou u sech quasi alles gesot war. Ech wëll dës Saach och net onnéideg verlängeren hei. Ech si frou iwwert déi ganz breet Zoustëmmung a soen Iech Merci dofir.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Minister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet 6572.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6572 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung huet ugefaangen. D'Procuratiounen. De Vote ass elo ofgeschloss. 59 Leit hu sech um Vote bedeelegt, soit direkt oder iwwert d'Procuratioun: 56-mol Jo an 3 Abstentiounen, wou ech dervun ausginn, dass déi motivéiert sinn. Domat ass de Projet de loi adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dat ass dann esou décidéiert.

A mir géifen dann zum leschte Projet vun den Owend iwwergoen. Dat ass de Projet 6636, d'Ratifikatioun vun der Genfer Konventioun iwwert de Signe distinctif vum Roude Kräiz.

D'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madame Claudia Dall'Agnol.

16. 6636 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel aux Conventions de Genève du 12 août 1949 relatif à l'adoption d'un signe distinctif additionnel (Protocole III), fait à Genève, le 8 décembre 2005, et modifiant la loi du 18 décembre 1914 concernant la protection des emblèmes de la Croix-Rouge

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 6636 gouf den 20. Dezember d'lescht Joer vun eisem Ausseminister, dem Jean Asselborn, déposéiert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wéini war dat?

(Hilarité)

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice.*- Den 20. Dezember d'lescht Joer.

De Statsrot huet säin Avis dozou de 4. Februar dëst Joer ginn - de 4. Februar dëst Joer, Här Gibéryen - an doropshin huet d'aussepolitesch Kommissioun mech den 3. Mäerz 2014 als Rapportrice bestëmmt.

De Projet de loi an den Avis vum Conseil d'État goufen de 17. Mäerz dëst Joer an der Kommissioun diskutéiert a mäi Rapport, deen ech Iech dann elo mëndlech wäert virstellen, den 31. Mäerz ugeholl.

Ëm wat geet et am Projet de loi? Ma mir solle mat deem Vote, dee mer den Owend huelen, den Zousazprotokoll vum 8. Dezember 2005 zu de Genfer Konventioune vun 1949 guttheeschen. Méi genau solle mer e weidert Symbolschutzzeeche vum Roude Kräiz domat unerkennen, nämlech d'Zeeche vum drëtte Protokoll, de roude Kristall.

E puer Erklärungen zu dësem dach ganz interessante Projet de loi, dee genau dann zum Vote kënnt wou eist lëtzebuergescht Rout Kräiz, d'Croix-Rouge, hiren honnertste Gebuertsdag feiere kann.

Dir wësst alleguerten, datt et nieft dem Symbol vum Roude Kräiz och nach aner unerkannte Symboler ginn: De rouden Hallefmound, an dann och nach de roude Léiw. Net dem Här Wolter säi roude Léiw, mä de roude Léiw mat der rouder Sonn, deen haut awer net méi benotzt gëtt. Wéi 1863 zu Genf d'Symbol vum roude Kräiz kreéiert gouf, huet ee sech deemools um Fändel vun der Schwäiz inspiréiert an deen einfach faarflech ëmgedréint.

Et ass sech also orientéiert ginn un der Schwäiz an hirer strikter permanenter Neutralitéit. An näischt huet eigentlech drop higedeit, datt an dëse Fändel eng reliéis Symbolik sollt mat erafléissen. Dat huet awer net jiddwereen esou gesinn an esou hu verschidde Staten - deemools nach d'ottomanescht Räich, Persien, Siam a Joren duerno och Ägypten - d'Unerkennung vun aneren Emblèmë gefrot.

Op enger Konferenz vun 1929 ass festgehale ginn, dass déi Länner, déi de rouden Hallefmound oder de roude Léiw mat der rouder Sonn scho benotzen, dat och weiderhi kéinte maachen. An de folgende Jorzéngte sinn et awer ëmmer erëm Diskussiounen ëm den Emblème ginn, dat well trotzdeem nach ëmmer eenzel State sech a kengem vun deene virdrun opgezieltenen Emblèmen erëmfonnt hunn a sech deemno och geweigert hunn, se unzehuelen.

An da si mer scho beim eigentleche But vum Projet de loi, nämlech d'Schutzzeeche vum Roude Kräiz, déi ech virdrun opgezielt hunn, ëm e weidert Zeechen ze erweideren, an zwar eben de roude Kristall.

Dëse Kristall soll dann elo eng dauerhaft Léisung si fir d'Emblèmefro, well dee Kristall - e rout op engem Eck stoend Quadrat op wäissem Hannergrond - ass fräi vun all reliéis, politesch an och aner Konnotatioun a sollt domadder dann och fir jiddereen akzeptabel sinn.

Bei der diplomatescher Konferenz, den 8. Dezember 2005, zu Genf ass deen Zousazprotokoll adoptéiert ginn. 27 national Delegatiounen, dorënner och déi Lëtzebuergesch, hunn deen direkt ënnerschriwwen an an der Tëschenzäit hu 66 Staten deen drëtte Protokoll ratifizéiert an domadder der Aféierung vun deem neie Symbol, dem roude Kristall, also zougestëmmt.

De Protokoll schwätzt nëmme vum „Emblème du troisième protocole". Säin Numm, deen ech elo déi ganzen Zäit genannt hunn, roude Kristall also, krut dësen Emblème eréischt e puer Méint no der Adoptioun vum Protokoll, nämlech bei der 29. internationaler Konferenz vum Roude Kräiz a vum Rouden Hallefmound am Juni 2006, och zu Genf.

De roude Kristall ass also en zousätzlecht Symbol. Et ass also net esou, dass en déi aner Zeeche soll ersetzen. An iwwregens hunn och all déi Zeechen deeselwechte Statut an et gëtt also och keng Hierarchie.

D'Konditiounen, fir de roude Kristall ze benotzen, sinn dann och déiselwecht wéi bei all deenen anere Schutzzeechen.

E kann als Schutz bei bewaffnete Konflikter benotzt gi vu Sanitäter, vu medezineschem Perso-

nal, awer och fir d'Material an d'Transportmëttel.

Alles dat steet am Detail an de Genfer Konventiounen, déi déi Benotzung vun dëse Symboler streng reglementéieren.

Zréck also zum drëtte Protokoll. Dee bréngt méi Flexibilitéit bei der Benotzung vun deenen eenzelnen Zeechen. Deemno kann d'medezinescht Personal vun de Forces armées vun engem Vertragsstat och en anert Schutzzeeche benotze wéi dat, wat e gewéinlech benotzt, an zwar dann, wann dovunner ausgaange ka ginn, dass hire Schutz bei der Benotzung vun dësem Zeeche verstäerkt gëtt.

An dat war ebe bis elo net méiglech.

Et ass dann awer och wesentlech, géint d'Abuse vun dëse Schutzzeeche virzegoen. An de Protokoll schreift an deem Zesummenhang vir, dass d'Vertragsstaten dofir déi néideg Mesuren huelen. Duerfir ännert dann dëse Projet de loi och d'Gesetz vum 18. Dezember 1914 iwwert d'Protectioun vun den Emblèmë vum Roude Kräiz.

Ech erspueren Iech awer dann, dat zur fortgeschrattener Stonn opzezielen,…

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice.-* … well Dir fannt alles am Exposé des motifs an natierlech och a mengem schréftleche Rapport erëm.

Nach e puer Wuert zum Statsrot awer. Dee weist op eng ganz Rei legistesch Problemer am Text vum Projet de loi hin an opposéiert sech dann och formell, wat den drëtten a véierten Artikel vum Projet de loi ubelaangt, dass de Gesetzgeber, wéi dat am Projet de loi proposéiert gëtt, d'Modifikatioun vun Arrêtés grand-ducaux virhëlt.

D'aussepolitesch Kommissioun war mat all deene Bemierkunge vum Statsrot d'accord an huet hinnen also och Rechnung gedroen. An domat hoffen ech, datt ech Iech alleguerten elo konnt vun dësem Projet de loi iwwerzeegen.

(Hilarité)

Op alle Fall konnt ech meng Fraktioun schonn dovun iwwerzeegen, an dofir kann ech dann och den Accord vun de Sozialisten…

Une voix.- Dat ass en Déjà-vu.

(Brouhaha général)

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice.-*…fir dëse Projet de loi ginn. An ech soen Iech alleguerte Merci fir dat méi oder manner attentiivt Nolauschteren.

Merci.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem ganz iwwerzeegende Rapport vun der Madame Rapportrice. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Här President, Merci fir d'Wuert. Ech wëll awer trotzdeem, mer hunn elo gutt gelaacht doriwwer, mä ech fannen awer, nodeem datt mer all déi Diskussioune virdrun haten, datt elo kee méi vun der Regierung hei ass fir déi Texter, fannen ech awer inakzeptabel an net seriö.

Ech wëll dat just gesot hunn, an ech gi mäin Accord zu dësem Gesetzestext.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Wiseler. Den Accord ass gi vun der Madame Dall'Agnol.

(Interruptions)

Den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt och de Merci un d'Madame Dall'Agnol fir deen interessante Rapport. Do kéint een natierlech nach eng Rei historesch Daten derbäisetzen, besonnesch dee vun der Krim, vum Krimkrich vun 1854-1856, well mer jo leider d'Krim elo an enger méi negativer Aktualitéit och hunn. Mä do war u sech deen éischten Asaz vun der Croix-Rouge.

Ech mengen, et soll ee vläicht vun der Geleeënheet profitéieren, awer och der Croix-Rouge, besonnesch hei zu Lëtzebuerg, nach e grousse Merci auszespriechen, ëmsou méi well mer jo um Enn si vum Mois du Don, an och do muss een awer soen, dass ganz vill Leit um Niveau vum Bénévolat an all deene leschte Woche ganz vill gemaach hunn. An ech hunn emol eng Kéier nogekuckt. D'lescht Joer sinn zum Beispill bei där Quête 875.421 Euro erakomm. Och dat ass e ganz wesentlechen Effort, dee gemaach gëtt, net nëmme fir Problemer um Niveau vun internationale Katastrophen, mä och fir hei zu Lëtzebuerg, sief dat um Niveau vun der Santé, sief dat um Niveau fir jonk Leit.

Jiddefalls ofschléissend vläicht awer nach eng Remarque: Et ass awer ze bedaueren, datt d'international Communautéit et net fäerdegbréngt, sech op een Emblème ze eenegen, an datt dat och nach bedéngt ass duerch reliéis Ursaachen. Och doriwwer kann een natierlech diskutéieren, mä onofhängeg dovunner steet d'Demokratesch Partei awer hannert deem Projet de loi, an ech ginn an deem Sënn och den Accord.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Graas. Den Här Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Merci, Här President. Ech wëll och dovu profitéieren, fir der Madame Rapportrice Merci ze soe fir hire Rapport, an och nach eng Kéier drop hiweisen, datt besonnesch och dee schréftleche Rapport a senger Ausféierlechkeet wierklech ganz interessant ass, an ech hunn dee mat Freed och gelies.

Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Adam. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi aner Kolleege froen ech mech, firwat d'Regierung bei esou enger Diskussioun net hei ass. Mä vläicht ass d'Ursaach, datt mer dat Gesetz iwwert de Schutz vum Roude Kräiz am Éischte Weltkrich geholl hunn. An alles, wat d'Geschicht vum Éischte Weltkrich ugeet, dat schéngt d'Regierung jo e bëssen ze stéieren, soudatt ech unhuelen, datt do d'Ursaach ze sichen ass, firwat datt d'Regierung elo net hei ass.

Dovunner ofgesinn, mengen ech, sinn awer e puer wichteg Saachen zu dësem Sujet ze soen, an zwar, datt et ganz gutt ass, datt d'Perfidie endlech an eisem Gesetz verbuede gëtt, fir den Usage abusif vun deene Schutzsymboler do ze huelen. Ech soe bei där Geleeënheet och der Rapportrice Merci fir déi gutt Presentatioun vun deenen Aspekter vum Gesetz.

CHAMBRE
DES DÉPUTÉS
d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

Mä, wat och wichteg ass, dat ass ze soen, datt an deenen Arrêtés grand-ducaux, déi elo nach musse modifizéiert ginn iwwert den Diplom vun enger Infirmière respektiv iwwert d'Véhicules vun den Armées, datt déi Ännerungen, déi kënne gemaach ginn, fir de roude Kristall zum Beispill op eis Véhicules militaires ze maachen, also Militärambulanzen an esou weider, just temporär kënne sinn. Et ass wichteg, wa mer elo an en Asazgebitt ginn, wou effektiv d'rout Kräiz net dee Schutz géif ginn oder net esou unerkannt wär, wéi et néideg wär, fir d'Protektioun vun de Persounen, déi Schutz brauchen, ze garantéieren, da kann effektiv och eis Arméi während enger gewësser Zäit dann de roude Kristall als Zeechen huelen, fir eben d'Véhicules sanitaires an anerer dann ze markéieren.

Mä wat wichteg ass, dat ass deen Term „temporaire". Et gouf eng Diskussioun zu Genève bei der Diskussioun ëm dëst Gesetz, ëm dës nei Konventioun, ob dann elo dee roude Kristall soll remplacéieren oder net. An et ass kloer gesot ginn, datt kee Kulturkrees sech sollt, an déi si jo och elo als gläichwäerteg an der Konventioun unerkannt ginn, kee Kulturkrees ass domadder opgefuerdert, op säi Symbol ze verzichten. An och hei soll dat rout Kräiz erhale bleiwen.

Ech notéiere mat Suerg, datt hei de Vertrieder vun der Demokratescher Partei bal suggéréiert, datt et jo schued ass, datt mer dann net op en eenheetleche Symbol eriwwerginn, an domadder praktesch eng Dier opmécht, fir d'rout Kräiz duerch e roude Kristall ze ersetzen.

D'rout Kräiz huet vläicht eng Connotation religieuse kritt duerch d'Reaktioun vun anere Kulturkreesser, mä dann ass et awer eng, déi dat Schéint an dat Positivt un der Relioun weist, nämlech d'Dimensioun vun der Nächsteléift, wou anerer versot hunn. An et ass…

(Interruption)

Mir hunn eng Traditioun vum roude Kräiz hei am Land.

M. Gusty Graas *(DP).*- Nächsteléift kann een och hunn, ouni gleeweg ze sinn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- An ech mengen, et ass wichteg, vun all Considératioun ofzegesinn…

M. le Président.- Wann ech gelift, den Här Kartheiser huet d'Wuert a soss keen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President.

…vun all Considératioun ofzegesinn, ob weltlech oder netweltlech, mä op jidde Fall hu mer eng Traditioun vum roude Kräiz hei, en Houfert, dee mer kënnen all hunn, an deen Dir och zu Recht ernimmt hutt, Här Graas, op dat, wat d'Rout Kräiz geleescht huet, eng Traditioun, déi mer solle viruféieren an zu där mir op jidde Fall stinn.

Ech soen Iech Merci.

(Brouhaha)

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci. Ech loossen net zou, datt een Deputéierten d'Aktivitéite vum Roude Kräiz hei esou eesäiteg duerstellt a seet, datt am Fong geholl d'Kooperatioun vun den Hëllefsdéngschter op internationaler Ebene a Krichsgebitter, datt dat eng Ofso wier un d'Traditioun vum Roude Kräiz.

Dat an enger Klammer bemierkt, wollt ech eisen Accord ginn zu deem drëtte Protokoll, wat dat gemeinsamt Zeechen do festhält.

Ech schléisse mech awer deem un an ech wollt dat och ervirsträichen, datt ee leider keng Fro un d'Regierung ka stellen zu deem Thema do, an ech hoffen, datt mer et wierklech fäerdegbréngen, fir Konklusiounen ze zéien aus deene Virfäll vun haut, an datt d'Regierung et fäerdegbréngt, fir dem Parlament dann awer an nächster Zäit dee Respekt ze ginn, deen déi Institutioun brauch.

Merci.

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mer mussen d'Regierung vergréisseren.

(Hilarité générale et interruptions)

M. le Président.- Ech géif et mam Här Hahn halen: Et ass alles gesot. An dofir géife mer, wann Der näischt dergéint hutt, zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6636 kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6636 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss. De Projet 6636 ass mat 58 Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6636 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Gilles Roth), Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Sidd Der domat d'accord, fir e vum zweete Vote constitutionnel ze entbannen?

(Assentiment)

Merci, dat ass dann esou.

Mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm.

Eis nächst Sëtzung ass den 13. Mee, also deen nächsten Dënschdeg. Ech wënschen Iech e schéinen Owend, Iech an deene Leit, déi eis nogekuckt hunn.

D'Sëtzung ass ofgeschloss.

(Fin de la séance publique à 19.21 heures)

Sommaire des séances publiques nos 18, 19 et 20

18e séance

Ouverture de la séance publique p. 185

6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;

3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;

4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;

5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;

6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;

7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;

9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques (suite) p. 185-193

Ordre du jour p. 193

19e séance

Ouverture de la séance publique p. 194

6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;

3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;

4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;

5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;

6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;

7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;

9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques (suite) p. 194-208

20e séance

Ouverture de la séance publique p. 209

Communications p. 209

6605 - Proposition de loi relative au changement du nom de la commune de Erpeldange en celui de Erpeldange-sur-Sûre p. 209

Ordre du jour p. 209-212

Heure de questions au Gouvernement

- Question n°26 du 6 mai 2014 de M. Guy Arendt relative à la prolongation du permis de conduire, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 212-213

- Question n°27 du 6 mai 2014 de Mme Martine Hansen relative à la formation professionnelle, adressée à M. le Secrétaire d'État à l'Éducation nationale, à l'Enfance et à la Jeunesse p. 213

- Question n°28 du 6 mai 2014 de M. Roger Negri relative aux nuisances sonores provoquées par la circulation automobile sur le pont provisoire dit «blo Bréck», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 213

- Question n°29 du 6 mai 2014 de M. Fernand Kartheiser relative aux aides pour les écrivains et traducteurs luxembourgeois, adressée à Mme la Ministre de la Culture p. 214

- Question n°30 du 4 mai 2014 de M. Claude Adam relative à la gare de Mersch, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 214

- Question n°31 du 6 mai 2014 de Mme Nancy Arendt relative à l'organisation des cours de natation dans l'enseignement fondamental, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse p. 214-215

- Question n°32 du 5 mai 2014 de M. Justin Turpel relative aux bourses d'études et aides financières de l'État pour les étudiants, adressée à M. le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche p. 215

- Question n°33 du 6 mai 2014 de M. Serge Wilmes relative à la mise en œuvre de la garantie pour la jeunesse, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire p. 215-216

- Question n°34 du 6 mai 2014 de M. Fernand Kartheiser relative au droit d'exclusivité et de priorité des volontaires de l'armée dans la Fonction publique, adressée à Mme la Secrétaire d'État à la Défense p. 216

- Question écrite n°163 du 21 mars 2014 de M. Claude Wiseler relative à la conduite transfrontalière du motocycle léger (A1) avec le permis de conduire de la catégorie B p. 216

- Question écrite n°176 du 26 mars 2014 de M. Félix Eischen relative aux importations de gaz russe p. 216-217

- Question écrite n°179 du 27 mars 2014 de M. Marc Spautz relative à la société Enovos p. 217

- Question écrite n°157 du 19 mars 2014 de M. Marc Spautz relative à la mauvaise transposition d'une directive européenne p. 217

- Question écrite n°190 du 1er avril 2014 de M. Marc Spautz relative à l'installation de panneaux solaires photovoltaïques sur les toits des immeubles et objets classés monuments nationaux p. 217

6415 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie p. 217-219

Ordre du jour (suite) p. 219-220

6651 - Projet de loi relative au financement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois p. 220-222

6647 - Projet de loi modifiant les articles 15 (2) et 16 (2) de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat p. 222-224

6572 - Projet de loi

a. concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (UE) n°649/2012 du Parlement européen et du Conseil du 4 juillet 2012 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux

b. abrogeant la loi du 28 mai 2009 concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) n°689/2008 du Parlement européen et du Conseil du 17 juin 2008 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux p. 224-225

6636 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel aux Conventions de Genève du 12 août 1949 relatif à l'adoption d'un signe distinctif additionnel (Protocole III), fait à Genève, le 8 décembre 2005, et modifiant la loi du 18 décembre 1914 concernant la protection des emblèmes de la Croix-Rouge p. 225-227

QUESTIONS AU GOUVERNEMENT

COMPTE RENDU **N°6** • SESSION EXTRAORDINAIRE 2013-2014

Sommaire des questions parlementaires

Question n°	Auteur	Objet
Question parlementaire évacuée au cours de la session ordinaire 2012-2013		
2806	Serge Urbany	Plan d'action national pluriannuel d'intégration et de lutte contre les discriminations 2010 - 2014
Questions parlementaires évacuées au cours de la session extraordinaire 2013-2014		
0168	Roy Reding	Avions AERO L39 ALBATROS
0201	Gilles Roth	Démontage des candélabres le long de l'autoroute A6
0202	Roy Reding	Droit de préemption dans le cadre du Pacte logement
0206	Max Hahn	Contournement de Dippach
0207	Roy Reding	Négociations avec des pays tiers dans le cadre de l'échange automatique d'informations
0212	Roy Reding	Imposition des frontaliers belges
0214	Frank Arndt	Actionnariat de la société Enovos International
0215	Félix Eischen	Secteur de la logistique
0216	Gusty Graas	Politique énergétique
0217	Guy Arendt	Vote par correspondance
0218	Serge Wilmes	Commission de suivi instituée par l'article L. 621-4 du Code du Travail
0219	Roy Reding	Répercussions du projet «Royal Hamilius» sur les transports publics par autobus
0220	Serge Wilmes	Anciens salariés d'Objectif Plein Emploi (OPE)
0221	Fernand Kartheiser	Organisation scolaire
0222	Fernand Kartheiser	Effectifs des classes de l'enseignement secondaire
0223	Fernand Kartheiser	Réforme du divorce
0224	Octavie Modert	Réformes de la police et de la Fonction publique
0225	Sylvie Andrich-Duval	Validité du permis de conduire
0226	Josée Lorsché	Protection de la jeunesse
0228	Fernand Kartheiser	Alimentation électrique du tramway
0229	Lex Delles, Eugène Berger	Centre d'éducation différenciée d'Esch-sur-Alzette
0230	Fernand Kartheiser	Décisions du tribunal de famille non respectées après un divorce
0231	Fernand Kartheiser	Rapport d'activité de la Police grand-ducale
0232	Roger Negri	Système de contrôle de trafic aérien harmonisé «ciel unique»
0233	Roger Negri	Rapport annuel de l'Autorité de sûreté nucléaire (ASN)
0234	Laurent Mosar, Serge Wilmes	Société américaine Netflix
0235	Taina Bofferding	Cours d'appui
0236	Marc Spautz	Refus d'autorisation du vol entre Luxembourg et Zhengzhou
0237	Serge Wilmes	Manifestation d'élèves contre la réforme des bourses scolaires
0238	Josée Lorsché	Information des concernés en cas de symptômes d'une maladie contagieuse dans l'enseignement fondamental
0239	Henri Kox	Révision de la rémunération pour la production d'énergie à partir des installations photovoltaïques
0240	Claude Adam	Accueil de réfugiés syriens au Luxembourg
0241	Serge Wilmes	Grève des élèves et étudiants
0242	Fernand Kartheiser	Préparation des référendums
0243	Serge Wilmes, Laurent Mosar	«Crowdfunding»
0244	Nancy Arendt	Hausse des extorsions
0245	Diane Adehm, Gilles Roth	Frais d'études supérieures
0246	Martine Hansen, Marco Schank	Structure Sichem de la Fondation Maison de la Porte ouverte
3. Et gi fir d'RGTR-Betriber keng Répercussiounen op d'Personal. Am Prinzip gëtt um Service näischt geännert, ausser dass verschidde Linnen en Deelstéck vun 2 Kilometer net méi fueren. Dat ass fir eng regional Buslinn zwar een Zäitfacteur, awer net eng Kierzung, déi et mat sech géif bréngen, dass Fuerpersonal ewechfält.

4. Am Prinzip ass d'Konzept esou opgebaut, dass et zu engem Ëmsteige kënnt, jee nodeems wou een an der Stad säin Zil huet. Soss wäerten am RGTR-Netz an och op de grenziwwerschreidende Linne keng grouss Ännerunge fir de Client kommen. Et besteet eng vill méi staark Vernetzung mat dem Busservice vun der Stad Lëtzebuerg, fir d'Ëmklammen esou attraktiv ewéi méiglech ze maachen.

5. Den RGTR mécht jo, bis op den Eurobus an de Coordonnéeën, keen interne Verkéier an der Stad. Esou geet duerch d'Ofkappe vu Linnen de Clientë vun der Stad keng Capacitéit verluer. Déi Léit, déi vu baussen erakommen, mussen eemol méi ëmsteigen (jee no Destinatioun), dofir muss op den RGTR-Coordonnéesan Eurobus-Linnen d'Capacitéit verännert ginn. D'Konzept ass esou opgebaut, dass op der Streck Gare - Uewerstad just Gelenkbussen an Duebelgelenkbussen agesat ginn.

6. Wat Informatiounscampagnen ugeet, verweise mir op d'Stad Lëtzebuerg.

Question 0220 (15.4.2014) de **M. Serge Wilmes** *(CSV)* concernant les **anciens salariés d'Objectif Plein Emploi (OPE):**

Il me revient par voie de presse que les anciens salariés d'OPE, actuellement en liquidation judiciaire, n'ont pu bénéficier de l'intervention du Fonds pour l'Emploi, alors même que leurs salaires et autres indemnités sont restés impayés.

Or, il paraît que le Fonds pour l'Emploi refuse le paiement en prenant appui sur l'article L.126-1 (1) du Code du Travail qui dispose qu'«en cas de faillite de l'employeur, le Fonds pour l'Emploi garantit les créances résultant du contrat de travail (…)». Autrement dit, dès lors que les associations ne sauraient tomber en «faillite» au sens juridique du terme, le Fonds pour l'Emploi ne pourrait pas leur venir en aide.

C'est dans ce contexte que j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie solidaire et sociale:

- Le Ministre peut-il confirmer que le Fonds pour l'Emploi refuse de payer aux anciens salariés d'OPE les arriérés de salaires et autres indemnités qu'il garantit d'ordinaire en cas d'insolvabilité de l'employeur? Dans l'affirmative, quelles en sont les raisons?

- À considérer que le refus du Fonds pour l'Emploi tienne à une lecture stricte de la notion de faillite à laquelle se réfère l'article L.126-1 du Code du Travail, le Ministre considère-t-il que cette interprétation est conforme au droit européen?

- Dans la négative, le Ministre n'entend-il pas enjoindre au Fonds pour l'Emploi de régler les montants réclamés par les anciens salariés d'OPE?

- Le Ministre entend-il légiférer afin d'éviter que des problèmes similaires se posent à l'avenir?

Réponse (2.6.2014) de **M. Nicolas Schmit,** *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire:*

Par sa question parlementaire n°0220 l'honorable Député Serge Wilmes a demandé des renseignements en relation avec l'intervention du Fonds pour l'Emploi en relation avec la liquidation judiciaire de l'a.s.b.l. Objectif Plein Emploi (OPE).

Voici la réponse aux questions posées:

1) L'intervention du Fonds pour l'Emploi

Tous les salariés d'OPE semblent avoir été payés jusqu'au moment où l'a.s.b.l. OPE a cessé définitivement ses activités. Aussi longtemps qu'une liquidation judiciaire n'avait pas encore été ordonnée, une bonne partie des salariés était encore en période de préavis. En fait, un liquidateur n'a été nommé qu'en date du 13 novembre 2013.

OPE a été constitué sous forme d'une a.s.b.l. et n'a donc pas pu être déclaré en état de faillite. De ce fait et sur base de la législation actuelle, les salariés d'OPE n'ont pas pu bénéficier de la garantie de créance du Fonds pour l'Emploi pour les indemnités de préavis restant dues jusqu'à concurrence d'un plafond de 11.245,14 €. Jusqu'à l'expiration de la période de préavis, il a cependant été décidé de leur accorder tout de suite les indemnités de chômage de la part du Fonds pour l'Emploi ou des autorités compétentes des pays limitrophes pour les frontaliers.

La liquidation judiciaire a été ordonnée en date du 13 novembre 2013, donc bien après l'arrêt des activités.

Pour éviter que les salariés OPE ne soient privés de tous revenus pendant plusieurs mois, les intéressés ont pu bénéficier tout de suite des indemnités de chômage dès le jour de l'arrêt des activités d'OPE. Ce n'est pas le cas quand il s'agit d'une faillite. Les salariés d'OPE ont d'ailleurs demandé de bénéficier tout de suite de l'indemnisation, ce qui leur a été accordé.

Au moment où fut ordonnée la liquidation judiciaire d'OPE, les anciens salariés bénéficiaient tous des indemnités de chômage de sorte que la garantie de créance qui n'aurait pu jouer qu'à partir du 13 novembre 2013 n'était plus de mise, les salariés ayant obtenu des indemnités de chômage.

2) La conformité de la législation luxembourgeoise à la législation communautaire en matière de garantie de créance

Au moment de l'insolvabilité d'OPE, il a été constaté que la législation nationale est plus stricte que la directive communautaire 2002/74/CE du 23 septembre 2002. En effet, la législation nationale parle de faillite de l'employeur tandis que la directive communautaire se réfère à l'insolvabilité de l'employeur, incluant ainsi des associations comme OPE.

Pour éviter à l'avenir de tels problèmes, le paragraphe (1) de l'article L.126-1 du Code du Travail sera complété par un alinéa 2 qui reprend le texte de la directive, à savoir:

«Il en est de même lorsque le tribunal compétent soit a décidé l'ouverture de la procédure collective fondée sur l'insolvabilité de l'employeur, soit a constaté la fermeture définitive de l'entreprise ou de l'établissement de l'employeur, ainsi que l'insuffisance de l'actif disponible pour justifier l'ouverture de la procédure collective fondée sur l'insolvabilité de l'employeur.»

Question 0221 (16.4.2014) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant l'**organisation scolaire:**

D'Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vun der Grondschoul an de groussherzogleche Reglement vum 18. Februar 2010 gesi vir, datt fir all Gemeng e Kontingent vu Stonne festgeluecht gëtt. Iwwert dëse Kontingent ginn dann, iwwert d'Schoulorganisatioun an de respektive Gemengen, d'Zuel vun den Enseignantë respektiv d'Zuel vun de Schoulklasse festgesat.

Gewësse Gemengen, dorënner och d'Stad Lëtzebuerg, hu Schwieregkeeten, fir bei der Schoulorganisatioun hir Klassen esou ze organiséieren, datt d'Effektiver pro Klass net ze grouss ginn.

Dowéinst wéilt ech dem Här Éducatiounsminister dës Froe stellen:

1. Ass den Avis iwwert d'Implementatioun vum Kontingent, wéi en am Artikel 9 vum groussherzogleche Reglement vum 18. Februar 2010 festgehale ginn ass, ausgestallt ginn? Wa jo, wat sinn d'Konklusioune vun der Expertskommissioun, a kann den Här Minister dësen Avis virun der Chamberskommissioun virdroen a kommentéieren? Wann neen, wéini gëtt dësen Avis publizéiert?

2. Ass den Här Minister net der Meenung, datt e Moratoire op eng weider Reduktioun vun de Schoulstonne muss geluecht ginn, wou dach allgemeng festgestallt gëtt, datt d'Schwieregkeeten an der Grondschoul vu Joer zu Joer méi grouss ginn?

3. Wann esou e Moratoire net ugewannt gëtt, wéi vill Stonne ginn am Schouljoer 2014/2015 par rapport zum Schouljoer 2013/2014 verluer?

Réponse (15.5.2014) de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse:*

Ad 1)

Den Avis iwwert d'Implementatioun vum Kontingent, wéi den Artikel 9 vum «règlement grand-ducal du 18 février 2010 déterminant les modalités d'établissement du contingent de leçons attribuées aux communes et aux syndicats scolaires pour assurer l'enseignement fondamental» et virgesäit, ass ausgestallt ginn.

D'Expertskommissioun huet der deemools zoustänneger Ministesch folgenden Avis an deem Kontext zoukomme gelooss:

«Conformément à l'article 9 du règlement grand-ducal du 18 février 2010 déterminant les modalités d'établissement du contingent de leçons attribuées aux communes et aux syndicats scolaires pour assurer l'enseignement fondamental, la commission d'experts instituée par arrêté ministériel du 14 décembre 2012 a analysé la mise en œuvre du contingent.

Le contingent de leçons d'enseignement direct attribuées aux communes et syndicats scolaires comprend la totalité des leçons mises en œuvre pour assurer l'enseignement fondamental et se compose, le cas échéant, des éléments suivants attribués directement aux communes et syndicats:

- le contingent de base (1,625 leçon hebdomadaire par élève),

- l'élément «indice social» qui ne peut dépasser 1/5 du contingent de base et qui est calculé sur base de l'indice socio-économique établi par le CEPS,

- un élément «adaptation» résultant de la mise en œuvre progressive sur dix ans du contingent,

- un élément «accueil» pour la prise en charge d'enfants ne maîtrisant aucune des trois langues officielles,

- un élément «enseignement moral et social EMS» à raison de deux leçons par classe des cycles 2 à 4,

- un élément «plan de réussite scolaire PRS» pour répondre aux besoins engendrés par le plan de réussite scolaire,

- un élément «supplément» accordé sur demande motivée par le Ministre conformément à l'article 8 du règlement grand-ducal susmentionné.

S'y ajoutent encore, au niveau national, les leçons d'enseignement direct prestées dans le cadre des équipes multiprofessionnelles pour constituer la totalité des leçons hebdomadaires d'enseignement direct.

Les rapports de planification successifs prévoient un volume total de leçons hebdomadaires d'enseignement direct assez stable sur les cinq prochaines années avec un nombre d'élèves légèrement en hausse.

En 2009, 84 communes/syndicats présentaient un encadrement de base dépassant le coefficient de 1,625 (34.886 enfants concernés) et 19 communes/syndicats restaient en dessous du coefficient prévu (11.455 enfants concernés).

Les représentants des syndicats d'instituteurs mettent en cause l'attribution d'un volume de leçons par commune/syndicat qui mènerait à une organisation rigide et ne tiendrait pas compte des besoins réels des élèves, dont certains nécessitent une prise en charge particulière, notamment dans les cas de troubles du comportement qui sont en hausse constante et qui rendent souvent difficile le travail en classe collectif. L'appui pour les élèves présentant des lacunes ponctuelles dans l'une au l'autre branche ferait de plus en plus défaut. Une attribution régionale de certains éléments du volume de leçons pourrait apporter une amélioration de la situation en permettant une réaction rapide sur le plan local.

Cependant les habitudes de la grande majorité des enseignants qui insistent sur leur affectation à une commune/un syndicat précis et qui ne sont pas disposés à assumer une certaine mobilité rendent obstacle à cette proposition, tel qu'il est remarqué par le représentant du Syvicol, idée confirmée par les nombreuses demandes de la part d'instituteurs anxieux de perdre leur affectation à une commune, voire à une tâche précise.

De la part d'un représentant d'un syndicat d'instituteur, il est encore proposé:

- de relever le taux d'encadrement de base de 1,625 à 2 unités (+23%),

- de prévoir un moratoire pour quelques années avant de poursuivre la mise en œuvre du contingent.

Les représentants du Migra (Ministère de l'Intérieur et à la Grande Région) et du Statec préconisent une répartition efficace des moyens existants et posent la question si l'indice social constitue le bon instrument pour procéder à la répartition des ressources dépassant l'encadrement de base. Comme le nombre d'élèves présentant des troubles du comportement ne cesse d'augmenter, il faudrait tenir compte des exigences de leur encadrement lors de l'attribution de moyens.

En conclusion, la commission propose:

- de garder constant l'effectif moyen de 16 élèves par classe (sept voix contre deux voix),

- de réfléchir à élaborer une alternative visant une répartition plus pertinente des moyens dépassant l'encadrement de base en vue de mieux encadrer les enfants présentant des troubles de comportement.»

Ad 2)

D'Moyenen, déi de Gemengen an interkommunale Schoulsyndikater vum Stat fir d'Organisatioun vum Grondschoulunterrecht zur Verfügung gestallt ginn, begräifen eng Rëtsch Elementer, déi de Basiskontingent, esou wéi en am Artikel 38 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vun der Grondschoul festgeluecht ass, ergänzen. Esou sinn zum Beispill fir d'Schouljoer 2013/2014 2.079 Wochestonne fir Cours d'accueil zur Verfügung gestallt ginn. Doriwwer eraus huet meng Virgängerin de Grondschoule fir dat nämlecht Schouljoer zousätzlech zum Basiskontingent e Surplus vun 846 Schoulwochestonnen accordéiert.

Ausserdeem hält all Léierin oder Schoulmeeschter säit 2009 pro Joer 54 Stonnen «Cours d'appui» fir méi schwaach Schüler ze förderen oder méi staark Schüler ze fuerderen. Mëttlerweil sinn och eng Rëtsch vun Éducateurs gradués un d'Regionalbüroe vun den Inspekteren affektéiert ginn, fir an de Schoule bei spezifesche Problemer punktuell ze hëllefen, genausou wéi d'Ressourcë vum Service de l'Éducation différenciée an den Équipes multiprofessionnelles opgestockt gi sinn.

Parallell ginn d'Grondschoule mat ëmmer neien Erausfuerderunge konfrontéiert, notamment um Niveau vum Behuele vun de Kanner, déi mech zu folgenden Iwwerleeunge bréngen:

- Aus- a Weiderbildung vum Schoulpersonal muss prioritär deenen zitéierte Veränneruge Rechnung droen. Einfach méi Leit astellen, ouni den uewen erwähnte Begebenheete Rechnung ze droen, ergëtt kee Sënn. Ech wëll mech vun der quantitativer Logik lassléisen, fir an eng qualitativ Diskussioun ze kommen, déi d'Kand als Ganzt ëmfaasst an och ganzheetlech Léisunge viséiert.

- Parallell dozou wëll ech préiwen awéiwäit méi spezialiséiert Personal, notamment wat den Émgang mat verhalensschwierege Kanner ubelaangt, an de Grondschoule schaffe kann, engersäits, fir d'Schoulpersonal ze beroden an anerersäits, fir esou Kanner zäitweis ze betreien.

Aus all dësen Iwwerleeungen ergëtt sech, dass e Moratoire sécherlech net déi adequat Äntwert wär op déi komplex Situatioun an de Grondschoulen, mä dass muss probéiert ginn, op där enger Säit, déi Moyenen, déi do sinn, esou optimal ewéi méiglech anzesetzen an, op där anerer Säit, iwwer Aus- a Weiderbildung vum Schoulpersonal, respektiv iwwert den Asaz vu spezialiséierte Kräften, d'Schoulen ze stäerken, fir déi aktuell an zukünfteg Erausfuerderungen ze meeschteren.

Ad 3)

Well de Minister zousätzlech Stonnen accordéiere ka fir d'Schouljoer 2014/2015, fir eventuelle schwierege Situatiounen entgéintzewierke bei der Applicatioun vum Kontingent, déi sech virun allem bei Grondschoulen a klenge Gemenge stellen, ass dës Fro zu dësem Zäitpunkt net exakt ze beäntwerten.

Question 0222 (13.4.2014) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant les **effectifs des classes de l'enseignement secondaire:**

Aus engem Artikel aus enger Dageszeitung geet ervir, datt d'Direktere vun de Lycéeën d'Instruktioun kruten, d'Effektiver an de Klassen op 29 Schüler eropzesetzen, an dëst ganz besonnesch op de Septièmen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Éducatiounsminister dës Froe stellen:

1. Ass déi Behaaptung, déi an der Zeitung opgestallt gouf, korrekt ? Wann neen, wéi eng Instruktioune sinn un d'Lycéeë gaangen, wat d'Effektiver vun de Klasse fir d'Schoulrentrée betrëfft?

2. Wéi héich waren d'Effektiver pro Klass an de Lycéeë bei der Rentrée 2013/2014 (Moyenne, héchsten Effektiv, kléngsten Effektiv)?

3. Wéi sinn d'Previsiounen, fir dës Zuelen, fir d'Rentrée 2014/2015?

Réponse (13.5.2014) de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse:*

D'Effektiver an de Klasse ginn duerch d'Instruction ministérielle du 12 juillet 2010 concernant l'organisation scolaire des lycées et lycées techniques geregelt.

Dës Instruktioun schreift am 1. Kapitel dat heite vir:

1.3. - Constitution des classes

1. Les effectifs suivants constituent des minima pour la constitution des classes:

7e S (secondaire), 7e ST (secondaire technique) et 7e STP	18 élèves
6e S et 8e théorique, 5e S et 9e théorique	18 élèves
8e Polyvalente, 9e Polyvalente	16 élèves
9e Pratique, IPDM et classes du régime préparatoire	12 élèves
4e - 1ère de l'enseignement secondaire, classes du régime technique et de la formation de technicien	18 élèves

Des classes à effectif inférieur à ces minima sont soumises à l'autorisation préalable de la Ministre même si le contingent en permettait l'organisation.

2. Le contingent définit les nombres suivants comme effectifs normaux des classes respectives.

Classes de l'enseignement secondaire, du régime technique et de la formation de technicien, y compris les classes ALLET, RLS, les classes internationales préparant au Bac International, les classes de 8e théorique et de 9e théorique	25 élèves
Les classes de 7e ST, 7e STP, 8e STP, 9e STP, 8e polyvalente, 9e polyvalente, les classes d'insertion du cycle inférieur	23 élèves
9e pratique	17 élèves
IPDM et classes du régime préparatoire, classe d'insertion du régime préparatoire, classe d'accueil	15 élèves
Classes du régime professionnel et classes concomitantes	23 élèves

Lorsque le seuil de dédoublement n'est que légèrement dépassé, des effectifs supérieurs aux maxima indiqués sont à envisager. Toutefois, il

est indiqué de ne pas dépasser 25 élèves pour les classes de 7e ST et 29 élèves pour les classes de 7e S - 1ère S, 8e théorique, 9e théorique, 10e - 14e régime technique et formation de technicien. Chaque fois que la répartition des élèves aboutit à un effectif supérieur aux maxima cidessus, une autorisation préalable est requise.

Ad 1)

Et ass an deene leschte Joren näischt un de Wäerter vun den Effektive geännert ginn. Et sinn och keng aner Instruktiounen un d'Lycéeë gaangen, déi méi héich Effektiver wéi an dëser Instruktioun géife fuerderen.

Ad 2)

Deen heiten Tableau gëtt d'Effektiver op 7e an deene verschiddene Lycéeë fir d'Schouljoer 2013/2014 erëm.

Lycée	7e Klassen	klengsten Effektiv	Moyenne	héchsten Effektiv
AL	7	24	25,6	27
ALR	10	12	19,4	22
LAML	11	14	22,0	26
LBV	7	12	17,0	23
LCD	20	9	19,9	24
LCE	9	19	23,0	26
LEM	7	15	21,7	25
LGE	6	24	26,3	28
LGL	6	25	26,2	28
LHCE	4	23	26,0	28
LJBM	9	9	18,0	22
LMRL	9	23	24,9	27
LN	14	12	17,6	24
LNB	15	15	20,1	25
LRSL	5	22	23,6	25
LTA	2	15	15,0	15
LTAM	4	22	22,8	23
LTB	7	16	20,6	24
LTC	9	5	17,0	24
LTE	12	14	18,9	24
LTETT	6	12	15,2	19
LTJB	9	11	15,8	20
LTL	11	21	22,1	25
LTMA	20	9	16,6	22
LTML	6	21	22,2	23
NOSL	10	11	14,9	19
SLL	3	24	24,7	25
UELL	9	15	17,2	19
Landeswäit	278	5	19,9	28

Ad 3)

D'Previsioune fir d'nächst Joer kënnen eréischt Mëtt Juli gemaach ginn, wann d'Aschreiwungen op 7e ofgeschloss sinn. Fir de Rescht kann ee sech nëmmen op d'Wäerter vun dësem Schouljoer baséieren.

Question 0223 (16.4.2014) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant la **réforme du divorce:**

Zënter Laangem gëtt un enger Reform vum Scheedungsrecht geschafft, bis elo leider ouni Resultat. Un de Problemer vun de Leit a Scheedungssituatiounen huet sech dowéinst och bis elo näischt geännert, obwuel se dacks gravéierend sinn.

Virun allem d'Problemer beim Suergerecht fir d'Kanner (Garde) a beim Besuchsrecht (droit de visite et d'hébergement) verursaachen ëmmer nees dramatesch Situatiounen, déi den Eltere wéi de Kanner wéidinn a laangfristeg schueden. Phenomeener wéi d'Entfriemung (aliénation parentale), déi heefeg duerch d'Verweigerung vum Besuchsrecht entstinn, sinn dobäi besonnesch ervirzehiewen.

Dowéinst wollt ech den Här Minister vun der Justiz froen:

1. Wëllt d'Regierung a Scheedungs- an Trennungssituatiounen dat gedeelte Suergerecht an dat gläich an alternéierend Besuchs- a Wunnrecht zur allgemenger an obligatorescher Regel maachen, souwäit déi konkret Ëmstänn dat zouloossen?

2. Wéi wëllt d'Regierung géint den Elterendeel virgoen, deen d'Besuchsrecht vun deem aneren Elterendeel net respektéiert (non-représentation d'enfant)?

3. Wëllt d'Regierung déi zivil Uerteeler iwwert d'Garde an d'Besuchsrecht an deem Sënn polizeilech ausféierbar (exécutoire) maachen, datt d'Police direkt kann agräifen, wann et keng aner Méiglechkeet gëtt, fir déi geriichtlech décidéiert Dispositiounen iwwert d'Suergerecht oder d'Besuchsrecht duerchzesetzen?

4. Wéi eng Moossname wëllt d'Regierung géint en Elterendeel huelen, dee sech geriichtlech décidéierten Dispositiounen, wéi z. B. enger Mediatioun oder Elteren-Kand Kontakter an enger Struktur systematesch widdersetzt? Wär et do net néideg, kloer Regelen ze schafen, och mam Zil, fir esou Prozeduren zäitlech ze kierzen?

Réponse (15.5.2014) de **M. Félix Braz,** *Ministre de la Justice:*

1) Esou wéi ugekënnegt am Regierungsprogramm, wäert am Scheedungsrecht, wéi och an aneren Trennungssituatiounen, dat gemeinsamt Suergerecht vun den Eltere fir hir Kanner zur allgemenger Regel ginn, ausser an deene Fäll, wou dat absolut net am Interessi vum Kand wär oder och soss net méiglech wär, wéi zum Beispill bei Virgeschicht vu Gewalt an der Famill.

2) An deene Fäll, wou och elo schonn d'Besuchsrecht net respektéiert gëtt, ass eng Méiglechkeet iwwer eng Strof, nämlech déi, wéi se am Artikel 371-1 am Strofrecht steet, (non-représentation d'enfant) virzegoen am Fall, wou regelméisseg een Elterendeel sech net un d'Besuchsrecht hält.

3) + 4) Et ass net am Sënn vun der Regierung hiren Iwwerleeungen, zivil Uerteeler iwwert d'Suergerecht an d'Besuchsrecht polizeilech ausféierbar ze maachen. Do denkt d'Regierung éischter drun, iwwert de Wee vun de familliäre Mediatiounen an Therapien, Familljen esou wäit wéi nëmme méiglech un eng friddlech Léisung erun ze bréngen, ouni mussen op polizeilech Moossnamen zréckzegräifen.

Eng Interventioun vun der Police, wou ee Kand per Force aus sengem Doheem oder z. B. aus der Schoul erausgezerrt gëtt, ass eng Konfliktsituatioun, déi zu engem Trauma fir d'Kand ka féieren.

Wann e Besuchsrecht net respektéiert gëtt, huet den Elterendeel, deen d'Kand net gesäit, ëmmer d'Méiglechkeet, ee Jugendriichter mat der Situation vum Kand ze befaassen, oder fir eng Ännerung vum Suergerecht respektiv vum Besuchsrecht ze froen. Bei all deene Geriichtsuerteeler muss ëmmer den "Intérêt supérieur de l'enfant" zielen. Et däerf een och net vergiessen, dass all Situation ënnerschiddlech ass, an dofir däerf et an där Matière keen Automatismus ginn, mä et muss ëmmer au cas par cas an am Intérêt vum Kand décideiert ginn.

Sollt et net méiglech sinn iwwert den "friddlechen" Wee, da bleift laut dem Gesetz ëmmer nach d'Méiglechkeet en neit Uerteel ze kréien iwwert d'Suergerecht, wou dat engem Elterendeel eleng muss zougesprach ginn, an deen aneren Elterendeel souguer d'Besuchsrecht kéint ofgesprach kréien. Eng Suppression vum Besuchsrecht ass extrem rar, et gëtt éischter emol eng Suspensioun oder eng Reduktioun vum Besuchsrecht gesprach, am Intérêt vum Kand.

Question 0224 (17.4.2014) de **Mme Octavie Modert** *(CSV)* concernant les **réformes de la police et de la Fonction publique:**

Dans une interview à la radio le 16 avril 2014 dans le cadre des avant-projets concernant les réformes de la Police grand-ducale, Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure a déclaré que les nominations des trois Directeurs respectivement de la Police grand-ducale, de l'Armée et du Service de Renseignement de l'État doivent relever du pouvoir de décision du Ministre compétent respectif et que ce dernier doit également avoir le pouvoir de les révoquer du moment que les hauts fonctionnaires visés ne remplissent pas leurs tâches de manière adéquate. Il rajoute qu'il insiste que cette même disposition reste inscrite dans les projets de loi portant réforme de la Fonction publique.

Or, dans le contexte de l'analyse des projets de loi dédiés aux réformes dans la Fonction publique, il s'avère que Monsieur le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative a proposé à la commission parlementaire de supprimer les dispositions qui, justement, prévoient un tel mode de révocation pour les postes de directeurs susmentionnés.

Dans ce contexte, j'aimerais poser la question suivante aux Ministres précités:

- Quelle est la position officielle du Gouvernement en la matière, face aux déclarations diamétralement opposées des deux membres du Gouvernement compétents?

Réponse (19.5.2014) de **M. Dan Kersch,** *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative:*

Dans sa question parlementaire n°0224 du 17 avril 2014, Madame la Députée Octavie Modert désire connaître la position officielle du Gouvernement dans le cadre des réformes dans la Fonction publique en ce qui concerne la révocation des agents nommés aux fonctions de chef d'état-major de l'Armée, de Directeur général de la police et de Directeur du Service de Renseignement. L'article 65 du projet de loi n°6457 prévoit d'ajouter un nouvel alinéa 5 à l'article 1er de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État, selon lequel «les agents nommés aux fonctions de chef d'état-major, de Directeur général de la Police ou de directeur du Service de Renseignement, peuvent être révoqués de leurs fonctions avec effet immédiat et sans autre forme de procédure. Les décisions prises au sens du présent alinéa sont sans recours devant les juridictions administratives».

En réponse à la question, je voudrais fournir les informations suivantes:

Tout d'abord il y a lieu de préciser que la question soulevée par l'honorable Députée se dégage de l'opportunité, voire de l'obligation de rediscuter les textes des projets de loi présentés par l'ancien Gouvernement concernant la réforme de la Fonction publique à la lumière de l'avalanche d'oppositions formelles, dépassant largement le nombre de la centaine, exprimées par le Conseil d'État.

En effet, le Conseil d'État a noté dans son avis du 21 janvier 2014 au sujet de la disposition dont question, qu'en refusant les garanties procédurales et le recours juridictionnel, cette disposition soumettait certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes à un régime de révocation différent de celui applicable aux titulaires d'autres fonctions dirigeantes. À défaut de justifier que cette différence de traitement procède de disparités objectives, qu'elle soit rationnellement justifiée, adéquate et proportionnée à son but, le Conseil d'État estime que cette disposition instaure a priori une inégalité de traitement qui risque d'être contraire à l'article 10bis de la Constitution.

Le Gouvernement partage dans son principe le souci des initiateurs du texte de garantir un maximum de flexibilité au niveau des possibilités de révocation de titulaires de postes à responsabilité aussi prononcée que ceux sous examen. Il n'est cependant pas moins sensible aux observations du Conseil d'État qui met en garde contre un risque de rupture du principe d'égalité de traitement au niveau de la loi.

Soucieux de respecter les principes élémentaires de notre État de droit, j'avais expressément soulevé ce dernier point de vue au sein de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative de la Chambre des Députés, actuellement saisie des textes de réformes en question. Parmi les possibilités pour éviter une opposition formelle de la part du Conseil d'État figurait bien évidemment celle qui consisterait à renoncer purement et simplement à une différenciation au niveau du régime de révocation dans le chef des fonctions du chef d'état-major de l'Armée, du Directeur général de la Police et du Directeur du Service de Renseignement.

Entre-temps le Ministre de la Sécurité intérieure a clairement exprimé sa volonté politique de maintenir la disposition afférente dans sa version initiale dans le projet de loi. Dans cette hypothèse il reste à développer une motivation à la base de la différenciation de traitement initialement envisagée par les auteurs du texte pour combler le défaut de justification objective épinglé par le Conseil d'État.

Dans la mesure où le texte en question est à ce stade entre les mains de la commission parlementaire compétente, il revient à celle-ci de se positionner en définitive par rapport aux observations du Conseil d'État. Le Gouvernement restera ouvert à toute proposition de maintien du texte initial, sous condition que les objections et craintes du Conseil d'État par rapport à la constitutionnalité de la disposition afférente soient dissuadées par un argumentaire sans faille, argumentaire qui, de toute évidence, n'a malheureusement pas été présenté par l'ancien Gouvernement.

Question 0225 (17.4.2014) de **Mme Sylvie Andrich-Duval** *(CSV)* concernant la **validité du permis de conduire:**

In Luxemburg ist die Gültigkeitsdauer des Führerscheins zeitlich begrenzt und muss demnach regelmäßig verlängert werden. Ab dem Alter von 70 Jahren werden die Führerscheine nur noch für eine Höchstdauer von drei Jahren verlängert, wobei die Gültigkeitsdauer nicht über das 79. Lebensjahr des Besitzers hinausgehen darf. Ab dem Alter von 79 Jahren wird der Führerschein nur noch von Jahr zu Jahr verlängert. Außerdem sehen die Modalitäten für die Verlängerung des Führerscheins vor, dass die betroffenen Personen immer eine ärztliche Bescheinigung (der Arztbesuch wird nicht von der Gesundheitskasse erstattet) vorlegen müssen, welche belegt, dass der Antragsteller körperlich und geistig zum Führen eines Fahrzeugs geeignet ist.

Im Vergleich zu unseren Nachbarländern ist diese Regelung der Führerscheinverlängerung für ältere Fahrzeuglenker sehr restriktiv und man kann hinterfragen, ob die Gültigkeitsdauer des Führerscheins von nur einem Jahr ab dem Alter von 79 Jahren nicht zu kurz bemessen ist. Es ist nämlich eine Tatsache, dass die Lebenserwartung des Menschen in den vergangenen Jahrzehnten gestiegen ist. Ausgewogene Ernährung, bessere hygienische Bedingungen und wirksame ärztliche Betreuung machen es möglich, dass die Menschen nicht nur älter werden, sondern dass sie im Alter auch länger fit und leistungsfähig bleiben.

Der Gesamtanteil des 3. Alters (65 Jahre und mehr) an der Gesamtbevölkerung liegt heute schon bei 14% und wird in den nächsten Jahren und Jahrzehnten rasant ansteigen. Auch die Lebenserwartungen von Frauen und Männer steigen stetig an. Sie liegen heute bei 84,3 respektive 79,5 Jahren.

Aufgrund der vorigen Erläuterungen und der soziodemographischen Entwicklung der Bevölkerung möchte ich folgende Fragen an den Herrn Minister für nqachhaltige Entwicklung und Infrastrukturen stellen:

- Teilt der Herr Minister meine Meinung, dass die Modalitäten zur Verlängerung der Gültigkeitsdauer des Führerscheins zu streng geregelt sind?

- Teilt der Herr Minister meine Meinung, dass die Gültigkeitsdauer des Führerscheins ab dem 80. Lebensjahr zu gering ist?

- Wenn ja, könnte man die Gültigkeitsdauer des Führerscheins auf drei Jahre erweitern bis zum 85. Lebensjahr?

- Wenn nein, was würde gegen eine Verlängerung der Gültigkeitsdauer sprechen?

Réponse (8.5.2014) de **M. François Bausch,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures:*

Conformément à l'article 87 de l'arrêté grand-ducal modifié du 23 novembre 1955 portant règlement de la circulation sur toutes les voies publiques (Code de la Route), la durée de validité du permis de conduire est réglée comme suit: «Sans préjudice des dispositions de l'article 83 relatives à la durée de validité du permis de conduire pendant la période de stage, la durée de validité des permis de conduire des catégories A, A1, A2, AM, B, BE et F est de dix ans, sans dépasser l'âge de 70 ans des titulaires. À partir de l'âge de 70 ans des titulaires, ces permis ne sont plus renouvelés que pour une durée maximum de trois ans, sans que la durée de validité dépasse l'âge de 79 ans des titulaires. À partir de l'âge de 79 ans des titulaires, ces permis ne sont plus renouvelés que d'année en année…».

Vu la longévité accrue de la population et vu l'amélioration générale de la santé des personnes âgées, mes services sont en train d'analyser l'opportunité d'alléger la périodicité du renouvellement du permis de conduire des personnes âgées, tout en tenant compte en particulier du bilan des accidents de la route, de l'expérience de la commission médicale instituée en vertu de l'article 90 du Code de la Route, et des limites d'âge réglementaires prévues dans les autres États membres de l'Union européenne. Il va de soi que toute modification ne sera envisagée qu'après concertation avec l'association représentant les intérêts des personnes âgées (Ämiperas).

Question 0226 (17.4.2014) de **Mme Josée Lorsché** *(déi gréng)* concernant la **protection de la jeunesse:**

Fin janvier 2014, une note intitulée «Le signalement», établie par les parquets de Luxembourg et de Diekirch en collaboration avec les inspecteurs d'arrondissement de l'école fondamentale, a été transmise aux enseignants de l'école fondamentale.

Cette note traite de l'interprétation à donner à certaines dispositions de la loi du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse, à l'article 23 du Code d'instruction criminelle (obligation faite aux fonctionnaires et autres de renseigner le procureur d'État sur diverses infractions dont ils auraient connaissance), à l'article 410-1 du Code pénal (non-assistance à personne en danger) et à l'article 140 du Code pénal (entrave à la justice) et assiste les enseignantes et enseignants confrontés à une situation susceptible de relever de ces articles de loi.

Selon mes informations, certains enseignants se sentent néanmoins insuffisamment ou mal informés par cette note et ont, le cas échéant, des doutes sur l'attitude à adopter dans l'intérêt des enfants concernés voire dans leur propre intérêt.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre:

- Monsieur le Ministre n'estime-t-il pas que ces informations de première importance aussi bien pour les élèves qui seraient malheureusement concernés, que pour les enseignants de ces élèves doivent être claires et permettre le moins d'interprétation possible?

- Envisagez-vous de compléter les informations véhiculées dans la note «Le signalement» par d'autres moyens? Si oui, lesquels et dans quels délais?

Réponse (2.5.2014) de **M. Félix Braz,** *Ministre de la Justice:*

Début 2013, les parquets de Luxembourg et de Diekirch ont élaboré ensemble avec des représentants des inspecteurs d'arrondissement de l'école fondamentale une note sur la procédure à suivre en cas de suspicion de maltraitance d'enfants intitulée «Le signalement». La finalité de cette note était de rappeler la notion de l'enfant en danger au sens de l'article 7 de la loi du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse[1] et de permettre ainsi la détection la plus précoce possible des enfants en danger afin de leur apporter l'aide dont ils ont besoin. L'autre finalité de la note était d'établir un contact direct entre les enseignants et les membres des parquets afin d'encourager les enseignants, en cas de doute, de se concerter avec les substituts en charge de la protection de la jeunesse sur les enfants à signaler et de leur permettre ainsi de se mettre, autant que possible, à l'abri de poursuites judiciaires à titre personnel au regard des dispositions diverses du Code pénal (non-assistance à personne en danger, entrave à la justice).

Il semblait important pour tous les intervenants de rappeler les textes légaux applicables, de donner des informations aussi précises que possibles sur des situations dans lesquelles un signalement s'impose ainsi que de fournir les coordonnées des personnes de contact notamment au niveau des parquets compétents en la matière. Cette note explique concrètement quelles données doivent comporter un signalement et relate la suite de la procédure tant au niveau de la Police grand-ducale qu'au niveau du parquet voire du Tribunal de la Jeunesse. À cette fin, la note sur le signalement était accompagnée par une note explicative sur le fonctionnement et les missions tant du parquet - protection de la jeunesse que du Tribunal de la Jeunesse.

Cette note a été présentée le 9 juillet 2013 par des représentants tant du parquet de Luxembourg que du procureur de Diekirch au sein du collège des inspecteurs d'arrondissement de l'école fondamentale, réunissant ainsi tous les inspecteurs du pays.

À la demande de ces inspecteurs, cette note a ensuite été expliquée en détail lors de plusieurs réunions entre des représentants du parquet - protection de la jeunesse et des présidents d'écoles en présence de leur inspecteur respectif. L'objectif était de mettre les présidents d'écoles en mesure de jouer un rôle de multiplicateur et de former par la suite les enseignants sur le terrain.

Une grande importance a été accordée au dialogue et les différents membres des parquets ont insisté sur la possibilité de les contacter personnellement en cas de question supplémentaire. Par conséquent, une liste comportant les noms, numéros de téléphone directs et adresses email de tous les membres des parquets qui s'occupent de la protection de la jeunesse ainsi que les numéros de téléphone des unités de la Police grand-ducale compétentes en la matière sont énumérés à la fin de la note.

À la suite de ces réunions, bon nombre d'enseignants ont d'ailleurs profité de la possibilité de contacter directement un substitut compétent en la matière.

Une nouvelle réunion entre les deux parquets ainsi que le collège des inspecteurs d'arrondissement de l'école fondamentale est prévue avant la fin de l'année scolaire 2013/2014 afin de faire le point sur les problèmes et/ou questions éventuelles qui auraient surgi en matière de signalement de mineurs en danger suite à la communication de la note.

Quant à la première question posée par Madame la Députée Josée Lorsché, il y a lieu de rappeler que cette note est uniquement destinée aux enseignants et aux adultes encadrant des mineurs dans le secteur éducatif.

La note intitulée «Le signalement» n'est qu'un rappel des textes législatif applicables et fournit un mode d'emploi concret quant aux modalités pratiques en vue d'un signalement aux autorités judiciaires.

La note fournit certes un certain nombre d'informations mais il est évidemment impossible de prévoir des instructions précises pour chaque hypothèse envisageable, le cas de chaque enfant étant unique. C'est précisément la raison pour laquelle les membres des parquets ont insisté sur la possibilité de les contacter directement afin de permettre aux enseignants de se concerter avec un magistrat compétent sur la marche à suivre dans une situation concrète.

Quant à la deuxième question, il y a lieu de soulever que cette note a été établie par les deux parquets ainsi que plusieurs inspecteurs d'arrondissement de l'école fondamentale. Le Ministère de la Justice n'est pas intervenu dans l'élaboration de cette note et ne peut par conséquent pas la compléter.

Par contre, un groupe de travail interministériel avec la participation de l'Alupse a.s.b.l., l'ORK - Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand et les deux parquets a été créé et s'est réuni pour la première fois le 30 avril 2014, afin de revoir une brochure éditée il y a plusieurs années par le Ministère de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse intitulée «Les abus sexuels à enfants, Note d'informations n°1 du comité ad hoc 'Droits de l'enfant' - le signalement d'un doute d'abus sexuel sur un mineur à destination des professionnels des secteurs de l'éducation et de l'assistance sociale». Ce groupe s'est notamment donné comme mission d'établir des procédures applicables non seulement aux professionnels qui encadrent des mineurs mais à tout citoyen confronté à des mineurs victimes de maltraitance. La prochaine réunion de ce groupe de travail aura lieu le 19 mai 2014.

[1] Les mineurs qui «se soustraient habituellement à l'obligation scolaire, qui se livrent à la débauche, qui cherchent leurs ressources dans le jeu, dans les trafics, dans des occupations qui les exposent à la prostitution, à la mendicité, au vagabondage ou à la criminalité ou dont la santé physique ou mentale, l'éducation ou le développement social ou moral se trouvent compromis»

Question 0228 (18.4.2014) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant l'**alimentation électrique du tramway:**

D'Madame Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg huet an engem Interview matgedeelt, datt den Tram géif ouni Caténaire gebaut ginn. Dës Décisioun hätt den Accord vum Ministère fir Infrastrukturen.

Doweinst wéilt ech dem Här Minister fir Infrastrukturen dës Froe stellen:

1. Ass et richteg, datt den Tram soll ouni Caténairë gebaut ginn? Gëllt dëst fir de gesamte Projet oder nëmme fir en Deel vun der geplangter Streck?

2. Wéi vill Firme sinn am Ament um Marché, déi esou Gefierer an Infrastrukturen ubidden?

3. Ass d'Sécherheet vun de Foussgänger a Cyclistë garantéiert, wann dës esou Schinne kräizen?

4. Wéi ass et mat der Zouverlässegkeet vun esou Infrastrukturen, zum Beispill am Wanter oder bei vill Reen?

5. Ëm wéi vill géif duerch dës Décisioun den Tram méi deier? Wéi verdeele sech d'Méikäschten op d'Infrastrukture respektiv op d'Gefierer?

6. Wéi eng Auswierkungen hätt dës Décisioun op d'Dauer vum Chantier?

Réponse (4.6.2014) de **M. François Bausch,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures:*

Als Äntwert op d'parlamentaresch Fro vum 18. Abrëll 2014 vum honorabelen Deputéierten, Här Fernand Kartheiser, kann ech folgend Renseignementer ginn:

1. De Projet de loi vum Oktober 2013 gesäit eng Méiglechkeet vir, datt en Tram ouni Caténairë gebaut kéint ginn. Urspréinglech sollten d'Caténairen nëmmen op der Neier Bréck ewechgelooss ginn. Fir eng besser Integratioun an der Stad, an ënner Rücksicht op de Patrimoine historique, ass décidéiert ginn, den Tram op den 3,6 km tëschent der Gare an der Haltestell „Pont Rouge" ouni Caténairë fueren ze loossen.

2. Am Ament proposéiert eng Majoritéit vun den Hiersteller vun Tramsgefierer alternativ Léisungen, déi et erméiglechen, ouni Uewerleitungen ze fueren. Zwou Technike gi momentan dacks genotzt:

- Stroumaspeisung iwwer eng drëtt Schinn am Buedem

Déi drëtt Schinn läit tëschent deenen zwou Fuerschinnen an ass a Sektiounen ënnerdeelt, déi vuneneen isoléiert fonctionnéieren. Dëst sinn entweder Kontaktschinnen oder Induktiounsspullen.

Am éischte Fall ginn déi verschidde Schinnesektiounen automatesch eng no der anerer un- an ofgeschalt, wann den Tram driwwerfiert. Am zweete Fall erlaben d'Induktiounsspullen een direkten Energietransfert tëschent der drëtter Schinn an dem Gefier.

Momentan bidde méi Hiersteller dës zwou Alimentatiounsmethoden un.

- Stroumaspeisung aus Batterien am Tram

Dës Technologie erméiglecht et, déi fir de Fonctionnement vum Tram néideg Energie a Superkondensatoren um Daach vum Gefier ze späicheren.

Den Tram gëtt all Kéiers erëm opgelueden, wann en op den Haltestelle stoe bleift. Dëst geschitt am Laf vun 20 Sekonnen a gëtt „Biberonnage" genannt.

Déi gespäichert Energie erlaabt et, bis zu 1.500 Meter ze fueren ouni iergendeng Alimentatioun vu baussen. D'Majoritéit vun den Hiersteller kann hir Gefierer mat esou enger Technologie équipéieren.

Dës technesch Léisungen, déi ouni Uewerleitunge fonctionnéieren, si virun allem interessant, well si eng harmonesch Integratioun vum Tram an d'historescht Stadbild erlaben, ouni datt Poteauen an Uewerleitungen de Bléck verschampeléieren.

3. D'Sécherheet vun de Foussgänger a Cyclisten ass garantéiert, egal fir wéi eng technesch Léisung sech entscheet gëtt. Bei der Stroumaspeisung iwwer eng drëtt Schinn am Buedem, ass de System nëmmen aktiv, wa grad een Tram driwwerfiert. D'Luede vun der Energie geschitt ënnert dem Gefier an ass duerfir fir keen accessibel. Beim „Biberonnage" ass et ähnlech, well do gëtt nëmmen op den Haltestelle selwer gelueden.

4. Bei extreme Wiederkonditioune si fir all dës Systemer extra Prozedure virgesinn. Dës betreffe souwuel d'Organisatioun vum Wanterdéngscht ewéi d'Wiel vun den Entäisungsmëttel, déi benotzt kënne ginn. Dës Moossname si bei engem Tram ëmmer néideg, egal ob e mat Uewerleitung fiert oder net.

5. Bis elo ass de Liwwerant vun de Gefierer nach net bekannt, well d'Ausschreiwungsprozedur eréischt ufänkt, nodeems d'Finanzéierungsgesetz gestëmmt ass. Dofir sinn d'Käschten och nach net definéiert. Am Projet de loi, deen de 4. Oktober 2013 déposéiert ginn ass, gouf eng Zomm chiffréiert, fir d'Gefierer entspriechend auszerüsten an déi néideg Infrastrukturen ze realiséieren. Dës Zuel fousst op aneren europäesche Projeten.

Mat esou engem System kënne souguer Aspuerungen erwaart ginn, well manner Versuergungsleitungen an der Strooss ëmverluecht musse ginn a well keng Poteauen a keng Uewerleitunge gebraucht ginn.

6. Mat der Entscheedung fir esou ee System, géife verschidden Aarbechte manner laang daueren. Si wieren och méi einfach ze realiséieren, besonnesch wat d'Ëmverleeë vun de Versuergungsleitunge betrëfft. Duerfir géif et duerch de Schantje manner Problemer a Gefore ginn, absënns op de kriddelechen Abschnitter vun der Tramslinn.

Question 0229 (22.4.2014) de **MM. Lex Delles** et **Eugène Berger** *(DP)* concernant le **Centre d'éducation différenciée d'Esch-sur-Alzette:**

Suite au glissement de terre entre Esch-sur-Alzette et Mondercange, le Centre d'éducation différenciée d'Esch-sur-Alzette a dû être fermé. Le fonctionnement de l'éducation différenciée est actuellement assuré dans les locaux de l'école fondamentale de Lallange.

Partant nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse:

- Est-ce que le fonctionnement des ateliers pédagogiques sera assuré pour l'année scolaire 2014/2015? Quelle solution le ministère envisage-t-il pour le Centre d'éducation différenciée en question à court et à moyen terme?

Réponse (15.5.2014) de **M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse:*

Selon l'avis d'experts dont je dispose, les infrastructures du Centre d'éducation différenciée d'Esch-sur-Alzette n'ont pas été endommagées par le glissement de terrain et restent stables.

Actuellement les services compétents du Ministère du Développement durable et des Infrastructures procèdent à une remise en état de l'accès et des alentours du bâtiment.

Sauf imprévus majeurs, il est fort probable qu'à la rentrée 2014/2015, les cours reprendront au Centre d'éducation différenciée.

Question 0230 (23.4.2014) de **M. Fernand Kartheiser** *(ADR)* concernant les **décisions du tribunal de famille non respectées après un divorce:**

Bei Scheedunge kann et passéieren, datt d'Rechter vun de Kanner oder vun engem Elterendeel, esou wéi se vum Familljegeriicht festgehale goufen, net respektéiert ginn.

Doweinst wéilt ech dem Justizminister dës Froe stellen:

1. Zanter 2010, wéi vill Plaintë goufe pro Joer déposéiert wéinst der Verletzung vum Besuchsrecht (Non-représentation d'enfants)? Wéi eng Suitë, statistesch gesinn, haten dës Plainten?

2. Zanter 2010, wéi vill Plaintë goufe pro Joer déposéiert, well Kanner oder Famillje verlooss gi sinn (Abandon d'enfants ou de famille)? Wéi eng Suitë, statistesch gesinn, haten dës Plainten?

Réponse (23.5.2014) de **M. Félix Braz,** *Ministre de la Justice:*

1) Wat d'Verletzung vum Beruchsrecht (Non-représentation d'enfants) ugeet:

D'Zuele vum Parquet Lëtzebuerg:

Année judiciaire	Zuel vun den Dossieren	Uerteeler
2009-2010	127	3
2010-2011	210	6
2011-2012	262	5
2012-2013	309	2
2013-2014 (au 1.5)	211	0
Total:	1.119	16

Déi meescht Plaintë wéinst der Verletzung vum Besuchsrecht ginn an den éischte Méint vun der Trennung vun den Elteren déposéiert, dat heescht an enger Phas, an där d'Elteren oft nach a Konflikt sinn a Schwieregkeeten hunn, sech mat der Trennung an de Konsequenzen dovun ofzefannen.

Dat féiert dozou dass:

- an enger kuerzer Zäitspan déiselwecht Eltere vill Plaintë kënnen déposéieren,

- oft Plainten déposéiert ginn, well deen een Elterendeel d'Kanner ze spéit ofliwwert oder well d'Uerteeler falsch interpretéiert ginn an esou Mëssverständnisser entstinn.

D'Plaintë ginn den Elteren an dem Sujet no regroupéiert, soudass e regelméissege Suivi vum Werdegang vun der Situatioun vun der Koppel ka gemaach ginn.

Vu dass esou Affären och nach vun aneren Instanze behandelt ginn, wéi zum Beispill dem Scheedungsriichter oder dem Vormundschaftsriichter, an den Eltere Méiglechkeete vun enger sozialer Betreiung (Service Treff-Punkt, Mediatioun) zur Verfügung gestallt ginn, ass et meeschtens net néideg, op eng strofrechtlech Interventioun zréckzegräifen. Déi meescht Eltere fannen no enger éischter konfliktueller Phas e Modus Vivendi, deen awer weiderhi vun de Geriichter a vum Parquet suivéiert gëtt.

Falls eng Situatioun ausaarte sollt an d'kierperlech oder d'geeschteg Gesondheet vum Kand um Spill steet, da geet den Dossier un de Jugendriichter, deen, wann et muss sinn, nach aner Mesurë kann huelen (Suivi éducatif, Plazéierung vum Kand etc.).

D'Zuele vum Parquet Dikrech:

D'Zuel vun den enregistréierten Affären an dëser Matière beleeft sech op 113 Affaires de non-représentation d'enfants déi säit 2010 vum Parquet Dikrech enregistréiert goufen.

86 dovunner goufe sans suite klasséiert, well d'Infraktioun net genügend festgestallt gouf oder well eng Strofverfolgung ugesiichts vun den Emstänn vun der Affär net ubruecht war. Sechs Affäre sinn net an de Kompetenzberäich vum Parquet Dikrech gefall, zéng Uerteeler goufe gesprach an eelef Affäre sinn nach an der Untersuchungsphas.

Jonk Männer a Fraen, Kanner, Mammen, Pappen a Grousselteren hunn zu engem Ament vun hirem Liewen décidéiert, dass se misste Verantwortung iwwerhuelen a sech engagéieren, fir sech selwer a virun allem och fir anerer. Si hu bewosst dee méi schwéiere Wee gewielt a fundamental Wäerter virun eegen Intérête gestallt. Et sinn zum Deel kuerz Amenter am Liewe vun dëse Mënschen, mä et si Pilieren an der Geschicht vun eisem Land.

Esou denke mer haut op Nationalfeierdag un dës staark Perséinlechkeeten, déi d'Fräiheet, déi mer haut genéissen, iwwerhaapt méiglech gemaach hunn.

Altesses Royales, Dir Dammen an Dir Hären, an eiser Haaptstad ginn et vill bedeitend Plazen a wichteg Monumenter. Et gëtt eng Plaz, déi mäi Wee all Dag kräizt an déi op mech perséinlech ganz staark wierkt: d'Place Clairefontaine. Am Häerz vun der Stad geleeën, um hallwe Wee tëscht der Chamber an dem Statsministère ass et eng Plaz, wou ee Leit begéint, wou een e puer Wuert matenee schwätzt an den Dialog fleegt.

Et ass och hei, wou vill Touriste sech kräizen, wou ee sech een Ament an d'Mëtt vun der Plaz op ee vun den Träppleke setzt, fir ze raschten an d'Gebaier ronderëm op sech wierken ze loossen.

An et ass d'Plaz, wou regelméisseg Manifestatioune sinn, wou d'Bierger demonstréieren a sech op dat fundamentaalt Recht an der Demokratie baséieren, hir Meenung ze soen.

Fir mech steet d'Clairefontainesplaz a villen Hisiichte fir dat, wat Lëtzebuerg ausmécht: e Land, wou Leit aus der ganzer Welt sech begéinen, eng modern Demokratie, wou matenee geschwat gëtt a wou ee seng Meenung ka soen.

Dominéiert gëtt d'Place Clairefontaine awer natierlech vun där bronze Figur vun der Grande-Duchesse Charlotte. Et ass d'Erënnerung un eng Statschefin, déi an der däischtchterster Zäit vun eiser Geschicht d'Fräiheet an d'Onofhängegkeet vun eisem Land representéiert huet. Duerch hir Radiomessagen aus dem Exil gouf d'Grande-Duchesse zu der Leetfigur vun der Resistenz an domadder och zu engem Symbol fir eng Natioun an hiren Engagement.

An de Krichsjoren hunn d'Lëtzebuerger sech kloer positionéiert a gewisen, dass Solidaritéit an Zivilcourage och zu eiser DNA gehéieren. Wa mer haut um 23. Juni traditionell de Gebuertsdag vun eisem Statschef feieren, dann ass dat och en Éierendag fir all déi Leit, déi sech fir anerer, fir déi méi Schwaach a fir eist Land agesat an dat dacks och mam Liewe bezuelt hunn.

De Reflex, sech ze engagéieren, säi Liewen an den Déngscht vun aneren ze stellen, ass och an eiser Zäit fundamental wichteg fir de Fonctionnement vun eiser Gesellschaft.

Esou hu mer haut d'Éier op Nationalfeierdag, och Mënschen ze wierdegen, déi net ewechkucken, wann et kriddeleg gëtt, déi sech responsabel fillen an upaken, wou eng Upak dréngend néideg ass. Wann haut hei am Kader vun dëser Zeremonie an och soss uechter d'Land Leit fir hiren Asaz ausgezeechent ginn, dann ass dat méi ewéi e symboleschen Akt. Et ass eng Unerkennung fir dës Leit selwer, mä si stinn och symbolesch fir jiddereen, deen Aussergewéinleches leescht - sief et an der Famill, an engem Veräin oder op eegen Initiativ.

Dës Mënsche si Virbiller a mir brauche Virbiller - fir eis ze orientéieren a fir eis op dat ze besënnen, wat wierklech wichteg ass.

Vive eise Grand-Duc!

Vive déi groussherzoglech Famill!



M. Gerd Klestadt, un survivant du camp de concentration de Bergen-Belsen, a reçu la décoration de l'Officier de l'Ordre national de la Couronne de Chêne de la part de S.A.R. le Grand-Duc pour son engagement pédagogique et la transmission de la mémoire liée à la Deuxième Guerre mondiale à de nombreux étudiants.

Photo Copyright SIP Jean-Christophe Verhaegen

SÉANCE 21

MARDI,
13 MAI 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. le Président*

2. Communications

- *M. le Président*

3. Ordre du jour

- *M. le Président, M. Justin Turpel, M. Laurent Mosar, M. Alex Bodry, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, M. Eugène Berger, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Claude Wiseler, M. Xavier Bettel, M. le Président*

4. Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar

- *Exposé: M. Laurent Mosar*

5. Mots de bienvenue aux membres du Comité des Présidents de l'APCE

- *M. le Président*

6. Motion de M. Laurent Mosar relative au soutien au Gouvernement nigérian dans la résolution de crimes détestables et dans la poursuite de ses efforts de respect des obligations découlant du droit international, du droit international des droits de l'Homme, du droit des réfugiés et du droit humanitaire pour protéger ses citoyens et venir à bout de l'insurrection de l'organisation terroriste «Boko Haram»

- *Discussion générale: M. Marc Angel, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Vote sur la motion modifiée (adoptée)*

7. Ordre du jour (suite)

- *M. le Président, M. Justin Turpel, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Claude Wiseler, M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, M. le Président*

8. Question écrite n°261 du 7 mai 2014 de M. Laurent Mosar relative à l'accord de coopération conclu par l'aéroport de Zhengzhou et celui de Francfort-Hahn, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Question écrite n°263 du 7 mai 2014 de M. Justin Turpel relative à l'accord de coopération conclu par l'aéroport de Zhengzhou et celui de Francfort-Hahn, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Laurent Mosar - M. Justin Turpel - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

9. 6608 - Projet de loi portant approbation du Traité sur le commerce des armes, fait à New York le 2 avril 2013

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Justin Turpel (dépôt d'une motion)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, M. Marc Angel, M. Justin Turpel*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

10. 6556 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»)

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding, M. Justin Turpel*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

11. 6642 - Projet de loi

- portant transposition de l'article 5 de la directive 2008/8/CE du Conseil du 12 février 2008 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne le lieu des prestations de services;
- modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Guy Arendt*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Eugène Berger, M. Alex Bodry (M. Claude Wiseler intervient), Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Claude Wiseler, M. Justin Turpel (dépôt d'une motion)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Motion 1: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, M. Justin Turpel, M. Claude Wiseler*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

12. 6643 - Projet de loi portant approbation de la Convention concernant l'assistance administrative mutuelle en matière fiscale et de son protocole d'amendement, signés à Paris, le 29 mai 2013 et portant modification de la loi générale des impôts

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Guy Arendt*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter, M. Justin Turpel*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

13. Question élargie n°1 de M. Marc Lies sur le nombre de logements achevés dans le cadre du Pacte Logement

- *M. Marc Lies - Mme Maggy Nagel, Ministre du Logement - M. Marc Lies (question complémentaire)*
- *Mme Maggy Nagel, Ministre du Logement*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; MM. Jean Asselborn, François Bausch, Mme Maggy Nagel, M. Pierre Gramegna et Mme Lydia Mutsch, Ministres; Mme Francine Closener, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Eis Sëtzung ass op. E schéine gudde Mëtteg!

Éischt Fro un d'Regierung: Huet d'Regierung Kommunikatiounen ze maachen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Mir wënschen Iech och e schéine Mëtteg, mä soss hu mer keng Kommunikatioun ze maachen.

(Hilarité)

M. le Président.- Merci, Här Statsminister. Da géife mer zu de Kommunikatiounen iwwergoen.

2. Communications

1) Ech hunn d'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten hei um Büro deponéiert.

2) D'Lëscht vun de Projeten an der Ofännerung vum Chambersreglement, déi säit der leschter Sëtzung an der Administration parlementaire deposéiert goufen, sinn un d'Fraktioune verdeelt ginn.

3) Op Empfehlung vun der Commission des Pétitions huet d'Conférence des Présidents eng nei Serie vun ëffentleche Petitioune fräiginn. Déi kënnt Der um Site vun der Chamber konsultéieren.

Communications du Président - séance publique du 13 mai 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6686** - Projet de loi modifiant l'article 6, paragraphe 1 de la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux*

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 06.05.2014

***6687** - Projet de loi portant modification de la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques*

Dépôt: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, le 08.05.2014

***6689** - Projet de loi a) concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (UE) n°528/2012 du Parlement européen et du Conseil du 22 mai 2012 concernant la mise à disposition sur le marché et l'utilisation des produits biocides; b) abrogeant la loi modifiée du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides*

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 09.05.2014

***6690** - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'introduction d'un système de pétition publique*

Dépôt: M. Mars Di Bartolomeo, Député, M. Marco Schank, Député, le 12.05.2014

3) Les pétitions publiques suivantes ont été déclarées recevables en date du 8 et du 9 mai 2014:

*Pétition publique n°**340** - contre l'élevage et l'utilisation des animaux au cirque*

Dépôt: 05.04.2014

*Pétition publique n°**342** - contre l'ouverture du droit de vote aux non-Luxembourgeois*

Dépôt: 07.04.2014

*Pétition publique n°**347** - Fir den Tram an esou schnell wéi méiglech*

Dépôt: 17.04.2014

*Pétition publique n°**350** - Géint d'Nationalbibliothéik a fir d'Ofhale vun engem Referendum*

Dépôt: 23.04.2014

*Pétition publique n°**351** - Géint d'Fräihandelsofkommes TTIP tëschent den USA an der EU mat Auswierkungen op Lëtzebuerg*

Dépôt: 24.04.2014

*Pétition publique n°**353** - Fir eng Reform vum Déiereschutzgesetz an d'Ofschafe vun der Rasselëscht am Hondsgesetz*

Dépôt: 29.04.2014

*Pétition publique n°**354** - Sanctionner sévèrement les bourreaux d'animaux!*

Dépôt: 30.04.2014

*Pétition publique n°**358** - Création d'une Chambre des retraités sur base élective afin de garantir une représentation de tous les retraités par des délégués élus par les retraités eux-mêmes*

Dépôt: 03.05.2014

*Pétition publique n°**359** - Introduction d'un salaire social minimum pour diplômes d'études supérieures*

Dépôt: 03.05.2014

*Pétition publique n°**363** - Opfuerderung un d'Lëtzebuerger Regierung, fir alles an d'Weeër ze leede fir d'Unerkennung vun der Lëtzebuerger Sprooch an Europa an hir Aschreiwung an d'Lëscht vun den europäesch unerkannte Sproochen*

Dépôt: 06.05.2014

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Da schléit d'Presidentekonferenz deen Ordre du jour vir, deen Der op Äre Schiermer kënnt consultéieren.

Ech wollt da froen, ob d'Chamber d'accord ass mam Ordre du jour.

(Interruption)

Ech hunn eng mobil Wuertmeldung vum Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech géif gären, esou wéi den Artikel 38 vun eisem Reglement dat virgesäit, eng Question préalable stellen zum Ordre du jour, an zwar a Form vun enger Propositioun, fir e Punkt op den Ordre du jour bäizesetzen. An dee Punkt géif heeschen: «Explication de M. le Ministre du Développement durable ou bien du Gouvernement…», dat heescht, et kann och een anere Vertrieder sinn, «…sur l'évolution récente dans le secteur de l'aviation.» Dat heescht, den Accord de partenariat Cargolux an HNCA respektiv d'Ënnerschrëft vun engem Accord tëschent dem Flughafe vu Zhengzhou mat engem Konkurrenzflughafe vun eis.

Ech géif mer erlaben, fir ganz kuerz déi Demande ze motivéieren, an zwar doduerjer, datt mer de 7. Mee an der Press, am „Tageblatt" an dësem Fall, gewuer gi sinn, datt esou e Kooperatiounsaccord tëschent Zhengzhou an Hahn ënnerschriwwe ginn ass. Dat huet fir munch Iwwerraschung zu Lëtzebuerg gesuergt, sou-

wuel beim Personal wéi bei de Gewerkschaften, mä awer och an der Politik, bis eran an de Verwaltungsrot vun der Cargolux, wou de President vun dem Verwaltungsrot sech ganz iwwerrascht doriwwer geäussert huet.

A mir wiere gär informéiert iwwert deen Accord vun der Regierung, d'autant méi, wou ee Verwaltungsrotsmember vun der Cargolux deen Accord zu Hahn mat ënnerschriwwen huet. Mir wiere gär informéiert iwwert d'Konsequenzen, an och firwat datt Lëtzebuerg net selwer iwwer lux-Airport esou ee Vertrag mat dem Flughafe vu Zhengzhou ënnerschriwwen huet.

D'lescht Woch huet de Minister, den zoustännege Minister iwwert d'Press, an dësem Fall RTL, gesot, hie géif der Press keng Informatioune ginn dozou, well zwou Question-parlementairen ënnerwee wieren a well en do prioritär wéilt den Deputéierten dorobber äntwerten.

Mir sinn haut aus der Press gewuer ginn, datt d'Gewerkschaften informéiert gi sinn, wat fir mech och okay ass, datt d'Press gëschter informéiert ginn ass, wat fir mech och okay ass. Mä datt d'Chamber nach ëmmer net informéiert ass an datt d'Deputéierten nach ëmmer waarden op d'Äntwert respektiv Renseignementer, déi se do hunn, duerfir géif ech froen, fir den zoustännege Minister ze froen, ob e kéint heihinnerkommen, respektiv soss ee Vertrieder vun der Regierung, an um entspriechende Punkt um Ordre du jour eis kéint do Informatioune ginn. A wa mer dat op den Ordre du jour setzen, géif ech herno dann déi Froe preziséieren.

Hei géif et drëm goen, fir et op den Ordre du jour ze setzen. Ech géif Iech duerfir Merci soen.

M. le Président.- Jo, den Här Mosar huet d'Wuert gefrot.

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Jo, Merci, Här President. Och dozou, wéi den Här Turpel, hat ech selwer och eng Question parlementaire zu deemselwechte Sujet d'lescht Woch gestallt, an ech sinn da komm mat deem, wat den Här Turpel gesot huet. Mir wäerten eis och als Fraktioun senger Demande uschléissen. Mir fannen et net normal, datt hei d'Chamber weder eng Äntwert op hir Questions parlementaires kritt huet nach eng zoustänneg Kommissioun informéiert ginn ass.

Mir hunn och guer kee Problem domat, datt de Minister a Réunioune mat de Gewerkschaften iwwert dee Sujet Erklärunge gëtt, och nach der Press Erklärunge gëtt. Mä mir fannen et net normal, datt bis elo de Mëtten um hallwer dräi keng vun deenen zwou Froen, weder déi vum Här Turpel nach meng, beäntwert ass.

M. le Président.- Bon, den Här Turpel berifft sech op eist Chambersreglement, den Artikel 38 (1). Dat géif eng Ännerung vum Ordre du jour bedéngen. Dir wësst, dass d'Presidentekonferenz den heitegen Ordre du jour festgeluecht huet, soudass ech fir d'Éischt d'Fro géif un d'Presidentekonferenz stellen, oder un d'Fraktiounspresidenten, wat se vun där Propositioun halen.

Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Well den zoustännege Minister elo net hei an der Chamber ass, duerfir hänkt et jo awer dovunner of, ob mer dee Punkt kënnen drophuelen, ob de Minister à même ass, fir haut dorobber ze äntwerten. Wa jo, dann hunn ech kee Problem, dass mer dat dote géifen haut maachen, en fin d'ordre du jour, aus Respekt virun deenen Aarbechten, déi soss an de Kommissioune gemaach gi sinn. Mä et hänkt natierlech dovun of, ob de Minister kann haut dozou äntwerten.

An ech muss soen, hei ass jo keng Urgence absolue. Ech wär frou, wann esou Saache géifen - soss brauche mer keng Conférence des Présidents méi ze maachen - awer wa méiglech am Virfeld vläicht do diskutéiert ginn, an deem Gremium, wat eigentlech zoustänneg ass fir d'Propositioun vum Ordre du jour. Da wär dat vläicht méi einfach.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. Den Här Berger, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen,...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, wann ech gelift.

M. le Président.- Jo. Wann eis Fraktiounschefen, déi sech zu Wuert gemellt hunn, domat d'accord sinn, selbstverständlech.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Wann Der erlaabt, Här President, fir d'Éischt, hei gëtt gesot, et wiere Froe gestallt ginn an déi hätten elo keng Äntwert kritt. Mir hunn eng Prozedur bei de Questions parlementaires: Wann et eng Urgence ass, déi och unerkannt gëtt vum President, sinn Délaien do, a soss ass e Mount do. Dass elo en Deputéierte seet, dass de Minister eng nei Prozedur sollt kréien, dass eppes tëschent der urgente oder net urgente ass, ass dann eben eppes Neies. Normalerweis hätt de Minister jo ee Mount Zäit, wann d'Urgence net unerkannt ginn ass, fir drop ze äntwerten.

Ech géif Iech awer just proposéieren, well ech kennen den Agenda vum Här Bausch haut net, ech mengen, dës Woch huet nach e puer Deeg, dass mer kucken, fir muer oder iwwermuer eng Transportkommissioun ze organiséieren, wou den Här Bausch dann och kéint kommen an dann och all déi Erklärunge kéint ginn. Ech weess net, wou den Här Bausch elo ass, an ech kann Iech net garantéieren, dass en haut, wann en aner Obligatiounen huet, iwwerhaapt am Land ass.

M. le Président.- Merci dem Här Statsminister. Ech géif dann trotzdeem den Tour vun de Fraktiounspresidente maachen. Den Här Berger huet d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Ech kann eigentlech nëmmen dat bestätegen, wat de Premierminister elo gesot huet. Zum engen ass et esou, datt verschidde Question-parlementairen effektiv gestallt gi sinn, déi elo net de Caractère d'urgence haten oder unerkannt kruten. Dat heescht, datt do also eng gewëssen Zäit bleift, fir déi ze beäntwerten.

Zum Zweeten hu mer einfach och de Problem, datt den zoustännege Minister haut de Mëtten op alle Fall elo net am Parlament ass a mer och net wëssen, ob en eventuell am Laf vum Mëtteg erakënnt. An ech géif eigentlech do fir déi Propositioun vum Premier och plädéieren, datt ee géif kucken, a beschtméiglecher Zäit eng Kommissioun vum Développement durable anzeberuffen, wou een dat da kéint och op den Ordre du jour setzen.

Normalerweis ass bei eise Plage-fixen et jo esou, datt mëttwochs normalerweis eng Développement-durables-Kommissioun ass. Vläicht léisst et sech arrangéieren, datt dat da muer nach als Punkt do op den Ordre du jour ka bäigefléckt ginn. Da kann een et dann dee Moment traitéieren.

Ech géif op alle Fall proposéieren, vu datt mer an der Conférence des Présidents deen heiten Ordre du jour festgeluecht haten, datt mer eis géifen awer dann un deen halen.

M. le Président.- Merci. D'Madame Loschetter, duerno den Här Gibéryen an dann den Här Wiseler. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Här President, ech ginn onsem Premierminister komplett recht an deem, wat e gesot huet. Néanmoins wéilt ech Iech hei matdeelen, datt den zoustännege Minister bereet ass, heihinnerzekommen, gudde Wëlle wëllt weisen, keng Polemik wëllt opkomme loossen a selbstverständlech näischt ze verstoppen huet, an duerfir schonn ënnerwee ass, fir Iech Ried an Äntwert ze stoen.

Allerdéngs wär e frou, well en huet en Agenda, an dat hei war net geplangt, wann en ukënnt, datt mer en och kënnen da wa méiglech net waarde loossen.

Merci.

Une voix.- Wéini ass en do?

Une autre voix.- Donc très bien!

M. le Président.- Ech géif mengen, dass mer domat... Här Gibéryen, selbstverständlech kritt Dir d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Bon, ech mengen, d'Madame Loschetter huet hei eis elo, géif ech soen, eng positiv Noriicht ginn. Dat ass och flott. Ech fannen, datt dat e gudde Gebrauch ass, wann e Minister kann heihinnerkommen, datt en dann och soll heihinnerkommen.

D'lescht Woch hate mer en aneren Zeenario. Do war de Minister oder d'Ministesch hei a se wollt souguer net äntwerten, obscho se hei war. Elo den Här Bausch beweist dann awer, datt e fir d'Parlament zur Verfügung steet an direkt heihinnerkënnt, fir déi Froen ze beäntwerten, un déi ech mech mat menge Virriedner souwuel vun déi Lénk wéi vun der CSV hei wëll uschléissen. Ech mengen, et ass wichteg, datt mer de Sujet hei awer och an enger ëffentlecher Sitzung abordéieren an datt et net onbedéngt an enger Kommissiounssëtzung ass.

Déi aner Saache sinn op der Place publique gemaach ginn. Ech mengen, dann huet d'Effentlechkeet och e Recht, fir gewuer ze ginn, wat den Débat hei an der Chamber ass. D'autant plus, mengen Informatiounen no, déi Informatioun vun deem Accord, deen do getraff ginn ass, scho virun e puer Wochen ugekënnegt ginn ass an enger däitscher Grenzzeitung, enger Dageszeitung, déi schonn deen Accord matgedeelt huet. Woubäi een dann am Fong iwwerrascht ass, datt mir elo hei am Land alleguer esou maachen, wéi wa mer dat eréischt d'lescht Woch gewuer gi wieren.

M. le Président.- Merci dem Här Gibéryen. Dann den Här Wiseler, wann ech gelift.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Jo, ech soe just och am Fong Merci fir déi Disponibilitéit, déi den Här Bausch weist. Et ass effektiv ganz flott, wann en de Mëtteg ka kommen an direkt Ried an Äntwert stoen.

Ech wëll awer just preziséieren, datt et hei op jidde Fall vum Här Mosar aus, mä ech denke vum Här Turpel d'selwecht, net eng Fro war, datt se net wëssen, datt e Mount Délai do ass, well déi Questioun ass effektiv net en urgence gestallt ginn. Mä de Problem an d'Fro waren déi, datt d'Äntwert awer schonn an deene leschten Deeg iwwert d'Medie gelaf ass, respektiv och mat anere Gremien, notamment mat de Gewerkschaften diskutéiert ginn ass, an datt virdru gesot ginn ass, datt keng Äntwert géif kommen, well jo Questions parlementaires ënnerwee wären, an eréischt dat d'Äntwert public géif maachen, wann d'Questions parlementaires beäntwert wären.

A well dat e wéineg gedréit huet a Gewulls war, hunn op jidde Fall deen ee respektiv wahrscheinlech och deen aneren Deputéierten du gefrot, et wär gutt, wann et géif hei am Plenum diskutéiert ginn. An d'Wichtegkeet vum Sujet an d'Disponibilitéit vum Här Bausch, fir dat ze maachen, erfreet eis.

M. le Président.- Bon, ech géif elo proposéieren, à moins dass nach en neit Element derbäikënnt...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech hat elo just den Här Bausch um Tëlefon, Här President, dee mer ugeruff huet. En ass a fënnef Minutten do. E freet just, well en awer aner Obligatiounen huet, fir dass dee Punkt dann, wann en hei ass, ka prioritär behandelt ginn, net dass en de ganzen Nomëtteg muss waarden an als leschte Punkt um Ordre du jour kënnt.

(Brouhaha)

M. le Président.- D'Motioun fir d'Éischt, jo. Ech ginn dovun aus, dass mer den Tour gemaach hunn an dass der Demande vum Här Deputéierten Turpel domat Rechnung gedroen ass an dass mer net nach eng Kéier mussen elo en neien Tour opmaachen.

Mir géifen also festhalen, dass mer den Ordre du jour an där modifizéierter Form, wann ech dat richteg interpretéieren, unhuelen.

Esou wéi meng Antenne mer gesot hunn, soll nach eppes Zousätzleches op den Ordre du jour kommen, dat heescht den Dépôt respektiv d'Presentatioun vun enger Motioun. Mir géifen dann deen esou modifizéierten Ordre du jour unhuelen.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(Assentiment)

Dat ass de Fall. Da géif ech dem Här Mosar d'Wuert ginn, fir d'Motioun ze presentéieren. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

4. Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar

Exposé

M. Laurent Mosar *(CSV), auteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif effektiv hei wëllen eng Motioun déposéieren, dat am Numm vun alle Fraktiounen, déi hei am Parlament vertruede sinn, och vun de Sensibilitéiten, ausser der Sensibilitéit vun deene Lénken, déi dës Motioun net wollte matdroen. Ech wëll och direkt Merci soe fir dat grousst Verständnis vun alle Fraktiounen. Och e ganz besonnesche Merci un de President vun der zoustänneger Kommissioun, de Marc Angel, dee mat engem ganz groussen Engagement an enger grousser Kompetenz och gehollef huet, dës Motioun ze rédigéieren.

Motion

La Chambre des Députés,

- vu la situation révoltante de l'enlèvement de masse sans précédent de plus de 200 lycéennes, jeunes filles âgées entre 12 et 17 ans, le 14 avril 2014 de leur établissement scolaire de Chibok, dans l'État de Borno au nord-est du Nigeria;

- considérant un nouvel enlèvement de onze autres adolescentes, âgées de 12 à 15 ans, le 4 mai 2014, à Warabe et Wale, toujours dans l'État de Borno au nord-est du Nigeria;

- considérant le massacre récent dans la nuit du 5 au 6 mai 2014 à Gamboru Ngala, ville proche de la frontière camerounaise dans l'État de Borno, au cours duquel des centaines de personnes ont été tuées;

- considérant que tous ces rapts et attaques ont été perpétrés par l'organisation terroriste «Boko Haram», dont le nom signifie «l'éducation occidentale est un péché» en langue haoussa, responsable, depuis l'année 2009, de la mort de milliers de personnes au cours d'attaques visant des écoles, des églises, des mosquées et des symboles de l'État et des forces de l'ordre (plus de 1.500 depuis début 2014);

- considérant qu'après quatre semaines, il n'a pas encore été possible de libérer les lycéennes enlevées;

- considérant la déclaration à la presse du Conseil de sécurité des Nations Unies du 9 mai sur les attaques au Nigeria et les conclusions du Conseil de l'Union européenne du 12 mai sur les enlèvements de jeunes filles au Nigeria;

invite le Gouvernement

- à exprimer son soutien au gouvernement nigérian dans la résolution de ces crimes détestables;

- à encourager les autorités du pays à coopérer pleinement avec les équipes d'experts étrangers, composées de militaires et policiers, envoyés sur place pour aider les autorités nigérianes à rechercher les captives;

- à intervenir auprès du gouvernement nigérian pour qu'il poursuive ses efforts, dans le respect de ses obligations découlant du droit international, en particulier du droit international des droits de l'Homme, du droit des réfugiés et du droit humanitaire, pour protéger ses citoyens et venir à bout de l'insurrection de l'organisation terroriste «Boko Haram» qui est une menace à la stabilité de l'Afrique de l'Ouest et Centrale;

- à continuer à traiter de manière prioritaire le sujet également au niveau des organisations internationales telles l'Union européenne et l'Organisation des Nations Unies.

(s.) Laurent Mosar, Claude Adam, Marc Angel, Eugène Berger, Fernand Kartheiser.

Ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst alleguerten, ëm wat et geet. Et geet hei ëm d'Entféierung vun deenen 200 jonke Meedercher am Nigeria tëschent 12 a 17 Joer, déi elo säit praktesch engem Mount festgehale ginn, a wou leider Gottes déi nigerianesch Regierung net richteg virukënnt an hirer Sich no deene Meedercher.

Wat awer hei ganz besonnesch schlëmm ass, dat ass, datt déi Terroristenorganisatioun Boko Haram u sech deene Meedercher zwou Saache reprochéiert. Fir d'Alleréischt, datt et Meedercher sinn, an zweetens, datt déi Meedercher an d'Schoul ginn, wou ee jo och gesäit, wat fir eng Philosophie hannert där Organisatioun do stécht. An ech mengen, wat jiddweree misst wierklech och mobiliséieren, well, wann am 21. Jorhonnert Meedercher sanctionnéiert ginn, nëmme well se wëllen an d'Schoul goen, ass dat dach äusserst grav.

Wat awer elo déi Problematik nach méi dramatesch mécht, ass, datt entre-temps déi Meedercher anscheinend gezwonge gi sinn, sech zum Islam ze konvertéieren, a gedroht gëtt vun där Terroristenorganisatioun, datt se als Sklave kéinten utiliséiert ginn, respektiv souguer op ëffentleche Mäert verkaaft ginn. Do gi mer wierklech erëm zréck an d'17. respektiv d'18. Jorhonnert. An dat ass absolut inakzeptabel!

Fir eis alleguerten, mengen ech, ass et wichteg, datt d'Regierung hei déi international Efforten, déi am Moment souwisou gemaach ginn, sief dat um Niveau vun der nigerianescher Regierung, awer och um Niveau vun internationalen Institutiounen, natierlech ënnerstëtzt. A mir wëssen, connaissant eisen Ausseminister, datt deen dat souwisou och mat vollem Engagement mécht.

Fir eis ass et wichteg, datt iwwerhaapt dee Sujet do thematiséiert gëtt iwwerall, well mir kënnen eis erënneren, datt virun 20 Joer am Ruanda 800.000 Tutsien ëmbruecht gi sinn op eng brutal Aart a Weis, viru 15 Joer an Afghanistan an a Pakistan och Schoulen ofgebrannt gi sinn, och jonk Meedercher massakréiert gi sinn, an dat, ouni datt d'Weltgemeinschaft iwwerhaapt reagéiert huet. Duerfir si mer hei awer schonn e bësselche méi wäit, well sech hei elo international mobiliséiert gëtt, fir déi Meedercher fräizekréien.

Duerfir ass et fir eis wichteg, an ech soen duerfir nach eng Kéier e grousse Merci all deene Kolleegen, déi déi Motioun hei ënnerstëtzt hunn, datt mir eis och als lëtzebuergescht Parlament solidaresch weise mat deene Meedercher, och mat deenen Efforten, déi do gemaach ginn. Well et kann net sinn, datt mer hei erëm e Réckfall an d'18. Jorhonnert wäerten hunn. An duerfir och schonn am Viraus e grousse Merci un den Ausseminister.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Mosar.

5. Mots de bienvenue aux membres du Comité des Présidents de l'APCE

Ier ech dem honorabele Marc Angel d'Wuert ginn, wollt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir an eiser Chamber d'Presidente vun deenen eenzelne Fraktiounen aus der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe häerzlech wëllkomm ze heeschen, déi eis op Lëtzebuerg bruecht gi si vun eiser Presidentin vun där Assemblée parlementaire, der Madame Anne Brasseur.

Messieurs, soyez les bienvenus au Parlement luxembourgeois et soyez sûrs que nous estimons votre précieux travail à sa juste valeur. Merci beaucoup.

(Applaudissements)

Sou, ech géif elo direkt dem honorabele Marc Angel d'Wuert weiderginn, fir Stellung zu der Motioun ze huelen. Ech hunn eng Rei vu weidere Wuertmeldungen, ier ech dann dem Ausseminister d'Wuert ginn.

6. Motion de M. Laurent Mosar relative au soutien au Gouvernement nigérian dans la résolution de crimes détestables et dans la poursuite de ses efforts de respect des obligations découlant du droit international, du droit international des droits de l'Homme, du droit des réfugiés et du droit humanitaire pour protéger ses citoyens et venir à bout de l'insurrection de l'organisation terroriste «Boko Haram»

Discussion générale

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, chers invités d'honneur, ech wollt dem Här Mosar Merci soen als urspréinglechem Auteur vun där Motioun, an dass en och d'Vertrauen hat a mech, dass ech konnt e puer Änneruge maachen, a seng Toleranz, dass en dat mat akzeptéiert huet. An och ee Merci un déi aner Kolleegen, déi heirunner matgeschafft hunn. An ech muss mech beim Här Adam entschëllegen, en hat mer nach eng Suggestioun ginn, déi hien herno wäert nach presentéieren. Et ass e klengen Detail, mä ech mengen awer e wichtegen Detail.

Fir d'LSAP ass dat hei eng wichteg Motioun. Mir wëssen all, dass déi Entféierung vun deenen nigerianesche Meedercher aus hirem Lycée schonn de 14. Abrëll war, an am Ufank war leider wéineg Reaktioun, well do dee malaysesche Fliger d'Effentlechkeet méi beschäftegt huet, an et ass duerch déi effikass Internetcampagne „Bring back our girls", dass am Fong op dat Schicksal vun deene Meedercher opmierksam gemaach ginn ass.

Esou eng grouss Internetmobiliséierung ass ganz positiv, well se d'international Communautéit op dee Problem vun där grausamer Sekt oder Terroristeband opmierksam gemaach huet an och séier zu Reaktioune gefouert huet. D'Internetcampagne huet och an der Effentlechkeet zu enger reeller Prise de conscience vun der Gefor vu Boko Haram, déi säit Jore responsabel si fir Gräueltaten, gefouert, an och drop opmierksam gemaach, dass déi Géigend vu Borno am Nigeria eng vun deenen äermste Géigenden ass, an dat obschonn den Nigeria am Fong eent vun deene räichste Länner vun Afrika ass.

Mir als LSAP hoffen natierlech, dass déi international Hëllef a Form vun Experten an héich sophistiquéiertem Material dozou bäidroe wäert, fir dass déi Meedercher erëmfonnt ginn an och fräikommen. Mä de Grondproblem wäert bleiwen. Obwuel Boko Haram duerch hir Grausamkeet vläicht net méi op vill Ennerstëtzung an der Bevëlkerung wäert kënnen zielen, bleift awer déi Sekt oder déi Terroristeband do geféierlech an eng Gefor vu Biergerkrich kéint fir déi 170 Milliounen Awunner vun deem Land méi no réckelen.

E leschten Aspekt. Dës Entféierung huet och nach en aneren Aspekt ganz kloergemaach, nämlech dee vun der sexueller Gewalt, déi am Kader vu regionale Konflikter oder Biergerkricher ëmmer méi ausgeübt gëtt. An dofir begréissen ech et ausdrécklech, dass gëschter an de Konklusioune vum Conseil des Affaires vun de Ministeren, europäesche Ministeren, Ausseministeren och op deen doten Aspekt higewise ginn ass, well dës Gewalt bei deene betraffenen Affer déif Narben hannerléisst an ëmmer méi oft a Konfliktsituatiounen genotzt gëtt.

All Vergewaltigung, all sexuell Gewalt als Krichsinstrument muss dofir och vun der internationaler Communautéit veruerteelt ginn. An ech maachen den Appell un all d'Acteuren, déi an deem Konflikt hei am Nigeria implizéiert sinn, mä och an all deenen anere Konflikter, dass deen Aspekt vun der sexueller Gewalt als Krichswaff net aus den Ae verluer geet an dass sech dofir engagéiert gëtt, dat ze verhënneren, an och do, wou et optaucht, ganz staark ze veruerteelen.

Ech soen Iech Merci, an ech ginn och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dëser Motioun.

Merci.

Plusieurs voix.-Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Angel. Als Nächsten huet d'Wuert den honorabelen Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Och mir begréissen d'Initiativ vun där Motioun hei an der Chamber. Ech mengen, déi Entwécklungen am Nigeria si wierklech besuergniserregend. Et ass esou, datt mer dat alleguerte wëssen iwwert d'Biller an dem Fernseh, iwwert d'Medien, all Dag liese mer dat do iwwer en terroristesche Grupp, deen eng ganz Rei Aktiounen an deene leschte Wochen a Méint geholl huet, iwwert dee Grupp, Boko Haram, heescht e jo, deen do Leit, ganz vill - haaptsächlech onschëlleg Leit - mat eranzitt an e Konflikt, deen déi Leit net wëllen.

De Moment ass et esou, datt natierlech déi Aktioun vun deene Meedercher, déi entfouert gi sinn, vun deene mer och nach gëschter Biller gesinn hunn um Fernseh, wéi se dann do sëtzen, wéi se sech hu missen aneschters undoen, wéi se sech hu mussen zu enger Relioun bekennen, wat awer wahrscheinlech net wierklech an hirem For intérieur de Fall ass, dann och virgefouert gëtt.

Dat sinn déi Aktiounen, déi eis am meeschten erschütteren de Moment, mä et si sécherlech ganz vill aner Aktioune vun deem Terroristegrupp scho gemaach an der Vergaangenheet, Leit sinn ëmbruecht ginn an esou weider, un déi een och soll erënneren. Soudatt wierklech och mir op d'Schäerfst all déi Aktioune veruerteelen a mer och drun interesséiert sinn, respektiv och all Initiativ, all politesch Initiativ ze ënnerstëtzen, fir datt do schnell kënne Solutioune fonnt ginn, Solutiounen och wa méiglech friddlecher Natur.

Ech wëll net op de ganze Background vun deem Konflikt agoen, mä ënnert dem Strëch musse mer kucken, datt mer souwuel als Lëtzebuerg, wann dat méiglech ass, Demarchë maachen, wéi dat och hei an der Motioun gefrot ginn ass, fir zum Beispill bei der Regierung vum Nigeria ze intervenéieren, mä mir wëssen, mir sinn do e klengt Land op engem grousse Planéit, soudatt mer virun allem och solle kucken, datt mer am Verbond mat der Europäescher Unioun respektiv am Verbond mat der UNO, wou mer jo och en net permanente Sëtz am Weltsécherheetsrot hunn, do alles sollen a Bewegung bréngen, fir kënnen, éischtens, esou schnell wéi méiglech déi entfouert onschëlleg Meedercher fräizekréien, an op där anerer Säit datt mer och aner Solutioune méi globaler Natur do solle fannen. An deem Sënn ënnerstëtze mer natierlech déi Motioun, déi mer och ënnerschriwwen hunn.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Berger. Als Nächsten huet den Här Claude Adam d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech soen dem Auteur vun der Motioun Merci fir d'Initiativ an dem President vun eiser Kommissioun fir seng Erläuterungen, déi en hei gemaach huet. Et ass effektiv wouer, dat Verbriechen ass scho méi laang geschitt an et huet wierklech laang gedauert, bis datt och dann d'Politik reagéiert huet.

Ech mengen, mir sinn eis heibannen eens, datt all terroristeschen Akt ze verdamen ass, mä et gëtt der souguer, et ass schwéier ze soen, mä déi sinn och nach ze steigeren. An dat hei ass där ee vun där extremster Zort. Et geet ëm Meedercher, et geet ëm Mineuren, et geet ëm eng Situatioun, déi och ugekënnegt war an déi dann eben agetratt ass.

An ech fannen et absolut wichteg, datt d'international Gemeinschaft een Opruff mécht. Wann een och déi Videoe gesinn huet, déi zirkuléieren iwwert déi Saach, da mengen ech - mer schwätzen haut nach iwwer e Gesetz iwwert de Waffenhandel, dat ofgeschloss ginn ass zu New York 2013, wat mer haut a Lëtzebuerger Gesetz och ëmsetzen -, datt een och gesäit, datt et Zesummenhäng gëtt, well ouni Waffe wier dat do net méiglech.

De President vun eiser Kommissioun huet och gesot, datt ech eng ganz, ganz kleng Ännerung nach wéilt ubréngen un der Motioun, an zwar bei den Tireten, wou mer schreiwen „invite le Gouvernement" beim zweeten Tiret „à encourager les autorités du pays à coopérer pleinement avec des équipes d'experts étrangers composées", do hätt ech gären „entre autres de militaires et policiers envoyés sur place" dran, well ech sinn der Meenung, soss kéint een dat hei e bëssen als exklusiv gesinn.

Ech kéint mer virstellen, datt et och interessant wier, wann och do d'zivil Hëllefsdéngschter kéinten hëllefe goen, ebe fir déi Meedercher méiglechst séier erëmzefannen an ze befreien. Ech wier frou, wann Der… Wat seet den Auteur? E wénkt. E schéngt domat d'accord ze sinn.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Adam. Den Här Kartheiser an dann nach den Här Urbany.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, villmools Merci. Och mir wollten eis uschléissen, fir dem Här Mosar fir dës Initiativ Merci ze soen. Ech mengen, wat de Contenu ugeet, ass scho ganz vill gesot ginn. Mä et wär vläicht ganz interessant, fir nach drop opmierksam ze maachen, datt déi Problematik vun deene Meedercher hei vläicht och en Encouragement ass fir eis Diplomatie am Kader vum Sécherheetsrot, fir sech am Allgemengen och ëm de Problem vun de Kannerzaldoten ze këmmeren.

Mir hu jo do en Aarbechtsgrupp ze presidéieren an et ass sécher gutt, datt dat am Ableck vu Lëtzebuerg gemaach gëtt, well deen Engagement, deen och dëst Parlament hei ausdréckt, ka virubruecht ginn iwwert den Ausseminister an e Gremium am Sécherheetsrot, wou Lëtzebuerg selwer eng aktiv an dynamesch Roll ka spillen.

Dat heiten ass eng Motioun, déi mir vu ganzem Häerz ënnerstëtzen, selbstverständlech, vu d'Dramatik vun der Situatioun. Ob elo en „entre autres" drasteet, dat wäert wuel den Här Mosar eis kënnen erklären, ob wierklech um Terrain elo och aner Persoune sinn, mä mat „entre autres" oder ouni „entre autres", mir sti mat vollem Häerz hannert dësem Text a mir droen e gäre mat.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. Als leschte Riedner den Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, och déi Lénk schwätzen hir onageschränkte Solidaritéit aus mat deene Meedercher, déi do entfouert gi sinn. Mir condamnéieren absolut dat, wat do geschitt ass. Mir veruerteelen déi Entféierung.

Am Fong geholl si mer d'accord mat där Motioun, déi d'UNO erausginn huet - et ass keng Motioun, et ass eng Deklaratioun vun der UNO -, wou zwou Saachen dra festgehale ginn.

D'UNO fuerdert d'Fräiloossung vun de Geiselen, dat ass evident. Si fuerdert och d'Bestrofung duerch d'Justiz vun deene Geiselnahmen an iwwerhaapt vun der Gewalt am Nigeria. A si fuerdert eng international Kooperatioun derbäi bei der Verfolgung vun deene Strofdoten, wou se och seet, dass verschiddener dovunner kéinte Crimes contre l'humanité sinn, eng Bestrofung dovunner duerch d'Justiz, duerch d'Geriichter. Dat ass eng Nuance zu eiser Resolutioun oder Motioun hei.

D'UNO schwätzt net vun enger militärescher a polizeilecher Ennerstëtzung op der Plaz duerch Experten. Dorop, wien déi Experte sinn, kommen ech nach herno kuerz zréck.

D'UNO schwätzt net vun enger Gefor fir d'Stabilitéit vun Afrika, déi duerch deen terroristesche Grupp do géif ausgoen, a si mécht och keen Appell un d'Regierung vum Nigeria „pour venir à bout de l'insurrection", wéi dat heescht an eisem Text.

Wat kann dat heeschen „venir à bout de l'insurrection"? Laut Amnesty International huet d'Arméi vum Nigeria 600 onbewaffnet Krichsgefaangener viru ganz kuerzer Zäit ausseregriichtlech higeriicht op enger Plaz. Op enger anerer Plaz huet se dat gemaach mat 190 Prisonnéier. Bal d'Halschent vun deene 1.500 Doudeger vun deene leschte Wochen, vun deenen am Communiqué zu Recht geschwat gëtt, ginn op de Konto vun der Regierung vum Nigeria a vu senger Arméi a vu senge bewaffnete Kräften op der Plaz.

Amnesty International freet iwwregens och dowéinst eng international Enquête iwwert d'Verbrieche vun de Sécherheetskräften op der Plaz.

Ech mengen och, Här President, et muss een de politeschen Hannergrond am Nigeria gesinn. Et muss ee gesinn, wat fir Interessen domat verbonne sinn. Interesse virun allem vun den USA, vu Groussbritannien - Shell, Nigeria ass en Uelechland, Shell ass do ganz präsent. D'Amerikaner hunn direkt Kontroll iwwert déi Truppen do vun deene Länner op der Plaz iwwer Africom. Si hunn e Standuert vun Drohnen ganz an där Géigend do.

Dat ass de militäreschen a Sécherheetszeenario, op deem sengem Hannergrond sech dat Ganzt ofspillt.

An et muss een natierlech och wëssen, dass den Nigeria en extrem aarmt Land ass, besonnesch am Norde vum Land, wou ebe grad déi islamesch Bevëlkerung wunnt a wou och déi terroristesch Organisatioun ugesiedelt ass. Obschonn, wéi och schonn hei gesot ginn ass, den Nigeria eigentlech, duerch säi Pëtrolsräichtum, e ganz räicht Land kéint sinn, wann e säi Räichtum géif gläich iwwerall verdeelen, esou awer ass en Duerchschnëttsakommes vu manner wéi engem Dollar den Dag an deem Land festzestellen.

Déi englesch Zeitung „The Guardian" huet de 6. Mee geschriwwen: Déi schrecklech Situatioun vun deene Geiselen, virun deem Hannergrond do, deen ech elo geschildert hunn, gëtt net besser duerch westlech Waffen an Arméien um Buedem oder an der Loft. Se schwätzt sech zimlech däitlech géint all militäresch Interventioun op der Plaz aus. An ech menge souguer, au contraire, eng militäresch Operatioun, an da muss dat (veuillez lire: da muss dat net) eng Operatioun vun enger ganzer Arméi sinn, dat kann eng Operatioun si mat Loftiwwerwaachungen, mat Drohnenasätz, bréngt am Fong geholl d'Liewe vun deene Geiselen do vill méi a Gefor, wéi et a Gefor wier, wann dat net de Fall ass.

Et gëtt, zu Recht, vill vu Fraerechter geschwat. Absolut. Mä wann een iwwerleet, dass awer an Afghanistan, iwwregens vun alle Besetzer, engem no deem aneren, déi do défiléiert sinn, grad d'Fraerechter als eent vun de wesentlechen Argumenter gebraucht gi sinn, fir do anzegräifen, grad an Afghanistan ass et (veuillez lire: ass et haut) fir eng Fra wuel déi geféierlechst Plaz op der Welt, fir ze liewen.

An ech froe mech, Här President, mat wat fir engem Recht mer sollen hei als Chamber schreiwen, dass Kanner vun anere Leit missten „sans conditions" befreit ginn. Sans conditions, dat heescht keng Verhandlungen, mat militäresch Gewalt. An ech froe mech: Géif se dat och schreiwen, net nëmmen, wann eis eege Kanner a Gefor wieren…

M. le Président.- Här Urbany, Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Ech komme ganz séier zum Schluss.

Géif se dat…, géif se dat och…

(Interruptions diverses)

Mä wann ech dauernd ënnerbrach ginn, Här President, kann ech net zum Schluss kommen.

M. le Président.- Dir sidd bis elo net ënnerbrach ginn.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Géif eis Chamber dat och schreiwen, net nëmmen, wann eis eege Kanner betraff wieren, mä och, wann zum Beispill europäesch Pëtrolsexperten a Geiselhaft wieren? Wéi dat iwwregens och de Fall scho war! Et brauch een nëmme bis an Algerien ze goen.

M. le Président.- Här Urbany…

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Wat do geschitt ass.

M. le Président.- Här Urbany, kommt zur Konklusioun wann ech gelift.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Ech kommen zur Konklusioun. Mir mengen, dass déi Motioun - mat deem humanistesche Gehalt, deen ech den Ufank zitéiert hunn, kënne mir absolut d'accord sinn -, dass déi Motioun hei schlecht informéiert ass, dass se souguer geféierlech ka sinn, dass se eesäiteg ass. An et kann ee mam beschte Wëllen net hei derfir stëmmen, och wa mer, wéi ech am Ufank ganz kloer gesot hunn, all Gewaltdoten do, vu wiem se och ëmmer ausgeübt ginn, radikal oflehnen!

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Urbany. Ech wëll Iech just drop opmierksam maachen, dass Der Är Riedezäit ëm eng an eng hallef Minutt iwwerzunn hutt an ech Iech an Zukunft schonn éischter wäert ënnerbriechen. Merci fir Aert Versteesdemech. An d'Wuert huet elo den Här Ausseminister, de Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci fir déi Initiativ vum Här Mosar a vun dem Här Angel, vun der

Kommissioun, fir dass mer och hei an der Chamber spontan an direkt iwwert deen Drama an Nigeria kënne schwätzen.

Boko Haram, wann een dat e wéineg ëmschreift, heescht dat: „keng westlech Bildung". A wann een, mengen ech, op de Punkt geet, da kann een „westlech" duerch „keng Bildung fir d'Fraen" ersetzen. Dat huet näischt méi ze di mat Kulturkampf, dat ass Barbarei géint d'Zivilisatioun. An ob dat an Afghanistan ass, am Nigeria, am Uganda, iwwerall, Här President, musse mer dat condamnéieren. An dat Wichtegst ass jo, dass mer och alles maachen, fir dass déi Kanner, déi jonk Leit fräikommen.

Mir hu gëschter zu Bréissel selbstverständlech ënnert den Ausseministeren iwwert dat geschwat, wat viru Woche geschitt ass am Nigeria. Ech kann Iech och hei berouegen. Ech mengen, dat Wuert „militäresch" oder „policier" kann ee vläicht ersetzen, op jidde Fall ass et dat, woufir verschidde State schonn antrieden, nämlech virun allem Frankräich an England aus der Europäescher Unioun, mä och Amerika, déi och gefrot gi sinn, no engem gewëssen Zögeren, vun den Nigerianer, mä et si virun allem Sécherheetsexperten an Experte vum Renseignement, déi probéiere mat deene spärlechen Donnéeën, déi et gëtt, fir d'Plaz ze fannen, wou déi jonk Leit gefaange sinn. An dat ass dat Allerallerwichtegst, dass een dat fäerdegbréngt, fir kënnen déi Leit ze befreien.

Ech wollt och soen, am Conseil de sécurité, et ass ugeschwat ginn, ass ee Presse-Statement erausgaangen de leschte Freideg schonn. Mir hunn aktiv dorunner matgehollef a mir wäerten och am Conseil de sécurité ganz staark engagéiert bleiwen, fir alles ze maachen, fir dass déi jonk Leit fräikommen.

Ech wollt och soen hei, dass gëschter, op Initiativ vum belschen Ausseminister Didier Reynders, eng spontan Offer vun de Belsch komm ass, wéi mer an der Benelux-Koordinatioun zesumme waren als Ausseministeren. D'Belsch si bereet an hu schonn alles gemaach, fir medezinesch Hëllef, wann et noutwendeg ass, sur place kënnen ze garantéieren. Den hollänneschen Ausseminister (veuillez lire: Den hollänneschen Ausseminister ënnerstëtzt dat), an och ech als lëtzebuergeschen Ausseminister hu fir eist Land spontan meng Zouso do ginn.

Ech wollt och soen, dass am Text, an domadder halen ech op, Här President, net zënter 2009 Boko Haram agéiert, mä schonn zënter 2001. Ech mengen, et wier vläicht net schlecht, wa mer dat och do géife richtegstellen, wann Der domadder d'accord wäert. An ansonsten ass d'Regierung selbstverständlech mat där Motioun hei, souwuel wat de Sënn ugeet, souwuel mat deem, wat drasteet, d'accord.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Ausseminister. Ech kréien Zeechen, dass den Auteur a seng Coauteure mat deene Suggestioune vum Ausseminister d'accord sinn, esou dass ech d'Fro géif stellen, ob d'Chamber mat der Motioun averstanen ass a froen, ob mer dat mat Main levée kënne maachen.

(Assentiment)

D'accord.

Motion modifiée

La Chambre des Députés,

- vu la situation révoltante de l'enlèvement de masse sans précédent de plus de 200 lycéennes, jeunes filles âgées entre 12 et 17 ans, le 14 avril 2014 de leur établissement scolaire de Chibok, dans l'État de Borno au nord-est du Nigeria;

- considérant un nouvel enlèvement de onze autres adolescentes, âgées de 12 à 15 ans, le 4 mai 2014, à Warabe et Wale, toujours dans l'État de Borno au nord-est du Nigeria;

- considérant le massacre récent dans la nuit du 5 au 6 mai 2014 à Gamboru Ngala, ville proche de la frontière camerounaise dans l'État de Borno, au cours duquel des centaines de personnes ont été tuées;

- considérant que tous ces rapts et attaques ont été perpétrés par l'organisation terroriste «Boko Haram», dont le nom signifie «l'éducation occidentale est un péché» en langue haoussa, responsable, depuis l'année 2001, de la mort de milliers de personnes au cours d'attaques visant des écoles, des églises, des mosquées et des symboles de l'État et des forces de l'ordre (plus de 1.500 depuis début 2014);

- considérant qu'après quatre semaines, il n'a pas encore été possible de libérer les lycéennes enlevées;

- considérant la déclaration à la presse du Conseil de sécurité des Nations Unies du 9 mai sur les attaques au Nigeria et les conclusions du Conseil de l'Union européenne du 12 mai sur les enlèvements de jeunes filles au Nigeria;

invite le Gouvernement

- à exprimer son soutien au gouvernement nigérian dans la résolution de ces crimes détestables;

- à encourager les autorités du pays à coopérer pleinement avec les équipes d'experts étrangers, composées de spécialistes en renseignement et en sécurité envoyés sur place pour aider les autorités nigérianes à rechercher les captives;

- à intervenir auprès du gouvernement nigérian pour qu'il poursuive ses efforts, dans le respect de ses obligations découlant du droit international, en particulier du droit international des droits de l'Homme, du droit des réfugiés et du droit humanitaire, pour protéger ses citoyens et venir à bout de l'insurrection de l'organisation terroriste «Boko Haram» qui est une menace à la stabilité de l'Afrique de l'Ouest et Centrale;

- à continuer à traiter de manière prioritaire le sujet également au niveau des organisations internationales telles l'Union européenne et l'Organisation des Nations Unies.

(s.) Laurent Mosar, Claude Adam, Marc Angel, Eugène Berger, Fernand Kartheiser.

Vote sur la motion modifiée

Ech stelle fest, dass eng ganz grouss Majoritéit vun der Chamber déi Motioun dréit.

Merci.

7. Ordre du jour (suite)

An ech géif dann, wéi ofgemaach, elo direkt dem Här Nohaltegkeetsminister d'Wuert ginn, fir op déi Froen iwwert d'Cargolux ze äntwerten.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Jo, mä et ass jo awer e Punkt um Ordre du jour. Ech mengen, mir géifen awer gäre preziséieren, wat mer gäre wéissten. Et geet jo ëm Explications du Gouvernement zu eppes, wat mir elo hei froen. Dofir misste mer dat awer kënnen hei froen, och wa mer et kuerz maachen.

M. le Président.- Jo, ech sinn natierlech à la disposition de la Chambre, mä hei sinn zwou schréftlech Froen erakomm vun den Auteuren Turpel a Mosar, zu deenen ech vollständegkeetshalber wëll soen, dass d'Äntwerten op déi Froen an enger provisorescher Versioun kuerz viru Mëtteg an d'Chamber erakomm sinn. Wa mer et am Délai fäerdegbréngen, an Zukunft och gläichzäiteg déi offiziell Versioune mat der Ënnerschréft an d'Chamber eranzekréien, da kréie mer vläicht esou Situatiounen, wéi mer se de Mëtteg haten, net méi. Ech ginn a mengem jugendleche Leichtsinn dovun aus, dass d'Froen alleguer gestallt sinn, an dass de Wonsch vun den Auteure war, Äntwerten op hir Froen ze kréien. Wa se do dermat d'accord wären, géif ech dem...

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Här President.

M. le Président.- Jo.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Et ass esou, datt déi Froe gestallt gi sinn de 7. Mee. Do sinn eng Rei Saachen dertëschent geschitt. An ech mengen, dat hei ass jo elo net eng Äntwert op d'Froen, mä et ass eng Demande d'explications par rapport zur Situatioun, wéi se sech haut stellt. An ech hat awer geduecht, et hätt een dann awer d'Recht, wann een esou ee Punkt op den Ordre du jour setzt, fir dat kuerz ze maachen.

(Interruptions diverses)

Neen, neen. Ech hu jo gesot, wéi ech et op den Ordre du jour gesat hunn, ech géif dat preziséieren, wa mer op de Punkt kéimen. Ech fannen, dat Recht misst een dann awer hunn. Et ass jo dat, wat den normalen Ordre du jour virgesäit.

M. le Président.- Ech hunn d'Wuertmeldung vun der Madame Loschetter an da vum Här Gibéryen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, ech denken, datt mir déi Modifikatioun vum Ordre du jour ugeholl hunn, well mer verstanen hunn, datt déi Froen, déi gestallt gi sinn, obwuel se am Délai beäntwert gi sinn, datt déi awer eng gewëssen Aktualitéit hunn, an obwuel d'Urgence net unerkannt ass, et awer sënnvoll wär, well jo och natierlech dobaussen doriwwer geschwat gëtt, datt mer dat hei thematiséieren.

En plus huet den zoustännege Minister sech bereet erkläert, säin eegenen Agenda e bëssen ze verréckelen, fir genau heihinner ze kommen an ze weisen, datt et wichteg ass, esou wéi Dir et gesot hutt, datt d'Chamber informéiert ass a fir komplett Transparenz am Dossier ze maachen.

Mir hätten awer elo net déi Modifikatioun vum Ordre du jour gestëmmt, wann elo e ganz aneren Zeenario sollt optrieden. Dofir si mir der Meenung, datt mer vun dem Minister seng Zäit net sollen ze vill abuséieren. En ass hei, e wäert eis ausféierlech Erklärunge ginn. An domadder solle mer ons fir haut zefriddestellen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech mengen, déi lescht Woch ware mer am Kader vun eisem Reglement am Ordre du jour e bëssen duerjernee geroden. An do hate mer eis d'lescht Woch an der Chamber, an der Presidentekonferenz eens gemaach, datt mer esou eng Diskussioun géife féieren, datt mer dann all Kéiers soen, opgrond vu wat fir engem Artikel an eisem Chambersreglement mer géifen den Ordre du jour oflafe loossen. An elo si mer erëm an esou enger Situatioun, wou mer net genau wëssen, wou mer an eisem Reglement dru sinn.

Hei ass gefrot ginn, datt d'Regierung soll Stellung bezéien. Dann hu mer den Artikel 91 (1) vun eisem Reglement, wou da steet, wann e Member vun der Regierung eng Deklaratioun an der Chamber mécht, zwar opgrond vum Artikel 80, wann een also gären d'Wuert hätt, mä hei hätt d'Chamber gären, datt mer sollen d'Wuert huelen (veuillez lire: datt mer sollen dem Minister d'Wuert ginn), da géif d'Chamber en Temps de parole festleeën, wéi laang déi eenzel Gruppen no der Deklaratioun vum Minister Zäit hätten, fir driwwer ze diskutéieren.

Well, wann elo de Minister, wann elo keng Fro virdru kënnt, dann hu jo d'Deputéierten d'Recht opgrond vum Artikel 38 (7), fir Parole après ministre ze froen. Dat heescht, da si mer awer an enger Situatioun, esou datt ech géif mengen, et sollt een entweder higoen, den Auteur seng Froe stelle loossen an da soen, dann et als eng Fro unzegesinn. Dann hätt just den Auteur d'Recht, fir d'Fro ze stellen an de Minister géif äntwerten.

Oder de Minister mécht eng Deklaratioun. Dann huet jiddwereen entweder d'Recht, Parole après ministre ze froen, der mir soen am Artikel 91 (1), et ass eng Deklaratioun op deen Artikel, da musse mer en Temps de parole festleeën, deen all Partei no der Deklaratioun vum Minister huet. Mir missten also ons eens ginn, wou mer eis elo am Reglement hei befannen. Dat Einfachst wier, wa mer et géifen als eng Questioun maachen, wou den Auteur géif d'Fro stellen an de Minister géif äntwerten. Da wier et déi kierzten Debatt.

M. le Président.- Ech hunn d'Wuertmeldung nach vum Här Claude Wiseler an da kritt den Nohaltegkeetsminister d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech mengen, datt mer eis hei néierens am Reglement nach befannen. Ech fannen et ganz gentil, datt de Minister haut komm ass an d'Chamber. Ech fannen et awer och normal, datt, wann en op eng Fro äntwert, d'Fro ka ganz kuerz gestallt ginn. Dofir wär ech einfach dofir, datt déi, déi déi d'Fro wëlle stellen, ganz kuerz Zäit kréien, fir dat ze développéieren, an dann de Minister drop äntwert. Et wär scho gemaach, wa mer net géifen...

M. le Président.- Jo, den Här Nohaltegkeetsminister.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, wann Der erlaabt, wëll ech awer och soen, wat meng Positioun oder déi vun der Regierung ass. Also, ech sinn net Demandeur, fir eng Deklaratioun hei de Mëtteg ze maachen. Ech wëll Iech och soen, déi Froe sinn de 7. Mee gestallt ginn. E Mount Zäit. Ech hätt nach souguer bis de 7. Juni Zäit gehat, fir se ze beäntwerten. Ech hu se awer scho beäntwert. Si si wahrscheinlech nach net ukomm bei de Kolleegen.

Dat Zweet ass, déi Debatt an der Ëffentlechkeet, bon, ech mengen, ech kréien elo Zäit, wann d'Fro gestallt gëtt, eppes dozou ze soen. Ech wëll awer och soen, datt, wann an Zukunft d'Deputéierte Froe stellen zu eppes, wat ech verstinn, dat jo, wann eppes esou brisant kléngt, iergendwou opkënnt, da sinn eenzel Deputéierten, déi wëllen natierlech direkt och kommunikativ matspillen an da gëtt eng Question urgente geschéckt. De Chamberspresident huet déi net unerkannt, déi Urgence dovunner. A wann ech da muss feststellen als Minister, datt ech fir d'Éischt emol op „L'essentiel Online" d'Fro muss selwer liesen, ier ech se selwer kréien, dat heescht, schonn déi ganz Press voll ass...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Esou ass et mir och ëmmer gaangen, Här Bausch, wëll ech just soen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech weess dat, Här Wiseler. Ech wëll just soen, ech wëll dat awer zur Erläuterung erklären. Wa Leit...

(Interruption)

Et ass mer zu Ouere komm, datt Leit sech opgereegt hunn, datt dat eng ganz Diskussioun dobausse wär a just d'Deputéierten nach näischt dovu gewosst hätten. Esou ass et net grad gewiescht. Et ass och schonn e bësselchen hei esou en Zeenario jo opgebaut ginn. Mais n'empêche, loosst déi zwee Deputéierten d'Froe stellen. Ech hunn hinne se zwar scho schréftlech beäntwert, wéi gesot, nach eng Kéier, am Délai, ouni datt eng Urgence war. Ech si bereet, hinne se och nach eng Kéier de Mëtteg hei ze erklären, well d'Chamber mer esou wichteg ass.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Nohaltegkeetsminister. Ech géif mengen, dass dat och déi einfachste Prozedur ass. Mir géifen dann deenen zwee Deputéierten d'Wuert ginn, fir kuerz, vu dass dee schréftlechen Deel jo virläit, hir Froen ze presentéieren. Ech mengen, den Här Mosar war deen Éischten, dee seng Fro abruecht hat. An dofir géif ech dem Här Mosar och als Éischtem d'Wuert ginn.

8. Question écrite n°261 du 7 mai 2014 de M. Laurent Mosar relative à l'accord de coopération conclu par l'Aéroport de Zhengzhou et celui de Francfort-Hahn, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Question écrite n°263 du 7 mai 2014 de M. Justin Turpel relative à l'accord de coopération conclu par l'Aéroport de Zhengzhou et celui de Francfort-Hahn, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Merci, Här President. Och Merci dem zoustännege Minister, datt en disponibel ass, fir op d'Froen ze äntwerten. Ech wëll ganz kuerz nach eng Kéier résuméieren, wat ech a menger schréftlecher Fro opgeworf hunn.

Fir d'Alleréischt wollt ech eigentlech am Kontext vun all deenen Zeitungsartikelen do vum Minister wëssen, wéi mat der HNCA an der Cargolux verhandelt ginn ass iwwert deen Accord de coopération, ob do och iwwer een Accord de coopération tëschent Zhengzhou a Frankfurt-Hahn, ob dat iergendwéi eng Kéier am Kader vun den Diskussiounen opgeworf ginn ass. Wann dat net de Fall war, géif et mech interesséieren, wéi eigentlech de Minister informéiert ginn ass, datt tëschent Zhengzhou a Frankfurt-Hahn an och nach anere Stied wéi Leipzig esou Accords de coopération amgaange wären ofgeschloss ze ginn.

Dann deen zweete Volet vu Froen ass deen, fir ze wëssen, ob déi doten Accords de coopération tëschent de Flughäfe riskéieren iergendwelch Konsequenzen op de privilégiéierten Accès vun der Cargolux op de Flughafen Zhengzhou ze kréien.

An an deem Kontext wollt ech eng Fro drunhänken, déi ech awer elo net a menger schréftlecher Fro mat dran hunn, déi awer aktualitéitsgebonnen ass. Ech hunn héieren, datt de Minister gesot huet an der Press oder zu der Press, datt nach ëmmer Problemer wären, wat déi Accords d'atterrissage zu Zhengzhou géif ubetreffen. Dofir wäre mer vläicht och frou, vum Minister gewuer ze ginn, wat dann do reell d'Problemer sinn a wat en do gedenkt ze maachen, datt awer endlech déi Volen och kënne fonctionnéieren.

Ech soen dem Minister Merci fir seng Äntwerten.

M. le Président.- Merci och dem Här Mosar. An den Auteur vun där zweeter Fro, den Här Justin Turpel, huet elo d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech soen der Chamber Merci, datt mer de Punkt konnten op den Ordre du jour setzen, dee jo awer eng gewëssen Aktualitéit huet. Ech soen och dem Minister François Bausch Merci, datt e sech extra fir dee Punkt heihinner beméit huet.

Ech wëll awer kloerstellen, datt meng Fro, oder datt ech de Punkt op den Ordre du jour gesat hunn, net well eng Question parlementaire normale net behandelt ginn ass - ech mengen, do hu mer, am Reglement ass dat gekläert, dat ass ee Mount Zäit, fir dat ze maachen - mä wéinst der Wichtegkeet, fir d'Chamber ze informéieren. Och an der Vergaangenheet huet d'Chamber ëmmer erëm d'Regierung gefrot, fir Explikatiounen ze ginn zu aktuelle Punkten.

Ech wëll och drop hiweisen, den Här Bausch huet et elo gesot, dofir wëll ech och dorobber agoen, datt ech d'Urgence évoquéiert hat. De President vun der Chamber huet déi refuséiert. Dat ass seng Prerogativ. Ech hu keng Méiglechkeet, fir do dergéint Asproch anzeleeën. Hie kann dat eleng décidéieren. Mä vu d'Entwécklung vum Dossier entre-temps, war ech der Meenung, datt et wichteg wier, datt mer haut géifen iwwert de Punkt diskutéieren, fir datt d'Chamber vum Minister kéint opgekläert ginn. Ech krut och elo just d'Äntwert vum Minister, fir déi ech ëm och wëll Merci soen. Ech fannen et gutt, datt de Minister selwer der Chamber hei an ëffentlecher Sitzung seet, wou mer an deem Dossier do dru sinn.

Dat Éischt, wat ech wëll wëssen, dat ass dat, wat den honorabele Laurent Mosar och elo gefrot huet, nämlech ob d'Regierung an de Minister informéiert waren iwwert dat Ofkommes, wat do mam Flughafe vun Hahn gemaach ginn ass a mam Flughafe vu Zhengzhou, ob mer och wëssen, wat an deem Ofkommes do dran ass.

Et ass och déi lescht Zäit an der Press gesot ginn, mir géifen do Äppel mat Bire verwiesselen. Ech wëll awer kloerstellen, datt mir schonn en Ënnerscheed wëssen, wou den Ënnerscheed ass tëschent der Cargolux an dem Flughafe lux-Airport hei zu Lëtzebuerg, datt mer och wëssen den Ënnerscheed tëschent der HNCA an dem Flughafe vu Zhengzhou.

Wann ech mer däerf erlaben, fir de Minister Bausch ze zitéieren, da wësse mer och, wéi enk datt grad a China déi Verbindunge sinn. An dofir hunn ech a menger Question parlementaire zum Beispill vun Autoritéite geschwat an net vun Institutiounen, déi mer parfaitement kënnen auserneenhalen.

Wann d'Regierung net doriwwer informéiert war, da fannen ech dat awer eng relativ krass Saach, esou wéi de President vum Verwaltungsrot dat och formuléiert huet. Wann ech bedenken, datt den Direkter vum Flughafe vu Zhengzhou, wat jo erëm eng Kéier déi Personaleenheet do beweist, datt dee mat ënnerschriwwen huet deen Accord mat Hahn. An den Direkter vum Flughafe vu Zhengzhou ass Member vum Verwaltungsrot vun der Cargolux an huet déi Verhandlunge matgefouert, déi mat der Cargolux gefouert gi sinn.

Déi zweet Fro bezitt sech op d'Konsequenzen dovunner, ob dann nach alles, wat vu Lëtzebuerg aus soll an op Lëtzebuerg geflu ginn, géif geschéien, wéi eng Influenzen datt dat op d'Cargoflich op Lëtzebuerg hätt, notamment an där Strategie vun „dual hub", déi mat de Chineesen ausgehandelt gi war, wou de Flughafe vu Lëtzebuerg sollt am Fong geholl de Pendant si vum Flughafe vu Zhengzhou.

D'Fro, déi sech fir eis stellt oder déi vill Leit sech stellen, ass domadder: Déi „double-hub"-Strategie, awéiwäit ass déi domadder a Fro gestallt, respektiv wat misst ee maachen, fir déi ze stäerken? Ass et net méiglech, datt Lëtzebuerg selwer esou Accorden och ënnerschreift iwwer lux-Airport mat dem Flughafe vu Zhengzhou, fir déi „double-hub"-Strategie do ze ënnermaueren?

An déi aner Fro, déi ech nach gestallt hat, dat ass déi, déi den honorabele Laurent Mosar och elo nach eng Kéier zum Schluss derbäigefügt huet, ob dat stëmmt, datt déi Landerechter a China - nodeems datt dat jo schonn eng Kéier schifgaange war, fir den 29. sollen déi Flich jo ugoe vu Lëtzebuerg op Zhengzhou - nach ëmmer net bestinn, an datt wéi d'Press gesot huet, et wahrscheinlech ass, datt dat den 29. och nach net ugeet, mat der Feststellung ënnert dem Stréch, datt d'Flich zwëschen Hahn a Zhengzhou fonctionnéieren an déi vu Lëtzebuerg mat Zhengzhou nach net?

Ech soen dem Minister Merci fir d'Zäit, déi e sech hëlt, fir hei ëffentlech doriwwer ze informéieren.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. An d'Wuert huet den Här Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, Merci nach eng Kéier fir déi Froen.

Als Éischt wollt ech emol eng Feststellung maachen. Et erfreet mech, datt am Fong entretemps net nëmmen international, mä och national jiddwereen op eemol d'Bedeitung unerkennt vun der Entwécklung vum Flughafe vu Zhengzhou. Ech ka mech erënneren, viru véier, fënnef Méint hunn ech nach misse wierklech kämpfe wéi den Don Quichotte géint d'Wandmillen, wéi ech jiddwerengem wollt erklären, datt dat e Flughafe wär, deen an opstriewender Zäit géif liewen an datt do e Potenzial wär fir d'Cargolux. An do krut ech Theorien erkläert, ënner anerem och souguer déck Avise vun der Chambre des Salariés, dat wär alles totalen…, dat stéing op ganz wacklege Féiss an do wär guer kee Potenzial do an esou weider. An ech stellen elo fest, datt, éischtens, da jo jiddweree sech awer Suerge mécht, datt d'Cargolux méiglechst séier dohinner flitt, an zweetens stellen ech och fest, datt international nawell zimlech groussen Interessen ass, fir a Kontakt ze komme mat där Regioun a mat deem Flughafen.

Zu de Froe muss ech soen, wat ech nach eng Kéier wëll hei betounen, dat ass, datt den Aktionär, dee bei der Cargolux ageklommen ass, net de Flughafen ass, mä d'HNCA. Dat heescht, d'HNCA ass eng chineesesch Investitiounsgesellschaft, déi gehéiert zwar zu honnert Prozent der Provënz Henan, also et ass eng staatlech oder ëffentlech-rechtlech, wéi een et wëllt huelen, mä et ass awer en Ënnerscheed.

Et gëtt en Ënnerscheed ganz sécher tëschent den Interesse vun der Investitiounsgesellschaft an dem Flughafe vu Zhengzhou selwer. An et gëtt en Ënnerscheed an deem Sënn, datt dee Flughafen dohannen - deen zu engem Drëttel eréischt gebaut ass, an zwee Drëttel ginn nach gebaut, dat e risege Flughafe wäert ginn - natierlech wëllt an och en Interessen drun huet, mat méiglechst ville Flughäfen op der Welt Kontakter ze kréien, respektiv Verknäppungen ze kréien, sougutt am Passagéier- wéi am Frachtverkéier.

An et ass och esou, datt de Fait, datt mir elo HNCA am Actionnariat hunn an d'Cargolux dann elo dohinner flitt mat… An dat wëll ech schonn emol betounen, dat ass och schonn emol den Ënnerscheed zwëschen deem, wat op anere Flughäfe bis elo stattfonnt huet. Linnevolen an net Chartervole vun Hahn a Leipzig oder Léck, do geet et ëm d'Chartervolen, do gëtt et eng grouss Differenz, dat si Volen, déi geleeëntlech stattfannen, jee nodeems ob e Client genuch Fracht huet an eppes zesummebruecht huet, fir dat da sporadesch ze fléien. Den Accord vun der Cargolux gesäit vir, datt d'Cargolux véiermol d'Woch kuerz- oder mëttelfristeg soll regelméisseg dohinner fléien.

Mä, wéi gesot, den Ënnerscheed ass, hei ass HNCA de Partner vun der Cargolux an de Flughafen dohanne wëllt natierlech niewent der Cargolux och nach méiglechst aner Fluggesellschaften unzéien, och Frachtfluggesellschaften, vu Gott weess wou aus der Welt, well deenen ass dat egal, wéi se hir Wueren hin- an hierkréien oder wéi d'chineesesch Wueren doruechter kommen, wann och nach aner Interessente sinn, huele se déi och un.

Dat ass iwwregens näischt aneschters, wéi dat, wat mir och op eisem Flughafe maachen. Mir hu jo net nëmmen exklusiv Cargolux hei, déi Fracht hei um Flughafen hin- an hiertransportéiert. Mir hunn zum Beispill AirBridgeCargo, dat ass ee vun de grousse Konkurrente vun der Cargolux, dee lant hei um Flughafen. Qatar Airways lant de Moment nach mat Fracht um Lëtzebuerger Flughafen. An et gëtt der nach eng Rei anerer. An et ass net esou, datt mir hei um lux-Airport en Exklusivvertrag hu mat der Cargolux. Dat dierfte mer och guer net maachen. Et géif wéinst EU-Bestëmmungen emol iwwerhaapt net goen.

Dofir ass deen Accord oder wat et…, et ass jo evident, et ass jo emol keen Accord, et ass e Memorandum of understanding. An ech hu missen e bësse schmunzelen, et war jo an enger Dageszeitung relativ grouss donneschdes oder freides op der Online-Websäit driwwer geschriwwe ginn: „Wat bedeit dat do? Frachtverloscht a Katastroph!" An do ass - an doriwwer sinn ech frou - ee Journalist dohinnergaangen, op déi Pressekonferenz e Samschdeg, an e konnt sech op der Plaz informéieren, wat et bedeit. Mä nämlech net schrecklech vill, ausser enger Fatz Pabeier, wou drop steet: Mir, Hahn, si frou, mir wiere frou, wa Fligere vu Zhengzhou heihinner op Hahn geflu kéimen.

Mä esou ee Flughafen, dee besëtzt keen ee Fliger, dee besëtzt per se och keng Tonn Fracht, dofir brauch ee Forwarder, dat heescht Logistiker, déi och da bereet sinn, d'Fracht bei d'Fligeren ze bréngen. An et brauch ee Fluggesellschaften, déi och dat Ganzt hin- an hiertransportéieren. A wann een e Memorandum of understanding huet mat iergendengem Flughafen, dann huet een nach keng Tonn Fracht op sengem Flughafen. An dat ass schonn emol wichteg festzestellen.

Dofir, datt e Flughafe wéi Hahn, dee mam Réck zur Wand steet, dee komplett an de rouden Zuele läit de Moment, deen an extreemsten ekonomesche Schwieregkeeten ass, natierlech alles an d'Fënster de Moment stellt, wat erëm e bëssen d'Impressioun gëtt, dass et kéint biergop goen, majo dat ass de bonne guerre, mir géifen dat och maachen. Mä musse mir dann onbedéngt dorop erafalen an dann hei zu Lëtzebuerg aus alle Wolleke falen, wa mer esou eppes liesen, an da mengen, elo géif bei eis hei direkt d'Welt ënnergoen an da wier muer ech weess net wéi vill Tonne Fracht vu Lëtzebuerg zu Hahn. Esou einfach ass dat jo an der Praxis wierklech net.

An da wëll ech Iech soen, wat d'Exklusivitéit ubelaangt mam Flughafe vu Zhengzhou, dat war an der Diskussioun, wéi den Accord mat Cargolux ofgeschloss ginn ass, mä d'Cargolux wollt dat net - an aus ganz gudde Grënn. Well, wat wollte mer maache mat deem Accord mat Zhengzhou? Mir wollte jo net aner Destinatiounen ewechfale loossen. Mir wollte jo, datt d'Cargolux och nach hir aner Flughäfen a China, zum Beispill Peking, zum Beispill Shanghai soll ufléien, datt dat normaalt Geschäft, wat haut fonctionnéiert, kéint weiderlafen an datt dat do sollt uewendrop kommen. Mir wollte jo näischt ewechfale loossen an dat hei domadder ersetzen, mä mir wollten eppes Zousätzleches derbäikréien. An dofir war d'Cargolux ëmmer strictement dergéint - an ech verstinn och d'Ursaachen absolut firwat -, fir ze soen: Mir maachen eng Exklusivitéit just mat deem do Flughafen. Well dat wär jo guer net am Interesse gewiescht vun der Gesellschaft, fir dat ze maachen.

An dann, wat d'Flugrechter ubelaangt, fir do emol nach eng Kéier all Konfusioun aus dem Wee ze raumen: Mir hunn ausräichend Flugrechter fir a China. Et ass e Memorandum of understanding vu mengem Virgänger a mam Ausseministère zesumme virun zwee Joer gemaach ginn. Do huet Lëtzebuerg an d'Cargolux, also Lëtzebuerg, net d'Cargolux, mä Lëtzebuerg huet kënne 24 Destinatiounen ufléien a China. Mir hunn der nach zéng iwwreg de Moment. Dat heescht, souguer wa mer siwemol d'Woch op Zhengzhou fléien, hu mer der nach iwwreg. Et geet also net ëm d'Flugrechter - an dofir wëll ech dat nach eng Kéier betounen, dat huet och guer näischt domat ze dinn, datt de Ministère do hätt vill kënne maachen -, mä et geet hei ëm déi Etapp duerno, ëm d'Landerechter. An do muss jo beschriwwe ginn an de Formulären, déi spezifesch virgesi sinn, wat fir en Typ vun de Fligeren et ass an esou weider an esou fort. Et geet ëm deen Detail. An do sinn eng Rei Feeler gemaach ginn an der Prozedur. An déi hu gemaach, datt d'Situatioun sech zimlech verfuer huet.

Bon, elo kann ee vill doriwwer diskutéieren, ob dat… Wéi soll ech soen? Dat ass jo eng aner Ebene, déi dat kuckt a China. Et ass jo net, dat ass… A China ass et déi staatlech Ebene, déi kuckt, ob d'Dokumenter all an der Rei si vun der Fluggesellschaft. Där ass dat zimlech egal, wien do Aktionär wor, wie lénks a riets ass. Do gëtt reng nom Buschtaf gekuckt an da gëtt sech dorobber referéiert. Bon, an d'Cargolux ass amgaangen, selwer natierlech elo alles ze maachen, fir dat erëm an d'Rei ze kréien.

Bon, an et weess ee jo och, wann eng Rei Saache schiflafen, da lafe se meeschtens an de Gespréicher zolitt schif. Dann op eemol fënnt deen een, well et war jo hei fir d'Éischt zweemol ugefrot ginn, du war siwemol, dunn erëm…, an dunn ass Panik komm, do ass gesot ginn um Schluss: Merde, mir hunn ëmmer net deen néidege Formul, elo froe mer séier nach en Charter un. An du war natierlech alles blockéiert. An da gëtt gesot vun där Säit: Jo, wat ass dat do iwwerhaapt? Déi wësse jo net, wat se wëllen. An esou weider.

Also, ech mengen, ech brauch jo kengem ze beschreiwen, wéi dat ka goen. Mä dat ass der Cargolux hiren Job, fir dat doten an d'Rei ze bréngen. An déi sinn amgaangen, dorunner ze schaffen. Dat ass net der Regierung an och net dem Ministère säi Rôle, well d'Regierung huet hir Aarbecht längstens gemaach, wat d'Flugrechter a China ubelaangt. Där gëtt et masseg genuch. Doru feelt et wierklech net, do läit wierklech net de Problem.

Da wollt ech awer och e puer Saache soen zu den Autoritéite selwer. Et gëtt gesot, ech misst jo och wëssen, datt a China bal alles dat nämlecht wär. Mä ech wëll awer soen, esou ass et och net grad.

Et gëtt den zentrale politeschen Niveau, et gëtt de regionale politeschen Niveau, de lokale politeschen Niveau an da gëtt et nach d'CAAC, dat ass, wat bei eis d'DAC ass. Dat heescht, dat ass och nach eng Entitéit, eng ëffentlech rechtlech Entitéit, déi matzeschwätzen huet.

An da gëtt et natierlech d'Investitiounsgesellschaft. An et ass esou, datt mäi Rôle op alle Fall, esou gesinn ech dat, an der Regierung hire Rôle huet opgehalen zu deem Moment, wéi déi 35% verkaaft gi sinn, dat heescht, wéi mir net méi..., also ausser natierlech déi 8,3%, déi mer nach hunn als Aktionär, mä de Rôle, dee mir hate virdrun, fir de Portage zu engem Enn ze bréngen, dat heescht, fir en neien Aktionär ze sichen, huet opgehalen zu deem Dag, wou mer ënnerschriwwen hunn a wou mer och d'Suen iwwerwise kritt hunn.

An elo ass der Regierung hire Rôle emol virrangeg, fir ze kucken, natierlech gutt Bezéiungen ze hunn zu dem politeschen Niveau, lokal oder regional a wa méiglech natierlech och national, a fir ze kucken, wou ee kann do hëllefen. Mä de Rescht, wéi gesot de kommerzielle Volet vun der ganzer Operatioun, dat ass elo der Cargolux hiren Job.

An duerfir ass d'Cargolux jo och nei opgestallt ginn. Si huet en neien CEO kritt. Si huet elo eng Kapitalsprëtz kritt an engems mat deem Ofkommes, mat deenen neien Aktionären, well et dierf ee jo net..., dat vläicht zur Erënnerung, wa mer net déi Operatioun gemaach hätten, da wären net déi 175 Milliounen Dollar Kapitalsprëtz do komm an da wär d'Cargolux elo a ganz schlechten Dicher. Well dat war jo eng essenziell Konditioun, fir datt déi Gesellschaft iwerhaapt konnt weiderliewen. An ech mengen, do huet d'Regierung voll hir Aufgab gemaach, fir datt dat alles konnt an d'Rei goen. An elo ass et, wann ech gelift, un der Gesellschaft selwer, fir mat deenen neie Viraussetzungen dat Bescht dorauser ze maachen.

Ech muss Iech och soen, wat mech méi besuergt wéi déi Aktioun elo vum Flughafe vun Hahn oder vu Leipzig. Iwwregens, wahrscheinlech gëtt och nach een ofgeschloss mat Chicago, mat Taipeh. Also där ginn et nach wahrscheinlech, där do wäerten nach eng Dose kommen. Et kann een driwwer diskutéieren, ob et..., mä bon, ech mengen, dat ass net u mir ze jugéieren, dat muss d'Cargolux an hirem Verwaltungsrot ënner sech ausmaachen. Et kann een driwwer diskutéieren, ob et net, loosse mer soen, méi gescheit gewiescht wär, wann d'Vertrieder vun der HNCA, mä wahrscheinlech hunn déi sech emol näischt dobäi geduecht, am Verwaltungsrot deenen anere Membere gesot hätten: Hei, lauschtert emol, d'nächst Woch geet den Här An op Hahn als Direkter vum Flughafen. Mir wollten Iech dat just soen. Dat wär eng Informatioun gewiescht. Mä, bon, wéi gesot, dat muss d'Cargolux an hirem Board ofmaachen. Do halen ech mech draus eraus.

Mä wat mech méi besuergt, soen ech Iech ganz éierlech, wéi déi dote Geschicht, déi mech eigentlech am Fong net besuergt, dat ass, datt mer zwar bei der Cargolux elo emol - wéi soll ech soen? - e wichtege Schratt gemaach hunn, well mer se rekapitaliséiert hunn, well mer en neien CEO do en place bruecht hunn. Dat heescht, d'Strukturen ufänken erëm versichen ze festegen. Dat ass, datt mer trotz deem, wat mer an der Press konnte liesen, ech hu verschidden Artikele gelies: „Cargolux fliegt wieder in schwarze Zahlen". D'Realitéit ass e bëssen eng aner: Cargolux ist wieder in schwarzen Zahlen, mä net dohinnergeflunn!

Et waren zwou, dräi Zeitungen, déi opmierksam natierlech de Bilan gelies hunn, déi hunn och erausfonnt, datt déi schwaarz Zuelen net komm sinn duerch d'operatiivt Geschäft, mä duerch extraordinär Recetten 2013. An dat trotzdeem (veuillez lire: obwuel) datt 2013, vum Frachtvolumen hier, vill méi geflu ginn ass, wéi dat Joer virdrun.

An ech wëll Iech just domadder soen, datt de Problem an dem Fluch, an der Aviatioun de Moment ass, a virun allem am Frachtverkéier, datt, och wa vill geflu gëtt, d'Margen immens kleng sinn an datt ganz wéineg dru verdéngt gëtt. An dat ass de Problem.

Dat ass natierlech desto méi de Problem bei enger Gesellschaft, déi zwar qualitéitsméisseg ganz gutt ass a ganz gutt fonctionnéiert, mä déi eng Käschtestruktur huet, déi natierlech nach méi intensiv ass, wéi wahrscheinlech an anere Länner.

Dat ass eng Realitéit. An dat si Saachen, déi mir méi Suerge maachen, soen ech Iech ganz éierlech, wéi de Flughafen. Well wa mer net et fäerdegbréngen, wann déi Gesellschaft et net fäerdegbréngt - ech soen: mir -, mä wann déi Gesellschaft et net fäerdegbréngt, an deenen nächste Joren erëm eng Kéier méi Margen ze kréien, dat heescht, hiert operatiivt Geschäft positiv ofzeschléissen, dann, soen ech Iech, huet natierlech och déi Kapitalerhéijung eis net alles dat bruecht, wat se hätt misse bréngen, well dann ass déi séier opgebraucht.

An duerfir hoffen ech, datt ënnert deenen neie Viraussetzungen, déi déi Gesellschaft elo huet, sech dorobber konzentréiert gëtt, dat, wat mer brauchen, nämlech, datt se elo kucken, hir Aarbecht ze maachen, ze fueren, an datt mer erëm eng Kéier an déi Situatioun kommen, datt mer déi Gesellschaft vu vir bis hanne positiv kënne beobachten.

Ech mengen, dat géif mir guttdi wéinst deene villen Aarbechtsplazen, déi direkt domadder verbonne sinn, a selbstverständlech, vu datt et

e wichtegen ekonomesche Secteur ass fir d'Land, ass et och wichteg fir déi ganz Logistik a fir d'ganzt Land insgesamt.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Nohaltegkeetsminister, dee fir de Secteur Transport zoustänneg ass.

Mir hätten domat deen heite Punkt vum Ordre du jour ofgeschloss an ech géif iwwergoen zum éischte Gesetzesprojet, dee mer um Ordre du jour hunn. Dat ass de Projet 6608, en Traité iwwert de Waffenhandel. An den honorabelen Här Rapporteur, den Här Marc Angel, ass prett. D'Tribün ass Är, Här Angel.

9. 6608 - Projet de loi portant approbation du Traité sur le commerce des armes, fait à New York le 2 avril 2013

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, dëse Projet de loi 6608 iwwert den Traité sur le commerce des armes gouf de 4. September 2013 déposéiert. An elo, manner wéi ee Joer duerno, kënne mer hei dee Projet wielen. An ech mengen, et ass e Projet, deen och dem Minister ganz besonnesch um Häerz läit.

Den Objet vun dësem Projet de loi ass, wéi gesot, d'Approbatioun vun deem Traité iwwert de Commerce vu Waffen, TCA genannt, deen den 2. Abrëll 2013 duerch eng Resolutioun bei de Vereenten Natiounen ugeholl ginn ass.

Den Traité schreift gemeinsam international streng a juristesch contraignant Norme fest fir den Import, fir den Export an och fir den Transfert vu konventionelle Waffen, Munitioun, Stécker an Deeler, déi zu deene Waffe gehéieren. Den Handel mat klassesche Waffe soll also duerch dësen Traité méi responsabel an och méi transparent ginn.

Ech erlabe mer, aus dem Traité ze zitéieren den Artikel 2, „champs d'application", wat iwwerhaapt ënner klassesche Waffe verstane gëtt. An ech zitéieren, ech ziele se op op Franséisch, well ech hätt net fir all Waff e lëtzebuergeschen Ausdrock.

Éischtens sinn et Chars de combat; zweetens Véhicules blindés de combat; drëttens Systèmes d'artillerie de gros calibre; véiertens Avions de combat; fënneftens Hélicoptères de combat; sechstens Navires de guerre; siwentens Missiles et lanceurs de missiles an aachtens Armes légères et armes de petits calibres. Et sinn also déi Zort Waffen, ëm déi et sech handelt.

Den Traité imposéiert also de Staten, dass se Moossname mussen huelen, fir ze kontrolléieren, dass déi Waffen, mat deene se handelen, net gebraucht gi fir Verbrieche géint Mënscherechter, net fir terroristesch Akten oder Verstéiss géint den Droit humanitaire oder och nach fir esou Zwecker kënnen détournéiert ginn. Méi Transparenz soll entstoen duerch e Regëster an och duerch e besseren Échange vun Informatiounen.

Vun deenen 30 Exportlänner vu Waffe sinn der siwen, déi 90% vum Welthandel do dominéieren. Dat sinn: d'USA, Russland, d'Vereenegt Kinnekräich, Frankräich, Däitschland, Italien an Israel. Haaptimportlänner op dëser Welt, wat de Waffenhandel ubelaangt, sinn: Indien, Pakistan, Japan, Saudi-Arabien. Ech hunn och am Rapport geschriwwen, dass d'Militärausgaben an Asien sech doubléiert hunn an deene leschte Jorzéngten, an och a Russland an de leschten zéng Joer ëm 113% gestiege sinn.

Duerch dësen Traité soll et also méi einfach ginn, géint deen illiciten Handel an och den Détournement vu konventionelle Waffe virzegoen an och dësen illiciten Handel à long terme, à moyen terme hoffentlech ze eliminéieren. Dësen Traité soll dozou bäidroen, d'Efforte fir méi Fridden, fir méi Stabilitéit an och fir méi Sécherheet op onser Welt ze stäerken an esou och d'mënschlecht Leiden ze minderen.

Dësen Traité soll awer och eng Occasioun si fir d'Promotioun vun der Zesummenaarbecht, der Transparenz an der verantwortlecher Aktioun vun deene Parteien, déi Deel vun dësem Traité sinn, an och doduerch zu méi Vertrauen tëschent de State féieren.

Et handelt sech hei also ëm e wichtegen Text. An de Rapporteur zu dësem Text vun der Commission du Commerce international am Europaparlament, den David Martin, dee sot, dass dësen Traité net onbedéngt zur Reduktioun vun der Produktioun vu Waffe bäidréit, mä en hëlleft ze verhënneren, dass déi Waffen an d'Hänn vun Terroriste gelaangen oder a ganz onstabel Zonen op onser Welt. A mir wëssen, dass et där onstabeler Zone leider nach vill ze vill gëtt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dësen Traité hat eng laang Entstehungsgeschicht. E grousse Mérite huet awer och d'Zivilgesellschaft an insbesonders déi grouss international ONGen.

1987 huet den deemolege Friddensnobelpräisträger Óscar Arias Sánchez seng aner Kolleegen, déi e Friddensnobelpräis haten, zesummegeruff an e Code de conduite international sur le transfert d'armes proposéiert. Dës Initiativ huet Gehéier fonnt an ass iwwerholl gi vun enger Koalitioun vun 62 ONGen, ënner anerem Amnesty International, Oxfam, Roud Kräiz an esou weider.

An natierlech sinn dës Messagen och bei de Vereenten Natiounen ukomm. An ab 2006 ass bei der UNO diskutéiert ginn, wéi een dee Vide juridique, déi Netreglementéierung vum weltwäiten Handel mat Waffen, wéi een dee combléiere kéint. An an de Joren 2007 bis 2009 ass vill Preparatiounsaarbecht geleescht ginn, fir dass konnt eng éischt international Konferenz zum Thema Waffenhandel ofgehale ginn. Déi war am Juli 2012 zu New York an huet dräi Woche gedauert. Et koum awer leider do net zu engem Accord, mä et gouf awer ee Projet de texte scho redigéiert.

An den 20. Mäerz, an am Mäerz 2013 gouf dunn dëse Projet op enger zweeter Konferenz diskutéiert. Et koum och do zu intensiven Négociatiounen. Trotz den intensive Verhandlunge bei dëser zweeter Konferenz koum et leider net zu engem Konsens.

Den Traité ass awer dunn duerch d'Vereenten Natiounen duerch d'Generalversammlung komm mat enger qualifizéierter Majoritéit an ass also ugeholl ginn. 155 Staten hu fir den Text gestëmmt, 22 Staten hu sech enthalen, dorënner China, Indien a Russland, an dräi Staten hunn dergéint gestëmmt. Dat waren: Iran, Nordkorea a Syrien.

Den 8. Mee 2013, also e ganz symboleschen Datum, huet och d'Europäesch Kommissioun eng Décisioun vum Conseil presentéiert, déi den deemools 27 Memberstaten et erlaabt huet, och deen Traité ze ënnerschreiwen. Dës Prozedur war néideg, well den Traité eben och Domäner touchéiert, déi an der Kompetenz vun der Unioun sinn.

D'EU kann dësen Traité net ënnerschreiwen, well eben am Traité keng Dispositioune virgeschloe si fir international oder regional Organisatiounen. D'Kommissioun huet awer, well se e Mandat hat vum Conseil, verschidden Aspekter vun dësem Traité mat verhandelt. A laut Artikel 20 soll dësen Traité en vigueur sinn 90 Deeg, nodeems 50 Länner ratifizéiert hunn.

D'EU-Memberstaten hu sech virgeholl, esou séier wéi méiglech dat ze maachen. Dofir maache mir dat jo och haut. An am Abrëll 2014, also leschte Mount, do ware schonn 31 Länner, déi ratifizéiert haten. An et gëtt virgeschloen, dass Lëtzebuerg den 2. Juni onst Instrument (veuillez lire: onst Instrument de ratification) nidderleet, mat nach aneren EU-Länner, an dass een dann op déi 50 Länner kënnt, fir dass 90 Deeg duerno den Traité en vigueur ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, et gëtt schonn um europäesche Plang nach eppes Ähnleches, dat ass déi sougenannten „Position commune" vum 8. Dezember 2008, déi definéiert d'Regelen, d'„Règles communes régissant le contrôle des exportations de technologie et d'équipements militaires". Lëtzebuerg als EU-Member huet dës Regele vun dëser Position commune konsequent ugewannt. An et ass wichteg, ze soen, an dat schreiwen ech och am Rapport a soen et hei, dass an deem Kontext et wichteg ass, ze ënnersträichen, dass déi zwee Texter, déi Position commune an dësen Traité, keng kontradiktoresch Dispositiounen enthalen.

E leschten Detail nach zum Historique: De 25. September 2013, also dräi Wochen nom Dépôt, huet d'Regierung nach en Amendement nogereecht mam But, fir de Partage vun de Kompetenzen tëschent dem Justizministère an dem Office des Licences ze klarifizéieren.

Mir haten den 10. Mäerz an der aussepolitescher Kommissioun eng interessant Diskussioun mat Vertrieder an Experten aus dem Ministère. An do si mer gewuer ginn, dass China, wat sech jo enthalen huet, elo éischter eng favorabel Positioun huet an eventuell ënnerschreiwe wäert, wat eng gutt Nouvelle ass. Russland huet net ënnerschriwwen, well et net duerchkomm ass, fir de Volet vun den Acteurs non étatiques mat anzebauen.

An der Kommissioun hu mer och natierlech drun erënnert, dass et nach aner Traitéë gëtt, dee fir d'Armes chimiques an dee vun de Mines antipersonnel. D'Armes chimiques, do läit och schonn e Projet de loi vir, dee mer och deemnächst hei wäerten dann diskutéieren an unhuelen.

Den TCA exigéiert och, dass d'Länner eng Autoritéit uginn, déi zoustänneg ass. Fir Lëtzebuerg ass dat den Office des Licences an de Ministère de la Justice. Eng Kreatioun vun enger Autorité nationale, déi ass beim TCA hei net virgesinn, mä an der Transpositioun vun der Convention d'interdiction d'armes chimiques wäert dat da kommen.

De Conseil d'État hat keng weider Bedenken hei mat deem Projet. En hat just eng kleng Textännerung, wat den Intitulé ubelaangt, déi mer da respektéiert hunn.

Als Konklusioun wëll ech soen, dass dësen Traité den Handel mat de Waffen, mat konventionelle Waffe méi transparent a méi responsabel mécht. A mir kruten e Courrier vun Handicap International an d'Chamber erageschéckt den 1. Abrëll, deen ons drun erënnert huet, dass - an dat wär interessant, emol och d'Zuelen ze gesinn -, an deem Courrier, do si mer erënnert ginn, dass duerch den irresponsabelen Handel vu Waffen Dausende vun Zivilpersoune stierwen. Anerer gi schwéier verletzt. Vill ginn duerch d'Menace mat Waffe vergewaltegt an aus hiren Haiser verdriwwen.

A laut Déclaration vu Genève sinn all Joers 740.000 Männer, Fraen a Kanner Affer vu Waffen a verléieren doduerch hiert Liewen. An interessant ass, 500.000 vun deene 740.000 Affer ginn a Länner gezielt, wou keng Kricher sinn a wou keng Conflits armés sinn. Dat soll ee sech duerch de Kapp goe loossen! An dofir, mengen ech, ass dëse Projet, mat deem mer deen Traité ratifizéieren, e wichtege Projet.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn an engems och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Angel. Als éischten ageschriwwene Riedner schwätzt den Här Claude Wiseler fir d'CSV.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll dem Här Rapporteur villmools Merci soen. Säi Bericht, souwuel dee schréftleche wéi dee mëndlechen, war inhaltlech, juristesch, technesch komplett. Duerfir ass net méi vill derbäizesoen.

Deen Traité, dee mer haut stëmmen, respektiv d'Gesetz, wat mer haut stëmmen, geet ëm en Traité, wat an der Assemblée générale vun den Nations Unies ofgestëmmt, décidéiert ginn ass a wou d'Aarbechte scho säit 2006 lafen. An et geet haaptsächlech drëms, fir de Commerce vu Waffen, de Waffenhandel méi transparent a méi responsabel ze maachen. Haaptsächlech och, fir d'Norme festzesetze fir de Waffentransfert.

An déi haaptsächlech Obligatiounen, wéi den Här Angel dat richteg gesot huet, déi heimadder agefouert ginn, dat sinn déi vun der Transparenz. Éischtens, déi vun der Obligatioun, fir Regësteren ze halen, déi vun den Échanges d'informations an haaptsächlech, fir Garantien ze ginn, datt déi Waffen net fir terroristesch Zwecker benotzt ginn, net géint d'Causë vun de Mënscherechter benotzt ginn an haaptsächlech och net kënnen détournéiert ginn, wéi dat alt ze vill oft de Fall ass.

Et geet hei net ëm en Traité iwwert d'Reduktioun vu Waffen, leider net! Mä et geet awer trotzdeem, den Traité, dee soll de falsche Gebrauch vu Waffe limitéieren. An aus deem Grond, well et op där enger Säit eng Kontributioun ass zu engem Effort de sécurité an de stabilité a schlussendlech dee Moment och en Effort vu Fridden, an op där anerer Säit, well en och net kontradiktoresch ass mat den Texter, déi haut souwéisou schonn an der EU gebraucht ginn, ass et selbstverständlech, datt d'CSV och dësen Text wäert ënnerstëtzen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Wiseler. Als Nächsten huet den Här Eugène Berger d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Och ech wëllt dem Rapporteur Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Bericht. Vläicht zwou, dräi Remarquen nach zousätzlech vu menger Säit.

Ech mengen, hei an deem Traité, do geet et ëm déi sougenannten „konventionell" Waffen. Et ass erstaunlech, wann een da liest, datt och dodrënner zum Beispill Fligeren, Helikopteren, Booter an esou weider falen, well dat, wat ee sech eigentlech gewéinlech drënner virstellt, wann een u Waffen denkt, denkt een natierlech un déi méi sougenannten „kleng" Waffen, déi konventionell Waffen, wat am englesche Sproochgebrauch „small arms and light weapons" heescht. An datt een awer och muss wëssen, datt weltwäit nach haaptsächlech duerch déi Waffen déi meeschten Doudesaffer ze bekloe sinn, sief dat, datt dat am Krich oder a Konflikter ass, sief dat, datt dat duerch Kriminalitéit ass an esou weider.

An d'Geschäft mat deene sougenannten „klenge" Waffen ass risegrouss op der Welt. Et gëtt iwwer dausend Fabriken, hunn ech mer nosiche gelooss, déi an iwwer honnert Länner esou Waffe produzéieren. Et muss een och wëssen, ronn 30 Länner an Europa produzéieren där kleng Waffen. Ënner anerem Länner wéi Frankräich, England, Italien gehéiere mat zu deene gréisste Produzenten ebe vun deene ganz déidleche Waffen. Et gëtt och geschat, datt am Joer ronn aacht Milliarden Ëmsaz gemaach gëtt un Dollar. Aacht Milliarden Dollar Ëmsaz bei deene klenge Waffen a Munitioun.

Fir nach e puer Zuele vläicht hei ze bréngen, déi net oninteressant sinn: Pro Dag stierwe ronn 1.500 Leit op der Welt duerch déi kleng Waffen, sief dat a bewaffnete Konflikter - mir hate virdrun an der Motioun iwwer Nigeria Rieds, oder op aner Plazen -, sief dat awer och, wéi gesot, am Kader vun der Kriminalitéit. Vill anerer ginn doduerjer och verletzt.

Am Moment sinn esou vill Waffen a Munitioun am Ëmlaf, datt et géif duergoen, fir datt all Mënsch op der Äerd eigentlech zweemol kéint erschoss ginn, wann ee géif eng Kugel gebrauchen. Ech mengen, et ass och esou, déi kleng Waffen, déi si méi einfach ze manipuléieren, si méi einfach och ze transportéieren, si méi einfach, fir mat deenen eben och illegalen Handel ze bedreiwen. Et ass méi schwéier, wann ee muss e Boot oder e Panzer op eng aner Plaz bréngen. Datt dat also och do méi eng einfach Aart a Weis ass, fir déi Waffen eben dann och ze schmuggelen.

Ech mengen, duerfir ass et immens wichteg, all dat Leed, dat duerch esou Waffen op der Welt entsteet, datt een onbedéngt, och wann een d'Produktioun, dat ass virdrun och grad gesot ginn, datt heiduerjer net d'Produktioun reduzéiert gëtt, mä datt een awer op alle Fall den Handel mat deene Waffe strikt kontrolléiert, fir eben iwwerall op der Welt d'Liewen ze schützen.

D'DP begréisst natierlech ausdrécklech dësen Traité. Ech wëll och soen, datt mer an der Vergaangenheet als Fraktioun, oder eng Rei Memberen aus eiser Fraktioun net ontäteg waren an och emol déi eng oder déi aner parlamentaresch Initiativ geholl hunn. Ënner anerem hat schonn, an ech mengen, dat war am Joer 2004 oder 2005, de Charles Goerens och nach eng Kéier eng Motioun am Numm vun eiser Fraktioun erabruecht hat, ënner anerem géint d'Streebommen.

Ech mengen, wat kloer ass, dat ass och scho gesot ginn, hei kommen elo transparent Regelen, transparent Prozeduren eran, fir datt ee soll évitéieren, datt eben all déi Waffen, déi an der Circulatioun sinn, datt se net iwwer Détournementer op de Schwaarzmarché kommen an dann eben op déi Plaze kommen, wou mer se net wëllen hunn.

Och mir hei zu Lëtzebuerg si concernéiert duerch deen Traité. Mir mussen eng national Ulafstell op d'Bee kréien. Et ass awer kloer, mir wëssen alleguer, hei zu Lëtzebuerg gi keng Waffe produzéiert. Mir kënnen awer emol als Transitland och a Fro kommen. Ech mengen, egal wéi, et ass ze begréissen, datt mer endlech deen Traité hunn. Et huet vill ze laang gedauert.

Op där anerer Säit wëll ech awer och, an dat ass mäi Schlusswuert, soen, datt et awer och utopesch ass, fir ze mengen, datt duerch deen Traité all Problemer geléist sinn. Mir begréissen awer och, datt mer als Lëtzebuerg mat bei deenen éischte Länner sinn, déi dee ratifizéieren. Mir mussen eis awer bewosst sinn, datt och weiderhin den illegalen Handel net aus der Welt geschaf wäert sinn, datt mer also och an Zukunft nach weider aner Aktiounen, nach weider aner Traitéë wahrscheinlech mussen op d'Bee bréngen, fir datt dat iergendeng Kéier hoffentlech definitiv dann och kann effizient kontrolléiert ginn.

Déi puer Remarquë gemaach, géif ech och den Accord natierlech vu menger Fraktioun heizou abréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner huet den Här Claude Adam d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt dem honorabele

Rapporteur Merci soen, dem Marc Angel, fir säin ausféierleche schréftlechen an och säi ganz ausféierleche mëndleche Rapport. Ech hunn awer d'Gefill, wéi wann ech der grénger Partei, der grénger Fraktioun a menger eegener Biografie et schëlleg wier, fir och selwer eng Analys vun deem Gesetz hei ze maachen.

All Minutt stierft e Mënsch duerch Waffegewalt. Dat sinn eng hallef Millioun Mënschen all Joer. Honnertdausende gi mat Waffe bedroht, ënnerdréckt, verletzt. Et gëtt kloer international Regelen, wat den Handel mat Banannen, Kotteng an Autoen ugeet, mä et gëtt keng, bis elo nach keng, iwwert d'Liwwerung vu Maschinnepistoulen, Panzeren an aner konventionell Rüstungsgidder.

Duerfir sinn ech natierlech frou, och am Numm vun der grénger Fraktioun, datt mer dann dat Ofkommes éischtens hate vun der UNO an datt mir dat dann haut och kënnen an eis Législatioun aschreiwen.

Dat Ofkommes hat bei der UNO eng laang Virlafzäit, dat huet de Rapporteur-President och richteg gesot. Schonn am Dezember 2006 huet d'UNO-Generalversammlung beschloss, d'Machbarkeet, den Ëmfang an d'Regele vun engem Ofkommen iwwert den internationalen Handel mat konventionelle Waffen ze ënnersichen. Den 2. Abrëll 2013 haten d'UNO-State mat enger iwwerwältegender Majoritéit esou ee Waffenhandelsofkommes verabschit. An deem Ofkommes gi Waffeliwwerunge verbueden, wann déi fir de Vëlkermord, Verbrieche géint d'Mënschlechkeet oder Krichsverbrieche solle benotzt ginn an dozou bäidroen.

Dat war een historesche Moment, an deen historesche Moment, wéi gesot, hat e laange Wee. An dee sollt och nach am leschte Moment verhënnert gi vu State wéi Iran, Nordkorea a Syrien. Déi haten nach probéiert, dat Ofkommes ze torpedéieren. Trotzdeem, den ausgehandelte Vertragstext ass an d'UNO-Generalversammlung komm, wou en net méi huet missen eestëmmeg beschloss ginn, mä eben, wéi gesot, mat enger grousser Majoritéit.

Beim Waffenhandel sinn natierlech, wéi bei all anerem Geschäft, och vill ekonomesch Interessen, an dat ass och ëmmer e Machtspill vun de Waffeproduzenten. Duerfir ass den Ofschloss e groussen Erfolleg vun der Zivilgesellschaft, déi jorelaang fir dat Ofkommes gekämpft huet, an och vun deene Regierungen, déi dat Ofkommes ënnerstëtzt hunn. Dat ass wierklech e grousse Succès.

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, et gëtt Beispiller genuch iwwert de Mëssbrauch vu Waffen. Wat zum Beispill 2012 am Mali geschitt ass, dat huet eis och däitlech virun Ae gefouert, wéi eng Gefore bei der onkontrolléierter Proliferatioun vu Kleng- a Liichtwaffe leien. Nom Stuerz vum libysche Regime konnten déi deemoleg Söldner vum Gaddafi ongehënnert héichmodern Waffen an déi fragil Nopeschlänner exportéieren. Et gi weltwäit Millioune Maschinnegewierer a -pistoule produzéiert an an Ëmlaf bruecht, an net ëmsoss ginn och dës Waffen als d'Massevernichtungswaffe vum 21. Jorhonnert bezeechent.

Virun dësem Hannergrond ass et e groussen Erfolleg, datt och kleng Waffen a liicht Waffen an dësen Traité opgeholl gi sinn. Dat war och net ëmmer einfach. Ënner anerem d'USA haten dat net fuerchtbar gär. Déi eenzel Formuléierungen am Vertrag si leider net ganz prezis, si sinn e bësselche vag. De Wuertlaut entsprécht éischter engem politeschen Dokument, wéi engem verbindleche Vertragstext.

Mä mir mengen, dat ass de Präis, dee muss bezuelt ginn, wann ee gäre méiglechst vill an och méiglechst déi wichteg Staten, déi een ebe brauch, fir datt esou ee Vertrag och Sënn mécht, fir datt een déi mat an d'Boot kritt.

Natierlech wier et och schéi gewiescht, wann een den Uwendungsberäich vun dësem Ofkommes och op de Waffenhandel mat de Privaten ausgedehnt kritt hätt - Mexiko hat do eng Initiativ ënnerholl -, dann hätt een e prinzipiellt Verbuet fir de Waffenhandel kënnen ausschwätzen. Déi Fuerderung wier wahrscheinlech zu gudder Lescht ënner anerem och vun den USA net ënnerstëtzt ginn.

Trotzdeem, deen Handel, dee mer hei hunn, ass en Erfolleg. Et ass e groussen Erfolleg och, datt d'Mënscherechter implementéiert sinn als entscheedende Kritär, fir iwwert d'Legitimitéit vu Waffenhandel ze décidéieren. Eleng d'Tatsaach, datt dëse Vertrag zustane komm ass an datt d'Staten unerkannt hunn, datt et eng Wiesselwierkung tëschent Waffenhandel a Fridde gëtt, ass e wichtege Schratt an déi richteg Richtung.

Datt dee Vertrag mat enger grousser Majoritéit ugeholl ginn ass, ass zu gudder Lescht, an ech sinn och frou, datt de Rapporteur dat och ernimmt huet, ee Verdéngscht vun den ONGen, vun enger ganzer Unzuel vun engagéierte Leit an Aktiounsbündnisser, déi méi wéi zéng Joer laang sech fir dee Vertrag agesat hunn.

Schlussendlech war den ëffentlechen Drock fir esou en Ofkommes grouss genuch, datt och eben déi Länner, déi duerch deen Handel och haut nach ëmmer profitéieren - Russland, China, USA -, dee Vertrag net méi konnten oder wollte boykottéieren. An, wéi gesot, et ass jo elo an Aussiicht gestallt, datt och mat Hëllef vu Lëtzebuerg mer geschwë bei deene 50 State sinn, déi dann och maachen, datt de Vertrag a Kraaft trëtt.

Ech soen Iech Merci an ech bréngen d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Adam. Als Nächsten huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, och vun eiser Säit e grousse Merci un den Här Angel fir de Rapport. Mir freeën eis selbstverständlech, mengen ech, wéi jiddwereen heibannen, iwwert dësen Accord a mir stëmmen dee ganz gär mat.

Mä an deene Kommentaren, déi meng Virriedner gemaach hunn, sinn e puer Elementer, déi ganz sécher och eng Diskussioun verdéngen.

Den Här Angel hat et gesot, anerer och, datt d'ONGen eng grouss Roll gespillt hunn an dëser Verhandlung duerch d'Initiatioun an och hu se dee begleet am Laf vun de Verhandlungen. Et kann ee sech elo d'Fro stellen: Wéi eng Lektioune kënne mir zéien op d'Qualitéit, op d'Fonctionnéiere vun der Diplomatie duerch eng grouss Participatioun vun där sougenannter „Zivilgesellschaft"?

Sécher, se hunn en initiéiert. Op där anerer Säit musse mer awer och feststellen, datt mer a verschidde Beräicher ëmmer méi Traitéen hunn, déi eigentlech net déi State bannen, déi haaptsächlech concernéiert sinn. Mir hunn elo an dësem Traité, dee mer haut hei ratifizéieren, zum Beispill net Russland derbäi, mir hu bis elo net China derbäi, mir hunn net Indien derbäi, wat awer grouss Acteure sinn. Mir hunn an aneren Traitéen, wéi de Kyoto-Protokoll, grouss Acteuren net derbäi. Mir hunn an der Ottawa-Konventioun iwwert d'Landminnen d'USA net derbäi.

Dat heescht, mir musse kucken, datt mer awer eis froen: Maache mer Traitéë fir eist gutt Gewëssen? Maache mer Traitéë fir de Westen? Maache mer Traitéen, fir Lobbyen ze befriddegen? Oder probéiere mer, an der Form vun enger effikasser Diplomatie déi Kompromësser, déi Formuléierungen ze sichen, déi eng gréisstméiglech Zuel vu Staten awer mat u Bord huelen, fir d'Effikassitéit vum Traité ze garantéieren?

Dat ass also eng grondsätzlech Fro, wou mer och net wëssen elo zum Beispill, ob d'USA dësen Traité wäerte ratifizéieren oder net. D'Republikaner si skeptesch. Et gëtt an den USA och grouss Resistenzen. Mir mussen also kucken, wat d'Zukunft vun dësem Traité ass.

Eng zweet Fro, déi ee sech muss stellen: Niewent dem Fonctionnéiere vun der Diplomatie bei esou Saachen, ass d'Implikatioun vun den ONGe gutt fir d'Qualitéit vun de Formulatiounen an engem Traité? Och do muss een oppassen, datt een net Lobbye bedéngt, datt een net ze vill spezifesch gëtt, mä datt een och grondsätzlech Rechtsprinzipie respektéiert, fir d'Qualitéit vun engem Vertragstext héichzehalen.

Zum Beispill net eenzel Kategorie géintiwwer anere privilegéieren. Et gëtt jo e Rechtsprinzip, dee seet „expressio unius est exclusio alterius", a wann een dat net respektéiert, huet ee ganz séier eng Situatioun, wou Verschiddener sech an hire Rechter géintiwwer aneren diskriminéiert fillen. An zu Recht.

Och muss ee kucken, datt, wann ee spezifesch, wann een ze vill spezifesch gëtt an engem Traité, een net a Kontradiktioun mat aneren internationale Rechtsinstrumenter geréit, wéi zum Beispill dem „ius in bello", deen hei am konkrete Fall duerch d'Genfer Konventioune beréiert gëtt.

Vläicht nach e Wuert iwwert d'national Ëmsetzung. Mir musse kucken, datt mer och hei eng Einfachheet hunn, eng Simplification administrative. Mir hunn ëmmer méi „arms control instruments". Am wäiteste Sënn gehéiert och dësen Text dozou. A mir musse kucken, datt mer eng Plaz am Land hunn, un déi déi Leit, déi Exportlizenzen, Transfertlizenzen, wat och ëmmer brauchen, sech adresséieren, ob dat elo fir Komponente vu ballistesche Missilen ass am nukleare Beräich, biologesch, bakteriologesch, konventionell Waffen, wat och ëmmer. Mä mir brauchen eng Plaz, déi gutt outilléiert ass, mat kompetente Leit, an net verschidden Ulafplazen, wou een herno dann net méi weess, als méiglechen Exportateur oder anere concernéierten Agent, wou ee sech soll hin adresséieren.

Vläicht nach e lescht Wuert iwwert d'Kompetenze vun der Unioun. Mir hunn an dësem Text jo gesinn, datt d'Unioun, zum Deel wéinstens wor dat hir Rechtsinterpretatioun, beréiert ginn ass duerch exklusiv Kompetenzen am Beräich vum Handelsrecht. D'Fro stellt sech awer, notamment wann ee kuckt, datt d'Unioun jo och eng eegen Identitéit am Beräich vun der Verdeedegung wëllt weiderentwéckelen, wou genau d'Kompetenze vun der Unioun leien a wou nach déi vun de Memberstate bleiwen.

Sécher ass, datt hei muss eng grouss Rechtssécherheet bestoen, notamment an engem Beräich vu strategescher Wichtegkeet, an datt d'Unioun sech net ka Kompetenzen arrogéieren, déi den Nationalstate gehéieren, an datt et och ganz zweifelhaft ass, datt do an dëse Beräicher eng Décisioun um Conseil eng Ratifikatioun muss autoriséieren a Beräicher, wou d'Unioun u sech keng eege Kompetenzen huet.

Also, et si ganz schwiereg rechtlech Froen, déi sech do stellen. Mir plädéiere fir d'Entwécklung vun enger europäescher Dimensioun an der Verdeedegung, och an der Verdeedegung als europäesche Pilier an der NATO. Mä dat Ganzt muss sech ëmmer op engem groussen Terrain vu Rechtssécherheet bewegen an och d'Prärogative vun de Memberstaten an deem Beräich musse respektéiert bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- „Entweder mir schafen d'Rüstung of, oder d'Rüstung schaaft eis of", dat sot den Helmut Gollwitzer, een evangeleschen Theolog a Sozialist aus Bayern. Eigentlech ass et net méiglech, a Wierder ze beschreiwen, wat mat Waffen, Krich a Rüstung vu Leed an Onrecht an dëser Welt geschafe gëtt. Duerfir ass et ëmsou méi wichteg, ze handelen, esou wéi Millioune vu Leit a Friddensaktivisten dat zënter engem Jorhonnert maachen.

Ech däerf drun erënneren, datt Fridden, Brout a Fräiheet d'Basis war vun der Grënnung vun de fräie Gewerkschaften um Ufank vum leschte Jorhonnert. An hir Fuerderung no Fridden, Brout a Fräiheet ass haut nach ëmmer richteg a méi aktuell ewéi jee.

Am 20. Jorhonnert goufen 100 bis 185 Millioune Mënschen duerch Waffen a Krich ëmbruecht. 2013 war dat Joer, wou et op der Welt am meeschte Kricher gi sinn. Ronn 34, net nëmme Kricher vu Länner géint Länner am mannsten, mä Kricher, vill Kricher hu stattfonnt, fir Waffen ze verkafen, ze benotzen an neier ze produzéieren. An ech erlabe mer dann nach den Einstein ze zitéieren, dee gesot huet: „Ech sinn net sécher, mat wéi enge Waffen datt den Drëtte Weltkrich wäert stattfannen. Mä am Véierte Weltkrich wäerte mer mat Steng a Knëppelen openee lassgoen."

De Rapporteur huet et gesot, an duerno och eng Rei Intervenanten, datt de Versuch fir déi Konventioun hei schonn 2006 ugaangen ass, an enger éischter Phas gescheitert ass an eréischt 2013, op Drock vun der Friddensbewegung, notamment vun Amnesty International an Oxfam, endlech konnt ënnerschriwwe ginn.

Déi Konventioun, déi gesäit net d'Ofschafung vun der Rüstungsindustrie a vun der Krichsindustrie vir. Déi Konventioun ass just e klengen, méi längst noutwendege Schrëtt op engem grousse Wee, dee weist, datt den Drock vun der internationaler Gemeinschaft sech lount an datt déi international Gemeinschaft eppes ka maachen, wa se wëllt. Duerfir ënnerstëtze mir och déi Konventioun.

Mir sinn awer och der Meenung, datt een net do ka stoe bleiwen. Mir hunn zum Deel Gesetzer zu Lëtzebuerg, déi méi wäit gi wéi dat, wat an där Konventioun hei virgesinn ass. Ech wëll drun erënneren, datt 2011 déi Lénk, den Hoffmanns Änder op dëser Plaz drop higewisen huet, datt d'Pensiounsfongen, de Fonds de compensation géif versichen, Zënsen an de Streebommen ze kréien. Dat huet zu enger gewëssener Entrüstung gefouert an ass och geännert ginn.

Eis Entrüstung an déi dobausse war gradesou grouss, wéi mir am Januar 2014 gelies hunn, datt d'Regierung wëlles hätt, der CASIC - ee vun deene gréisste Rüstungskonzerner, déi et op der Welt gëtt - hir europäesch Zentral op Lëtzebuerg ze kréien, aus renge Steiergrënn.

Mir kenne CASIC aus zwou Ursaachen. Éischtens, well eng vun hiren Ënnerfirmaen Aktionär ginn ass vun der IEE, déi elektronesch Sensoren hierstellen zu Iechternach. Mä zweetens ass d'CASIC virun allem een Zesummeschloss vu Rüstungskonzerner a China, ee vun deene gréisste Waffeproduzenten, ee vun deene gréisste Produzente vu Massevernichtungswaffen op der Welt, vu Cruise-Missiles, Buedem-Buedem-Rakéiten an all anere Waffen, déi virdrun hei opgezielt gi sinn.

A mir mengen, datt ee muss minimal kohärent sinn a senger Politik. An d'Kohärenz vun der Politik erlaabt et net, fir verbal a konkret géint Waffenhandel, esou wéi mer dat an dëser Konventioun maachen an an anere Gesetzer maachen, virzegoen, an da wëllen esou ee Rüstungskonzern op Lëtzebuerg ze kréien.

Dowéinst stëmme mir net nëmme fir déi Motioun (veuillez lire: Konventioun), mä fir och e Schrack no vir ze goen, brénge mir eng Motioun eran, déi, ech mengen, an Zwëschenzäit verdeelt ginn ass.

Motion 1

Vu la nécessité d'amplifier l'engagement contre la prolifération d'armes et surtout d'armes de destruction massive et d'œuvrer pour leur réduction,

la Chambre des Députés

invite le Gouvernement de mettre un terme à tous les efforts visant à héberger au Grand-Duché de Luxembourg les quartiers généraux européens du consortium chinois CASIC (China Aerospace Science and Industry Corporation), essentiellement actif dans l'industrie militaire.

(s.) Justin Turpel, Serge Urbany.

Déi seet ganz einfach, datt d'Regierung keng weider Efforte soll maachen, fir d'europäesch Zentral vu CASIC op Lëtzebuerg aus Steiergrënn unzesiedelen. Mir mengen net, datt een d'IEE sollt zoumaachen, fir déi Diskussioun direkt virewechzehuelen, well déi jo net an der Waffeproduktioun aktiv sinn, mä mir mengen, datt dee Versuch, fir dee Rüstungskonzern op Lëtzebuerg ze kréien, dat falscht Symbol ass. A mir sollen zesummen dat richtegt Symbol setzen, wann néideg mam Accord vun der Regierung, fir déi Efforten opzeginn, fir esou Saachen zu Lëtzebuerg unzesiedelen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. An d'Wuert huet den Ausseminister, den Här Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zwielef Milliarden, dat ass d'Zuel vun de Kugelen a vun der Munitioun, déi all Joer produzéiert gëtt. Dat geet duer, dass all Mënsch op dëser Welt zweemol ëmbruecht gëtt. Aacht Milliounen, déi Zuel ass gefall, ass d'Zuel vun de Klengkaliberwaffen a vun de liichte Waffen, déi all Joer produzéiert ginn, an 2.000 ass déi duerchschnëttlech Zuel vun Doudegen, déi all Dag - all Dag - uechtert d'Welt duerch dës Waffen ëmkommen.

Et kann ee soen, dass déi Klengkaliber- a liicht Waffen déi modern Massevernichtungswaffe sinn.

De weltwäite Waffenhandel blitt haut onkontrolléiert an hëlt op ville Plaze ronderëm d'Welt irresponsabel Formen un. Den Handel vu konventionelle Waffen, dat wësse mer all, verlängert d'Konflikter, verschlëmmert d'Gewalt an huet och dacks als Konsequenz, dass massiv Déplacementer vun Ziviliste stattfannen. Virun allem sinn et Fraen a Kanner, déi ënnert de Konsequenze vun dësem onverantwortlechen Handel leiden. A ganz ville Fäll gëtt och d'Krichsrecht, oder, fir et méi positiv ze soen, den Droit humanitaire net respektéiert.

Nun, Här President, d'Zuele vun Amnesty beleeën, dass ongefäier dräi Véirel vun de Waffenexportatiounen op d'Kap vun den USA, Russland, Däitschland, dem Vereenegte Kinnekräich, China a Frankräich ginn. Mir mussen eis virstellen, dass de Revenu vun den dräi Topländer USA, Russland an Däitschland net manner wéi 600 Milliarden US-Dollare sinn am Joer.

Här President, no 20 Joer, déi vu globale Campagnë gezeechent waren, huet, wéi Der wësst, d'Assemblée générale vun den Nations Unies den 2. Abrëll 2013 mat ganz grousser Majoritéit - 154 Länner waren derfir, dräi dergéint an 23 hu sech enthalen - ee Vertrag gestëmmt, fir den internationale Waffenhandel ze reguléieren. Dëst ass am Fong en immens grousse Succès, an et ass e puermol hei gesot ginn, do muss ee soe Chapeau, well ganz vill ONGe sech immens fir dëse Projet mobiliséiert hunn.

D'Konferenz huet Enn Mäerz 2013 stattfonnt, an do ass et gelongen, e Vertrag auszehandelen, dee souguer bal deemools mat Konsens hätt kënnen adoptéiert ginn. Mir hunn eis staarkgemaach als Lëtzebuerg fir deen Traité. Et

ware leider dräi Länner, déi dee Konsens gebrach hunn; Dir kennt se: Nordkorea, Syrien an den Iran.

Zënterhier hunn 118 Staten den Traité ënnerschriwwen an 32 hunn e bis elo scho ratifizéiert. Japan huet den 9. Mee 2014 als leschte Stat seng Ratifikatiounsinstrumenter zu New York ofginn.

Mir musse versichen, de Momentum vun dëse Ratifikatiounen oprechtzëerhalen, soudass den Traité méiglechst séier a Kraaft triede kann, an dozou si 50 Ratifikatiounen noutwendeg. Mir si mat enger ganzer Rei vun anere Länner ënnerwee, fir den 3. Juni 2014, elo dem éischten Anniversaire vun der Ouverture fir d'Signature, zu New York eist Instrument ofzeginn a mat e bësse Chance, dass mir mat 18 anere State kéinten also dozou bäidroen, dass da fréiestens den 3. September 2014 déi Konventioun a Kraaft wier.

Nun, Här President, d'Ratifikatiounsaarbechte schleefen an Amerika, dat stëmmt, wat hei gesot ginn ass, mä et ass awer e Liichtbléck do a China. A China schéngt lues a lues en Ëmdenken ze kommen an eng Signature vum Traité gëtt seriö a Betruecht geholl.

Natierlech geet dat elo net honnertprozenteg duer. Et bleiwen Zweifelen, Interpretatiounsdifferenze wäerten et ginn. Mä mir musse wëssen, Här President, dass Konflikter an Onstabilitéit gelidden hunn, wou staatlech Strukture schwaach waren, wou déi opgestallt ginn. Duerfir kënnt eng besonnesch Responsabilitéit op déi Staten duer, déi iwwer staark sougenannt „Exportkontrollmechanismen" verfügen, dass si hiert Kënnen, hire Wëllen awer och an hiert Wëssen op deem Domän un déi méi schwaach State kënne weiderginn an dat mat deene partagéieren.

D'Europäesch Unioun an hir Memberstate sinn duerfir amgaang, ee Programm auszeschaffen, fir méi schwaache Staten ze hëllefen, hir staatlech Autoritéiten ze stäerken, soudass si an Zukunft de Waffenhandel vill besser kënnen an de Grëff kréien. A genau aus deem Grond ass et och wichteg, dass den Traité vun esou vill wéi méiglech Staten adequat ëmgesat gëtt.

Ech rappeléieren op dëser Plaz, dass dëst, wéi et och schonn hei erwähnt ginn ass, keen Ofrëschtungsvertrag ass, mä e Vertrag, deen den Handel vu konventionelle Waffe wéinstens soll reguléieren. Et kënnt also drop un, dass esou vill wéi méiglech Acteuren den Traité applizéieren an de Waffenhandel also vill méi streng kontrolléieren, soudass deen illegalen Handel mindestens ka gestoppt ginn.

Wat versteet een eigentlech ënner konventionelle Waffen? Dat si weder biologesch Waffen nach chemesch Waffen nach selbstverständlech nuklear Waffen oder radioaktiv Waffen, déi jeeweils an engem internationale Vertrag reguléiert sinn. Mä konventionell Waffe sinn net nëmme Klengkaliber. Konventionell Waffe si Panzeren, si militäresch Ween, sinn Artilleriesystemer, si Fligeren, sinn Helikopteren, si Schëffer, si Rakéiten, sinn och Rakéitesystemer, also, an da kleng Waffen a liicht Waffen.

Et ass ervirzeträichen, dass de Vertrag iwwert de Waffenhandel och d'Munitioun, an dat ass ganz wichteg, couvréiert, och e grousse Succès vun där Konferenz, an dass trotz laanger, onerbittlecher Oppositioun virun allem vun Amerika sech awer do konnt duerchgesat ginn.

Nun, zu deenen nationale Mesuren, déi och hei ugeschnidde gi sinn. Wat bedeit dësen Traité elo fir eis, fir Lëtzebuerg? Mir wësse jo alleguerten, dass mir weder eng Militärmuecht sinn nach wäerten eng ginn a mir stellen och weder Panzeren hier nach Kampfjetten. An trotzdeem gesäit dee Projet hei eng Rei Verflichtungen och fir eis vir.

Den Transfert, dat ass gesot ginn, muss refuséiert ginn aus verschiddene Grënn. Éischtens emol, wann dësen Transfert eng Décisioun vum UNO-Sécherheetsrot oder enger anerer internationaler Verflichtung am Kontext vum Contrôle an der Reguléierung vun de Waffe géif violéieren.

Wann an dësem Transfert ee substanzielle Risiko besteet, dass de Fridden an d'Sécherheet vum Destinatiounsland menacéiert ass oder seng Instabilitéit géif provozéieren.

Wann et d'Crainte och gëtt, dass dësen Transfert zu Mënscherechts- oder Krichsverletzunge kéint bäidroen oder zu engem Génocide kéint féieren.

An och, wann et d'Crainte gëtt, dass dës Waffe géifen a falsch Hänn geroden.

En vue vun enger adequater Ëmsetzung vun den Dispositioune vum Traité wäerte mir also elo um Niveau vu Lëtzebuerg hei eng nei Gesetzgebung musse schafen, fir eis Kontroll vun den Exportatioune virun allem an och vun den Transite vu konventionelle Waffen ze stäerken. Dës Gesetzgebung wäert an den nächste Wochen hei an der Chamber dann och déposéiert ginn a wäert souwuel d'Dispositioune vum Vertrag iwwert de Waffenhandel wéi och vun der europäescher Législatioun iwwert d'Biens à double usage op nationalem Plang ëmsetzen.

Allerdéngs, déi sougenannten „Biens à double usage", déi also fir zivil a militäresch Zwecker benotzt kënne ginn a vun deenen eng Rei hei zu Lëtzebuerg produzéiert ginn, falen net ënnert d'Dispositiounen direkt vum Traité, mä eis nei Gesetzgebung wäert dës Produkter trotzdeem couvréieren, fir ze verhënneren, dass dës mëssbraucht gëtt.

Dës Gesetzgebung wäert des Weideren een interministeriellen Aarbechtsgrupp schafen, dee wäert responsabel sinn, fir d'Exporter aus an och d'Transiten duerch Lëtzebuerg vu konventionelle Waffen ze evaluéieren, notamment fir esou fréi wéi méiglech kënnen erauszefannen, wou dës Waffe sollen higoen a wiem se solle geliwwert ginn a wouzou se dann och gebraucht ginn. An dësem Aarbechtsgrupp wäerte Vertrieder vum Ausseministère, vun der Douane, vum Office des Licences, vun dem Justizministère och sinn a wäerten och kënnen op extern Expertisen zréckgräifen. Dir kënnt Iech virstellen, dass et selbstverständlech eng ganz komplex Matière ass.

Nun, als Konklusioun, Här President, géif ech soen, op onsem Planéit, an dat ass och an enger Form hei ugeklongen, gëtt et jo verschiddenaartegst Marchandisen. Si si geregelt, an och Gidder, Banannen, an och Dinosauriersschanken, schonn zënter Jorzéngten, ausser de konventionelle Waffen, wat ech elo grad explizéiert hunn. Dëst war, déi konventionell Waffen an den Handel, ëmmer d'Spillwiss vun de Groussmuechten an dëser Welt, déi mat ville Moyene sech dat souveränt Recht virbehalen hunn, dës Waffen ze handelen, wuelwëssend, wat d'Konsequenzen dovunner sinn.

Zënter Abrëll 2013 läit also dëse Vertrag um Dësch, deen dëse grave Mëssstand endlech kéint behiewen an de Waffenhandel kéint responsabiliséieren doduerch, dass mer juristesch contraignant Regelen ausschaffen.

Nach ass dëse Vertrag net a Kraaft getrueden. Och no enger Entrée en vigueur muss derfir gesuergt ginn, dass méiglechst vill Länner d'Dispositioune vum Vertrag méiglechst prezis ëmsetzen, soudass den Traité gräift a mir dëse Fléau ee fir alle Mol mindestens an de Grëff kréien.

Et ass ee gudden Traité, an ech sinn och stolz drop, houfreg drop, dass Lëtzebuerg bei de Verhandlunge konnt säin Deel dozou bäidroen. Et ass och esou, dass ech iwwerzeegt sinn, Här President, dass d'Chamber wäert dat Gesetz hei stëmmen an dass mir e klengt Stéck haut de Mëtteg gemaach hu fir eng méi friddlech Welt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Asselborn.

Domat si mir um Enn vun eiser Diskussioun a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6608 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6608 ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci villmools.

Motion 1

Da si mir nach saiséiert mat enger Motioun, déi vum honorabelen Här Turpel deponéiert ginn ass. Ech mengen, den Här Turpel huet d'Motioun motivéiert.

Wëllt d'Regierung dozou Stellung bezéien?

Den Här Asselborn huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Jo, also, Här President, ech fanne mech net an der Lag, mä d'Chamber ass natierlech souverän doranner, fir hei an enger Motioun, déi spontan op den Dësch kënnt, eng chineesesch Firma, déi am Aérospatial täteg ass, vu vireran ze stempelen, wéi wann et eng Firma wier, déi géint déi Konventioun hei géif verstoussen oder am Kader vun dëser Konventioun hei dat géif maachen.

Ech wëll just drun erënneren, dass mir jo och an Europa een Aérospatial hunn, dee sech weise léisst, an deem mir och als Lëtzebuerg eis elo engagéiert hunn. Also, ech géif op jidde Fall d'Chamber bieden, dat heiten net ze stëmmen.

Wann et géif Problemer gi mat enger Firma, egal vu wat fir enger Nationalitéit, da solle mir dat ënner Spezialiste kucken a selbstverständlech dann och eis Meenung doriwwer bilden, mä mir kënnen net hei einfach d'Schwäert erofloossen iwwer eng Firma, déi mir heihinner geluecht kréien an déi am Aérospatial täteg ass.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Asselborn. Den Här Angel huet d'Wuert gefrot.

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Jo, ech ka mech de Wierder vum Här Minister nëmmen uschléissen, well ech och fannen, dass et e bëssen och ënnerschwelleg kléngt, wéi wann elo all Firma, déi am Aérospatial täteg ass, haaptsächlech militäresch täteg wier.

Mir hunn och virdrun iwwert d'Biens à double usage geschwat. Mir kréie jo do nach eng Diskussioun och hei am Haus doriwwer an engem anere Kontext. An och dofir fannen ech, solle mir déi Motioun hei net stëmmen, well mir och wëssen, grad an Europa ass déi Industrie aérospatiale ee vun de Standbeener vun der europäescher Industriepolitik. An dofir, well dat hei esou ënnerschwelleg duerchkléngt, wollt ech mech och géint déi Motioun hei ausschwätzen.

M. le Président.- Weider Wuertmeldungen ausser dem Auteur?

Dat ass net de Fall, da géif ech dem Auteur d'Wuert nach ginn.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Zwou Kloerstellungen. Déi éischt, dat ass déi, d'Motioun seet net, déi Firma géif d'Konventioun net respektéieren. Ech hu virdrun erklärt, et géif drëm goen, et muss een och méi wäit goen, well mir hu jo och zu Lëtzebuerg aner Gesetzer, an hei geet et ganz kloer, fir déi, déi de Site eng Kéier gekuckt hunn, wéi déi Diskussioun opkomm ass am Januar, datt dee Konglomerat hei géif ugesiedelt ginn, hei geet et net einfach ëm Aérospatial, hei geet et wierklech ëm eng héichtechnologesch Waffenindustrie. An een, deen de Site kuckt, déi zéng éischt Biller si Cruise-Missiles an eng ganz Rei aner Waffesystemer, onbemannten Drohnen an esou weider an esou fort. Also, ech ginn elo do net an den Detail eran.

Wann elo Zweifelen hei solle sinn, wat déi Firma wierklech ass, da géif ech proposéieren, an ech géif hoffen, Dir wiert domadder d'accord, datt mir d'Motioun fir d'Éischt géifen an déi zoustänneg Kommissioun ginn, fir datt déi factuel Lag kéint gekläert ginn. A wann déi factuel Lag da gekläert ass, da kann een en connaissance de cause dat maachen. Jiddwereen, dee sech domadder ofginn huet, kennt d'Cause. Ech mengen, déi Meescht vun Iech och. An ech fannen, par rapport zu esou Rüstungskonzerner solle mir wierklech eng kloer Positioun hunn. Et geet jo emol net ëm de Verbuet vun deenen hiren Aktivitéiten. Et geet just drëm, datt mir déi net op Lëtzebuerg fir en Headquarter huelen aus steierlechen Nischenursaachen.

M. le Président.- Ech mengen, et ass alles gesot. Ech géif zum Vote iwwergoen iwwert d'Motioun.

Vote sur la motion 1

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. Enn vum Vote.

Et hu 57 Deputéierten um Vote deelgeholl: 54-mol Neen an dräimol Jo.

Domadder ass d'Motioun mat grousser Majoritéit ofgelehnt.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 55 voix contre et 2 voix pour.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen dann zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et ass de Projet de loi 6556 betreffend eng Rei vu Modifikatiounen un eisem Steiergesetz. D'Wuert huet d'Rapportrice, déi honorabel Madame Joëlle Elvinger. Madame Elvinger.

10. 6556 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, iwwert deen ech Iech hei de Mëtteg de Rapport maachen, ass de 15. Mäerz 2013 vum deemolege Finanzminister déposéiert ginn. De 4. Mäerz vun dësem Joer huet d'Finanz- a Budgetskommissioun sech mam Gesetzesprojet a mam Avis vum Statsrot befaasst an deeselwechten Dag sinn ech och Rapporteur genannt ginn. De schréftleche Rapport ass den 29. Abrëll an der Finanzkommissioun ugeholl ginn.

Här President, et geet bei dësem Gesetzesprojet ëm Ännerunge vu verschiddenen Dispositiounen an eisem Steierrecht, déi net konform zu de Regele vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun sinn. Duerch dëse Gesetzesprojet gëtt d'Gesetz vum 4. Dezember 1967 iwwert den Impôt sur le revenu ofgeännert, esou wéi och déi ofgeännert Loi générale des impôts vum 22. Mee 1931, also d'Abgabenordnung.

Et geet hei ëm d'Imposition à la sortie, déi sougenannten „exit taxation". Am Fall, wou eng Entreprise hire Sëtz oder den Établissement stable vu Lëtzebuerg an en anert Land vum europäeschen Handelsraum verleet an de Steierzueler Propriétaire dovu bleift, huet de Lëtzebuerger Stat d'Recht, als Pays de sortie, de Montant vun der Besteierung vun de latente Plus-valuë festzesetzen. Et handelt sech hei ëm d'Opdecken an d'Besteierung vu latente Plusvaluen, déi während der Period, wou de Betrib zu Lëtzebuerg usässeg war, ugefall sinn, am Kader vum Transfert vun der Entreprise, dem Établissement stable oder vun isoléierten Aktiven an en anert Land, dat och Member vum Accord iwwert den europäeschen Handelsraum ass a wou de Steierzueler d'Propriétéit net ofgëtt.

Bei de Memberlänner vum europäeschen Handelsraum handelt et sech ëm alleguer d'EU-State plus Island, Liechtenstein an Norwegen. D'Steier erfält am Moment vum Transfert vun der Entreprise an dat anert Land, a wat d'Erhiewe vun der Steier betrëfft, besteet am Fall vun engem Transfert an en anert Land vum europäeschen Handelsraum d'Optioun, déi Steier direkt opzehiewen oder e Sursis de paie-

ment vun der Créance, déi duerch d'Besteierung vun der latenter Plus-value entstanen ass, ze accordéieren. De Sursis ass awer momentan nach u verschidde Kritären a Garantië gebonnen an ënnerläit soumat der Appréciatioun vun der Steierverwaltung.

De Problem, un deem sech d'Europäesch Kommissioun stéisst, läit bei de Kritären, un déi de Sursis gebonnen ass, an also um Zäitpunkt vum Erhiewe vun de fällege Steieren. D'Europäesch Kommissioun huet och schonn de 27. September 2012 eng Mise en demeure u Lëtzebuerg gemaach. Den europäesche Prinzip vun der Liberté d'établissement erfuerdert nämlech, dass d'Netrésidenten an d'Résidentë gläichbehandelt ginn, wann hir Entreprise oder den Établissement stable an en anert Land vum europäeschen Handelsraum transferéiert gëtt.

Här President, fir dëser Situatioun en Enn ze setzen, gesäit de Gesetzesprojet zwou Mesurë vir. Éischtens, de Steierzueler, deem seng Entreprise transferéiert gëtt, kann eng Demande maachen, fir e Sursis vum Recouvrement ze froe vun de fällege Steieren. Sou gëtt d'Méiglechkeet geschafen, fir d'Steieren op der Plus-value vum Betrib eréischt nom Transfert ze bezuelen, an net direkt am Moment, wou d'Entreprise an d'Ausland transferéiert gëtt an eist Land verléisst. De Steierzueler ka soulaang vun deem Sursis bénéficiéieren, wéi e Propriétaire vun den transferéierte Biene bleift a Résident vun engem Memberstat vum Espace économique européen bleift.

Sou ass eis Steierlégislatioun kompatibel mat de Regele vum Traité vun der EU an net méi am Konflikt mat der Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff, déi eng Gläichbehandlung vun allen EU-Bierger fuerderen. Et erfalen am Fall vum Sursis och keng Intérêts de retard.

Zweetens gesäit dëse Gesetzestext och nach eng Erweiderung vum Artikel 54 vum modifiéierte Gesetz vum 4. Dezember 1967 vir. Mir sinn hei am Fall, wou eng Plus-value realiséiert gëtt duerch de Verkaf vun enger Immobilisatioun, entweder engem Gebai oder engem Aktiv, deen net amortissable ass. Dës Plus-value kann dann op aner Immobilisatiounen, déi ee mam Verkafspräis vun der viregter Sessioun kaaft huet, iwwerdroe ginn. D'Plus-value gëtt esou net direkt besteiert, mä gëtt eréischt besteiert, wann déi nei Immobilisatioun cédéiert gëtt oder wann d'Entreprise verkaaft gëtt.

Dëse Report ass awer momentan nëmme méiglech, wann d'Plus-value an eng Immobilisatioun investéiert gëtt vun enger Entreprise, déi hiren Établissement stable zu Lëtzebuerg huet. Wann dëse Réemploi sech bis elo huet missen op eng Entreprise bezéien, déi zu Lëtzebuerg établéiert ass, gesäit dëse Projet de loi 6556 elo vir, de Report vun der Besteierung op Investissementer ze erweideren, déi sech op Entreprisë bezéien, déi sech an engem Land vun der EU oder vum europäeschen Handelsraum befannen.

Wat d'Avise vun de Chambres professionnelles betrëfft, huet d'Salariatskummer hiren Avis de 16. Mee 2013 erausginn. Den Avis vun der Statsbeamtekummer ass vum 17. Mee, dee vun der Chambre de Commerce vum 28. August 2013, den Avis vun der Handwierkerkummer datéiert vum 30. Januar 2014. Dës Avise waren all duerchaus favorabel, an de Statsrot huet säin Avis den 22. Oktober 2013 erausginn.

De Statsrot deelt den Avis och vun der Chambre des Salariés, wat de Risiko vun enger eventueller Évasion fiscale ugeet, an hei gëllt et, de Suivi vun den Transferts d'actifs ze garantéieren, fir eng eventuell Steierévasioun ze vermeiden. De Statsrot mécht och nach Referenz op en Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff vum 24. Abrëll 2013 betreffend d'„exit taxation" am Kader vum Transfert vum Gesellschaftssëtz tëschent zwee Memberstaten. E mécht och nach Referenz op zwee aner Arrêteë vun der Cour de Justice de l'Union européenne. Dat eent ass en Arrêt vum 6. September 2012 iwwert den Impôt sur la fortune an den zweeten Arrêt vum 22. September 2010 iwwert d'Bonification d'impôt. Zu dësen zwee Arrêten huet d'Steierverwaltung awer schonns Circulairen erausgi mat Textinterpretatiounen, a fir weider Detailer verweisen ech op mäi schréftleche Rapport.

Här President, dëse Gesetzesprojet, dee mer de Mëtteg hei diskutéieren, stellt sécher, dass eis Gesetzgebung konform ass mat den Dispositioune vum EU-Traité a konform zur europäescher Jurisprudenz.

Dat gesot, a mat der Hoffnung, dass d'Chamber dësem Gesetzesprojet hir voll Zoustëmmung schenkt, bréngen ech och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiende Gesetzestext.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Rapporteur. Als éischten ageschriwwene Riedner huet den Här Gilles Roth d'Wuert. Här Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Ech soe fir d'Éischt der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Bericht. Mir wäerten als CSV dëse Gesetzesprojet stëmmen, well e geet op eng Initiativ vum fréiere Finanzminister Luc Frieden zréck.

Plusieurs voix.- Ooohhh! Aaahhh!

Une voix.- Dofir ass en esou gutt.

M. Gilles Roth *(CSV).*- An der Wäitsiichtegkeet vum Här Frieden ass et och richteg, dass mer eis Gesetzgebung un d'europäesch Législatioun upassen, well et sech effektiv erausstellt, dass eng Situatioun, déi an der Praxis oft virkënnt, wann een en Deel vun enger Entreprise an d'Ausland transferéiert, dass dann de Propriétaire dovunner eigentlech de Moment besser ewechkënnt, wann e säi Wunnsëtz zu Lëtzebuerg huet, wéi wann dat am Ausland de Fall wier.

D'Plus-valuen, déi ginn zu Lëtzebuerg opgedeckt, wann d'Entreprise oder en Deel dovun an d'Ausland verkaaft gëtt. D'Plus-valuen, déi ginn de Moment aneschters traitéiert, wann eng Entreprise oder en Deel dovunner verierft gëtt, jee nodeems ob den Ierwen hei am Land wunnt oder net. A virun allem ass et esou, dass, wann en Deel vun enger Entreprise geholl gëtt, fir am Ausland e Réinvestissement ze maachen, dann ass dat steierlech de Moment méi schlecht traitéiert, wéi wann dat Réinvestissement hei zu Lëtzebuerg géif gemaach ginn.

Déi politesch Fro, déi eigentlech bei dem Projet hannendrusteet, dat ass déi, déi vun de Chambres professionnelles opgeworf gouf, nämlech ob et heimadder, wou mer eis Gesetzgebung konform zu dem EU-Recht maachen, zu enger méi einfacher Auslagerung vun Entreprisen oder Deeler vun Entreprisen an d'Ausland kënnt.

Déi Fro, déi kann een haut net definitiv beäntwerten. Wichteg ass awer ze soen, dass een déi Gesetzgebung och muss als Chance ugesinn, fir eist Land méi kompetitiv ze maachen. An net méi spéit wéi de Moien hu mer am Kontext vun där sougenannter Verméigungsstëftung gesinn, dass och kann dat Ganzt à rebours spillen, dat heescht, dass et en Avantage kéint sinn, wann een Netlëtzebuerger aus dem Ausland säi Verméigen op Lëtzebuerg transferéiert an domadder zu Lëtzebuerg net direkt Plus-valuen opgedeckt ginn.

Wichteg schéngt fir d'CSV ze sinn, dass mer engersäits musse konform zu dem EU-Recht sinn, anerersäits musse mer awer och déi Atouten, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, fir d'Auslagerung vun Entreprisen ze vermeiden, nämlech, dass mer niddreg Lounniwekäschten hunn, dass mer déi weiderhi musse behalen.

A mat där Observatioun, Här President, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Roth. Als nächste Riedner huet den Här Alex Bodry d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, anescht vläicht wéi de Virriedner mécht d'sozialistesch Fraktioun hiren Accord net ofhängeg dovunner, wat fir eng Parteifaarf e Minister hat, deen e Projet de loi agereecht huet.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech fannen dat relativ déplorabel, muss ech soen, wann een esou Argumenter muss als Haaptargument hei ufëieren, well da kéint een och soen, dass de viregte Minister vläicht seng Aarbecht net allze gutt gemaach huet, well et huet missen eng Interventioun si vun der Europäescher Kommissioun, déi d'Lëtzebuerger Regierung dozou bruecht huet, iwwerhaapt hir Gesetzgebung hei ze änneren. Eng einfach Verfolgung vun der Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff hätt all Finanzminister eigentlech schonn direkt missen dozou féieren, esou eng Dispositioun ze huelen.

Duerfir huet et also näischt domat ze dinn, wien hei de Minister war, deen den Text ënnerschriwwen huet, mä et ass d'Situatioun, déi rechtlech Situatioun, déi et noutwendeg gemaach huet, fir hei ze handelen, wann een net wëllt hunn, dass Lëtzebuerg soll veruerteelt ginn, well eng Infraktiounsprozedur hei ageleet ginn ass géint Lëtzebuerg. Et ass also net aus grousser Wäitsiicht, mä ënner engem gewëssenen Drock, das déi heiten Initiativ huet misse geholl ginn, fir en elementare Prinzip eigentlech ëmzesetzen, deen doranner besteet, dass een u sech net ka Résidenten an Netrésidenten an deem heite Kontext anescht behandelen. Et ass genau dat, wat eis Gesetzgebung bis elo gemaach huet. Duerfir, mengen ech, ass et eigentlech och nëmmen normal, dass mer deen heite Punkt ëmänneren, an dass mer u sech eis domadder och konform setzen zu europäesche Regelen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. Als Nächst huet d'Madame Viviane Loschetter d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, ech wollt just den Accord vu menger Fraktioun ginn an der Madame Elvinger Merci soe fir hire schréftlechen a virun allem fir hire mëndleche Rapport.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Nächste Riedner ass den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt méi op den zweete Volet vun dësem Gesetzesprojet agoen, dat heescht net de Volet vun der „exit taxation", mä méi dee vum Report vun der Impositioun vu Plus-valuen.

Mir hunn héieren am exzellente Rapport vun der Kolleegin Elvinger, datt et am Moment zu engem Report ka kommen, wann eng Firma, e Betrib, en Immeubel oder een aneren net amortissablen Asset verkeeft, wa se dee réinvestéiert. Mir kennen en ähnleche System haut hei am Land bei Privatleit, déi en Immeubel verkafen, an deen ass am Moment geregelt duerch de groussherzogleche Reglement vum 17. Juni 1992.

Wourëmmer geet et hei? Mir schwätzen net vun der Vente vun engem Immeubel, deen den Domicile conjugal ass, well do ass souwisou d'Plus-value immuniséiert, do brauch ee keng Steieren drop ze bezuelen.

Mä wann ech zum Beispill en Haus oder en Appartement verkafen, wat ech geschenkt krut vu mengen Elteren, menge Grousselteren, oder deen ech geierft hunn, an ech maachen op deem Immeubel eng Plus-value, da kann ech déi Besteierung repousséieren, doduerch datt ech déi Suen, déi ech do kréien, réinvestéieren. Et muss sech ëm neigebautene Wunnraum handelen. Dat heescht, d'Besteierung vun där Plus-value gëtt da repousséiert bis dee Moment, wou ech deen neien Immeubel, an deen ech réinvestéiert hunn, verkafen.

Et ass also eng Analogie mat deem, wat an dësem Gesetzesprojet 6556 geschitt. An hei huet déi al Regierung, hu mer héieren, den Här Frieden, de Choix geholl, fir ze soen: Ma, da maache mer dee Report eben och méiglech, net nëmmen hei am Land, mä iwwert d'Landesgrenzen eraus am ganzen Europäesche Wirtschaftsraum, dat heescht der Europäescher Unioun, Liechtenstein, Island an Norwegen.

Elo krut, laut mengen Informatiounen, Lëtzebuerg eng Procédure d'infraction gemaach, wéinst deem, wat ech elo grad erkläert hunn, nämlech dem Report fir Privatleit nom Règlement grand-ducal vum 17. Juni 1992.

An duerfir elo meng Gretchefro un d'Regierung: Wéi reagéiert d'Regierung gären op dës nei Amëschung vun der Kommissioun an eis souverän Steiergesetzer?

Wëllt se an d'Richtung goen, wéi den Här Frieden deemools, a soen: Ma, da maache mer dat op fir e Report a Wunnraum och ausserhalb vu Lëtzebuerg, wann dat muss esou sinn? Oder awer schafe mer déi Disposition fiscale, vun deenen d'Privatleit haut profitéiere fir de Report vu Plus-values immobilières, schafe mer dat einfach of?

An net méi spéit wéi haut hunn ech an deem Sënn dem Här Gramegna eng Question parlementaire gestallt. Mä ech wëll se awer hei widderhuelen, well fir eis als ADR ass et nämlech e wesentleche Punkt, ob mer dëse Projet hei stëmmen oder net stëmmen. Mir kënnen net d'accord sinn, datt fir Privatleit déi wichteg steierlech Dispositioun géif ofgeschaaft ginn, déi mer elo hei fir Betriber erhalen an op den Europäesche Wirtschaftsraum ausdehnen.

Duerfir, à moins, datt mer e formellt Engagement kréiche vun der Regierung, datt dat steierlech bei de Privatpersounen an deenen hire Plus-valuen net géif passéieren, wiere mer net d'accord.

Effektiv, wa mer, net déi Immunisatioun, mä dee Report vu Besteierung vu Plus-valuë bei Immeublen ofschafen, ass dat eng weider Attack op de Wunnraum! Et feelt u Wunnraum hei am Land, dat wësse mer. Wa manner investéiert gëtt a Wunnraum, da ginn d'Loyeren erop an dorënner leiden d'Bierger. An duerfir ass et extrem wichteg an eisen Aen, datt dee Report vun der Plus-value immobilière erhale bleift, an duerfir maache mer eis Zoustëmmung zu dësem Text ofhängeg vun der Äntwert vun der Regierung, wat de Règlement grand-ducal vun '92 ugeet iwwert de Report vu Plus-values immobilières fir Privatleit.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Reding. Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. D'Steierofrechnung fir Betriber, déi delokaliséieren, ass eent vun de Mëttelen, fir ausstehend Steieren anzezéien. Et ënnerbënnt keng Delokaliséierung, mä et seet mindestens, datt d'Delokaliséierung fir Netrésidentë keng normal Saach ass.

D'Konsequenz, déi sech heiraus ergëtt vun deem, wat d'EU-Kommissioun vun eis verlaangt, ass déi, datt d'Delokaliséierung vereinfacht gëtt. D'CSL weist an hirem Avis dorobber hin.

Delokaliséierung, musse mer wëssen, ass haaptsächlech e Mëttel, fir manner Steieren ze bezuelen. Ech géif soen, zur Steierhannerzéiung. Steierhannerzéiung an deem Sënn, datt d'Betriber net do, wou se produzéieren, déi Steiere bezuelen, déi do fälleg sinn, mä dohinner ginn, wou se der am mannste musse bezuelen. Dee Steierdumping ass zur Regel ginn an Europa an dee Steierdumping stellt grouss Problemer.

Et gëtt grouss Gesellschaften, ech wëll zum Beispill déi aus dem IT-Beräich opzielen, Microsoft, Google, eBay, Facebook, déi bal keng Steiere bezuelen, well se dee System vu Steierdumping total ausreizen. Ech wëll drop hiweisen, datt op déi do Aart a Weis, duerch Steierdumping an der EU all Joers eng Billioun Euro verluer ginn. Eng Billioun Euro, déi de State verluer ginn! De Staten, déi se bräichten, fir Aarmut ze bekämpfen, sozial Ongläichheeten ze bekämpfen, Infrastrukturen ze bauen a géint de Chômage virzegoen.

Dat, wat all Joers duerch Steierdumping ausfält, mécht méi aus wéi de pluriannuellen EU-Budget vun 2014 bis 2020, deen 959.000 Milliounen Euro ausmécht, mécht also méi aus, wéi de Budget vun der EU vu fënnef Joer.

Et hätt ee sech kënnen erwaarden, datt als Reaktioun op esou eng Situatioun d'EU géif higoen a méi Steiergerechtegkeet géif an d'Wee leeden. Neen, dat ass net de Wonsch vun der EU. De Wonsch vun der EU-Kommissioun ass deen, fir Delokaliséierung zur Regel ze maachen, fir Steierwettbewerb, Steierdumping zur Regel ze maachen. Dozou gëtt et keng Noutwendegkeet. Dat ass een ideologesche Choix, dee gemaach gëtt fir ee System, wou ee grad am Europa vun haut sech eppes aneschters kéint a misst erwaarden.

Statt datt mer eng Mindeststeier aféiere géifen an all EU-Staten, statt datt mer Steiergerechtegkeet géife schafen, gëtt mat deem Projet hei d'Delokaliséierung erliichtert. An duerfir wäerte mir och do dergéint stëmmen.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun. An d'Wuert huet d'Regierung, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, ech géif Iech gäre fir d'Éischt emol soen, dass ech der Rapportrice Merci soe fir hire schréftlechen a mëndleche Bericht, dee ganz komplett war.

An en fait insistéieren, dass mer jo wierklech en fait zwee Elementer an dësem Text hunn. An zwar deen éischten, dee sech op déi „exit tax" konzentréiert, wou mer jo d'Distinctioun zwëschen Résidenten an Netrésidentë wëllen ofschafen a mussen ofschafen, well d'Cour de Justice des Communautés européennes jo décidéiert huet, dass dat contraire zum EU-Recht ass, an d'Kommissioun jo dann och eng Prozedur lancéiert huet fir Lëtzebuerg, fir dat ze maachen. Et ass also gutt, dass mer dat elo endlech iwwert d'Bühn kréien.

vu State kommen. Wann et sech ëm departemental, politesch Departementer handelt, wéi Länner an Däitschland oder Departementer a Frankräich, da maache mer erëm keng Hëllef. A wann et sech ëm d'Collectivité locale handelt, maache mer och keng Hëllef. A mir maachen och keen Échange d'informations, mä mir beschränken eis drop, wa Steierscholde gefrot si ginn, fir déi anzezéien a fir ganz prezis Dokumenter auszestellen.

Dat Ganzt ass also esou minimalistesch, wéi een et nëmme ka maachen. Esou minimalistesch, wéi een et nëmme ka maachen! Dat Ganzt ass ee Schwäizer Kéis. Awer ee mat esou grousse Lächer, datt eigentlech näischt méi iwwreg bleift vum Kéis.

Ech froen d'Regierung: Wéi wëllt...

(Interruption et hilarité)

Wéi wëllt ee mat enger Passette engem Duuschtrege Waasser ginn? Esou ass dee Projet hei. An eigentlech ass dat kee reelle Bäitrag vu Lëtzebuerg géint Steierhannerzéiung. Mat där do Aart a Weis, fir géint Steierhannerzéiung virzegoen oder net virzegoen, géif Lëtzebuerg eigentlech weider op déi gro Lëscht vum Forum mondial gehéieren.

Merci.

M. le Président.- Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun. D'Wuert huet d'Regierung.

Prise de position du Gouvernement

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech schléisse mech de Wierder un a soen dem Guy Arendt Merci fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Den Här Gramegna huet mer d'Wuert ginn. An ech ginn et och eriwwer, datt d'Regierung näischt méi dozou ze soen huet a sech uschléisst un déi breet Majoritéit, déi dann elo wahrscheinlech heibäi erauskënnt.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Nagel. A mir géifen dann iwwert de Projet 6643 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6643 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

Et hu 56 Deputéiert un der Ofstëmmung direkt oder indirekt deelgeholl. 54-mol Jo an zweemol Neen. Domat ass de Projet 6643 ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6643 est adopté par 55 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz et Claude Wiseler;

MM. Marc Angel (par M. Franz Fayot), Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Eugène Berger), Mme Simone Beissel (par M. Lex Delles), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter) et Mme Christiane Wickler;

MM. Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

Als leschte Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer d'Question avec débat n°1 (veuillez lire: Question élargie n°1) vum Här Marc Lies iwwert d'Unzuel vu Wunnengen, déi am Kader vum Pacte Logement gebaut gi sinn. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. D'Regierung huet duerno zéng Minutten zur Verfügung. D'Wuert huet den Här Marc Lies.

13. Question élargie n°1 de M. Marc Lies sur le nombre de logements achevés dans le cadre du Pacte Logement

M. Marc Lies *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Minister, déi mer och de Mëtten da ganz häerzlech hei begréissen, wäert jo elo sécher haut, no dräi Méint gedëllegem Waarden an nodeems d'Madame Minister dann effektiv virun enger Woch eis net op dës - vun där mer awer mengen - einfach Fro konnt oder wollt äntwerten, datt mer haut eng detailléiert a fundéiert Äntwert kënne kréien...

(Interruption)

...op dat, wat dann...

Här Berger, huet een Iech eppes gefrot?

(Brouhaha général)

M. le Président.- Wann ech gelift!

M. Marc Lies *(CSV).*- ...déi ominéis Zuel vu 7.300...

(Brouhaha général)

M. le Président.- Wann ech gelift! Wann ech gelift! Wann ech gelift! Mir loossen de Riedner schwätzen. An den Här Riedner adresséiert sech un d'Chamber an u soss keen.

M. Marc Lies *(CSV).*- Merci, Här President.

M. Eugène Berger *(DP).*- An dat op eng manéierlech Aart a Weis.

M. Marc Lies *(CSV).*- Formidabel.

(Brouhaha)

M. le Président.- Sou, an elo ënnerbrieche mer de Riedner net méi.

M. Marc Lies *(CSV).*- ...eng detailléiert a fundéiert Äntwert kënne ginn op déi ominéis Zuel vu 7.300 Wunnengen, déi zënter Ufank vum Pacte Logement nëmme solle gebaut gi sinn.

De Wunnengsbau, ech mengen, dat wësse mer alleguerten hei am Land, ass eng Haaptprioritéit, net nëmme vun dëser Regierung, mä, ech mengen, eng Préoccupatioun vun alleguerten de Leit hei am Land.

An dësem Kontext soll och de Pacte Logement op seng Effikassitéit hin iwwerpréift a wann néideg ugepasst ginn. An deene leschte Jore koum et hei zu Lëtzebuerg zu enger richteger Explosioun, wat d'Populatioun ugeet, dëst sécherlech bedéngt duerch dat favorabelt wirtschaftlecht Émfeld vun eisem Land, sécherlech awer och bedéngt duerch d'Scholdekris hei an Europa, ënnert där notamment eng Rei südeuropäesch Länner extrem leiden.

Zënterdeem datt de Pacte Logement a Kraaft getrueden ass, goufe knapp iwwer 200 Milliounen un d'Gemengen ausbezuelt. Suen, mat deenen nei Schoulen, Maisons relais, ëffentlech Équipementer a Sozialwunnenge konnte finanzéiert ginn. Suen, déi an d'Weiderentwécklung vun eisem Land gefloss sinn. Suen, déi och eiser Wirtschaft während Krisenzäiten zeguttkomm sinn.

D'Madame Minister stellt de Pacte Logement a Fro, well am Zäitraum 2008 bis 2013 nëmmen eng 7.300 Wunnenge realiséiert gi wieren. Eng Zuel, déi der Realitéit net entsprécht. Op Nofro hin an der zoustänneger Chamberskommissioun, wéi d'Madame Minister un déi Zuel géif kommen, bleift si eis bis haut eng konkret a fundéiert Äntwert schëlleg.

Mir als CSV-Fraktioun kënnen eis net domadder zefridde ginn, datt dëse Pressebriefing vum 7. Februar iwwert de Pacte Logement nëmme sollt als Muntermacher respektiv als Bashing un de Gemengen an un der viregter Regierung déngen.

Ech wéilt hei rappeléieren, datt de Minister Schank an de Joren 2010 an 2012 e Pèlerinage duerch d'Gemengen, oder, wéi d'Madame Minister et seet, säi Piedchen duerch d'Gemenge getrëppelt huet an hei eng ronn honnert Prozent vun de Gemenge konnt sensibiliséieren, datt se méi aktiv sollen an de Wunnengsbau investéieren.

Mir sinn iwwerzeegt, datt de Pacte Logement een effikasst Instrument ass a verweisen dofir op d'Zuele vum Statec. De Statec seet nämlech, datt am Zäitraum vun 2007 bis 2011 insgesamt 16.193 Wunnengen entstane sinn. An de Joren 2012 an 2013 goufe 5.724 Baugenehmegungen an de Gemengen ausgestallt.

Also, an deem Zäitraum, wou de Pacte Logement bis elo leeft, an awer ouni déi retroaktiv Gemengen, déi virun 2007 bäigetruede si respektiv dem Pacte Logement unhänken, ze considéréieren, sinn 21.917 nei Logementer fäerdeggestallt respektiv amgaange fäerdeggestallt ze ginn. Dat wieren der dräimol méi, wéi d'Madame Minister behaapt huet, an et wier een domadder och nach bal där reeller Demande u Wunnenge gerecht ginn.

Fir datt mir an dësem Beräich an Zukunft déi richteg Konklusioune kënnen zéien, wëll ech der Madame Minister folgend Froe stellen:

Stellt d'Madame Minister déi offiziell publizéiert Zuele vum Statec iwwert déi fäerdeggestallte Wunnengen a Fro? Jo oder neen?

Wou kënnt d'Madame Minister un déi Zuele vu 7.300 Wunnengen? Wéi goufen déi Zuelen erhuewen an op wat fir eng Source gouf sech hei baséiert?

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Lies. Domat huet d'Wunnengsbauministesch, d'Madame Maggy Nagel, d'Wuert.

Mme Maggy Nagel, *Ministre du Logement.*- Här President, honorabelen Här Deputéierte Marc Lies, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn am Fong allen zwee recht, bei deem, wat mer gesot hunn, deem, wat Dir elo gesot hutt, an deem, wat ech déi lescht Zäit gesot hunn. An et misst jo awer keen anere besser wéi Är Partei wëssen, wéi dee Pacte Logement entstanen ass, wéi en ugepaakt ginn ass a wou mer do stinn. Et deet mer just leed, datt elo mäi Virgänger, de Marco Schank, net méi am Sall ass, well deen hätt mer missen elo hei recht ginn an och mam Kapp Jo wénken.

Zu Ärer Fro, zu Ärer Question élargie. Am Kader vun engem realistesche Calcul vun der Zuel vun de Wunnengen, déi fäerdeggestallt gi si säit dem Akraafttriede vum Gesetz Pacte Logement vum 22. Oktober 2008 muss een an däerf een net vergiessen, datt déi eenzeg Obligatioun vun deenen 98 Gemengen, déi d'Konventioun ënnerschriwwen hunn, oder déi an der Maach wore respektiv déi nach sollte realiséiert ginn, déi Wunnengsbauprojete waren a sinn nach ëmmer purement à titre indicatif.

Wouer ass, datt eent vun den Haaptziler vum Pacte Logement war an och nach ass, d'Offer vun de Wunnengen ze erhéijen an esou d'Präisser um Wunnengsmaart no ënnen ze impaktéieren. Dofir ass et och legitim, d'Zuel vun de Wunnengen ze determinéieren, déi effektiv bis elo gebaut gi sinn am Kader vum Pacte Logement.

Engersäits hu mer d'Zuele vun enger Statec, anerersäits hu mer d'Zuelen aus dem Ministère, déi virleien. An dat sinn déi Zuelen, déi fir mech maassgebend sinn. D'Zuel vu 7.300 fäerdeggestallte Wunnengen, déi ech während dem Pressebriefing vum 7. Februar an der Logementskommissioun vum 26. Mäerz genannt hunn, ass eng Statistik, déi baséiert op de Listinge vun de Wunnengsbauprojeten, déi d'Gemengen eis an de Ministère erageréecht hunn an déi en principe am Kader vum Monitoring 2011 aktualiséiert goufen.

Or, déi Listinge sinn 2011/2012 ni iwwerpréift ginn, wat meng Leit mer am Ministère gesot hunn, wat d'Exactitude vun de Projeten ubelaangt.

Une voix.- Aha!

Mme Maggy Nagel, *Ministre du Logement.*- D'Utilitéit vun den Angabe wor haaptsächlech, fir kënnen ze moossen an ze estiméieren, ob déi jeeweileg Gemenge capabel waren, an där Period vun zéng Joer de Wuesstum vu 15% ze erreechen. D'Chifferen an d'Projeten, déi d'Gemengen also uginn hunn, mussen also mat grousser Virsiicht gekuckt ginn, vu datt se ni réellement iwwerpréift gi sinn.

Am Kader vum Monitoring 2014, deen elo Enn dëst Joer virgestallt gëtt, wäert eng Analys an e Contrôle vun de realiséierte Projete gemaach ginn, an dat duerch engersäits dem Checke vun den Angabe vun de Gemengen, wat d'PAP-Projeten ubelaangt, déi opgelëscht ginn, an anerersäits duerch d'Kräize vun de Loftbiller 2013 mat de Kaarte vun 2007 an 2010, fir esou erauszefannen, op wéi eng eidel Parzellen eppes gebaut ginn ass, sief dat Haiser oder Résidencen.

En plus, dank deenen detailléierte Populatiounsfichieren, déi d'Gemengen am Kader vum Monitoring 2014 mussen eraginn, wäert et dann eréischt méiglech sinn, zimlech genee erauszefannen, wéi vill Leit an deene realiséierte Wunnengen effektiv wunnen. Dës ganz Aarbecht vu Recoupage vun de Kaarte respektiv d'Ausrechnungen, wéi vill Leit do wunnen, gëtt vum Observatoire de l'Habitat och gemaach.

Dës Woch gëtt de Courrier fir de Monitoring preparéiert an da geet e bei den Intérieur pour avis a spéitstens Enn nächster Woch kann e fortgeschéckt ginn. D'Gemenge kréien zwee Méint Zäit, fir ze äntwerten, soudatt mer ab dem Summer d'Donnéeën am Ministère kréien an dann eréischt kënnen ufänken ze schaffen an, wéi ech uganks gesot hunn, Enn des Joers déi definitiv Chiffere kënne presentéieren.

Richteg ass et, datt mer intensiv un deem schaffen, wat ech och schonn e puermol gesot hunn, dat heescht: Mir hunn de Pacte Logement a Fro gestallt. Mir hunn en Avis juridique gefrot. Et gëtt en Aarbechtsgrupp vum Syvicol, a mer sinn amgaangen, eng ganz Rei Pisten opzezeechnen, wéi mer dee Pacte Logement kënnen der aktueller Situatioun upassen.

Wat de Statec elo seet, ass déi eng Saach. Ech hale mech als Minister vum Logement un déi Chifferen, déi ech virleien hunn. A wann Der e bësselche Gedold hutt, ech mengen, no deem Monitoring 2014 Enn des Joers, da si mer eis alleguerten eens, an da gesi mer déi richteg Chifferen. An da sinn ech erëm ganz gäre prett, fir heihinnerzekommen a fir eng Diskussioun mat Iech ze féieren.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Minister. Den Deputéierten, den Här Marc Lies, huet d'Recht, eng Zousazfro ze maachen.

M. Marc Lies *(CSV).*- Madame Minister, ech mengen, Dir sot eis elo, datt souwuel deen ee wéi deen anere recht huet. Gutt, ech mengen opgrond vun engem Dokument, dat och am Ministère erstallt ginn ass, wat ufanks Februar der Press zoukomme gelooss ginn ass, do steet ganz kloer dran, wat d'Autorisations de bâtir woren, wat d'Logements achevés woren. An ech mengen, Dir sot och, datt dat, wat de Statec erhieft, dat ass jo awer opgrond vun den Akten, déi effektiv vun Notairë kommen, soudatt do awer kloer festgeschriwwen ass, wat da wierklech u Wunnenge gebaut ginn ass, respektiv wat fir eng en état d'achèvement sinn, déi dann och fest bei den Notairen aktéiert sinn, sou misst dat jo awer da réellement deene Wunnengen entspriechen, déi och gebaut gi sinn.

Eng aner Fro, déi ech nach hätt, dat wär déi: Déi Suen, déi am Kader vum Pacte Logement investéiert gi sinn, déi 200 Milliounen, op déi ech virdrun och verwisen hunn, an ech mengen, dat hutt Der och eng Kéier gesot gehat, datt déi Suen, datt déi à la fin du compte awer gutt investéiert wären. Ech wollt dat just nach eng Kéier confirméiert hunn, ob déi Suen dann dee Moment awer och gutt an de Gemengen investéiert gi sinn.

Merci.

M. le Président.- Merci. D'Madame Minister huet d'Wuert, fir ze äntwerten.

Mme Maggy Nagel, *Ministre du Logement.*- Här President, ech wëll nach eng Kéier dem Här Lies soen, datt ech mech un déi Chifferen halen am Kader vum Pacte Logement, déi virleie bei eis am Ministère. De Minister virdrun huet sech och dorunner gehalen. A wann dat elo sech esou erausstellt, wat d'Statec fir Chifferen erausginn huet a wat fir Baugenehmegungen dora sinn, tant mieux, da kënne mer um Enn vum Joer en anere Constat maachen, mir kënnen eng aner Diskussioun féieren, wéi mer dee Pacte Logement wëllen ëmänneren.

An da muss ech soen, nach eng Kéier, da si mer awer nach wäit vun deem ewech, fir wat d'Gemenge sech engagéiert hunn. Dat heescht, wéi se de Pakt ënnerschriwwen hunn, du war virgesinn, fir 52.000 Wunnengen ze bauen. Wa mer elo an der Halschent do ukomm sinn, ass et scho ganz gutt, mä et kéint nach besser ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Domat si mer um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Eis nächst Sëtzungswoch ass déi vum 3., 4. a 5. Juni. An der Zwëschenzäit gëtt vill an de Kommissioune geschafft, fir dass mer esou vill wéi méiglech um Ordre du jour hunn.

Dat gesot ass eis Sëtzung ofgeschloss.

Ech soen Iech Merci.

(Fin de la séance publique à 18.49 heures)

SÉANCE 22

MERCREDI,
4 JUIN 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. Communications
- *M. le Président*

3. Changements de composition de commissions parlementaires
- *M. le Président*

4. Ordre du jour
- *M. le Président, M. Fernand Kartheiser*
- *Vote*

5. Dépôt d'une motion par M. Justin Turpel
- *Exposé: M. Justin Turpel*

6. Ordre du jour (suite)
- *M. le Président*

7. 6514 - Projet de loi portant:

1) approbation de la Convention du Conseil de l'Europe sur la cybercriminalité ouverte à la signature à Budapest le 23 novembre 2001,

2) approbation du Protocole additionnel à la Convention sur la cybercriminalité, relatif à l'incrimination d'actes de nature raciste et xénophobe commis par le biais de systèmes informatiques, fait à Strasbourg le 28 janvier 2003,

3) modification du Code pénal,

4) modification du Code d'instruction criminelle,

5) modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques
- *Rapport de la Commission juridique: M. Guy Arendt*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *M. Serge Urbany (parole après ministre), M. Félix Braz, Ministre de la Justice, M. Serge Urbany*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

8. 6626 - Projet de loi portant sur la construction d'une ligne de tramway à Luxembourg entre la Gare centrale et le Circuit de la Foire Internationale au Kirchberg

et

6684 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire
- *Rapports de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Roger Negri (dépôt d'une motion), Mme Viviane Loschetter (dépôt d'une motion), M. Gusty Graas, M. Roy Reding, M. Justin Turpel, M. Franz Fayot, Mme Lydie Polfer*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi 6626 et dispense du second vote constitutionnel*
- *M. Aly Kaes (motivation d'abstention), M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, M. Serge Urbany, M. François Bausch*
- *M. Claude Wiseler (parole après ministre), M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, M. Claude Wiseler*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi 6684 et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Claude Wiseler, M. Fernand Kartheiser*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*
- *Motion 2: M. Claude Wiseler, M. Fernand Kartheiser*
- *Vote sur la motion 2 (adoptée)*

9. Ordre du jour (suite)
- *M. le Président, M. Justin Turpel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, François Bausch, Mmes Lydia Mutsch et Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.06 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Ech maachen heimat d'Sëtzung op a wëll direkt d'Regierung froen, déi an décken Diskussiounen ass,…

(Interruptions)

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Entschëllegt, Här President, ech war nach mat engem honorabelen Deputéierten am Gespréich.

M. le Président.- Jo, ech hat festgestallt, Dir waart nach an animéierten Diskussiounen.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- D'Regierung huet keng Kommunikatiounen ze maachen.

M. le Président.- Keng Kommunikatiounen. Villmools Merci dem Justizminister.

2. Communications

Ech hunn da folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerte läit hei um Dësch.

Den Ofännerungsvirschlag vun eisem Chambersreglement 6691 iwwert de Code de conduite vun den Deputéierten ass den 30. Mee vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle deponéiert ginn.

Deeselwechten Dag gouf de Projet de loi 6692 iwwert de Compte général vum Joer 2013 heibannen deponéiert.

Den 3. Juni huet de Wirtschaftsminister de Projet de règlement grand-ducal 6693 iwwert d'Energieeffizienz vun de Gebaier hei deponéiert.

An op Ufro vun der Regierung ass iwwert den Arrêté grand-ducal de retrait vum 24. Mäerz 2014 de Projet de loi 5068 iwwert d'Organisatioun vun der Direktioun vun der Santé vum Rôle gestrach ginn.

Eng Lëscht mat de Petitiounen, déi den 28. Mee als recevabel erkläert gi sinn, souwuel vun der Petitiounskommissioun wéi och vun der Conférence des Présidents, ass un d'Fraktioune verdeelt ginn.

An dann, esou wéi den Artikel 168.-(5) vun eisem Reglement et virgesäit, huet d'Presidentekonferenz sech eestëmmeg ausgeschwat fir d'Verschécken un déi zoustänneg europäesch Instanz vun engem Avis motivé zum Dokument COM(2014)180 iwwert d'Produktioun an den Étiquetage vu biologesche Produkter.

Communications du Président - séance publique du 4 juin 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi, la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6691** - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés portant introduction d'un Code de conduite des députés luxembourgeois en matière d'intérêts financiers et de conflits d'intérêts*

Dépôt: Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle, le 30.05.2014

***6692** - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2013*

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 30.05.2014

***6693** - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 31 août 2010 concernant la performance énergétique des bâtiments fonctionnels*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 03.06.2014

*3) Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 24 mars 2014, le projet de loi n°**5068** modifiant la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la direction de la santé a été retiré du rôle des affaires de la Chambre des Députés.*

4) Les pétitions publiques suivantes ont été déclarées recevables en date du 28 mai 2014:

*Pétition publique n°**355** - Économies d'énergie*

Dépôt: 30.04.2014

*Pétition publique n°**357** - Méi Sécherheet op de Stroossen*

Dépôt: 02.05.2014

*Pétition publique n°**364** - Pro neie Stadion!*

Dépôt: 07.05.2014

*Pétition publique n°**365** - Gratuitéit vum secondairen Unterrecht, technesch a klassesch, am Artikel 23 vun der Verfassung verankeren*

Dépôt: 08.05.2014

*Pétition publique n°**370** - Umweltfreundliche Mobilität - Aufbau eines Ethanoltankstellennetzes (E-85, Superethanol) in Luxemburg - Installation d'un réseau des pompes supéréthanol (E-85) au Grand-Duché de Luxembourg*

Dépôt: 14.05.2014

*Pétition publique n°**372** - Non aux radars fixes! Oui à la répression des usagers de la route par une police physiquement présente! Say no to fixed radars and a big yes for more police presence on our roads!*

Dépôt: 15.05.2014

*Pétition publique n°**373** - Reconsidérer l'importance fondamentale des parents dans l'éducation de leurs enfants*

Dépôt: 16.05.2014

5) Conformément à l'article 168.- (5) du Règlement de la Chambre des Députés, la Conférence des Présidents, en l'absence d'une séance publique en temps utile pour respecter le délai de huit semaines, a décidé à l'unanimité de l'envoi d'un avis motivé sur le document COM(2014)180 relative à la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil relatif à la production biologique et à l'étiquetage des produits biologiques, modifiant le règlement (UE) n°XXX/XXX du Parlement européen et du Conseil [règlement sur les contrôles officiels] et abrogeant le règlement (CE) n°834/2007 du Conseil.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Changements de composition de commissions parlementaires

Dann hunn ech vun de Fraktioune matgedeelt kritt, dass eng Rei vu Changementer an de Kommissioune solle geschéien.

D'LSAP huet folgend Ännerung virgeschloen, wat d'Zesummesetzung vun der Commission de l'Économie ugeet: den Här Frank Arndt ersetzt d'Madame Tess Burton fir de Volet Énergie.

D'DP-Fraktioun huet eis folgend Ännerunge virgeschloen: An der Gesondheets-, Égalité des chances- a Sportskommissioun ersetzt den Här Eugène Berger den Här Gusty Graas fir de Volet Sports, an den Här Gilles Baum ersetzt den Här Edy Mertens fir deeselwechte Volet.

An der Kommissioun vun der Ëmwelt ersetzt den Här Gusty Graas den Här Eugène Berger fir de Volet Waasser.

Ass d'Chamber mat deenen Ofännerungen d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

4. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz huet sech op deen Ordre du jour gëeenegt, deen Der op Äre Schiermer virfannt an ech wollt deen net nach eng Kéier am Detail opzielen.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour d'accord?

Ech gesinn zwou Wuertmeldungen, déi vum Här Fernand Kartheiser an déi vum Här Justin Turpel. Ech géif dann dem Här Fernand Kartheiser fir d'Eischt d'Wuert ginn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, ech soen Iech Merci. Ech wollt am Numm vun der ADR proposéieren, datt mer de Projet de loi 6626 iwwert den Tram, deen haut um Ordre du jour steet, vum Ordre du jour erofhuelen.

Et gëtt zwou Ursaache fir dës Propositiouns: Déi éischt ass, datt eng Proposition de loi vum Kolleeg, dem Här Roy Reding, agereecht gouf viru Kuerzem am Mäerz, den 12. Mäerz. Déi ass den 1. Abrëll recevabel erkläert ginn an un d'Institutiounskommissioun weidergeleet ginn.

Et ass eng iwwerschaffte Versioun vun där Proposition de loi, déi den Här Jacques-Yves Henckes hei scho proposéiert hat. An den Här Reding huet a senger Proposition de loi deene Kommentaren, déi notamment vum Statsrot formuléiert goufen, Rechnung gedroen.

Et ass eis Iwwerzeegung, datt mer sollte fir d'Éischt eis Aarbecht als Parlament honoréieren, eng Proposition de loi vun engem Kolleeg, dee sech justement ëm déi Problematik Tram këmmert, och hei traitéieren, esou wéi et virgesinn ass. An dann eréischt, wa mer déi Décisioun iwwert déi Proposition de loi geholl hunn, ob et soll e Referendum ginn oder net, zweetens dann iwwert den Tram décidéieren.

Eis zweet Motivatioun fir déi Demande, fir haut iwwert den Tram net ze schwätzen, hänkt mat der direkter Demokratie zesummen. Zënter 2005, an nach virdrun, gëtt de Leit hei am Land Appetit gemaach op méi direkt Demokratie. Mir haten och eng nei Prozedur ënner Ärer Presidentschaft hei agefouert, déi och d'Méiglechkeet vu Petitiounen opgemaach huet.

Elo hate mer eng Petitioun, wou méi wéi 7.000 Leit ënnerschriwwen hunn, déi den Titel „Géint den Tram a fir e Referendum" gedroen huet. Mir denken, datt den Dialog mat de Pétitionnairen net an enger zefriddestellender Form gefouert gouf. A virun allem, datt och domadder de Leit e falscht Signal gesat gouf, wat d'Méiglechkeet vun der direkter Demokratie hei am Land ugeet.

Verschidde Parteien, och vun der Regierungskoalitioun, hunn an hire Wahlprogrammer op direkt Demokratie insistéiert. déi gréng zum Beispill hu geschriwwen, et sollt een: „demokratische Beteiligung im Alltag von Kindesbeinen an erlebbar machen".

An eng aner Regierungspartei huet geschriwwen: „Für" - fir se net ze nennen - „die DP darf die Politik die Menschen nicht bevormunden

und Ihnen von Oben herab diktieren, was am Besten für sie ist. Die DP steht vielmehr für einen neuen Politikstil, der auf die Bürger zugeht und sie partizipieren lässt. Die DP ist deshalb die Stimme derjenigen Bürger, die in einen konstruktiven Dialog und Austausch mit der Politik treten wollen. (…) Wir wollen, dass jeder aktiv am öffentlichen Leben partizipieren kann und sich aktiv in unsere Gesellschaft einbringen kann."

Här President, dat doten ass net dat, wat mer an deene leschte Wochen erlieft hunn. Mir denken, datt déi Petitiounsprozedur, déi mir ënnerstëtzen, misst méi eescht geholl ginn an datt mer och aus deem Grond sollten iwwer e Referendum diskutéieren, esou wéi den Här Reding et virgeschloen huet, ier mer op d'Diskussioun vum Tram elo kommen.

Et ass schued, datt mer an den Diskussiounen heibannen an op anere Plazen héieren, datt elo déi Petitiounsprozedur, déi jo awer vill Succès kennt, duerch déi Zuel vu Petitiounen an déi Zuel vu Leit, déi sech engagéieren duerch hir Ënnerschrëft, eventuell soll reforméiert ginn an eng Richtung, fir de Seuil vun Ënnerschrëften nach méi héich ze leeën oder de Champ d'application anzeschränken. Esou Diskussioune gëtt et. Déi zwou Entwécklunge géife mir refuséieren, well et schonn nees eng Aschränkung vu genee där Participatioun ass, déi awer vill Leit heibanne wëllen.

Eis Propositioun dofir, Här President, ass, haut den Tram vum Ordre du jour erofzehuelen a fir d'Éischt iwwert dem Här Reding seng Proposition de loi ze diskutéieren. Mir hate Präzedenzfäll an der Chamber, wou dat och schonn de Fall war, wou mer Saachen, déi zesummegehéieren, och zesummen diskutéiert hunn. Dat wor zum Beispill de Fall wou mer iwwert d'Euthanasie geschwat haten, wou mer och dann iwwert d'Palliativmedezin gläichzäiteg geschwat hunn, well dat zesummegehéiert. Hei denke mir, mir kënnen net déi Diskussioun iwwert den Tram onofhängeg gesi vun där Diskussioun iwwert d'partizipativ Demokratie an de Referendum.

Ee lescht Wuert: Et gëtt Leit, déi mengen, mir kéinten iwwert d'Bauprojete keng Referenden halen. Mir soen, e Bauprojet, deen iwwer eng Milliard kascht, deen dat ganzt Land finanziell belaascht an deen eise Verkéiersproblem net léist, mä verschlëmmert, och dee gehéiert an eng Referendumsprozedur.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. Ech hunn e kloren Antrag zu der Dagesuerdung. Ass gewënscht, fir dozou Stellung ze huelen?

(Négation)

Wann dat net de Fall ass, géife mer direkt zum Vote iwwergoen. Ass de Vote électronique gefrot oder kënne mer dat mat Handophiewe maachen?

Vote sur la proposition de modification de l'ordre du jour

Wien dermat d'accord ass, fir den Ordre du jour ze änneren, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Wien dergéint ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Ech mengen, dat Ofstëmmungsergebnis ass kloer. Da géif ech deen doten Antrag als ofgelehnt ugesinn an den Ordre du jour bleift - jiddefalls op deem dote Punkt - esou wéi e virgesi war.

Ech hunn eng aner Wuertmeldung zum Ordre du jour, dat ass déi vum Här Justin Turpel. Dir hutt d'Wuert, Här Turpel.

5. Dépôt d'une motion par M. Justin Turpel

Exposé

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech wollt proposéieren, eng Motioun kënnen ze diskutéieren, déi ech um Chambersbüro ofginn hunn an déi sécherlech dann nach ka verdeelt ginn.

Et geet ganz einfach dorëms, datt vu leschte Sonndeg un zu Lëtzebuerg eng „Marche pour la Liberté" ukomm ass. Déi Marche pour la Liberté setzt sech zesummen aus Flüchtlingen aus dem ganze Mëttelmierraum.

Déi Marche pour la Liberté ass den 18. Juni (veuillez lire: den 18. Mee) zu Kehl un der Grenz fortgaangen, bei Stroossbuerg, an déi Leit, déi ginn ze Fouss op Bréissel en vue vum Sommet vum 26. a 27. Juni zu Bréissel, fir de Sommet ze interpelléieren par rapport zu der Immigratiounspolitik, iwwert déi a leschter Zäit eng ganz Rei Diskussioune waren, och am Europaparlament an och op anere Plazen.

Et geet ganz einfach dorëms, datt eng Immigratiounspolitik, also eng Flüchtlingspolitik, esou wéi se de Moment applizéiert gëtt an Europa, ronderëm verschidden Ausleeunge vu Schengen, vu Frontex, datt déi onmënschlech ass an datt déi Leit wierklech déi Problemer genee opwerfen, déi sech fir Milliounen oder Honnertdausende vu Flüchtlingen, Millioune vu Flüchtlinge stellen.

Si si leschte Sonndeg zu Schengen iwwert d'Grenz komm op de lëtzebuergeschen Territoire; Schengen och aus evidente symbolesche Grënn, well Schengen déi duebel Connotatioun huet: fir vill Leit ee Raum vu fräier Zirkulatioun a vu Fräiheet an Europa, a fir vill aner Leit, an dozou gehéiere si och evidenterweis, eng Festung, déi ville Leit net erlaabt, fir sech kënnen an Europa eranzebewegen, mat der Konsequenz, datt d'Politik vun der „Festung Europa" bis elo scho fäerdegbruecht huet, datt 17.000 Flüchtlingen am Mier einfach erbäermlech ersoff sinn, amplaz datt se gehollef konnte kréien.

De Sënn vun der Motioun, déi Der verdeelt kritt, ass deen, fir datt mer eis Regierung géifen interpelléiere ronderëm déi Problematik, fir bei dem Sommet vum 26., 27. Juni zu Bréissel där Problematik Rechnung ze droen. Dee Sommet gëtt sech of mat der Programmation législative et opérationnelle dans l'espace de liberté, de sécurité et justice vun deenen nächste fënnef Joer. An et ass net fir näischt, dass si dohinner ze Fouss ginn. Se si bis de Freideg hei am Land. An ech géif et gutt fannen, wann dës Chamber hir Präsenz zu Lëtzebuerg géif notzen, fir do e symboleschen, awer och e reellen Appell ze maachen un eis Regierung, fir am Conseil européen de 26. a 27. Juni fir d'Verstäerkung vun de Mënscherechter och vun de Migranten a Flüchtlingen anzetrieden.

Dofir géif ech proposéieren, wann Der d'accord sidd, dee Punkt op den Ordre du jour ze huelen. D'Motioun géif verdeelt ginn. Wa mer se diskutéieren, musse mer kucken, wa se esou okay ass, kéinte mer se dann unhuelen. Wann do Saachen ze ännere wieren, wier ech och d'accord, datt mer se dee Moment, wa jiddweree se konnt kucken, eventuell an déi zoustänneg Kommissioun géife verweisen. Mä an dësem Punkt geet et jo elo emol drëms, datt mer et iwwerhaapt op den Ordre du jour setzen.

An ech géif Iech Merci soen och am Intérêt vu ville Leit, déi d'Méiglechkeet net hunn, fir fir sech selwer ze schwätzen, fir dat unzehuelen.

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant la «Marche pour la Liberté 2014» qui passe actuellement par le Luxembourg et regroupe une centaine de réfugiés réclamant une révision de la politique migratoire répressive de l'Union européenne;

- considérant que cette marche se dirige vers le Conseil européen qui se tiendra à Bruxelles, le 26 et 27 juin, afin d'interpeller les dirigeants européens par rapport à la crise humanitaire qui s'accentue depuis des années aux larges de la Méditerranée et qui a coûté la vie à des milliers de réfugiés et de migrants tentant le passage hautement dangereux vers l'Europe en espérant y trouver de l'aide et de la protection;

- considérant l'arrêt de la Cour européenne des Droits de l'Homme du 23 février 2012 condamnant la pratique du refoulement de réfugiés interceptés sur haute mer par les autorités d'un pays membre de l'UE vers des pays tiers;

- considérant que le Conseil européen du 26 et 27 juin à Bruxelles définira la programmation législative et opérationnelle dans l'espace de liberté, de sécurité et justice et qui établira un nouveau cadre stratégique notamment en matière de politique de réfugiés remplaçant le programme de Stockholm;

invite le Gouvernement

- à intervenir lors du Conseil européen du 26 et 27 juin aux fins de renforcer les droits fondamentaux des réfugiés et migrants.

(s.) Justin Turpel.

6. Ordre du jour (suite)

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. Ech wollt vläicht proposéieren, dass d'Chamber déi Motioun ausgedeelt kritt an dass mer dann, wa jiddwereen à même ass, sech doriwwer auszeschwätzen, géifen décidéieren, wéini dass mer drop zréckkommen. Ech mengen, et muss een awer jiddwerengem d'Geleeënheet ginn, fir et ze liesen.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- D'accord. Merci.

M. le Président.- Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci.

M. le Président.- Da wollt ech just zum Ordre du jour nach eng Prezisioun ginn. Ech wollt d'Chamber drop hiweisen, dass no Récksprooch mat de Fraktiounspresidente beim Projet iwwert den Tram, wat en fait zwee Projete sinn, eis Presidenten dermat d'accord waren, fir der Madame Rapporteur eng gewësse Flexibilitéit ze ginn. Ech wëll soen, dass déi Flexibilitéit sech da selbstverständlech och bei deenen anere Kolleegen erëmfënnt, wa bei deenen engen oder aneren déi eng oder déi aner Minutt géif feelen.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Merci.

Da géife mer zum éischte Projet vun eisem Ordre du jour kommen. Den Ordre du jour ass jo esou akzeptéiert, wéi en elo ass?

(Assentiment)

Merci.

Da géife mer zum Projet de loi 6514 iwwergoen, wou et ëm d'Cyberkriminalitéit geet. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht a bis elo hu sech ageschriwwen: déi Häre Gilles Roth, Franz Fayot, d'Madame Viviane Loschetter, déi Häre Fernand Kartheiser a Serge Urbany. D'Wuert huet elo direkt den honorabele Rapporteur, den Här Guy Arendt.

7. 6514 - Projet de loi portant:

1) approbation de la Convention du Conseil de l'Europe sur la cybercriminalité ouverte à la signature à Budapest le 23 novembre 2001,

2) approbation du Protocole additionnel à la Convention sur la cybercriminalité, relatif à l'incrimination d'actes de nature raciste et xénophobe commis par le biais de systèmes informatiques, fait à Strasbourg le 28 janvier 2003,

3) modification du Code pénal,

4) modification du Code d'instruction criminelle,

5) modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques

Rapport de la Commission juridique

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, de Projet de loi, zu deem ech haut de Mëtten de Rapport maachen, ass den 12. Dezember 2012 vum deemolege Justizminister déposéiert ginn. Et geet dobäi ëm d'Approuvéieren, éischtens, vun enger Konventioun van der OCDE zur sougenannter Cyberkriminalitéit, déi den 23. November 2001 zu Budapest ënnerschriwwe ginn ass, an, zweetens, vun engem Protokoll zu dëser Konventioun zu rassisteschen an auslännerfeindlechen Akten, déi iwwert déi informatesch Systemer stattfannen, deen den 28. Januar 2003 zu Stroossbuerg ënnerschriwwe gouf.

Dir gesitt, datt mer net déi Fläissegst woren, fir dës zwee Dokumenter a Lëtzebuerger Recht anzeféieren. A wann ech mer eng Klammer dierf erlaben: D'Presidentin vun dem Conseil de l'Europe huet mer un d'Häerz geluecht, dass nach eng ganz Partie Konventiounen net ratifizéiert wären, an de President hätt eng Lëscht dovunner. Ech géif mengen, dass mer déi da géifen an nächster Zäit ënnert d'Lupp huelen, fir dann dee Moment déi Konventiounen ze ratifizéieren. Mir sinn och iwwregens fir eise Retard vum Conseil de l'Europe, der EU an der UNO ënner Drock gesat ginn, fir dës Texter endlech ëmzesetzen.

An anere Wierder: Op dëser Plaz diskutéiere mer iwwert d'Verstäerkung vum Kampf géint kriminell Akten, déi iwwert den Internet exekutéiert ginn. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis zum Gesetzesprojet de 27. Februar 2013 eraginn. Dem Statsrot säin Avis datéiert vum 16. Abrëll 2013. D'Commission juridique huet an hirer Sëtzung vum 17. Abrëll vum leschte Joer den Här Gilles Roth zum Rapporteur ernannt an de Gesetzesprojet zousätzlech den 8. an de 15. Mee examinéiert. De 5. Juni 2013 sinn eng Rei Amendementer an der Kommissioun ugeholl ginn. Den 12. November 2013 huet de Statsrot du säi complémentairen Avis zum Gesetzesprojet eragereecht.

No de virgezunnene Wahle vum 20. Oktober 2013 ass d'Kommissioun de 5. Dezember 2013 nei besat ginn. Den 22. Januar 2014 huet dës Kommissioun mech zum Rapporteur nominéiert. De 26. Februar vun dësem Joer huet d'Commission juridique den Avis complémentaire vum Statsrot analyséiert, ier se den 19. Mee nei Amendementer guttgeheescht huet. Den zweeten Avis complémentaire ass de 4. Abrëll vum Statsrot ugeholl ginn a gouf den 23. Abrëll 2014 an der Kommissioun examinéiert. De schréftleche Rapport gouf dunn den 28. Mee an der Kommissioun unanime ugeholl.

Här President, den Internet an déi sozial Netzwierker hunn an de leschte Joren zu enger Entwécklung gefouert, déi eis Gesellschaft zu engem gudden Deel verännert huet. Haut lafen d'Relatiounen tëschent de Leit net nëmmen of, andeems sech Mënschen an engem Face-à-face gesinn, andeems se mateneen telefonéieren oder sech Bréiwer schreiwen, mä haut verstännege sech d'Leit ëmmer méi per E-Mail, SMS, iwwer extra Programmer op hirem Handy an iwwer Messagen, déi se an de sozialen Netzwierker posten an deelen.

Et ass dësen Deel vun eise gesellschaftleche Relatiounen, deen ee mam Wuert „cyber" a Verbindung bréngt. Wann dës relativ nei Technologië vill Virdeeler hunn an d'Leit nach méi no beienee bréngen kënnen, esou bidde sech awer och nei Méiglechkeete fir kriminell Aktivitéiten, déi eiser Virstellung vun engem normalen a friddlechen Zesummeliewe sécher net entspriechen an och net eise Prinzipie vun Dateschutz a vu Persouneschutz.

Et ass definitiv eng nei Form vu Kriminalitéit entstanen. Et geet haut de Mëtten drëms sécherzestellen, dass och dës Forme vu Kriminalitéit erkannt a bestrooft ginn, well och si sinn net ze vereinbare mat enger Gesellschaft, wou d'Rechter vum Eenzelne geschützt ginn. Leider ass et awer esou, dass d'Technik de Gesetzer ëmmer e Stéck viraus ass. Mir mussen also als Législateur vill méi prompt op déi Evolutioune reagéieren.

Ënnert dem Term „Cyberkriminalitéit" versteet een all déi kriminell Aktivitéiten, déi am Computerberäich geschéien. Dat kënnen ënner anerem Praktike sinn, duerch déi ee versicht, sech en illegalen Accès op informatesch Donnéeën ze verschafen, wou d'Täter esou Donnéeën interceptéiere wëllen zu deem Moment, wou ee Benotzer seng Korrespondenze weiderschéckt.

Dat bescht Beispill ass, wann Der Äert Passwuert beim Onlinebanking agitt an Der dat da geklaut kritt. En anere Fall vu Cyberkriminalitéit ass d'Praktik, ze versichen, Donnéeën ze läschen, andeems ee sech an en informatesche System eranhackt oder aneschters gesot illegal an e Computer eraschläicht.

Et geet awer hei och ëm Kannerpornografie, déi iwwert den Internet verbreet ka ginn; intellektuell Propriétéit, déi net berücksichtegt gëtt, wat zum Beispill beim Problem vum illegalen Downloade vu Musek a Filmer de Fall ass; dem Benotze vu falschen Identifianten, wat bei sozialen Netzwierker dozou féiere kann, dass et net kloer ass, wien, wat kommunizéiert huet.

E klassescht Beispill sinn déi Leit, déi rassistesch Commentairen op engem sozialen Netzwierk maachen, an et kann net sinn, dass déi Persoune sech hanner engem falschen Numm verstoppen, fir net bestrooft ze ginn. Leider awer ass d'Usurpatioun vun enger Identitéit extrem heefeg. Ouni op dëser Plaz weider an Detailer ze goen, mengen ech, gesi mer all, wéi eng nei Zort vu Kriminalitéit déi nei Technologien erlaben.

Ech wëll awer nach kuerz op de Phenomeen vum sougenannten „Phishing" agoen. Et handelt sech dobäi ëm en Akt, woubäi ee Kriminelle sech perséinlech Donnéeë verschaaft, wéi zum Beispill e Passwuert oder eng Kreditkaartennummer, an déi da benotzt, fir sech eng nei Identitéit ze ginn an Är Identitéit ze usurpéieren. Dir mengt, mat engem richtege Korrespondent ze communiquéieren, mä et ass a Wierklechkeet e Kriminellen, deen Är Donnéeën zu kriminellen Zwecker notzt. Dat wär ënner anerem de Fall, wann d'Passwuert vun Ären E-Maile matgelies géif ginn an de Kriminellen doropshin an Ären E-Maile kéint liesen an neier verschécke kéint. Dat gëtt och d'Méiglechkeet, fir Virussen oder Trojaner ze verschécken an domat Ären an Äre Korrespondenten hire Computer unzestiechen.

Et muss een och nach bemierken, dass dës Form vu Kriminalitéit guer keng Grenze kennt, wat also déi international Kollaboratioun extrem wichteg mécht. D'Problematik vun der Criminalité informatique méi generell, och am Beräich vu méi schnelle Prozeduren an Iwwerwaachungsmechanismen, gëtt nach net an dësem Projet behandelt.

Här President, an dësem Kontext geet et de Mëtten drëms, wéi scho gesot, d'Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert d'Cyberkriminalitéit ze approuvéieren, genausou wéi den zousätzleche Protokoll zu der genannter Konventioun, déi sech mat rassisteschen a friemefeindlechen Akte beschäftegt.

Et kann een hei nach bemierken, datt eng Direktiv amgaang ass, ausgeschafft ze ginn, déi d'Texter vun der Konventioun mat den europäeschen Texter soll harmoniséieren. An eisem Gesetzesprojet ass do scho virgegraff ginn, andeems de Projet de directive schonn an eisen Text mat agefloss ass, a mir wäerten da wierklech um leschte Stand sinn.

D'Adoptioun vun deenen zwee Texter bréngt mat sech, datt verschidden Dispositiounen an eiser nationaler Législatioun mussen ugepasst ginn, fir sécherzestellen, dass eis Valeuren och am Cyberberäich respektéiert ginn an dass och do de Schutz vun de Leit garantéiert ass. Dëse Gesetzesprojet soll et den Autoritéiten um Terrain méi einfach maachen, d'Täter ze identifizéieren an doropshin ze bestrofen.

Déi genannte Konventioun huet véier Kapitelen, eent zu der Terminologie, eent iwwert d'Mesuren, déi op nationalem Niveau ze huele sinn, eent iwwert déi grenziwwergräifend Kooperatioun a schliisslech nach eent zu de sougenannte Clauses finales. An deene Kapitele gëtt eng gemeinsam Terminologie vun den techneschen Terme festgehalen, grad wéi d'Strofrecht, d'Strofprozedur an d'Froen an der Entraide an der Extraditioun.

Wat de Protokoll vu Stroossbuerg ugeet, kënne mer festhalen, dass d'Bestriewungen, fir géint de Rassismus an d'Xenophobie virzegoen, groussgeschriwwe ginn. Fir Lëtzebuerg kann een notéieren, datt mir schonn eng Partie Artikelen am Code pénal hunn, déi Infraktiounen am Informatikberäich bestrofen, inklusiv déi de Rassismus betreffend. Mir brauchen also näischt un eisen Texter diesbezüglech ze änneren.

Hei zu Lëtzebuerg huet sech ufanks 2012 e Groupe de travail zesummegesat aus Magistrate vum Parquet général, vum Parquet, aus dem Cabinet d'instruction, genausou wéi Leit vun der Police an aus dem Justizministère. D'Leit vum Terrain hu virgeschloen, dass een an enger éischter Phas eis Gesetzestexter op déi genannte Konventiounen ofstëmmt, andeems ee verschidde Punkten aus dem Code pénal respektiv aus dem Code d'instruction criminelle an e puer anere Gesetzer do verännert, wou et néideg ass.

An deem Kontext huet de Statsrot a sengem Avis vum 16. Abrëll 2013 virgeschloen, dëse Gesetzestext an zwee ze deelen, op där enger Säit ee fir d'Approbatioun vun der Konventioun a sengem Protokoll, an een aneren, deen d'Dispositioune vun den Artikelen 3 bis 5 vum initiale Gesetzestext, dat heescht d'Ofännere vu verschiddenen Texter, wéi virdrun erwähnt, regruppéiere géif. Op dës Recommandatioun ass d'Kommissioun awer net agaangen.

Fir elo op de Contenu vum Projet de loi méi prezis anzegoen, ass ze soen, dass de Gesetzestext, wéi en elo proposéiert gëtt, déi klassesch Form huet, wou den éischten Artikel d'Konventioun zu der Cyberkriminalitéit iwwerdréit an den zweeten den zousätzleche Protokoll transposéiert. Den Artikel 3 modifizéiert verschidden Dispositiounen aus dem Code pénal. Den Artikel 4 hëlt verschidden Änneurungen am Code d'instruction criminelle vir. An den Artikel 5 bezitt sech op d'Loi modifiée vum 30. Mee 2005 zum Schutz vun der Privatsphär am Beräich vun der elektronescher Kommunikatioun.

An der Haaptsaach diskutéiere mer de Mëtteg iwwer zéng Änneurungen an eiser Législatioun:

1) D'Usurpation d'identité, zum Beispill beim Phishing, gëtt zu enger autonomer Infraktioun.

2) Verschidde Strofschwelle vun Infraktiounen am Beräich vun der Cyberkriminalitéit ginn adaptéiert.

3) De Phishing gëtt an der Gesetzgebung festgehalen.

4) Infraktiounen am informatesche Beräich ginn als Infraction primaire en matière de blanchiment definéiert.

5) D'Interception illégale de données informatiques gëtt als Infraktioun agefouert.

6) Genausou wéi den Abus de dispositifs informatiques.

7) De Prinzip vum „aut dedere aut judicare" - dat heescht, datt eng Partei zu der Konventioun e Kriminellen entweder ausliwwert oder viru säin nationaalt Geriicht zitéiert - gëtt agefouert fir Infraktiounen am Beräich vun der internationaler Cyberkriminalitéit.

8) Donnéeën, déi an engem informatesche System stockéiert, traitéiert oder verschéckt ginn, ginn an d'Dispositioune vum Code d'instruction criminelle iwwert d'Perquisitiounen an d'Saisien erabruecht.

9) Informatesch Infraktioune ginn agefouert, wa se als Infiltratioun erkannt kënne ginn.

10) D'Konzept vun der schneller Datesécherung gëtt och am Code d'instruction criminelle festgehalen.

Esou gëtt duerch dësen Text ënner anerem an e puer Artikelen, déi traditionell Infraktioune betreffen, den Term „clef informatique" bäigefügt, zum Beispill wat den Abus de confiance oder d'Escroquerie ubetrëfft. Eng nei Infraktioun gouf bäigesat, an zwar d'Usurpation de nom ou d'identifiant. Des Weidere goufe verschidde Strofen harmoniséiert.

An dem Code d'instruction criminelle ginn nei Dispositioune virgesinn, fir virun oder am Kader vun enger Enquête wéinst Infraktiounen am Informatikberäich méi schnell kënne Saisien oder Perquisitiounen ze maachen.

Am Kontext vun dësem Gesetzesprojet wëll ech awer och nach op zwou topaktuell Thematiken ze schwätze kommen, déi mam Internet ze dinn hunn. Fir d'Éischt huet d'Cour de justice vun der Europäescher Unioun an hirem Arrêt vum 8. Abrëll 2014 festgehalen, dass d'Direktiv iwwert d'Conservation des données vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 15. Mäerz 2006 null und nichtig ass, well se zwee Grondgesetzer net respektéiert. Dëst sinn d'Recht op de Respekt vun der Privatsphär an d'Recht op de Schutz vu perséinlechen Donnéeën. D'Invaliditéit vun dëser Direktiv gëllt prinzipiell réckwierkend ab dem Datum vun hirem Akraafttrieden.

An anere Wierder gesot: Eist Gesetz, dat dës Direktiv ëmgesat huet, muss esou schnell wéi méiglech ofgeännert ginn - wou an a wat fir engem Mooss muss nach analyséiert ginn. Dee Sujet ass och schonn an der Commission juridique ugeschwat ginn, an eng Sitzung mam Minister a mam President vun der CNPD, der nationaler Dateschutzkommissioun, ass an Aussiicht gestallt ginn.

Da wëll ech awer och nach op de sougenannten Droit à l'oubli agoen, wou sech an de leschten Deeg och nach esou munches gedoen huet. An hirem Arrêt vum 13. Mee 2014 huet déiselwecht Cour de justice décidéiert, dass d'Leit ee Recht hunn, fir dass e Moteur de recherche, dat heescht, dat Instrument, wat also noutwendeg ass, fir bestëmmten Informatiounen um Internet ze sichen an ze fannen, perséinlech Donnéeën net méi uweist.

De Phenomeen vum Phishing, vum Hameçonnage, aner Infraktiounen - den Här Kartheiser huet se virdrun a sengem Plädoyer, ech kommen herno nach drop zréck, och opgeworf -, Révisionnismen, Négationnismen, Xenophobie, Rassismus, dat si Phenomeener, déi mer net nëmmen am Alldeeglechen, an der reeller Welt, fir se emol esou ze nennen, kennen, mä déi gëtt et och um Internet. An d'Victimen dovun, déi maachen den Ennerscheed net. Wann der dovunner Victime sidd, dat emfannt der, dat spiert der an domadder musst der da liewen. Déi maachen net den Ennerscheed.

Duerfir ass et net méi wéi richteg, dass mer probéieren, wa mer dee Phenomeen jo falsch fannen an e scho méi laang incriminéiert hunn, a sech nach ni een dergéint gewiert huet, dass mer dat incriminéieren. Ech hunn an der Chamber nach ni eng flammend Ried dergéint gehat, déi doten Infraktiounen aus eisem Code pénal erauszehuelen. Duerfir wonnert et mech e bësschen, dass mer ähnlech lautend Plädoyeren e bëssen de Mëtten hei héieren hunn, well mer se elo wëllen an der virtueller Welt, déi awer fir déi Leit ganz reell Konsequenzen huet, op eemol a Fro stellen. Do gëtt et e gedankleche Lien, dee mir entgeet, muss ech zouginn.

E puer Iwwerleeungen zu der Anonymitéit. Ech schléisse mech och deem un, wat de Chamberspresident bei senger Untrëttsried oder quasi Untrëttsried - ech weess net méi genee, ech mengen, et war déi - gesot huet, dass mer an eiser Gesellschaft d'Anonymitéit mussen zum Deel a Fro stellen. Ech soe bewosst, zum Deel. D'Anonymitéit ass vläicht e Manktum u Courage, kann awer och heiansdo en Tribut sinn un d'Realitéit.

Virdrun ass d'Stéchwuert gefall, ech mengen, et war den Här Urbany, deen dovunner geschwat huet, d'Stéchwuert „Whistleblowing", wou mer jo schonn zu Lëtzebuerg eng Gesetzgebung awer hunn. An ech wëll déi Remarque och elo maachen: Dëst Gesetz steet jo net iwwer anere Gesetzer. Déi aner Gesetzer, déi mer schonn hunn, zum Beispill beim „Whistleblowing", gëlle weiderhin.

Dir hutt d'Fro gestallt no den Daten, wat mat deene geschitt. Mir hunn en Dateschutzgesetz. A bien entendu setzt dëst Gesetz eist Dateschutzgesetz net ausser Kraaft. Déi allgemeng Regele vun deem Gesetz bleiwe weiderhin d'application.

Mä et ass richteg, an ech ënnerstëtzen dee Plädoyer, wa gesot gëtt, mir sollen de Courage hu vun eisen Opiniounen a mir sollen an enger ëffentlecher Debatt op d'Anonymitéit verzichten. Och wann een ebe ka Verständnis duerfir hunn, a bestëmmte Kontexter. Dat sinn déi Fäll, déi am „Whistleblowing"-Gesetz geregelt sinn, dass een do ka Verständnis fir bestëmmten Attitüden hunn, well d'Konsequenze fir déi betraffe Persoun kënne ganz grouss sinn. Mä an enger normaler demokratescher Ausenanersetzung gëtt et och a mengen Ae wéineg Grënn fir Anonymitéit.

Déi Pseudonymen, déi gebraucht ginn, dat ass jo net onbedéngt datselwecht wéi Anonymitéit. Pseudonymitéit um Internet, an dat soll een och differenzéieren, dat ass net ëmmer datselwecht. An et kann ee séier erausfannen, och technesch - net ëmmer; déi, déi wierklech wëssen, wéi ee sech ka verstoppen, deene geléngt dat och nach haut relativ gutt -, mä et kann ee relativ liicht, bei Leit, déi net esou bewandert sinn am Techneschen, hannert dem Pseudonym, wann et e Grond géif derfir ginn, an dat muss ee gewiichtege Grond sinn, deen also mam Strofgesetzbuch ze dinn huet, an nëmmen an deene Fäll, ass et relativ liicht haut, hannert der Pseudonymitéit d'Anonymitéit opzehiewen. Dat ass also net datselwecht. An ech fanne weiderhin, a mir hate jo och eng parlamentaresch Ufro vum Michel Wolter beäntwert an deem dote Sënn, dass ee soll do virsiichteg sinn an net iwwerdreiwen, well et kann duerchaus en onproblemateschen Émgang och gi mat der Pseudonymitéit.

Allerdéngs do, wou Anonymitéit oder Pseudonymitéit Victimë produzéieren, do gëtt et e Problem. Do, wou d'Meenungsfräiheet an d'Recht sech hanner engem Pseudonym aus wat fir Grënn och ëmmer verstoppen, wou dat Recht dozou féiert, dass en aneren a senge Rechter blesséiert gëtt, wou also d'Anonymitéit an d'Pseudonymitéit eng Victime produzéieren, jo, do muss d'Gesellschaft sech ëm déi Victime këmmeren. Da kënne mer net soen: An dëser Gesellschaft héieren d'Rechter beim Recht op fräi Meenungsäusserung op. Dat ass e Grondrecht, mä et gëtt där Grondrechter nach. Notamment de Schutz, wann een eng Victime ass vun enger Infraktioun, vum Stat respektéiert ze ginn a sengem ongefroten an ongewollte Statut vun der Victime, an dass een där Victime zu hire Rechter verhëlleft. An dofir ass dëst Gesetz, wat mer haut stëmmen, an den Ae vun der Regierung e ganz wichtegt.

An natierlech, an dat ass och virdru gesot ginn, musse mer generell am Kontext vun der Informatiounsgesellschaft eis ëmmer nees mat der Fro beschäftege vun der Sensibiliséierung. Dat betrëfft déi Mannerjähreg. Dat betrëfft all déi Erwuessen. Et betrëfft eis an engem professionellen Émfeld. Mir brauchen eng Kultur zu Lëtzebuerg vum Émgang mat informateschen Donnéeën. D'Technik ass rasant, an ze mengen, et kéint een eleng mat Gesetzer dem Phenomeen an den Abuse vum Phenomeen bäikommen, mengen ech, ass eng Illusioun. Mir brauchen eng Kultur zu Lëtzebuerg vum Émgang mat der Informatiounsgesellschaft am Alldag an op all den Niveauen, privat wéi berufflech. Dat hëlleft eis mindestens esou vill wéi e Gesetz, wéi Gesetzer, och wann dëst, wat mer haut stëmmen, a mengen Ae komplett berechtegt ass.

Da sinn nach e puer Froen a Remarquen och gemaach ginn zu deenen Arrêten, deene rezenten Arrête vun der Cour de justice, dee vum 8. Abrëll 2014 iwwert d'Rétention de données, d'„data retention", an awer och dee méi rezenten iwwer Google Spain am Mee 2014.

D'Lëtzebuerger Regierung huet am Abrëll op den Arrêt vun der Cour de justice iwwert d'Rétention des données als éischt Regierung an Europa, an der Europäescher Unioun reagéiert. Et hunn der vill bis haut nach iwwerhaapt drop ze reagéieren. D'Lëtzebuerger Regierung huet den Dag selwer op den Arrêt reagéiert. An ech mengen och, dass dat richteg war, well deen Arrêt ze begréissen ass. An d'Lëtzebuerger Regierung huet den Arrêt wëllen den Dag selwer begréissen, well den Arrêt ganz kloer an onmëssverständlech gemaach huet, dass et an der Europäescher Unioun och do net nëmmen ee Recht gëtt.

Esou wéi et bei der Diskussioun virdrun net nëmmen d'Recht gëtt op fräi Meenungsäusserung, mä och aner Grondrechter, gëtt et och hei an Europa net nëmmen e Recht op Sécherheet, et gëtt och e Recht op Schutz vun der Privatsphär. An deen Arrêt vum 8. Abrëll 2014 huet ganz kloergemaach, dass d'Recht op Sécherheet, esou fundamental et och ass, ëmmer muss zesumme gelies a verstanen an interpretéiert ginn, zesumme mat anere Grondrechter, notamment dem Recht op Privatsphär. An ze laang, vill ze laang, huet sech d'Europäesch Unioun nom 9/11-Schock, ënnert dem Androck vun deem Schock an och dem Drock, deem verständlechen Drock vläicht vun den Amerikaner, zu enger sécuritairer Linn verleede gelooss, aus enger Rei vun och akzeptabelen a richtege Grënn, déi awer mat Momenter aner Grondrecht tangéiert hunn a souguer a Fro gestallt hunn.

Dësen Arrêt huet an den Ae vun der Lëtzebuerger Regierung dat riichtgebéit an den Équiliber nees probéiert hierzestellen; deen noutwendegen Équiliber, déi noutwendeg Ofweiung, déi muss gemaach ginn. An dofir hu mer den Dag selwer vum Arrêt den Arrêt begréisst. Mir hunn och den Dag selwer vum Arrêt ugefaangen, eis mat der Fro ze beschäftegen: Ass dann elo eist Gesetz, an dat ass vum Här Roth virdru gesot ginn, d'Gesetz vun 2010, wat op där Direktiv, déi annuléiert ginn ass, berout, awer net nëmmen, nach gülteg?

Eis aktuell Gesetzgebung berout och zu grousse Deeler op der Direktiv vun 2002. Dat éischt Gesetz, wat mer gemaach hunn, war 2005, opgrond vun där Direktiv vun 2002. An d'Analys, déi mir natierlech hu misse maachen, ass déi: Ass eis Gesetzgebung elo nach do, no där Annulatioun vun der Direktiv?

Formell ass d'Äntwert jo. Den Arrêt huet d'Lëtzebuerger Gesetzgebung formell net annuléiert. Si steet do. Mä si steet do op eng Aart a Weis, déi net ganz stabil ass. Well all eenzel Dispositioun vun deem Gesetz, wat mer hunn, awer vun engem Affekot, vun all Affekot virun engem Riichter kann invoquéiert ginn. An de Riichter huet natierlech eng Tendenz, fir sech awer op déi international Rechtslag ze beruffen an ze soen: Majo, do gëtt et awer en Arrêt, dee kloer seet, dass dat doten eigentlech net geet, déi dote Mesure d'instruction. Also kënne mer dat, wat do derbäi erauskomm ass, d'Resultat vun enger Écoute zum Beispill, net berücksichtegen.

Mir hunn also eng juristesch schwiereg Situatioun. An dofir, an ech kommen herno nach eng Kéier dorop zréck, musse mer eis relativ séier mat där Fro do beschäftegen.

Et ass och erwähnt ginn, dass an der Konventioun, déi mer haut ëmsetze vu Budapest, och där Conservatiounselementer dra sinn. A mir haten effektiv de Choix, den Här Urbany hat dat opgeworf, mir hunn de Choix, vu dass där Elementer och hei dra sinn, déi opgrond vun deem Arrêt contestabel schéngen, an ech mengen, dass dat net falsch ass, d'Emsetzung haut ze stoppen, ze waarden, bis et eng Kéier eng nei europäesch Initiativ gëtt, oder weiderzefueren, wëssend, dass dës Dispositioun, wéi anerer eben och, am Lëtzebuerger Recht am Moment da contestabel wieren a se um Enn enger gemeinsamer Léisung kënnen zouzeféieren.

D'Regierung ass ausdrécklech frou doriwwer, dass d'Chamberskommissioun op dee Wee gaangen ass, dee mer haut hei guttheeschen, nämlech all déi wichteg an noutwendeg Elementer aus der Konventioun haut schonn an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung eranzehuelen, wëssend, dass een Element dovu problematesch ass, esou wéi anerer och, opgrond vun deem Arrêt, an dass mer dann um Enn all déi Dispositiounen iwwer Vorratsdatenspeicherung enger kohärenter Léisung hei zu Lëtzebuerg wäerten zouféieren, mä en attendant mer awer scho kënnen déi Konventioun ëmsetzen, well do ganz vill Richteges drasteet, a ganz besonnesch, ech widderhuelen et, aus den Ae vun deene Leit, déi Victime gi vun Infraktiounen, déi iwwert den elektronesche Wee geschéien a multiplizéiert ginn.

An dofir nach eng Kéier Merci un d'Kommissioun, dass mer deen dote Wee gaange sinn. Mir gesinn do kee Widdersproch, mä mir gesinn do e Fortschrëtt. A mir wäerten um Enn och eng gemeinsam a verstänneg Léisung hunn.

Zum Ofschloss, Här President, mir wäerten eis natierlech an der Commission juridique domat beschäftegen. Muer an iwwermuer ass e JAI-Conseil zu Lëtzebuerg, wou genee dat do um Ordre du jour steet, deen Arrêt. Mir hunn eis intern Reflexioune scho ganz wäit virubruecht. Muer de Moien ass nach eng lescht Réunioun, déi ech hunn, ier dee JAI-Conseil ass.

Den 20. Juni wäerte mer am Regierungsrot probéieren, éischt Konklusiounen ze zéien, ier mer dann direkt hannendrun ufanks Juli an déi jointe Kommissioune kommen, fir ze kucken, wéi mer zu Lëtzebuerg weiderginn, ob mer - an dat sinn am Fong déi zwou Optiounen, déi mer hunn, et gëtt der nëmmen zwou - elo direkt e Gesetz maachen, wat eis Lëtzebuerger Gesetzgebung arrêt-konform mécht, ob mer dat direkt solle maachen, Optioun 1, oder Optioun 2, an den Här Roth huet sech fir d'CSV éischter fir déi ausgeschwat, ze waarden, dass och um europäesche Plang eng Initiativ komm ass an d'Fro europäesch kläert, ier mer dann d'Upassung vun der Lëtzebuerger Législatioun maachen.

D'Regierung huet sech nach net festgeluecht. Mir waarden och dofir op d'Informatioune vum nächste JAI-Conseil, ier mer kënnen eng Konklusioun zéien. Mä dat sinn déi zwou Optiounen. Méi gëtt et der net. Mir brauchen et och net méi komplizéiert ze maache wéi dat doten.

Just ee Wuert nach zu der CNPD an dem Piratage, dee bei eBay stattfonnt huet. D'CNPD spillt eng ganz grouss Roll fir de Bierger hei vu Lëtzebuerg, awer och am Ausbau vun engem Secteur, dee mer wëllen zu Lëtzebuerg weider virubréngen. An et ass kloer, dass d'Effikassitéit, d'Kompetenz an de Professionalismus vun der CNPD do eng kruzial Roll spillt. Nach eng Kéier: Net nëmme fir de Secteur, och fir d'Bierger vu Lëtzebuerg, mä natierlech och fir de Secteur.

An dofir ass fir d'Regierung och kloer, dass mer déi Diskussioun ronderëm den Développement vun deem Secteur ëmmer musse considéréiere mat engem Bléck op d'Qualitéit vun der Aarbecht vun der CNPD, déi ganz gutt ass, mä wou d'Erausfuerderungen an d'Luucht ginn. An natierlech muss d'CNPD do kënne mathalen, soss kréie mer relativ séier e Kredibilitéitsproblem an Europa. An dat kënne mer eis net erlaben. Dat ass fir d'Regierung ganz kloer. Wat dat elo genee heescht an de Moyenen, dat musse mer au cas par cas kucken en fonction vun der Evolutioun och vum Secteur an Europa.

Eng allerlescht Remarque, wann Der erlaabt, Här President, just nach…

Jo?

M. le Président.- Jo. Awer wierklech eng allerlescht.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Just eng allerlescht fir den Här Kartheiser a fir den Här Urbany. Ech fannen, den Här Kartheiser huet eng iwwerzeegte Grondsazried gehalen iwwert d'Meenungsfräiheet. Seng Meenung gëtt an Amerika gedeelt. Do däerf ee wesentlech méi wäit goe wéi an Europa an och en anere méi op de Kapp stoussen. An Europa, besonnesch zu Lëtzebuerg, hu mer do eng aner Traditioun, déi ech ausdrécklech ënnerstëtzen: Jiddwerengem seng perséinlech Fräiheet hält do op, wou deem anere seng ufänkt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Minister. Mir géifen dann…

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech wollt Parole après ministre froen, Här President. Ech wollt nach eppes soen zu deem,…

M. le Président.- Jo.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- …wat, besonnesch zum Schluss, de Justizminister elo gesot huet. Et kann ee verschidde Meenungen hunn zu deene Saachen, déi am Internet esou ënnert dem Couvert vun der Anonymitéit geschriwwe ginn. Mä hei geet et drëm, fir eng Strofdot, eng Infraktioun anzeféieren, a wann ech an de Code pénal eng Strofdot aféieren, da muss deen, deen dogéint susceptibel ass ze verstoussen, genau wëssen, wéini dass en dogéint verstéisst.

An dat ass dat, wat ech hei kritiséieren, wann hei einfach nëmme vun enger Atteinte à la tranquillité d'une tierce personne Rieds geet, ouni dass dat qualifizéiert muss sinn, während zum Beispill beim Stalking, wann ech enger Persoun nostellen, do steet, dat ass nëmmen de Fall, wann et de façon répétée ass a wann ech genau wosst oder hätt misse wëssen, dass déi Persoun an hirer Tranquillitéit gestéiert gëtt.

Hei ass dat net esou! Hei ass einfach de façon générale de Begrëff vun der Tranquillité. Wat heescht dat konkret?

Strofrecht, ech sinn zwar kee Strofrechtler, mä Strofrecht muss ëmmer konkret sinn, well schliisslech op deene Bestëmmungen hei, déi esou vag gehale sinn, wëll ech awer dem Här Minister soen, kann ee bis zu zwee Joer an de Prisong geschéckt ginn. Et ass also net, fir déi elo esou vag ze formuléieren, an eleng dass esou vag formuléiert gëtt, ass fir eis Ursaach genuch, fir dat Gesetz hei net ze stëmmen.

M. le Président.- Jo, eng Reaktioun vum Här Minister, wou ech awer wëll drop hiweisen, dass den Här Urbany genee datselwecht och scho virdru gesot hat.

(Brouhaha général)

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Jo, just an zéng Sekonnen. Et muss een dat net falsch fannen, wat den Här Urbany gesot huet. Natierlech gëtt et do eng gewëssen Imprezisioun.

Mä mir féieren hei eng Rei nei Infraktiounen an de Code pénal an, an et opläit de Geriichter, iwwer hir Jurisprudenz dat do ze definéieren, an d'Chamber ass ëmmer fräi, wa se géif fannen, dass bei der Interpretatioun, déi d'Geriichter maachen, an den Ae vum Parlament dat géif ze wäit goen, dann ass d'Chamber ëmmer fräi, d'Gesetz nees ofzeänneren an d'Gesetz ze preziséieren.

Mä à ce stade wou mer haut sinn, Här Urbany, kréie mer nei Infraktiounen, an d'Geriichter sollen awer och e bëssen eist Vertrauen hunn, dass déi dat esou wäerten interpretéieren an hirer Jurisprudenz, dass et zu engem Schutz vun de Rechter vun deene Schwaachen heiduerch kënnt, an net duerch déi Exzesser, déi den Här Urbany beschreift, wou ech mengen, dass se net wäerte geschéien. Mä d'Chamber bleift, wéi gesot, ëmmer fräi, d'Gesetz och nodréiglech ze änneren, wa se der Meenung wier, dass d'Geriichter net géife gutt schaffen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- De Législateur soll eng propper Aarbecht ofliwwere vun Ufank un.

M. le Président.- Ech mengen, et ass alles gesot, a mir géifen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6514 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6514 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss. Resultat: 57-mol Jo, zweemol Neen. Domat ass de Projet 6514 ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6514 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber dermat d'accord, fir dem Projet d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Jo, dat schéngt kloer ze sinn. Merci.

Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, der Presentatioun an der Diskussioun iwwert d'Projete 6626 a 6684, dat heescht de Bau vun engem Tram an de Bau vun enger Gare bei der Rouder Bréck. D'Wuert huet déi honorabel Rapportrice, d'Madame Josée Lorsché.

8. 6626 - Projet de loi portant sur la construction d'une ligne de tramway à Luxembourg entre la Gare centrale et le Circuit de la Foire Internationale au Kirchberg

et

6684 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Rapport de la Commission du Développement durable sur le projet de loi n°6626

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Rapportrice vun engem Projet de loi, deen eng laang a beweegte Virgeschicht huet, wéilt ech mat engem Merci ufänken. Ech wéilt deene Leit Merci soen, déi sech scho viru Jorzéngte fir eng besser Mobilitéit zu Lëtzebuerg agesat hunn an oft géint de Stroum geschwomme sinn.

Ee vun hinne war den honorabele Willy Bourg, deen am Joer 2003 verscheed ass, Vizepresident vun der Chamber war an engagéierte Verfechter vum Tram. Fir hie géif haut en Dram an Erfëllung goen, natierlech am Fall, wou de Projet och gestëmmt gëtt.

En aneren, un deen ech wéilt erënneren, ass den honorabele Marc Zanussi, deen eis am Juni 2004, also viru genee zéng Joer verlooss huet, op de Mount, an dëse Moment leider net méi kann erliewen. Den 20. November 1996 stoung de Marc Zanussi als President vun der deemoleger Transportkommissioun op dëser Plaz an huet mat engem Rapport en éischten Débat d'orientation iwwer en Tram zu Lëtzebuerg ageleet. Domat war de politesche Grondstee fir déi folgend Jore geluecht. Duerfir hinnen e besonnesche Merci.

Et sollt awer 18 Joer daueren, bis de Projet de loi 6626, deen de Bau vum Tram erméiglecht, op dëser Plaz ukomm ass. Dat ass schonn e besonnesche Moment, net nëmme fir mech als Rapportrice, mä ech menge fir Iech alleguer, besonnesch fir déi Leit, déi d'Virgänger kannt hunn an dëser Geschicht.

Domat kommen ech bei mäi Rapport a bei déi wichtegst Daten.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

De 4. Oktober 2013 ass de Projet de loi 6626 vum fréieren Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler déposéiert ginn. Den 21. Januar 2014 huet de Statsrot säin Avis ofginn. D'Avise vun der Chambre des Salariés, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers datéiere jeeweils vum 6. Februar, 19. Februar an 1. Abrëll 2014.

Den 29. Januar 2014 hunn d'Membere vun der Nohaltegkeetskommissioun mech als Rapportrice designéiert. An de Sëtzunge vum 5. Februar, 30. Abrëll a 14. Mee 2014 huet d'Kommissioun sech souwuel mam Gesetzesentworf wéi och mam Avis vum Statsrot befaasst.

De 27. Mee 2014 huet d'Nohaltegkeetskommissioun gemeinsam mat der Petitiounskommissioun a mat der Kommissioun vun den Institutiounen un enger ëffentlecher Debatt mat véier Pétitionnaren deelgeholl, déi d'Petitioun mam Numm „Géint den Tram a fir d'Ofhale vun engem Referendum" als Objet hat. Duerno hunn déi dräi Kommissiounen hir Konklusiounen aus dem Austausch gezunn. Den 28. Mee 2014 huet d'Nohaltegkeetskommissioun mäi Projet de rapport majoritär ugeholl.

Wéi Dir konnt feststellen, jiddefalls déi, déi de Rapport gelies hunn, sinn ech am éischten Deel op d'Entstehung an op d'Geschicht vum Tram agaangen. Dozou just e kuerze mëndleche Résumé.

Nodeems den Tram am Joer 1832 an Amerika erfonnt gi war, sech an der zweeter Halschent vum 19. Jorhonnert och an Europa verbreet huet, ass déi éischt Linn zu Lëtzebuerg den 22. Februar 1875 ageweit ginn. Dës Linn huet d'Gare mat der Uewerstad verbonnen an ass duerno bis op de Lampertsbierg ausgedehnt ginn. Si hat eng Längt vu ganz genee 10 km.

Am Joer 1908 ass den Tram, dee bis dohi vu Päerd gezu gi war, duerch en elektreschen Tram ersat ginn, an dëse moderne Modell huet sech tëschent zwee Weltkricher zu engem vun de beléifteste Verkéiersmëttel entwéckelt.

Am Kanton vun Esch/Uelzecht, dee mer hei net solle vergiessen, ass en éischten interkommunalen Tram ageweit ginn. Dat war am Joer 1927. En huet d'Südgemenge matenee verbonnen a war souzesoen e Virleefer vum heitegen TICE.

No sengem éischte Boom huet den Tram nom Zweete Weltkrich awer lues a lues u Beléiftheet verluer. Dat ass komm opgrond vun der rasanter Entwécklung vun der Automobilindustrie, vun der Kommerzialiséierung vum Privatauto, deen an de 50er a 60er Joren ëmmer méi zu engem Statussymbol ginn ass. En ass ugesi ginn als Symbol vu perséinlecher Fräiheet a vun Identitéit.

D'Resultat war natierlech, datt ëmmer méi Stroosse gebaut gi sinn an datt d'Réseaue vum Tram lues a lues suppriméiert gi sinn. Den Triumph vum Privatauto, et war souguer eng Marque, déi deen Numm gedroen huet, war trotz sengem Prestigewäert net vu laanger Dauer. Jiddefalls net an de grousse Stied. Schonn an de 70er Joren huet nees en Ëmdenken zugonschte vum ëffentlechen Transport stattfonnt. Domat huet den Tram, wéi et oft genannt gëtt, eng Wiedergebuert erlieft an huet et fäerdegbruecht, sech nieft anere Systemer wéi dem Metro a ville Stied géint de Privatauto duerchzesetzen.

De Grond vun deem Revirement louch natierlech am massiven Zouwuess vum Individualverkéier mat allen negative Konsequenzen, déi mer haut ganz gutt kennen. Net ze vergiessen huet och d'Pëtrolskris an de 70er Joren zu engem Ëmdenken a puncto Ressourcëverbrauch misse féieren. D'Gesellschaft, d'Politik an d'Technik stoungen domat virun neien Erausfuerderungen. Weltwäit sinn nei a performant Tram- a Metrosystemer entwéckelt ginn, déi och zu Lëtzebuerg fir Begeeschterung gesuergt hunn, an dat net nëmmen an deene méi marginale Kreesser, ënner anerem och bei deene Gréngen.

De 7. Mäerz 1991 hunn eng Rei couragéiert Biergerinnen a Bierger, déi kenger politescher Partei ugehéiert hunn, sech zesummegedoen an hunn d'„Tram A.s.b.l." gegrënnt, mam Zil, d'Iddi vun engem Tram zu Lëtzebuerg populär ze maachen an ze konkretiséieren. Zesumme mam Mouvement écologique an der Fondation Oekofonds huet d'Tram A.s.b.l. eng Etüd mam Numm „E modernen Tram fir Lëtzebuerg" an Optrag ginn Ufank den 90er Joren. Se ass vun der Technescher Universitéit vu Wien duerchgefouert ginn. D'Resultater vun där Etüd sinn den 21. Februar 1992 am Théâtre municipal vun der Stad Lëtzebuerg vum Ingenieur a Professer Dokter Hermann Knoflacher virgestallt ginn.

Domat louchen déi éischt konkret Pläng um Dësch. Si hu virgesinn, datt den zukünftegen Tram un de Réseau vun der Eisebunn géif ugeschloss ginn an, grad wéi de Projet vun haut, vun der Gare bis op de Kierchbierg géif gezu ginn. Nodeems d'Chamber an d'Regierung sech bis dohin am Hannergrond gehalen haten, sech net weider agemëscht haten, si se bei der Virstellung vun där Etüd erwächt, mam Resultat, datt duerno ganzer véier Legislaturperioden, also ganzer 20 Joer, am Zeeche vum Tram stoungen. Op déi wéilt ech kuerz agoen.

Déi éischt Regierung, déi sech intensiv mam Tram beschäftegt huet, war d'CSV/LSAP-Koalitioun aus de Jore ´94 bis ´99 mat - um Ufank - dem Jacques Santer als Premierminister an duerno, no sengem Départ op Bréissel, mam Här Jean-Claude Juncker. D'Transportministesch war d'Madame Delvaux-Stehres, déi zesumme mat der Stad Lëtzebuerg d'Etüd Luxtraffic an Optrag ginn huet, fir ze analyséieren, wéi ee Modell vun Tram sech fir d'Haaptstad an d'Regioun ronderëm am beschte géif eegnen.

D'Konklusioun vun där Etüd war déi, datt e modernen Tram kombinéiert mam Bus a mat der Bunn vill Virdeeler hätt an déi beschte Léisung fir Lëtzebuerg géif duerstellen. D'Regierung huet doropshin décidéiert, de Projet ëmzesetzen. No engem Hearing, un deem 16 Organisatiounen an aner Acteuren deelgeholl hunn, koum et an der Chamber zu engem éischten Débat d'orientation, bei deem den éierewäerte Marc Zanussi wéi gesot Rapporteur war.

An deem Kontext ass d'Regierung den 9. Dezember 1997 iwwer eng Motioun opgefuerdert ginn, de Projet BTB ze beschleunegen, fir datt en am Joer 2002 kéint a Betrib goen. Dat heescht, wann dat agetruede wär, wäre mer haut mam Tram hei. D'Motioun war vun der grénger Fraktioun déposéiert ginn an à main levée vun der Chamber ugeholl ginn. Am Mäerz 1999 huet d'Madame Delvaux-Stehres awer missen deklaréieren, datt d'Viraarbechten net wäit genuch fortgeschratt waren an datt de Projet net kéint op d'Schinn gesat ginn. Bis zu de Wahlen am Juni 1999 war et hir net méiglech, en deementspriechende Projet de loi ze déposéieren.

Du sinn d'Wahle komm, d'Wahle vum 13. Juni ´99. D'CSV/DP-Koalitioun huet sech och virgeholl, de Projet BTB ëmzesetzen. Den Transportminister Henri Grethen huet en neit Mobilitéitskonzept ausgeschafft mam Numm mobilitéit.lu a wollt domat méi eng nohalteg Mobilitéit zu Lëtzebuerg an d'Wee leeden. Bei der Presentatioun vu sengem Konzept huet de Minister Grethen deklaréiert, datt de Kierchbierg duerch en Train-tram mat der Stater Gare géif verbonne ginn, an dat a Kombinatioun mam Bus. En deementspriechende Projet de loi ass den 11. November 2003 vun der Chamber gestëmmt ginn, huet awer keng Suite méi kritt.

Déi nächst Regierung. No de Wahle vum 13. Juni 2004 ass de Projet BTB vun der folgender Regierung opgegraff ginn. Am Regierungsprogramm huet déi nei gebilten CSV/LSAP-Koalitioun mam Transportminister Lucien Lux sech souwuel op d'Etüd Luxtraffic, déi mëttlerweil schonn zéng Joer um Bockel hat, gradesou wéi och op d'Mobilitéitskonzept vum Minister Grethen beruff an huet d'Kreatioun vun engem komplette Réseau Train-tram ugekënnegt.

Mat dësem Projet wollt dës Regierung méi wäit goe wéi hir Virgänger. Nieft deem scho geplangte Réseau hat den Transportminister Lucien Lux nämlech wëlles, nach zousätzlech Quartieren un den Tram unzeschléissen. Dat ass awer net esou komm, well Mëtt November 2005 koum et zu engem monumentale Revirement, wéi d'Vertrieder vun der CFL dem BTB e Gnadestouss versat hunn. D'CFL huet deklaréiert, datt de Projet Train-tram virun allem aus Sécherheets- a Capacitéitsgrënn net realiséierbar wier an datt den Ëmbau vun der CFL-Infrastruktur op d'mannst zéng Joer, wann net méi, géif daueren.

D'Regierung huet awer net kapituléiert. Si huet en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff, deen als Missioun hat, alternativ Systemer zum BTB ze analyséieren. Schonn am Mäerz 2006 louchen d'Resultater vir. Si hunn ausgesot, datt déi optimal Léisung géif am Tram léger leien.

Fir dëse Projet ze konkretiséieren, huet d'Regierung zesumme mat der Stad Lëtzebuerg den 21. Juni 2007 de Groupement d'Intérêt Économique Luxtram gegrënnt, dee mer haut nach hunn. Dëse GIE, wéi e genannt gëtt, hat als Optrag, e Projet de loi auszeschaffen, deen all Aspekter vum Projet Tram géif erfaassen, vu sengem Finanzement bis hin zu senger Realisatioun a senger Exploitatioun. D'Objektiv war, am Joer 2014 mat der Konstruktioun vum Tram unzefänken an am Joer 2017 fäerdeg ze ginn. D'Broschür „Mobile 2020 - Mobilitéit, déi beweegt", hat Der all an de Boîten, se ass an all Haushalt verdeelt ginn, mat der Informatioun vum Transportminister Lucien Lux, datt den Tram léger géif gebaut ginn.

Duerno sinn nees Wahle komm. Et war déi véiert a lescht Legislaturperiod virun de Wahle vum 21. Oktober 2013, an et war um Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler, fir d'Relève vum Projet ze iwwerhuelen. Ënnert dem Numm MoDu huet de Minister e Mobilitéitskonzept ausgeschafft, wat op eng interaktiv Approche an op d'Komplementaritéit vun den eenzelne Verkéierssystemer gesat huet. Och him dofir e grousse Merci am Numm vun der Rapportrice.

Une voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Domat hat de fréieren Nohaltegkeetsminister de Referenzkader fir d'Mobilitéitspolitik vun de folgende Jore gesat an de Grondsteen fir dëse Projet de loi geluecht.

De 4. Oktober 2013 huet den Här Wiseler de Projet de loi 6626, wéi ufanks gesot, déposéiert, mam Zil, de Bau vun enger Tramslinn tëschent der Gare an dem Kierchbierg definitiv ëmzesetzen.

De Regierungsprogramm vun der aktueller DP/LSAP/déi-gréng-Regierung, -Koalitioun och genannt, huet de Bau vun dëser Linn bestätegt. Awer net nëmmen: De Regierungsprogramm vun 2013-2018 gesäit och vir, datt déi zweet Phas, an zwar den Ausbau a Richtung Findel an Héienhaff op där enger Säit, an Houwald, Gaasperech, Cloche d'Or op där anerer Säit, beschleunegt soll ginn. An et ass do, wou mer haut stinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat war mäi Réckbléck op déi lescht 20 Joer Mobilitéitspolitik zu Lëtzebuerg. E war vläicht e bëssen extensiv, mä 20 Joer sinn 20 Joer. Et ass mir drëms gaangen, ze weisen, wéi vill politesch Energie schonn an de Projet Tram investéiert ginn ass, ier e fuere kann.

Ech kéim dann zum Objet vum Gesetzesprojet, wou ech fir den technesche Volet op d'Pläng an op d'Grafike wéilt verweisen, déi un de Gesetzestext attachéiert sinn.

Kuerz gesot, dëst Gesetz erlaabt der Regierung, sech mat der Zomm vun 230,520 Milliounen Euro u folgende Realisatiounen ze bedeelegen:

1) um Bau vum éischten Tronçon vum Tram, deen d'Stater Gare mam Kierchbierg verbënnt;

2) um Bau vum Centre de remisage et de maintenance;

3) un der Acquisitioun vun de sougenannten „Rames", déi d'Passagéier befërderen;

4) un der Ëmsetzung vun de Kompensatiounsmoossnamen;

5) un den deementspriechenden Etüden.

Dëse Montant gëtt zweemol am Joer un de Präisindex ugepasst an entsprécht der Part vun zwee Drëttel, déi vum Stat gedroe ginn, während de leschten Drëttel un d'Stad Lëtzebuerg fält. D'Aarbechte ginn als Utilité publique deklaréiert, inklusiv dem Bau vum Centre de remisage et de maintenance.

De geplangten Tronçon huet eng Längt vu 7,5 km a begräift folgend Elementer: Plattformen, op deenen den Tram en site propre circuléiert mat 15 Statiounen, déi an der Moyenne 500 Meter vuneneen ewech leien; dernieft fënnef Multimodalstatiounen, déi d'Kombinatioun vum Tram mam Zuch, Bus, Auto a Vëlo wäerten erméiglechen. Den Tableau a mengem Rapport informéiert am Detail iwwert déi verschidde Kombinatiounen, jee no Statioun.

Déi zweet Realisatioun ass wéi gesot de Centre de remisage et de maintenance, deen dräi Mis-

sioune soll erfëllen: éischtens den Ënnerhalt vun de Rammen, zweetens d'Maintenance vun de festen Installatiounen an drëttens d'Administratioun mam sougenannten zentraliséierten „Poste de commande", deen d'Exploitatioun vum Réseau géréiert.

Well den CRM am Ganzen 3 ha fir Gebailechkeeten an 3,5 ha am Ausseberäich wäert anhuelen an an eng sougenannten „Zone spéciale de conservation" um Bord vum Gréngewald implantéiert gëtt, muss dëse Bau vu Kompensatiounsmoossname begleet ginn. Dat opgrond vun der Habitats-Direktiv, déi geziilt Etüde virschreift a puncto Impakt vun der Konstruktioun op d'Fauna, d'Flora an Habitat.

Dernieft ass och eng Evaluatioun vun den Inzidenzen op déi mënschlech an natierlech Ëmwelt verlaangt. Dës Etüde sinn erfollegt an hunn erginn, datt op deem Terrain eng Rei Déiercher ënnerwee sinn: d'wëll Kaz, d'Fliedermaus an d'Hieselmaus.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

D'Kompensatiounsmoossname sinn der zoustänneger Kommissioun de 14. Mee 2014 virgestallt ginn. Se bestinn aus der Acquisitioun vun 2 ha Terrain, wou geziilt Beplanzungen a Moossname wäerten ergraff ginn, an dernieft aus der Suppressioun vum CR119, deen duerch de Gréngewald fiert.

Doriwwer eraus sinn och speziell Moossname virgesinn, fir d'Grondwaasser virun enger eventueller Pollutioun ze schütze während den Aarbechten um Chantier, haaptsächlech am Beräich vum Centre de remisage et de maintenance.

Sou vill zum sougenannten „Centre", deen eben derfir do ass, fir den Ënnerhalt ze garantéieren. De Fachleit no hätt dee Centre de remisage et de maintenance net kënne bei der Infrastruktur um Houwald gebaut ginn, wou schonn eng entsteet, well dee Site ze kleng ass an d'Infrastruktur sech net dozou eegent, quitte datt aus ëmweltpolitescher Siicht dee Site bestëmmt méi sënnvoll gewiescht wär.

Ech komme bei deen drëtten Deel vum Finanzement. Dee besteet aus der Acquisitioun vun de Rammen, fir de Persounentransport ze garantéieren, mat jeeweils enger Längt vu 45 m, enger Breet vun 2,5 m an enger Capacitéit vu jee 300 Passagéier. Zu Spëtzestonnen ass eng Frequenz vun dräi Minutte virgesinn, woubäi ze bemierken ass, datt dëse System ausbaufäeg ass. D'Vitesse läit an der Moyenne bei 20 km/h an iwwersteigt déi vun de städtesche Bussen an der Moyenne ëm 5 km/h.

Hei bleift ze soen, datt d'Alimentatioun tëschent der Gare an dem Arrêt Pont-Rouge net iwwert déi klassesch Caténairen ofgeséchert gëtt, mä iwwert déi méi innovativ Method vum sougenanntenen „Biberonnage", enger Aart Alimentatioun iwwer Batterie, déi d'Stadbild net wäert veränneren. Schutzmoossname si virgesinn am Beräich vum Kaméidi a vun de Vibratiounen, déi den Tram op d'Ëmgéigend kéint hunn.

E Wuert nach zu der Exploitatioun vum Tram. Et ass zréckbehale ginn, datt de Groupement d'Intérêt Économique Luxtram an eng Gesellschaft evaluéiere soll, där hiert Kapital a Form vun Actionnariat ausschliisslech aus ëffentlecheGelder besteet, an zwar zu zwee Drëttel aus staatleche Gelder an zu engem Drëttel aus dem Kapital vun der Stad Lëtzebuerg. Déi gebrauchten Terraine si gréisstendeels am Besëtz vum Stat an zum Deel am Besëtz vun der Stad Lëtzebuerg a wäerten dat och bleiwen. D'Infrastrukturen an de Fuhrpark ginn an de Besëtz iwwer vun der Gesellschaft Luxtram.

Wat déi berechtegt Suerg vun der Geschäftswelt ugeet a puncto Nuisancen an eventuelle kommerziellen Defiziter, ass d'Kommissioun informéiert ginn, datt den Nohaltegkeetsministère zesumme mat der Stad Lëtzebuerg an de Geschäftsleit e Comité de suivi op d'Bee gestallt huet an datt am gemeinsamen Averständnis mat alle Partner Léisungen ausgeschafft ginn, déi dee gefaarten negativen Impakt op d'Geschäftswelt a Grenze wäerten halen. Sou vill zum Tronçon, deen iwwert dëse Projet soll finanzéiert ginn an deen de Previsiounen no am Joer 2017 soll fäerdeggestallt ginn.

An der Kommissioun ware mir eis eens, datt et mat dësem Tronçon net duergeet, fir d'Verkéiersproblematik an der Stad a ronderëm d'Stad an de Grëff ze kréien. Mir waren eis eens, datt d'Extensioun vum Réseau a Richtung Peripherie doweinst esou séier wéi méiglech soll stattfannen, éischtens a Richtung Findel an Héienhaff, wou e Park & Ride mat 4.000 Emplacementer soll gebaut ginn; zweetens a Richtung Cloche d'Or, wou e Park & Ride mat 1.500 Emplacementer soll entstoen, an drëttens a Richtung Houwald, wou d'Kombinatioun mat Zuch a Bus wäert méiglech ginn. Dat, well déi allgemeng ekonomesch Entwécklung an deenen Aktivitéitszonen a méi speziell och d'Entwécklung vum Logistiksecteur an anere Servicer um Findel d'Besoine vum ëffentleche Persounentransport wäerte massiv erhéijen.

Dernieft ass an der Kommissioun och un déi héich Schülerzuel erënnert ginn, déi Dag fir Dag op de Campus Geesseknäppche fiert an op ëffentlech Transportmëttel ugewisen ass.

Des Weideren ass an der Kommissioun iwwer eenzel Projete geschwat ginn, déi enk mam Projet Tram zesummenhänken. Och hei war d'Kommissioun sech eens, datt den Handlungsbedarf grouss ass. Beispillsweis beim Projet vun der neier N3, wou och de Buergermeeschter vun Hesper heibanne ganz interesséiert war mat den dräi Modulen Nord, Sud a Centre, déi d'Gemeng Hesper entlaaschte sollen an am Joer 2020 entaméiert wäerte ginn, wann d'Etüden zur Zäit ofgeschloss ginn.

Oder awer beim Bau vun der Eisebunnslinn Beetebuerg-Lëtzebuerg oder beim Contournement vun Zéisseng respektiv beim Boulevard vu Märel. An natierlech och beim Bau vu weidere Park & Riden an der Grenzregioun, well et geet jo schliisslech och ëm d'Pendler. Dat als Ausbléck op d'Joren, déi virun eis leien. Et leien der scho vill hanner eis.

Ech kommen dann zum Avis vum Statsrot. A sengem Avis vum 21. Januar 2014 ënnersträicht de Statsrot, datt de Bau vun engem éischten Tronçon net duergeet, fir d'Verkéiersproblematik ze léisen, an datt de Bau vum Tram a Richtung Peripherie dréngend noutwendeg wier. Mir waren eis also eens.

Déi héich Kierperschaft huet sech och am Kontext vu Kompensatiounsmoossnamen zu Wuert gemellt an huet fonnt, datt déi Moossname virum Vote missten definéiert ginn an der Chamber virgestallt ginn. De Gesetzestext sollt dem Statsrot no och kloerstellen, datt d'Kompensatiounsmoossnamen iwwert dëst Gesetz matfinanzéiert ginn. An e war schlussendlech der Meenung, datt am Intitulé vum Gesetz net den Numm vun enger Gesellschaft sollt figuréieren, mä datt eng Referenz op déi geografesch Lag oder eben op de Kadaster sollt gemaach ginn.

D'Chambre des Salariés hirersäits begréisst de Projet Tram vum Prinzip hier a betount d'Wichtegkeet vu senger Extensioun. D'CSL warnt awer virun all Privatiséierungsversuch, wat d'Servicer vum ëffentlechen Transport ugeet. Se berifft sech dobäi op eng ganz Rei vun europäeschen Direktiven a Reglementer an ënnersträicht, datt den ëffentlechen Transport e staatlech finanzéierte Service muss sinn, deen alle Biergerinnen a Bierger gläichermoossen an zu sozialen Tariffer soll accessibel sinn.

An deem Kontext dréckt d'CSL d'Suerg aus, datt de Groupement d'Intérêt Économique Luxtram an eng Société anonyme kéint verwandelt ginn, a fäert, datt de Stat seng Parten u Privatinvestisseure kéint verkafen. Ofschléissend verlaangt d'CSL, datt d'Exploitatioun vum Tram an déi ëffentlech Hand transferéiert soll ginn.

D'Chambre des Métiers dréckt hirersäits e ganz kompletten Désaccord zum gesamte Projet aus an ass der Meenung, datt et dem Tram u Flexibilitéit feelt. Och stellt si sech Froen iwwert de Finanzement vun de folgende Phasen an iwwert d'Entschiedegung vun der Geschäftswelt. Schlussendlech invitéiert d'Chambre des Métiers d'Regierung, iwwer Alternativen nozedenken, nom Typ Busway-Metz, Téléphérique a Funiculaire.

D'Chambre de Commerce läit dertëschent mat hirem Avis, weist sech d'accord mat der Strategie vun der Regierung inklusiv dem Tram, werft awer eenzel Froen op, wat d'Etappe vun der Ëmsetzung a vum Finanzement ugeet. An deem Kontext verweist d'Chambre de Commerce op de Regierungsprogramm an op eng méiglech Zesummenaarbecht mat der BEI, der Banque européenne d'investissement. Dernieft weist d'Chambre de Commerce op d'Nuisancen hin, déi op d'Geschäftswelt kënnen zoukommen, an invitéiert déi politesch Autoritéiten, den negativen Impakt mat alle Mëttelen esou minim wéi méiglech ze halen.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun bleift nach ze soen, datt d'Kommissioun folgend Recommandatioune vum Statsrot ugeholl huet: Si huet den Intitulé geännert an deem Sënn, datt an der Bezeechnung vum Gesetz net méi den Numm „Foire internationale" benotzt gëtt, mä d'Bezeechnung „Circuit de la Foire internationale", well dat e Stroossennumm ass an net den Numm vun enger Gesellschaft.

Se huet d'Kompensatiounsmoossnamen an d'Finanzéierung integréiert an drop gehalen, déi Moossnamen am Detail virgestallt ze kréien. Dat hunn d'Mataarbechter vum Nohaltegkeetsministère an déi Responsabel vun der Sociétéit LuxTram an der Sëtzung vum 14. Mee ausféierlech a kompetent gemaach. Dofir hinnen e grousse Merci.

D'Kommissioun huet och dem Statsrot seng Aschätzung gedeelt, datt eng Extensioun dréngend noutwendeg wier, a war frou ze héieren, datt d'Regierung déi zweet Phas wëllt beschleunegen.

Nieft der Analys vum Statsrot sengem Avis huet d'Kommissioun sech mat weideren Theme befaasst, och Froen opgeworf, déi enk mat dësem Projet verbonne sinn. Ech ka se net all opzielen, well et waren der vill. De Résumé vum wäitgefächerten Austausch tëschent de Membere vun der Kommissioun an dem Här Minister respektiv senge Mataarbechter a Mataarbechterinne fannt Der a mengem schréftleche Rapport.

De Mataarbechter a Mataarbechterinne vum Ministère, déi eis an de Sëtzungen zur Säit stoungen, wéilt ech am Numm vun der ganzer Kommissioun e grousse Merci ausdrécken an dernieft och eiser Sekretärin, der Madame Rachel Moris, gradesou wéi de Mataarbechter vun der gréinger Fraktioun.

Domat sinn ech schonn um Schluss vu mengem zimlech extensive Rapport a soen Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bis heihi villmools Merci fir d'Nolauschteren. Ech sinn awer nach net fäerdeg, well ech haut zwee Projete gläichzäiteg virstelle wäert.

Rapport de la Commission du Développement durable sur le projet de loi n°6684

Domat kommen ech schonn zum nächste Projet, deen enk mam Tram verbonnen ass. Dat ass de Projet de loi 6684. Et geet ëm d'Modifikatioun vum Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur a méi speziell ëm den Aménagement vun enger zousätzlecher Haltestell op der Zuchlinn Lëtzebuerg/Elwen.

Dës mëttlerweil néngt Modifikatioun vum Gesetz ass néideg, fir de Point d'arrêt Pont-Rouge an d'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur ze integréieren. Grad wéi de Projet Tram ass och dëse Projet e Bestanddeel vum Mobilitéitskonzept MoDu, wat vum viregten Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler ausgeschafft ginn ass a wat vun der aktueller Regierung iwwerholl ginn ass.

De Projet de loi 6684 ass de 24. Abrëll 2014 vum Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister François Bausch déposéiert ginn. Den Text vum Gesetz gëtt ergänzt vun engem Exposé des motifs mat den techneschen Aspekter vum Projet, dernieft engem Kommentar vun den Artikelen, enger detailléierter Fiche financière, enger Impaktstudie, déi ënnert der Responsabilitéit vun der Commission d'analyse des projets d'infrastructure ferroviaire realiséiert ginn ass.

De Statsrot huet säin Avis de 6. Mee 2014 ofginn. De 7. Mee 2014 huet déi zoustänneg Chamberskommissioun mech als Rapportrice designéiert. An därselwechter Sëtzung an an der Sëtzung vum 14. Mee 2014 huet d'Kommissioun sech mam Projet de loi a mam Avis vum Statsrot befaasst. An der Sëtzung vum 28. Mee 2014 huet d'Kommissioun mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

Dëse Projet erlaabt d'Realisatioun vun enger ganzer Rei Aarbechten, déi ech just kuerz wéilt beschreiwen. De Point d'arrêt Pont-Rouge situéiert sech op der Eisebunnsstreck Lëtzebuerg/Elwen, méi genee gesot um Fouss vun der Bréck Grande-Duchesse Charlotte, och Rout Bréck genannt an och ënnert deem Numm besser bekannt.

D'Infrastruktur vun der Gare gëtt ergänzt duerch zwee Funiculairen, déi d'Gare respektiv de Pafendall mat der Rouder Bréck solle verbannen. Den Accès zu de Funiculairë gëtt iwwer insgesamt dräi Lifter, Trapen a Rulltrapen ofgeséchert. Zwee Lifter ginn um Niveau vun der Gare installéiert, deen drëtten an der Rue Saint-Mathieu am Pafendall.

D'Infrastruktur vun der Gare gëtt op der bestehender Eisebunnslinn am Hiwwel ënnert der Rouder Bréck gebaut a situéiert sech deemno tëschent der Stater an der Dummeldenger Gare. Dësen Halt, an dat ass interessant, féiert zu enger Entlaaschtung vun der Stater Gare, well eng zousätzlech Méiglechkeet geschafe gëtt, fir an d'Stad mam Zuch eranzekommen.

An deem Kontext ass virgesinn, datt sechs Zich an der Stonn den Arrêt Pont-Rouge bedéngen. D'Passagéier, déi aus dem Osten, Süden oder Westen op de Kierchbierg kommen, kënne mat engem Zäitgewënn vun insgesamt zéng Minutte rechnen, well se net méi an der Stater Gare mussen erausklammen. Fir d'Leit, déi mam Zuch aus dem Norde kommen, ass den Zäitgewënn nach méi grouss; do läit e bei enger Véirelstonn, well hinnen den Ëmwee iwwert d'Stater Gare wäert erspuert bleiwen.

Doriwwer eraus gëtt awer och eng Verbindung zum Pafendall geschafen, eben ënnen an d'Rue Saint-Mathieu. Op där Plaz gëtt e Parking fir de Vëlo installéiert, e Bike & Ride, wéi een et kann nennen, e Parking fir de Vëlo, mat deem ee ka rechnen, wann een ënne fiert an uewe wëllt weiderfueren, dann hëlt ee säi Vëlo ganz einfach mat. Beim Lift an der Rue Saint-Mathieu gëtt zousätzlech och eng Statioun fir de Vëlosystem vun der Stad Lëtzebuerg installéiert, soudatt insgesamt zwee Vëlosparkinge wäerten do entstoen. An der gesamter Infrastruktur huet de Vëlo fräien Accès, inklusiv och an de Liften an am Funiculaire.

Den ënneschten Halt vun de Funiculairë läit direkt iwwert der Gare. Op de Pläng ass et méi einfach ze verstoe wéi am mëndleche Rapport. Den ieweschten Halt vum Funiculaire situéiert sech um Boulevard John F. Kennedy an der Géigend vun der Place de l'Europe a läit an direkter Proximitéit zu der Banque européenne d'investissement, der BEI. Dësen Halt ass direkt un den Tram ugebonnen an integréiert sech an den ëffentleche Verkéiersréseau vun der Stad Lëtzebuerg.

D'Benotze vum Funiculaire bedeit fir d'Passagéier vum ëffentlechen Transport keen zousätzleche Käschtepunkt. Fir déi Leit, déi weder Tram nach Zuch fueren, ass den Trajet gratis. Dat ass ofgemaach gi mam Här Minister. Den Tracé leeft op 67 m ënnerierdesch, e reit sech harmonesch an d'Landschaft an a respektéiert déi bestehend Trëppelweeër, déi schonn do installéiert sinn, gradesou wéi d'Vegetatioun.

Déi gesamt Längt vum Tracé läit bei 200 m, d'Zäit vum Parcours bei 63 Sekonnen an den Temps d'arrêt jeeweils bei 105 Sekonnen.

Ee Wuert nach zu der Capacitéit. D'Gare ass esou dimensionéiert, datt se ënnerhalb vun zéng Minutten evakuéiert ka ginn, woubäi mat maximal 600 Reesender pro Zuch gerechent gëtt. Bei der gläichzäiteger Arrivée vun zwee Zich kënnen also 1.200 Leit ënnerhalb vun zéng Minutte befërdert ginn. An enger Stonn sinn dat maximal 7.200 Passagéier.

D'Experte ginn allerdéngs dervun aus, datt dës Zuel net erreecht ka ginn, an net emol zu Spëtzestonnen et zu där massiver Zuel vu Passagéier wäert kommen. Si setzen och e Modell en place zu de sougenannten „Heures creuses", deene rouege Stonnen, fir datt do just ee Funiculaire a Betrib ass, fir iwwerflëssegFahrten ze erspueren. D'Capacitéit vum Funiculaire läit bei 140 Persoune pro Wagon.

Fir den Impakt op d'Ëmwelt ze analyséieren, ass am Joer 2012 en detailléierte Screening realiséiert ginn. Et ass festgehale ginn, datt den Terrain nees a säin urspréngleche Zoustand muss zréckbruecht ginn, notamment duerch eng nei Beplanzung vun deenen zerstéierte Plazen. Well den Terrain weder zum Patrimoine vun der Unesco nach zu der Pufferzon gehéiert, stellt sech kee Problem, wat den Impakt op wäertvoll Kulturierwen ugeet.

Den estiméierte Käschtepunkt fir de Bau vun der gesamter Infrastruktur a fir d'Uschafung vu Material läit bei 96,29 Milliounen Euro. D'Exploitatiounskäschte leien net grad bei 666.000 Euro am Joer.

De Chantier soll an dräi Phase verlafen an ass esou organiséiert, datt den Zuchbetrib net wäert weider beanträchtegt ginn. Aus deem Grond gëtt mat virgefäerdegten Elementer geschafft, déi net um Site, mä op enger anerer Plaz wäerte fabrizéiert ginn. D'Bauzäit läit am Ganze bei dräi Joer, mam Zil, datt den Tram vum Kierchbierg bis an d'Stad, zesumme mat de Funiculairen, Enn 2017 a Betrib ka goen.

A sengem Avis vum 6. Mee 2014, natierlech, werft de Statsrot d'Fro op, ob et net opportun wier, d'Prioritéite festzesetzen, wat d'Infrastrukturarbechten um Eisebunnsréseau ugeet, a weist drop hin, datt et sech bei dëser Modifikatioun schonn ëm déi néngt Modifikatioun vum Gesetz handelt. De Statsrot kritiséiert dann och, datt kee prezise Kalenner opgestallt ginn ass, wat déi eenzel Phase vun der Ëmsetzung ugeet.

Zum Article unique, deen d'Modifikatioun vum Gesetz erlaabt, huet de Statsrot keng Objektioun gemaach. Et war eigentlech e bësse flott festzestellen, wéi gewëssenhaft e schafft. En huet just en iwwerflëssege Strëch am Text fonnt.

An der Réuniouun vum 7. Mee 2014 huet den Austausch vun der Kommissioun mat de Vertrieder vum Nohaltegkeetsministère stattfonnt. An där Sëtzung si ganz vill Diskussioune gefouert ginn, wou ech just e puer Punkte wéilt ervirhiewen.

D'Notzungspotenzial vun enger méiglecher Fotovoltaikanlag um Daach vun der Infrastruktur wäert nach eng Kéier iwwerpréift ginn. Woubäi awer och déi prinzipiell Fro opgeworf ginn ass, ob de Stat net soll mam gudde Beispill virgoen, wann et sech ëm ëffentlech Bau-

projeten handelt, an net nëmme just no Rentabilitéit soll kucken.

Et ass och iwwer eng elektresch Noutversuergung geschwat ginn. Déi ass séchergestallt.

Et ass och kloer, datt kleng Commercë kënnen entstoen um Site vun der Gare, déi awer nach net definéiert sinn.

Et ass och iwwert den touristesche Volet geschwat ginn, dee fir munchereen interessant geschéngt huet, wou de Ministère awer drop verwisen huet, datt den Tourismus an aner Kompetenze fält an datt hei och d'Stad Lëtzebuerg misst agebonne ginn.

An et ass festgehale ginn, datt véier Persoune fir d'Maintenance an d'Routinekontrollen um Site beschäftegt ginn. Woubäi déi Zuel awer nach kann erhéicht ginn, wann et sech als noutwendeg erweist - haaptsächlech a Spëtzestonnen an och aus Sécherheetsgrënn.

Eng Rentabilitéitsetüd ass net duerchgefouert ginn, well allgemeng d'Kommissioun och der Meenung war, grad wéi den Här Minister, datt ee bei ëffentleche Servicer net soll iwwer Rentabilitéit schwätzen.

Well d'Lifter de Flux vun de Passagéier effikass géréieren, esou wéi et elo virgesinn ass, ass et och net méiglech, ee vun den dräi Lifter ze supprimëieren, och wann de Projet doduerch géif méi bëlleg ginn. Et ass och wichteg, datt de Flux vun de Passagéier richteg organiséiert ass.

Dëse Projet gehéiert an de Kader vun den Équipementer, déi vun ëffentlechem Intérêt sinn. Dowéinst muss keng Modifikatioun vum PAG vun der Stad Lëtzebuerg erfollegen.

A schlussendlech huet d'Kommissioun zur Kenntnis geholl, datt d'Trape laanscht de Site just fir Noutfäll geduecht sinn an net zu Bewegungszwecker. Dat heescht, se sinn net geduecht fir do erop- an erofzelafen an der Fräizäit. Ëmsou méi, well d'Spadséierweeër duerch d'Natur erhale wäerte bleiwen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir weider Detailer verweisen ech op d'Dokument vum Gesetz, wat sämtlech Pläng, Grafiken, technesch a finanziell Detailer vum Projet enthält. Domat hätt ech meng Aarbecht als Rapportrice vun direkt zwee Gesetzesprojete schonn ofgeschloss a soen Iech Merci, datt Der ganz interesséiert nogelauschtert hutt - jiddefalls déi, déi heibanne waren.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Rapportrice. An dann hätt direkt d'Wuert den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Claude Wiseler vun der CSV.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. Den Tram, dat ass jo eng laang Geschicht. D'Madame Lorsché huet se elo beschriwwen an ech soen hir och Merci fir de Rapport vun deenen zwee Gesetzer, och fir den Exposé hei. Ech woen elo net, iergendee Komma un där Geschicht do ze änneren a se nach eng Kéier ze widderhuelen. Déi Zäit wëll ech effektiv probéieren, fir iwwert déi ganz Problematik vun der Mobilitéit, vum Verkéier a vun deene Schwieregkeeten, déi mer hunn, ze schwätzen.

Den Tram ass jo och e besonnesche Sujet, en fin de compte, ëmmer an deene leschten zéng, 20 Joer gewiescht. A jiddwereen huet am Fong, wann een iwwert den Tram schwätzt, esou seng Geschichtchen dozou ze erzielen. Déi eng, déi iergere sech, wa se sech un d'Zäit erënneren, wou se mam Vëlo op de Schinnen hänke bliwwe sinn an ëmgefall sinn. Déi aner, déi erklären an erzielen der aus hirer Studentenzäit, wou dat flott war, mam Tram ze fueren.

Déi aner, déi erzielen, wéi et awer an de 50er, 60er Jore modern war, fir den Tram ofzerappen, well en am Fong guer net méi an d'Zäitbild nach an d'Stad gepasst huet. An déi aner ziele mat enger gewëssener Nostalgie, wéi se als Kanner mam Tram duerch d'Stad gefuer sinn, d'Bomi besichen oder wien och ëmmer.

Jiddwereen huet seng Geschicht ze soen, mä haaptsächlech wat ee feststellt, dat ass, datt keen am Fong keng Relatioun zu deem Sujet huet. Ob et eng negativ oder eng positiv ass, se beréiert iergendwéi jiddwereen. An et beréiert een, datt een ëmmer eng Diskussioun, wann een iwwert den Tram schwätzt, kritt, wat eng Diskussioun mat Gefiller ass. Se ass ni ganz neutral. A well et eng ass mat Gefiller, ass et ganz oft eng irrationnell Aart a Weis, fir driwwer ze schwätzen.

Selte gëtt vun den Zuele geschwat. Selte gëtt vun de Folge geschwat. An déi Aussoen, déi ee kritt, déi si ganz schwiereg unzepaken, well se eben haaptsächlech aus enger Gefillswelt stamen, well se haaptsächlech aus dem Bauch kommen a well se net rationnell sinn. An duerfir prêtéiert sech dee Sujet och esou gutt en fin de compte zur Polemik. Well en alles zouléisst. Well e mat de Gefiller spillt am Fong, andeem ee sech ganz oft op dat Rationnellt misst zréckzéien, fir ze soen: Wat ass dann elo d'Wierklechkeet, wat hu mer draus a wat hu mer net draus?

Ech hat, wéi ech deen Dossier iwwerholl hu virun enger Rei Joren, ni am Fong e staarke Bezuch zum Tram. Ech soen dat och ganz kloer a ganz däitlech hei. Ech war keen „Tramsfetischist", an anere Wierder. Ech muss souguer éierlech soen, datt ech ufanks vun de Joren 2000, déi Zäit, wéi ech an der Stad Lëtzebuerg Schäffe war, och zu engem Skeptiker deelweis gehéiert hunn, dee räsonéiert huet mat en fin de compte Argumenter, déi engem ganz oft, och haut nach, de bon sens schéngen.

Fir ze soen, mä dat do ass awer e schrecklech deiert Investissement. Ass et jo och. Fir ze soen, datt et en fin de compte extrem onflexibel ass. Hätte mer net besser e Bus ze maachen? Well wann s de bis Schinnen am Buedem leien hues an du wëlls duerno eng aner Spur maachen, jo, da kriss de se jo net méi ëmgebaut, dann hues de esou vill investéiert, du muss erëm esou vill ewechrappen. Dat si jo och Argumenter.

Ech ka mech erënneren, datt ech esou geduecht hunn. Et sinn och Argumenter, déi jo haut nach oft gebraucht ginn an déi och en fin de compte verständlech sinn. Well et jo eng Fro ass, déi ee sech muss stellen.

Et ass och ëmmer d'Fro, déi ee sech gestallt huet: Ass den Tram a senger Onflexibilitéit, an der Aart a Weis, wéi e muss gebaut ginn, an enger Festungsstad wéi d'Stad Lëtzebuerg dann dat richtegt Bewegmëttel? Si mer net agëenkt an där Stad, wou mer sinn, mat..., mir hunn net méi Raum, mir hunn e grousst Lach an der Mëtt vun der Stad, dat déi zwee Deeler vun der Stad trennt - ass et dat Richtegt, fir just mat esou engem am Fong onflexibele Mëttel dohinner ze fueren?

Sinn déi Aarbechten, déi mer maachen, fir den Tram hinzekréien, mat all deene Problemer, déi se am Trafic stellen, dann ze bewältegen? Gi mer eis do net enorm Problemer sichen? Hu mer net duerch all déi Schwächten, déi mer duerch de Fait, datt mer kee BTB konnte baue sengerzäit, Décisioun 2004 oder 2005 - Dir hutt et virdru gesot -, hu mer do net iergenden Zuch verpasst? An hu mer net nëmmen e Projet hei mat ganz ville Schwächte kritt?

Ech soen, ech hunn déi Froe jo vill misse sengerzäit stellen, kréie se och haut nach gestallt. Duerfir verstinn ech, datt een déi Froe stellt. Mä ech mengen awer, datt ee se muss op eng rationnell Aart a Weis ugoen.

Wéi ech da spéider d'Responsabilitéit vum Transportdepartement iwwerholl hunn, hunn ech probéiert, mer am Fong net d'Fro méi esou ze stellen - net d'Fro méi ze stellen, sinn ech fir oder géint den Tram? -, well ech en fin de compte fonnt hunn, datt déi do vereinfacht Fro, fir oder dergéint sinn, am Fong guer net déi richteg Fro ass, déi ee sech sollt stellen. Well dat net d'Fro ass, déi ee muss beäntwerten.

D'Fro, déi ee muss beäntwerten - an dat war dat, wat ech och sengerzäit als Optrag vum déizäitege Statsminister krut -, dat ass déi: Mir hunn e Verkéiersproblem hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn e seriöe Verkéiersproblem zu Lëtzebuerg. Vläicht net onbedéngt an der Stad. Duerch eng ganz Rei Phenomeener verlagert e sech ronderëm d'Stad. Mä mir hunn e seriöe Verkéiersproblem am Land. Zwar net iwwert de ganzen Dag, mä moies an owes. An do hu mer awer e seriöe Verkéiersproblem. An d'Fro, déi ee sech huet misse stellen, dat ass net déi fir oder géint den Tram, mä dat ass déi Fro: Wéi ginn ech dee Verkéiersproblem un? A wat setzen ech en place, fir déi Schwieregkeet, déi mer wierklech hunn, ze léisen?

An dat ass keng kleng Schwieregkeet. Quitte datt ech muss soen, wann ech eis vergläiche mat anere Stied, mat anere gréissere Stied, eis Problemer nach relativ ze kucke sinn, mä trotzdeem si se do. A si hunn en Afloss op eis Liewensqualitéit evidenterweis a si hunn evidenterweis och en ekonomeschen Afloss op eis Kompetitivitéit. Brauchs de eng hallef Stonn, eng Stonn, fir op deng Aarbechtsplaz ze kommen an duerno erëm heemzekommen, da bass de wesentlech manner attraktiv, wéi wann dat op eng bëlleg, schnell Aart a Weis ka geschéien.

D'ailleurs, déi Zäit war genau dee Ministère, deen elo haut weiderexistéiert, vum Développement durable zesummegestallt ginn, an där Form, déi en elo huet, well en d'Méiglechkeet huet, fir déi do Fro an all hire Facetten ze stellen a fir ze probéieren, eng gesamt Äntwert an engem Konzept ze kréien, wou all Elementer géifen zesummegefouert ginn.

D'ailleurs huet ee sech och missen d'Fro stellen, fir dee Problem ze beäntwerten, déi doranner bestanen huet, fir sech emol ze froen: Wéi ass dee Problem dann iwwerhaapt entstanen, dee mer konnten hunn?

An d'Äntwert dorop war relativ kloer: Mir hunn an deene Joren, an den 90er Joren, an de Joren 2000, eng enorm Croissance gehat. Mir sinn haut zu 540.000 Awunner. Ech ka mech nach un déi Zäit erënneren, wéi ech méi jonk war, wou Lëtzebuerg aus 350.000, 360.000 Awunner eng laang Zäit bestoung. An dee Rhythmus, wéi dat an deene leschten zéng, 20 Joer an d'Luucht gaangen ass, ass jo trotzdeem awer enorm gewiescht.

Plus 6.700 Awunner d'Joer an deene leschten zéng, 15 Joer an der Moyenne, ass jo eng enorm Croissance. En Emploi vun 10.000 ronn d'Joer méi, während zéng, 15 Joer, ass jo awer en enorme Wuesstum. An dat huet sech zesummegestallt aus engem Drëttel Résidenten an zwee Drëttel Frontalieren.

A wann ech elo der neier Regierung hir Zuele kucken, déi se am Budget ausgedréckt huet, wat d'Perspectives financières sinn, da soen ech, datt am Fong de ganze Modell, deen och vun där neier Regierung elo als Perspektiv gestallt gëtt fir dës Legislaturperiod bis '18, genau déiselwecht Croissance weiderféiert.

Dat bréngt mech just zur Konklusioun, datt en fin de compte déi Perspektiven, notamment, déi s de an der Mobilitéit ze léisen hues, déi Froen, déi s de der ze stellen hues an ze léisen hues, an deemselwechte Rhythmus weider wäerte goen.

Dee Wuesstum, et ass geplangt, wann ech déi Zuele richteg gelies hunn, datt mer 2018 en fin de compte mat quasiment 600.000 Awunner hei am Land rechnen, wann déi Croissance esou sollt weiderlafen, wéi déi Zuelen et am Budget weisen. Jo, da musse mer natierlech och dee Mobilitéitsmodell esou virgesinn, datt dat, wat mer brauchen, fir eise Budgetséquiliber, eis Sozialsystemer oprechtzëerhalen, fir dat och mobil ze halen. Maache mer dat net, hu mer natierlech e Riseproblem.

Wou ass dann d'Realitéit gewiescht? Mä d'Realitéit, dat ass déi, datt mer haaptsächlech all Dag rise Frontaliersstréim hunn, déi an d'Land erakommen an déi op d'Stad Lëtzebuerg konvergéieren, op där enger Säit, an op där anerer Säit, datt mer eng diffus Urbanisatioun hei zu Lëtzebuerg hunn, déi och dorobber ziilt, alles moies op d'Stad Lëtzebuerg konvergéieren ze loossen an owes erauszefëieren, zentral an d'Stad also.

A wann een da seet, wéi et oft an den 90er Joren oder an de Joren 2000 gesot ginn ass: Mä et ass dach einfach, mir mussen den ëffentlechen Transport méi promouvéieren, dann halen d'Leit op, mam Auto ze fueren an dann huele se endlech de Bus oder den Zuch, da sinn eis Problemer geléist; dat kléngt jo gutt, awer nëmmen déi éischt 30 Sekonne kléngt et gutt.

Well wann een dat wéilt maachen, haaptsächlech moies oder owes, dann ass et natierlech total onméiglech, well eisen ëffentlechen Transport zu deeneselwechten Zäite wéi eis Autobunnen an eis Stroosse strubbelvoll ass. A wéi do näischt méi weidergeet, ass den ëffentlechen Transport, ob dat elo Bus ass oder ob dat Zuch ass, och iwwerfëllt, rammelvoll an et kënnt kee méi dran an et kann net méi gebraucht ginn.

Also ass et evident, datt, wann een dat wëllt erreechen, een enorm Efforte muss maachen ausserhalb vun der Stad - an dat huet emol näischt mam Tram direkt ze dinn! -, ausserhalb vun der Stad, fir en ëffentlechen Transport kompetitiv ze kréien. Déi Programmer sinn am Mobilitédurables-Kontext entwéckelt ginn. Déi nei Regierung huet dat och tel quel iwwerholl. An déi Budgetspropositiounen, déi fir d'Joer 2015, an de Pluriannuel, dee fir déi Joren duerno virläit, spigelt dat och zréck.

Déi grouss Strecke wéi Klengbetten op Bréissel, déi grouss Strecke wéi Péiteng an d'Zweegleisegkeet, déi eng Verdueblung vun den Zich an der Utilisatioun och mat sech bruecht huet, déi Strecke wéi Däitschland op Waasserbëlleg, wou och elo d'Zweegleisegkeet ugefaangen huet, wou mer souguer d'accord waren, fir op Igel an Däitschland d'Zweegleisegkeet ze bezuelen, well mer just dee Problem do wollten an de Gréff kréien, och déi Beetebuerger Streck, wou jo elo, wann ech mech gutt erënneren, de Gesetzesprojet déposéiert ass, fir se weiderzebauen, sinn a sech Beispiller an de Bewäis derfir, datt jiddwereen d'accord ass, datt déi Mobilitéit, déi ëffentlech Mobilitéit duerch d'ganzt Land, an haaptsächlech op deenen do Strecken, muss ausgebaut ginn. An derbäi kënnt dann natierlech dee ganze System vu Busspuren, déi Reorganisatioun vun de Bussystemer, déi ugeplangt ass, déi soll gemaach ginn.

A mir hunn och festgestallt, datt all Kéiers dann, wann een am ëffentlechen Transport eng Capacitéit bäisetzt, dat net nëmmen eng Capacitéit ass, déi einfach bäigesat gëtt an dann dosteet, ouni datt se gebraucht gëtt, mä datt den Effekt immédiat ass. Esou sinn an deene Jore virdrun, wann ech elo d'Zich kucken, am Internen Augmentatioune geschitt vun der Capacitéit, Zich bäigesat ginn, an direkt sinn d'Zuele vun de Leit, déi e gebraucht hunn, ëm 23% gestiegen, a bei de Frontaliere souguer ëm 37% innerhalb vu fënnef Joer. Datselwecht gesäit ee bei de Bussen, wou innerhalb vu fënnef Joer den RGTR mat der Augmentatioun vun der Offer direkt d'Demande nokomm ass an zu 37% méi Leit transportéiert.

E Bewäis also, datt, wann een en effikassen ëffentlechen Transport dohinnersetzt, dee qualitativ gutt ass, dee fonctionnéiert, da gëtt en och gebraucht. Da gëtt en och gebraucht an d'Leit huelen en, well se e wëllen. Mä e muss natierlech da qualitativ gutt sinn an en däerf net och am Stau stoe respektiv mat Panne belaascht sinn. Well kënnt dat vir, da gëtt en net gebraucht.

An natierlech ass et och esou, datt déi nei Garë mussen duerfir gebaut ginn, ob dat elo Belval, Ettelbréck, Zens, Arrêt Pont-Rouge, multimodal ass. Multimodal Garë mussen iwwerall hikommen, fir dee System do fonctionnéieren ze loossen.

An ech soen awer gradesou gutt hannendrun, datt dat och fir eis heescht, datt de ganze Stroossesystem an dat ganzt Netz vu Stroossen och muss ausgebaut ginn. Well och wa mer ganz vill Leit op den ëffentlechen Transport kréien, da brauche mer nach den Ausbau vun engem Stroossennetz, ob dat elo eng Zweemol-dräi-Autobunn vun der A3/A6 ass, ob dat de Boulevard de Merl ass, ob dat de Contournement vun Zéisseng ass, ob dat déi Stroosse sinn, déi am Norde ronderëm d'Nordstad, ronderëm Ettelbréck respektiv eng Zwee-mol-zwee-Spuregkeet vun der B7 an dann och en préparative vun deem, wat hannendru bei der N7 kënnt, dat awer à longue perspective..., datt dat awer och wichteg Elementer sinn am grousse Ganzen, fir e Mobilitéitskonzept an Zukunft ze gestalten.

Déi Fro, déi sech da gestallt huet, dat ass, datt natierlech dat nëmme kann an e Konzept gesat ginn. An ech hunn elo dat laang développéiert. Dir kënnt soen, elo huet en net iwwert den Tram geschwat. Mä ech wëll awer kloer an däitlech soen, datt fir eis dat ganzt Konzept, och d'Mobilitéit an der Stad Lëtzebuerg, an engem Ensemble muss gemaach ginn an datt eng Mobilitéit an der Stad Lëtzebuerg, ob se mat Tram oder iergendeppes aneschters gemaach gëtt, strictement kee Sënn huet, wa mer et net fäerdegbréngen, déi grouss Stréim, déi mer brauchen an déi all Dag an d'Stad kommen, ze kanaliséieren an ze organiséieren.

Mä déi Stréim hunn awer natierlech och guer kee Wäert, wa se un der Peripherie vun der Stad Lëtzebuerg ophalen a wa mer dann net wëssen, wéi mer d'Feinverdeelung an der Stad solle maachen.

An dat Ganzt geet nëmmen zesummen. Kréie mer dat Konzept net iwwert d'ganzt Land an deelweis souguer iwwert d'Grenzen eraus, huet en Tram oder iergendeppes anescht strictement kee Sënn. A setze mer en Tram oder en Héichcapacitéitsbus dohinner an d'Stad a maache mer dat anert ronderëm net, also, ça ne sert à rien. Et ass nëmmen den Ensemble, et ass nëmmen d'Mobilitéitskonzept a sengem Ensemble an an all senge Facetten, wat zielt.

Wann een dann elo kuckt d'Fro vun der Mobilitéit an der Stad Lëtzebuerg an et gesäit een, wéi déi haut organiséiert ass, a mat allem gudde Wëlle vun deene Leit, déi se sengerzäit virun zéng, 20 Joer organiséiert hunn an déi och e Konzept entwéckelt hunn, wat sengerzäit net falsch war, mä wann een haut kuckt, wat fir Belaaschtungen an d'Stad Lëtzebuerg lafen, dat stäreférmegt Zesummefëiere vun de Bussystemer, wou quasiment alles duerch d'Nei Avenue oder duerch de Boulevard Royal féiert, wou mer effektiv ze vill eidel Busse momentan fueren hunn, mä et ass net de Leit an et ass net de Bussen hir Schold, et ass dem Konzept seng Schold, wat elo en fin de compte awer eng ganz Rei Bussen eidel fuere léisst, well wa se iergendwou Leit hibréngen, musse se och zréckfueren, soss mécht dat Ganzt jo kee Sënn.

Mir hunn elo eng ganz Rei Stauen, och well mer eben déi Zentralitéit do hunn, well alles iwwert d'Gare och leeft a well och eis zentral Gare, wat déi eenzeg grouss Statioun ass hei an der Stad, fir eran an eraus op den Zuch ze klammen, well déi, och wa mer se nei gebaut hunn, och wa vill Capacitéit derbäikomm ass, och wa se vill méi schéi ginn ass, awer vun der Gréisst net genügend grouss ass, fir am Fong

deene Besoinen ze entspriechen, déi déi vun haut sinn.

Dat bedeit, datt evidenterweis méi wéi eng Gare muss an d'Stad kommen. Ob dat elo Hollerech ass, ob dat Zens ass, ob dat Houwald ass, ob dat den Arrêt Pont-Rouge ass oder ob dat d'Gare centrale ass, mir brauchen der eng ganz Rei a mir mussen d'Verdeelung vun der Verdeelung maachen.

Mir musse kucken, dat ass mer och evident, esou mann wéi méiglech Bussen, déi näischt an der Stad verluer hunn an haaptsächlech net op der zentraler Achs eppes verluer hunn, guer net an d'Stad méi eranzebréngen. Duerfir mengen ech, datt mer den RGTR effektiv mussen, esou wäit et méiglech ass, un der Peripherie vun der Gare stoppen.

Evidenterweis musse mer eng Rei Opfangparkingen hunn a se stinn am Gesetzesprojet respektiv am Rapport nach eng Kéier opgezielt. Mir mussen eben déi noutwendeg Capacitéit op deene richtege Strecke schafen.

Duerfir war evidenterweis sengerzäit, wéi déi Décisioune geholl goufen, och fir mech d'Fro: Jo, wat fir eng Mëttel setze mer dann elo an? A wat ass de Besoin vun der Stad Lëtzebuerg? An do muss een och ënnerscheeden, well ech hunn och déi Etüde vun der ADR eng Kéier gekuckt, wéi si d'Analys maachen, wéi ee vun engem Quartier an deen anere Quartier kënnt. A mengen Ae kann een net alles matenee verwiesselen.

Et ginn zwee Systemer, déi mir an der Stad brauchen: Mir brauchen evidenterweis och nach an Zukunft fir jiddwereen hei e System vun der Stad Lëtzebuerg selwer, deen d'Mobilitéit tëschent de Quartieren ausmécht. Dat ass och zu engem groussen Deel der Stad Lëtzebuerg hir Responsabilitéit, fir dat ze maachen.

An dann niewendru brauch een awer och e System, wéi en dann och ëmmer ass - wéi en dann och ëmmer ass! -, e System mat enger grousser Capacitéit, deen all déi Pendler kann duerch d'Stad verdeelen, eng Feinverdeelung an der Stad ka maachen. An déi zwee Systemer mussen niewentenee lafen, well se ganz anere Besoinen, ganz aneren Demanden entspriechen.

Déi Rechnungen, an ech maachen elo hei keng Calculen, well ech si sécher, datt den Infrastrukturminister eis déi Zuelen nach eng Kéier wäert am Detail nennen, mä et ass kloer sengerzäit an de Calcule gewiescht, datt den aktuelle Bus an de Capacitéiten net süffisant war, an datt och e Grousscapacitéitsbus, esou wéi en dann zu Metz ass respektiv an anere Stied, einfach, wann een de Calcul mécht vun de Capacitéiten, net duergeet fir déi Besoinen, déi mer haut hunn.

Well du kanns jo net all fënnef Sekonnen ee fuere loossen! An an enger Sécherheet vun enger Exploitatioun vun engem Bussystem ass dräi Minutten oder zwou Minutten de Maximum. Wann s de dat rechens, huet en nëmmen d'Halschent vun der Capacitéit vun deem, wat en Tram huet.

An da gesinn ech awer verschidde vun deene Leit, déi sech als Expert elo bezeechnen a Bréiwer schreiwen, déi soen: Majo, et ass jo kee Problem, mir hunn absolut genügend Capacitéit, wann s de en Zweegelenkbus all 30 Sekonne fuere léiss. Also kuckt eng Kéier, wat dat gëtt, all 30 Sekonnen en Zweegelenkbus fueren ze loossen! Mir kommen net weider an d'ganz Stad ass sécherlech blockéiert. Duerfir sinn ech, en fin de compte, zu där Konklusioun komm, datt déi eenzeg Capacitéit déi vun engem schinnegebonnene Mëttel ass.

An dann d'Fro vun der Flexibilitéit, déi eng berechtegt Fro ass an déi jo och aliicht, well et ass manner flexibel, en Tram, et ass evidenterweis manner flexibel. Mä d'Fro war ëmmer: Wou brauche mer da Flexibilitéit? A brauche mer déi Flexibilitéit? Well wat musse mer mat deem Tram maachen? Mir mussen en fin de compte d'Leit dohinner bréngen, wou se schaffen.

Se schaffen um Kierchbierg, se schaffen um Findel, se schaffen op der Gare, se schaffen an der Haaptstad a se schaffe schlussendlech och nach um Ban de Gasperich. Do schaffe se, do musse mer d'Leit hikréien. A mir huelen net de Kierchbierg a mer setzen en op eng aner Plaz. Mir brauchen also een Deel vun där Flexibilitéit sécherlech net, well mer ganz genau wëssen, wou d'Aarbechtsplaze sinn. An an deenen nächsten 20, 30 Joer wäerten d'Aarbechtsplazen do sinn an néierens anescht.

An dann och déi Diskussioun, déi mer haten iwwert dat Ënnerierdescht, wëll ech net méi drop zréckkommen. Dat ass sécherlech eng Fro vum Präis an och vun der Exploitatioun, déi fir esou eng Stad net sënnvoll erschéngt.

Ech mengen, déi Diskussioun vum Mettis zum Beispill ass awer eng ganz interessant Diskussioun, déi awer ze féieren ass. An dat ass och a mengen Aen en extrem sënnvollt Transportmëttel. Mä do agesat, wou et de Capacitéiten entsprécht an enger Peripherie vun der Stad, wou mer en eventuell kënne brauchen, do entsprécht en de Capacitéiten, déi een effektiv kann huelen. An do muss ee sech iwwerleeën, ob een net esou e Mëttel asetzt.

A wann een elo kuckt, wat déi Mobilitéit en fin de compte als Käschtepunkt huet. Et gëtt jo och gesot: Den Tram ass deier! En ass och deier, en ass wierklech deier. Sou! Elo soen ech, wann ech awer dat vergläiche mat all deem Käschtepunkt, deen déi Mobilitéit brauch an deenen nächste Joren, mat all deenen Investissementer, déi musse gemaach ginn, ass et awer nëmmen - ech wëll net soen, e klengen Deel, well do géif ech iwwerdreiwen -, mä ass et awer nëmmen een Deel dovunner.

Mä e kann awer och nëmme verstane ginn an deem ganze Komplex. An datt och haut gläichzäiteg den Arrêt Pont-Rouge gestëmmt gëtt, fannen ech a sech eng positiv Saach, well dat Ganzt ergëtt an engem Ensemble Sënn.

Sou, doraus ergëtt sech, datt d'CSV-Fraktioun dee Projet wäert stëmmen, souwuel deen ee wéi deen aneren. Mä ech sinn awer nach net fäerdeg mat menger Ried, well ech hunn nach eng ganz Rei Saachen trotzdeem do hannendrun ze soen.

(Interruption)

Bis elo war et gutt, jo, fir déi gréng.

Neen, fir elo, ech wëll probéieren awer och wierklech déi Froen, déi mer hunn an déi mer eis stellen, och nach eng Kéier hannendrun ze soen. Mir hu virun e puer Deeg, et stoung an der Zeitung, d'Dier geklaakt vun enger Kommissiounssëtzung. Déizäit ass eis gesot ginn, virun e puer Deeg: Et ass jo net seriö, hei gëtt Zickzackkurs gemaach, et gëtt eis reprochéiert, fadenscheineg Grënn ze sichen, fir géint den Tram ze sinn, mir sinn onverständlech a kontradiktoresch. D'Madame Lorsché huet gesot, et wär total kontradiktoresch, deen ee Projet ënnert der Rouder Bréck ze stëmmen an dann eventuell géint den Tram ze sinn.

Ech soen Iech just: Mir hunn Iech elo gesot, wat eis Attitüd zu deem engen an zu deem anere Projet ass. Mä esou Argumenter ze gebrauchen, en Arrêt Pont-Rouge ass gradesou sënnvoll an huet och säi Sënn, wann den Tram net uewe fiert. Well fir d'Leit do op enger Gare unzehalen an dann eropzehuelen an an e Bus ze huelen, mécht och absolut Sënn. Ech wëll just soen, et muss een also oppassen, wéi een d'Argumenter gebraucht.

Déizäit ass eis da reprochéiert ginn, mir wären dergéint. Ech hunn Iech elo eis Meenung gesot. Mä ech hätt just gär, wa mer eppes soen, datt och dat, wat mer soen, eis gegleeft gëtt. Mir hu gesot: Mir wëllen net un deem Vote do deelhuelen, net, well mer géint de Projet sinn - an ech widderhuelen et nach eng Kéier -, mä well mer einfach mat der Method, déi sengerzäit gefuer ginn ass par rapport zu de Pétitionnairen, net d'accord waren.

Mir hu virun där Diskussioun mat de Pétitionnairë gesot: Mir hätte gär e puer Deeg Zäit, well mer et logesch fannen, datt mer an eis Fraktiounen zréckginn, fir dat ze diskutéieren, well et e Respekt virun de Pétitionnairë war. Mir hunn dat während der Sessioun gesot heibannen, mir hunn et während der Kommissiounssëtzung gesot, datt mer et einfach normal fannen, datt, wann een esou eng Prozedur erfënnt, fir d'Leit schwätzen ze loossen, fir d'Leit hir Meenung ausdrécken ze loossen, et léisst een d'Leit an d'Chamber kommen, dann ass et net normal, datt ee schonn deen Dag duerno op dem Ordre du jour stoen huet e Projet, wou een direkt seet, e gëtt ofgestëmmt a mer fuere mam Bulldozer derduerch.

(Interruption)

Vläicht wär d'Resultat datselwecht gewiescht, Madame Lorsché. Mä ech fanne just, datt mer hätte misse Respekt hu par rapport zu deene Leit.

An ech soen Iech genau datselwecht, wann elo zwee aner Projete kommen, wann elo de Projet iwwert d'Bourgsse kënnt, wou och eng Petitioun amgaangen ass, wann elo de Projet iwwert de Mariage kënnt, wou och eng Petitioun amgaangen ass. Ech weess net, ob déi alleguer genuch Ënnerschréfte kréien, mä ech soen Iech, wa se genuch Ënnerschréfte kréien, mengen ech, datt et de Minimum wär, datt mer géifen deenen eenzelne Fraktiounen d'Méiglechkeet ginn, doriwwer ze schwätzen, déi Argumenter sech eng Kéier unzekucken an dann nach déi Meenung ze huelen, déi hir ass. Dat ass jo eng ganz aner Fro. Mä sech dann awer auszedrécken an zumindest déi Prozedur seriö ze huelen, schéngt mer de Minimum ze sinn.

Mir hunn och gefrot, datt mer gär hätten eng Ausso vun der neier Majoritéit iwwert d'Aart a Weis, wéi se mam Referendum virgeet. Ech fänken déi Diskussioun elo net nach eng Kéier un, well déi hate mer schonn de Moien an der Kommissioun an do si mer jo e Stéck weiderkomm, soudatt ech net wëll nach eng Kéier dat do soen.

Dat zum Prinzip.

Da bleiwen awer och nach eng ganz Rei Froen op zu dem Projet selwer, déi ech hei wëll am Numm vun der CSV an aller Däitlechkeet stellen a froen.

Dat Éischt, dat ass eng Décisioun vun der Regierung, déi d'Regierung ugekënnegt huet an der Regierungserklärung a wou, wann ech mech net iren, och haut eng Motioun an d'Chamber wäert erabruecht ginn, wat am Prinzip jo och an der Kommissioun schonn duerchgeschwat ginn ass, déi doranner besteet, datt méi schnell déi nächst Etappe solle gemaach ginn.

An ech muss jo soen, an der éischter Approche kann ee jo net dergéint sinn, wa méi schnell e Projet zum Enn soll bruecht ginn, deen eis a priori sënnvoll schéngt. Mir wëllen awer dozou wëssen, an dat ass d'Fro vun der Finanzéierung. Wann een nämlech kuckt, wéi dee ganze Mobilitéitskonzept, wat dat elo a sengen eenzelnen Deeler, indépendant vum Tram, an deenen nächste Jore wäert kaschten, a wann een et da seriö an all sengen Deeler wëllt ëmsetzen, dann, soen ech, ass dat en enorme Batz.

Den Tram eleng, esou wéi en drasteet, wann ech de Budget richteg gelies hunn, da wäert deen 2015 op 87 Millioune kommen, 2016 op 132 an 2017 op 162. Do mussen dann awer déi Deeler ewechgerechent ginn, ginn ech dovunner aus, déi vun der Stad Lëtzebuerg ze bezuele sinn. Op jidde Fall steet et esou an dem Volume II vum Budgetsprogramm.

D'Beetebuerger Streck, déi wäert 2016 30 Milliounen, 2017 70 Millioune kaschten. De Centre multimodal zu Beetebuerg, dee wäert 88 Milliounen 2015, 2016 53 Millioune kaschten. Den Eurocap-Rail 30 Milliounen, d'Sandweiler Streck 20 Milliounen, den Arrêt Pont-Rouge 2016 38, 2017 34 Milliounen.

Wann ee kuckt, wat am Fonds du rail 2013 ausgi gouf, da sinn dat 137 Milliounen Euro. 2014 sinn der 164 virgesinn. A mir ginn am Joer 2015 vun 164 Milliounen op 296 Millioune Previsioun erop. Ech weess, datt déi och net alleguer wäerten ausgi ginn, mä ech soen awer, dee Sprong do ass héich: 2016, 285; 2017, 318. Dee muss de emol nach packen!

An da soen ech, wann een déi do Projeten all wëllt maachen - an ech fannen et noutwendeg, datt mer se all maachen, well se gehéieren all zum Mobilitéitskonzept -, da froen ech mech awer, ob een da soll higoen a probéieren alles esou zesummenzedrängen. Wou hu mer déi Capacitéit, fir dat alles gemeinsam an deeneselwechte Joren ze finanzéieren?

An da soen ech, déi Rapiditéit, mat där elo geschafft gëtt, an do hate mer och schonn eng méi hefteg Diskussioun jo mateneen, ech weess net, ob se haut nach eng Kéier hefteg gëtt, dat gesi mer dann, mä dat ass déi vun der Diskussioun mat de Gemengen.

Ech fannen, datt, wann een déi Planifikatioun mécht vun der zweeter a vun der drëtter Etapp, da fannen ech et logesch, da fannen ech et normal, datt ee mat deene Gemengen, net nëmmen der Stad Lëtzebuerg, mä och déi aner, déi concernéiert sinn, awer eng Diskussioun ufänkt. Datt ee se mat un d'Planifikatioun bedeelegen deet, datt ee mat déi ganz Froe vun den Terrainen a vun den Autorisatiounen au préalable vun Ufank u scho mat hinnen duerchdiskutéiert.

Dat ass awer elo, esou wéi vill Gemenge mer soen, net geschitt.

Mir hunn ëmmer probéiert an deene Jore virdrun, am Kader vu LuxTram, wou d'Stad Lëtzebuerg mat 50% vertruede war, all déi eenzel Froen, all Detailer gemeinsam ze maachen. Ech fannen, datt dat och mat deene Gemenge misst gemaach ginn, déi concernéiert si vun der zweeter an drëtter Etapp, haaptsächlech wann een et wëllt méi schnell maachen.

A schlussendlech, och zu deemselwechte Sujet gehéierend, soen ech, déi Décisioun, déi einfach geholl ginn ass, fir ze soen, datt bei der zweeter an der drëtter Etapp d'Stad Lëtzebuerg haaptsächlech, aner Gemengen och deelweis net brauche mat ze finanzéieren, ass awer fir eis eng Fro, fragwürdeg. Wéisou ass et logesch, datt een Drëttel, zwee Drëttel opgedeelt gëtt bei där éischter Etapp? A wéisou gëllt dat net méi, ass dat onlogesch fir déi zweet oder drëtt Etapp?

Wann da gesot gëtt, mä mat där zweeter an där drëtter Etapp huet d'Stad Lëtzebuerg näischt méi domat ze dinn an ass net direkt concernéiert, da soen ech awer, wann ech kucken am Ban de Gasperich, e grousst Entwécklungsgebitt vun der Stad Lëtzebuerg, wou dee ganze Quartier vu Bouneweg, mam Bouneweger Lycée, de Lycée Vauban, de Park & Ride, eventuell de Stadion, wann en dohinner kënnt, ech weess et net, wou déi awer mat desservéiert sinn, soen ech mer, datt d'Stad Lëtzebuerg awer eminent concernéiert ass.

An datt déi Décisioun, fir hei als Stat alles direkt ze iwwerhuelen, ouni eng Diskussioun mat der Stad Lëtzebuerg a mat deenen anere Gemengen ze féieren, awer fir eis e grousst Fragezeiche stellt a mer domat - ausser Dir bréngt eis elo Argumenter, firwat dat esou ass -, mat där doter Opdeelung net kënnen d'accord sinn.

Mir hätte gär, datt déi Froen au préalable och propper geklärt wären. Bis elo hu mer keng Argumenter héieren, déi eis zu deemselwechten Entschloss bréngen, wéi d'Regierung komm ass.

Wann ech mat de Gemenge mer d'Froe stellen, da froen ech mech: Wéi sinn déi Tracéen, déi elo schonn an der zweeter an drëtter Etapp gemaach ginn, wou ee schonn éischt Pläng huet, wéi sinn déi festgeluecht ginn? Sinn d'Terraine scho kaaft ginn? Mussen déi reklasséiert ginn?

An, mä ech schwätzen awer net gären ze vill iwwert de Fussballstadion, mä trotzdeem, wann ech do d'Pläng gesinn, da gesinn ech awer, an haaptsächlech mat enger Note, déi eis vun engem Bureau d'étude geschéckt ginn ass, obwuel de Minister gesot hat, datt deen Terrain largement géif duergoen a kee Problem hätt, fir sämtlech Installatiounen op deen Terrain ze kréien, stellen ech awer an där Note fest, déi mer vun Iech selwer kritt hunn, datt do déi verschidden Administratioune recommandéieren, d'Stroossen ze réckelen, fir den Terrain e gutt Stéck méi grouss ze maachen.

Ech weess net: Ass dat elo esou? Ass dat net esou? Ech weess jo heiansdo, datt a Rapporte vun Administratiounen a vu Büroe Saache stinn, déi net der Realitéit entspriechen, mä zumindest, wann ech dee Rapport liesen an ech kucken e mat der Ausso vum Minister, ass dat kontradiktoresch. Duerfir ass et fir eis wichteg, och déi do Äntwerten ze kréien.

Dann zréck zum Projet selwer. Et gëtt gesot, et wär elo eng Décisioun geholl ginn tëschent der Stad Lëtzebuerg an dem Infrastrukturminister, fir de System vum Biberonnage ze huelen, aus enger ganzer Rei vu Grënn, well s de da keng..., well d'Elektresch da sech manner gesäit. Du brauchs keng Caténairen opzestellen an dat changéiert d'Bild net vun der Stad.

Ech wëll hei keng technesch Diskussioun, mat kengem vun Iech, féieren, well ech mengen, datt mer alleguer net Techniker sinn, déi elo den Detail kennen. Ech ka mech just erënneren, datt bei all deenen Diskussioune mir konstant gesot gouf, datt déi Technologien do e Fiabilitéitsproblem nach hätten. A wa mer sécher wären, wa mer sécher wëlle sinn, den Tram och esou hinzekréien, datt e fiabel ass, an datt esou mann wéi méiglech Risquen do sinn, datt en en panne fält, da solle mer zréckgräifen op déi Technologien, déi scho jorelaang erprouft gi sinn a wou sech déi Problemer an déi Froen net stellen.

An duerfir war och eng Diskussioun dovunner ausgaangen, datt ee sollt eng aner Technologie huelen, datt een déi ganz sensibel Gebidder vun der Stad wéi d'Bréck zum Beispill, datt een do sollt mat engem Akku-System fueren, fir ze évitéieren, dorobber Caténairen ze stellen, mä fir de Rescht vun den Tracéen der awer ze maachen.

Ech wëll och kee Reliounskrich dorauser maachen. Ech wëll just soen: Sidd Der sécher, datt dat do fiabel ass? Sidd Der sécher, datt dat do kee Problem stellt? Well wann ech déi Décisiounen do ze huelen hätt, dann, muss ech soen, géif ech nu wierklech eng Décisioun huelen, wou ech sécher wär, datt d'Fiabilitéit vun esou engem System och assuréiert wär, a wou mer net, wéi dat a ville Stied, net a villen, mä an enger Rei Stied passéiert ass, déi notamment d'Elektresch duerch de Buedem bruecht hunn, wou déi éischt een, zwee Joer Riseproblemer waren, déi se zwar duerno an de Gréff kruten, mä déi awer do waren an déi d'Kredibilitéit vum Tram sengerzäit a Fro gestallt hunn.

Ech warnen also, Experienzen domadder ze maachen. Ech wëll dat och op eng onpolemesch Aart a Weis maachen, mä trotzdeem, déi do Fro ass eng Fro, déi ee sech muss stellen. Ech weess, datt d'Stadbild vläicht méi schéin ass, wann een et net mécht. Ech wär awer wierklech frou, wa mer och d'Fro vun der Fiabilitéit kloer an däitlech geklärt hätten. Net datt mer a fënnef, sechs Joer, vläicht net méi mir, mä anerer awer dostinn a soen: Hätte mer gewosst, dann hätte mer dat ganz aneschters ugepaakt! Op jidde Fall, dat ass fir eis och e Problem.

Dann deen nächste Punkt, deen ech wollt ugoen, dat ass dee vun der Ausso, déi ech awer elo weider net méi gelies hunn, mä wou ech awer trotzdeem eng Rei Froe wéilt driwwer stellen, vun dem Infrastrukturminister, dee seet, datt - elo stëmme mer jo deen éischte Projet, dat ass de Projet tëschent der Luxexpo oder dem Circuit de la Foire an der Gare -, dee seet, hie géif wëllen 2017 vun deem Projet déi éischt Etapp schonn a Betrib setzen. Do wëll ech just wëssen, wéi en op déi Iddi kënnt a firwat en dat wëllt maachen.

Well dat ass net virgesinn, kloer an däitlech net virgesinn am Gesetzesprojet. An ech si sécher, datt et e Käschtepunkt huet. Well et ass jo net einfach esou, datt s de dann d'Schinne weiderfuere léiss an den Tram dann eemol d'Handbrems zitt an dann erëm zréckfiert. Do musse jo eng ganz Rei Installatioune gemaach ginn, déi erlaben, deen Tram haaptsächlech an enger éischter Etapp emol op enger Zwëschestreck fueren ze loossen. Wou ginn déi gemaach? Wéi ginn déi gemaach? Wat kaschten déi?

An ass dat sënnvoll, fir dat an enger Zwëscheneetapp ze maachen, well et méi deier kascht? An haaptsächlech, well ech elo emol net direkt agesinn, wou dann do den direkten Intérêt ass, well jo en fin de compte den Tram jo haaptsächlech säi Sënn huet, wann en d'Leit do ewechhëlt, wou se ukommen, dat heescht, op der Zentralgare oder um Aldringen oder op der Place de l'Étoile. Do, wou mer am Fong potenziell Ëmsteigeplazen hunn.

A wann een den Tram einfach esou baut dohinner an der éischter Etapp an et huet een net déi Ëmsteigeplazen, jo dann huet en natierlech och net deen Effet. An ech froe mech wierklech, ob dat sënnvoll ass, fir et ze maachen.

Elo kann een natierlech soen, wann den Arrêt Pont-Rouge fäerdeg ass, dann hu mer eng Plaz, wou dropgeklomme gëtt. Mä ech muss awer soen, an der Proportioun vun deem, wat sollt benotzt sinn, wat d'Exploitatioun ass a wat d'Käschte sinn, mä ech kenne se net, fir eventuell dat do a Fonctioun ze setzen, stellt dat eis awer eng ganz Rei Froen. A stelle mer eis d'Fro, ob dat do sënnvoll ass, fir elo haaptsächlech da wëllen 2017 schonn deen Tram do fueren ze hunn. Ech hätt léiwer, e géif ganz fueren an e wär sënnvoll a senger ganzer Exploitatioun.

Eng aner Fro, déi mer eis stellen, dat ass déi vun der Indemnisatioun, déi gemaach gëtt respektiv déi ugekënnegt gëtt bei den eenzelne Commerçanten. Do wollt ech am Fong froen, ob do schonn Detailer bekannt sinn, wéi esou eng Indemnisatioun soll gemaach gi vun dem Stat, vun der Stad Lëtzebuerg.

Mir stellen eis och d'Fro, wéi et soll juristesch ugepaakt ginn. Ass dat schonn diskutéiert ginn? Gëtt dat just eng Indemnisatioun, déi valabel ass fir dëse Projet, oder gëtt et, wat eis juristesch géif sënnvoll a logesch schéngen, wann een et wëllt maachen, en allgemengt Gesetz, wat da fir all Chantieren zielt?

Déi Fro soll gestallt sinn. An do wäre mer och gespaant, fir eng Äntwert ze kréien, wéi wäit schonn d'Reflexioune vun der Regierung an deem do Kontext gaange sinn. Well dat, wann ee mat de Commerçanten hei an der Stad schwätzt, da maachen déi sech all méiglech Zorte vun Hoffnunge respektiv interpretéieren d'Aussoen op eng Aart a Weis, wou vläicht d'Regierung se net wëllt interpretéieren. Mä dat weess ech net. An duerfir wär ech frou, wann ech wéisst, wéi déi Interpretatioun vun der Regierung, respektiv vun der Gemeng, mä dat muss d'Gemeng am Gemengerot maachen, wär.

Schlussendlech stellt sech och d'Fro vum Exploitant, déi fir mech och eng ass, déi muss geléist ginn. Et ass evident, datt muss de GIE LuxTram iergendzwousch eng Kéier an eng SA ëmgewandelt ginn, fir och hir Fonctioune vun dem Exploitant kënnen ze maachen. Mä d'Fro, déi sech awer hannendru stellt, wann de GIE LuxTram eng SA LuxTram ass: Wéi gëtt dann déi Gestioun gemaach? Wie mécht se? Gëtt se ausgeschriwwen? Muss se net ausgeschriwwe ginn?

Do ass eng juristesch Fro, déi sech nach ëmmer stellt. Ech stelle fest, wann ech elo héieren hunn, datt d'Juristen elo enger anerer Meenung sinn, wéi se sengerzäit waren, well ëmmer, esou wäit meng Souvenire reechen, mir gesot ginn ass, datt eng Ausschreiwung noutwendeg wär bei engem Tram. Wann dat elo anescht ass, da géif ech just gär wëssen, op wat fir Argumenter an op wat fir enger Interpretatioun dat berout. An, ech mengen, dat ass awer nach eng Diskussioun, déi wierklech an allem Detail muss gefouert ginn, wien an zu wat fir Konditiounen déi Exploitatioun muss gemaach ginn.

Voilà, ech wollt net méi soen. Ech wollt nach eng Kéier kloer soen, wat eis Positioun ass, datt mer déi zwee Texter stëmmen. Ech wëll awer och hannendru soen, datt mat all deenen Aussoen, déi hannendru gemaach gi sinn, wat déi zweet, déi drëtt Etapp ugeet, respektiv déi gemaach gi sinn, wat d'Exploitatioun ugeet oder d'Aart a Weis, fir et en exploitation ze setzen, meng Fraktioun eng ganz Rei Froen, eng ganz Rei Problemer huet, déi mer hoffen nach kënnen an dëser Enceinte unzeschwätzen an och am Detail duerchzegoen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Wiseler. Nächste Riedner ass den Här Roger Negri vun der LSAP.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech der Présidente-rapportrice Josée Lorsché e grousse Merci soe fir hir exzellent Rapporten, déi schréftlech a mëndlech. Ech mengen, déi waren esou komplett, dass ech eng ganz Partie Saachen elo emol wäert ewechloossen, fir mech net permanent ze widderhuelen. An dem Här Wiseler wëll ech, Claude Wiseler, och Merci soen, virun allem fir deen éischten Deel vu sengem Exposé, wou e ganz gutt d'Situatioun hei am Land vun der Mobilitéit reflétéiert huet.

An ech wëll och hei direkt soen, dass mir als LSAP déi zwee Projete vun haut wäerte voll ënnerstëtzen a selbstverständlech och herno matstëmme wäerten.

1992 huet de Mouvement écologique - e puer Saachen dierf ech awer widderhuelen - ...

(Hilarité)

...mat Oekofonds an Tram Asbl eng Etüd ënnert dem Numm „E modernen Tram fir Lëtzebuerg" initiéiert beim Professer Dokter Knoflacher vun der Technescher Universitéit Wien. An ech ka mech nach ganz gutt erënneren, wéi dem Professer Knoflacher säi jonken Assistent, de Lëtzebuerger Ingenieur an heitegen Dokter Romain Molitor, am Neien Theater ufanks '92 hei an der Stad virum volle Sall dës Etüd virgestallt huet.

Dat war déi Zäit net mat Powerpoint an et war net esou evident, mä, wéi gesot, dee Mérite huet déi Etüd gehat, an dat soll een hinnen och zoukomme loossen. An engem gläiche Kontext wëll ech, wéi eis Rapportrice och, eisem fréiere vill ze fréi verstuerwene Kolleeg Marc Zanussi Merci soen, posthum, dass hien hei an der Chamber d'Diskussioun iwwert den Tram initiéiert huet.

Duerno goufe vu staatlecher Säit mat aneren Acteure vill Dokumenter opgestallt, wéi d'Madame Rapportrice dat scho gesot huet, dofir ganz kuerz: Et war LuxTraffic, et war d'BTB 2002, Mobilitéit.lu, Mobil 2020 an dann zum Schluss de MoDu ënnert der Tutelle vun deene jeeweilege Ministere Robert Goebbels, Mady Delvaux-Stehres, Henri Grethen, Lucien Lux an och, wéi gesot, dann zum Schluss dem Här Claude Wiseler, wou den Dossier an all deene Legislaturperioden ëmmer evoluéiert huet.

An et war och ënnert der viregter Regierung vun der CSV/LSAP, wou de fréiere Minister Claude Wiseler dee leschte 4. Oktober 2014 de Projet Tram hei an der Chamber déposéiert huet an iwwert dee mer haut ofstëmmen, an zwar ouni Ëmännerung, trotz senge ville Froen, déi en elo zum Schluss gestallt huet. Mä dass mer e genau esou stëmme wäerten, wéi den Här Claude Wiseler dat an der Chamber abruecht huet, an dat virun allem och am Konsens mat der Stad Lëtzebuerg.

An elo ass et natierlech un eisem neien Nohaltegkeetsminister François Bausch, zesumme mat eiser Stater Buergermeeschtesch, der Madame Lydie Polfer, dee Projet vum Tram an deenen nächste Joren ëmzesetzen. A mir sinn och dervun iwwerzeegt, dass dat, am Zesummespill mat allen Acteuren, hinnen och gelénge wäert.

Här President, dass et vun der Iddi bis zur Ëmsetzung vum Tram 20 Joer gedauert huet, ass, am Réckspigel gesinn, fir eis keen Nodeel, well dee Projet, deen eis haut virläit, e gudde Kompromiss ass tëschent villen ugeduechtene Léisungen. Dofir soll ee sech och elo net bekloen, dass all déi Etüden do kascht hu bis zur Realisatioun, well, ech mengen, bei esou enger Problematik, do gëtt et keng Solution magique.

Als Fallbeispill wëll ech wierklech och nëmmen zitéieren - bon, den Här Wiseler huet dat elo e bësse méi kritesch gesinn, ech gesinn dat e bësse méi positiv - d'Diskussioun iwwert d'Stroumoberleitungen. Mat hire Poteauen duerch d'Stad hu mer elo eng Technik, déi einfach méi flott ass, a wann ee keng Poteauen duerch d'Stad brauch, da soll ee se och net bauen, well dat verbessert d'Stadbild net, fir net ze soen, et verschampeléiert et. Also, ech menge schonn, dass een do soll wierklech an deem Dossier do virufueren, an ech mengen, dass dat eng gutt Saach wär.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

De Bau vun engem modernen Tram duerch d'Stad Lëtzebuerg ass an der Lëtzebuerger Verkéierspolitik ganz sécher e Paradigmewiessel, wou niewent Zuch a Bus och elo en Tram zum Asaz kënnt. Dobäi ass awer de modernen Tram vun haut net méi ze vergläiche mam Tram vu fréier, deen 1964 definitiv ausser Betrib geholl ginn ass, well e ganz einfach iwwerall gehënnert huet an net an d'Verkéiersproblematik vun där Zäit méi gepasst huet.

De modernen Tram vun haut, fir effikass virunzekommen, muss op senger eegener Pist fueren, „en site propre", wéi d'Fransousen dat soen, an dat och ganz einfach aus Sécherheetsgrënn vis-à-vis vun deenen anere Verkéierspartner, notamment der Mobilité douce, de Vëlosfuerer an de Foussgänger.

Mä dat neit Gefier ass soss näischt anescht wéi en Tram, an ech wëll dat ganz nüchtern soen: E modernen Tram, wéi en hautdesdaags a ville Stied erëm e Renouveau kritt, virun allem wann een a Frankräich kuckt, wou an deene leschte Joren a méi wéi 20 Stied den Tram erëm agefouert ginn ass - dat einfachst an dat beschte Beispill an dat nooste Beispill ass nach ëmmer Stroossbuerg.

A beim modernen Tram geet et och ëm d'Kreatioun vun engem neie Stadbild. Den Tram gëtt, wéi d'Fransousen dat soen, zu engem „outil d'aménagement urbain", wou eng nei Liewensqualitéit entsteet duerch en neien Aménagement vum Stadbild, e bësse vergläichbar, wéi dat sengerzäit mat dem Schafe vun de Foussgängerzone war.

Dass vum initiale Projet, deen och den Eisebunnsréseau benotze sollt, elo op der Gare Lëtzebuerg de Passagéier ëmsteigt, muss och net zum Nodeel sinn, wann de Wiessel vun Zuch op Tram gutt koordinéiert an zügeg vollzu gëtt. An dass dobäi d'Eisebunn méi Infrastrukturcapacitéite brauch - ech mengen, den Här Wiseler huet och elo déi Chiffere genannt vun de Frontalieren; et sinn der elo bal schonn iwwer 170.000, déi all Dag an eist Land kommen -, ass et och kloer, dass déi Problematik vun der zousätzlecher Infrastruktur fir d'Eisebunn erkannt ginn ass an deelweis och schonn ëmgesat ginn ass vun deene viregte Regierunge wéi, ech zitéieren, d'Duebelgleisegkeet vun der Streck vu Péiteng an d'Stad, d'Verdueblung vun de Capacitéiten op der Nordsäit vun der Gare Lëtzebuerg duerch eng zweet parallell Bréck op der Polvermillen. An da virun allem och déi nei Streck, déi och d'Madame Rapportrice..., de Moien hu mer dat an der Kommissioun duerchgeholl a wäerten dat och da wahrscheinlech elo virun der Vakanz stëmmen.

An da wëll ech och nach zum Schluss op e Projet agoen, dee jo elo am Secteur..., an de Plans sectoriels, pardon, ënnerstrach ginn ass: op der Nordstreck d'Verdueblung vun der Streck tëschent Ëlwen a Clierf.

Dass den aktuellen Deel vum Tram vun der Stater Gare duerch d'Stad Richtung Kierchbierg bis op d'Luxexpo net eleng duergeet, huet LuxTram den 30. Abrëll vun dësem Joer, ënnert der Tutelle vum Ministère an der Stad Lëtzebuerg, an hirer Broschür „Eng nei Visioun vum Tram" dokumentéiert. Fir och all déi Haaptquartiere vun der Stad, wou déi meeschte Leit schaffen, soll den Tram spéider iwwert d'Gare bis op d'Cloche d'Or an iwwert d'Luxexpo eraus vum Kierchbierg bis op de Flughafe verlängert ginn. A spéider souguer, wéi dosteet, bis op Leideleng a bis eventuell an déi zweet Europaschoul Richtung Bartreng/Mamer an de Mamer Lycée.

Här President, de Projet vun haut begräift jo d'Finanzéierung zum Bau vum Tram duerch d'Stad vun der Gare bis op de Kierchbierg bis zur Luxexpo op enger Distanz vu ronn 7,5 Kilometer mat 15 Ëmklammstatiounen. Et geet elo drëm, dass mer ukommen, dass deen éischten Deel vum Projet ëmgesat gëtt.

Heibäi ass et eis wichteg ze soen, dass dee Projet vun der Gare op d'Luxexpo u sech selwer scho voll funktionell ass, an dat an allen Hisiichten, déi un den ëffentlechen Transport gestallt ginn. Kéim et zum Beispill méi spéit oder guer net zu den elo grad ugesprachenen Erweiderungen, zum Beispill duerch finanziell Enkpäss - wat mer net hoffen, mä wéi mer all wëssen, kann dat ganz séier goen oder vill méi séier an eiser globaliséierter Welt, wéi eis dat léif ass, a mir wësse jo alleguer, dass mer dat vun hei aus, vu Lëtzebuerg aus net eleng kënne steieren -, an deem Fall wär de Projet trotzdeem absolut onofhängeg vun den ugesprachenen Extensiounen. Well wann dee Projet net onofhängeg kéint gebaut ginn, wär et net responsabel, esou ee Projet haut hei an der Chamber ze stëmmen an iwwerhaapt unzefänke mat bauen.

De Projet mécht also en soi-même Sënn an ass och zugläich d'Kärstéck, den „maillon essentiel" de la stratégie nationale de mobilité durable, wéi et an der Broschür vu LuxTram steet.

An et ass och gradesou kloer, dass de Projet vum Tram duerch d'Stad e ganz schwierege Chantier gëtt. Do brauche mer eis elo guer näischt virzemaachen. An dat soll een och net verharmlosen.

De Bau en site propre fir den Tram, mat Ausnahm jo vun der Neier Bréck bis op den Hamilius, bedéngt un éischter Stell déi komplett Erneierung vun allen ënnerierdeschen Infrastrukturen. Mir wëssen alleguerten, wéi schwiereg dat ass a wéi schnell a wéi vill dat wierklech indisponéiert.

Hei kënnt et also wierklech op vill gudde Wëllen un, eng exzellent Planung, koordinéiert zügegt Schaffen an och natierlech, wéi et scho gesot ginn ass, eng ganz gutt Kommunikatioun mat alle Partner. Ech denken natierlech do un éischter Stell un d'Geschäftsleit, fir déi et ënner Ëmstänn ganz haart gëtt. Mä ouni Chantiere kann een näischt veränneren. Dofir ass hei wierklech vill gudde Wëlle vun alle Säite verlaangt. Ech halen elo domadder op, well mäi Kolleeg Franz Fayot geet spéider nach eng Kéier op déi ganz Implikatioune vum Tram duerch d'Stad an.

Dowéinst, Här President, wëll ech elo kuerz zu de Käschte vum Projet vum Tram kommen.

De Stat leet bekanntlech zwee Drëttel zum Tram duerch d'Stad bäi an d'Stad Lëtzebuerg een Drëttel. Bei engem Gesamtkäschtepunkt vun 346 Milliounen, ouni TVA, dat sinn der 231 fir de Lëtzebuerger Stat an 115 fir d'Gemeng Lëtzebuerg. Wann een elo d'TVA derbäirechent, kënnt een, wann ech mech net verrechent hunn, op 405 Milliounen. Op déi 7,5 km Tracé gerechent, mécht dat dann e Kilometerpräis vu 54 Milliounen, oder 54.000 Euro pro lafende Meter.

Dobäi sinn natierlech abegraff de Kaf vun 20 Tramsvoituren, de Bau vun de 15 Ëmklammstatiounen an de Bau vun dem Centre de maintenance, also dem Atelier, fir d'Trammen ze ënnerhalen. Dës Chifferen - ech hunn dat e bëssen nogekuckt, virun allem mat de franséische Konstruktiounen - passen duerchaus an de Käschtevergläich mat anere Stied.

Mä trotzdeem sinn dat, an ech mengen, den Här Wiseler hat dat och scho gesot, wierklech héich Käschten. A fir dass et hei zu kengem Déroutage kënnt, wéi mer dat scho bei esou Projeten erlieft hunn, an och wéi een d'lescht Woch dat konnt aus der Press liesen zu Edinburgh, obschonn et do deelweis och vläicht widderspréchlech Informatioune ginn, ech hu versicht mech do e bëssen ze renseignéieren, gëtt geschwat vu Käschte vun 950 Milliounen op 14 Kilometer, dat wären 68.000 Euro op de Meter. Et ass awer hei geschwat gi vun 80.000.

Mä bref, et gesäit een, dass op jidde Fall do de Chantier, wéi seet een, bal duebel esou laang gedauert huet. An aus Erfahrung kann ech och soen, da kascht en och oft duebel esou deier.

Dofir soll een do, mengen ech, och wierklech zügeg dru schaffen. A virun allem géif ech den Här Minister bieden, eis Chamber, sprécher d'Budgets- a Kontrollkommissioun, d'Comexbu, vun Ufank un do mat an de Käschtesuivi méi fest anzebannen an eis och méi en detailléierte Käschtesuivi ze erlaben, wéi dat soss de Fall ass, well dee Projet vun haut jo awer, géif ech mengen, dee gréissten Investitiounsprojet vun deenen nächste Jore fir de Lëtzebuerger Stat gëtt.

Wat elo d'Exploitatioun vum Tram selwer ugeet, ass et jo esou, dass de Groupement d'Intérêt Économique - GIE - vun der LuxTram an eng Société de droit privé transforméiert gëtt an alimentéiert mat ëffentlechem Actionnariat opgedeelt, zu zwee Drëttel vum Stat och dann an een Drëttel vun der Gemeng Lëtzebuerg, an dat soll och fir d'Exploitatioun vum Tram gëllen.

Den Transport public gëtt jo hei am Land vun der ëffentlecher Hand bezuelt, dat am Intérêt général a fir all Mënsch zougänglech, an ass och konform zur europäescher Direktiv 2014, pardon, 2004/17/CE iwwert d'Prozedur vun de Passatioune vun de Commanden am Secteur vu Waasser, Energie, Transport a Postservicer, a wou no Artikel 5.1 den Tram och ënnert de Sercive de transport public gehéiert.

Dat gesot, Här President, wëll ech Iech eng Motioun iwwerreechen..., pardon, Madame Presidentin.

Mme le Président.- Merci.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Et war net gär geschitt. Wéi gesot, Madame Presidentin, wëll ech Iech déi Motioun iwwerreechen, déi vun de Fraktioune vun der DP, déi gréng an och vun eis, der LSAP, ënnerschriwwen ass an d'Regierung heimat invitéiert, de GIE LuxTram an

eng Société de droit privé mat zu 100% ëffentlechem Actionnariat ze transforméieren an d'LuxTram mat der Exploitatioun a mat der Gestioun vun den Infrastrukturen ze beoptragen.

Dat am Sënn vun der Promotioun vum ëffentlechen Transport am Intérêt vun de Clienten, souwuel um Niveau vun der Tarificatioun wéi och dem sougenannten „barrierefräien" Accès fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit. Dat Ganzt an aller Transparenz an der Zesummesetzung vun der Sociétéit, an hirem Fonctionnement an an den Décisiounen, déi vun hinne geholl ginn.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant l'importance du projet tram, tel que prévu dans la stratégie MoDu, dans le plan sectoriel transport et par le projet de loi 6626, pour le transport en commun au Luxembourg;

- considérant que pour la construction, la gestion de l'infrastructure et de l'exploitation du tram, le projet de loi note que l'État et la Ville de Luxembourg ont prévu de faire évoluer la structure actuelle vers une société de droit privé disposant d'un capital dans le cadre d'un actionnariat public;

- considérant que la société en charge de l'exploitation du tram devra répondre essentiellement aux impératifs d'un service public d'intérêt général de haute qualité et accessible à toutes et à tous;

- considérant que la directive 2004/17/CE relative aux procédures de passation de marchés dans les secteurs de l'eau, de l'énergie, des transports et des services postaux, inclut dans son article 5.1 le service public dans le domaine du transport par tramway dans son champ d'application;

- considérant que le règlement européen 1370/2007 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2007 relatif aux services publics de transport de voyageurs garantit la liberté de choix quant à la façon d'organiser les services publics au niveau national, régional et local;

invite le Gouvernement

- à transformer le Groupement d'Intérêt Économique (GIE) «LuxTram» en société de droit privé disposant d'un capital sous forme d'un actionnariat à 100% public et de confier à cette société l'exploitation du tram ainsi que la gestion de ses infrastructures;

- à garantir la promotion des intérêts des utilisateurs tant au niveau de la tarification qu'au niveau de l'égalité de l'accès pour personnes à mobilité réduite ainsi que la transparence quant à la composition de la société, à son fonctionnement et aux décisions prises par elle.

(s.) Roger Negri, Josée Lorsché, Lydie Polfer.

Madame Presidentin, ech muss soen, e bësse Bauchwéi hunn ech, wann ech drun denken, dass den Atelier vun den Trammen, de Centre de remisage et de maintenance, den CRM, am Gréngewald um Kierchbierg gebaut gëtt an dobäi 4,4 Hektar vum Gréngewald ofgeholzt ginn. A besonnesch, wann ech drun denken, dass d'CFL zu Bouneweg amgaang ass, e fuschneien, deen nach net a Betrib ass, och CRM, also Atelier ze bauen.

Do stellt sech, wann ech dat dierf soen, fir mäin Eisebunnerhäerz awer trotzdeem d'Fro, ob et net méiglech gewiescht wier, dass et zu enger Aart Joint Venture mat den CFL a Saachen Entretien vum Rollmaterial, sprech den Trammen, hätt kënne kommen. Zemools, wann een drun denkt, dass op der spéiderer Extensioun Richtung Houwald via Bouneweg den Tram parallell op e puer Meter laanscht deen neien CFLs-Atelier fuere wäert.

Mä ech weess, Här Minister, Dir hutt mer dat schonn e puermol erkläert, an ech stellen Iech d'Fro zwar elo haut nach eemol, mä Dir braucht mer awer net méi drop ze äntwerten, well...

(Hilarité et interruption)

Jo, neen... Well mir si jo awer kompromissfäeg an dann huele mer dat esou un.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech maache mäi Bescht!

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci. Allerdéngs wär ech awer frou, Här Minister, wann Der eis e bësse méi Explikatioune kéint ginn zu de Mesures de compensation am Gréngewald. Ech mengen, Dir hutt eis dat och an der Kommissioun eng Kéier duergestallt, mä et wär wichteg, wann een nach eng Kéier géif dovunner schwätzen. Dir hutt gesot, dass den CR119 duerch de Gréngewald zougemaach gëtt fir den Autosverkéier an awer zousätzlech zwee Hektar nei ugeplanzt ginn. Mä do wär et effektiv gutt an, ech mengen, sënnvoll, wann Der eis do wierklech kéint e bësse méi Detailer ginn.

En anere Punkt, dee mer als LSAP nach wëllen ënnersträichen, ass, dass et zwar fir eis och de Moment evident ass, dass de Projet vun der direkter Zuchverbindung iwwer Lëtzebuerg vun Hamm bis an de Souterrain vun der neier Aérogare um Flughafen net gebaut gëtt aus Käschtegrënn - ech mengen, dat ass ganz kloer -, mä et ass fir eis awer och ganz kloer, dass déi virgenannten Extensiounen elo solle Virrang hunn.

Dat ass kee Problem. Trotzdeem wëlle mer déi Iddi vum direkten Anschluss vun Hamm op de Flughafen à l'horizon 2030 net direkt opginn, well mer trotzdeem der Meenung bleiwen - an, ech mengen, den Här Wiseler hat dat och scho virdrun e bëssen ugedeit -, wann eis Mobilitéitsbedürfnisser hei am Land nach weider steigen, a mir wëssen, dass mer de Moment Riseproblemer hunn, dass dat trotzdeem eng Méiglechkeet wär, fir d'Leit ouni ëmzeklammen op de Plateau vum Findel respektiv Kierchbierg ze bréngen.

An, ech mengen, do soll een och net vergiessen, op der Kalchesbréck an esou weider sinn amgaang vill Aarbechtsplazen niewent dem Findel mat ze entstoen, soudass een am Fong och deen..., hu mer kee Problem dermat, wann de Souterrain vun der Aérogare eventuell elo entre-temps anescht genotzt gëtt, mä mir sollen awer trotzdeem dës Méiglechkeet och do am Souterrain vun der Aérogare net hypothekéieren.

An domat, Madame Presidentin, mat där leschter Bemierkung ronderëm de Plateau vum Kierchbierg a Findel, wëll ech versichen den Iwwergang ze maachen zu dem zweete Projet de loi vun haut, dem Bau, wéi et esou schéin heescht, vun der „Gare Pont-Rouge", dee virgesäit, op der Eisebunnsstreck tëschent Dummeldeng an der Gare Lëtzebuerg en Arrêt ze bauen a vun do aus per Funiculaire d'Voyageuren op de Plateau vum Kierchbierg ze bréngen a vun do aus viru mam Tram, dee jo da wahrscheinlech och a Betrib ass, respektiv Bus op hir Aarbechtsplazen ze bréngen. Och dësem Projet wäerte mir herno selbstverständlech eis Zoustëmmung ginn.

Wann Der erlaabt, wëll ech awer vläicht perséinlech do soen, dass ech 1996 an Zesummenaarbecht mat dem Eisebunner Landesverband, dem FNCTTFEL, eng Broschür ausgeschafft hunn am Kader vun der Analys vu LuxTraffic, wou mer proposéiert haten, genau op där Plaz, ënnert der Rouder Bréck, en Arrêt ze bauen.

An ech dierf Iech vläicht just vun der Säit 2 kuerz zitéieren, wat mer 1996 dozou geschriwwen hunn: „Für die Personen, die auf dem Kirchberg arbeiten, schlagen wir eine Haltestelle von Norden und Süden bedienbar im Dommeldinger Berg..." - also op där Plaz - „... vor. Etwa unter der «Roten Brücke». Dort würde... - hu mer dat déi Zäit genannt - „...ein Großraumlift, wie zum Beispiel auf dem Plateau du Kirchberg (veuillez lire: Plateau du Saint-Esprit), oder eine moderne Zahnradbahn, wie in Paris zum Montmartre, die Verbindung mit dem projektierten Stadtbahnnetz auf dem Boulevard urbain des Kirchberg herstellen, wobei die unmittelbare Nähe der neu entstehenden Museen (Pei und Fort Thüngen) auf «Drei Eicheln» und das Projekt der neu anzulegenden Place de l'Europe mit Konzertsaal und so weiter, nach den Plänen des spanischen Architekten Ricardo Bofill, nicht zu verachten ist. Übrigens könnte man diesen Lift nach unten ins Ortsteil «Pafendall» verlängern und somit einen zusätzlichen Anziehungspunkt für die Stadt Luxemburg schaffen."

Ech mengen, dat war 1996. Dir hutt mer erlaabt, dass ech dat virliesen. Dofir wëll ech wierklech nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi Verbindung vun der Nordstreck op de Kierchbierg Sënn mécht. Well se erlaabt, d'Leit direkt aus dem Norden, vun Ëlwen, vun Ettelbréck, aus dem Süden, vun Esch, Beetebuerg, aus dem Südwesten, vun der Eisebunn vu Péiteng, an aus dem Westen, vu Klengbetten, Mamer, Bartreng, an eventuell aus dem Osten, vu Waasserbëlleg via dat virdrun ugesprachent Alzenger Dräieck mëttels dem Pont Arrêt (veuillez lire: mëttels dem Arrêt Pont-Rouge) op de Kierchbierg ze bréngen.

Dee Projet ka jo och, wa mer dat richteg verstanen hunn, relativ schnell gebaut ginn, ouni awer och hei ze ënnerschätzen, dass et e ganz komplizéierte Chantier gëtt, well e keen direkten Accès huet.

Natierlech dreift och hei déi sougenannten „Funiculairesléisung" d'Käschten an d'Luucht. Mä e Projet, dee 6.000 Leit pro Stonn transportéiere kann, justifiéiert deen dach héije Präis, muss ee soen, vu 96 Milliounen Euro.

Mir sinn och dervun iwwerzeegt, dass de Projet vum Arrêt ënnert der Rouder Bréck zu engem Point d'attraction fir d'Stad Lëtzebuerg gëtt, zemools och, wéi gesot, d'Verbindung no ënnen an de Pafendall weidergeet.

Madame Presidentin, als Konklusioun, a fir esou lues zum Schluss ze kommen, geet et bei den zwee Projets de loi vun haut drëms, d'Mobilitéit hei zu Lëtzebuerg ze verbesseren, an zwar nohalteg. Mir striewen hei am Land en „modal split" u vu 75/25. Dat heescht, wann ee Mënsch mam ëffentlechen Transport - Bus, Tram, Bunn - fiert, da fueren nach ëmmer dräi Leit mam Auto.

Dofir geet et och hei net drëms, dass ee Verkéiersmëttel géint dat anert ausgespillt gëtt. De Moment läit den Undeel vum ëffentlechen Transport hei am Land nach ëmmer ënner 15%. Wéi gesot, mir wëllen op 25% kommen. A mir wëssen alleguerte ganz genau, dass mer eis Mobilitéit verbessere mussen, besonnesch an de Stied. Dofir muss den Undeel vum ëffentlechen Transport och do méi héich ginn; ech mengen, hei gi 40% respektiv 50% ugestrieft.

Wa mer dat erreechen, erhéicht dat eis Liewensqualitéit a setzt am Endeffekt och eis Kompetitivitéit als Standuert vun der Stad Lëtzebuerg respektiv vum ganze Land erop. An dofir brauche mir dat gëeegent Verkéiersmëttel fir eng Stad vun eiser Gréisst, déi als Festungsstad sengerzäit gebaut ginn ass, mat deene villen Héichtenënnerscheeder. An do ass d'Léisung ganz einfach den Tram, de modernen Tram, wéi en a ville Stied an de leschte Jore gebaut ginn ass; net méi an net manner.

Mir hunn och all Respekt fir déi vill aner Proposen. An ech wëll dat an aller Sachlechkeet soen, engersäits de Métro, dee proposéiert ginn ass, deen awer virun allem op d'Fro vun den Héichtenënnerscheeder keng zefriddestellend Äntwert liwwert, well en dat net fäerdegbréngt, zum Beispill iwwert den Dall vun der Neier Bréck vun der Gare respektiv an d'Uewerstad do och un Héicht ze gewannen an dann iwwer ganz héich Rolltrapen an esou weider misst fueren, an och, wéi et Richtung Norde géif virugoen, ass relativ onkloer.

Mä, wéi gesot, all Respekt och fir déi Projeten. Datselwecht gëllt e bësse fir Mettis, deen ee wierklech net an der Uewerstad an der Haaptagglomeratioun kann asetzen. An och déi artikuléiert Bussen hunn einfach net déi Capacitéitsméiglechkeeten an den Heures de pointe, fir déi gefuerdert 6.000 Leit pro Stonn ze transportéieren. Dat packt ebe just den Tram als schinnegebonnent Fuerwierk. Do geet et och ëm d'Sécherheet. Dass e Convoi mat 350 Leit exakt um Tracé bleift, geet eben nun emol nëmme mat engem Guidage vu Schinnen.

En dräifach artikuléierte Bus oder e Bus mat Unhänger voll besat, wéi se bis elo duerch d'Stad fueren, ass op senger Limite, an dat a villen Hisiichten. Och fir de Chauffeur, deen d'Responsabilitéit fir déi honnert Leit hannendran, déi en transportéiert, droe muss.

An och déi elo erëm an d'Spill bruechte Seelbunn ass u sech keng schlecht Iddi als Attraktioun fir d'Stad. Se ass „nice to have", eventuell, bon, mä si ass awer keng eescht ze huelend Alternativ, fir d'Mobilitéitsproblemer vun der Stad ze léisen; et geet nämlech net ëm Sightseeing.

Madame Presidentin, zum Schluss gëtt et, wéi ëmmer an der Politik, eng Zäit, fir ze plangen, et gëtt eng Zäit, fir nozelauschteren an ze diskutéieren, an et gëtt eng Zäit, fir ze décidéieren. An deen Dag ass haut komm, no 20 Joer, fir ze décidéieren, en Tram duerch d'Stad ze bauen, fir eis Haaptstad nach méi schéin ze maachen an och gär do ze schaffen an ze wunnen.

Domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu deenen zwee Projets de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Villmools Merci, Här Negri, fir déi konstruktiv Interventioun. Als nächst Riednerin ass ageschriwwen d'Fraktiounspresidentin vun deene Gréngen, d'Madame Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'Alleréischt emol e ganz grousse Merci u meng Kolleegin Josée Lorsché fir hire ganz interessanten a komplette schréftleche Rapport, mä awer och fir hiren exzellente mëndleche Rapport, well et ass sécherlech net einfach gewiescht, fir en Dossier an e Rapport ze formuléiere vun engem Projet, deen dëst Joer seng 20 Joer feiert, vill verschidde Facetten huet an eng impressionnant Biografie.

Et ass awer sécherlech, denken ech, motivant gewiescht, dës Recherchen ze ënnerhuelen, fir den Historique ze tracéieren, wann ee selwer där Partei zougehéiert, déi säit 20 Joer mam Projet Tram identifizéiert gëtt.

Mat villen, an zum Deel ganz kreativen Aktiounen huet déi gréng Partei op d'Noutwendegkeet an d'Plus-value vum Tram opmierksam gemaach, an dat säit 1992. Als onrealistesch, als total iwwerflësseg, als „nice to have", als Verschlechterung vun der Liewensqualitéit, als Autogéigner an nach villes méi goufen dës Aktiounen an hir Iddi betitelt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mir hunn als gréng Partei awer konsequent dëse Kampf fir den Tram duerchgezunn, well mir iwwerzeegt woren, schonns gëschter a virgëschter, gradesou wéi och haut, datt dëse Projet net nëmmen eng Verbesserung fir d'Mobilitéit duerstellt, mä och eng Noutwendegkeet fir munch aner wichteg Facteuren.

Do, wou mer an d'Verantwortung komm sinn, sief et op kommunalem Niveau oder wéi elo och op nationalem Niveau, huet de Mobilitéitsprojet mam Tram ëmmer zu onse Knackpunkten an de Verhandlunge gehéiert.

Haut gi mer zou, datt mer méi wéi zefridde sinn, datt esou een ambitiéise Projet zesumme mat allen anere Parteien, bis op eng kleng Sensibilitéit, souwuel op kommunalem wéi och op nationalem Niveau konnt finaliséiert ginn an haut an d'Ëmsetzungsphas geet. An dat ass och gutt esou. Et ass net méi eng gréng Visioun vun engem Mobilitéitsprojet. Et ass haut en duerchduechtene Mobilitéitsprojet vun nationaler, jo souguer vu regionaler Envergure iwwer ons Grenzen eraus.

Mir alleguerten heibannen, bis op dräi Stëmmen, fannen dëse Projet net nëmme sënnvoll, mä absolut noutwendeg. Déiselwecht Ënnerstëtzung fënnt dëse Projet och bei de Stater politesch Verantwortlechen am Stater Gemengerot mat 26 vu 27 méigleche Stëmmen. Déiselwecht Ënnerstëtzung ënnersträicht eng rezent a representativ ILReS-Ëmfro, wou 73% vun de Befrote sech fir dëse Mobilitéitsprojet geäussert hunn.

An dann, an et ass och scho gesot ginn, e Stater Geschäftsverband, dee sech wënscht, de Projet wier léiwer haut wéi muer fäerdeg ëmgesat, net zulescht och, well d'Commerçanten duerch déi méi komplex Phas vum Chantier musse goen. Séier weineg Infrastrukturprojeten hunn esou laang Zäit gebraucht, fir endlech realiséiert ze ginn, mä gradesou wéineg Projete vun esou enger Envergure hu schlussendlech esou eng breet Zoustëmmung kritt.

Dat ass sécherlech och de Mérite vun deenen dräi leschte Buergermeeschteren a Buergermeeschtesch aus der Stad Lëtzebuerg an dem leschten an dësem Nohaltegkeetsminister. Si hunn notamment derfir gesuergt, datt dëse Projet a senger ganzer Komplexitéit, well mir schwätze jo hei bäi Wäitem net nëmme vun engem Tram, mä mir schwätze vun engem komplexe multimodale Mobilitéitsprojet, si hunn derfir gesuergt, datt dëse Projet un all Bierger an un all Biergerin presentéiert ginn ass an erkläert ginn ass. Si hunn onermiddlech all Froe beäntwert an all Suggestiounen analyséiert. Dës breet organiséiert Treffe mat de Bierger a mat de Biergerinnen hu mat Sécherheet derzou bäigedroen, datt de Projet verstane ginn ass an ergo och akzeptéiert konnt ginn. An deen eenzege Regret, dee mir hunn, datt et esou laang gedauert huet, gëtt duerch dës breet Akzeptanz mat Sécherheet och kompenséiert.

Iwwert de Constat si mer ons alleguerte säit enger Zäit eens, iwwert d'Zil plus ou moins och. Et ass de Wee fir dohinner, d'Léisungen zum Problem, déi fir vill Diskussioune gesuergt hunn. Et si vill Optioune presentéiert, analyséiert an duerchgerechent ginn. Et huet och vill Lobby matgespillt.

Et wor munchmol schwéier, eng Léisung ze proposéieren, bei där net onbedéngt den Auto dat Mëttel fir alles wor a wou net onbedéngt ëmmer nëmmen den Auto déi beschte Méiglechkeet wor. Et ass sech och, well mer jo net op enger Insel liewen, am Ausland u verschiddene Modeller vu Mobilitéitsgestaltung inspiréiert ginn. Schlussendlech ass e Modell entworf ginn, deen op déi spezifesch Situatioun hei am Land an an der Groussregioun passt.

Eng breet Akzeptanz, déi sécherlech och doduerch ze erklären ass, well et haut, leider fir bal jiddwereen, evident ass, datt mir am Stau erstécken, datt de Verkéier kollabéiert. Mir sinn haut op engem Punkt ukomm, wou onst Land riskéiert, duerch seng Immobilitéit all positive Standuertfacteur ze vernichten. D'Mobilitéit an engem Land, an enger Regioun, déi sech wëllt wirtschaftlech entwéckelen, en général, an nohalteg wirtschaftlech entwéckelen, en particulier, brauch eng effikass an effizient Offer u Mobilitéit. Dat ass dee wichtegste Punkt vun enger ganzer Rei vu Standuertfacteuren.

Eng Regioun, déi am Stau steet, ka sech net entwéckelen. Eng Regioun, déi haut am 21.

Jorhonnert kee perfomanten ëffentlechen Transport offréiert, ka sech net nëmmen net entwéckelen, mä verléiert carrément all hir Attraktivitéit.

A mir stinn am Stau, Dir Dammen an Dir Häre, 31 Stonnen am Joer sti mir zu Lëtzebuerg an der Moyenne am Auto am Stau. Dat ass bal eng ganz Schaffwoch. Domadder si mer am „top five" vun de Länner, déi am Stau stinn.

Et gëtt eng TomTom-Staustudie vun der Stad Lëtzebuerg, eng zimlech aktuell, déi och beschreift, beweist, datt e Pendler, deen 30 Minutte fiert, all Dag zu de Spëtzestonnen am Ganzen 80 Stonnen am Joer am Stau steet, pro Dag 32 Minutten.

Eng rezent Fuerschungsetüd, déi sech notamment op Verkéiersstéierunge baséiert, déi duerch Navigatiounssystmer gemellt gi sinn, huet ganz interessant Konklusioune virbruecht. Et gëtt nämlech eng kloer Korrelatioun tëschent engersäits Wirtschaftswuesstum an anersäits Verkéiersstau. Mä et gëtt och ee Punkt, wou déi Korrelatioun kippt. Dat heescht, de Wirtschaftswuesstum geet an d'Luucht, de Stau geet an d'Luucht, mä op iergendengem Moment kippt dat, dat heescht, de Stau geet eleng weider an d'Luucht an de Wirtschaftswuesstum stagnéiert.

An, Dir Dammen an Dir Hären, mir si praktesch op deem dote Punkt ukomm! De Stau-Index huet zu Lëtzebuerg am Joer 2013 par rapport zum Joer virdru sech ëm 22% gesteigert.

Do si mir bäi Wäitem déi Éischt am negative Rekord virun Irland mat engem Plus vun 9% an der Schwäiz mat engem Plus vu 7%, woubäi aner Länner wéi zum Beispill Däitschland oder wéi Éisträich, déi och e Wirtschaftswuesstum kënnen opweisen, mä déi sech organiséiert hunn, éier d'Immobilitéit komm ass, mat engem Minus fir Däitschland vun 9% vun 2012 op 2013 a fir Éisträich souguer mat engem Minus um Stau-Index vu 26% verzeechent sinn.

Datt et e Besoin gëtt un enger effikasser Mobilitéit a gläichzäiteg och un engem effizienten ëffentlechen Transport, huet d'Stad Lëtzebuerg dës lescht Jore missen erliewen. E sëlleche Betriber, dorënner och EU-Institutiounen, hu positiv op d'Offer vun engem Mobilitéitspass reagéiert. Dat wor an dat ass och nach haut en fait déi eenzeg sënnvoll Méiglechkeet, déi deene Betriber bleift, fir ze garantéieren, datt hir Salariéen an hir Fonctionnairë gutt a pünktlech op d'Schaff kommen an och gradesou gutt erëm do fortkommen. Dovunner sinn nieft der Uewerstad an der Gare haaptsächlech déi zwee Ballungszentre Cloche d'Or a Kierchbierg betraff.

An deeselwechte Phenomeen huet déiselwecht Stad Lëtzebuerg registréiert bei der Aféierung vum Konzept „Vel'oh!". Mat dësem Konzept huet de Vëlo als déi wichtegst Komponent vun der Mobilité douce eng regelrecht Renaissance erlieft. Dat si knapps eng hallef Dose Joer hier. An obwuel dëse Projet direkt e Risesuccès wor an haut souguer iwwert d'Gemengegrenzen erausgewuess ass, esou wor dee Projet och net onëmstridden am Ufank. Och do sinn zum Deel déiselwecht Argumenter ervirbruecht ginn, déi mer fréier och beim Tram haten: ze deier fir dat, wat et wäert bréngen, onnëtz a stéierend Infrastruktur, Aschränkung vum Auto op der Strooss an nach villes méi.

Trotzdeem huet dës Mobilitéitsoffer direkt gegraff a gëtt vun de Salariéen aus dem Secteur tertiaire an den europäeschen Institutiounen um Kierchbierg massiv genotzt. Moies fir vun der Gare erop an d'Stad a weider op de Kierchbierg an owes fir erëm zréck ass d'Offer vum Vel'oh! ëmmer erëm ze knapp.

Eng rezent Etüd huet och der Stad Lëtzebuerg bewisen, datt fir eng nei Iddi erëm vun zousätzlecher Offer u Mobilitéit, de Carsharing, och e Besoin do ass, an och dat wäert elo erëm geschwënn eng zousätzlech Offer ginn, déi d'Stad Lëtzebuerg an all hiren Offere wäert gläich offréieren.

Vun de Bussen als Offer un ëffentlechem Transport brauche mer hei net méi allze vill ze schwätzen. Ech mengen, entre-temps muss jiddwerengem kloer sinn, datt d'Buscapacitéit méi wéi ausgelaascht ass an d'Bussen oft mat am Stau stinn, och wa si deelweis vu Busspure profitéieren, net nëmme moies an owes, mä oft de ganzen Dag. An de Spëtzenzäiten ass et zimlech désagréabel am Bus. Méi wéi eng Persoun kënnt zu dësen Zäiten net méi an de Bus um Centre Hamilius oder op der Gare centrale eran a muss op deen nächsten oder souguer deen iwwernächste waarden.

Dës kuerz Beispiller aus der Stad Lëtzebuerg, fir ze beschreiwen, wann et dann nach néideg wier, datt, obwuel d'Haaptstad hir Verantwortung zu allen Zäite geholl huet, sech ëmmer erëm de Besoinen u Mobilitéit gestallt huet, si och eng Haaptstad ass, déi elo um Enn vun hire Méiglechkeeten ukomm ass. An domadder och implizit déi verschidde Randgemenge ronderëm ons Haaptstad. Ons wirtschaftlech Aktivitéiten, déi sech praktesch zu 80% an a ronderëm d'Stad befannen, sinn domadder enger substanzieller Verschlechterung vun hirer Aktivitéitsméiglechkeet ausgesat.

An nieft dem Secteur tertiaire, deen ech elo grad beschriwwen hunn, gehéieren zu de Wirtschaftsaktivitéite sécherlech och d'Commercen an d'Handwierk, déi Plazen, wou produzéiert a wou verkaaft gëtt. Do spillt et ëmmer manner eng Roll, datt een direkt virun der Dier eng Parkplaz fënnt, mä ëmmer méi eng Roll, datt een an enger verstänneger Zäit iwwerhaapt emol dohinnerkënnt. De Supermarché op der grénger Wiss muss mëttlerweil och mat dëse Krankheete kämpfen: Stau och um Samschdeg, iwwerfëllt Parkplazen, Parkingen an esou weider. Datselwecht zielt natierlech och fir d'Commercen an der Stad.

Dann nach 200.000 Frontalieren, déi all Dag un dëser Produktioun matschaffen, e puer Dausend Schüler a Schülerinnen, dat ass e groussen Impakt, dee sech net nëmmen an der Stad, mä an der ganzer Zentrumsregioun an doriwwer eraus bemierkbar mécht.

Dozou musse mer nach d'Touriste rechnen, déi och zum Wuelstand vun onsem Land bäidroen. Och fir d'Touristen ass eng gutt an eng flott Mobilitéit e wichtege Standuertfacteur. Wann Dir Iech an d'Haut vun engem Tourist versetzt, verstitt Der direkt, op wat hie wäert opmierksam si beim Choix vu senger Destinatioun.

An dann als Stater Biergerin a Gemengeresponsabel kommen ech net derlaanscht, och hei op d'Ëmweltfacteuren a virun allem op d'Gesondheetsfacteuren anzegoen. Well dee ganze Mobilitéitsprojet huet sécherlech eppes mat Mobilitéit ze dinn, huet sécherlech och eppes mat der Wirtschaftsentwécklung ze dinn, mä en huet och mat Gesondheet a mat Ëmwelt ze dinn. An och dat, grad wéi den Här Wiseler et gesot huet, dat sinn d'Zuelen, dat sinn d'Fakten, an dofir ass et ons wichteg, Iech déi och hei ze ernimmen: Wéi gesäit et aus an der Stad mat der Loftqualitéit? Wat fir eng Impakter huet déi op ons Gesondheet?

Et gëtt eng EU-Direktiv vun 2008, déi definéiert maximal Grenzwäerter fir Stickstoffmonoxid oder NO a Stickstoffdioxid oder NO_2. Ganz einfach duerch d'Verbrennung vu Bensin bilde sech jo fir d'Éischt Monoxiden an duerno Dioxiden, déi bäi Wäitem - bäi Wäitem! - méi geféierlech fir d'Gesondheet sinn. Wann ee regelméisseg héije Konzentratioune vun Dioxiden ausgesat ass, ginn et seriö Risike fir d'Longen an d'Otemweeër, zum Beispill Otemweeinfektiounen a chronesch Bronchiten.

D'Direktiv gëtt als Grenzwäert eng Joresmoyenne u vu maximal 40 Mikrogramm pro Kubikmeter. Mir haten awer an der Stad am Joer 2009 nach eng Joresmoyenne vun iwwer 60 Mikrogramm pro Kubikmeter um Centre Hamilius. A mir haten am Joer 2013 eng Joresmoyenne vun 52. Dat ass wuel manner wéi 60, mä dat ass nach ëmmer vill ze vill par rapport zu der Grenzlimite, déi 40 ass.

Dës kleng Verbesserung ass haaptsächlech op zwee Facteuren - dat sinn d'Zuelen! -, op zwee Facteuren zréckzeféieren: éischtens, datt d'Stad Lëtzebuerg hir Busflott praktesch ganz erneiert huet an op déi beschtméiglech EVV-Normen (veuillez lire: EEV-Normen) eriwwergaangen ass, an zweetens, datt deelweis eng Busspur um Boulevard Royal ewechgefall ass, do, déi Busspur, wou iwwregens nieft de städtesche Bussen och déi gesamt Flott vun RGTR-Bussen defiléiert.

Zu Bouneweg an op der Place Dargent zu Eech, wou d'Stad och regelméisseg Miessunge mécht, sinn d'Resultater net vill besser. An da gëtt et eng Achs, d'Achs Boulevard Royal - Centre Hamilius - Avenue de la Liberté - Place de la Gare, et ass u sech den Tracé, en Deel vum Tracé vum Tram, do leie praktesch d'Wäerter permanent iwwer 50 Mikrogramm pro Kubikmeter, also wäit iwwert där ieweschter Grenz.

De Stroosseverkéier produzéiert duebel esou vill NO_xe wéi de Flugverkéier a wéi d'Industrien. Dat soll och eng Kéier hei gesot ginn. Et sinn net ëmmer d'Fligeren an et sinn net ëmmer d'Industrien. Et si sécherlech déi och, mä de Stroosseverkéier, dee produzéiert duebel esou vill!

Déiselwecht Direktiv gesäit och zimlech streng maximal jährlech Moyennë fir de Feinstaub vir, och PM10 genannt. Och do eng Joresmoyenne vu 40 Mikrogramm pro Kubikmeter. Ën zu Recht, an zu Recht! Well dëse Feinstaub, dat si ganz kleng Partikele mat engem Duerchmiesser ebe vun zéng Mikrometer, an dës kleng Stëbspartikele kënne sech an de Longe festsetzen, Häerz-Kreeslaf- an Otemwee-Erkrankunge mat sech bréngen, bis zu Longekriibs, wëssenschaftlech bewisen!

An der Stad leie mer permanent - nach - liicht drënner. Am Abrëll 2011 huet déi deemoleg Regierung e Règlement grand-ducal ugeholl, fir d'Emsetzung vun dëser Direktiv ze organiséieren. An dozou gehéiert en „Luftreinhalteplan", also e Plang, fir d'Loft propper ze halen. Zoustänneg fir d'Ausaarbechtung vun dësem Plang sinn den Ëmwelt- an Nohaltegkeetsministère, awer och de Gesondheetsministère ebe fir de Volet vun der Loftverschmotzung.

Éischt Aufgab war en État des lieux vun de Miessungen, oder Diagnos genannt, opzeechnen. Dat ass gemaach. Déi Miessunge si gemaach. An d'Miessungen hunn och déi schlecht Loftqualitéit beschriwwen. Ech hunn Iech elo grad e puer Beispiller aus der Stad genannt. Déi zweet Aufgab ass logescherweis e Moossnamekatalog, fir dëse Miessungen entgéintzewierken. Säit 2008 schafft d'Stad Lëtzebuerg zesumme mam Stat un dësem Moossnamekatalog.

Et war vun Ufank u kloer, datt nëmmen eng Multitude vu verschiddenaartegste Moossnamen en nohaltege positiven Impakt op dës schlecht Loftwäerter kéinten hunn. D'Erneierung vun de Bussen, vun der Busflott, vun de städtesche Busse war eng dovunner. D'Promotioun vun der Mobilité douce an dem Vëlo war och eng. Awer och manner Verkéier a manner Duerchfahrt duerch d'Stad vun Autoen a Bussen am Stadkär ass als Moossnam zréckbehale ginn. An den Tram léger ass och eng wichteg Komponent an dësem „Luftreinhalteplan". Den Tram fonctionnéiert nämlech emissiounsfräi!

Am Allgemenge gëtt eng Reduktioun vum Autosverkéier ugepeilt, well ouni déi Reduktioun erreeche mer ni akzeptabel Grenzwäerter. Awer dat kënne mer am Fong geholl nëmmen erreechen, wa mer eng substanziell Verbesserung vum ëffentlechen Transport och kënnen offréieren. Duerch dës zréckbehale Moossnamen erreeche mer eng Reduktioun effektiv vun de Grenzwäerter.

An do nach eng Kéier, vläicht net gradesou emotional, mä dofir awer mat sachlechen Zuelen, hei e puer Beispiller, fir den Impakt vun de Moossnamen ze illustréieren: eng Reduktioun vu minus 30 NOx, dat heescht minus 2% Dioxid-Emissiounen duerch den Tram tëschent der Gare an dem Zentrum. Dat heescht also, méi Tram a manner Autosverkéier. An eng Reduktioun vu minus 27% NOxen, dat heescht minus 7% Dioxid-Emissiounen doduerch, datt mer déi multimodal Plattforme schafen, wat automatesch och manner Autoen a manner Bussen duerch de Stadzentrum bedeit.

Déi ausgeschaffte Kartografie vun der Prognos 2020 rechent, datt mir fir 2020 déi maximal Joresmoyenne wäerten ënnerschreiten an datt mer ab 2020, duerch all déi Moossnamen, endlech emol fir d'Éischt an der Joresmoyenne ënnert dëse Grenzwäerter wäerte leien.

Déi drëtt Aufgab war d'Iwwerzeegungsaarbecht bei der Kommissioun zu Bréissel, opgrond vun onse katastrophale Resultater an der Diagnos, an déi awer bis dohinner séier wéineg ëmgesate Moossnamen, fir deem entgéintzewierken. Lëtzebuerg huet dann och eng Verlängerung vun der Europäescher Kommissioun accordéiert kritt fir d'Emsetzung vun hirem „Luftreinhalteplan". Dat heescht, bis mer ënnert dëse Grenzwäerter leien, awer nëmmen, well mer dësen ambitiéise Moossnamekatalog erageschéckt hunn. Dat heescht, Obligatioune wéi Maut fir an d'Stad an aner Verschlechterunge vun der Liewensqualitéit bleiwen ons also bis dato erspuert.

An déiselwecht Fro ass gestallt gi fir de Kaméidi duerch de Verkéier. Wat fir en Impakt huet dat op ons Gesondheet? De Kaméidi ass virun allem e Stressfacteur. En ass verantwortlech fir Mangel u Konzentratioun iwwer Schlofstéierung bis zu cardiovasculairë Krankheeten an Héierdefizit.

Och do, Dir Dammen an Dir Hären, si mer mat enger Direktiv befaasst aus dem Joer 2002, déi mer am Joer 2006 an nationalt Gesetz ëmgesat hunn. Do sinn dräi Etappe virgesinn. Déi éischt, dat war eng Info un de Bierger. Dozou gehéieren och d'Miessunge vum Kaméidi sur place. Déi zweet Etapp war d'Opstelle vun enger „Cartographie stratégique du bruit". An déi drëtt Moossnam ass natierlech dann en „Plan d'action de lutte contre le bruit", dee sech aus där Kartografie ergëtt.

D'Kartografie vum Verkéierskaméidi, dat heescht d'Strooss an d'Bunn, ass 2012/2013 finaliséiert ginn. D'Moossname sinn amgaangen, an de Ministèren an deelweis och an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg fir den Territoire vun der Stad Lëtzebuerg opgestallt ze ginn. An och do spillt den Tram eng wichteg Komponent. Et ass gerechent ginn, datt op dem Tracé vum Tram de Kaméidi bis zu minus zwiefel Dezibel permanent ka reduzéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net den Tram eleng, deen eng besser Mobilitéit garantéiert. An et ass och net den Tram eleng, dee wäert eng besser Liewensqualitéit garantéieren. An et ass och net den Tram eleng, deen eng besser Loftqualitéit a manner Kaméidi wäert bréngen. An et ass och net den Tram eleng, deen ons Wirtschaftsstanduerter wäert verbesseren. Et ass dee ganze Projet, deen d'Vernetzung vun de verschiddene Fortbewegungsmëttelen erméiglecht, deen eng qualitativ Verbesserung wäert erlaben.

Den Tram ass en Deel dovunner. Just en Deel, mä en ass awer d'Réckgrat, en ass d'Wirbelsail vun dësem Projet. Mir stëmmen haut an hei d'Méiglechkeet, eng intelligent Mobilitéit ze schafen, eng Multitude un Offer duerch e multimodale Projet. Mir schafen domadder d'Méiglechkeet, fir fléissend vun enger Fortbewegungsoffer op déi aner ze wiesselen. Mir schafen d'Méiglechkeet, déi optimalst Offer un ëffentlechem Transport op der richteger Plaz ze garantéieren, jee no Plaz eng diversifiéiert Offer.

Déi éischt an déi zweet Etapp vu 16 Kilometer Tram vun der Cloche d'Or duerch d'Stad iwwert de Kierchbierg bis op de Findel, gekoppelt un néng Plates-formes d'échanges mat Bus an/oder Zuch a selbstverständlech och mat Mobilité douce. Dofir ass et definitiv falsch, dëse Projet op en Tram-Projet ze reduzéieren. An et kann ee franchement - franchement! - net méi fir oder géint den Tram sinn, well dorëms geet et scho längst net méi!

An den Arrêt Pont-Rouge ass eigentlech dat beschte Beispill vun der Ambitioun, e multimodale Mobilitéitsprojet anzeféiere mat nationalem Charakter. D'Gare Arrêt Pont-Rouge an déi zwee Funiculairë vernetzen Zuch an Tram. Et muss ee sech virstellen, déi Funiculairen, déi huelen en amont vun der Gare centrale ongeféier bis zu 1.500 Leit all Dag aus dem Zuch an offréieren hinnen, nom Prinzip vun de kuerze Weeër, eng direkt Verbindung erop op de Kierchbierg voire an d'Uewerstad. Sechs Zich pro Stonn bleiwen do stoen. A bis zu 140 Leit kënne mateneen op de Kierchbierg eropbruecht ginn.

Mir sinn als Gréng souguer iwwerzeegt, datt dëse Projet vum Arrêt Pont-Rouge all enttäuschten Hoffnung vun der Fäerdegstellung vun der Nordstrooss wäert opfänken. Well, Dir Dammen an Dir Hären, d'Nordstrooss wäert de Problem vum Beruffsverkéier erof an déi verschidden ekonomesch Ballungszentren net léise kënnen. Dësen Arrêt-Pont-Rouge-Projet, vernetzt mam Tram, awer mat Sécherheet!

Hei ass, denken ech, och de Moment, fir e puer Remarquen zum Zil vum „modal split" ze soen, dat Zil, wat d'Regierung mat dësem Projet ustrieft. National striewe mer minimum en „modal split" vu 25/75% un. Mä grad dofir brauche mer am urbane Milieu en „modal split", deen dat opfänkt, wat mer am ländleche Raum net kënnen, oder besser gesot, vläicht nach net kënnen esou einfach ëmsetzen. Mir mussen dofir och ronderëm dëse Mobilitéitsprojet en „modal split" vu mindestens 40/60 ustriewen. Well mir wëssen, datt den Autostrafic nach weider wäert wuessen, an datt mer weiderhin och nach mussen an de Stroossebau investéieren.

Dat heescht awer och, datt mer mussen en Équiliber tëschent Stroosseraum a Raum fir den ëffentlechen Transport erëm hierstellen. Den ëffentlechen Transport ass bei ons zu Lëtzebuerg net konsequent gefërdert ginn. Éischter ass béides gemaach ginn: Den Autosverkéier an den ëffentlechen Transport si béid gefërdert ginn. Dat hat sécherlech och domadder ze dinn, datt, soulaang Suen an der Statskeess waren, jiddweree konnt zefriddegestallt ginn. Vläicht den Auto e bësse méi. Haut kënne mer ons dëst net nëmmen aus finanzielle Grënn net méi leeschten, mä och ganz einfach aus wirtschaftlechen, aus ëmweltpoliteschen an aus Gesondheetsgrënn net méi leeschten.

De politesche Wëllen, fir den ëffentlechen Transport ze förderen, ouni awer den Autostrafic ze vernoléissegen, ass siichtbar gi bei der Presentatioun vun den „grands projets d'infrastructures" virun e puer Méint. Fir awer méi Leit op den ëffentlechen Transport oder op d'Mobilité douce ze bewegen, muss dëse vill méi performant ginn, an zwar méi performant wéi den Individualverkéier.

Den ëffentlechen Transport gëtt hei grad duerch seng Multifonctionnalitéit interessant. An zwar interessant fir jiddwereen, och fir déi, déi vu méi wäit kommen, respektiv déi iwwer ons Grenzen eraus all Dag bei ons kommen. Opfangparkinge si keen Tabu an dësem Gesamtkonzept, an dat ass och scho vun der Rapportrice kloer beschriwwe ginn. Si kommen all Kéiers dohinner, déi Opfangparkingen, wou de multimodale Projet ufänkt, nämlech op eng vun de Plattformen.

Déi zweet Phas, déi elo méi séier virgesinn ass, realiséiert ze ginn, gehéiert onser Meenung no zum Succès vun dësem Gesamtprojet. D'Extensioun vun dem Tracé op d'Cloche d'Or via Midfield an Houwald mat der Gare périphérique an op de Findel bis op de Park & Ride Héienhaff sinn haut schonns méi wéi néideg, wëssend, datt um Ban de Gasperich e gréissere Schaff- a Wunnprojet amgaang ass ze entstoen.

Mir begréissen och dofir ausdrécklech, datt dës Regierung dës zweet Phas zur absoluter Prioritéit gesat huet, an datt mer mat der Fäerdegstellung vun dëser Phas scho kënnen an den 20er Jore rechnen an net méi, wéi initialement virgesi war, an den 30er Joren.

An an deem Sënn, Här President, déposéieren ech eng Motioun, wou d'Majoritéitsparteien a wou och déi Lénk am Fong geholl nach dës zweet Phas, de Wëllen, dës zweet Phas zur Prioritéit weider ze pushen, och nach eng Kéier ausdrécklech ënnerstëtzen.

Motion 2

La Chambre des Députés

considérant:

- que le Grand-Duché de Luxembourg est en face du défi de répondre aux besoins croissants en mobilité résultant de la forte évolution démographique et socio-économique du Grand-Duché de Luxembourg des trente dernières années et prévisible pour les années à venir;

- que le projet de loi 6626 adhère à la volonté politique d'augmenter sensiblement la part modale des transports en commun et s'inscrit dans la continuité de la stratégie globale pour une mobilité durable appelée «MoDu». Servant de base à l'approche intégrative visée par le Ministère du Développement durable et des Infrastructures depuis 2012, cette stratégie placera le tram comme épine dorsale au centre d'une chaîne de mobilité efficace permettant d'interconnecter différents modes de transport;

- que le Gouvernement sera autorisé par le projet de loi 6626 à participer pour un montant de 230.520.000 € (hors TVA) - à savoir 2/3 du montant du projet - à la réalisation du premier tronçon de tramway reliant la Gare centrale de la Ville de Luxembourg via centre-ville et Limpertsberg au quartier du Kirchberg, à la construction du centre de remisage et de maintenance, à l'acquisition des rames de tramway et à la mise en œuvre des mesures compensatoires ainsi qu'aux études y relatives et que le dernier tiers sera à charge de la Ville de Luxembourg;

- que le tronçon défini par ce projet de loi desservira quatre pôles importants de la capitale sur lesquels se concentrent déjà aujourd'hui les plus fortes demandes de déplacements, en l'occurrence la Gare centrale, le centre-ville, le Limpertsberg et le quartier du Kirchberg;

- que la Ville de Luxembourg connaît dans sa périphérie un développement très important, comme p.ex. dans le Ban de Gasperich, Cloche d'Or et Howald pour lequel une part modale de 40% pour les transports en commun a été retenue tout en soulignant qu'une part modale située aux environs de 60% doit être l'objectif d'une politique de mobilité durable dans les agglomérations et qu'il y a par conséquent lieu de prévoir un transport en commun avec une capacité élevée capable d'assurer la mobilité y compris dans ces zones de développement;

- que l'offre des transports en public destinés aux élèves et au personnel des lycées situés au campus scolaire «Geesseknäppchen» doit également être renforcée de manière considérable;

- que le fort développement du secteur de la logistique et d'autres secteurs de service va augmenter les besoins en mobilité au niveau des transports en commun des personnes, notamment aux heures de pointe, et que la création de la plate-forme multimodale avec P&R au lieu dit «Héienhaff» nécessite une extension rapide du tram vers Findel afin de compléter le réseau des transports en commun à la périphérie de la Ville de Luxembourg;

invite le Gouvernement

- à accélérer les phases suivantes de la mise en œuvre du projet tram que sont les extensions à réaliser vers la périphérie, notamment vers l'aérogare du Findel respectivement vers les pôles de développement de Howald, du Ban de Gasperich et de la Cloche d'Or;

- à déposer dans les meilleurs délais des projets de loi en fonction de l'avancement des études et de la réalisation des dossiers EIE (étude d'impact environnementale) pour les différentes extensions du tram.

(s.) Viviane Loschetter, Gusty Graas, Josée Lorsché, Roger Negri, Justin Turpel.

M. le Président.- Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Mat Sécherheet wäert och dëse multimodale Projet sech expandéieren an aner Gemengen, wéi et och notamment eben an deene Phasen duerno, no där zweeter, virgesinn ass. Wat mer haut nach net wëssen, mä wou mir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwerzeegt sinn, ass, datt d'Nofro dofir esou grouss wäert sinn, datt et de Leit net méi séier genuch wäert goen.

Et ass ons och wichteg, an dofir wëll ech dat am Numm vun der gréinger Fraktioun ënnersträichen, datt sämtlech Kompensatiounsmesurë fir de Site vum Centre de remisage et de maintenance méiglechst séier an an aller Transparenz ëmgesat ginn.

Mir sinn ons och bewosst, datt, bis d'Stad Lëtzebuerg dës Plus-value u Mobilitéitsoffer ka genéissen, virdrun eng schwiereg Period vu Chantier op si duerkënnt. Dat ass an anere Stied, wou en Tram komm ass, och esou gewiescht. Mir denken, datt souwuel d'Gemengepolitiker a -politikerinne wéi virun allem den Nohaltegkeetsminister derfir suerge mussen, an engem permanente Kontakt mat de Bierger a mat de Biergerinnen ze sinn.

An dëst zielt besonnesch, ech hunn et scho gesot, fir d'Commerçanten. Bis elo huet de regelméissegen Austausch an Informatiounsfloss sech positiv bemierkbar gemaach, an dat soll och an deenen nächste Joren esou bleiwen. Wann ee weess, wéini wat ufänkt a wéini wat fäerdeg ass, ass d'Akzeptanz vun deem désagréablen Deel eng ganz aner. An et huet een d'Méiglechkeet, oder eng besser Méiglechkeet, sech ze organiséieren, fir méiglechst wéineg vun den Nuisancë matzekréien.

Schlussendlech gesäit et och esou aus, an den Här Negri huet jo och dozou eng Motioun déposéiert, wéi wann eng zefriddestellend Léisung konnt fonnt gi fir d'Bedreiwung vum Tram. Eng zefriddestellend Léisung, well et och fir ons net onwichteg ass, datt esou eng Offre publique och vun der ëffentlecher Hand bedriwwe ka ginn. De Stat, a virun allem d'Stad Lëtzebuerg, sinn interesséiert, datt dës Offer un de Bierger an un d'Biergerin op dem Stater Territoire och kann ofgestëmmt gi mat der complémentairer Gemengenoffer un ëffentlechem Transport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir Gréng si frou an net wéineg stolz, muss ech zouginn, fir haut dës zwee Projeten ze stëmmen. Dës zwee Projete wäerte mat Sécherheet d'Bild vun der Stad an doriwwer eraus vum Land zum Positive veränneren. Si wäerten nei Opportunitéite schafen am ekonomeschen, sozialen a kulturelle Beräich. Et wäert een an Zukunft mam Tram kënnen op e Fussballsmatch fueren, an e Kino oder op e Concert. Et wäert ee mam Tram an d'Schoul fueren, akafe fueren an natierlech op d'Schaff fueren. An dat einfach a séier, méi einfach a méi séier, wéi mam Individualverkéier!

Den ëffentlechen Transport gëtt erëm e Fortbewegungsmëttel fir jiddwereen, esou wéi et dat schonns an anere Méttel- a Groussstied ass. Mir mussen haut ufänken, fir datt muer ons Stad an onst Land attraktiv bleiwen, a fir datt ons Liewensqualitéit a Saache Mobilitéit sech erëm verbessert. Dat net nëmmen eleng fir ons, mä och fir déi nächst Generatiounen.

Ech wollt Iech zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng kleng Anekdot virliesen, well ech mech déi lescht Wochen e bësse mat deem Thema Tram beschäftegt hunn an och an den Archive vun der Stad Lëtzebuerg aus dem Joer 1950 eng flott Anekdot fonnt hunn, an zwar op engem Dag aus dem Joer 250 (veuillez lire: 1950) am Summer, wou den Tour de France duerch Lëtzebuerg, duerch d'Stad gedréint huet, e bësse wéi haut eben den Tour de Luxembourg elo duerch d'Stad dréint, an natierlech och den Tram gefuer ass. Den Tram ass weidergefuer an den Tour de France ass och gefuer.

An et gouf esou eng Sportszeitung aus Frankräich, déi sech beklot huet, well den Tram gefuer ass, wou och den Tour de France gefuer ass. Si hu sech net gestéiert, mä dat war a Frankräich eben duerch aner Reglementer anescht organiséiert. An do huet den Oberpolizeibrigadier vun der Stad Lëtzebuerg, dat war den Eugène Bertrand, Rapport gemaach un de Buergermeeschter a geschriwwen: „Dass die Straßenbahn, das Auto des kleinen Mannes, eine unbedingte Notwendigkeit ist, dass die Schulkinder, die Hausfrauen, die Arbeiter, die Bürobeamten, überhaupt alle Fußgänger weder auf dieselbe verzichten wollen noch können, ist eine längst bekannte Tatsache. Sie bietet der Allgemeinheit viele Vorteile."

Ech wënsche mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt, wa mer déi nächste Kéier en Tour de Luxembourg oder en Tour de France hei dréinen hunn, mer do och erëm en Tram duerch d'Stad fueren hunn, an ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Loschetter. Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas vun der DP ageschriwwen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Term „historesch" soll een zwar ganz virsiichteg ëmgoen, mä ech mengen awer, trotzdeem kann een deen Term haut gebrauchen, well mer jo awer e gewëssenen historesche Moment an der Transportpolitik erliewen, well den Tram nees erëm op d'Schinn gesat gëtt.

Ech ginn awer ganz gären zou, datt meng Partei, d'DP, an deene leschte Jore munchmol och gewësse Reserve gewisen huet vis-à-vis vum Projet Tram - dat hat och seng Ursaachen -, datt awer Gott sei Dank de Projet Tram ganz positiv evoluéiert huet, an datt mer haut dee Projet och mat ganz aneren Ae gesinn, well en och eng ganz nei Dimensioun kritt huet.

Ech wëll direkt hei virausschécken, datt meng Fraktiounskolleegin a Stater Buergermeeschtesch Lydie Polfer, déi wahrscheinlech wéi keen Zweeten heibannen intensiv mat deem Projet, zënter Jorzéngte kann ee soen, verwuess ass, selbstverständlech wäert och herno nach Positioun huelen an och méi op d'Inzidenze vun dësem Projet op d'Stad Lëtzebuerg agoen. Ech wëll mech duerfir méi limitéieren op den Impakt vun deem Projet hei op déi gesamt national Transportpolitik.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass kloer, datt de materielle Wuelstand och seng Schietsäite kennt. Mir hei zu Lëtzebuerg spieren dat virun allem un der Entwécklung vum Stroosseverkéier. Besonnesch jo an de Spëtzestonnen ass virun allem hei an der Stad, mä och an der Peripherie ganz vill Gedold erfuerdert, wann ee mam Auto ënnerwee ass. Déi rasant ekonomesch Entwécklung brëngt et selbstverständlech mat sech, datt och nei Aarbechtsplaze geschafe ginn an datt ergo de Verkéier zouhëlt.

Virun zéng Joer ass eng Etüd gemaach gi vun der Lëtzebuerger Gesellschaft LeasePlan, an déi koum zur Konklusioun, datt een hei zu Lëtzebuerg deemools am Duerchschnëtt eng Stonn an zwielef Minutte gebraucht huet, fir op seng Aarbechtsplaz ze kommen. An ouni am Besëtz ze si vun enger neier Etüd, haut, sinn ech awer iwwerzeegt, datt déi Zäit doudsécher net méi kuerz ginn ass!

Mir haten 1995 hei zu Lëtzebuerg en Emploi intérieur vun 215.000 Aarbechtsplazen. 2012 waren et der schonn 378.000. An deem kuerzen Zäitraum also e Plus vu 75%. 2003 hate mer all Dag 105.000 Leit, déi an eist Land aus den Nopeschlänner schaffe komm sinn. Haut läit déi Zuel bei plus ou moins 160.000, Tendenz staark steigend. Och dat erkläert, wéi sech dat Land hei rasant entwéckelt huet.

An dat erkläert u sech och munches, wann een déi Prognosen emol eng Kéier analyséiert, déi viru Joren, Jorzéngte gemaach goufen. Sou zum Beispill d'Etüd LuxTraffic, déi jo haut de Mëtteg schonn e puermol hei erwähnt ginn ass, huet 1994 an hirer héijer Prognos mat enger Awunnerzuel fir d'Joer 2020 vu 553.000 Awunner gerechent. Jo, mä haut si mer scho bal zu 540.000 an am Joer 2020 wäerte mer scho wäit dee Chiffer vu 553.000 iwwerschratt hunn.

Duerfir, déi eigentlech Fro, déi an där ganzer Diskussioun hei u sech muss gestallt ginn, dat ass déi: Wat wëlle mer aus deem Land hei maachen? Wou soll dat Land sech hei hinentwéckelen? Solle mer de Wuesstum ofbremsen oder loosse mer alles säi Wee goen? Béid Léisungen dierfte mat Sécherheet net déi richteg sinn, mä trotzdeem spiert een, datt e gewëssenen Zenit sech awer ëmmer méi bemierkbar mécht.

Eppes ass jiddefalls kloer: Mir mussen et fäerdegbréngen, an Zukunft e Maximum vu Passagéier vum Autosverkéier op den ëffentlechen Transport ze kréien. A gutt Usätz si jo ouni Zweifel ze erkennen.

Falsch wier et awer och, wa mer an Zukunft eng verstäerkte Konzentratioun vun deenen Aarbechtsplazen an der Stad an an der Peripherie vun der Stad weider géifen dreiwen. D'Revitaliséierung vun de Friches industrielles op Esch-Belval ass jiddefalls e ganz gutt Beispill, datt een och dezentral ka virgoen. An ouni Zweifel wäert sech dat an deenen nächste Joren och positiv fir d'Verkéierssituatioun hei zu Lëtzebuerg bemierkbar maachen.

Et ass kloer, mir kënnen net alles steieren a munch Developpementer wäerte mer och net bremse kënnen. Op där anerer Säit ass et awer wichteg, datt mer eis Instrumenter ginn, fir awer eng kloer, eng geziilten Entwécklung vun dësem Land esou wäit wéi méiglech an d'Wee ze leeden. An dowéinst muss een och direkt op déi véier Plans sectoriels ze sprieche kommen, déi jo elo kierzlech hei presentéiert goufen a gëschter Moie jo och de lokalen Autoritéiten. An ech mengen, just déi ginn eis e wesentlecht Instrument, fir awer gewëssen Entwécklungen an der Zukunft ze steieren.

Eppes ass kloer: Den Erfolleg vum ëffentlechen Transport hänkt ganz kloer un zwee Faktoren. Deen éischte Faktor ass seng Frequenz an deen zweete Faktor ass de Komfort. Wann dës zwee Faktoren net stëmmen, gëtt et jiddefalls schwéier, d'Leit ze mobiliséieren - a besonnesch an engem Land wéi Lëtzebuerg, dat soll ee ganz éierlech soen -, op den ëffentlechen Transport ëmzeklammen.

Dann huet den ëffentlechen Transport och nach heiansdo de Bäigeschmaach vum „Arme-Leute-Image". Deen Term staamt net vu mir, dee staamt vum Dokter Brändli, e Schwäizer Spezialist. Deen Numm wäert ganz ville Leit heibanne geleefeg sinn, well dee jo och an der Entwécklung vun dësem Dossier iwwert déi Joren eng gewësse Roll gespillt huet. An duerfir ass et och wichteg, wéi gesot, datt d'Zich, d'Bussen an d'Trammen héijen Usprëch gerecht ginn.

Ech wëll op dëser Plaz awer och betounen, datt virun allem d'Eisebunn an deene leschte Joren awer ganz wichteg a ganz grouss Efforte gemaach huet, an datt een och ka pauschal soen, datt de Komfort an den Zich wesentlech besser ginn ass. A wann och emol en Zuch eng Kéier Verspéidung huet, dann ass dat net ëmmer déi ganz grouss Katastroph.

Den Tram sengersäits huet de Virdeel, datt e regelméisseg ka fueren an och e gewëssene Komfort ouni Zweifel bitt an am Stadbild, contrairement zu deem, wat oft behaapt gëtt, net onbedéngt stéiert, wann e gutt urbanistesch integréiert gëtt. Do muss een natierlech op d'Hëllef vu spezialiséierten Urbanisten zréckgräifen, fir dat Zil och ze erreechen.

Ech sinn elo schonn iwwerzeegt, datt den Tram net nëmme wäert en effikasst Transportmëttel duerstellen, mä datt den Tram och eng nei, eng zousätzlech Attraktioun fir d'Stad wäert ginn. An ech verweisen hei zum Beispill op Stroossbuerg. Stroossbuerg, wat zwar u sech eng ganz flott, attraktiv Stad ass, mä ouni Zweifel nach en Image-Gewënn kritt huet eben duerch den Tram, deen zënter enger kuerzer Zäitchen elo och duerch d'Stad do fiert.

De Projet hei, an dat ass de Mëtteg schonn e puermol betount ginn, muss een natierlech an engem globale Konzept gesinn, am Konzept vum MoDu. Et geet also drëms, fir den Tram als e wesentlecht Instrument vu villen Transportméiglechkeeten duerzestellen. Mir wëssen natierlech, an esou naiv kann een och net sinn, datt déi 230 Milliounen, déi mer haut stëmmen, natierlech net wäerten de Problem vum Verkéier hei an der Stad a ronderëm d'Stad léisen. Mä et ass e wichtegt éischt Element, fir déi Gesamtstrategie kënnen ze erreechen.

Duerfir ass och déi Motioun, déi hei virgeluecht ginn ass, am Numm vun der Madame Loschetter, natierlech och vun eiser Säit ze ënnerstëtzen. Allerdéngs, an dat wëll ech och nach eng Kéier hei ënnersträichen, mir däerfen natierlech elo net bei deem Projet hei stoe bleiwen. Et si jo eng Rei, ouni elo an den Detail ze goen, eng Rei Moossname fir d'Zukunft scho geplangt.

Erlaabt mer awer, iwwert de Projet Tram eraus, och nach op e puer eenzel wichteg Projeten anzegoen, déi an deem ganze Réseau eng wichteg Roll wäerte spillen. Ech schwätzen hei emol an éischter Linn natierlech vun der Achs Süden/Stad.

Et ass déi Achs, déi enorm iwwerlaascht ass. Et brauch ee jo nëmmen d'Autobunn ze kucken, déi engem jo gutt bekannt ass. De Minister huet ugekënnegt, datt do en Ausbau vun zwou op dräi Spure géif virgeholl gi vun der A3. Sécher ass eis jo bekannt, datt besonnesch op der Aire de Berchem Réckstau entsteet, ebe well do vun dräi Spuren op zwou Spure gewiesselt gëtt, wat dann all Dag och zu deene bekannte Problemer féiert, soudatt de Verkéier (veuillez lire: soudatt de Verkéier duerch den Ausbau) kann ouni Zweifel op der Autobunn do méi fluid geleet ginn.

Dann, d'Nordachs wäert ouni Zweifel duerch d'Ouverture vun der Nordstrooss eng aner Nues kréien. Mä och do muss een awer realistesch sinn. Och do muss ee wëssen, datt sech awer nei Problemer wäerten astellen, besonnesch um Niveau vum Kierchbierg, well et do jo awer zu enger Konzentratioun vu ganz villen Autoe wäert virun allem moies kommen.

Dowéinst ass et och richteg a wichteg, datt direkt och e Park & Ride-System do mat iwwer 4.000 Plazen aménagéiert gëtt. Ech mengen, d'Gewënner vun der Nordstrooss wäerten an enger éischter Phas, an ech wënschen hinnen et och an enger zweeter an an enger drëtter Phas, d'Gemengen aus dem Uelzechtdall sinn, déi laang genuch hu missen dee Verkéier er-

droen. Awer, wéi gesot, nach eng Kéier: Och d'Nordstrooss wäert eng Rei Problemer net léisen.

Dann aus Richtung Oste respektiv aus Richtung Weste mussen och zousätzlech Moossname geholl ginn, ouni och hei ze vill an den Detail ze goen. Ech mengen, de Boulevard vu Märel oder déi nei Nationalstrooss am Raum Hesper wäerten do schonn déi néideg Verbesserunge mat sech bréngen.

Wat allerdéngs an deem ganze Konzept ouni Zweifel vu Wichtegkeet ass, dat ass, datt déi Émsteigpôlen tëschent Bus, Zuch an Tram optimal openeen ofgestëmmt sinn.

Wa mer da schonn hei vun Infrastrukturen oder vun zukünftegen Infrastrukturprojete schwätzen, da wëll ech awer nach kuerz och op e Projet zréckkommen, deen och schonn eng ganz, ganz laang Nues huet, an zwar scho virun honnert Joer ass vun deem geschwat ginn: Dat ass vun enger Zuchstreck vun der Stad Richtung Esch.

An ech verweisen hei emol op eng Question parlementaire, déi den 3. Oktober 2005 vum deemolegen Deputéierte Claude Meisch gestallt ginn ass. Do huet den deemolegen Transportminister Lucien Lux den 31. Oktober 2000 (veuillez lire: 2005) Folgendes geäntwert: «Le dossier de la nouvelle ligne ferroviaire Luxembourg-Esch-sur-Alzette est actuellement soumis aux différentes procédures prévues par le projet de loi portant transposition en droit luxembourgeois de la directive européenne 97/11/CE.»

Ech sinn allerdéngs net méi spéit wéi gëschter aus der Press gewuer ginn, datt de Minister Bausch jo awer deem Projet net positiv gesënnt ass an datt en och gesot huet, e géif kee Sënn maachen. Ech ginn och dovun aus, datt dat elo esou eng definitiv Positioun ass. Vläicht kann de Minister herno eng Kéier kuerz nach drop zréckkommen, ob dann dee Projet domat definitiv och elo begruewe wier, an datt een net méi da muss drop zréckkommen.

Ech erënneren drun, viru Jore war en, zumools ënnert dem Transportminister Henri Grethen, erëm eng Kéier vill méi akut ginn. An do ware wéi gesot dann och eng Rei Initiative geholl ginn, fir gegebenenfalls esou ee Projet an d'Realitéit émzesetzen. Wéi gesot, och de Minister Lux, wann ech seng Äntwert hei richteg verstanen hunn an e richteg interpretéiert hunn, huet jo duerchblécke gelooss, datt un deem Projet nach géif geschafft ginn.

Nach eng Kéier: Wa mer hei iwwert de Projet Tram schwätzen, da kënne mer dat net isoléiert gesinn, da musse mer och ëmmer vun enger gesamter Vernetzung schwätzen. Hei si schonn eng Rei Elementer opgezielt ginn.

Ee wichtegt Element an deem Ganzen ass och de Vëlo. De Vëlo, deen ouni Zweifel ëmmer méi u Bedeitung als Mobilitéitselement gewënnt. An och do, muss ech allerdéngs soen, däerfe mer awer eis Iwwerleeung elo net nëmmen hei eleng op d'Stad Lëtzebuerg limitéieren, mä de Vëlo muss a soll och an allen Uertschafte wa méiglech besser zur Geltung kommen, wat och géif dozou bäidroen, datt d'Leit éischter mam Vëlo vläicht och op déi nächst Gare géife fueren.

Allerdéngs, Här Minister, erlaabt mer awer déi Remarque ze maachen: Do musse mer awer gewësse festgefueren Iddien opginn. De Raum, dee mer zur Verfügung hunn, virun allem an den Uertschaften, kann net méi grouss gemaach ginn. De Gabarit vun de Stroosse kann net vergréissert ginn. Mir kënnen den Trottoir net suppriméieren. Mir kënnen net d'Parkplaze suppriméieren. Ech maachen also e ganz kloren Appell hei, datt an Zukunft de Vëlo och muss zousätzlech Couloire kréien. Sief dat zum Beispill, datt d'Trottoiren exklusiv fir e Vëlo géife reservéiert ginn an de Piéton eben op där anerer Säit géif goen.

Mir mussen also do méi flexibel ginn, well soss, dat soen ech ganz éierlech, an ech kann och do aus menger Erfahrung als Mobilitéitsschäffe vun net grad enger klenger Gemeng schwätzen, dann ass d'Motivatioun net do, fir innerhalb vun den Uertschaften zousätzlech Réseaue fir Vëloen unzeleeën, wann ee wéi gesot raimlech gekuckt keng Méiglechkeeten huet. Doweinst hoffen ech, datt mer awer do e gewësst verkrust Denke vläicht an Zukunft opginn an do manner restriktiv denken.

Wa mer iwwer gewëssen zukünfteg Infrastrukturprojeten hei schwätzen, da kann een och ganz séier iwwerleeden zu dem Projet de loi 6684, wat den Arrêt Pont-Rouge ubelaangt, deen ouni Zweifel zwee grouss Virdeeler wäert matbréngen an e ganz interessante Projet, en innovative Projet ass, sonner Zweifel.

Ech mengen, déi Leit, déi um Kierchbierg schaffen, déi brauchen u sech net méi op der Gare centrale ëmzeklammen, sief dat, wa se aus dem Süde kommen, sief dat, wa se aus dem Norde kommen. Dat ass e wesentlechen Zäitgewënn. Dat ass hei scho méi detailléiert opgelëscht ginn. An och dat ass wéi gesot an deem Sënn an deem gesamte Konzept ze begréissen.

Dat Zweet ass, datt natierlech vun dëser Gare aus och vill aner Déplacementer méiglech sinn, wann een zum Beispill um Niveau vum Kierchbierg schafft, sief dat iwwert den Tram, sief dat mam Bus oder sief dat wéi gesot och mam Vëlo.

Wat d'Notze vum Funiculaire ubelaangt, sou ass dat natierlech och eng interessant Neierung. An do muss een natierlech emol seng Erfahrunge sammelen. Ech mengen, mir sinn do Land, wat natierlech total Neiland betrëtt. Ech hu mer och soe gelooss, datt mer eis mat Schwäizer Fachleit ëmginn hunn.

A wa mer pour la petite histoire erlaabt ass, dat hei ze soen, ech gleewe kaum, datt d'Fachleit och vläicht mat de Bedreiwer vum Funiculaire vu Fribourg an der Schwäiz Récksprooch geholl hunn, well déi hunn eng ganz interessant Manéier, fir déi Funiculairen do ze bedreiwen. Dat kascht u sech guer näischt. An dat geet nämlech, entschëllegt, mä et ass nun eben esou, dat geet mat Fäkalien.

Une voix.- Oh!

M. Gusty Graas *(DP).*- Do ginn déi Funiculairen…

Jo, Dir sot: „Oh!" Mä et ass awer Tatsaach. Et ass Tatsaach. Ech wëll awer doweinst elo net onbedéngt e Plädoyer halen, datt mer dat och sollen hei zu Lëtzebuerg maachen, well et huet och seng Nodeeler, hunn ech mer awer soe gelooss.

Une voix.- Et sténkt!

M. Gusty Graas *(DP).*- Voilà, Dir sot et.

Wat an deem Projet awer och wichteg ass, an ech mengen, et ass hei och schonn ënnerstrach ginn, ass, datt natierlech d'Notze vun deene Funiculairë gratis ass. Dat soll och esou sinn, well dat géif den Trafic retardéieren, wa mer op eemol och nach géifen ufänken, do Kontrollen ze maachen, d'Leit missten hiren Ticket entwäerten. An ech denke virun allem och un déi Leit, déi am Pafendall wunnen, wann déi och nach misste bezuelen, fir déi 63 Sekonnen do eropzefueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat sinn dann elo u sech d'Alternativen zum Tram? Ech mengen, och déi Fro muss hei an där ganzer Diskussioun gestallt ginn.

Natierlech un éischter Linn de Metro. Jo, de Metro ass ouni Zweifel e ganz interessante Moyen, fir Passagéier ze transportéieren. Allerdéngs muss een och do realistesch sinn. Ech mengen, wann een u grouss Metropolen denkt wéi Paräis, wéi London, ass de Metro net méi ewechzedenken. Wann een dann awer d'Geomorphologie vun eiser Stad hëlt, dann huet een allerdéngs Problemer, sech virzestellen, fir e Metro hei op eisem Gebitt ze installéieren. An och hei wëll ech nach eng Kéier den Här Brändli zitéieren, dee sengerzäit gesot huet: „Eine reine Metro ist zu groß für eine Stadt wie Luxemburg und wäre…", hien huet dat gesot, „…saumäßig teuer."

Och de Projet vum Här Schummer, dee jo éischter hei vum Kolleeg vun der ADR mordicus verdeedegt gëtt, dee jo och Richtung vun engem Metro geet, och dee wäert technesch net realiséierbar sinn. An dann d'Iddi vun der Seelbunn, dat kléngt ganz flott, ganz interessant, mä och do, mengen ech, muss een awer mat de Féiss um Buedem bleiwen a wëssen, datt dat an der Realitéit wahrscheinlech net wäert deem Zil entgéintkommen, wat mer eis da virstellen.

Vläicht ee kuerzt Wuert nach zum Centre de remisage. Ech muss éierlech soen, et war een natierlech net ganz frou, wat de Site ubelaangt, besonnesch well dat eben och op d'Käschte geet vun engem gudden Deel vun engem wichtegen Habitat. Och do wéi gesot mussen natierlech all Moossname geholl ginn, fir datt d'Kompensatiounsméiglechkeeten deementspriechend wäerten ausfalen.

Déi Projeten hei treffen, an ech maachen déi zwee Projeten dann elo aneneen, op eng ganz grouss Zoustëmmung.

An ech muss allerdéngs soen, Här Wiseler, ech sinn awer e bëssen erstaunt gewiescht iwwer Är Interventioun hei de Mëtten. Als fréieren Transportminister hutt Der eng Rei Froe gestallt, déi ee sech selwer ka beäntwerten, dat wëll ech elo net verdéiwen. Wat mech awer nach méi erstaunt, ass, datt Der op eemol awer hei de Referendum an d'Spill bruecht hutt a mengt, datt d'Majoritéit hei hätt am Fong geholl missen dee Projet retardéieren.

Dozou wëll ech elo emol eppes ganz kloer an däitlech soen.

Éischtens, an Dir wësst dat jo awer och, déi nei Formule vun den e-Petitiounen, déi eben eng gewësse Prozedur virgesäit, déi ass à la lettre respektéiert ginn.

Zweetens, e Referendum huet quasi stattfonnt schonn. An zwar den 20. Oktober, den 20. Oktober, wou all Partei heibannen, mat Ausnahm vun enger, sech ganz kloer an däitlech fir den Tram ausgeschwat hat.

Wann also wierklech eng grouss Majoritéit hei am Land géint deen Tram gewiescht wier, mengen ech, hätt dat jo awer och vläicht eng gewëssen Inzidenz gehat…

(Interruption)

…eng gewëssen Inzidenz gehat. Dowéinst, wéi gesot, fannen ech et awer gewot, wann een awer dat do als Element hëlt, als Ursaach hëlt, fir elo der Majoritéit hei virzewerfen, de Projet…

(Interruption)

…ze retardéieren.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir fanne just, datt Der d'Leit sollt respektéieren, déi sech d'Méi maachen, eng Petitioun ze erstellen,…

M. Gusty Graas *(DP).*- Majo, Här Wiseler…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- …an Der sollt hinnen d'Chance ginn, datt doriwwer diskutéiert gëtt.

M. Gusty Graas *(DP).*- Majo, Här Wiseler!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Méi hu mer net gesot. An dat hu mer awer gesot.

M. Gusty Graas *(DP).*- Neen, neen, Här Wiseler!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat emol nach eng Kéier kloer an däitlech.

M. Gusty Graas *(DP).*- Neen, neen, Här Wiseler, pour que les choses soient claires: Déi Leit hunn déi Petitioun eraginn, wuel wëssend, wéi d'Situatioun war, wuel wëssend, datt de Projet praktesch all Instanzen duerchlaf hat.

A mir, an elo schwätzen ech erëm am Numm oder als Member vun der Petitiounskommissioun, hunn eis Aarbecht och en bonne et due forme gemaach. An déi Sitzung war schonn aberuff, och ier déi aner Sitzung hei stattfonnt huet. Et kann een also elo net hei nodréiglech kommen an der Majoritéit hei virwerfen, si hätt u sech net de Respekt gewise fir d'Leit, déi d'Petitioun eraginn haten.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech fannen et normal, datt eng…

M. Gusty Graas *(DP).*- Ech fannen dat dote gewot, gewot, gewot, fir déi doten Ausso ze maachen. De Respekt ass ganz kloer an däitlech vis-à-vis vun de Pétitionnairë gewise ginn.

(Interruption)

Dach, ganz kloer.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass Är Interpretatioun vum Respekt. Dat ass net eis.

M. le Président.- Sou, ech géif elo de Riedner bieden, sech erëm un d'Chamber ze adresséieren!

(Interruption)

An déi aner Kolleege géif ech da bieden, erëm nozelauschteren!

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, ech komme selbstverständlech Ärer Opfuerderung no a wëll och nach eng Kéier hei betounen, datt dee Projet awer hei op eng ganz grouss Majoritéit net nëmmen heibanne fält, mä och dobaussen.

Da wëll ech och emol de Mouvement écologique hei zitéieren, dee jo net onbedéngt bekannt derfir ass,…

(Brouhaha)

…fir, egal wéi eng Regierung et ass, ëmmer nëmme bonnes Notes auszedeelen. De Mouvement écologique huet de 26. Mee elo eng Stellungnahm erausginn an do schreift en ënner anerem: „Der Mouvement écologique begrüßt, dass das Finanzierungsgesetz der Stadtbahn nun kurzfristig von der Abgeordnetenkammer angenommen werden soll und die Arbeiten an dem zukunftstragenden Projekt schnellstmöglich beginnen." Bon, dat huele mer natierlech och zur Kenntnis.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, dat ass awer elo näischt Neies.

M. Gusty Graas *(DP).*- Als Résumé kann ee soen, jiddefalls deen Tram, dee Projet hei vum Tram steet ouni Zweifel fir nei Zukunftschancen, steet fir Wäitbléck, steet fir nei wirtschaftlech Méiglechkeeten.

An da wëll ech awer och nach meng eege Partei hei aus dem Wahlprogramm zitéiere vun Oktober 2013: „Die DP begrüßt in diesem Zusammenhang den Bau einer Trambahn mit den notwendigen Peripheriebahnhöfen, die sich notwendigerweise aus dem hohen Mobilitäts- und Kapazitätsbedarf vor allem der in der Stadt Luxemburg arbeitenden Menschen ergibt. Wir wollen die Tram deshalb zügig verwirklichen." Ech mengen, méi kloer kann een net zu senge Wahlversprieche stoen.

An deem Sënn wäert meng Partei ganz kloer dee Projet och hei stëmmen. Wéi gesot, d'Madame Polfer wäert nach méi am Detail a mat sécher ganz vill Kompetenz op de Projet agoen.

Ech wëll awer zum Schluss och nach der Rapportrice Merci soen, soss ginn ech d'nächst Kéier am Schäfferot vernannt,…

(Hilarité)

…fir dee flotte mëndlechen an och schréftleche Rapport. A besonnesch huet mer deen historeschen Aspekt gefall.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Zumools dee leschte Saz.

M. le Président.- Merci dem Här Graas. Als nächsten ageschriwwene Riedner huet den Här Roy Reding vun der ADR d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut de Mëtten hei ganz vill richteg Constaten héieren a ganz vill richteg Froen, déi gestallt gi sinn, virun allem och vum Här Wiseler. Mä leider Gottes, an eisen Aen, ëmmer déi falsch Äntwerten héieren. An ech wëll mech einfach elo konzentréieren an där kuerzer Zäit, déi ech hunn, op déi Argumenter, firwat datt den Tram déi falsch Äntwert ass, an eisen Aen.

Et ass wouer, alles geet u mat der Pendlerproblematik. Et ass wouer, de Pendler, deen an d'Stad moies kënnt, dee steet. E steet mat sengem Auto am Stau oder e steet am Zuch. D'Capacitéite vum Zuch sinn erschëpft. Et kënnen also am Moment net méi Leit an d'Stad komme mam Zuch wéi bis elo, ob mat oder ouni Tram. Net méi spéit wéi gëschter sot de Romain Meyer, de Spriecher vun der CFL: „Von 80.000 französischen Pendlern kommen zehn Prozent…" - mir schwätzen also vun 8.000 Leit - „…mit dem Zug zum Job. Die Politik würde diesen Anteil gerne steigern, doch mit den derzeitigen Kapazitäten ist derzeit nicht viel mehr drin." Méi gutt hätt een dat net kënnen op de Punkt bréngen.

Fir vill Leit méi schnell vun der Gare op de Kierchbierg, well jo ëmmer ugeschwat gëtt, datt do déi meeschten nei Aarbechtsplazen entstinn, ze bréngen, soen ech, brauch ee kee Meter Schinn ze leeën. Haut scho fiert de Sales-Lentz mat Héichcapacitéitsbussen. An, Här Claude Wiseler, ech muss Iech do korrigéieren: Déi fueren an engem Minuttentakt, also an engem vill méi groussen Takt, wéi den Tram jeemools ka fueren, an dat mat wéineg Opwand. Mat enger besserer Rout-Luucht-Schaltung zum Beispill kéint een dat nach optimiséieren.

Dee gréissten Nodeel vum Tram ass d'Ëmklammen. Haut fiert een an der Stad vun egal wat fir engem Punkt op egal wat fir een anere Punkt mam Bus mat eemol ëmklammen. Haut fiert ee mam Bus, wann een op de Kierchbierg fiert, do fiert ee Bus op de Boulevard Frieden, et fiert ee Bus op de Boulevard Kennedy, et fiert een anere Bus bei d'Spidol oder de Rehazenter. Dat heescht, jiddwereen hëlt deen Zuch (veuillez lire: Bus), deen e brauch.

Muer féiert den Tram mech nëmmen op de Boulevard Kennedy. Muer muss den Diddelenger, dee bei RTL schafft, wann en da wëllt op seng Schaff kommen, den Zuch huelen zu Diddeleng an op Beetebuerg fueren. Do klëmmt en ëm, hëlt den Zuch an d'Stad. Do klëmmt en ëm, hëlt den Tram bis d'Luxexpo a vun do aus geet en dann ze Fouss.

De Schüler vu Leideleng, deen haut doheem e Bus kritt zu Leideleng, deen e bei säi Lycée bréngt op de Lampertsbierg, dee muss muer op de Pôle d'échanges Gare oder spéider eng Kéier Cloche d'Or fueren, dann den Tram huele bis op de Glacis an dann do eng Navette bis bei seng Schoul.

Bref, d'Konklusioun ass ganz kloer: Kaum e Pendler profitéiert wierklech vun deem System, deen hei agefouert gëtt. A mir kréie keen eenzege Pendler méi op den ëffentlechen Transport.

Da schwätzen ech vun deene Stater Leit. Och mir Stater gi geplot duerch den Tram, net nëmmen, well en eis Stad verschampeléiert. Wéi gesot, haut kommen ech als Stater mat mengem Bus mat maximal eng Kéier ëmklamme vu quasi all Punkt op quasi all anere Punkt. Muer gëtt d'Ëmklamme Volleksport.

Ech ginn Iech en einfacht Beispill: Eng eeler Damm wunnt an der Rue Anatole France - fir déi, déi sech an der Stad net auskennen, dat ass zu Bouneweg - a si muss an de Centre hospitalier uewen op der Areler Strooss an d'Blutt-analys. Haut kritt se e Bus zu Bouneweg, fiert mat deem bis op d'Place de Paris, klëmmt do ëm op en anere Bus, an dee bréngt se bis zum Centre hospitalier.

Muer hëlt se de Bus an der Rue Anatole France, fiert da bei d'Coopérative zu Bouneweg, muss do erausklammen, muss iwwert déi Trap do goen op d'Gare bis zur Statioun vum Tram. Da fiert se mam Tram op d'Place de l'Étoile an op der Place de l'Étoile muss se dann nees ze Fouss goen an d'Route d'Arlon an do e Bus huelen, fir dann an de Centre hospitalier ze kommen. Dat ass Fakt.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Dat ass jo lächerlech!

M. Roy Reding *(ADR).*- Neen, Här Bausch, dat ass net lächerlech, dat ass Fakt.

Dann d'Autofuerer. Also d'Pendler profitéieren net, d'Stater profitéieren net. Profitéieren d'Autofuerer? Ganz bestëmmt net!

Et gëtt eng Etüd, vun där hei nach kee Mënsch geschwat huet, a mat vollem Fug a Recht, well se géif nämlech déi Saach do e bësselche versalzen. An dat ass d'Etüd vu Schroeder & Associés wat d'Kräizungen ugeet. Schroeder & Associés huet an där Etüd, déi oplouch leider Gottes während enger Vakanz, a leider Gottes hu vill ze wéineg Leit se gekuckt, duergeluecht, datt et eng hallef Dose Kräizunge gëtt, déi en Infarkt musse fäerte fir den Autosverkéier.

Eng Kräizung hu se allerdéngs vergiess an dat ass d'Place de l'Étoile. An och do ganz konkret. Deen Tram, deen Der elo hei wëllt stëmmen, dee kënnt ënnen duerch d'Avenue Emile Reuter an d'Rue Jean-Pierre Probst, dat ass do tëschent dem Castel an der orthodoxer Kierch, all dräi Minutten. All dräi Minutten! All dräi Minutte kënnt do elo eng Ramm vu 70 Meter, déi déi Place de l'Étoile muss iwwerqueren. A si kënnt aus deenen zwou Richtungen. Si kënnt aus der Emile Reuter, mä si kënnt awer och ëmgekéiert vum Glacis fort an déi aner Richtung. Wa se also elo net grad zäitgläich kommen, riskéiere mer, datt all annerhallef Minutt eng kënnt.

An déi fuere jo net do mat voller Vitesse. Déi komme jo aus där Emile Reuter eraus a mussen do lues fueren. Firwat? Ma et geet ëm d'Kéier an en plus steiere se eng Haltestell un. Dat heescht, déi Place de l'Étoile riskéiert, wann een als Autofuerer vum Boulevard de la Foire fort kënnt, den totalen Infarkt.

Da schwätze mer nach guer net dervun, datt op der Route d'Arlon jo och nach e Pôle d'échanges ass, datt do och nach en Terminus ass vu Bussen. A wivill Leit dann dorëmmer lafen, dat gesi mer jo haut um Aldringer, wivill Leit dann do ronderëmlafen. Also déi Kräizung do, déi ass zum Doud veruerteelt.

Mir sinn also eigentlech tous perdants, d'Autofuerer, d'Pendler an déi Stater.

Da freet ee sech: Firwat gëtt mordicus op deem Tram bestanen? À qui profite ce crime? Ma et geet drëms, d'Autoen eraus aus der Stad ze kréien!

Säit de 60er Jore gouf et just zwou wesentlech Verbesserunge fir den Autosverkéier an der Stad. Se ginn allen zwee, esou wäit ech weess, op de Kont vum Schlechtech Marcel. An dat war d'Rocade de Bonnevoie an dat war den Helleg-Geescht-Tunnel. Vill méi kann een um Strooseraum net wesentlech erweideren a wesentlech verbesseren.

Wann een awer elo den Auto wëllt endgülteg aus der Stad eraus hunn, gutt, da kéint een entweder Vignetten afëiere wéi zu London, mä dat wier onpopulär; et kann een d'Parkingen immens deier maachen, dat gëtt zum Deel jo scho gemaach, oder eben et blockéiert een d'Stroossen. A wéi kéint een d'Strooss besser blockéiere wéi mat där Schikan, déi den Tram duerstellt? Dat ass an eisen Aen dat ideologescht Zil. Dat ass den Autosverkéier eraus aus der Stad ze kréien. Dat a soss guer näischt!

Mä d'Leit ginn net nëmmen am Onklore gelooss, wat dat wierklecht Motiv vum Tram ass. Si ginn och un der Nues erëmgefouert, wat déi wierklech Käschte vum Tram sinn. Haut de Moien huet een op RTL héieren, haut de Mëtte gëtt an der Chamber e Projet gestëmmt vun 230 Milliounen an da fuere mer 2020 vun der Cloche d'Or op de Findel. Dat ass jo ganz einfach falsch!

Éischtens emol sinn et net 230 Milliounen, do kënnt jo nach d'Participatioun vun der Stad Lëtzebuerg derbäi. An da fir den Ausbau Cloche d'Or-Findel komme jo nach eng Kéier etlech Honnerte Milliounen derbäi. Mä wéi e roude Fuedem zitt sech, mir hu jo d'Geschicht héiere vum Tram, zitt sech déi Sous-estimatioun vun de Käschten duerch dësen Dossier. Si gouf ëmmer erofgespillt.

Ech kann Iech d'Rechnung ganz genau maachen. Zu Edinburgh gouf gëschter, mengen ech, den Tram ageweit. Deen ass 14 Kilometer laang an deen huet 776 Millioune Pond kascht. Dat sinn 953 Milliounen Euro fir 14 Kilometer. Mir maachen hei gären 19 Kilometer. Dat kascht also 1.294.000.000 Euro. Et kann een d'Rechnung och nach a ganz anere Richtunge maachen, mä ech hunn net Zäit genuch derfir. Jiddefalls soe mir haut, an ech si frou, datt dat am analytesche Bericht festgehale gëtt, déi Tramsgeschicht hei kascht wäit iwwer eng Milliard. An et ass d'Feelinvestitioun vum Jorhonnert.

Wann een de Problem, wou mer jo eens si mam Constat, wierklech wëllt léisen, da gëtt et eng Léisung, an et ass schonn ugeschwat ginn, dat ass de Projet vum Ingenieur Schummer, deem säin eenzege Feeler ass, datt e Lëtzebuerger ass!

(Brouhaha)

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. Roy Reding *(ADR).*- Wann et e grénge Schwäizer wier, dann hätte mer deen dote Projet vläicht schonn hei leien. Aus allen Himmelsrichtunge kéinten d'Zich ënnert - an et ass kee Metro, et sinn Zich! -, kéinten d'Zich ënnert der Stad erduerchfueren an op verschiddenen Haltestellen d'Passagéier erausloossen.

(Interruption)

Här Braz, wëllt Der mer eng Fro stellen?

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Neen.

M. Roy Reding *(ADR).*- Neen.

M. le Président.- Wann ech gelift, et gëllt och fir dëse Riedner: Adresséiert Iech un d'Chamber!

M. Roy Reding *(ADR).*- Léif Kolleegen, de City-Tunnel hätt nëmme Virdeeler. E géif bedeiten: manner Verkéier duerch d'Stad, manner Bussen, keen Zoubaue vum Strooseraum, keng Verschampeléierung vun eiser Stad, keen onméigleche Chantier fir d'Geschäftsleit, manner ëmsteigen, vill méi héich Capacitéiten, e wier méi schnell an e géif héchstwahrscheinlech keen Cent méi deier kaschte wéi de Projet Tram.

Den Här Graas huet virdrun ugeschwat an den Här Berger huet dat scho gesot, wa jo all déi Leit, déi géint den Tram wieren, d'ADR gewielt hätten, dann hätte mer méi kritt, méi Prozenter kritt wéi bei deene leschte Wahlen. Här Berger, ech soen Iech, dat ass eng falsch Rechnung. Ech soen Iech, maacht hei e geheime Vote an dann ass hei an dëser Chamber eng Majoritéit géint de Projet Tram!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).*- Awer sécher. Da maacht emol!

Den Här Mosar hat déi ganz gutt Iddi, praktesch opzeruffen zu engem kommunale Referendum. Dat schéngt mer effektiv nach eng Méiglechkeet ze sinn, déi ee misst kucken.

(Interruptions)

Mä och aner Leit hu sech gutt ausgedréckt. De Fränz Colling, de Virsëtzende vun der CSV-Fraktioun vu '84 bis '95, huet gëschter geschriwwen, alt nees am „Wort": „Nur der gesunde Menschenverstand kann die sich anbahnende finanzielle und städtebauliche Katastrophe noch verhindern." Ech hu seelen engem CSV-Mann esou vill Recht ginn!

Dann hunn ech hei nach en aneren Text, dee wëll ech Iech och net virenthalen, deen ass och ganz gutt: „Statsrot a Beruffschambere kritiséieren den Tram an nawell giedelech. A mengen Ae vëlleg zu Recht. Well den Tram léist kee Problem, net een, mä e schaaft neier an dat iwwer ganz laang Zäit. Potenziell souguer op irréversibel Manéier, nodeems eleng den iwwerierdesche Schantje soll esou laang daueren.

Ech versti bis haut net, wéi ee kann op d'Iddi kommen, an enger aler Festungsstad, déi op engem Fiels läit, wëllen en Tram ze bauen. Ech versti bis haut net, wéi een Tram, deen e rengt innerstädtescht Transportmëttel ass, iergendeppes soll un der Transportsituatioun vun de Pendler verbesseren, déi dorop gradesou mussen ëmklamme wéi op d'Bussen. Ech versti bis haut net, woufir mer sollen eng hallef bis dräivéirels Milliard." - do huet de Schreiwer sech geiert, et gëtt méi deier - „fir esou en onsënnegen Tram hunn, awer net annerhallef Milliard fir ënnerierdesch Zuchverbindungen, déi tatsächlech d'Problemer géife léisen.

Den Tram ass e Projet vu virgëschter. En ass an de 60er Joren ofgeschaf ginn, well an der Stad vun deemools keng Plaz fir hien an aner Transportmëttelen zesumme war. Wann e muer erëmkënnt, passéiert virun allem eppes: Autofueren an der Stad an an d'Stad eran an nees eraus gëtt quasi onméiglech. An ech fäerten, genee dat ass et, wat dës Regierung wëllt!"

Deen Text ass vum Frank Engel an dee Mann ass Europadeputéierte gewielt ginn. Elo weess ech net, huet hie vläicht d'ADR gewielt? Dat ka jo sinn, well mir géint den Tram sinn, laut der Logik vum Här Berger.

Vill méi wollt ech eigentlech elo zum Tramsprojet net soen, mä ech wollt op déi Hearingsgeschicht och nach zréckkommen. Ech fannen effektiv d'Virgoen, fir haut dee Projet hei ze stëmmen, an ech mengen, mäi Frënd, de Fernand Kartheiser huet et scho gesot, wou mäi Projet de loi jo recevabel erklärt ass an nach an der Prozedur ass, hätt dee misse mat dësem Projet zesummegeluecht ginn. Dir hätt e jo kënne mat Ärer Majoritéit néierstëmmen. Mä et ass einfach net richteg, datt deen elo zu engem Moment kënnt, wou et praktesch Moutarde après dîner ass, wann dee Projet hei duerch ass.

Dir hutt souwuel der parlamentarescher wéi och der direkter Demokratie e Bärendéngscht geleescht, wat déi Unhéierung vun de Pétitionnaires hei an der Chamber ugeet. D'Regierung huet déi Unhéierung mëssbraucht, fir eng Werbesendung fir den Tram ze maachen. Et war eng lamentabel Masquerade vun Demokratie. Et war keen Dialog mam Bierger. Et war net emol e seriöt Unhéiere vum Bierger. Et kann ee soen: Les pétitionnaires ont été entendus, mais pas écoutés.

Och eis Chamberskommissioun huet a mengen Ae versot. Si hätt einfach net däerfen zouloossen, datt d'Regierung hei optrëtt mat Roll-upen a fir hir Saach Werbung mécht. Et sollt eng Unhéierung an am beschte Fall eng wierklech Diskussioun sinn tëschent Parlamentarier a Pétitionnaires.

Schonn haut soe vill Leit: Firwat soll ech nach eng Petitioun ënnerschreiwen, wann dat doten dat Eenzegt ass, wat derbäi erauskënnt? War et dat, wat mer bezweckt hunn, wéi mer déi doten e-Petitiounen agefouert hunn?

Mä eppes Guddes hat déi Unhéierung, nämlech mir verdanken där Unhéierung, an da kommen ech schonn zum Schluss, en Zitat vum Här Bausch, wat a mengen Ae wäert an d'Geschichtsbicher an an déi kollektiv Erënnerung vun eisem Vollek agoen. Den Här Bausch sot, e stoung do: „Dat hei ass kee monumentale Projet mat senge 570 Milliounen."

Ech muss soen, dach, dat heiten ass e monumentale Projet. E Monument fir dat, wat ideologesch Verklärung kann uriichten. E Monument géint de gesonde Mënscheverstand. An ee Monument, wat d'Leit wäerten all Dag gesinn a wou se sech all Dag kënnen drun erënneren, Här Bausch, wien et verbrach huet.

Ech sinn houfreg, datt meng Partei op jidde Fall déi monumental Topegkeet do vun Ufank u bekämpft huet. A mir stëmme selbstverständlech géint déi Projeten.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. le Président.- Domat hätt deen nächste Riedner, den Här Justin Turpel vun der neier Lénker, d'Wuert. Här Turpel, wann ech gelift.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech wollt just soen, déi nei Lénk huet zéng Joer gefeiert a baut op eng laang Traditioun op, op déi ech elo hei net wëll agoen. Ech wëll...

M. le Président.- Entschëllegt, dann déi al Lénk.

(Hilarité générale)

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Sou al si se och alt erëm net. Et si ganz vill Jonker derbäi, déi dat da wäerte weiderféieren, wat déi Al dann net méi kënne maachen.

Ech wollt all deene Merci soen, déi sech a leschter Zäit, an deene leschte Joren, Jorzéngten, während engem ganze Jorhonnert agesat hu fir den Ausbau vum ëffentlechen Transport a fir méi Liewensqualitéit fir d'Bierger. Dat si ganz vill Mënschen, Organisatiounen, Bewegungen, Gewerkschaften, Parteien. An och där grénger Partei kënnt doudsécher ee Bäitrag derbäi zou, deen ee sollt honoréieren, och wa se sécherlech net déi eenzeg ass.

Och déi Bewegungen an déi Partei, an där ech aktiv war, huet ëmmer bis elo do eng wichteg Roll gespillt, och wann anerer, ech wëll just d'DP an d'CSV nennen, sech net onbedéngt ëmmer mat Ruhm bekleckert hunn an där ganzer Diskussioun.

Ech wëll op siwe Punkten agoen. Deen éischte Punkt betrëfft d'Referendumsdiskussioun, well et awer wichteg ass, fir eppes doriwwer ze soen. Deen zweete Punkt: Brauche mer een Tram? Drëttens: Kënne mer eis en Tram leeschten? Véiertens d'Kritiken um Projet. Fënneftens d'Form vun der Exploitatiounsgesellschaft. Sechstens d'Verkéiersimpaktetüden a siwentens ee Wuert iwwert d'Plans sectoriels. A well Motioune virleien, huelen ech och direkt Positioun dozou a wäert déi Zäit, déi ech dofir hunn, och notzen, fir hei Positioun ze huelen.

Zum Referendum: Well jo awer hei eng Verbindung gemaach gëtt iwwert déi Petitioun, déi gelaf ass, der Fro vum Referendum géint den Tram an de Referenden allgemeng. Jo, mir brauche méi direkt Demokratie. Jo, mir brauchen eng verstäerkt Bedeelegung vum Bierger um Gesetzgebungsprozess, deen ausgebaut soll ginn. Jo, mir brauche Referenden zu wichtege Froen.

Neen, mir hu keng Angscht viru Referenden an deenen Diskussiounen, déi do ronderëm stattfannen. Neen, mir sinn net averstane mat der CSV, déi d'Referenden eigentlech wëllt aschränken.

Mir sinn der Meenung, datt Referenden e wichtegt Stéck si vun engem Meenungsbildungsprozess, deen een onbedéngt soll férderen. Mir brauchen eng Diskussioun driwwer, wat iwwer Referende soll décidéiert ginn, wien dorunner deelhëlt a wéi den Entscheedungsprozess stattfënnt. Dat ass eng wichteg Diskussioun, déi ëffentlech sollt gefouert ginn.

A mir sinn der Meenung, datt een déi Diskussioun kloer elo soll féieren. Datt d'Chamber déi Diskussioun soll organiséieren. Datt am Juli all Fraktiounen an enger ëffentlecher Diskussioun hei hir Meenung dozou soen. Datt d'ONGen, d'Gewerkschafte sollen an déi Diskussioun abezu ginn, sollen invitéiert ginn, fir hir Meenung dozou ze soen, grad wéi d'Bierger och. An datt mer Enn Oktober, uganks November an där Chamber hei solle Konklusiounen dorauser zéien.

Dat verhënnert net, datt parallell dozou déi Froen, wéi vill a wéi eng iwwert d'Verfassungsreform kënne gekläert ginn. Mä esou laang wëlle mir net waarden, fir de Projet Tram op d'Schinnen ze setzen, dee laang a breet diskutéiert ginn ass. A mir mengen, et gëtt héich Zäit, fir haut eng Décisioun ze huelen. Dat ass net Onrespekt vis-à-vis vun de Pétitionnaires, déi en connaissance de cause, an dat muss ee respektéieren, hir Petitioun erabruecht hunn. Et ass och net e Mépris par rapport zu de Froe vun de Referenden, wou ech elo gesot hunn, wéi mir eis déi virstellen, mä et ass eng absolut Noutwendegkeet.

Mir hunn ee Problem a mir brauchen eng Äntwert. Mir hunn een aktuelle Problem a mir hunn ee Problem, deen nach méi grouss gëtt an der Zukunft. An dee Problem, deen ass dee vun engem Verkéiersinfarkt, deen elo scho besteet. Et ass ee Problem vu Liewensqualitéit an der Stad. Et ass och ee Problem vu Liewensqualitéit a vu Respekt vis-à-vis vu Frontalieren, déi heihinner schaffe kommen an an de Stauen hänken.

An dee Problem, dee gëtt net méi kleng, dee Problem gëtt méi grouss. Wa mir deem Problem wëlle begéinen, mengen ech, da si mer eis eens hei, an et huet keen eppes aneschters gesot, datt den ëffentlechen Transport, d'Capacitéit vum ëffentlechen Transport sech an Zukunft muss verduebelen. Parallell dozou, datt souguer den Individualtransport nach wäert zouhuelen; 15% an der Moyenne, wann een d'Chiffere kuckt, déi bekannt sinn. Och wann dat um Niveau vun der Stad net méiglech ass, heescht dat um Niveau vun der Stad a vun de Ballungsgebidder, datt den ëffentlechen Transport nach méi muss ausgebaut ginn.

Mir hunn also e Verkéiersproblem, och an der Stad, am Géigesaz zu deem, wat den Här Wiseler gesot huet. An deen Tram, dee mer hei wëlle bauen, ass net méi dee vu viru '64, mä et ass ee modernt ëffentlecht Verkéiersmëttel.

D'Fro, déi sech stellt, ass déi vun den Alternativen. Et sinn der eng ganz Rei diskutéiert ginn, Beispill Train-Tram, wou d'CFL schonn 1996 gesot huet op enger Stellungnahm fir den Hearing, wou d'Josée Lorsché hei dovunner geschwat huet, datt se Problemer hätt mat engem Réseau an enger Infrastruktur, déi 130 Joer al wär. Datt se net d'Méiglechkeeten hätt, fir an der Spëtzenzäit méi ze transportéieren. Datt se ee Problem hätt op der Gare Lëtzebuerg, wat d'Verdeelung ugeet. Datt se géif proposéieren, eng gutt Verbindung ze maachen tëschent Zuch a Bus an datt se bereet wier, fir e Pilotprojet vun Diddeleng an d'Stad, wat den Train-Tram ugeet, op d'Been ze setzen, zu deem et awer net komm ass, an d'CFL 2005 definitiv gesot huet, mir packen dat do net.

Jo, et gëtt héich Zäit fir ee qualitativen Ausbau am ëffentlechen Transport, besonnesch souwuel an de Ballungsgebidder wéi op der Zou-

fahrt iwwert d'Grenzen eraus. An et hu vill Leit sech derfir agesat, datt dat soll geschéien: eenzel Leit, d'Tram A.s.b.l., d'Gewerkschaften, notamment d'FNCTTFEL, awer och den OGB-L, de Mouvement écologique. Ech weess, dat si lauter Organisatiounen, mat deenen d'ADR net frou ass, mä si hunn hire Match gemaach an et gëtt Zäit, datt eppes an déi Richtung geschitt.

Ee modernen Tram ass och ee Choix, net nëmme fir méi ëffentlechen Transport, mä och fir méi Liewensqualitéit, fir manner Loftverschmotzung. Ech hunn net d'Zäit hei, fir op den Detail anzegoen. Ech mengen, d'Viviane Loschetter huet ganz vill Donnéeën dozou gesot, déi een einfach muss berücksichtegen. Och wann den Tram nëmmen een éischten Deel ass vun der Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Leit, mä et ass awer ee wichtegen Deel.

Esou ee grousse Projet wéi de Bau vun engem Tram um Gebitt vun der Stad begéint ëmmer Schwieregkeeten, huet Géigner, dat ass kloer. An et ass net fir näischt, mä et ass net gutt, datt 20 Joer driwwer diskutéiert ginn ass. Et kann och méi schnell goen.

1876, wéi d'Décisioun geholl ginn ass, fir een Tram an der Stad ze maachen - dat war deemools e Päerdstram, dat war net deen elektreschen Tram -, waren och ganz vill Widderstänn do. Et waren Diskussiounen am Gemengerot, déi, wann ee se noliest, zimlech ähnlech ware wéi déi hei. Iwwert d'Finanzen, iwwert d'Ausdehnung, missten net awer zousätzlech Strecken derbäikommen, iwwert d'technologesch Entwécklung, ass déi scho räif an esou weider.

Et gëtt just een Ënnerscheed: Deemools war et méiglech, fir d'Schinnen an Zäit vu Méint, véier Méint ze leeën, wat haut net méiglech ass. Ebe well een ee modernen Tram an net ee Päerdstram wëllt bauen.

Och am Minette ass virgëschter honnert Joer Tram gefeiert ginn. Mä dat war just d'Grënnung vun der Gesellschaft. Och do ass den Tram eréischt 1927 realiséiert ginn.

Mir wëssen och alleguer, an ech mengen, doriwwer si mer eis eens, datt mam Tram eleng et net gemaach ass, besonnesch mat deem esou wéi en an der éischter Phas gebaut ass, geplangt ass. Mir brauchen en Ausbau vum Tram iwwert d'Stad eraus an d'Peripherie.

Ech hat dat gefrot den 3. Juni 2012 am Gemengerot, wou mer driwwer diskutéiert hunn. Deemools ass nee gesot ginn, dat geet net direkt. Duerfir sinn ech frou, datt et elo een Accord gëtt tëschent praktesch alle Fraktiounen an enger gemeinsamer Motioun, fir sech derfir anzesetzen, datt deen Ausbau vun der zweeter Phas soll beschleunegt ginn.

Mir brauchen Austauschplattformen, Gares périphériques, déi mer net bräichten, wa mer et fäerdegbruecht hätten, honnert Joer laang an d'Zuchinfrastruktur dat ze investéieren, wat een hätt missen investéieren, fir datt den Zuch kéint iwwert d'Schinn esou vill Leit transportéiere wéi et noutwendeg ass; dann hätte mer nämlech den Train-Tram kënne realiséieren. Dat war net méiglech. Mir kënnen net waarden, bis datt dee Retard opgeholl ass. Duerfir brauche mer elo eng Léisung. An dozou gehéieren och d'Gares périphériques, modern Garen, Austauschgaren.

Mir brauchen och Busverbindungen, souwuel Zoubréngerdéngschter wéi och Querverbindungen an der Stad. An et gëtt iwwerhaapt keng Ursaach, wann een Tram an der Stad besteet, fir dann d'Querverbindungen tëschent de Quartieren integral ofzeschafen an da mat esou Horrorvisioune fir eeler Leit hei ze kommen, wéi dat virdru vun der ADR gemaach ginn ass.

Mir brauchen och ee weideren Ausbau vum Eisebunnsréseau, wesentlech méi konsequent nach, wéi dat an där leschter Zäit geschitt ass. An ech si frou, datt do effektiv eng Kéier geholl ginn ass, fir d'Infrastrukture vun der Eisebunn auszebauen. A mir wäerten an der nächster Zäit nach vill Geleeënheeten hunn, dorobber zréckzekommen.

Mir brauchen och eng Mobilitéitsplattform an der Nordstad. Duerfir ass et och onsënneg, fir do den ëffentlechen Transport zréckzebauen an d'Schinnen ze benotzen, fir aner Saachen dohinner ze bauen.

Mir brauchen eng Mobilitéit am Minette. An ech sinn iwwerzeegt, datt fréier oder spéider och fir de Minette een Tram eng absolut Noutwendegkeet ass, fir déi verschidden Zentre mateneen ze verbannen, och wann de Minister mengt, an enger éischter Phas, fir verschidde Gemidder ze berouegen, géif dat mam Mettis duergoen.

Dozou gehéiert och den Halt an de Funiculaire op der Rouder Bréck, deen e Stéck ass vun deem Ganzen an dee mir an deem Sënn ënnerstëtzen.

Den Haaptproblem ass deen, datt déi grouss Illusioun bestanen huet, et kéint een alles mam Auto a mam Individualtransport léisen an datt d'Investitiounen an den ëffentlechen Transport sträflechst vernoléissegt gi sinn. Et wier besser gewiescht, et hätt een op d'Gewerkschaften an d'Émweltorganisatioune gelauschtert wéi op déi, déi den Tout-voiture an déi Lobbyen, déi den Auto eleng wollte förderen.

Dee Verkéiersproblem, dee mer haut hunn, ass net entstanen, mä en ass geschafe ginn duerch falsch Optiounen a falsch politesch Décisiounen. Et gëtt héich Zäit, datt mer eng grouss Kéier huelen, déi net zulescht awer och eppes dermat ze dinn huet mat deene Mobiliséierungen, déi d'Gewerkschafte gemaach hunn.

Ech wëll drun erënneren, datt d'Streck Esch-Péiteng vun der Eisebunn, datt Arcelor, pardon, datt d'ARBED virgeschloen hat, déi ganz zouzemaache fir de Persouneverkéier; de Stat soll déi op hiren Territoire bauen, fir datt si hir Transporter kéinte maachen. Gott sei Dank hunn d'Gewerkschafte sech do dergéint gewiert souwéi se sech och géint d'Schléisse vun der Nordstreck gewiert hunn. Och wann et ze bedaueren ass, datt ganz vill Schinnen am Land, déi haut gebraucht ginn, erausgerappt gi sinn.

Drëtte Punkt: Kënne mir eis een Tram leeschten? De Stat huet eng Daseinsfürsorgeflicht. Zu der Daseinsfürsorge gehéiert och d'Mobilitéit. An déi ass net ze maache mam individuellen Transport. A mir fannen et falsch, fir hei déi eng géint déi aner auszespillen. Et ass net zoulässeg, datt ee seet: Sot eis, wou mer solle spueren, bei der Bildung, bei de Studenten oder bei der Uni oder bei der Kultur? Investitiounen an Infrastrukture si grad wéi Investitiounen an d'Bildung Investitiounen an d'Zukunft. Et ass wichteg, datt de Stat seng Besoinen definéiert, wat seng Daseinsfürsorge ugeet, an da kuckt, datt en déi Recettë kritt, déi e brauch, fir souwuel Infrastrukturen, Bildung, Kultur an esou weider ze maachen.

Dat ass méiglech iwwer eng Steiergerechtegkeet, wou emol och déi Räich déi Steiere bezuelen, déi se eigentlech misste bezuelen, a wou et da méiglech ass, déi Suen ze hunn, déi ee brauch, fir net musse 40 Milliioune bei de Studenten ze spueren oder beim Équipement vun der Uni oder d'TVA eropzesetzen, wou ee kéint de Mëttelstandsbockel ofschafen an och fir mannerbemëttelt Leit Erliichterunge maachen. Mä dat ass sécherlech eng Diskussioun, op déi mer zréckkommen.

Et muss een déi ëmgedréite Fro stellen. D'Fro ass net: Kënne mir eis en Tram leeschten? D'Fro ass déi: Kënne mer eis keen Tram leeschten? Well keen Tram leeschte kascht nämlech och: wat d'Liewensqualitéit ugeet, wat d'Loftverschmotzung ugeet, d'Gesondheet, op déi hei higewise ginn ass, d'Stauen, déi och hire Präis hunn, d'Accidenter, déi hire Präis hunn, bis hin zu der Erneierung, der Noutwendegkeet vun der Erneierung vu Stroossen a Bréicken am Grenzgebitt, déi wahrscheinlech vill méi schnell mussen erneiert ginn, wéi jee ee sech dat konnt virstellen, well se eng Iwwerlaaschtung hunn, déi wäit iwwert dat erausgeet, fir wat se geduecht waren. Dat sinn och Saachen, op déi mer mussen zréckkommen. Mir brauchen also e Quantesprong am ëffentlechen Transport.

Dat verhënnert net, datt mer eng Rei Kritiken ubrénge mussen um Projet, esou wéi en elo virläit. Eng Rei Saache si schonn ugeschnidde ginn, duerfir maachen ech och dat kuerz.

Déi feelend Zesummenaarbecht mat der Eisebunn ass absolut ze bedaueren. Den Desinteressi vun der Eisebunn während laange Joren um Gesamtkonzept vum ëffentlechen Transport ass net gutt. Dat ass amgaang, sech ze änneren. Ech hu mindestens déi Impressioun. D'Eisebunn weist Interessi, och wann dat sech bis elo nach net konkretiséiert huet duerch eng direkt Participatioun um Projet. Leider ass dat och de Fall fir de Centre de remisage, wou et sécherlech wichteg gewiescht wier, fir eppes gemeinsam mat der Eisebunn ze maachen an net am Bësch um Kierchbierg!

Dat stëmmt och fir den Uschloss vum Findel, wou sécherlech och den Uschloss vum Findel iwwert d'Eisebunn op de Kierchbierg, iwwert de Findel op de Kierchbierg eng Optioun gewiescht wier, déi, wa se méi fréi ugaange wier, scho laang realiséiert wier an haut vill Problemer géif léisen. Méiglecherweis inklusiv déi vum Fret vum Findel, vun der Verbindung Gütertransport Findel - Beetebuerg Logistikzentren, wou mer nach net genee wëssen, wat op eis zoukënnt. Mä trotz deene Kritiken do ass den Tram e Quantesprong, deen einfach immens wichteg an dréngend ass.

E puer Wuert zu der Fro vun der Gesellschaft, déi den Tram soll bedreiwen, déi d'Exploitatioun soll maachen. D'Roll vum ëffentlechen Transport ass déi vun enger ëffentlecher Déngschtleeschtung, vum Recht op Mobilitéit. Ëffentlechen Transport ass keng Wuer, ass kee Secteur marchand mat engem kommerzielle But. A ganz Europa hunn d'Gewerkschaften, déi Lénk, d'Aarbechterbewegung sech gewiert dergéint, datt den ëffentleche Persounentransport einfach soll zu engem kommerziellen Objet ginn.

Si hunn duerchgesat an hirer Mobiliséierung - bei där se och ënnerstëtzt gi si vun där leschter Regierung, bei där se ënnerstëtzt gi si vum Schäfferot an der Stad Lëtzebuerg, dat muss ee soen -, datt beim ëffentlechen Transport, Persounentransport et net noutwendeg ass, obligatoresch ass, fir eng Ausschreiwung ze maachen, an dësem Fall eng europawäit, mä datt een dat och inhouse oder direkt ka verginn. Eppes, wat am véierte Paquet ferroviaire, deen elo muer oder iwwermuer um Kierchbierg diskutéiert gëtt, erëm soll a Fro gestallt ginn a wou, mengen ech, och d'Regierung erëm eng Kéier affirméiert huet, datt se net domadder d'accord ass.

Am Projet de loi war virgesinn eng europawäit Ausschreiwung souwuel fir de Bau wéi fir d'Exploitatioun vum Tram. D'Gewerkschaften, d'Chambre des Salariés, mir hunn dat ëmmer kritiséiert, well dat effektiv eng éischt Privatiséierung gewiescht wier vun engem ëffentlechen Transportmëttel zu Lëtzebuerg, déi e ganz geféierleche Präzedenzfall gewiescht wier. Duerfir si mer frou, datt duerch den Drock vun de Gewerkschaften, vun de Chamberen, vun deene Parteien, déi do derfir waren, datt déi sech elo duerchgesat hunn, fir ze soen: Kommt, mir kucken, datt deen Tram an ëffentlecher Hand bleift an net europawäit ausgeschriwwe muss ginn!

Ee Souci, dee mer behalen, ass dee vum Personal, well hei geschwat gëtt vun enger privatrechtlecher Gesellschaft an ëffentlecher Hand, wou een iwwert déi genee Form eigentlech nach misst diskutéieren, och wäert diskutéieren, well dat wäert jo och eng Kéier an d'Chamber zréckkommen.

An der Initiativ, déi mer geholl haten, fir eng Motioun ze maachen, war virgesinn, do vun enger ëffentlecher Gesellschaft ze schwätzen. D'Majoritéitsparteien halen op déi privatrechtlech Gesellschaft. Mir hate proposéiert, dee Moment awer derbäizesetzen, datt soll d'Personal, d'Aarbechtskonditiounen an d'Lounbedéngunge vum Personal un den ëffentleche Secteur, un dat, wat do besteet, ugelehnt ginn. Dat hunn d'Majoritéitsparteien, zwar divergent, mä leider net ugeholl, soudatt mir eis bei där Motioun enthalen.

Sechste Punkt: d'Verkéiersimpaktetüd, ganz kuerz, well mer de Moien an der Kommissioun nach eng Kéier doriwwer geschwat haten. Et ass wichteg ze wëssen, wat op een zoukënnt. Och am ëffentlechen Transport muss ee wëssen: Wat ass den Impakt vun der Entwécklung op deene verschiddene Plaze fir de Verkéier a wéi fänkt een dat dann op, mat wéi engen Optiounen? An dat ass dat, wat d'Verkéiersimpaktetüde sinn.

Ech ginn elo net méi op déi traureg Geschicht a bei der Stad Lëtzebuerg, wou mer zënter dem November 2011 versprach kréien, d'Verkéiersimpaktetüd ronderëm de Ban de Gasperich ze kréien - net nëmme mir, mä d'Bierger -, a wou dat bis haut net geschitt ass. Duerfir sinn ech frou iwwert d'Zouso vum Minister an der Kommissioun an och iwwert déi kloer Haltung vun der Kommissioun de Moien, datt mer gären déi Verkéiersimpaktetüde vum Zentrum, vun deene verschiddene prolifèren Entwécklungszentren, vum Findel, vum Süd-Hub, datt mer déi gäre virgeluecht kréichen an datt de Minister och bereet ass, an d'Kommissioun ze kommen, fir eis déi ze erklären.

Mäi leschte Punkt: Plan sectoriel. Den Tram, MoDu ass e Stéck vum Plan sectoriel «Transports». D'Plans sectoriels bauen op op Hypotheesen, op Optiounen. Mä déi falen net vum Himmel. Dat sinn Optiounen, déi ee ka beaflossen. An zwar: Wat wëlle mer? Wéi een - et ass vill geschwat ginn hei vun Aarbechtsplazen, vu Wuesstum an esou weider, iergendwa muss een eng Kéier driwwer diskutéieren -, wéi ee Wuesstum wëlle mer?

An do ass et net, wéi de Minister Schneider gesot huet, entweder null - oder esou - oder absolute Wuesstum. Net all Wuesstum ass positiv: Zum Beispill gehéieren Accidenter zum Wuesstum, well se zum BIP bäidroen. Also net alles - ech brauch dat net weider duerzeleeën -, net all Wuesstum ass positiv. Mir brauchen e qualitative Wuesstum.

Mir mussen eis och eng Kéier eens ginn, wou mer Betriber wëllen usiedelen, ob mer alles an der Stad konzentréieren. Wéi vill Individualverkéier wëlle mer? Wéi ee Gütertransport, Strooss oder Schinn, wëlle mer? Dat si strategesch Optiounen, déi iwwert de Plan sectoriel mat geléist ginn, déi implizit bei de Plans sectoriels diskutéiert ginn. Mä mir fäerten, datt se net ausdrécklech wäerten diskutéiert ginn an där Prozedur, wou mer elo dra sinn, déi doranner besteet, datt d'Gemengen d'Plans sectoriels kréien, och den «Transports», datt se da mat de Bierger driwwer diskutéieren an datt d'Gemengen dann d'Konklusiounen zéien, déi se der Regierung ginn. An d'Regierung wëllt dann d'Chamber nach eng Kéier domadder befaassen.

Dat, wat do wäert ënnergoen, dat sinn ebe grad déi grondsätzlech Froen, déi strategesch Froen. A mir géifen et wichteg fannen, wann d'Chamber selwer géif d'Initiativ huelen, fir mat den ONGen a mat de Gewerkschaften iwwert déi strategesch Optiounen, déi sech hannert de Plans sectoriels verstoppen, ze diskutéieren.

Dat kéint ee maachen a Form vun engem Hearing, deen hei an der Chamber kéint stattfanne parallell zu deem Diskussiounsprozess, deen de Moment iwwert d'Gemenge wäert ulafen. Mir riichten en Appell un déi aner Fraktiounen, fir deem zouzestëmmen, fir datt mer deemnächst eng Kéier kéinten dorobber zréckkommen.

Dat gesot, géif ech dann zwou Minutte behalen, fir eventuell nach weider op d'Motiounen anzegoen - wann dat richteg ass.

Mir stëmmen dee Projet do, aus all deenen Ursaachen, déi ech gesot hunn. Mir stëmmen natierlech och déi Motioun, déi mer matgedroen hunn, iwwert d'Beschleunegung vun der zweeter Phas. A mir enthalen eis - bedauerlech, ech muss dat bedaueren -, well d'Fro vum Personal net gekläert ass, bei der Fro vun der Gesellschaft, déi jo elo endlech soll an ëffentlecher Hand sinn, wat positiv ass. Mä mir hätten dat gäre mat gekläert gehat, wat leider net méiglech war.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Nächsten agedroene Riedner ass den Här Franz Fayot vun der LSAP.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech géif dann och ufänke mat engem Merci un d'Josée Lorsché fir säi ganz flotte Rapport, deen haaptsächlech gewisen huet, dass mer elo effektiv schonn 20 Joer ënnerwee si mat deem Projet Tram, an deen och, mengen ech, de Mérite weist vun där Tram A.s.b.l. an och vum Mouvement écologique an där Initiativ fir dee Projet.

Mäi Kolleeg Roger Negri huet scho fir eis Fraktioun zum Projet geschwat, dofir wäert ech mech kuerzfaassen. Ech géif gär haaptsächlech e puer Saache soen aus der Wart vun engem Stater Sozialist, deen och frou ass, dass dëse Projet elo endlech gewielt gëtt, wéi d'Majoritéit vun de Kolleegen heibannen an der Chamber, an dass mer haut endlech kënnen iwwert deen Tram an der Stad décidéieren.

Et ass also laang a vill diskutéiert ginn iwwert dëse Projet Tram an der Stad. Et sinn ëffentlech Diskussioune gemaach ginn iwwert déi lescht zwee Jorzéngten, och an deene leschte Joren ass vill gemaach ginn. Och de Claude Wiseler huet jo nach als Minister Presentatioune gemaach an der Gemeng op diverse Plazen, och an der Ëffentlechkeet, fir dee Projet do ze presentéieren. Mir hunn och nach d'lescht Woch hei an der Chamber mat de Pétitionnairë geschwat, déi jo e Referendum wollten zum Projet Tram.

Ech muss soen, dass d'Konklusioun vun där Diskussioun fir mech eendeiteg war. Do war e breede Konsens tëschent all de Parteien - mat der Exceptioun vun enger -, dass et keng Suite sollt ginn zu där Petitioun. An dofir fannen ech et effektiv och e bësse surprenant, dass da gesot gëtt, hei vun der Säit vun der CSV, dass een domat nach hätt missen zréck an d'Fraktioun goen. Dat war eng ganz eendeiteg Décisioun an et war keen Objet fir esou eng Mesure dilatoire.

Bei der Diskussioun ëm den Tram ass engem opgefall, dass d'Leit aus dem ganze Land matgeschwat hunn, an net nëmmen d'Leit aus der Stad. Dat ass gutt an dat ass demokratesch, well d'Leit aus dem ganze Land si concernéiert. D'Leit kommen all an d'Stad a sinn och concernéiert vun der Mobilitéit an der Stad.

Et ass engem och opgefall an ëffentlechen Diskussiounen, dass oft Leit hiert Bedaueren an hire Regret ausgedréckt hunn, dass deen Tram ëmmer nach net realiséiert ass.

Une voix.- Très bien!

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- D'Leit verstinn net, firwat dat do 20 Joer gedauert huet. An d'Leit gesinn deen Tram als eng Nécessitéit. Dat ass och e Gefill, wat ee kritt, wann een déi ëffentlech Diskussioun do verfollegt. An ech mengen, dat reflektéiert sech och an deene

Meenungsëmfroen, déi een a leschter Zäit gesinn huet. Déi rezentst vun Enn 2013/Ufank 2014 weist jo, dass ongeféier 70% vun de Lëtzebuerger mat deem Projet do d'accord sinn. Et ass also eng staark positiv Meenung fir dee Projet. Ech mengen, dass d'Leit och eng Attente hätten, dass dat elo gestëmmt gëtt.

D'Stater selwer hu sech och zu Wuert gemellt. D'Geschäftswelt huet hir Ängschten deklaréiert. Si fäert d'Incidencë vun deem Chantier op hir Geschäfter. Et gëtt och Awunner aus de Quartieren, déi fäerten. An ech mengen, et muss een all déi Ängscht do eescht huelen an et muss een a Kontakt bleiwe mat de Bierger während der ganzer Dauer vun deenen Travauxen.

Ech mengen, d'Viviane Loschetter huet dat jo och, als Schäffin vun der Stad Lëtzebuerg, u sech gesot hei, dass dat géif stattfannen. An ech begréissen dat.

Et muss een d'Leit an de Quartieren opklären, dass de Stater Busservice net ofgebaut gëtt. Ech mengen, dat ass och eng Angscht vun der Mobilitéit. Et muss een hinnen au contraire soen, dass deen Tram wäert dozou féieren, dass d'Busse sech kënne méi konzentréieren, fir an d'Quartieren eranzefueren, an net méi mussen op deenen Achsen do fueren, wou bis elo dee grousse Bustrafic fiert.

Et muss een och kucken, dass déi eenzel Deeler vum Chantier méiglechst schnell ofgeschloss ginn. Dass dat méiglech ass, dat gesäit een an enger Stad wéi Stroossbuerg, wou den Tram a fënnef Joer realiséiert ginn ass. Dat heescht, dat ass méiglech, dat ka schnell goen, a wann dat gutt organiséiert ass, da geet dat och.

Ech war awer e bësse verwonnert, dass sech wéineg Awunner aus de Quartieren zu Wuert gemellt hunn, déi als alleréischt vum Tram betraff sinn. Ech schwätzen hei och e bëssen an eegener Saach, an der Haaptsaach vun de Stater, déi an der Uewerstad an op der Gare wunnen. An ech mengen, dass et besonnesch och fir déi Leit vun Intérêt ass, dass hir Liewensqualitéit erhale bleift, an ech mengen, dass och justement do den Tram vill wäert brëngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Liewensqualitéit gëtt haut besonnesch an deenen zentrale Quartieren duerch de massive Beruffsverkéier geschiedegt. De Claude Wiseler sot elo d'éinescht, dass hie géif mengen, dass et an der Stad net vill… am Fong kee Verkéiersproblem gëtt, dass deen éischter bausse ronderëm ass. Eh ben, als een, dee wierklech am Fong haaptsächlech an der Stad zirkuléiert, mengen ech, ass dat net ganz richteg.

D'Verkéiersopkommen, wat jo massiv ass an elo en fait vun der Eisebunn an duerch eng Armada vu städteschen an RGTR-Busse vehikuléiert gëtt, ass effektiv massiv. An derbäi kënnt natierlech de Beruffsverkéier, de Privatverkéier, deen och nach duerch déi vill Parkhaiser, déi jo an der Stad präsent sinn an déi am Laf vun der Zäit ugeluecht goufen, u sech méi grouss gemaach gëtt.

D'Bussen: Et ass vill iwwert d'Busse geschwat ginn. Ech mengen, et muss een net méi schrecklech laang dorobber agoen, mä mir sinn op engem Punkt ukomm, wou de Bustrafic op engem Point d'engorgement absolu ass. Méi geet net. D'Stad erstéckt littéralement am Bustrafic. Besonnesch an de Spëtzestonnen zitt sech eng eenzeg laang Schlaang vu Bussen tëschent Gare an Uewerstad, mä och a Richtung Areler Strooss, a Richtung Lampertsbierg a Kierchbierg. Och d'Nei Avenue, d'Rue Aldringen, d'Biedergaass mëtten an der Stad si regelméisseg mat Busse verstoppt.

Mir brauchen - mir schwätzen heiansdo vum Mettis -, mengen ech, keng Busse méi uneneen unzeketten, si fuere souwisou wéi un enger Ketten zu Spëtzestonnen. Dat ass schonn impressionnant, wann een déi gesäit iwwert déi blo Bréck fueren. Dat ass effektiv eng laang Blechschlaang.

An och déi katastrophal Wäerter vun der Loftqualitéit op munche Plazen - déi extensiv ugeschwat gi si vum Viviane Loschetter - sinn net gutt a mussen, a ginn a mengen Ae sécher och verbessert duerch de Projet Tram.

Dernieft probéiert dann den Individualverkéier nieft de Busse sech duerchzeschlängelen, an zwar meeschtens mat grousser Vitesse an Aggressivitéit, Moies, wann d'Leit op d'Aarbecht ginn, owes, wa se presséiert si fir heem, meeschtens genervt, meeschtens ze schnell duerch d'Quartieren, respektéiere keng Vitessen, wat mënschlech ass, mä wat natierlech net bäidréit zu der Liewensqualitéit an der Stad.

Dertëschent mussen dann nach iergendwéi d'Vëlosfuerer an d'Foussgänger kucken, fir ze iwwerliewen. Och als een, dee vill Vëlo fiert an der Stad, muss ech soen, dass dat net ëmmer ongeféierlech ass. An dat wëssen och all déi aner Kolleegen, déi ähnlech Experienze maachen.

Aus all deene Grënn, fir deem ze remédiéieren, brauche mer elo endlech deen Tram.

Et kann ee bedaueren, dass dat esou laang gedauert huet. Et ass erënnert ginn un de Projet BTB, dee schonn 1998 prett war. Deemools ass deen aus verschiddene politesche Manöveren - ech mengen, et soll een elo net méi weider dorobber agoen - ofgeschoss ginn. Bon, ech mengen, et ass elo keng Zäit méi fir Scholdzouweisungen, mä dat ass awer trotzdeem en rétrospective nach ze bedaueren.

D'Stad Lëtzebuerg ass säit längerer Zäit amgaang, sech an eng polyzentresch Stad ze entwéckelen, déi aus verschiddene Ballungsgebidder besteet. Nieft der Uewerstad, der Gare an dem Kierchbierg wäerte muer ëmmer méi och de Ban de Gasperich an d'Porte de Hollerich urban Zentre vun der Stad Lëtzebuerg ginn. Mir fueren trotzdeem haut nach an der Stad mat engem Buskonzept aus den 80er Joren, dat d'Bussen duerch d'ganz Stad iwwert d'Gare no alle Säiten hi verdeelt. An nach ëmmer fueren d'RGTR-Bussen - déi eigentlech näischt an der Stad verluer hunn - duerch d'ganz Stad. Et gëtt Zäit, all déi Achsen duerch e performanten ëffentlechen Transport, wéi dem Tram, ze verbannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat den Tram brëngt, dat kann een elo schonn a ville groussen a manner groussen europäesche Stied feststellen. Ech verweisen op Stroossbuerg, ech verweisen op Bordeaux, op Reims, op aner Stied an Däitschland oder an Holland oder am Norde vun Europa.

Zesumme mam Tram kënnt och eng urbanistesch Transformatioun - déi ass och schonn ugeschwat ginn -, déi d'Liewen an deene Stied, wou en Tram do ass, méi agréabel mécht fir jiddwereen, deen do lieft.

Den Tram brëngt fir d'Éischt emol eng Berouegung an den Haaptverkéiersachse vun der Stad.

Den Tram, a sengem eegene Site, urbanistesch gutt ugeluecht, ass eng Sträif vu Sécherheet a Confort fir d'Passagéier op hirem Wee duerch d'Stad.

Den Tram erlaabt grouss Zuele vu Leit zesumme confortabel an ouni Gedrécks ze transportéieren. Doduerch entfält op der Haaptstreck vum Tram e gudden Deel vum städtesche wéi vum RGTR-Busverkéier. De städtesche Busservice kann an de Quartieren ausgebaut ginn an als Zoubrénger fir den Tram optimal fonctionnéieren.

Dobäi ass ausdrécklech ze begréissen, dass den Tram net nëmme vun der Gare aus fiert, mä och bis op den Houwald an op Zéisseng weidergefouert gëtt, well do d'Agglomeratioun sech an de leschte Jore massiv erweidert huet.

Aus all deenen Ursaache fannen ech d'Investitioun an den Tram absolut noutwendeg fir d'Zukunft vun der Stad Lëtzebuerg. Domat gëtt et méiglech, de Verkéier, deen an den nächste Joren duerch wirtschaftleche Wuesstum an urbanistesch Initiativen an der Stad a ronderëm der Stad entstoe wäert, op eng intelligent Manéier opzefänken, amplaz ëmmer méi Bussen anzesetzen.

Ech hoffen dofir, dass den Tram schnell gebaut gëtt an domat d'Stad méi schéin a méi mobil gëtt. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Fayot. D'Wuert huet elo déi lescht ageschriwwe Riednerin, d'Madame Lydie Polfer vun der DP.

Mme Lydie Polfer *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen! Mir wäerten haut à la quasi-unanimité - ech soen „quasi-unanimité" - e Projet stëmmen, deen d'Bild vun der Stad wäert prägen, jo, veränneren an, dovu ginn ech aus an dat hoffen ech, d'Liewensqualitéit wäert verbesseren.

Jo, et ass e Projet, dee laang gedauert huet. Mä ech si mam Här Negri eens: Dat huet net wierklech geschuet, well an all deene Joren ass vill a vu villen - a vu ganz villen - un deem Projet geschafft ginn! An dee Projet, dee mer haut hei virleien hunn, dat ass wierklech e bessere Projet, méi e kompletten.

Dofir kann ech och elo direkt scho soen, datt ech deem wäert zoustëmmen, an net nëmmen ech, mä meng ganz Fraktioun, esou wéi den Här Gusty Graas et scho gesot huet.

Ech wëll awer och direkt der Madame Lorsché Merci soe fir dee ganz komplette Rapport, dee si gemaach huet, wou si den Historique gemaach huet. Mä erlaabt mer vläicht, ganz e bëssen dann awer nach méi op den Historique anzegoen, wann ech soen „verbesseren", an en - an ech mengen, dat erwaart Der och vu mir - e bëssen an d'Bild ebe vun der Stad och ze setzen.

Et sinn elo just 50 Joer hier, datt eben den Tram, dee leschten Tram gefuer ass: '64, haut si mer 2014. Firwat ass en dee Moment ofgeschaaft ginn? Et ass gesot ginn: E war dee Moment net méi op der technescher Héicht an déi nei Zäit vun der Mobilitéit duerch den Auto huet sech ugebahnt. Déi ass komm an d'Mobilitéit ass ganz staark duerch den Auto gepräägt ginn.

Mä dat war nach net de Problem u sech. Wéini huet de Problem sech ugebahnt? Wann ech soen „Problem", dann ass et wéi ëmmer: Engersäits ass et e Problem an anerersäits ass et eppes formidabel Positives. Dat formidabel Positivt ass, wéi op eemol an den Enn 70er, ufanks 80er Joren d'Stad Lëtzebuerg sech zu deem entwéckelt huet, wat sech elo an deene leschten 30 Joer nach vill méi entwéckelt huet: zu enger vun den Europahaaptstied als Finanzzentrum, déi en enormen Développement an eng enorm Attraktivitéit hat.

Wéi gesot, dat war fir ons alleguerten! A mir liewen haut - a mir liewe gär a mir liewe gutt! - vun där formidabeler Attraktivitéit an deem Développement. Mä gewëss hu mer awer och alleguer relativ schnell gesinn, datt dat och seng Grenzen hat an datt huet misse géigegesteiert ginn. An Dir hutt et kuerz ugeschwat, jo, schonn an de 70er, an den Enn 70er Jore sinn an der Stad Lëtzebuerg déi éischt Foussgängerzone gemaach ginn, fir deen autofräie Raum ze schafen, deen d'Leit och gefrot hunn.

Ech muss mech allerdéngs erënneren och, an dofir, fir d'Bild komplett ze maachen, muss ech dat awer och ënnersträichen: D'Stad Lëtzebuerg huet an all deene Joren a besonnesch och an deenen 80er Joren, wou ech kann en connaissance de cause schwätzen, alles gemaach, fir deene méi negativen Tendenze vun där Entwécklung vun onser Stad entgéintzewierken. An dat ass no baussen an no bannen.

Wann ech „no baussen" schwätzen, dann denken ech do virun allem un d'Schafe vun dem Contournement, vun dem Contournement nom Ostdeel vun der Stad, dat, wat et bis an d'90er Joren net ginn ass! An ech ka mech haut nach ganz gutt erënneren, wien derfir war a wien dergéint war. Ech wëll mer net virstellen, wa mer haut dee Contournement net hätten! Ech ka mech nach ganz gutt erënneren, wéi iwwert d'Place de l'Étoile de ganzen Transitverkéier, deen aus der Belsch komm ass an dee wollt an Däitschland fueren, wéi deen iwwert d'Place de l'Étoile huet misse fueren. Dat war bis an d'90er Joren. An och dat hu mer als Stad Lëtzebuerg missen duerchboxen!

An ech kann haut nach nëmmen dem Minister Schlechter wierklech Merci soen, fir gehollef ze hunn, déizäit mat der CSV an der Regierung, mä wou hie sech zum Deel géint seng eege Leit huet missen duerchsetzen, fir datt dee Contournement an nach anerer - an nach anerer! -, fir datt dee Contournement gemaach ginn ass.

Dat nämlecht gëllt fir d'Rocade de Bonnevoie, déi erlaabt huet, datt mer och deen Transitverkéier aus der Stad erausgeholl hunn. Ech wëll net mer virstellen, wa mer deen net haut hätten, an do wëll ech nodréiglech nach eng Kéier dem Minister Goebbels Merci soen, deen dat - dee Moment ass et du scho méi einfach gaangen -, deen dat duerchgezunn huet.

An ech wéilt mer och ons Stad net virstellen, wa mer net den Tunnel ënnert der Stad hätten! Ech wéilt mer net virstellen, wéi dann d'Verkéierssituatioun an der Stad wier. An do wëll ech dann nodréiglech dem Minister Kohnen Merci soen, dee sech dofir wierklech staarkgemaach huet. Dat nëmmen, fir e puer Moossnamen ze soen, déi mer no bausse geholl hunn.

Mä domat hu mer net opgehalen. Mir hunn och no bannen, an der Stad déi Moossname geholl, fir eben deen Trafic, deen effektiv... An ech kéint elo mat den Zuelen hei operéieren, mä Dir hutt der scho vill héieren, ech wëll Iech net doutmaachen, ech soen der nëmmen e puer. Huele mer d'Autoen: 1972 waren - am ganze Land elo, ech hunn déi vum ganze Land - 140.000 Autoen ugemellt, 1982 waren et der schonn 170.000, 1992 waren et der 290.000 an haut sinn et der 370.000, nëmme wat d'Privatautoen ubelaangt, an nach vill méi, 480.000, wann een all d'Gefierer hélt. Nëmme fir ze soen, mat wéi enge Situatioune mer befaasst waren!

A mir hunn also intern - an ech schwätzen ënnert dem Contrôle vun der Madame Brasseur, déi och no dem Här Bourg Verkéiersschäffen eng ganz Zäit war, an dem Här Meyers, deen als Alleréischte Verkéiersschäffe war -, mir hunn intern déi Moossname geholl zesummen, fir eben de Verkéier effektiv, wéi soll ech et soen, ze „bändegen" an an de Grëff ze kréien, sief dat duerch Opfangparkingen, déi mer natierlech nach net esou wäit aus der Stad, mä awer relativ schonn um Rand vun der Stad gemaach hunn, sief dat duerch d'Route d'Arlon.

Oder eng éischt Moossnam - enfin, eng éischt Moossnam -, eng Moossnam, déi fir d'éischte Kéier d'Masse beweegt huet: wéi mer de Glacis payant gemaach hunn. Ech ka mech un zwee dee Moment jonk an dynamesch sozialistesch Conseilleren nach gutt erënneren,...

(Interruption)

...déi zwee Nimm gi mat „K" un -, déi demonstréiert hunn, wat mir ons géifen erlaben, de Parking Glacis payant ze maachen, dat wier dach wierklech allerhand.

Dat war '83, wou mer, wéi gesot, ëmmer an deem nämlechten Trend virgaange sinn,...

(Interruptions)

...fir d'Autoen aus der Stad méi a méi erauszehalen: Opfangparkingen, de Parking résidentiel, dee mer an den 90er Joren - an d'Madame Brasseur ka sech gutt erënneren -, dee mer an den 90er Jore schonn ugefaangen hu vum Zentrum hier. An elo sinn ech an den 90er Joren.

(Brouhaha)

Plusieurs voix.- Pst!

Mme Lydie Polfer *(DP)*.- Ech hunn dat hei misse soen, fir wéi gesot deen Historique e bësse komplett ze maachen a fir ze weisen, datt d'Responsabel aus der Stad Lëtzebuerg sech scho ganz laang ganz vill Suerge gemaach hunn a permanent Initiative geholl hunn, fir eben deen ëmmer méi grousse Verkéier vun där ëmmer méi grousser Attraktivitéit vun där ëmmer méi wichteger Finanzplaz iergendwéi anzedämmen.

An Enn den 80er Joren ass souguer vun engem „Minimetro" geschwat ginn. Déi Diskussioun war awer du relativ schnell eriwwer. An du koum ufanks den 90er Joren dat, wat d'Madame Lorsché jo och seet, du koum den Tram, koum d'A.s.b.l., e modernen Tram fir d'Stad Lëtzebuerg.

Mä wéi gesot, domat ass et net ugaangen. Laang virdru war et schonn ugaangen. A mir als Stad Lëtzebuerg, mir hu permanent mat der Regierung geschafft, fir déi beschtméiglech Léisungen ze fannen, fir deem ëmmer méi grousse Verkéiersopkommen, wat eben, ech ënnersträichen et, déi positiv Säiten awer vun der Entwécklung begleet huet, fir deem Meeschter ze ginn.

An da kommen ech, do komme mer op d'Lux-Traffic-Etüd, déi '93 gemaach ginn ass. Déi vun der Stad Lëtzebuerg gedroe ginn ass! Et ass net, datt dat eppes gewiescht wier, wat ausser der Stad Lëtzebuerg gewiescht wier. Déi hu mir mat gedroen, déi hu mir mat bezuelt! An do koumen, do si Saache proposéiert ginn, déi effektiv vun deem Moment un op..., wéi soll ech soen, wou ee sech awer Gedanke gemaach huet. An ech war ganz frou, wéi virdrun den Här Wiseler gesot huet: „Ech war keen...". Wéi hat Der gesot? Ech war kee Fetischist?

(Interruption)

„Ech war kee Fetischist vun dem Tram."

Ech ka mech erënneren, de Xavier Bettel, deen huet virun zwee Joer hei gesot, hie wier kee Fanatiker vun dem Tram gewiescht. Mä, an ech mengen, dat éiert een och, wann een iwwer eng wichteg Problematik nodenkt, datt een all d'Facettë vun enger Medail kuckt, déi positiv an och déi, déi emol kéinte méi komplizéiert sinn.

A wat war, an da kommen ech op déi wierklech essenziell Mériten, déi d'Stad Lëtzebuerg huet, wat war eng vun deene Suergen, déi mer haten? Mir haten nämlech ugefaang an den 90er Joren, ganz am Ufank hu mer eng komplett Reform vun eisem Busservice gemaach, genannt d'Brändli-Reform. Eng komplett Reform vun eisem Busservice, déi gemaach huet, datt dee Busservice vu Joer zu Joer méi attraktiv ginn ass an och méi produktiv. Och do kéint ech Iech mat Zifferen déngen.

Wa mer 1989 11 Millioune Leit transportéiert hunn, dann hu mer der 1990 schonn 13 Milliounen transportéiert. 1991 waren et der 15 Milliounen. An haut, lauschtert gutt no, haut sinn et der 37 Millioune Leit, déi mir am Joer mat de städtesche Bussen, an elo schwätzen ech nëmme vun de städtesche Bussen, transportéieren. Ech brauch Iech jo net ze soen, datt dat e Coût huet. Ech brauch Iech jo net ze soen, datt dat e Coût huet! Eise Busservice, dee kascht d'Stad Lëtzebuerg iwwer 70 Milliounen d'Joer.

An da kommen ech, wann ech kann äntwerten dem Här Wiseler, wou Der gesot hutt - ech sprangen elo e bëssen, mä ech bleiwen awer beim Fuedem -, wou Der gesot hutt, wéi ass et da méiglech, datt den Här Minister Bausch

konnt soen, fir déi zweet an déi drëtt Etapp, do wieren elo d'Gemengen net direkt an d'Stad Lëtzebuerg net direkt derbäi. Also fir déi zweet schéngt et mer jo evident, well déi zweet Etapp, dat ass jo déi, déi op den Héienhaff geet. Dat ass jo guer net méi, dat ass jo net méi op dem Territoire vun der Stad Lëtzebuerg. Déi, déi op d'Cloche d'Or geet, déi ass zum Deel, déi ass zwar 80% op eisem Gebitt.

Mä, ech mengen, déi Grondiddi, déi de Minister Bausch wollt domat ausdrécken, war, fir ze soen, hei ass awer elo wierklech eng Gemeng, an déi, déi bäi Wäitem am meeschten investéiert an den ëffentlechen Transport, an an den ëffentlechen Transport net nëmme vun hire Bierger, mä vun der nationaler Communautéit! An dat ass jo dat, wat an dësem Projet esou positiv ass.

An un dësem Projet huet den Här Wiseler, an dat wëll ech wierklech awer soen, e ganz grousse Mérite. Hien huet an deene leschte Jore ganz vill pädagogesch gewierkt an en huet vill explizéiert, an den Här Bausch, muss ech soen, huet en awer nach verbessert...

(Hilarité)

Mä wat un dësem... Ech mengen, et muss een d'Kanner beim Numm nennen.

(Interruptions diverses)

Mä, wéi gesot, dem Här Wiseler säi Mérite ass ganz grouss an dësem Dossier. Mä wat den Här Bausch wollt soen, dat ass, datt en einfach unerkennt, datt et hei eng Gemeng gëtt, quitte datt et d'Haaptstad ass, déi en enormen Effort iwwer Joren, iwwer Jorzéngte gemaach huet fir den ëffentlechen Transport. An datt dat do e Punkt ass, deen een an der nationaler Diskussioun awer muss vläicht abréngen. Esou hunn ech et op alle Fall verstanen. An an deem Sënn hunn ech et och ganz guttgeheescht.

Ech kommen awer elo drop zréck, wat eng vun eisen Haaptsuerge war. An herno kommen ech op de BTB zréck. Firwat, wat hu mir gefaart? Oder wat... Net gefaart, mä wat war eng vun eise Froen?

Dir musst wëssen, datt mir an der Stad Lëtzebuerg haut schonn - haut schonn! - en „modal split" hu vun tëschent 32 an 33%, eleng iwwert den ëffentlechen Transport! Wann een dann derbäihëlt, obscho mer do keng genau Zuelen hunn, mä ech ginn awer elo emol dovun aus, 3 bis 4% mat dem Vëlo, da si mer hei an der Stad Lëtzebuerg haut scho bei engem „modal split" tëschent 35 a 36%. Dee Service ass opgebaut - an et ass de Mëtteg e puermol duergeluecht ginn - op effektiv en extrem performante Service fir d'Awunner aus onser Stad.

An eng vun eise Froe war vun Ufank un: Wéi gi mer domat eens, fir datt - an ech mengen, dat ass jo awer ons Responsabilitéit - d'Bierger vun der Stad net op eemol e manner gudde Service kréien an doduerch den „modal split", dee mer op nationalem Plang bei 25/75 upeilen, datt deen erofgeet? Well dann hätte mer net vill geschafft. Dofir eis Froen, an déi kënnt Der - an ech ziele se awer elo net méi op, well et ass awer scho spéit -, déi sinn an all deene Motiounen, déi mer am Gemengerot an all deene Jore geholl hunn, opgezielt ginn.

Natierlech, an den Här Wiseler huet et och gesot, natierlech ass de Käschtepunkt, dat war och ee Punkt. Mä de Service, dee mer eise Bierger, eise Bierger an all deenen, déi ons net nëmmen d'Freed an d'Éier maachen, mä déi ons alleguerten, der nationaler Communautéit d'Freed an d'Éier maachen, heihinner schaffen ze kommen, wéi kënne mer dee Service garantéieren?

Ech hunn elo ee Wuert gesot vun dem Service, dee mer ginn. Dee Service gi mir, dee Service gëtt och den RGTR. A wéi esou oft am Liewen, d'Saache ginn a se ginn, op eemol si se esou gutt, datt se op eemol awer vun deem Gudde kuerz un der Schwell sinn, fir ze vill ze sinn. A genau op deem Punkt si mer mat de Bussen.

Mat de Bussen zum Beispill an der Aler Avenue. Kënnt Dir Iech virstellen, datt moies oder owes, mä ech huelen elo emol moies, an de Stousstonnen, an enger Stonn 145 Bussen tëschent der Gare iwwert d'Avenue de la Liberté an den Zentrum fueren? Dat ass all 25 Sekonnen ee Bus! Dat mécht, datt d'Loft do effektiv, an d'Madame Loschetter huet d'Zuelen all ganz gutt gesot am Detail, datt d'Loft, datt mer do all Wäerter iwwerschratt hunn.

Net nëmmen, datt mer d'Wäerter iwwerschratt hunn, mä och d'Organisatioun vun deem ëffentlechen Transport kënne mer net méi esou organiséieren, wéi e modernen, effizienten ëffentlechen Transport dat fuerdert. Den Tram zum Beispill, mat all dräi Minutten, gëtt méi Wach, fir op deene Kräizungen, wou dann eben och den Auto nach duerchfiert, fir dat ze organiséieren. Ofgesinn dovun, datt d'Capacitéit natierlech vun enger Rame ganz, ganz aneschters ass.

Ech kommen elo nees zréck op de BTB. Wat war beim BTB net gutt? A firwat ass en och net duerchkomm? D'Madame Lorsché hat ee Moment gesot, hätte mer - wat war et? - 1996 oder 1997 et gestëmmt, da géife mer haut hei net sëtzen. Entschëllegt, mä dat ass net wierklech wouer, well de BTB hätt weder da geklappt, en hätt net kënne goen. En hätt net kënne goen!

An en ass net nëmme gekillt gi vun der CFL, en ass gekillt ginn, an dat steet schwaarz op wäiss an dem Rapport vun den Ingenieuren - ech wëll elo den Numm net soen, well ech kengem wëll onbedéngt schueden -, mä et ass awer relativ cocasse, datt et deen nämlechte Büro war, deen d'Etüde gemaach huet fir de BTB, deen 2005 an där Etüd, déi nees eng Kéier vum deemolegen Transportminister, dem Här Lux, an der Stad Lëtzebuerg an Optrag ginn ass, déi mer duerno nennen, déi duerno den Ulass war fir dee Projet, dee mer haut hunn, et ass an där Etüd, wou kloer gesot ginn ass, datt de BTB net hätt kënne fonctionnéieren, souwuel aus technesche wéi aus Sécuritéitsmoossnamen. Dat muss een awer einfach fairerweis soen, an dat steet schwaarz op wäiss do.

Dofir hat ech virdrun erkläert, mir hunn Zäit gebraucht, mä de BTB wier och dee Moment... Well, wa mer et esou gemaach hätten, ofgesinn dovun - an dat konnt e Laie schonn dee Moment agesinn, datt dat jo net konnt goen -, dee war jo drop aus, datt en Zuch vun der Schinn an dem Takt mat dem internationalen Trafic op eemol duerch d'Stad géif fueren an op där anerer Säit nees op d'Schinnen an am internationalen Takt misst matfueren.

Entschëllegt, mä wéi gesot, ech sinn net Ingenieur an ech kann och net zu allen technesche Froe Ried an Äntwert stoen, mä dat do war awer och fir mech evident, datt dat do ganz schwéier ze erreeche wier, wëssend, datt an der Stad en och nach hätt misse stoppe fir eng Fra, déi mat der Kannerkutsch iwwert d'Schinne geet oder fir Leit, déi iwwert d'Schinne ginn.

Dofir: Klammer ronderëm de BTB. D'Iddi war gutt gemengt. Mir hu se jo matbezuelt, fir se op d'Blat ze kréien. Mä en hat ebe Schéinheetsfeeler, déi gemaach hunn, datt och d'Madame Delvaux, déi dee Moment Transportminister war, kee Projet de loi déposéiert huet. Dofir, et muss ee scho mat Virsiicht déi Saache kucken.

2006 ass et dunn - an ech maachen et kuerz, Dir hutt schonn alles gesot -, 2006 ass du wierklech zesummen dru geschafft ginn. De Minister Wiseler huet d'lescht Joer am Oktober de Projet presentéiert. De Minister Bausch huet am Januar dee Projet an deem Sënn, an da soen ech dat, verbessert, datt e méi kloer gesot huet - quitte datt déi Etappen och bei Iech virgesi waren, Dir hutt ons dat op alle Fall ëmmer versprach -, datt déi Etappen och kéimen, déi op den Héienhaff, déi fir mech essenziell ass, wann ee bedenkt, datt d'Nordstrooss awer och elo d'nächst Joer soll fäerdeg ginn. Déi Strooss ass jo net gebaut ginn, ginn ech emol dovunner aus, datt keen driwwerfiert.

A mat allem Respekt an hoffentlech, datt der vill den Zuch huelen an op dem Pont-Rouge erausklammen, an net mam Auto kommen. Mä wa se 2015 opgeet, da wäerten awer och eng Rei Leit op där Strooss an d'Stad kommen. An dofir wier et essenziell an ass et essenziell, datt esou schnell wéi méiglech déi zweet Etapp op den Héienhaff gemaach gëtt. Dofir verstitt Der, datt mir nëmme kënne begréissen, wéi de Minister Bausch gesot huet, dat wier vun der Regierung hier och eng éischt Prioritéit.

An dann déi aner Etapp, déi aner op d'Cloche d'Or. Ech mengen, och do brauch ech net vill ze soen, datt dat fir eis essenziell ass, an datt dat do ee vun deene Punkten ass, mat dem Kierchbierg, wou an deenen nächste Joren déi meeschten Aarbechtsplaze wäerte kommen.

Mir hunn eben eng Stad, a mir kënnen eis nëmmen driwwer freeën, déi ganz attraktiv ass. Déi, souwuel wat d'Populatioun ubelaangt, wierklech an deene leschte 15 Joer enorm sech développéiert huet, vun 80.000 op haut 104.000 Aarbechtsplazen, déi enorm an d'Luucht gaange sinn. Déi brauch ech Iech net ze soen. National hu mer 380.000, 385.000 Aarbechtsplazen. Eleng dovun ass bal d'Halschent hei an der Stad! Datt dat eng enorm Konzentratioun ass, weess jiddwereen.

An datt mer dofir en zesummenhängend Mobilitéitskonzept hunn, dat sech net op d'Stad beschränkt - an do sinn ech d'accord mat all deenen, déi dat hei gesot hunn, et ass eng Evidenz -, dat ka sech net op d'Stad begrenzen, dat muss vun allen Ecken aus dem Stat esou koordinéiert sinn, datt déi meeschte Leit méiglechst kënnen en effizienten ëffentlechen Transport huelen. Eleng esou kënne mer garantéieren, datt et muer sech och an dëser Stad nach gutt ootme léisst, datt een eng gutt Mobilitéit huet, fir eben déi Attraktivitéit ze hunn, déi mer jo wëllen, net nëmme fir d'Stad, mä fir dëst Land ebe garantéieren.

Sou, ech mengen, ech hätt elo zu deene meeschte Punkten eis Positioun kloergemaach. Dir kënnt sécher sinn, datt mir alles wäerte maache fir déi Punkten, déi nach opstinn... Well ech mengen, de Wëllen ass kloer, an ech si frou an ech freeë mech, an d'Madame Loschetter huet et och scho gesot, ech freeë mech, datt dat esou eng grouss Ënnerstëtzung fënnt. Mä natierlech sinn nach Punkten ze beschwätzen.

Ech mengen, mir hunn ons engagéiert zu engem Drëttel fir déi Zommen, déi hei genannt sinn. Bei 345 Milliounen, 230 fir de Stat, 115 fir d'Gemeng. Do gëtt effektiv vu Mesures compensatoires dra geschwat. Wéi genau se sinn, wéi importent déi wäerte sinn, ech mengen, dat muss een nach kucken. Mä ech ginn dovun aus, datt mer heibäi, wéi och bei all deenen aneren Devisen, déi mer elo wäerte kréien, alles wäerte maachen, datt mer déi Devisen an déi Zommen do wäerten anhalen.

Mir sinn och eis ganz kloer, datt aus dem GIE LuxTram eng LuxTram S.A. gëtt, déi awer honnertprozenteg an ëffentlecher Hand ass. A wie seet „ëffentlech Hand", dee weess och, datt mer dem Public musse Rechenschaft ofleeën. Dat ass fir eis evident.

Mä nach wäerte mer awer versichen, dat esou effikass an esou gutt ze organiséiere wéi nëmme méiglech. D'Fonctionnementskäschten, op d'mannst wat deen éischte Volet ubelaangt, do si mer eis och eens. Wéi et da weidergeet, wann déi zweet an déi drëtt Etapp derbäi sinn, ech mengen, do si mer jo dann do, fir och dat kloerzestellen. Op alle Fall, eis Kollaboratioun ass do assuréiert.

Ech wollt nach vläicht op ee Punkt agoen, deen den Här Wiseler gesot hat. Ah jo, mam Finanzement, do hunn ech Iech scho gesot, et schéngt mer evident, datt deen Ausbau do, wou et net an der Gemeng Lëtzebuerg ass, datt mir och do net musse sinn.

Et ass dann d'Fro gestallt gi vum Biberonnage, ob dat fiabel wier. Also erwaart net vu mir, datt ech Iech elo hei déi technesch Äntwerte ginn. Just, wann ech gesinn, datt et op enger ganzer Rei Plaze fonctionnéiert - Saragossa schéngt e super Succès ze sinn, e wonnerbart Beispill -, da ginn ech emol dovunner aus, datt déi Technik wierklech sech bewährt huet. A mir wäerten natierlech all Suerg drëms droen, datt dat och bei ons esou ass. Ech mengen, kee vun eis wëllt do eppes maachen, wat iergendwéi e Geforepunkt fir eis Bierger géif duerstellen.

D'Indemnisatiounen. Mat de Commerçanten, do wäerte mer eis zesummesetzen. Ech mengen, dat Wichtegst ass do, et geet elo net, datt hei onbedéngt Sue musse fléissen. Well do weess een, wou een ufänkt, mä et weess een net, wou een ophält. Mä et geet drëms, alles ze maachen, datt déi Leit, déi laanscht eben de Chantier sinn, genau wëssen, wéini de Chantier bei hinnen ass, datt dee Chantier och esou laang dauert wéi gesot. Datt se sech also an hire Wueren, déi se kafen, kënnen dorop ariichten. An ech mengen, da misste mer dat kënnen iwwert d'Bühn kréien. Op d'mannst esou gutt wéi mer eng Rei Chantieren och an deene vergaangene Joren hei an der Stad haten.

Voilà! Dat fir e puer Prezisiounen nach dozou ze bréngen. Mir wäerten op alle Fall vun der Stad Lëtzebuerg alles maachen, datt de Service, dee mer och eise Bierger ginn... Vläicht nach ee Wuert zum Busservice. Jo, de Busservice ass fir ons a bleift fir ons en elementaart, e wichtegt Element vun deem Service, dee mer eise Bierger wëlle ginn. A mir wäerten deen, mir mussen, net nëmme wäerten, mä mir mussen en nei organiséieren.

Awer mir wäerte versichen, et souguer nach besser ze maachen, an deem Sënn, datt mer eppes maachen, wat vun eise Bierger oft scho verlaangt ginn ass, dat heescht net nëmmen all Quartiere mat dem Zentrum an der Gare verbannen, mä och ënner sech: vu Gaasperech och op Belair, vu Belair an den CHL. Jee, déi transversal Linnen, alles dat steet op eisem Programm. An, wéi gesot, ech freeë mech, dorunner mat Iech déi nächst Joren an deem Sënn weiderzeschaffen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Député-Maire vun der Stad Lëtzebuerg. An domat huet den Här Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch, d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt ufänken a fir d'Éischt der Rapportrice, der Madame Lorsché, en décke Merci soe fir déi zwee gutt Rapporten, déi se hei geschriwwen huet an och virgedroen huet.

Ech wollt awer och mengem Virgänger, dem Här Wiseler, Merci soen, mat deem ech jo, mat enger anerer Kap, vill un deem Projet zesummegeschafft hu virdrun. Ech mengen, mir hunn déi Jore virdrun, ech als Schäffen, als Mobilitéitsschäffen an der Stad Lëtzebuerg an hien dann als Nohaltegkeetsminister, un deem Projet hei vill geschafft a vill Iwwerzeegungsaarbecht geleescht. Duerfir ass et jo eigentlech net esou erstaunlech, datt dee Projet esou eng grouss Zoustëmmung an der Chamber hei wäert fannen.

Ech freeë mech och doriwwer, also ech sinn och frou gewiescht driwwer, datt déi Diskussioun insgesamt, bis op eng Ausnahm, extrem sachlech war a sech un dat gehale ginn ass, wat d'Wourecht ass.

Ech wëll och vun hei aus awer mengen engagéierte Beamten alleguerte Merci soen, well ouni déi... Ech hu se, ech weess, datt ech heiansdo... Si hunn heiansdo vill Gedold mat menger Ongedold, well ech sinn een, dee mengt, d'Projete missten alleguerten iwwer Nuecht goen, an ech sinn ëmmer derhannert. An duerfir hetzen ech vill. An duerfir wollt ech Merci soe fir dat Verständnis an deen immensen Engagement. A selbstverständlech och allen anere Riedner heibannen, déi hei geschwat hunn, fir keen ze vergiessen.

Här President, ech wollt fir d'Éischt op véier essenziell Punkten agoen. An deene Punkte wäert ech och e puer Froen direkt mat beäntwerten, déi gestallt gi sinn. Mä dat sinn déi véier essenziell Punkten, ech mengen, déi wichteg sinn, fir dee Projet ze erklären.

De Mëtteg huet de Claude Wiseler hei gesot, wann et ëm den Tram geet oder ëm esou een Infrastrukturprojet geet, da gi sech vill Froe gestallt, do spille vill Emotioune mat. Dat ass richteg. An dat ass och normal, an ech géif och souguer soen, dat ass och gutt esou. Sou grouss Projeten, déi sollen och roueg emotional diskutéiert ginn. Et solle sech vill Froe gestallt ginn.

Dat Eenzegt, wat ech just bedaueren heiansdo, dat ass, datt déi vill berechtegt Froen, déi sech an der Gesellschaft vun de Biergerinnen a Bierger gestallt ginn, datt déi vu verschidde Leit opgeholl ginn, fir hir politesch Spillercher ze maachen. Dat, mengen ech, ass net esou ganz gutt. Mä fir de Rescht muss ech awer soen, datt e ganze Koup Froen, déi gestallt gi sinn an deene leschte Joren zu deem Projet, ganz berechtegt waren. An ech mengen, do huet een och ganz kloer positiv Äntwerten dorobber.

Deen éischte Punkt, firwat datt dee Projet do wichteg ass, do wëll ech nach eng Kéier zréckkommen op déi Tableauen, déi ech matbruecht hat am Kader vum Hearing, dat ass dee vun de Fluxen, wéi mer se am Land kannt hunn, a vun der Entwécklung och virun allem vum, wat ech nennen, „den ekonomeschen Nerv" vun eisem Land, deen, an dat ass nun eemol leider esou, zu engem groussen Deel am Zentrum sech de Moment befënnt.

Dat soen ech elo net, well ech aus dem Zentrum oder aus der Stad sinn oder well ech mengen, do wären d'Leit besonnesch oder besser wéi anerer, mä et ass eng Realitéit, déi muss een einfach esou gesinn. Jiddwereen, deen an enger Gemeng eng Responsabilitéit hat, dee weess ganz genau, wou déi meeschte Gewerbesteier akasséiert gëtt, a wien dozou bäidréit, datt dat Dëppe vun der Gewerbesteier, wat national verdeelt gëtt, am meeschten, vu wou et am meeschte gespeist a gefëllt gëtt. Dat ass aus der Regioun Zentrum, well do d'Aarbechtsplazen nun emol sinn.

An et ass och esou, datt déi Fluxen duerfir, déi mer vum Verkéier hunn, datt déi alleguer a Richtung Zentrum, dat heescht Stad a Randgemenge ginn. An et ass och esou, datt deen enorme Wuesstum, dee mer haten an deene leschten 20 Joer, sech natierlech och do konzentréiert huet.

Mir hunn haut, ongeféier 70% vun den Aarbechtsplaze vum Land sinn an deem Beräich. An och, wa mer vill Wëllen hunn an och alleguerten hoffen an alles dru wäerte setzen zesummen, fir datt och aner Regioune sech entwéckelen, a mussen entwéckelen, haaptsächlech am Süden, Esch/Belval mat der Uni oder d'Nordstad, Ettelbréck, Dikrech, dee Raum, dann ass et awer nach esou, datt et nach eng länger Zäit wäert daueren, bis do déi Diversifikatioun esou geschitt ass, datt net méi alles konzentréiert ass op den Zentrum.

Den Déngschtleeschtungsservice wäert haaptsächlech nach do wuessen. Dat soen alleguerten d'Zuelen an dat beleeën och souwisou alleguerten d'Statistike vun deene leschten zéng,

15 Joer. Ech brauch net wäit an d'Vergaangenheet ze goen. Kuckt Iech nëmmen un, wann der d'Studie vu LuxTraffic huelt, da kuckt emol déi Zuelen, déi do als Zeenario haut prognostizéiert gi sinn, déi ware schonn, virum Joer 2000 waren déi schonn erreecht! Dat waren Zuelen, wou gemengt ginn ass deemools, déi géife mer 2010, 2015 erreechen. Déi ware schonn am Joer 2000 erreecht!

Kuckt Iech d'Zuelen u vum IVL, wou am Fong 2003 gesot ginn ass, d'Land muss sech décidéieren op zwee Zeenarioen, en Awunnerzeenario oder e Pendlerzeenario. An deemools ass gemengt ginn an der Politik, ma da maache mer éischter nach den Awunnerzeenario, well d'Pendler, déi jo natierlech andauernd zu Dausenden eriwwerkommen, déi brénge jo nach en zousätzleche Problem. A wat hu mer erreecht? Mir hunn haut net nëmme schonn den Einwohnerzeenario erreecht, mir hunn déi zwee erreecht. A längstens schonn dépasséiert! Dat heescht, d'Zuele sinn onheemlech an d'Luucht gaangen.

A wann Der kuckt, wouhinner ginn déi Leit alleguerte schaffen, da gesäit een, dat ass einfach en Entwécklungsgebitt, dat geet haut vu Leideleng iwwert d'Cloche d'Or, Gare, Uewerstad, Kierchbierg, Findel mat, lénker Hand, nach da Bartreng, Stroossen, muss een och dozouzielen, also déi ganz Bourmicht-Aktivitéitszon, do si wierklech Zéngdausenden Aarbechtsplazen entstanen an et wäerten der nach Zéngdausenden an deenen nächste Joren entstoen.

Dat heescht, mir hunn Zouwuessrate prognostizéiert um Findel plus 120%, Kierchbierg plus 62%, Hollerech, en neie Quartier, dee ganz wäert entwéckelt ginn, wou et scho Masterpläng gëtt, plus 78%, Leideleng plus 156%, Gaasperech/Houwald plus 70% vun Aarbechtsplaze par rapport zu deem, wat haut besteet. An et ass relativ kloer, wa mer duerfir näischt ënnerhuelen, da wäerte mer riskéieren, wierklech seriö Problemer ze kréien.

An do kënnt och schonn d'Essenz vum Projet. Déi ganz Aktivitéiten, déi ganz Aarbechtsplaze ware bis an d'90er Jore konzentréiert zu engem groussen Deel op der Gare an an der Uewerstad vun der Stad Lëtzebuerg. An déi aner Aktivitéitszone sinn no an no, an den 90er Joren an tëschent 2000 an 2010 hunn déi sech entwéckelt. Dat heescht, mir hunn eng polyzentresch Entwécklung gehat um Gebitt vun der Stad a ronderëm.

An eigentlech ass de Projet, dee mer haut wäerte stëmmen, den Ufank vun enger Vernetzung vun all deenen ekonomeschen Zentre mateneen, mat all deene Pôles d'échanges, et sinn der néng insgesamt, déi dorobber leien, wou den Échange gemaach gëtt tëschent Zuch an Tram, Bus an Tram oder Auto an Tram, wat et och ëmmer ass. An dat ass wichteg.

A wann da gesot gëtt de Mëtteg hei vum Här Reding, en zitéiert de Romain Meyer hei, de Pressespriecher vun der CFL, jo mir kënnen eis hei enger Illusioun higinn, den Här Meyer hätt gesot, d'Eisebunn hätt keng Capacitéite méi. Jo, richteg. Dat ass ganz richteg. Mä well dat esou ass - an do hätt Der awer vläicht missen den Här Meyer och bis zum Schluss zitéieren -, well dat esou ass, huet d'Regierung, déi lescht, schonn eng Rei Saache gemaach, zum Beispill d'Péitenger Streck op zwee Gleiser ausgebaut, Richtung Waasserbëlleg ass amgaangen op zwee Gleiser ausgebaut ze ginn, d'Klengbettener Streck gëtt komplett moderniséiert.

Ech hu virun zwee Méint, annerhallwem Mount hunn ech d'Beetebuerger Streck, de Gesetzesprojet déposéiert, fir déi op véier Gleiser auszebauen. Den Arrêt Pont-Rouge gehéiert do derzou. Et gëtt e fënneften a sechste Quai an der Gare Lëtzebuerg gebaut an esou weider.

Dat heescht, mir baue jo och duerfir d'Capacitéit um Eisebunnsnetz kolossal aus par rapport zu deem, wat et haut ass. An dat si Projeten, déi geschéie parallell zum Tram. Déi Beetebuerger Streck, do ass de Bau virgesi bis 2020. Dat heescht bis 2020, parallell zum Tram, steigere mer d'Capacitéit op der Beetebuerger Streck fir Richtung Süden, wou déi meeschte Fluxe sinn, och a Richtung franséisch Grenz, fir da kënnen nach mat vill méi grousse Capacitéiten och mam Zuch, och aus Frankräich erof, ze kommen.

Dat si Projeten, wéi gesot, déi si schonn zum gréissten Deel déposéiert an eng Rei anerer wäerten déposéiert ginn. D'Gare Ettelbréck wäert ech an deenen nächste Wochen déposéieren. Dee Projet ass fäerdeg. Et kommen nach eng Rei anerer derbäi.

An alles dat zesummen, an dat ass jo dat, wat esou wichteg ass bei deem Projet hei, et ass esou einfach ze polemiséiere géint een eenzelt Stéck vun deem gesamte MoDu-Konzept, an deem hei Fall ass et dann den Tram, mä et muss een dat am Zesummenhang gesi mat deem gesamten Investitiounspak an da versteet een eréischt, wat d'Philosophie hannendrun ass, wat Sënn an Zweck vun deem Ganzen ass.

Da kommen ech zu e puer Saachen, wat mech wierklech ëmmer erëm verdrësslech mécht. Et kann een honnertmol dat nämlecht zielen, mä bon, et sinn och Leit, déi wëlle jo souwisou näischt aneschters gesinn, well déi hunn einfach eng virgefaasste Meenung. Ech schwätzen do net vu Leit dobaussen, mä éischter am politesche Raum.

Wann da gesot gëtt, dee Präis, deen elo, wann Der alles rechent, déi dräi Phasen - also dat heescht, dee ganzen Tracé rechent, da komme mer op ronn 540 Milliounen Euro Käschtepunkt -, dat wär lächerlech, dat wär ënnerdriwwen, et géif eng Milliard kaschten an esou weider. A fir Iech ze beleeën, mat Projeten, déi realiséiert gi sinn, an net virun 20 Joer, mä elo kierzlech, hunn ech en Tableau ufäerdege gelooss.

Do sinn insgesamt néng Projeten drop, dovu sinn der siwe scho realiséiert. Een a Spuenien, de Rescht alles a Frankräich, an deelweis Projeten, déi ganz hei ronderëm sinn, dat heescht, dat si Projeten zu Reims, zu Dijon, zu Tours, zu Brest, zu Angers, zu Saragossa, zu Besançon an Aubange, déi kommen eréischt. Déi eng Projete si realiséiert ginn 2011, 2012, 2013 an 2012. A wann Der hei d'Käschtepunkte kuckt - et si Strecken, total vergläichbar mat deem, wat mir bauen - 11,2 Kilometer, 18,9 Kilometer, 14,8 Kilometer, 14,3 Kilometer, d'Käschtepunkten ënnendrënner 366 Milliounen, 428 Milliounen, 433 Milliounen, 361 Milliounen. An dat wëll ech Iech dobäi soen, total am Timing ëmgesat, bannent 30 a 35 Méint alles. Alles genau am Timing an am Devis ëmgesat. Duerfir haalt op, Saachen ze zielen, déi einfach net richteg sinn!

Här President, ech wëll deen Tableau och domadder hei déposéieren, da kann all Deputéierten dee kopéiert kréien, da ka jiddweree sech deen emol eng Kéier ukucken.

(M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures dépose une documentation sur le bureau de la présidence.)

M. le Président.- Merci.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- An da wëll ech an engems soen, bei deene Projeten, do sinn der véier derbäi entre-temps, déi ouni Oberleitung bei engem Deel fonctionnéiere schonn. An et gëtt eng Rei Techniken zënter e puer Joer, fir ouni Oberleitung ze fonctionnéieren.

An déi Technik vun deem sougenannten „Biberonnage", déi gëtt et och schonn zënter e puer Joer. Zum Beispill de Projet vu Saragossa ass an e puer Phase gebaut ginn, dee fonctionnéiert op engem ganz grousse Stéck, deen ass 2011 ugaangen an deen ass a Betrib mam Biberonnage. Et gëtt entre-temps och mindestens eng hallef Dose Firmen, déi sech doranner spezialiséiert hunn, déi déi Systemer do bauen.

Et gëtt déi sämtlech Systemer entre-temps, wëll ech Iech och soen, entre-temps och scho bei de Bussen. Zu Genève gëtt et jo en Trolleybus-System an do hutt Der déi nämlecht Diskussioune wéi iwwerall an de Stied, d'Leit wëllen déi Oberleitungen ewechkréien. Duerfir ass entre-temps en Trolleybus-System, deen domadder fonctionnéiert. Do gëtt et eng éischt Linn, déi scho gebaut ginn ass. Ouni Problem fonctionnéiert déi.

Elo kann een natierlech ni soen, bei näischt, datt een net vläicht iergendwann eng Kéier kann e Problem kréien. Mä et kann een net hei behaapten - et huet jo och elo keen dat direkt gesot, mä et si Froe gestallt ginn -, datt déi Technik do net géif fonctionnéieren oder esou Hiobsbotschaften duerch d'Landschaft schécken, wéi der déi lescht zwee Deeg geschéckt gi sinn, dat wär geféierlech, do géifen Trafoen explodéieren. Also dat ass einfach net seriö, well déi Projeten, déi Techniken, déi gëtt et schonn an déi fonctionnéieren eigentlech och ganz gutt.

Da wëll ech Iech soen zum Finanzement och nach, mir hu jo elo hei e Gesetzesprojet virleie fir deen éischten Deel. Et wäerten zwee Projeten nach nokommen. Deen éischten, dat wäert dee si vun der Streck vun der Gare op d'Cloche d'Or. Firwat grad dat Stéck?

Majo, dat ass wahrscheinlech dat, wou de Projet am séierste kann déposéiert ginn, well déi ganz EIE-Prozedur, déi jo muss gemaach gi bei engem Tram, dat ass déi Prozedur, wou d'Nuisancë gekuckt ginn, ëmweltméisseg, Kaméidi an esou weider, déi ass och gemaach gi bei deem éischten Tronçon hei, déi ass méi opwendeg bei deem Tracé vun der Luxexpo op de Findel wéi Richtung Cloche d'Or.

Mir ginn dovun aus, datt mer do d'EIE-Prozedur méi schnell derduerchkréien. An ech dierf awer de Gesetzesprojet eréischt déposéieren, wann déi Prozedur ofgeschloss ass. Mä ech ginn awer dovun aus, datt déi zwee Finanzéierungsgesetzer, déi wäerten nokommen, allen zwee ufanks bis Mëtt d'nächst Joer an der Chamber wäerte spéitstens déposéiert sinn an dann och hei kënnen diskutéiert an hoffentlech ofgestëmmt ginn.

Ech kommen dann zu enger Rei Froen, déi gestallt gi sinn am Zesummenhang mam Tram.

Bon, dat Éischt war emol, et ass gesot gi Park & Riden. Ech wëll Iech soen, bon, et gëtt jo souwisou am MoDu e ganze Park & Ride-Konzept. Dat gëtt natierlech ëmgesat, wéi et am MoDu virgesinn ass. Ech wëll och hei nach eng Kéier rappeléieren, datt dat MoDu-Konzept an där leschter Legislaturperiod an där Chamber hei wierklech an engem grousse Konsens diskutéiert ginn ass, ëmmer. An datt eigentlech, mat Ausnahm effektiv vun enger Fraktioun, all déi aner Fraktiounen do ëmmer derhannert stoungen. Duerfir ass dat jo och net erstaunlech, datt dës Regierung dat dote Konzept weiderféiert an och déi Park & Ridë wëllt bauen.

Dat Eenzegt, wat ech versicht hunn ze maachen an deene leschte Méint, dat ass, fir ze kucken, nach méi Park & Ridë vläicht ze kréien a Grenzgebidder, souguer op där anerer Säit vun der Grenz. An ech hunn eng Rei Appeller gemaach, an ech soen och duerfir der Press Merci, haaptsächlech där francophoner Press, déi huet déi eriwwertransportéiert.

An ech kann Iech soen, ech kréie mech... Ech wëll net soen, ech ka mech de Moment net méi rette mat Télefonen oder Bréiwer, déi ech kréie vu Buergermeeschtere respektiv Leit, déi soen, ma mir wären interesséiert do ze kucken zesummenzeschaffen. Mä d'Demande, also den Intérêt ass ganz grouss, kann ech Iech just soen.

An ech hunn eng Rei Rendez-vousen an deenen nächste Wochen. A vläicht ergëtt sech do deen een oder anere ganz interessante Projet wierklech direkt am Grenzgebitt, well, wat mer natierlech bei de Park & Ridë méi wäit ewech schonn d'Leit opfänken, wat et besser ass, well wat mer se méi wäit opfänken, wat se éischtens manner Individualverkéier provozéieren an eisen Uertschaften, an et ass och natierlech ëmweltméisseg gesi ganz sécher och besser.

Dann ass natierlech déi ganz Fro, déi opgeworf ginn ass vum Här Wiseler vum Finanzement vun den Extensiounen. Éischtens d'Fro: Jo, wéi maacht Der dat? Wéi wëllt Der dat finanzéieren? An zweetens: Firwat net d'Gemenge mat abezéien?

Ech wëll Iech just soen, datt, wann Der déi Extensioune kuckt, da geet vun der Gare op d'Cloche d'Or am Fong de Gros vun dem Tracé op den Territoire nach vun der Stad, e klengen Deel op den Territoire vun der Gemeng Hesper. Et kommen och zwee Arrêten op den Territoire vun der Gemeng Hesper, wouriwwer déi natierlech och frou sinn, well se kënnen dervu profitéieren.

Op där anerer Säit, vun der Luxexpo op de Findel ass et esou, datt den Territoire vun der Gemeng Nidderaanwen betraff ass. Allerdéngs fuere mer net duerch Nidderaanwen selwer. Et ass just d'Gemeng Nidderaanwen. An et sinn eigentlech nëmmen zwee Arrête virgesinn, dat ass deen een um Findel selwer an deen aneren um Parking um Pôle d'échanges Héienhaff.

Ech wëll Iech just soen: Mir geet et drëms, déi Extensioune ganz séier ze maachen an net elo mat de Gemengen doriwwer ze diskutéieren, well ech der Meenung sinn, datt dee ganzen Tracé eng national Bedeitung huet, déi absolut immanent ass, aus deem Grond och well grad do, bei den Extensiounen, déi meeschten Aarbechtsplaze wäerten entstoen. Soudatt ech duerfir der Meenung sinn, datt et wierklech um Stat ass, hei elo derfir ze suergen, datt de Finanzement emol ofgeséchert ass an datt déi Extensioune solle gebaut ginn, well et ass en nationale Projet.

Et sinn och eng Rei Leit, déi gesot hunn dauernd: Den Tram an der Stad, ech si frou iwwert den Tram an der Stad. Et geet hei net ëm den Tram an der Stad. Et geet ëm e wichtege Maillon vun der Cloche d'Or bis op de Findel an engem nationale Verkéierskonzept, deen och vun der ekonomescher Bedeitung hier extrem grouss ass. An ech mengen duerfir, datt de Stat hei muss seng Responsabilitéit iwwerhuelen an, wann e wëllt gär hunn, datt mer wirtschaftlech nach solle wuessen, eis weiderentwéckelen, dann dee Projet elo emol bauen.

Déi ganz Finanzéierungsfro vum ëffentlechen Transport, do sinn ech der Meenung, datt déi muss generell mat de Gemengen diskutéiert ginn am Kader vun der Gemengefinanzreform, déi jo och an dem nächste Joer usteet. Well ech soen Iech: Do geet et net nëmmen ëm den Tram, mä do geet et och ëm de Bussystem.

De Moment kascht den RGTRs-Bus de Stat 180 Milliounen Euro d'Joer. An et kann net sinn, datt mer an engem Land bei de Missioune vun de Gemengen net doriwwer diskutéieren, wat fir eng Gemenge Missioune missten hunn an Zukunft, fir och ëffentlechen Transport ze finanzéieren. Et gëtt der, déi maachen dat. D'Stad Lëtzebuerg ass eng dovunner. An et gëtt och am Süde Gemengen, déi dat maachen am Kader vum TICE.

Ech mengen, mir mussen eng generell Diskussioun féieren iwwert de Finanzement vum ëffentlechen Transport. An da muss gekuckt ginn, net fir all Gemeng, mir fänken net un, all Gemeng un alles ze bedeelegen, mä ech mengen, et muss een awer eng éierlech an eng seriö Diskussioun féieren: Wat sinn déi Gemengen, déi och, souguer ekonomesch gesinn, am meeschten dovu profitéieren, vun deem gesamten ëffentlechen Transport? Wat fir eng sinn dat? Wou ginn d'Fluxen hin? Vu wou komme se? An da musse mer do eng aner Opdeelung kréie wéi haut.

Mä ech wëll keng Zäit verléieren, soen ech lech, beim Bau vun deenen Extensiounen, well ech der Meenung sinn, datt dat national extrem wichteg ass, déi ze bauen, aus all deene Grënn, déi ech genannt hunn. An duerfir sinn ech der Meenung, datt de Stat dat soll iwwerhuelen.

Et ass och esou, datt um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg, wat elo deen Deel uewen ubelaangt, da kommen ech och op déi Fro „Stadion" vläicht kuerz ze schwätzen, d'Stad Lëtzebuerg huet jo e ganze Koup Terrainen opkaaft, net nëmmen den Terrain vum Stadion, mä se huet och den Terrain kaaft, deen eis erlaabt, de Park & Ride dropzesetzen, inklusiv dem Remisage, dee soll do gemaach gi vum Tram an Zukunft. Wann d'Stad Lëtzebuerg déi Terrainen net kaaft hätt uewen, dann hätte mer vill méi Schwieregkeeten.

Dat Eenzegt, wat mer musse maachen, dat ass effektiv, datt mer d'Strooss liicht réckelen. Mä dat hunn ech awer och deemools gesot, wéi mer iwwert de Projet diskutéiert hunn. An do sinn och scho Gespréicher gefouert ginn. Dat ass och duerchweegs machbar. Dat heescht, déi Strooss, déi virgesi war, gëtt wierklech ëm 25 oder 30 m, 40 m geréckelt par rapport zu haut. An dat ass awer duerchweegs am Projet machbar. Mä ech mengen, fir de Rescht ass et wichteg gewiescht, datt mer déi Terrainen do kritt hunn an zum richtegen Zäitpunkt kritt hunn, fir kënnen all déi Projeten do ze realiséieren.

Dann ass d'Fro gestallt ginn: Firwat 2017? Wou kënnt déi Iddi hier, fir 2017 en éischten Deel a Betrib ze huelen?

Majo, et ass ganz einfach. Den Arrêt Pont-Rouge soll 2017 fäerdeg sinn. An den Tracé vum Tram ass bis 2017 ganz sécher fäerdeg bis op d'Rout Bréck. Vläicht och souguer méi wäit. Ech mengen do, dat muss een elo gesinn. An et mécht awer dann duerchweegs Sënn, wa mer zwee Pôles d'échanges awer dann hunn, nämlech de Pont-Rouge an och dee vun der Luxexpo.

Well ech wëll awer drun erënneren, 2015, d'nächst Joer, geet d'Nordstrooss op! A mir baue jo nach en zousätzleche Park & Ride och uewen, wou d'Nordstrooss erauskënnt, mat enger Capacitéit vu 500 Plazen. Haut hu mer der do nëmmen 300. Dat heescht, dee gëtt ëm 200 erweidert. Dat geet natierlech largement net duer. Duerfir kënnt jo och herno nach den Héienhaff bäi.

Mä dee Pôle d'échanges Luxexpo och mat de Bussen dohinner, dee fonctionnéiert awer schonn. An et mécht duerchweegs Sënn an et ass och duerchweegs technesch machbar, duerfir deen éischten Deel vum Tracé vum Tram schonn do fueren ze loossen op deem Deelsteck.

Ech kann Iech och soen, dat ass ofgeschwat mat dem neien Direkter a senger Équipe vu LuxTram. Dir wësst, mir hu jo den neien Direkter agestallt, den Här von der Marck, deen ass och, war op alle Fall dee ganze Mëtteg hei op der Tribün, fir nozelauschteren, an dee Mann huet vill Erfahrung an de Projeten. Deen huet de Stroossbuerger Tram ganz gebaut. Hien huet zu Nice gebaut. E war do och laang Zäit Direkter. An dat ass genau studéiert ginn, dat ass technech duerchweegs machbar, datt een dat fuere léisst.

Mir fänke jo och souwisou un um Kierchbierg mat bauen, well dat Éischt, wat muss gebaut ginn, ass de Centre de remisage uewen um Kierchbierg, well dat um Ufank vun där éischter Linn ass. An da gëtt vum Kierchbierg erof ebe gebaut.

An da wëll ech Iech soen: Um Kierchbierg ass den Tracé ze bauen net ganz komplizéiert, well do ass d'Infrastruktur esou gemaach ginn. An do wëll ech iwwregens och nach engem anere Minister Merci soen, nämlech dem Här Grethen, deen deemools, in weiser Viraussiicht, wéi en de Kierchbierg do ëmgebaut huet déizäit als Bauten- an Transportminister, derfir gesuergt huet, datt den Tracé um Kierchbierg esou gebaut gëtt, datt ënnendrënner d'Leitunge scho verluecht waren oder esou geluecht waren, datt se herno spéiderhin en Tram net géifen hënneren. Soudatt do de Chantier ze maache relativ einfach ass an et duerfir och, wéi gesot, Sënn mécht, mindestens dat unzestriewen.

Ech mengen, dat ass eng Optioun, déi dran ass. Mä d'Haaptzil ass awer net elo, fir sech just dorobber ze focaliséieren. Ech wëll Iech soen: Mir kucken, esou schnell wéi méiglech weiderzekommen insgesamt mam Bau. Dat hänkt bei den Extensioune jo och vill dovunner of, wéini déi aner Gesetzer kënne gestëmmt ginn, wéi schnell mer dat hikréien.

Dann nach d'Fro vun der Indemnisatioun um Commerce. Ech mengen, d'Madame Polfer huet zu Recht gesot, datt, wann een un Indemnisatioun denkt, dann heescht dat net ëmmer Geld. An ech muss Iech soen: Ech hunn zwou Réunioune scho gehat zesumme mat der CLC, mat der Confédération du commerce, a mat dem Stater Geschäftsverband, zwou ganz gutt Réuniounen. An iwwregens wëll ech soen, datt vun deenen hirer Säit hier, déi sinn absolut Demandeur, datt de Projet elo zügeg ëmgesat gëtt. Déi sinn en faveur vum Projet.

A mir hunn och décidéiert, gemeinsam, et gëtt en Ad-hoc-Aarbechtsgrupp agesat nëmme fir d'Commerçanten, déi regelméisseg sech gesinn. Dat heescht, si kréien e speziellen Uspriechpartner, och bei LuxTram, well et ass jo evident, haaptsächlech op engem Deel vum Tracé sinn d'Commerçanten natierlech dovu betraff.

A wat si mer awer och gesot hunn an deene Sëtzungen, dat ass, natierlech muss een och kucken, iwwer eng Indemnisatioun ze diskutéieren, an ech mengen, an do wëll ech dem Här Wiseler ganz kloer soen, d'Regierung geet éischter de Wee, fir eng Exceptiounsgeschicht ze maachen, net bei alle gréissere Chantieren. Dat hei ass jo e Chantier vun enger extra Envergure, fir deen een natierlech muss och extra Mechanisme virgesinn, wéi et iwwregens och an allen anere Stied de Fall war.

Mä, wat se mer awer och gesot hunn, dat ass, wat si brauchen, dat ass net onbedéngt ëmmer Geld, mä éischter zum Beispill och Sachleeschtungen. An do hu se mer e Beispill ginn: Wann den Tracé an der Avenue de la Liberté zum Beispill gebaut gëtt an doduerjer während där Bauphas do d'Accessibilitéit zum Beispill zu verschiddene Stroossen net esou gutt ass, ob een dann net, während där Zäit, verschidde Parkhaiser ronderëm op der Gare kéint zum Beispill gratis maachen, fir hinnen entgéintzekommen, während där Phas, wou do geschafft gëtt, während deene puer Méint, wou do an deene Stroosse geschafft gëtt.

Dat heescht, dat kënnen duerchweegs och Saache sinn, déi einfach just dozou féieren, datt eigentlech d'Commerçantë gehollef kréien an der Stad, fir datt am Kader vun deem Chantier och awer hiert Geschäft uerdentlech ka fonctionnéieren.

Déi Fro vun der LuxTram S.A. an der Exploitatioun: Firwat si mer op dee Wee gaangen? Mä mir hu relativ vill doriwwer diskutéiert. Mir hunn och all d'Varianten duerchdiskutéiert. Mä mir sinn awer zur Konklusioun komm, relativ séier, datt aus villfacher Hisiicht et Sënn mécht, op dee Wee ze goen, well éischtens, do gëtt et de Moment eng Équipe mam Här von der Marck un der Spëtzt als Direkter, dat si Fachleit. Firwat soll een déi net dat iwwerhuele loossen?

Dat Zweet ass: Mir hunn ons gesot, et ass wichteg, datt hei d'ëffentlech Hand eng Mainmise dauernd op deem Projet behält, och fir d'Zukunft, virun allem och wéinst der Bedeitung, déi en huet, esou wéi ech se virdru beschriwwen hunn. A juristesch ass et och méiglech, dat ze maachen. Mir kënne LuxTram an eng privatrechtlech Gesellschaft ëmwandelen. Dat gëtt dann eppes Ähnleches wéi lux-Airport, just fir den Tram. Ech mengen, lux-Airport ass jo och eng SA, déi zwar zu honnert Prozent der ëffentlecher Hand gehéiert, déi awer privatrechtlech fonctionnéiert, an déi kann duerchweegs herno och de System exploitéieren.

Da wollt ech nach eppes soen zu de Kompenséierungsmesuren an zu dem Centre de remisage. Déi Geschicht mat der Kollaboratioun mat der Eisebunn respektiv Bouneweg.

Bon, éischtens muss ee wëssen, datt de Centre de remisage, wann een deen éischten Tracé wëllt fuere loossen, um Kapp muss si vun der Linn, entweder déi eng oder déi aner Säit. Bon, logescherweis, déi éischt Linn geet vun der Luxexpo op d'Gare. Dat heescht, op der Gare selwer ass jo wierklech keng Plaz, fir en ze maachen. Donc huet ee missen op déi aner Säit goen. Et sinn awer och nach eng Rei aner Sitë gekuckt ginn. Et ass och gekuckt ginn, ob ee méi lénks vum Kierchbierg nach kéint Sitë fannen. Also, et si véier oder fënnef Siten ënnersicht ginn.

Dat huet een och souwisou misse maachen, well do, wou en elo hikënnt, dat ass jo en Natura-2000-Gebitt, an do huet jo zu Bréissel misse gekuckt ginn, datt deen Deel erausgeholl gëtt aus dem Natura-2000-Gebitt. A wann een dat wëllt maachen, da muss ee beweisen, datt een alles studéiert huet an datt et guer keng aner Léisung gëtt an natierlech och, datt ee kompenséiert, an déi Kompenséierungsmesurë sinn och virgesinn.

Eng wichteg dovunner ass, datt den CR119 tëschent dem Stafelter an der Route d'Echternach herno zougemaach gëtt. Wéini gëtt en zougemaach? Mä d'nächst Joer, wann d'Nordstrooss opgeet, well dann ass dat souwisou eng Strooss, déi net méi gebraucht gëtt. Haut ass vill Schläichverkéier do, an et ass relativ evident, wann d'Nordstrooss bis gebaut gëtt, da kënnt dee Verkéier jo ganz anescht eran. An eleng de Réckbau respektiv erëm dat Zoumaache vun där Strooss do - et gëtt jo mat Punkte geschafft bei de Kompenséierungsmesuren -, well dat matzen am Gréngewald natierlech läit, ass eng ganz wichteg Kompenséierungsmesure, déi gemaach gëtt.

Bon, dat ass op engem Tracé vun 1,6 km. Ech mengen, dat ass scho substanziell, wat do geschitt. Da sinn e ganze Koup aner Mesurë virgesinn, ech wëll déi net all am Detail hei opzielen. Dat geet vun extra Mesurë fir d'Fliedermais bis d'wëll Kaz. Also, ech mengen, och Opforstung gëtt nach gemaach um Rand. Also, et ass e ganze Pak virgesinn. Dat war an der Kommissioun iwwregens am Detail virgestallt ginn, an Dir kënnt Iech jo virstellen, datt mer hei besonnesch opgepasst hunn, datt mer déi Mesurë genau bestëmmt hunn.

An dat ass och den Ënnerscheed, et ass oft gesot ginn: Jo, bei der Nordstrooss deemools, do ass och gesot ginn, et géif kompenséiert ginn, et ass ni gemaach ginn. Jo! Éischtens ass et deemools nach keng gesetzlech zwéngend Basis ginn, datt een et muss maachen, an zweetens ass ni genau, ausser am Uelzechtdall, richteg definéiert ginn, wou et soll hikommen. Mä hei ass ganz prezis an enger Etüd, déi gemaach ginn ass, definéiert ginn, wou se solle gemaach ginn.

An iwwregens wëll ech och soen, datt op dem Site luxtram.lu, do fannt Der elo sämtlech Etüden, déi am Zesummenhang mam Tram gemaach gi sinn, dat heescht, esou gutt déi dote wéi och der je, alles ass agescannt ginn a kënnt Der Iech do downloaden. Dat sinn natierlech zimlech Zuelen, kann ech Iech soen. Fir déi, déi interesséiert sinn, déi kënne sech dat do alles eroflueden, alles liesen. Dat heescht, et soll och kee mer méi ziele kommen: Et gëtt Etüden, déi fënnt een néierens erëm. Déi fënnt een op deem Site erëm. Jiddwereen, deen dat wëllt noliesen, kann dat och dann do noliesen.

Da wollt ech just nach ee Wuert soen zum Stroossebau. Natierlech, an och do huet de Claude Wiseler recht, ass et wichteg, datt eng ganz Rei Stroossen hei och parallell gebaut ginn: de Boulevard de Merl, de Boulevard de Kockelscheuer, also alles dat, wat um Ban de Gasperich gebaut gëtt. Mä awer net nëmmen do.

Och den Ausbau vun der Autobunn tëschent Diddeleng an dem Gaasperecher Kräiz op sechs Spure gëtt gemaach. Dat ass och aus Sécherheetsgrënn wichteg. Ech mengen, den Här Graas huet virdru geschwat doriwwer vu Réckstauen, déi et gëtt, haaptsächlech, an och gefëierlech Punkten op deem Deel. Dat huet och mam Multimodal ze dinn, dee mer do bauen zu Beetebuerg, dee jo och soll derzou féieren, datt mer d'Camione vun der Strooss op d'Schinn kréien. Also, alles dat si parallell Projeten, déi geschéien.

A wann hei gesot gëtt: Hei den Tram gëtt just aus ideologesche Grënn gemaach. Ech mengen, datt dat net de Fall ass, hunn ech mat den Zuelen, mat de Beschreiwunge genuch beluecht.

Ma wann da gesot gëtt: Et geet drëms, den Auto aus der Stad ze drängen. Da wëll ech Iech soen, Här Reding: Jo, selbstverständlech wëlle mer en Deel Autosverkéier aus der Stad erauskréien. An do si mer hoffentlech awer alleguer Demandeur. Well et mécht kee Sënn, datt mer onnëtz den Transitverkéier duerch d'Stad fueren hunn, an et mécht och kee Sënn, datt, wann een op de Kierchbierg wëllt, en dann ëmmer duerch déi ganz Stad kutschéiert, doduerjer d'Stad blockéiert a guer näischt an der Stad wëllt maachen, weder akafen nach do schaffen, datt mer déi erauskréien.

Et mécht kee Sënn, datt mer onnëtze Verkéier an der Stad hunn. Mä selbstverständlech wäert d'Stad total accessibel bleiwe fir den Auto, mä dann awer wierklech fir deen Autosverkéier, dee Sënn mécht an der Stad, an net fir deen, dee kee Sënn mécht. An ech mengen, mir sollen alleguer frou doriwwer sinn.

Op alle Fall soen ech Iech, alle Wunnquartieren an der Stad ginn ech awer d'Garantie, datt, wann dee ganze Schläichverkéier, wa mer et fäerdegbréngen, do e gudde Pak erauszehuelen, déi Leit an der Stad Lëtzebuerg wäerten alleguerten opootmen an de Politiker dankbar sinn, datt se Léisunge fonnt hunn, fir deen erauszekréien.

A wann Der sot: Ma, da maacht eng Maut, da strooft Der se alleguerten. Mä entschëllegt, éischtens emol sinn ech éischter derfir, fir positiv virzegoen an eng Offer unzebidden, datt d'Leit kënne Choixen hunn, fir op aneres ëmzeklammen.

Mä wann ech de Leit kee Choix ginn, wat géif dat dann notzen, wann ech géif muer eng Maut aféieren oder e Péage? Wat géifen d'Leit da maachen? Da géife se just méi deier bezuelen, fir eranzekommen. Ech ka jo net vun hinne verlaangen, si sollen den Auto op engem Park & Ride stoe loossen, deen et net gëtt, an een Tram huelen, deen et net gëtt, oder e Bus huelen, deen et net gëtt.

Duerfir musse mer deen Invest hei maachen, datt ebe kënnen d'Autoe baussen op de Park & Riden opgefaange ginn an dann d'Leit do an d'Stad erabruecht ginn. An et ass och net richteg, datt d'Leit musse 27-mol ëmsteigen. An dat Beispill, wat Der ginn hutt, dat ass jo wierklech cocasse. Dir sot, hei, vun Diddeleng, wann een an d'Stad kënnt, da misst een an Zukunft vun Diddeleng op Beetebuerg fueren, do ëmsteigen an an der Stad an den Tram.

Mä wat ass dann haut de Fall, wann ee vun Diddeleng mam Zuch kënnt? Ma wann Der mam Zuch haut vun Diddeleng kommt, Dir wëllt op de Kierchbierg kommen, da klammt Der och op der Gare ëm. An ech wëll Iech iwwregens och soen, datt haut am städtesche Bus an de Spëtzestonne 60% vun de Leit, déi am Stater Trafic fueren, Émsteiger sinn. Dat si Leit, déi komme vum Zuch oder vum Auto iwwert de Park & Ride, dat sinn also haut och Émsteiger, dat heescht, do ännert sech fir déi Leit guer näischt.

Dat Eenzegt, wat sech natierlech fir se ännert, ass, si kréien eng vill méi héichwäerteg qualitativ Offer, wéi se haut hunn, an dat ass d'Zil, firwat mer dat Ganzt hei maachen. A wéi gesot, fir hei ze zielen, d'Leit missten herno méi ëmsteigen, dat ass net richteg.

Dat Eenzegt, wat richteg ass, déi ganz Iwwerlandbusse ginn ëmorganiséiert. An duerch déi Pôles d'échanges, déi mer haut hunn, si vläicht Leit, déi haut, ech soen emol vum Weste vum Land, loosse mer soe vu Réiden, an d'Stad kommen, déi elo e Bus hunn, deen duerch d'ganz Stad, d'Charly's Gare op d'Gare fiert. Dat wäert an Zukunft net méi de Fall sinn. Déi kommen nach bis an d'Stad un e Pôle d'échanges a kënnen do awer ganz bequem ëmklammen. Si hunn all dräi Minutten an de Spëtzestonnen eng Verbindung, mat där se dann awer vill méi séier weiderkommen.

Well déi meescht, déi och vu Réiden oder wou komm sinn an op d'Charly's Gare gefuer sinn, déi si jo net do stoe bliwwen, well op der Charly's Gare schafft keen. Déi si vun do mat engem Bus erëm weidergefuer. Et verdeelt sech just. Déi Punkten, wou d'Verdeelunge sinn haut, sinn an Zukunft dann aneschters, mä mam grousse Virdeel, datt d'Leit vill méi rapid a vill besser Verbindungen hunn, wéi se dat haut hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn der Iwwerzeegung, datt dee Projet hei als ee wichtege Bestanddeel vun engem Gesamtkonzept e ganz wichtegen ass. E ganz wichtegen ass, fir datt eis Liewensqualitéit sech verbessert an eise Stied an an den Uertschaften, e ganz wichtegen ass fir eis Ekonomie, fir datt eis Ekonomie net den Houscht kritt, well d'Mobilitéit besser an Zukunft fonctionnéiert.

Ech sinn iwwerzeegt, wann de Projet bis eng Kéier realiséiert ass a véier, fënnef Joer, da wäerten d'Leit eis dankbar sinn, op jidde Fall deenen dankbar sinn, datt dat haut hei gestëmmt ginn ass. Ech sinn och duerfir frou, datt mer esou eng grouss Zoustëmmung hei kréien.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Minister. Domat wäre mer um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert déi zwee Projeten. An ech géif Iech proposéieren, dann noeneen iwwert déi zwee Projet-de-loien ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6626 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt de Vote iwwert de Projet 6626. D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

Plusieurs voix.- Et geet net.

M. le Président.- Jo, da kucke mir dat. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6626 ass ugeholl. D'Resultat ass 56-mol Jo, 3-mol Neen an 1 Enthalung.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

S'est abstenu: M. Aly Kaes.

Ech hat gesot kritt, de Wonsch wier do, fir eng Motivatioun vun der Enthalung ze ginn.

(Brouhaha général)

D'Wuert huet den Här Aly Kaes, dee wahrscheinlech dann den Auteur vun der Enthalung ass.

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi Euphorie, déi elo vun enger ganzer Rei vu Riedner, natierlech och vum Här Minister, a puncto Tram un den Dag geluecht ginn ass, hält sech bei mir a bei enger ganzer Rei vu Bierger aus dësem Land extrem a Grenzen.

Wann dann den Tram esou wichteg ass fir d'Stad Lëtzebuerg, wéi den Här Minister an anerer dat ëmmer erëm gesot hunn an och elo de Mëtteg nach eng Kéier an allen Detailer explizéiert hunn, da wëll ech ganz einfach Iech alleguerte soen, datt den Ausbau vun der N7…

Plusieurs voix.- Aaaahhh!

M. Aly Kaes *(CSV)*.- …fir den Norde vun dësem Land mindestens esou wichteg ass wéi den Tram fir d'Stad Lëtzebuerg. Dat ass eben esou, och wann der vläicht manner dat gutt fannen, well der manner vun douewe kommen.

Ben, dat schéngt awer dës Regierung iwwerhaapt net ze interesséieren, well déi Ouvertüren, déi a sech déi al Regierung gemaach huet a puncto Ausbau op véier Spure vun der N7 am Plan sectoriel «Transports», och wann dat vläicht schwiereg Diskussiounen an der Vergaangenheet waren, goufe ganz einfach vun dëser Regierung gestrach. Ech muss Iech soen, dat ass eng riicht an d'Gesiicht vun de Bierger aus dem Norde vun dësem Land!

Mir brauchen eng N7, déi op véier Spuren ausgebaut gëtt, eng N7, déi eng gutt Ubannung un dat europäescht Autobunnsnetz a sech muss duerstellen.

(Interruption)

Meng Enthalung ass och virun allem en Zeeche vu Protest, Roserei an Enttäuschung, wéi den Norde vun dësem Land vun dëser Regierung behandelt gëtt an négligéiert gëtt.

Ech wëll och ganz kloer soen, datt déi Leit, déi elo de Mëtteg iwwer Stau, iwwer vill zousätzlech Aarbechtsplazen an der Stad Lëtzebuerg, ronderëm d'Stad Lëtzebuerg geschwat hunn, a souguer, datt jo virun allem d'Keese vun de Gemenge vum ganze Land jo géifen doduerch gefëllt ginn, do muss ech ganz einfach soen: Ma autoriséiert wann ech gelift déi Aarbechtsplazen, déi an anere Regioune geplangt sinn, autoriséiert déi! Da brauchen eng ganz Rei Leit net an de Stau ze fueren, mä da fanne se ganz no bei hirem Wunnuert - eppes, wat net méi spéit wéi gëschter den Här Camille Gira nach

gesot huet am Kader vun der Virstellung vun de Plans sectoriels -, mä da fannen déi Leit ganz no bei hire Wunnengen eng Aarbechtsplaz!

An ech kann Iech soen, d'Flebour, déi Der gestrach hutt, ma moies geet genau op där Plaz, moies geet genau…

M. le Président.- Ech géif de Riedner bieden,…

Une voix.- Wat huet dat mam Tram ze dinn, Här President?

M. Aly Kaes *(CSV).*- Wann Der erlaabt, Här President, ech sinn direkt fäerdeg!

D'Flebour, déi Der gestrach hutt,…

(Interruption)

…genau do geet de Stau moies un. Wieren do Aarbechtsplazen, kéinte schonn eng ganz Rei Leit vläicht do, jo, net an de Stau fueren, mä direkt op hir Aarbechtsplaz fueren. Dir gesitt also, et kéint ee vill Problemer léisen, wann een och e bësse Verständnis fir den Norde vun dësem Land hätt.

Ech soe Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Den…

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President!

M. le Président.- …Här Nohaltegkeetsminister...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- D'Debatt ass eriwwer. D'Debatt ass eriwwer! Dat war eng Explication de vote. Ech gesinn net an, firwat d'Regierung elo nach eng Kéier wëllt d'Wuert kréien. „Parole après député", dat geet net!

(Brouhaha)

M. le Président.- Also ech wëll dem Här Urbany…

(Interruptions)

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- D'Chamber ass souverän!

M. le Président.- Ech wëll…

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Net d'Regierung!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech wëll dem Här Urbany soen, dann invoquéieren ech den Artikel vun der Verfassung, dee mer d'Recht gëtt, an der Chamber zu all Moment d'Wuert ze huelen.

M. le Président.- Jo. Entschëllegt, Här…

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Awer net bei enger Explication de vote!

M. le Président.- …Här Nohaltegkeetsminister, ech wollt just soen, dass et net nëmmen eleng eng Motivatioun vum Vote war, mä dass och eng Rei vu Saachen an de Raum gestallt gi sinn, wou ech mengen, dass et awer normal ass, dass een der Regierung géif d'Geleeënheet ginn, fir dorop ze reagéieren.

(Interruptions)

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, ech soen Iech Merci duerfir. Ech wëll just nach eng Kéier...

(Interruption)

Ech wëll just nach eng Kéier dem Här Kaes soen, datt - dat hunn ech och schonn eng Kéier op der Chamberstribün hei geäntwert -,…

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Si mengen ëmmer, si missten dat lescht Wuert hunn.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- …datt, wat seng N7 ubelaangt - et geet jo ëm d'N7 vun Ettelbréck bis uewechen aus an d'Éislek -, datt d'N7, dee Projet, deen ech de Moment virleien hunn a mengem Ministère, dat ass copie conforme - zu honnert Prozent - de Projet vu mengem Virgänger Claude Wiseler.

An ech wëll Iech och soen, Här Kaes, nach eng Kéier: Am Plan sectoriel «Transports» stoung nimools den Ausbau vun der N7 op véier Spuren, wéi Dir dat verlaangt, dran. Wat a mengem Ministère louch bis elo, wat a mengem Ministère louch, wéi ech dohinnerkomm sinn, dat si sécherheetsméisseg Ausbaustécker,…

(Interruption)

...deelweis Contournemente vun Uertschaften.

M. le Président.- Wann ech gelift, nach e puer Minutte Gedold. Loosst den Här Minister ausschwätzen!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Da wär ech frou, wa mer géifen ophalen, hei Saachen ze soen, déi einfach net stëmmen! An dat huet och guer näischt mam Norden oder net Norden ze dinn. Mir bauen net Stroosse respektiv Aktivitéitszonen a Fonctioun vun Norden, Süden oder Osten. Ech wär frou, an dat ass jo awer de Message, dee mer och mat der Landesplanung wëlle ginn, datt mir eis bewosst géife ginn, datt mer nëmmen e klengt Land hunn, e klengen Territoire hunn an datt mer all zesummen...

(Interruption)

...insgesamt an deem Land sollen zesummeschaffen an net no Norden, Osten a Süden oder Weste kucken.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Minister. Ech hunn eng Wuertmeldung, Parole après ministre, vum Här Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Esou ass et, Parole après ministre.

Ech wëll just awer zur Kloerheet soen, wa gesot gëtt, et wär näischt virgesi gewiescht an dem Plan sectoriel, datt an der leschter Versioun, déi den Här Schank an ech fäerdeg gemaach haten an déi prett war, fir an de Conseil ze goen, déi mer aus deene bekannte Grënn nach net an de Conseil gesat hunn, zwou Planchen - op de Säite 87 an 88 - drastoungen, wou fir d'Éischt natierlech, wéi den Här Bausch et richteg gesot huet, drastoung, datt eng Sécurisatioun vun der N7 op all deene Punkten, déi sensibel sinn, gemaach gëtt, an do stoung dann awer och hannendru ganz kloer: «Il est prévu à terme…», an ech zitéieren, «…de faire évoluer la N7 vers un deux fois deux voies. Le projet d'optimisation-sécurisation est ainsi compatible avec une mise à deux fois deux voies de la N7. Les projets de contournement 5-4 et 5-5…», dat sinn déi vun Housen a vun Hengescht, «…seront d'office construits au gabarit 2+2.»

Just fir et kloer ze soen, wat mer dragesat hätten, mat enger laangfristeger Perspektiv fir d'N7. Elo kann een d'accord sinn domadder oder net,...

(Interruption)

...mä ech wëll just soen, datt den Här Kaes dat net erfonnt huet an datt dat an deem Projet drasteet.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, ech wëll awer just soen, eng laangfristeg Perspektiv, an dat weess den Här Wiseler och, och de Contournement vun Dikrech, laangfristeg Perspektiv ass no 2030! Do ass emol kee Couloir virgesinn am Plan sectoriel «Transports».

An entschëllegt, wat elo ass, fir elo ze décidéieren, wat no 2030 ass, also dat ass awer..., wann een do seet, dat wier eppes gemaach fir den Norden, wann een de Leit an Aussiicht stellt, no 2030 géif eventuell op véier Spure gebaut ginn, dat bezweifelen ech awer ganz staark!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Laangfristeg Perspektiv, mä mat all Bau, deen elo gemaach gëtt, kompatibel ze maachen, wa méiglech.

(Interruptions)

M. le Président.- Voilà. Ech géif Iech proposéieren, da bei enger anerer Geleeënheet déi Nuancen nach ze klären.

Ech géif feststellen, dass mer bei deem heite Projet um Enn ukomm sinn. An ech wollt Iech just nach froen, ob d'Chamber domat d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete Vote vun dësem Projet ze ginn.

(Assentiment)

Da soen ech Iech Merci a mir géifen zum Vote iwwert deen nächste Projet iwwergoen, de 6684.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6684 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass direkt lancéiert. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6684 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marcel Oberweis), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar);

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir hunn dann nach zwou Motiounen virleien.

(Interruption)

Ah jo, entschëllegt, och hei d'Fro: Sidd Der d'accord mat der Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

Komme mer zu de Motiounen.

Motion 1

D'Motioun N°1: Kann ech dovun ausgoen, dass se motivéiert ass vun den Auteuren?

(Assentiment)

Da géif ech froen, wien dozou nach wëllt schwätzen.

Fir d'Éischt den Här Claude Wiseler, dann den Här Fernand Kartheiser. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President. Zur éischter Motioun, wou et drëm geet, a sech de GIE LuxTram ze verwandelen an eng SA LuxTram an duerno d'Exploitatioun respektiv och d'Gestioun vun den Infrastrukturen hir unzevertrauen, wëll ech dat hei soen:

Dat Éischt, dat ass, datt et mer logesch schéngt, datt een de GIE LuxTram an eng SA LuxTram ëmwandelt an engem Moment, wou et net méi ëm d'Planifikatioun geet, mä wou et drëm geet, fir a sech elo e Bau unzefänken. Dat schéngt mer logesch ze sinn.

Ech wëll awer trotzdeem soen, datt mer hei e gutt Stéck méi wäit gi wéi deen dote Schrëtt, well mer hei direkt soen, datt déi ganz Exploitatioun vun dem Tram respektiv d'Gestioun vun den Infrastrukturen, mä haaptsächlech d'Exploitatioun vum Tram, well mer hei schonn definitiv soen, datt LuxTram déi soll maachen.

D'Fro stellt sech, ob et net besser wär, eng Ausschreiwung ze maachen, oder net, respektiv, ob een net awer, éier een esou eng Ausso mécht, eng Kéier eng Diskussioun sollt féieren, wat dann elo déi sënnvollst Aart a Weis wär, fir den Tram an Zukunft ze exploitéieren, wéi een dat soll maachen, mat wiem een et soll maachen an ënner wat fir enger Form een et soll maachen.

Fir dat elo ouni Diskussioun, ouni Iwwerleeung, ouni Argumentatioun pour et contre einfach niewebäi innerhalb vun 30 Sekonnen an enger Motioun hei ze décidéieren, schéngt mir awer net déi richteg Aart a Weis ze sinn. Duerfir stëmme mir dës Motioun net.

M. le Président.- Den Här Fernand Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President. Ech mengen, eis Considératiounen, déi betreffen éischter déi allgemeng Orientéierung vun dësem Projet. Ech mengen, mir hu kloergemaach, datt d'ADR géint de Projet Tram ass. Logescherweis ass dat heiten och eppes, wat net mat eisen Iwwerzeegungen, wéi den Transport soll geregelt ginn, iwwereneestëmmt. Mir kënnen dës Motioun also doweinst och net matdroen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser.

Si soss nach Wuertmeldungen zu der Motioun?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Wëllt d'Regierung nach Stellung bezéien?

(Négation)

Dat ass och net de Fall. Da géife mer zum Vote iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass mat 32 Jo-Stëmmen, 26 Nee-Stëmmen, bei 2 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Wëllt ee seng Abstentioun motivéieren?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da géife mer zu der zweeter Motioun iwwergoen.

Motion 2

Ass nach en Auteur, dee wëllt dozou Stellung bezéien?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Wuertmeldungen dozou?

Den Här Wiseler an den Här Kartheiser. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President. Heizou wëll ech a sech just dat soen, wat ech an dem kuerzen Exposé virdru scho gesot hunn, datt mir der Meenung sinn, datt eng Accélératioun an dësem Moment net sënnvoll ass, an datt mer grad esou gär hätten, et géif sech elo op deen éischte Projet konzentréiert ginn an datt mer déi éischt Schinnen emol leeën an duerno an d'Exploitatioun trieden.

Dat haaptsächlech och aus deene Froen, déi mer évoquéiert hunn, wat de Finanzement vum ganze Mobilitéitskonzept ugeet, wou enorm Dépensen iwwert den Tram eraus op ganz villen anere Projeten op eis zoukommen an ech et net als sënnvoll emfannen oder net als méiglech emfannen, dat alles gemeinsam ze finanzéieren, a mer och net ka virstellen, datt elo aner Projete kéinten ewechgelooss ginn an deem ganze Finanzvolume, dee muss fir dat Mobilitéitskonzept an deenen nächste Joren opbruecht ginn.

Aus deem Grond mengen ech, datt mer déi hei Motioun net kënne stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Wiseler. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, Här President. Ech mengen, ech iwwerraschen Iech net, wann ech nach eng Kéier widderhuelen, wat ech gesot hunn. Mir kënne kaum domat d'accord sinn, fir «accélérer les phases suivantes de la mise en œuvre du projet tram», wa mer dee ganze Projet refuséieren.

Dat Eenzegt, wat eis natierlech interesséiert drun, dat ass, wat den Här Bausch och als Zäithorizont uginn huet, datt en a fënnef Joer wëllt vill gebaut hunn. A fënnef Joer si Wahlen, da kënne mer alles dat kontrolléieren, wat en eis ausgedeelt huet, wat de Käschtepunkt an aner Saachen ugeet. Mir freeën eis op dee Rendez-vous a fënnef Joer, an da gesi mer jo, wou mer dru sinn.

Eng kleng Randnotiz: Wéi ech déi Motioun hei gelies hunn, hunn ech geduecht, et ass awer heiansdo interessant ze gesinn, wat déi wierklech Koalitioun am Land ass, un den Énnerschréften, déi mer hei drënner hunn.

Merci.

(Hilarité)

Une voix.- Et voilà!

M. le Président.- Voilà! Da si mer prett fir ofzestëmmen.

Vote sur la motion 2

De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun 2 ass mat 34 Jo-Stëmmen, bei 26 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Boffer-

ding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Gilles Roth);

MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

9. Ordre du jour (suite)

Ech wollt Iech just nach soen, dass opgrond vun de Gespréicher mat de Fraktiounspresidenten d'Motioun, déi de Mëtte vum honorabelen Här Justin Turpel abruecht ginn ass, esou wéi hien et och als akzeptabel ugesinn huet, an d'Kommissioun iwwerwise gëtt. Da kënnt se jo duerno erëm.

Den Här Turpel dozou.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Jo, Merci, Här President. Zum Ordre du jour: Ech huele Kenntnis dovunner, ech akzeptéieren dat dann och. Dat heescht, mir brauchen da kee Vote ze maachen. An ech gesinn awer trotzdeem och déi Efforten, déi gemaach gi sinn, zum Beispill vum President, dee bereet war, fir déi betraffe Leit ze empfänken, soit datt dat schifgaangen ass, och vun de Gemengen, déi se hébergéiert hunn.

Dat gesinn ech als encourageant Zeechen, datt e Wëllen do ass, fir deene Leit hir Problemer ze verstoen. A wa mer et da fäerdegbréngen an der Kommissioun, dee Message mat op Bréissel ze ginn, dee sech an dësem Fall einfach opdrängt, fir deene Leit hir Grondrechter ze wahren, duerfir géif ech Iech Merci soen.

(La motion de M. Justin Turpel est renvoyée à la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration.)

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och. Domat wäre mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Mir gesinn eis muer de Mëtten um zwou Auer erëm. Ech wënschen Iech, dass Der gutt heemkommt a soe Merci fir déi grouss Disziplin.

Merci.

(Fin de la séance publique à 20.40 heures)

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. le Président*

2. Heure de questions au Gouvernement

Question n°37 du 3 juin 2014 de M. Eugène Berger relative au renouvellement des contrats avec l'Université du Luxembourg et les centres de recherche publics, adressée à M. le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

- *M. Eugène Berger - M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*

Question n°38 du 5 juin 2014 de Mme Martine Hansen relative au projet de construction du Lycée technique agricole à Gilsdorf, adressée à M. le Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures

- *Mme Martine Hansen - M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*

Question n°39 du 5 juin 2014 de M. Marc Angel relative à la stratégie gouvernementale en matière de développement et de diversification économiques en relation avec la lutte contre le chômage au Luxembourg, adressée à Mme la Secrétaire d'État à l'Économie

- *M. Marc Angel - Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*

Question n°40 du 4 juin 2014 de M. Fernand Kartheiser relative à la loi électorale, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

- *M. Fernand Kartheiser - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*

Question n°41 du 4 juin 2014 de M. Henri Kox relative au programme de recherche Bee-First, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

- *M. Henri Kox - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*

Question n°42 du 5 juin 2014 de M. Marco Schank relative à la propagation de la peste porcine africaine en Europe, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

- *M. Marco Schank - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*

Question n°43 du 4 juin 2014 de M. Alexander Krieps relative à l'actualisation des tests néonataux, adressée à Mme la Ministre de la Santé

- *M. Alexander Krieps - Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*

Question n°44 du 5 juin 2014 de M. Justin Turpel relative aux incidences sur le budget de l'État du report en mars 2015 de la tranche indiciaire prévue en octobre 2014, adressée à M. le Ministre des Finances

- *M. Justin Turpel - M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*

Question n°45 du 4 juin 2014 de M. Max Hahn relative au modèle de financement retenu pour la construction d'une nouvelle caserne pour les services de secours au Ban de Gasperich, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

- *M. Max Hahn - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*

Question n°46 du 5 juin 2014 de Mme Françoise Hetto-Gaasch relative à la stratégie de prévention du Gouvernement dans la lutte contre les phénomènes de la société, adressée à Mme la Ministre de la Santé

- *Mme Françoise Hetto-Gaasch - Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*

3. Nomination d'un réviseur d'entreprises pour l'Entreprise des Postes et Télécommunications

- *M. le Président*
- *Vote secret*

4. 6567 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Strasbourg de 2012 sur la limitation de la responsabilité en navigation intérieure faite à Strasbourg, le 27 septembre 2012

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Gusty Graas (M. Serge Urbany pose une question)*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. 6607 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Norvège concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, signé à Bruxelles, le 21 février 2013

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany (questions de M. Marc Angel et Mme Claudia Dall'Agnol)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6635 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne, réunis au sein du Conseil, relatif à la protection des informations classifiées échangées dans l'intérêt de l'Union européenne, signé à Bruxelles, le 25 mai 2011

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 6633 - Projet de loi portant

1. approbation du Protocole, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2013 modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Danemark tendant à éviter les doubles impositions et à établir des règles d'assistance administrative réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune;
2. approbation du Protocole, signé à Luxembourg, le 20 juin 2013, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Slovénie tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Ljubljana, le 2 avril 2001;
3. approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de l'Arabie saoudite tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Riyad, le 7 mai 2013;
4. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et Guernesey tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Londres, le 10 mai 2013;
5. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Île de Man tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Londres, le 8 avril 2013;
6. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et Jersey tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, ainsi que le Protocole et l'échange de lettres y relatifs, signés à Londres, le 17 avril 2013;
7. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République tchèque tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 5 mars 2013;

et prévoyant la procédure y applicable en matière d'échange de renseignements sur demande

- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Guy Arendt*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Alex Bodry (M. Luc Frieden intervient), M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

8. 6658 - Projet de loi modifiant la loi du 26 juillet 2010 portant organisation de la formation à la profession réglementée de l'infirmier responsable de soins généraux et de la formation de sage-femme et portant reconnaissance des titres de certaines professions réglementées

- *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: M. Claude Adam*
- *Discussion générale: Mme Octavie Modert, Mme Simone Beissel, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Nicolas Schmit, Fernand Etgen, Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Ministres; M. Camille Gira, Mme Francine Closener et M. Marc Hansen, Secrétaires d'État.

(Début de la séance publique à 14.06 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Ech maachen heimat d'Sëtzung offiziell op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da soen ech der Regierung Merci a mir géifen direkt zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, eiser Froestonn un d'Regierung.

Wéi Der wësst, laut Artikel 83 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro ze développéieren, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten. Wéi mer dat déi leschte Kéier ofgemaach hunn, wäert ech och genee oppassen, dass déi Limiten agehale ginn. Mir wiesselen d'Froen tëschent Majoritéits- an Oppositiounsdeputéierten of. An als éischt Fro um Ordre du jour ass déi vum honorabelen Här Eugène Berger, betreffend d'Erneierung vun de Verträg mat der Uni an de Centres de recherche publics, eng Fro, déi sech un den Här Héichschoulminister riicht. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

2. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°37 du 3 juin 2014 de M. Eugène Berger relative au renouvellement des contrats avec l'Université du Luxembourg et les centres de recherche publics, adressée à M. le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Wann Der erlaabt, géif ech d'Fro un de Statssekretär fir d'Héichschoulwiese riichten, de Marc Hansen, well et ass esou, ech hunn d'lescht Woch an der Press gesinn, datt nei Konventiounen ënnerschriwwe gi si mat der Universitéit an och mat deene verschiddene Centres de recherche. Et war eng Foto an e klengen Text an der Zeitung. An ech wéilt eigentlech Opschloss kréien, wann dat méiglech ass, e klengen Opschloss, éischtens, wéi vill Suen elo do da fir déi nei Konventiounen an d'Spill kommen, respektiv och wat nei ass an deene Konventiounen, déi jo normalerweis, wann ech richteg am Bild sinn, op déi nächst véier Joer wäerte lafen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Berger. D'Wuert huet den Här Statssekretär am Héichschoulministère, den Här Marc Hansen.

M. Marc Hansen, *Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Woch hu mer effektiv déi Kontrakter mat deene meeschte Centres de recherche ënnerschriwwen an och mat der Uni Lëtzebuerg.

Ech kann Iech den totale Montant nennen. Dat ass eng ganz Zomm gewiescht vun 854 Milliounen Euro, déi d'lescht Woch ënnerschriwwe ginn ass. Déi Suen, déi sinn opgedeelt: 565 Milliounen Euro, déi bei d'Uni ginn. Dann hu mer bei dem Centre de recherche Tudor 22 Milliounen Euro fir ee Joer a bei dem Centre de recherche Lippmann 15 Millioune fir ee Joer. Da fusionéieren déi, wann dat Gesetz dann hei gestëmmt gëtt, wat dann en neie grousse Centre de recherche gëtt. Déi kréie fir déi dräi Joer dann duerno nach eng Kéier 117 Euro (veuillez lire: 117 Milliounen Euro). De CRP-Santé kritt 93,5 Milliounen Euro iwwert déi nächst véier Joer, an de CEPS, dee kritt 41,9 Milliounen Euro. Dat sinn 854,4 Milliounen Euro, déi do ënnerschriwwe gi sinn. Bei der Uni ass et e Contrat d'établissement, bei de Centres de recherche sinn et Contrats de performance, déi si fir véier Joer ënnerschriwwe ginn.

Derbäi kënnt dann nach eng Signature, déi mer deen Dag net gemaach hunn, déi mer elo an dräi Woche maachen, dat ass déi mam Fonds National de la Recherche, wou dann och nach eng Kéier ronn 230 Milliounen Euro ënnerschriwwe ginn. Dat mécht also iwwert déi nächst véier Joer fir d'Recherche an d'Héichschoulwiesen hei am Land ronn 1,08 Milliarden Euro, déi do engagéiert gi sinn.

„Wat ass nei?", hutt Der gefrot. Et kann ee vläicht e puer Saachen ënnersträichen, déi do nei sinn. Et si Contrats de performance respektiv Contrats d'établissement, déi déi Kéier iwwer véier Joer ginn. Soss an der Zäit ware se alt emol dräi Joer. Domadder kréien déi verschidden Instituter méi eng Planungssécherheet. An déi Zommen, déi do engagéiert sinn, dat geet och ëm hir Planungssécherheet, wat an deem dote Kontext natierlech wichteg ass a wat d'Acteuren och alleguerten appréciéieren.

Par rapport zu deene Kontrakter virdru kënnt och mat derbäi, dass d'Valorisatioun vun deene verschiddene Breveten, deene verschiddene Publikatiounen als Missioun ageschriwwe gëtt an hir verschidde Kontrakter an dass se och méi Geld extern musse siche goen, sief et an de Privatsecteur, sief et awer och an europäesche Kontexter, sou zum Beispill hei an de Programm 2020 vun der Europäescher Unioun.

Et steet an deene Kontrakter awer och nach mat derbäi, dass se mussen e ganze Koup vu verschiddene Leeschtungsindicateure bréngen, dofir och den Numm vum Contrat de performance. Wat d'Indicateurs scientifiques ugeet, sinn dat Publikatiounen, déi an deene verschiddene wëssenschaftlechen Zeitunge sinn. Dann natierlech gëtt och doniewent gekuckt, wéi vill Theesen an deenen doten Zäite geschriwwe goufen, an donieft awer och déi ekonomesch Resultater, déi gemooss ginn un den Zuele vun de Breveten, déi déposéiert goufen, a mat de Spin-offen, déi och an de verschiddenen Entitéite kreéiert goufen.

Et ass awer och nach en anere wichtege Punkt, deen ee kann ervirsträichen, deen nei ass. Déi verschidden Acteuren, souwuel d'CRPe wéi de CEPS an d'Uni Lëtzebuerg, hunn och drageschriwwe kritt, dass se a véier prioritären Domänen, wat do sinn d'Material op där enger Säit, den Développement durable, d'Technologies de l'information mat High Performance Computing an d'Biomedizin, dat sinn d'prioritär Domänen, dass se sech do solle nach méi concertéieren an zesummeschaffen, fir dann och zesumme bis 2016 e Plan stratégique opzestellen, fir dass se do nach méi kënnen zesummeschaffen.

An de Motiv ass dee Moment, dass se sech keng Konkurrenz hei am Land maachen - et gëtt Konkurrenz natierlech vun den aneren Entitéiten am Ausland - an dass se nach méi complémentaire zesummeschaffen. An dat ass ee vun de wichtege Voleten, dee se och alleguerten an d'Missioun kritt hunn, fir esou e Plan stratégique iwwert déi nächst zéng Joer auszeschaffen, deen da virun 2016 soll presentéiert ginn.

Dat ass also dat, wat an deene Kontrakter stoung, e bëssen Zuelen, e bëssen déi nei Momenter, an domadder géif ech dann nach just drop opmierksam maachen, dass dann nach deen nächsten nokënnt, dat ass dee mam Fonds National de la Recherche, wat och e wichtegen Acteur ass. An do sinn och vill vun deenen 230 Milliounen, déi dann och erëm indirekt un déi aner Centres de recherche respektiv un d'Universitéit fléissen, als Pilier och net méi ewechzedenken.

M. le Président.- Merci dem Här Hansen. Mir bleiwe bei dem Numm Hansen, an d'Martine Hansen dës Kéier huet d'Wuert, fir eng Fro un de Statssekretär am Infrastrukturministère ze stellen iwwert de Bau vum Lycée technique agricole zu Gilsdref. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°38 du 5 juin 2014 de Mme Martine Hansen relative au projet de construction du Lycée technique agricole à Gilsdorf, adressée à M. le Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Här President. Schonn den 18. Dezember hat ech den Häre Ministere Bausch a Meisch eng Question parlementaire iwwert dee geplangten Neibau vun der Akerbauschoul gestallt. Den Häre Ministere war eng Verlängerung bis den 18. Februar accordéiert ginn, fir kënnen op d'Fro ze äntwerten. Am Januar konnte mer dunn awer schonns an der Lëtzebuerger Press liesen, datt den Här Minister Etgen sot, de Standuert Gilsdref wär a Fro gestallt respektiv kéim guer net méi a Fro.

Doropshin hunn ech déi Woch duerno an der Heure de questions den Här Minister Bausch gefrot, ob hie kéint dem Här Minister Etgen seng Ausso confirméieren, ob hie kéint bestätegen, datt d'Regierung dëse Site, wou d'Terraine schonns kaaft sinn, wou d'Pläng schonns fäerdeg sinn, wou schonns zirka eelef Milliounen investéiert sinn, erëm géif a Fro stellen.

Den Här Minister Bausch sot dunn ënner anerem, ech zitéieren: „An et gëtt och vläicht eventuell, an dat wëll ech Iech soen, besser Léisungen. Wann ech soen, vläicht eventuell, dann heescht dat natierlech net, datt mer décidéiert hunn, definitiv dat, wat déi viregt Regierung elo emol festgehalen huet, guer net ze maachen." Hie sot och nach, ech zitéieren: „An dann den 18. Februar kritt Der selbstverständlech, wéi dat sech gehéiert, vu mir och schréftlech déi néideg Äntwerten. Sollt d'Regierung décidéieren, op een anere Wee ze goen, da wëll ech Iech elo scho soen, datt déi dräi Ministeren direkt deen Dag duerno an d'Chamberskommissioun wäerte kommen, fir Iech ze presentéieren, a wéi eng Richtung et eventuell da geet."

Ech krut dunn de 7. Februar och eng schréftlech Äntwert, an där den Här Bausch mer dunn erëm sot, datt awer nach keng Décisioun geholl gi wär, d'Décisioun géif spéitstens am Juni falen. Well den Här Minister Bausch awer schonns de 5. Februar no engem Treffe mat den Häre Ministere Meisch an Etgen an der Press sot an um Radio ze héiere war, datt d'Regierung sech Zäit ginn hätt, fir bis Enn Mee eng definitiv Entscheedung iwwert de Standuert vun der neier Akerbauschoul ze huelen - dësen Timing kruten och d'Enseignanten an d'Direktioun vun der Akerbauschoul matgedeelt -, a well et awer elo méi spéit wéi Enn Mee ass, wëll ech gären dem Här Statssekretär Gira - den Här Minister Bausch ass jo haut net hei - folgend Froen erëm eemol stellen:

Wéi eng Iwwerleeungen hutt Der bis elo gemaach? Wéi eng Décisioune si geholl ginn? Wou kënnt déi nei Akerbauschoul hin?

Merci.

M. le Président.- Merci der Madame Hansen. An direkt huet d'Wuert den Här Statssekretär am Nohaltegkeetsministère. Här Camille Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Madame Hansen richteg gesot huet, krut se an der schëftlecher Äntwert gesot, mir géife probéieren, bis Enn Juni 2014 zu enger Léisung ze kommen. Wann ech richteg informéiert sinn, ass jo haut de 5. Juni, dann hu mer jo nach e bëssen Zäit an der Regierung, fir nozedenken, wéi déi definitiv Léisung dann ass.

(Brouhaha)

Ech sinn awer ganz frou iwwert der Madame Hansen hir Fro. Dat erlaabt mer dann awer, en Tëschebilan, de Point hei an deem däregen Dossier, dee mer da vun der viregter Regierung hei geierft hunn, ze maachen.

Ech wëll am Ufank vläicht emol kloerstellen, dass all déi Leit, déi wëlle gleewen dinn, dass, wann dës Regierung net wier, zu Gilsdref och längst géife Baggere fueren, d'Effentlechkeet net richteg informéieren.

Dozou zwee Punkten: Déi Zon, wou de Lycée soll hikommen, ass nach net definitiv ëmklasséiert am PAG vun der Gemeng Bettenduerf. Den zweete Vote ass wuel geholl. Ech kann Iech awer soen, dass den Innenminister Recourse vun den Noperen do leien huet an dass déi ganz Prozedur eventuell riskéiert, um Tribunal administratif ze landen. Souwäit zu der Zon an der Gemeng Bettenduerf.

Dann ass et esou, dass d'Gemeng Dikrech e rechtskräftege Moratoire dekretéiert huet, dee gülteg ass bis op d'mannst Enn Februar 2015. Et muss ee wëssen, dass dee Lycée do matzen an enger Drénkwaasserschutzzon geplangt ass an dass d'Gemeng Dikrech amgaang ass, an doriwwer si mir als Ëmweltministère ganz frou, hir Drénkwaasserschutzzonen auszeschaffen. Do sinn Etüden nach amgaang an esou laang huet d'Gemeng Dikrech, mengen ech, mat vollem Recht d'Méiglechkeet, e Moratoire ze dekretéieren. Dat ass deen allerfréisten Termin, wou dann iwwerhaapt zu Gilsdref eppes kéint geschéien.

A well mir dat doten entdeckt hunn an deem doten Dossier, hu mir eis gesot: Da kommt, mir huelen dat Joer - wann ech emol esou ka soen - eis Zäit, fir nozedenken.

An ech wëll och preziséieren, d'Regierung ass net nëmmen amgaang nozedenken, ob eventuell en alternative Site fir de Lycée technique agricole a Fro soll kommen, mä mir probéieren, e Konzept um Enn vun eisem Reflexiounsprozess ze hu fir déi ganz Lycées- a Schoulinfrastruktur vun der ganzer Nordstad.

Ech mengen, dass d'Madame Hansen ganz gutt weess, dass nieft dem Lycée technique agricole onbedéngt musse Méiglechkeete geschafe ginn, fir de Lycée technique Ettelbréck méi grouss ze maachen. Mir schwätzen iwwer e CNFPC, deen net méi zäitgemëiss ass. Mir schwätzen iwwer eng Arméisschoul, a schlussendlech gëtt et och nach de Besoin, fir en definitive Site vun engem Nordstad-Lycée ze fannen.

Et ass elo 10 bis 15 Joer doriwwer nogeduecht ginn. Ech mengen, et geet elo wierklech, besonnesch wa mir op deem anere Punkt blockéiert sinn, net op e puer Méint un. Mir wëllen déi puer Méint notzen, fir zumindest dann e Konzept fir all déi Schoulen ze hunn.

Eis Verwaltungen hunn an deene puer Méint, déi mir do sinn, intensiv op deem Dossier geschafft. Mir hunn och intensiv Consultatioune gefouert, souwuel mat deene concernéierte Gemenge wéi och virun allem mat der Direktioun vum Lycée technique agricole, an ech kann Iech soen, do sinn eng ganz Rei interessant Pisten dobäi erauskomm an et gesäit een, wann ee sech an deen Dossier eraknéit, méi wéi evident, dass et wierklech fir de Lycée technique agricole eng ganz Rei Piste ginn, déi sécherlech an enger ganzer Rei Kritäre wesentlech besser si wéi dee Site, deen do erausgewielt gi war vun der fréierer Regierung.

Ech hunn net d'Zäit, an den Detail ze goen, mä do si ganz kloer Siten, déi a priori och fir e Lycée technique - a grad fir e Lycée technique - besser wieren. Déi Siten hunn dann awer eventuell aner Contrainten, notamment déi vun der Zäitschinn, well dat kann ech der Madame Hansen haut kloer an däitlech soen: Déi Léisung, déi mir wëlle festhalen, wäert sécherlech eng sinn, déi de Projet Lycée technique agricole net erëm Joren hannendragehäit.

An ech wëll och ganz kloer an däitlech soen, dass och de Moment nach ëmmer net de Site Gilsdref definitiv eliminéiert ass. Mir stellen awer fest, dass mir nach eng Rei Informatioune brauchen an och eng Rei Négociatiounen. Mir haten effektiv fir Enn Mee eng Réunioun mat de Gemenge festgehalen, well mer nach…

M. le Président.- Här Statssekretär, Dir sidd…

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*.- … wollt ech soen, dass mer déi ofgesot hunn. Gitt eis nach Zäit bis d'grouss Vakanz an dann, wann Der déi Fro da fir d'Drëtt stellt, kritt Der dann eng definitiv Äntwert.

Ech soen Iech Merci.

(Interruption)

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Statssekretär. Déi nächst Fro kënnt vum Marc Angel a betrëfft d'Initiativ vun der Regierung a Saachen ekonomesch Diversifikatioun, méi speziell am Déngscht vum Emploi. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°39 du 5 juin 2014 de M. Marc Angel relative à la stratégie gouvernementale en matière de développement et de diversification économiques en relation avec la lutte contre le chômage au Luxembourg, adressée à Mme la Secrétaire d'État à l'Économie

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir hutt ganz gutt résuméiert, ëm wat meng Fro geet. Madame Statssekretärin Closener, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de leschte Méindeg, de 26. Mee, (veuillez lire: de virleschte Méindeg, de 26. Mee,) huet d'ADEM hire Rapport annuel fir d'Joer 2013 bekannt ginn, e ganz interessante Rapport. Ech kann de Kolleeginnen a Kolleegen nëmme recommandéieren, sech deen unzekucken, an ech wëll och hei dem Minister Schmit an all senge Mat-

aarbechter vun der ADEM Merci soe fir dee Rapport, awer och fir déi vill Efforten, déi an deene leschte Jore gemaach gi sinn, fir d'ADEM ze reforméieren.

Niewent dem Chômagetaux, dee bei eppes iwwer 6% läit, weist dëse Rapport kloer op e Lëtzebuerger Paradox hin, esou wéi dat och am „PaperJam" an der Onlineausgab vum 27. Juni (veuillez lire: 27. Mee) titréiert ginn ass: «Le chômage - un paradoxe luxembourgeois».

Esou sinn tëschent 2010 an 2013 eng ronn 24.500 Aarbechtsplaze geschafe ginn. Eleng am Joer 2013 waren dat 6.207 - plus 1,7% - nei Posten. Och dem Statec seng rezent Previsiounen iwwert de wirtschaftleche Wuesstum hei zu Lëtzebuerg sinn éischter positiv, an dat freet eis all, a se leien tëschent 3% bis 3,5% fir déi Joren 2014 an 2015 an deiten also domadder kloer op eng Reprise hin, an och dat freet eis alleguer.

De Wirtschaftsministère, an dat wësse mir och, huet an deene leschte Joren enorm Efforte gemaach a puncto Diversifizéierung vun onser Ekonomie an och e puer Clusteren entwéckelt, wéi zum Beispill am Beräich Logistik, ICT, Bio an Ekotechnologien. A mir wëssen och, dass an deene leschte Joren am Ministère vun de Classes moyennes an och elo am Ekonomieministère dat weidergeet, ganz vill Efforte gemaach gi sinn a weider gemaach gi fir d'Entwécklung vum Handel a vun de mëttelstännesche Betriber.

Fir d'LSAP ass et also ganz wichteg, dass an dësem Kader déi Efforten, déi um wirtschaftleche Plang gemaach ginn,…

M. le Président.- Här Angel, Dir misst elo zur Fro kommen.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- D'Fro kënnt.

(Brouhaha général et hilarité)

…dass déi Efforten, déi um wirtschaftleche Plang gemaach ginn, och deene Leit zegutt kommen hei am Land, déi keng Aarbecht fannen, qualifizéierter a manner qualifizéierter.

An elo kënnt d'Fro, Här President.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Dofir, well ech elo e bëssen eng Erklärung hu misse ginn, wëll ech d'Statssekretärin vum Wirtschaftsministère froen, inwiefern respektiv a wéi enge Moossen déi wirtschaftlech Entwécklungsziler mat der Bekämpfung vum Chômage koordinéiert ginn.

Villmools Merci, Här President.

M. le Président.- Merci och dem Här Angel. Déi nächste Kéier fält… Dir wësst, wat ech mengen.

(Interruptions)

An elo huet d'Wuert d'Madame Statssekretärin aus der Ekonomie, fir déi den Här Angel den Terrain scho gutt virbereet huet.

(Hilarité et interruptions)

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie*.- Här President, erlaabt mer, ier ech am Detail op dem honorabelen Deputéierte Marc Angel seng Fro aginn, just kuerz e puer Wuert zum Kontext ze soen. Dës Regierung huet sech jo dräi Prioritéite ginn, sech eng ganz Rei vu Prioritéite ginn, mä dräi dovunner kommen hei zum Droen: éischtens méi Wirtschaftswuesstum schafen, zweetens Chômage bekämpfen an drëttens als Ministèren och ressortiwwergräifend schaffen.

Dat ass de Kader, an deem dem Wirtschaftsministère seng Efforten dorobber konzentréiert sinn, fir engersäits nei Betriber op Lëtzebuerg ze kréien an anerersäits deene Betriber, déi schonn hei sinn, dobäi ze hëllefen, fir nohalteg ze wuessen, dat alles natierlech och an der Optik net nëmmen, fir nei Aarbechtsplazen ze schafen, mä och, fir deene Leit, déi bei der ADEM agedroe sinn, berufflech Perspektiven ze bidden.

De Chômagetaux louch am Abrëll bei 7%. 18.000 Leit sinn als Demandeur d'emploi ageschriwwen, mä gläichzäiteg goufen iwwert déi lescht zwielef Méint net manner wéi 9.200 Aarbechtsplaze geschafen. An déi lescht Zuele weisen och, datt et a puncto Création d'emplois queesch duerch all Branchë biergop geet. Eis Wirtschaft wiisst also, mä trotzdeem geet de Chômage net zréck, nach net zréck. Dee Paradox, vun deem den Här Angel geschwat huet, bleift nach leider bestoen.

Ech wéilt duerfir kuerz op déi verschidden Aktiounen agoen, wéi mer Ekonomie an ADEM matenee verbannen, wat scho gemaach gouf a wat mer am Moment nach amgaang sinn ze maachen, wat mer kënne besser maachen.

Déi éischt Handhab, déi de Wirtschaftsministère huet an déi jo scho jorelaang applizéiert ass, dat sinn d'Subsiden, déi d'Betriber vum Stat kënne kréien, wa se investéieren. All Betrib, deen esou eng finanziell Hëllef kritt, ënnerschreift eng Konventioun, wou drasteet, datt hie mat der ADEM muss zesummeschaffen. An där Kommissioun, déi iwwert d'Subsiden décidéiert, sëtzt ee Vertrieder vun der ADEM, deen also weess, wat fir eng Betriber Hëllefe kréien an also och fir d'ADEM kënnen interessant sinn.

Domadder ass et awer net gedoen. Et muss een nämlech d'Betriber méi aktiv démarchéieren. Et ass genee dat, wat mer elo maachen. Mir maachen dat elo systematesch: Bei de Kontakter, déi mer mat den Entreprisen hunn, déi wëllen ausbauen oder sech iwwerhaapt emol nidderloossen, verweise mir si beim Rekrutement vun de Leit systematesch an ëmmer erëm op d'ADEM, déi jo geziilt Leit fir bestëmmt Poste formëiert, sur mesure, a se dann un de Betrib vermëttelt.

Et ginn eng ganz Rei Entreprisen, déi dobäi matmaachen, och grousser, Euro-Composites zum Beispill, de Pall Center, Burger King, International Can, Ampacet. Do geet et schlussendlech ëm Honnerte vun Aarbechtsplazen.

Dann hu mer awer och zënter Mäerz vun dësem Joer d'ADEM an eng aner Kommissioun agebonnen, an déi sougenannt „Commission grandes surfaces". Och do ass elo ëmmer ee Vertrieder vun der ADEM derbäi, deen also iwwert dee Wee fréizäiteg gewuer gëtt, wéi eng grande Surfaces sech wou a wéini installéieren. Et ass mir ganz besonnesch wichteg, datt déi Informatiounen do fléissen, well dat jo och e Beräich ass, am Commerce, wou ganz vill manner qualifizéiert Leit agestallt ginn, an der Vente, an de Keesen, am Lager an esou virun.

D'lescht Woch krut zum Beispill e grousse Commerce zu Iechternach, de Bau- a Geschäftszenter, d'Autorisatioun, op knapp 10.000 m² auszebauen. Do sollen ëm déi 250 nei Aarbechtsplazen entstoen. Dat ass eng Geleeënheet, déi et op alle Fall gëllt ze notzen.

Eng aner Initiativ vum Aarbechtsminister Nicolas Schmit a vu mir leeft direkt no der Péngschtvakanz un. Mir maachen zesumme mat de Consultantë vun der ADEM de Point, wéi eng Secteuren de Wirtschaftsministère développéiert a wéi eng Zort Plazen do entstinn. Dir hutt et ugeschwat, e gutt Beispill ass natierlech d'Logistik. Mir erwaarden eis à moyen terme tëschent 3.000 a 5.000 nei Aarbechtsplazen. Eleng um fréiere Site vun der WSA sollen eng dausend Aarbechtsplazen entstoen, wann d'Gebaier da bis all fäerdeg sinn.

Mä och Eko- a Biotech musse besser vernetzt ginn, genee wéi den ICT-Secteur, wou den Ament 4% vun de Salariéë schaffen. Mä do ass awer nach ganz, ganz vill Potenzial. Dat ass ganz evident. Leider feelt et u qualifizéierte Leit. An duerfir ass et och esou wichteg, datt och d'Zesummenaarbecht tëschent eis an dem Éducatiounsministère leeft, fir datt déi jonk Leit incitéiert ginn, fir déi Beruffer ze studéieren, wou sech d'Zukunft ofspillt, datt se dohinner och orientéiert ginn.

Dat ass och sécher am Handwierk de Fall. Och do läit e grousse Potenzial scho laang, a weiderhi gëtt et e ganz groussen, een immense Besoin u Leit. Och dat ass e Secteur, dee mer am Wirtschaftsministère wëlle pushen. Do spillt natierlech d'Formation professionnelle eng kruzial Roll an do lafen och Gespréicher mam Éducatiounsminister Claude Meisch.

Ofschléissend, Här President: Wirtschaftswuesstum ass sécher kee Selbstzweck. Ee vu sengen Ziler ass d'Erofsetze vum Chômage. D'Reforme vum Aarbechtsminister sinn um allerbeschte Wee. Si droe scho Friichten. Mat him a mam Éducatiounsminister schaffe mir am Wirtschaftsministère all Dag un deem Zil.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Closener. Déi nächst Fro kënnt vum Här Fernand Kartheiser a betrëfft d'Wahlgesetz, méi prezis de Respekt vum Artikel 8 Paragraph (3) c) a vum Artikel 9. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

- Question n°40 du 4 juin 2014 de M. Fernand Kartheiser relative à la loi électorale, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Merci, Här President. Elo hutt Der mer schonn e gudden Deel vun der Fro ofgeholl.

M. le Président.- Ma, da kënnt Der jo elo méi kuerz sinn.

(Hilarité)

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Elo kann ech meng zwou Minutte voll ausnotzen. Ech wollt den Här Minister da froen, well mer a verschiddene Länner, notamment an Däitschland, eng Diskussioun haten iwwert déi korrekt Applikatioun vum Wahlgesetz, fir datt keen zweemol ka wielen a verschiddene Länner bei den Europawahlen, wéi d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg ass.

Et gëtt natierlech verschidde Cas de figure. Et gëtt och eng Prozedur, déi an deem Artikel 9 virgesinn ass, dat heescht, datt d'Buergermeeschtere vun deene verschiddene Gemengen normalerweis eng Lëscht vun deene Persounen, déi betraff sinn, also déi Auslänner, déi sech ageschriwwen hunn, un den Ausseministère schécken, deen dat da soll ofgläiche mat anere Länner.

Wéi fonctionnéiert dat an der Praxis? Ass dat eng effikass Prozedur? Kann doduerch verhënnert ginn, kommen och Äntwerte vum Ausland, datt Leit zweemol wielen?

Et gëtt natierlech och nach aner Kategorien. Et gëtt zum engen déi Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen a vläicht do wielen. Et gëtt dann déi Leit, déi Auslänner, déi hei wiele wëllen a sech hei ageschriwwen hunn op de Wahllëschten; ebe fir ze kucken, datt déi net zweemol kënne wielen, hei an an hirem Pays d'origine, vun deem se jo d'Nationalitéit hunn, also och am Prinzip wahlberechtegt wären.

An da gëtt et och nach de Fall vun der duebeler Nationalitéit. Elo ass et natierlech esou bei der duebeler Nationalitéit, huelen ech un, datt d'Gemengen dann net kucken, ob déi nach eng aner Nationalitéit hunn, fir dann ze iwwerpréiwen, ob déi och an engem anere Land wielen, oder wéi gëtt dat an der Praxis gehandhabt?

U sech ass dann d'Fro ganz einfach, Här Minister: Déi Prozeduren, déi mir elo hunn, éischtens, fonctionnéiere se? Zweetens, si se effikass? Dat heescht, gëtt et wierklech Leit, déi eventuell dann net méi kënnen hei wiele goen? An drëttens: Mengt Der net, datt à la lumière awer och vun deem, wat am Ausland verschiddentlech geschitt ass, déi Prozeduren oder den Ofgläich mat anere Länner misste besser geregelt ginn oder méi staark geregelt ginn, fir en eventuelle Mëssbrauch vum Wahlgesetz an deem Sënn ze verhënneren, datt Leit op verschiddene Plaze kënnen eng Stëmm ofginn an doduerch géigeniwwer aneren da bevirdeelegt wären?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet den Här Innenminister, den Här Dan Kersch.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt emol muss ech soen, dass déi Fro, déi hei gestallt ginn ass, eng ganz pertinent Fro ass. Iwwregens huet den Deputéierte Serge Urbany eng ähnlech Fro gestallt, déi an déi nämlecht Richtung ziilt. Ech wollt dat awer fairerweis hei och nach eng Kéier ervirsträichen, a selbstverständlech kritt hien och en due forme eng Äntwert op seng Fro, souwäit wéi eis dat méiglech ass.

D'Fro ass un den Innenminister gestallt. Si kéint och un de Ministre des Affaires étrangères gestallt sinn oder och un de Statsminister, well et jo awer hei eng kompetenziwwerschreidend (veuillez lire: eng kompetenziwwergräifend) Responsabilitéit gëtt.

Ech wollt awer soen, dass mer virun allem am Moment net kënnen notracéieren, wéi vill Leit effektiv vun der Problematik hei betraff wären. Dofir brauche mer e bëssen Zäit. Mir brauchen eng Analys, déi mer bei de Gemenge wäerte maachen. Dat ass jo och dat, wat den Här Urbany a senger Fro méi konkret a méi prezis och gefrot huet. Do probéiere mer, esou gutt wéi méiglech drop ze äntwerten.

Den Här Kartheiser huet et gesot, effektiv gëtt et dräi Kategorien, déi een esou kann heimat zesummefaassen: engersäits d'EU-Auslänner, déi zu Lëtzebuerg wunnen, awer och Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, an drëttens déi Leit mat der duebeler Nationalitéit.

An ech wéilt vläicht eng ganz kloer Äntwert ginn op seng lescht Fro: Neen, et gëtt keng konkret Prozeduren, an et gëtt och keng Sécherheet virun allem an deene Prozeduren, déi mer am Moment hunn, fir ze verhënneren (veuillez lire: fir sécherzestellen), dass dat, wat u sech vum Gesetz verlaangt ass, dass d'Leit nëmmen eemol dierfe wielen, dass dat och ka ganz konkret kontrolléiert ginn.

Et ass also néideg, dass dat nach eng Kéier ganz iwwerkuckt gëtt. An et ass och néideg, dass mer dat am Kader och vun der Kommissioun nach eng Kéier uschwätzen. Ech mengen, mir sinn net dat eenzegt Land, wat mat dëser Problematik hei befaasst ass. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer och hei dat doten a méi engem grousse Kader nach eng Kéier wäerten nei diskutéieren.

Ech kann awer hei soen, dass selbstverständlech probéiert ginn ass, esou wäit wéi méiglech dem Gesetz Genüge ze doen. Dat heescht, esou séier wéi mer Informatioune kritt hunn aus anere Länner, déi iwwert d'Affaires extérieures da selbstverständlech erakomm si bei eis, sinn déi Informatiounen dann och weidergi ginn un d'Gemengen. Allerdéngs waren déi Délaien, dat muss een zouginn, immens kuerz. An do hate mer Problemer mat Leit, déi dovun ausgaange sinn, dass se kéinte wielen, an déi dann awer net konnten zougelooss ginn eben duerch déi Problematik, déi mer hei elo schonn ugeschwat hunn.

Ech wëll och soen, dass mer och nach detektéiert hunn, dass et eng Rei Leit gëtt, déi virun 20, 25 Joer op enger Uni waren, sech deemools agedroen haten an de Wahllëschten am Ausland an déi ni d'Prozedure gemaach hunn, fir sech dann erëm ofzemellen am Ausland. An déi natierlech falen ënnert déi Incapabilitéit, esou dass se dann net dierften hei zu Lëtzebuerg wielen. Déi woussten dat zum Deel guer net vun där Problematik a sinn dann nach ganz kuerzfristeg domadder befaasst ginn. Dat ass problematesch. Do musse mer wierklech kucken, dass mer nei Léisunge fannen. An deem Sënn ass déi Fro vum Deputéierte Kartheiser hei och méi wéi berechtegt gewiescht.

Méi kann ech zu dësem Moment net soen. Mir sinn amgaangen, dat mat de Gemengen zesummen, well et si jo déi, déi d'Wahllëschte féieren, ze kucken, wéi mer dat kënne besser regléieren an Zukunft. De Problem ass erkannt, mä d'Léisung ass nach net parat.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Innenminister. Déi nächst Fro kënnt vum Här Henri Kox, betrëfft de Programm „BeeFirst" a riicht sech un de Landwirtschaftsminister. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°41 du 4 juin 2014 de M. Henri Kox relative au programme de recherche BeeFirst, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Jo, Merci. Dann direkt zu der Erklärung. „BeeFirst", do gëtt ëmmer gefrot, den englesche Begréff ass hei geholl ginn: Wat ass dat? Dat ass soss näischt aneschters wéi „d'Beie fir d'Éischt". Et ass eng Studie, déi am Optrag vun dem Agrarministère gemaach gëtt. An et ass de Gabriel Lippmann, deen déi duerchféiert.

Wat huet déi Studie zum Objet? D'Interaktioun tëschent de landwirtschaftleche Strukturen an der Gesondheet vun de Beien.

Dir wësst alleguerten, dass d'Beien net grad e flott Liewe momentan hunn, dass vill Vëlker an de leschte Jore gestuerwe sinn. An ech brauch och net onbedéngt iwwert d'Wichtegkeet vun de Beien ze schwätzen - ech mengen, et sinn der e puer heibannen, déi och mat Uebst schaffen -, an dass se eng ganz wichteg Roll hu bei der Bestäubung. An dofir ass et ganz wichteg, dass mer déi och schützen.

Ech wollt Iech dofir véier konkret Froe stellen: Wéi ee Bilan zitt Der aus där dräijähreger Etüd elo? Wann dee Bilan positiv oder och nach negativ ass, wëllt Der dee Projet weiderféieren? Wa jo, wéi vill Moyene stellt Der zur Verfügung, fir dee Projet weiderzeféieren?

An dann awer eng véiert Fro, déi awer pertinent ass fir mech, an net nëmme fir mech: An där Opstellung, déi momentan gemaach gëtt, do ginn d'Réckstänn net esou nogekuckt. D'Pestizide ginn net an deem Mooss kontrolléiert, esou dass, wann een déi Etüd elo wëllt weiderféieren, dass een awer och dann e Bilan zitt, inwiefern ee Pestizideréckstänn an deem ganze Monitoring, der Kontrolléierung vun de Beiestäck respektiv hire Produkter, dem Hunneg, da fënnt.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kox. An ech gesinn, dass de Landwirtschaftsminister, den Här Fernand Etgen, um Wee ass fir op d'Tribün. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*.- Merci, Här President. Merci dem Kolleeg Henri Kox fir déi interessant Fro. De Fuerschungsprojet „BeeFirst" huet dräi grouss Deeler: éischtens d'Analys vum Effekt vun den imkerleche Praktiken op d'Iwwerliewe vun de Beien. Do gëtt all Joers mat dem Formulaire fir d'Umelle vun de Beien an der Deklaratioun vun de Wanterverloschter bei der Veterinärsverwaltung e Questionnaire mat technesche Froen zur Beienhaltung an zu de Varroabehandlungen erausgeschéckt.

Hei gëtt zum Beispill analyséiert, ob et en Zesummenhang gëtt tëschent de verschiddene Varroabehandlungsmethode an dem Iwwerliewe vun de Beien iwwert de Wanter. Well eis

Imker dee Questionnaire ganz gewëssenhaft ausfëllen, hu mer do zu Lëtzebuerg eng exzeptionell gutt Vue iwwert d'Aarbechte vun de Beieleit an den Effekt op d'Iwwerliewe vun de Beievëlker. Dat gëtt et wahrscheinlech a soss kengem europäesche Land, wou normalerweis de Retour vun de Questionnairë vill manner gutt ass.

D'Resultater vun dësen Analyse ginn a goufen de Beieleit regelméisseg virgestallt an och an der Beienzeitung publizéiert. D'Analysen iwwert d'Joren 2011 an 2012 goufen och an enger wëssenschaftlecher Zeitung, dem „Journal of Apicultural Research", publizéiert. Op länger Zäit dierft dat hëllefen, fir sougenannt „best practices" erauszefannen.

Deen zweeten Deel vun der Etüd waren d'Krankheeten an d'Parasiten. Hei goufe Beien aus fënnef verschiddene Beiestänn ënnersicht, fir ze kucken, ob si mat verschiddene Vire belaascht wären. Éischt Resultater goufen an der Beienzeitung virgestallt. Un enger Publikatioun an enger wëssenschaftlecher Zäitschrëft gëtt momentan vum CRP Gabriel Lippmann geschafft.

Drëtten Deel vun der Etüd war d'Landnotzung. Hei gëtt gekuckt, ob et en Zesummenhang tëschent der Landnotzung an dem Iwwerliewe vun de Beie gëtt. Dëst soll zum engen dem Imker hëllefen, fir seng Beien op d'Plazen ze setzen, wou d'Iwwerliewenschancen am beschte sinn. Zum anere soll gepréift ginn, ob verschidde landwirtschaftlech Kulturen oder soss Landschaftselementer wéi Bëscher etc. e positiven oder en negativen Afloss op d'Wanterverloschter bei de Beien hunn.

Och hei hunn d'Fuerscher vum CRP Gabriel Lippmann eng exzeptionell gutt Situatioun fir hir Analys. Zum engen hu si prezis Zuelen iwwert d'Beieverloschter op den eenzelne Beiestänn, vun deene si och genee geografesch Donnéeën hunn. Zum anere krute si Donnéeën iwwer all déi Kulturen, déi op de landwirtschaftleche Parzelle vun de Baueren iwwer hir Flächenerträg gemellt gi sinn. Béid - wuelverstanen anonymiséiert - Informatioune konnten du relativ einfach an engem geografeschen Informatiounssystem zesummegestallt an analyséiert ginn. Informatiounen aus anere Quellen, wéi déi net landwirtschaftlech Flächen, sinn och hei mat verschafft ginn.

Bei der Analys, déi d'lescht Joer am Hierscht ugelaf ass, sinn elo interessant a spannend Korrelatiounen erausfonnt ginn, déi awer nach mussen iwwerpréift ginn. Et ass dofir nach ze fréi, fir hei weider Detailer ze ginn. Bei esou Korrelatiounen ass natierlech ëmmer d'Fro, ob et do wierklech e kausalen Zesummenhang gëtt. Oder ass et vläicht d'Klima oder soss eppes, wat en Afloss op d'Kulturen an op d'Beie kann hunn?

D'Dauer vum Projet ass bis elo vum Mee 2011 bis Enn 2014. De Gesamtkäschtepunkt vum Projet beleeft sech op 346.000 Euro ouni TVA. Et ass de Moment ugeduecht, fir de Projet nach eng Kéier ëm dräi Joer ze verlängeren. Déi genee Fuerschungsaarbechte fir déi nächst dräi Joer wäerten awer eréischt genee festgeluecht ginn, nodeems de CRP säi Bericht heizou agereecht huet, wat viraussiichtlech Mëtt dëses Joers wäert geschéien.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Etgen. Déi nächst Fro kënnt vum Här Marco Schank a betrëfft d'Verbreedung vun der afrikanescher Schwéngspescht an Europa. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°42 du 5 juin 2014 de M. Marco Schank relative à la propagation de la peste porcine africaine en Europe, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

M. Marco Schank *(CSV).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'afrikanesch Schwéngspescht ass eng Virusinfektioun, déi als ganz geféierlech Kränkt fir Haus- a Wëllschwäi gëllt a géint déi et keen Impfstoff gëtt. Bei héich virulente Virestämm ass d'Mortalitéit no bei 100%.

Am Januar respektiv Februar dëst Joer goufen déi éischt Ausbréch fir dës Zort Schwéngspescht a Litauen an och a Pole festgestallt an domat ass dës héich ustiechend Déierekränkt an der Europäescher Unioun ukomm. Enn Januar hunn och Russland an deelweis och d'Schwäiz dowéinst den Import vu Schwéngefleesch aus der EU gestoppt, wat dem Secteur natierlech och wéideet. D'Baueren, déi bei eis Schwäin halen, fäerten, datt déi Kränkt kéint ageschleeft ginn. An och wann dat am Moment vläicht net esou akut schéngt, kann et op eemol zum Beispill duerch Tourismus ganz séier goen.

Mir gëtt gesot, datt en Defizit bei der Sensibiliséierung an Informatioun vusäite vum Stat géif bestoen. An ëmmer erëm gëtt och vun de Baueren déi Problematik vun de Véitransporter ernimmt an ebe vun dem Transport a respektiv aus osteuropäesche Länner, an datt zum Beispill d'Kontrolle missten intensivéiert ginn.

Meng Froen deemno un den Här Landwirtschaftsminister: Éischtens, wat mécht d'EU, fir d'Aschleefung vun der afrikanescher Schwéngspescht verstäerkt an Europa ze verhënneren, an déi aner Memberlänner, och Lëtzebuerg, mat selbstverständlech katastrophalen ekonomeschen Auswierkunge fir de Secteur?

Zweetens, wat mécht Lëtzebuerg, fir d'Baueren, awer och d'Jeeër fir déi Problematik ze sensibiliséiere via Informatiounsfichen, Réunioune respektiv Sensibiliséierung fir d'Anhale vun den Hygienevirschrëfte bei der Schwéngshaltung?

Drëttens huet den Direkter vun der Natur- a Bëschverwaltung de leschte Sonndeg um Kongress vun de Jeeër gesot, et misste verstäerkt Schwäin och geschoss ginn, fir d'Wëlddicht erofzesetzen, an an deem Kontext wieren d'Centres de ramassage ze renovéieren, do géifen awer Sue feelen.

Dofir meng Fro insgesamt: Ass d'Regierung amgaange respektiv wëllt se entspriechend preventiv Moossnamen ergräifen?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Schank. An d'Wuert huet erëm de Landwirtschaftsminister.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Merci, Här President. Merci och dem Kolleeg Marco Schank fir déi Fro iwwert déi afrikanesch Schwéngspescht, déi en fait esou heescht, mä awer en fait aus Osteuropa kënnt.

Ufanks vun dësem Joer sinn effektiv véier Fäll vun der afrikanescher Schwéngspescht an Europa detektéiert ginn, zwee a Litauen an zwee a Polen, also no un der Grenz mat Wäissrussland. Déi zwee Länner hunn doropshin hir Surveillance verstäerkt. Ech mengen, et ass och eng Fro, déi op engem europäesche Conseil diskutéiert ginn ass. Ech mengen, trotz dëser verstäerkter Surveillance ass awer keen neie Fall entdeckt ginn, bis déi lescht Woch, wou nees zwee Fäll a Polen detektéiert gi sinn. An nees eng Kéier ganz no bei der Grenz vu Wäissrussland.

Dat deit drop hin, datt sech d'Krankheet awer haaptsächlech a Wäissrussland verbreet huet an nëmme geleeëntlech iwwert d'Grenz a Polen erakënnt. Souwuel Polen wéi och Litauen hunn entspriechend Mesurë getraff, fir ze verhënneren, datt sech de Virus weiderverbreet. Ech mengen, och wann de Moment keng aktuell Gefor hei zu Lëtzebuerg besteet, esou huet eis Veterinärverwaltung d'Situatioun am A, fir kënne schnell ze reagéieren, wann d'Epidemie sech géif ausbreeden. Ech mengen, eis Servicer vun der Veterinärverwaltung sinn natierlech och a ganz enkem Kontakt mat der Naturschutzverwaltung, fir eben einfach ze kucken, datt d'Wëllschwäibestänn, wéi de Froesteller et richteg gesot huet, grad zu dësem Moment solle kleng gehale ginn.

Zum Schluss sief och nach betount, datt de Virus eenzeg an eleng beim Wëll- a beim Hausschwäin aktiv ka ginn an datt dëse Virus keng Gefor fir de Mënsch bedeit.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Fernand Etgen. Déi nächst Fro kënnt vum Här Alexander Krieps, betrëfft d'Aktualiséierung vun den Tester bei Neigebuerenen a riicht sech un d'Madame Gesondheetsminister. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°43 du 4 juin 2014 de M. Alexander Krieps relative à l'actualisation des tests néonataux, adressée à Mme la Ministre de la Santé

M. Alexander Krieps *(DP).*- Merci, Här President. Ech wollt Iech fir d'Éischt nach den Original vu menger Fro eraginn, well meng Fraktioun huet esou eng Sudokusfro eraginn, déi mat Carréë besat ass, déi net ze liese sinn. Dat gesot…

(M. Alexander Krieps dépose un document.)

M. le Président.- Ech gesinn, Här Krieps, si huet Iech och „Alexandre" vernannt.

M. Alexander Krieps *(DP).*- Ech si gutt organisiert, jo, ech si gutt organiséiert. Merci, Här President.

Meng Fro betrëfft am Fong net e Problem vun Eugénismus, dat heescht, dass mer d'Mënsche solle verbesseren, net dass herno, wéi de Rostand virum Krich scho gesot huet, d'Schwäin méi gescheit si wéi d'Mënschen. Dat ass net de Fong vun der Fro. De Fong vun der Fro ass: Mir hu perinatal Tester, déi entweder bei der Gebuert oder virun der Gebuert oder virun der Implantatioun virgeholl ginn - dat ass e largë Sujet, dat wär eng Kéier en Débat hei an der Chamber wäert - duerch déi modern Techniken.

Mir hunn haut an der Genetik - meeschtens sinn et genetesch Problemer - extrem performant Tester. Net all Labo ass natierlech capabel, déi ze maachen. An Amerika ginn 29 Konditiounen dépistéiert am neonatale Beräich. Mir hu momentan, laut deene leschten Donnéeë vun dem Ministère vun der Santé, déi ech konnt opdreiwen, véier Konditiounen, déi dépistéiert ginn. Mir hunn och e Conseil national vun der Genetik, vum Screening néonatal. Also, dat besteet alles.

Mä meng Fro ass: Ons Populatioun ännert, mir hunn ëmmer méi Leit, déi aus Afrika kommen, anere Länner, déi aner Krankheeten, genetescher, hunn. Bescht Beispill ass d'„sickle cell disease", also d'Hämoglobin S, an dann aner Konditiounen, op déi ech zréckkommen.

De Mann, deen den DNA entschlësselt huet, den James Watson, dee krut vu senge Schüler e CD mat sengem Genom. Haut kascht e Genom 1.000 Dollar, fir dat ze bestëmmen. Deen hat véier genetesch Krankheeten, dovunner zwou, déi en net hätt missen iwwerliewen. De Mann ass haut 85 oder 86 Joer al. An e krut den Nobelpräis. Mä ech mengen, mir hunn 3% bis 4% vun all de Grossessen, déi Komplikatiounen hunn an där Hisiicht. Hei geet et drëm, fir en Dépistage ze maachen, ier d'Kanner symptomatesch ginn, wat e Virdeel ass.

Dat stellt natierlech, wéi gesot, ethesch, legal, sozial Konditiounen, well nämlech och d'genetesch Tester, egal wéini se virgeholl ginn, Konsequenze kënnen hunn op d'Bestietnis oder Kanner-hunn oder Grossessë virun…

M. le Président.- Här Krieps,…

M. Alexander Krieps *(DP).*- Jo?

M. le Président.- …ech fäerten, d'Zäit leeft lech fort!

M. Alexander Krieps *(DP).*- Neen, d'Zäit leeft mer fort, mä ech wollt der Madame Gesondheetsministerin d'Fro stellen, ob mer an onser Lëscht net solle bäisetzen d'Drépanocytose, d'Mucoviscidose an d'Bêta-thalassémie.

Dat ass am Fong de Sënn vu menger Fro gewiescht. De Rescht soen ech eng aner Kéier.

Merci villmools.

(Hilarité générale)

M. le Président.- Elo hat Der Chance, dass ech Iech drop higewisen hunn, Här Krieps, soss hätt Der d'Fro net kënne stellen.

(Interruption)

D'Madame Gesondheetsminister huet d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- Merci, Här President. Dir hat zum richtege Moment opgehalen. Bon, ech wollt och dem honorabelen Här Krieps Merci fir seng Fro soen, déi mer als Éischt emol d'Méiglechkeet gëtt, fir hei op dëser Plaz ze soen, dass mir schonn zënter 1968 en nationale Programme de dépistage néonatal hunn. Dat ass, wéi Der Iech kënnt virstellen, nach laang net an all Land esou. A mir sinn och dofir ganz stolz dorop, dass mer dat hunn.

Den Här Krieps huet ganz kuerz hei de Screening ugeschwat, wat net elo den Haaptobjet vu senger Fro ass, mä et sollt een awer och hei rappeléieren, dass dee Screening bei allen Nouveau-néen hei zu Lëtzebuerg gemaach gëtt, fir eng ganz précoce Identifikatioun ze maache vu bestëmmte Pathologien, déi kënne grav Suitë fir d'Gesondheet vum Puppelchen hunn. Et ginn also Prélèvementer bei deene Klenge gemaach, an et gëtt och e Suivi gemaach vun de Kanner an och vun hire Familljen.

À la base ginn déi Tester emol just gemaach - oder „just" tëschent Guillemeten -, fir d'Déficience auditive a fir véier Maladies métaboliques rares ze detektéieren. Dat sinn elo keng genetesch Tester, iwwert déi den Här Krieps sech jo wëllt informéieren, mä et sinn eigentlech spezifesch audiometresch Tester an och biochemesch Tester, déi déi Pathologië kënnen detektéieren. An dat ass och ganz, ganz wichteg, well dee Screening bestëmmt awer doriwwer, ob ganz fréi kënne Précautioune geholl ginn, fir dass déi Detektioun kann dozou féieren, dass déi Krankheete keen esou schwéiere Verlaf hunn.

Dee Screening gëtt iwwregens organiséiert vum Ministère de la Santé an Zesummenaarbecht mam LNS, awer an enker Zesummenaarbecht mat de Maternitéen, mat de Pädiateren, no ganz strikte Kritären, an déi si festgeluecht vun der OMS zënter 1968, vun do un hu mir och dee Programm, a se si reviséiert ginn 2007.

Wat déi genetesch Tester ubelaangt, esou ginn déi am Fong gemaach schonn ier d'Symptomatiken optauchen, wann d'Diagnostik esou ass, dass wierklech d'Gefor besteet, dass mussen zousätzlech Analyse gemaach ginn, fir dass déi physesch a mental Entwécklung vum Puppelchen net an déi falsch Bunne geréit. An do ass et méiglech, nodréiglech Tester ze maachen, genetesch Tester, fir zousätzlech zu deene Pathologien, déi ech genannt hunn, metabolesch Krankheeten ze detektéieren, Kriibskrankheeten, Muskelkrankheeten, neurologesch a Bluttkrankheeten.

An do wëll ech och soen, un d'Adress vun deenen Elteren, déi da vläicht direkt soen: Oh Mamm, oh Mamm, esou sophistiquéiert Saache kënne mir jo guer net maache loossen, well mir kéinten eis dat guer net leeschten; majo, bei engem ganz groussen Deel vun deenen zousätzleche geneteschen Tester, déi gemaach ginn zousätzlech zu deem Screening, deen ech d'éinescht hei ausgefouert hunn, gëtt et speziell Ofkommesse mat der CNS, déi eng zum gréissten Deel honnertprozenteg Prise en charge dovunner mécht.

Derbäi kommen och nach genetesch Tester, déi zum Beispill kënnen um ADN virgeholl ginn, wann et zum Beispill drëms geet, fir eng Recherche de paternité ze maachen. Dat ass awer eng Ordonnance vum Geriicht, déi muss kommen, well da kann een zousätzlech Informatioune kréien iwwert d'Originë vum Puppelchen. An déi genetesch Tester kënnen och ganz wichteg sinn, fir e spéidere Krankheetsverlaf ze antizipéieren.

Ech hoffen elo, dass déi dräi Krankheeten, déi den Här Krieps zum Schluss genannt huet, ënner ee vun deenen Departementer falen, déi ech elo hei genannt hunn, soss muss ech do awer nach zousätzlech Enquêtë maache goe mat menge Servicer.

Ech wollt awer och ofschléissend nach soen, dass souwuel wat de Screening ugeet wéi och wat d'Poursuite diagnostique ubelaangt, wann déi Tester positiv sinn, dass déi nëmme méiglech ginn, well mer eng ganz, ganz gutt Zesummenaarbecht hunn an e ganz groussen Engagement vun de Pädiateren, vun den Obstetriker, Hiewammen, Infirmieren oder och eng ganz gutt Kollaboratioun mat der Division de biochimie am LNS, wou eng ganz motivéiert, engagéiert an disponibel Équipe ass.

Bon, wat den ethesche Volet ugeet,…

M. le Président.- Madame Minister, Dir misst zum Schluss kommen.

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- Wat den ethesche Volet ugeet, esou ginn ech dem Här Krieps komplett recht, do musse mer dauernd d'Protection des données an de Schutz vum Bierger am Hannerkapp behalen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Mutsch. Déi nächst Fro kënnt vum Här Justin Turpel a betrëfft den Impakt op de Budget vun där méi spéit erfalender Indextranche, well d'Inflatioun méi niddreg ass. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°44 du 5 juin 2014 de M. Justin Turpel relative aux incidences sur le budget de l'État du report en mars 2015 de la tranche indiciaire prévue en octobre 2014, adressée à M. le Ministre des Finances

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Dir hutt d'Fro scho bal ganz gestallt. D'Fro ass kuerz an einfach. Mir gouf gëschter vum Wirtschaftsminister bestätegt, datt mat allergréisster Wahrscheinlechkeet dëst Joer ebe keng Indextranche méi erfält; méiglecherweis am Mäerz d'nächst Joer.

An ech wéisst gär vum Finanzminister, wéi eng Incidencen datt dat op d'Recettë respektiv op d'Dépensen huet. Dat heescht: Wat sinn déi Artikelen, wou mer da manner mussen ausginn? A wat sinn déi Artikelen, wou mer doduerjer dëst Joer manner erakréien? A wat mécht dat insgesamt aus? Ech wier frou, wa mer dat kéinte gewuer ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. D'Wuert huet de Finanzminister, den Här Gramegna.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre Deputéiert, dat ass effektiv eng interessant a wichteg Fro, déi den Deputéierten Turpel hei stellt.

Et ass esou, dass mer effektiv an enger Phas sinn, wou d'Inflatioun ganz staark erofgeet, an enger Mooss, déi mer och säit ganz laanger Zäit net kannt hunn. Dat ass fir Lëtzebuerg u sech eng relativ gutt Noriicht, well mer an de

leschten zéng bis zwielef Joer leider eng Inflatioun haten zu Lëtzebuerg, déi méi héich war wéi d'Moyenne vun der EU a méi héich wéi an der Eurozon, wat natierlech och d'Indexproblematik nach méi verschäerft huet.

Doduerch, dass d'Inflatioun elo staark erofgeet, an zwar ënnert den 2%-Seuil, deen d'Europäesch Zentralbank sech gesat huet, komme mer op eng prolongéiert Aart a Weis an eng nei Situatioun eran.

Dir wësst och, dass haut sech d'Europäesch Zentralbank doriwwer zesummefënnt, well déi Situatioun vun enger relativ niddreger Inflatioun riskéiert, eng gewëssen Zäit ze daueren, esou dass also den Impakt vun enger niddreger Inflatioun effektiv kéint a kann a soll am Budget gemooss ginn. Mir hunn elo préliminaire Calcule gemaach op Basis vun Ärer Fro, an ech maachen elo hei natierlech eng approximativ Äntwert, well dat ass, loosse mer soen, esou eng Moyenne, déi mer ausrechnen.

Also, den Impakt op d'Dépensë vum Stat wäert sinn, wann alles elo antrëfft wéi virgesinn, dass mer ongeféier 35 Milliounen Euro manner wäerten am Joer 2014 ausginn. A wat d'Recetten ubelaangt, do huet dat natierlech och en Impakt, an zwar wäerten d'Recetten ongeféier an dësem Joer ëm 20 Milliounen erofgoen. Mä déi 20 Millioune sinn nëmme gerechent op der Lounmass. Op deenen anere Saachen ass dat vill méi schwéier auszerechnen. An och op der Lounmass hu mer do net den Impakt vum Barème gerechent, well dat och ganz schwéier auszerechnen ass.

Dat heescht, mat deene provisoreschen Zifferen, déi ech Iech elo kann hei soen, ass den Impakt vun enger Reduktioun vun den Dépensë vum Stat 35 Milliounen an d'Reduktioun vun de Recetten 20 Milliounen, woubäi ee wéi gesot muss an Erënnerung behalen, dass do den Impakt vum Barème net matagerechent ass.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Finanzminister. Déi nächst Fro kënnt vum Här Max Hahn, betrëfft d'Variant vum Finanzement fir déi nei Kasär vun de Services de secours a riicht sech un den Innenminister. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°45 du 4 juin 2014 de M. Max Hahn relative au modèle de financement retenu pour la construction d'une nouvelle caserne pour les services de secours au Ban de Gasperich, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

M. Max Hahn *(DP)*.- Merci, Här President. Och Merci, dass Der meng Fro net ganz scho virbruecht hutt, sou dass ech dat selwer ka maachen.

(Hilarité générale)

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Dat ass awer net schlecht, dat do!

M. Max Hahn *(DP)*.- Dir Dammen…

M. le Président.- Et war didaktesch gemengt, fir ze weisen, wéi kuerz een eng Fro ka formuléieren, Här Hahn.

(Hilarité générale)

M. Max Hahn *(DP)*.- Exzellent! Exzellent! Dir Dammen an Dir Häre, gëschter hu mir hei am Haus no bal 20 Joer Diskussioune fir de Projet Tram gestëmmt. Genausou laang gëtt schonn iwwer en anere Projet diskutéiert: iwwert de Projet vum Centre national d'intervention et de secours, also déi nei Kasär um Rond-point Gluck.

Ech brauch heibannen, mengen ech, kengem ze soen, dass de Bau vun där neier Kasär e wichtege Bestanddeel ass vun der Reform vum Rettungswiesen.

An deem Zesummenhang hunn ech dräi Froen un eisen Innenminister: Éischtens a wuel wëssend, dass de Stat net Bauhär ass, wollt ech de Minister froen, wou mir mat dem Projet dru sin, also wéini mer endlech ufänken, an, vill méi wichteg, wéini mer dann endlech mat deem Bau fäerdeg wäerte sinn.

Zweetens wollt ech de Minister froen, ob schonn e Finanzéierungsmodell mat der Stad Lëtzebuerg a mam Stat festgehale gouf.

An drëttens wollt ech froen, wou mer allgemeng mat der Reform vum Rettungswiesen dru wieren.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Hahn. An d'Wuert huet den Innenminister, den Här Dan Kersch.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*.- Merci dem Här Hahn och fir dës Fro, déi mengen ech wierklech d'ganzt Land interesséiert. Ech wëll net hei am Detail agoen op déi Noutstandssituatiounen, déi mer an eenzelnen Deeler vum Land hunn, wat d'Rettungswiesen ugeet. Ech wollt awer d'Geleeënheet benotzen, fir hei eng Kéier ganz haart ze soen, dass d'Regierung décidéiert huet, dass trotz Spuerprogramm dee Programme d'embauche vu professionellen Ambulancieren ebe wéinst där Noutsituatioun wäert weidergoen, dass also do keng Leit deem Spuerzwang do, keng Astellungen deem Spuerzwang géifen ënnerfalen.

Zur konkreter Situatioun vum Centre national d'intervention et de secours Rond-point Gluck - ech mengen, et ass richteg gesot ginn, et ass vill diskutéiert ginn hei am Land, den Architekteconcours geet op d'Joer 2004 zréck - wollt ech just zwou Saache soen. En deelt sech u sech an zwee Deeler: eng Zon 1 mat der Kasär vun de Beruffspompjeeën, der Direktioun vun der Verwaltung vun de Rettungsdéngschter, der Schoul vun de Rettungsdéngschter mat engem Internat, dann d'national Leitstell vum 112, net onwichteg. An dann déi Zon 2 mat den Trainingsanlagen an enger Übungshal, dem Brandhaus an aneren techneschen Installatiounen, fir allméiglech Zorte vun Accidenter kënnen ze simuléieren.

Am Joer 2010 scho gouf eng Konventioun zur Finanzéierung gemaach tëschent dem Stat an der Gemeng Lëtzebuerg, woubäi kloergestallt ginn ass, dass d'Gemeng Lëtzebuerg de Bauhär ass, esou wéi den Här Hahn dat och virdrun hei scho gesot huet. An et war festgehale ginn, dass d'Käschten zu 43% fir de Stat wären an zu 57% fir d'Stad Lëtzebuerg, wat d'Zon 1 ugeet, an dass fir d'Zon 2 100% vum Stat sollten iwwerholl ginn.

Am Dezember 2013 war en Avant-projet détaillé ofgeschloss ginn an de Käschtepunkt louch bei 139 Milliounen. Dovunner kommen 120 Millioune ronn op d'Zon 1 an 19,1 Milliounen op d'Zon 2.

Viru Kuerzem hat ech eng Entrevue mat der Stad Lëtzebuerg, mat der Buergermeeschtesch, der Madame Polfer, mat der zoustänneger Schäffin, der Madame Beissel, a mir sinn eis do, mengen ech, relativ séier eens ginn, dass et elo kee Wäert méi huet, nach laang iwwer Subsiden oder weider Subside vum Stat ze diskutéieren an ze streiden, mä dass et wichteg ass, dass mer de Projet weiderdreiwen, och am Hibléck drop, dass dat dote jo ee vun den Häerzpunkten oder Kärpunkten ass vun der ganzer Reform vun der Administration des Services de Secours an dass et selbstverständlech esou wäert sinn, dass déi finanziell Apporten, déi d'Stad Lëtzebuerg elo beim CNIS mécht, natierlech och herno ugerechent ginn, wa mer an d'Phas komme vun engem Établissement public, wat d'Organisatioun vun de Services de secours géif ugoen.

An da si mer da beim zweeten Deel vun der Fro vum Här Hahn. Selbstverständlech hu mer weidergeschafft opgrond vun där Viraarbecht, déi geleescht ginn ass vum viregten Innenminister, an där, mengen ech, eng ganz Rei vun interessante Pisten detektéiert sinn, wéi een esou eng Reform kéint ugoen. D'Kärpunkten och dovunner sinn, mengen ech, zréckbehale ginn a fannen och allgemenge Konsens. Dat heescht also, éischtens, eng Fusioun vu Pompjees- a Rettungswiesen allgemeng um nationalen Niveau an, zweetens, och mëttelfristeg eng Professionaliséierung oder Semiprofessionaliséierung ustriewen, fir lues a lues d'Qualitéit vun dem Rettungswiesen insgesamt ze verbesseren.

Den Usproch sollt dee sinn, an ech wëll dat eng Kéier kloer hei soen, fir déi Qualitéit landeswäit kënnen unzebidden, déi mer och an der Stad Lëtzebuerg elo schonn opgrond vun der Professionaliséierung vun de Rettungsdéngschter hunn, fir déi kënnen unzebidden. Ech wëll awer och genausou kloer soen: Wann een esou eppes ustrieft, da weess een, dass esou eppes net wäert zum Null-Käschtepunkt ze kréie sinn. Wann een dat wëllt realiséieren, da weess een, dass ee Sue brauch, well dat soss net ze maachen ass.

Bis dohinner ware mer eis, mengen ech, alleguerten eens. An elo geet et drëms, d'Detailfroen ze klären, déi am Moment nach net geklärt sinn. Dat heescht nämlech: Wéi wäert d'Finanzéierung vun esou engem zukünftegen Établissement public ausgesinn? Wien ass mat wéi vill Prozent bedeelegt, engersäits de Stat, anerersäits d'Gemengen? Eng éischt Ébauche an eng éischt Virstellung ginn dohin, fir dat selbstverständlech zu engem wierklech équitabele Prozentsaz ze maachen, also 50/50. Dat setzt natierlech dann och viraus, dass et och, wat d'Décisiounsprozeduren ugeet, do esou wäert sinn, dass de Stat fir 50% do Matsproocherecht an och d'Gemengen zu 50% Matsproocherecht wäerte kréien.

An et muss natierlech nach eng aner Fro gekläert ginn, dat ass déi vun de Responsabilitéiten um Terrain. Wéi ass d'Responsabilitéit vum Buergermeeschter engagéiert? A virun allem och: Wien huet während engem Asaz dann d'Befehlsgewalt iwwert den Asaz?

Alles dat si Froen, déi mer nach musse mat allen Acteuren zesumme klären. A wann ech soen „all Acteuren", da mengen ech se wierklech och alleguerten.

M. le Président.- Här Minister, Dir sidd largement iwwert d'Zäit.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech sinn esou gutt wéi fäerdeg. Ech wollt just nach soen, dass mer nach wäerte mam Syvicol, mat der Pompjeesfederatioun, mam Ministère de la Santé, dem Comité des sages, der ASS, der LAR an de Gewerkschaften doriwwer diskutéieren.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Innenminister. Déi nächst Fro kënnt vun der Madame Hetto-Gaasch a betrëfft d'Preventioun vu gesellschaftleche Phenomeener wéi dem Burnout.

- Question n°46 du 5 juin 2014 de Mme Françoise Hetto-Gaasch relative à la stratégie de prévention du Gouvernement dans la lutte contre les phénomènes de la société, adressée à Mme la Ministre de la Santé

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV)*.- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Häre, am Regierungsaccord steet am Kader vum Volet Santé, dass d'Preventioun soll verstäerkt ginn. Dëst ass wierklech ausdrécklech ze begréissen. Nieft der Preventioun vu Krankheete wéi Kriibs, wou mer jo ganz gutt Programmer fir den Dépistage vu Broschtkriibs oder och vun Daarmkriibs hunn, geet et awer och ëm d'Preventioun vun de sougenannten „Vollekskränkten" wéi dem Burn-out, dem negative Stress, Depressiounen oder och Häerz- a Kreeslafkrankheeten, fir elo nëmmen dës ze nennen.

Alles dat ass jo ganz dacks eng Reaktioun op Problemer, op Suergen aus dem Alldag, ganz dacks Problemer oder Suergen op der Aarbechtsplaz. An ech denken do un de Mobbing, de Leeschtungsdrock, d'Angscht, seng Plaz ze verléieren oder och effektiv souguer d'Plaz verluer ze hunn. Dat heescht, dat si grouss psychesch Belaaschtungen.

D'Äntwerten, déi een dorobber ka ginn, déi kënne wierklech verschiddenaarteger Natur sinn. Bei eisen däitschen Nopere gi verschidden Aktivitéiten a Mesuren, déi preventiv wierken, wéi zum Beispill de Yoga, och unerkannt an zum Deel souguer rembourséiert.

Iwwregens, Madame Minister, ech erlabe mir elo just eng kleng Parenthèse opzemaachen. Dir hutt mir an Ärer Äntwert op meng Question parlementaire zum Yoga gesot, dass et keng wëssenschaftlech Etüde géife ginn, déi déi positiv Wierkung vum Yoga géife confirméieren. Abee, deem ass net esou!

Et gëtt eleng eng ganz Partie Etüde vum Professer Dr. Michalsen vun der Charité vu Berlin. Ech hunn Iech se matbruecht an ech loossen Iech déi och hei.

(Mme Françoise Hetto-Gaasch dépose une documentation.)

Awer elo zréck bei meng Fro. Ech wéisst gär vun der Regierung, wéi dann elo hir konkret Strategie ausgesäit a Saache Preventioun vu Gesellschaftskränkte wéi negative Stress, Depressiounen, Burn-out oder och nach kardiovaskulär Krankheeten.

Wéi eng Methode wëll se unerkennen? A géif dat eventuell och e Remboursement vu Käschte mat sech bréngen, wëssend, dass ee ganz vill Sue ka spueren, wann ee preventiv agéiert, sech dat och wierklech eppes kaschte léisst, amplaz masseg Zommen an d'Traitementer oder awer och a Krankeschäiner ze investéieren?

Ech soen Iech Merci. An ech loossen de Classeur hei leien, Madame Minister.

M. le Président.- Merci och der Madame Hetto-Gaasch. D'Wuert huet d'Gesondheetsministesch, d'Madame Lydia Mutsch.

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé*.- Merci, Här President. Déi honorabel Madame Hetto huet recht, de Burn-out haut als e Bestanddeel vun engem Phenomeen ze nennen, zu deem ech och géif den Harcèlement moral oder d'Violence op der Aarbecht oder och den Harcèlement sexuel oder discriminatoire ziele mat alle Risiken um psychosoziale Plang, déi do drunnerhänken.

Et gëtt eng ganz Rëtsch vun Etüden. Ech wéilt vläicht eng hei ervirsträichen, déi nach relativ rezent gemaach ginn ass vum CEPS a vun der TNS ILReS, wou ënner anerem Informatiounen opgeschafft ginn, déi ausweisen, dass den Absentéisme de longue durée, also méi wéi dräi Wochen, virun allem - ëm déi 23% - bedéngt ass duerch beruffsbedéngte Stress an Depressiounen, déi dorauser entstinn. Wat dozou gehéiert, an et ass hei kuerz ugeschwat ginn: kompletten Épuisement physique, emotionnel, mental, heiansdo wierklech de kompletten Épuisement, dass iwwerhaapt näischt méi geet, da schwätze mer vu Burn-out. An der Etüd gëtt gesot, dass dat virun allem am Enseignement, am Secteur social a médical, awer och am Beräich vum Nettoyage, Gardiennage besonnesch ausgeprägt ass.

Bon, ech wollt Iech awer fir d'Éischt nach op de Yoga äntwerten. Madame Hetto, ech hunn Iech net geäntwert, dass de Yoga keng kierperlech Verbesserunge géif bréngen. Ech hu just gesot, dass et keng wëssenschaftlech Beweiser gëtt fir medezinesch pathologesch Verbesserungen.

(Interruption)

An dat ass schonn eng grouss Nuance tëscht deenen zwou Saachen.

(Interruption)

Ech kéim dann zu de Strategien. Do behale mir natierlech déi am A um europäesche Plang. Do hu mir zënter 2004 en Accord do leien iwwert de Stress au travail, mat deem d'Memberstaten opgefuerdert sinn, aktiv ze ginn. Dat ass bei eis virun allem de Comité Économique et Social, deen do Strategien développéiert huet, déi ech awer elo net all hei ausféieren, well dat ze wäit géif goen.

2007 ass et en Accord iwwert den Harcèlement an d'Violence op der Aarbechtsplaz, och op europäeschem Niveau. Do hu mir zu Lëtzebuerg eng Konventioun gemaach mat de Sozialpartner, déi och an engem Règlement grand-ducal 2009 ficeléiert ginn ass. Insgesamt: Obligatioune fir d'Patronen, fir eng Preventioun ze maachen a fir eng Interventioun ze maachen, wa se erausfannen, dass moraleschen Harcèlement oder Violence op der Aarbechtsplaz geschitt. 2004: e Gesetz iwwert d'Kollektivvertrëg, wou virgeschriwwe gëtt, dass all Patron muss Modalitéiten aschreiwen, déi och mat Sanktioune belaangt kënne ginn.

Ech wëll elo net hei och nach oplëschten, wat am Code du Travail ass, wat am Code pénal ass, well Är Froe dréien haaptsächlech drëm, wéi mir elo als nei Regierung domat wëllen ëmgoen.

Bon, virun allem wëll ech hei ervirsträichen, dass de Médecins du travail eng besonnesch Bedeitung zoukënnt, well et eis wierklech drëm geet, dass schonn zu engem fréie Moment eng Detektioun vun deene spezifesche Pathologië ronderëm de Burn-out ka stattfannen an dann och eng richteg Orientéierung ka kommen.

Mir wëllen elo deen europäeschen Accord a virun allem déi Modalitéiten, déi mer op Lëtzebuerger Plang ëmgesat hunn zënter 2007, déi wëlle mer evaluéieren. Dozou gehéiert och d'Evaluatioun vun der Konventioun mat de Sozialpartner, an ech denken, dass et net wäert goen, ouni eng spezifesch Législatioun ze maache géint den Harcèlement moral au travail, fir deen och verstäerkt matafléissen ze loossen. An da stinn natierlech all déi Pourparlers un, ënner anerem och mat der CNS, fir de Remboursement vun deenen Traitementer ronderëm déi detektéiert Besoinen.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Gesondheetsministesch.

Mir sinn elo dräi Minutten iwwert d'Froestonn eraus, an esou, wéi dat virgesinn ass, géife mer domat ophalen a mir ginn zu deenen nächste Punkte vum Ordre du jour iwwer. Et deet mer leed, et ass eng Froestonn an et sinn der nach dräi, déi programméiert sinn. Ech wëll hei net eng Selektioun maachen zwëschen dräi Froen.

Nach eng Kéier den Appell un d'Froesteller an och un déi, déi äntwerten: Wat jiddweree méi disziplinéiert ass, wat mer méi Froen duerchkréien. Dir waart alleguer d'accord och an der Presidentekonferenz, dass mir dat sollen esou uwenden, wéi eist Reglement dat virgesäit.

Ech soen Iech Merci fir Äert Versteesdemech. Mir géifen dann zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen.

3. Nomination d'un réviseur d'entreprises pour l'Entreprise des Postes et Télécommunications

Mir kommen zur Nominatioun vun engem Réviseur d'entreprises fir d'Post, esou wéi den Artikel 22 Paragraph 3 vum Gesetz vum 10. August 1992 iwwert d'Post dat virgesäit. De Verwaltungsrot vun der Post huet d'Firma Ernst & Young als Réviseur fir d'Joren 2014, '15

a '16 virgeschloen. Wéi üblech maache mir déi Ofstëmmung iwwert de Vote secret mat eisem Système de vote électronique.

Ech erënneren Iech drun, dass de Vote par procuration hei net zougelooss ass. Mir géifen dann zum Vote iwwergoen. Wie fir déi virgeschloe Betribspréiwerfirma ass, Ernst & Young, ass gebieden, mat Jo ze stëmmen, wien dergéint ass, mat Neen.

Vote secret

Ech lancéieren dann de Vote, wat e geheime Vote ass. Vu Procuratioune brauch ech also hei net ze schwätzen.

De Vote ass ofgeschloss an et hu 54 Deputéiert um Vote deelgeholl, 50-mol Jo, zweemol Neen an zwou Abstentiounen. An ech brauch jo wuel net ze froen, ob ee seng Abstentioun wëllt motivéieren.

Ech wëll domadder also feststellen, dass fir dräi Joer Ernst & Young als Betribspréiwer bei der Post designéiert ass.

Ech soen Iech Merci a mir ginn zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwer. Et handelt sech ëm de Projet de loi 6567 an et geet dobäi ëm eng Konventioun iwwert d'Limitatioun vun der Responsabilitéit an der Bannennavigatioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech hu bis elo ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Kartheiser, an dat gesi mir dann direkt duerno.

An direkt huet den Här Gusty Graas, de Rapporteur, d'Wuert.

4. 6567 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Strasbourg de 2012 sur la limitation de la responsabilité en navigation intérieure faite à Strasbourg, le 27 septembre 2012

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et effektiv mat engem Projet de loi ze dinn, wéi de President scho gesot huet, iwwert d'Banneschëfffahrt. A well den Transport vu Wueren iwwert d'Waasser jo ëmmer méi attraktiv gëtt, well et ouni Zweifel nach eng vun deene séchersten a bëllegsten Transportmethoden ass, hëlt de Schëffsverkéier natierlech op eise Flëss an op eise Séien zou. Duerfir ass et eben och wichteg, datt gesetzlech Dispositioune getraff ginn, fir deen Trafic mat all senge Konsequenzen ze regelen.

An enger Konventioun vum 19. November 1976 zu London gouf schonn eng Begrenzung vun der Responsabilitéit bei Créancen am maritime Beräich festgeluecht. De 4. November 1988 gouf dunn eng ähnlech Konventioun fir d'Banneschëfffahrt vun Däitschland, der Belsch, Frankräich, Holland, der Schwäiz a Lëtzebuerg ënnerschriwwen, déi eist Land dunn duerch d'Gesetz vum 24. Abrëll 1993 ratifizéiert hat. Dës Konventioun ass den 1. Juni 1997 a Kraaft getrueden. Duerch d'Konventioun iwwert d'Kanalisatioun vun der Musel vum 27. Oktober 1956 ass eist Land direkt an dëser Matière concernéiert. An net méi spéit wéi déi lescht Deeg hu mer jo och de Cinquantenaire vun der Kanalisatioun vun der Musel gefeiert.

Mat deem Projet de loi vun haut approuvéiere mer d'Konventioun vu Stroossbuerg aus dem Joer 2012 iwwert d'Limitatioun vun der Responsabilitéit an der Banneschëfffahrt, déi d'Konventioun vum 4. November 1988 adaptéiert. 2007 war iwwregens décidéiert ginn, fir dës Konventioun och ze adaptéieren.

De Projet de loi gouf den 23. Abrëll 2013 vum Här Ausseminister déposéiert. De 4. Februar 2014 respektiv och de 4. Abrëll vun dësem Joer krute mer d'Avise vum Conseil d'État, an an der Sëtzung vun der Aussepolitikskommissioun den 3. Mäerz 2014 gouf ech als Rapporteur genannt. De leschten 10. Mäerz hu mir dunn d'Amendementer vum Conseil d'État ugeholl.

An dësem Gesetzestext geet et also méi spezifesch ëm d'Limitatioun vun der Responsabilitéit am Fall vun engem Accident oder bei anere Schied, déi duerch Feeler beim Transport vu Wueren entstane sinn, zum Beispill duerch Retarden oder Zerstéierung vun der Wuer. Selbstverständlech däerfen awer esou Virfäll net bewosst geschitt sinn, soss spillt natierlech d'Begrenzung vun der Responsabilitéit net.

Et gëtt awer och eng Rei vu Fäll, déi elo net ënnert dës Konventioun falen, wéi zum Beispill bei Schëffer, déi nuklear gedriwwe ginn oder wou eng aner Gesetzgebung eben eng Begrenzung vun der Responsabilitéit ausschléisst.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet also hei drëms, fir datt déi Leit, déi d'Schëfffahrt kommerziell bedreiwen - an ech ënnersträichen dat hei, et geet reng ëm déi kommerziell Schëfffahrt - an e schwéieren Accident hunn, net direkt un d'Kette geluecht ginn. Si kënnen also theoretesch weiderfueren, wann dat natierlech och technesch méiglech ass. Et gëtt och doduerch verhënnert, datt se onnéideg zum Beispill géifen an eng Faillite falen. D'Garantie gëtt och geschafen, datt d'Affer vun engem Accident kënnen indemniséiert ginn.

Dës Konventioun huet u sech dräi nei Haaptpunkte par rapport zu der Konventioun vun 1988.

Éischtens, d'Minimalseuile ginn ëm 100% eropgesat. Allerdéngs gëtt et zwou Ausnahmen. Engersäits ginn d'Seuile fir d'Passagéierschëffer just ëm 66% eropgesat an anerersäits gëtt eng nei Kategorie agefouert, an zwar fir den Transport vu geféierleche Gidder, wou nach méi eng contraignant Mesure gëllt. Dat ass iwwregens och d'Resultat vun engem schwéieren Accident vun dem Schëff „Waldhof" am Joer 2011 um Rhäin bei St. Goarshausen, wou e Schued vun iwwer 100 Milliounen Euro entstane war.

Zweetens, et kommen elo nei Länner derbäi, an zwar Éisträich, Bulgarien, Polen, Serbien an d'Slowakei. Dës Konventioun gewënnt also ouni Zweifel u Bedeitung a kritt och elo nach méi eng grouss international Dimensioun.

Dann drëttens, et gëtt och eng méi grouss Harmoniséierung vun de verschiddene Regimer ugestrieft. D'Konventioun begrenzt sech net nëmme méi op d'Musel an op de Rhäin, mä op all navigabel Waasserleef vun deenen eenzelne Länner inklusiv och d'Séien. Allerdéngs hunn déi eenzel Memberstaten och d'Recht, eenzel Waasserstroossen aus dëser Konventioun auszeschléissen.

Donieft gëtt dann och d'Revisiounsprozedur vereinfacht. All fënnef Joer ginn d'Montante vum Dépositaire, dat ass d'Zentralkommissioun fir d'Rhäinschëfffahrt, op Basis vun der Entwécklung vun der Inflatioun festgeluecht. Déi Adaptatioun ass automatesch, wann d'Inflatioun iwwer 10% läit. Wann zënter der leschter Revisioun dësen Taux 5% bedréit, da kann eng Revisioun op Demande vun engem Drëttel vun de Memberstaten ugefrot ginn.

Déi Fongen - dat si Fongen ad hoc - gi beim zoustännegen Tribunal oder bei allen aneren Autoritéite vun deem Memberstat geschafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Créancen hei ginn no sougenannten „unités de compte" verrechent. Dat ass allerdéngs esou komplex an dat wëll ech och elo hei net am Detail ënnerbreeden, well dat géif och ze vill wäit féieren. An den Artikele 6 bis 9 vun där betreffender Konventioun…

(Interruption)

Ja?

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Entschëllegt, ech hätt, wann de President d'accord ass, eng Fro.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Dat ass zwar elo…

M. le Président.- Wann den Här Graas d'accord ass, sinn ech d'accord.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Zum Rapport hei?

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo. Dir schwätzt hei vu Beträg, vu Sockelen,…

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Jo.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- …„unités de compte" steet an der Konventioun. Et stinn awer keng Zuelen do. An et ass schwéier, sech virzestellen, ëm wat fir Montanten et sech dann hei dréit. Wann hei zum Beispill e Betrag vun zéng Milliounen Unités de compte steet, wou d'Responsabilitéit limitéiert ass, wéi kann een dat an Euroen ausdrécken?

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Ma do kann ech Iech am Fong geholl direkt déi Äntwert ginn, an deem Sënn, datt all Land zum Beispill och seng eege Währung ka festhalen. Wat d'Beträg u sech ubelaangt, dat ass och schwéier am Virfeld elo ze soen, well déi Fonge gi jo ad hoc geschafen. Wann en Accident geschitt, da gëtt dee Fong am Fong eréischt geschafen an emol kreéiert. An duerfir sinn déi Unités de compte geschafe ginn, an dat hänkt natierlech och vun der Gréisst vum Schëff of an dat hänkt dovun of, wéi ee Schëff datt et ass.

Ech kann Iech dat natierlech nach vill méi hei am Detail erklären, mä, ech mengen, den Här President géif mech dann ënnerbriechen, well ech jo awer och nëmmen zéng Minutten zur Verfügung hunn.

Här Urbany, also Är Fro ass ganz pertinent, mä, wéi gesot, am Rapport respektiv an dem Exposé des motifs ass et jo ganz detailléiert erklärt mat den Unités de compte, wou et och spezifesch, wéi gesot, op déi eenzel Kategorië vu Schëffer ukënnt.

Méi kann ech Iech zwar zu dësem Punkt elo net hei soen. Och wat d'Previsiounen ubelaangt vun de Montanten, dat ass awer schwéier am Virfeld elo ze soen, wéi vill datt dat kann ausmaachen. Dat hänkt natierlech och vun der Gréisst vum Accident of. Et hänkt dovun of: War et Kierperschued oder net? Soudatt dat awer net esou kann hei praktesch am Virfeld gesot ginn, wat u sech d'Montanten ausmaachen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Mä et ginn awer Limiten.

M. le Président.- Sou, mir géifen elo de Rapporteur ausschwätze loossen, wann ech gelift.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Bon, wéi gesot, fir dann nach eng Kéier drop zréckzekommen, Dir hutt jo elo d'Stéchwuert „Euro" hei gesot, awer déi eenzel Memberstate kënnen dat natierlech och an hirer eegener Währung opstellen.

Et besteet natierlech och d'Méiglechkeet, verschidden Embarcatiounen op de Flëssleef auszeschléissen, déi elo manner wéi 20 Meter laang sinn. Op der Musel kéint also deen een oder deen anere Ponton do a Fro kommen.

Ech wëll dann awer och nach op den Artikel 2 hiweisen, wou Lëtzebuerg u sech eng gewëssen Derogatioun ugefrot huet, an zwar wat d'Schold fir Schied un der physescher, chemescher a biologescher Qualitéit vum Waasser ausschléisst. Dann deklaréiert Lëtzebuerg an deemselwechten Artikel och nach, datt fir si just d'Musel an déi navigabel Partie vun der Sauer a Fro kënnt, woubäi ee sech natierlech d'Fro ka stellen: Wat ass déi navigabel Partie vun der Sauer? Offiziell geet dat zwar vu Waasserbëlleg erof bis op Ettelbréck, mä, ech mengen, een, dee sech e bësselche mat Schëffer auskennt, dee weess jo, datt héchstens op der Spatz zu Waasserbëlleg e Schëff ka 50 bis 100 Meter erafueren, an dann ass Schluss.

Ech wëll an deem Kontext och nach drop hiweisen, datt op der Musel am Joer 2012 iwwregens dräi Incidente mat Schëffer stattfonnt hunn - Gott sei Dank ouni Blesséierter. Dat waren der awer iwwregens zwee manner wéi 2011.

Nach bis de 26. September vun dësem Joer, wéi gesot, kann dës Konventioun zu Stroossbuerg ënnerschriwwe ginn. Si trëtt a Kraaft ee Joer nodeem véier State se ratifizéiert hunn. De Moment hu sechs State se ënnerzeechent, a Serbien - wat jo iwwregens en neit Land ass - huet d'Ratifikatiounsprozedur allerdéngs schonn am Juni 2013 ofgeschloss. Dës Konventioun kann och selbstverständlech dénoncéiert ginn, an dat zu all Moment, allerdéngs eréischt ee Joer, nodeems datt se a Kraaft getrueden ass.

Vläicht och nach e Wuert zum Statsrot. Opgrond vu senger Demande huet d'Kommissioun am Artikel 3 dragesat, datt d'Créances bei Doudesfall oder Kierperschued natierlech priméieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer dann ofschléissend op en nach ganz wichtegen a wesentlechen Aspekt vun dësem Gesetzesprojet hiweisen, an duerfir ass et och gutt, wann ech hei duerch d'Reie kucken, datt mer jo bal all komplett sinn, well mer nämlech duerch dëse Gesetzesprojet Souveränitéitsrechter oftrieden un d'Zentralkommissioun fir d'Schëfffahrt um Rhäin. Dat heescht also am Kloertext, datt dat Gesetz hei muss am Kader vum Artikel 114 Ofsaz 2 vun eiser Verfassung gestëmmt ginn. An ech brauch Iech jo wuel net ze erklären, wat dat heescht. Mir brauchen also, wéi gesot, eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel.

Och wann et sech, wéi gesot, hei ëm e ganz techneschen Dossier handelt, ass en awer virun allem wichteg fir d'Banneschëfffahrt, virun allem och fir de Flosslaf Musel, wat eist Land elo ubetrëfft. An, wéi gesot, wann ech och net kann hei op all eenzel technesch Detailer agoen - duerfir ass jo de schréftleche Rapport respektiv den Exposé des motifs vum Gesetz do -, géif ech Iech awer bieden, deem Gesetz hei zouzestëmmen, an ech bréngen och gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gusty Graas. Nächste Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President. Just ganz kuerz, fir dem Rapporteur villmools Merci ze soe fir säin detailléierte Bericht, schréftlech a mëndlech. En huet all déi Detailer opgezeechent, déi et am Fong gëllt, hei an der Erneierung vun där Konventioun opzezeechnen, déi souwuel d'Limites générales vun der Responsabilitéit wéi d'Seuils minima vun der Responsabilitéit respektiv déi nei Catégories de créance aféiert op där enger Säit, déi d'Zuel vun de Länner och méi grouss mécht anerersäits, an déi, drëttens, och vun de Voies navigables, déi ënnert d'Konventioun falen, eng Extensioun mécht.

An déi schlussendlech dann eng vereinfacht Prozedur mécht, fir d'Festleeung vun de Limiten zu verschiddenen Datumen dann erëm frësch ze maachen. Domat ass am Fong de ganze Résumé gemaach. Eng Konventioun, déi mer selbstverständlech wäerte mat stëmmen an do och zu där noutwendeger Majoritéit da bäidroe wäerten.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Wiseler. Soss keng Wuertmeldungen an der Ronn? Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert an duerno den Här Serge Urbany.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, villmools Merci. Och vun eiser Säit aus en häerzleche Merci un de Rapporteur fir e ganz komplette Rapport. Et ass, ech mengen, wat den Inhalt vun der Konventioun ugeet, näischt derbäizefügen zu all deem, wat erkläert ginn ass a wat nach vläicht, wann den Här Urbany geschwat huet, nach weider verdéift gëtt.

Et ass net do, wou eis Suerge leien, eise Problem. Eis als ADR interesséiert deen Aspekt vun der Puissance souveraine, déi mer hei nees delegéieren un eng international Organisatioun. Als Ursaach gëtt uginn, datt dat gemaach gëtt, fir eng laboriéis intergouvernemental Konferenz ze verhënneren.

Elo muss een awer wëssen, datt dee Punkt, dee mer hei sollen a Souveränitéitsrechter ofginn, u sech eng Klengegkeet ass. Et geet drëm, fir d'Limitatiounen an der Responsabilitéit un d'Taux d'inflation unzepassen, eppes wat ee ka mat deenen Ambassadeuren, déi concernéiert sinn, ganz bequem an e puer Stonne maachen. Also, et ass schwéier anzegesinn, wou do dee laboriéise Charakter vun enger Konferenz soll leien. Et ass u sech eng Klengegkeet.

Mä wat eis interesséiert, ass de Prinzip. Mir sollen hei souverän Rechter oftrieden un eng Organisatioun, an där Lëtzebuerg net emol Member ass! Member an der Commission Centrale pour la Navigation du Rhin sinn Däitschland, d'Belsch, Frankräich, Holland an d'Schwäiz. Lëtzebuerg ass do ee vu villen États observateurs, mä net État membre.

Ënnert deene Konditiounen denke mir als ADR, datt mer och keng souverän Rechter kënnen ofginn un eng Organisatioun, an där mir net vertruede sinn. An aus deem Grond, Här President, obscho mer mam Contenu vun deem Gesetz ganz d'accord sinn an et och begréissen, mä aus Prinzipiegrënn - datt mer net Rechter un eng Organisatioun ofginn, an där Lëtzebuerg net Member an net vertrueden ass - kënne mer dëst Gesetz net stëmmen.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Als Nächsten huet den Här Urbany d'Wuert. Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, mir hunn u sech mam Prinzip vun där Konventioun hei elo kee Problem. Et geet jo drëm, fir d'Plaffongen ze hiewe bei der Binnenschifffahrt, wat d'Responsabilitéit ugeet vun deene Firmen, deenen déi Schëffer gehéieren. Dat heescht, et ass u sech schonn eng positiv Saach, datt déi Montanten, déi d'Leit kréien, wa se en Accident hunn duerch esou Schëffer, oder de Stat, wann eng Bréck zum Beispill beschiedegt gëtt, datt déi Montanten an d'Luucht gesat ginn.

Mä ech mengen awer, am Intérêt vun enger korrekter Aarbecht vun der Chamber wier et awer noutwendeg gewiescht ze wëssen, ëm wat fir Limitë vu Montanten, déi dann herno nach musse bezuelt ginn, et sech hei dréint. Do liese mer Limiten dran, et sinn natierlech verschidde Limiten, jee nodeem, ob et geféierlech Saache sinn oder net, ginn et verschidde Limiten. Mä déi Limitë sinn awer am Gesetz festgesat, an zwar a Form vun zum Beispill 10 Milliounen Unités de compte, an et gëtt eis och erkläert, dat géif gerechent ginn opgrond vun den Tirages spéciaux beim Fonds Monétaire International. Dat ass natierlech eng Rechnung, déi keen elo am Kapp huet. Duerfir wier et noutwendeg gewiescht, hei ze erklären, ëm wat fir Begrenzunge vu Responsabilitéit vu Firmen et sech hei handelt.

Den Här Rapporteur huet och dovu geschwat, datt do géife vun deene Firme Fongen ugeluecht ginn an datt, jee nodeem, wéi de Schued ass, natierlech eppes aneschters dobäi erauskënnt. Mä et steet awer och dran, datt déi Fonge musse limitéiert sinn, opgrond vun deene Limiten, déi ech elo virdrun erwähnt hunn. A mir wëssen net, wéi dat chiffréiert ass. An ech fannen, et wier awer gutt gewiescht, wann een dat gewosst hätt.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Domat huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt géif ech gären dem Rapporteur, dem Här Gusty Graas, Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Hien ass jo Spezialist vun Transport a vu Schëfffahrt, an dat huet een och ganz gutt gesinn.

M. Gusty Graas *(DP)*.- A vum Fëschen.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- A vum Fëschen och, jo. Dat heite Gesetz ass en net onwichtegt Gesetz. Et gëtt eis méi Garantië fir d'Schëfffahrt, an doriwwer solle mer eis freeën. De Rapporteur an och d'Intervenanten hunn déi Haaptelementer erausgeschielt. Dat ass, datt d'Seuils adaptéiert ginn, datt also d'Garantien elo méi héich sinn. Dat ass, datt additionnel Länner bäikommen, déi elo vun där Konventioun couvréiert ginn, an drëttens, datt d'Harmonisatioun méi weidergedriwwe gëtt an net nëmme sech op d'Musel an de Rhäin beschränkt, mä och op d'Zouflëss. An ech mengen, alles dat ass a Richtung vu méi Sécuritéit a méi Garantie an ass eng ganz gutt Saach.

Wéi richteg ervirgestrach, ass hei en - tëschent Guillemeten - gewëssenen „Abandon" vu Souveraineté virgesinn. Duerfir brauche mer eng Zweedrëttelmajoritéit, an duerfir freeën ech mech, datt och d'Oppositioun, d'Haaptoppositiounspartei sech hei uschléisst, fir déi Konventioun hei ze stëmmen an ze ratifizéieren.

Ech wéilt e Wuert zur Unité de compte soen. Déi Unité de compte ass kee Geheimnis. Dat sinn d'Droits de tirage spéciaux vum FMI. Déi ginn all Sekund an all Minutt ausgerechent. Dat kann een op der Website nokucken. Et ass net, datt dat eng geheim Monnaie ass, wou kee Mënsch weess, wat se ass. Do ass e Prozentsaz vun Dollaren dran, e Prozentsaz vun Euroen, esou datt een elo net soll hei d'Impressioun ginn, datt een net wéisst, wat ee stëmmt. Dat ass eng Notioun, déi an der Welt bekannt ass an déi eng Referenz ass an déi a ganz villen internationale Konventiounen zréckbehale gëtt.

Aus deene Grënn alleguerte freeën ech mech, datt also esou vill Vertrieder vun der Chambre des Députés dat heite wëlle positiv mat begleeden.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Finanzminister. Mir géifen dann zum Vote iwwert de Projet iwwergoen. Wéi den Här Finanzminister richteg gesot huet, brauche mer eng Zweedrëttelmajoritéit an et si keng Procuratiounen erlaabt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6567 et dispense du second vote constitutionnel

Ech lancéieren de Vote. De Vote ass ofgeschloss. 52 Deputéiert hu mat Jo gestëmmt, 2 mat Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Projet, dat ass de Projet de loi 6607, en Accord tëschent Lëtzebuerg an Norwegen iwwert den Austausch vu klassifizéierten Informatiounen. D'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol.

5. 6607 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Norvège concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, signé à Bruxelles, le 21 février 2013

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice*.- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet de loi geet et, wéi de President richteg sot, ëm en Accord tëschent eisem Land an Norwegen iwwert den Échange an d'Protektioun vu klassifizéierten, also geheimen Informatiounen.

Dësen Accord, dee mer dann herno wäerten zum Vote stellen, dee schaaft e rechtleche Kader, deen den Austausch an awer och de Schutz vu klassifizéiertem Material vun den zwou Vertragsparteien, deemno dës Kéier Lëtzebuerg an Norwegen, also regelt.

Fréier, ech géif soe bis zum Enn vum Kale Krich, gouf d'Notioun vun „protection des informations classifiées" éischter an engem méi militäreschen Zesummenhang gebraucht. Haut ass dat e bësse méi differenzéiert, och well mer méi verstäerkt mat neien, oft vläicht manner visibele Menacë konfrontéiert sinn.

Éischtens zum Beispill, d'Menacen am Beräich vun der Sécherheet: Terrorismus, d'Verbreedung vu Massevernichtungswaffen, regional Konflikter an der Welt oder awer och d'organiséiert Kriminalitéit.

Den zweeten Typ vu Menacen, dat sinn déi, wou et ëm eise Patrimoine économique, financier a scientifique geet. An do handelt et sech ëm déi sougenannt Industrie- oder Technologiespionage. Mir wëssen och an deem Zesummenhang, datt mer haut um europäeschen Niveau vill Programmer am Beräich vun der Haute technologie hunn. An all déi Programmer sinn natierlech och mat ville sensibelen Informatioune verbonnen. Wann een als Land also wëllt un esou Programmer deelhuelen, da muss een de Partnerlänner kënne garantéieren, datt hir sensibel Informatiounen zu Lëtzebuerg genausou gutt protegéiert sinn, wéi dat an hirem eegene Land de Fall ass.

D'Basis vun dësem bilateralen Accord ass geluecht ginn duerch d'Gesetz vum 15. Juni 2004 «relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité». Duerch dëst Gesetz huet Lëtzebuerg deemools sech e juristesche Kader gi fir d'Klassifizéierung vu sensibelen Informatiounen. Wéini muss en Dokument klassifizéiert ginn, wéi eng Geheimhaltungsstufe ginn et, wien däerf eng Klassifizéierung virhuelen a wien huet Zougréff op d'Material?

Et ass vläicht och nach wichteg ze bemierken, datt et net nëmme bilateral Ofkommesse fir de Schutz an den Échange vu klassifizéierte Piècen an Informatioune gëtt, mä et gëtt och multilateral Protektiounsregimer, zum Beispill am Kader vun der NATO oder awer och vun der Europäescher Unioun. Méi dozou wäert Dir herno vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Marc Angel, beim nächste Projet de loi um Ordre du jour, dem 6635, gewuer ginn.

Wat elo awer déi bilateral Ofkommessen ubelaangt, esou sief weider erwähnt, datt mir schonns eng ganz Rei vun esou Accorde mat Drëttstaten ofgeschloss hunn, zum Beispill mat eisen Noperen, Länner wéi Frankräich an Däitschland also, mä och mat Lettland, Portugal a Spuenien. An iwwert déi lescht grouss Vague vun esou Accorden, dat waren Accorde mat der Tschechescher Republik, Schweden, der Slowakei, Finnland, der Belsch, Slowenien, Estland a Georgien, hu mir den 9. Abrëll 2013 an dësem héijen Haus ofgestëmmt. Dës Accorden hunn och praktesch ëmmer deeselwechten Opbau an duerfir ginn ech och elo net op all eenzelen Detail dovunner an.

Wesentlech ass bei deenen Accorden, datt all Vertragsstat déi néideg Mesuren hëlt, fir d'Protektioun vun de klassifizéierten Informatiounen, déi eben échangéiert ginn, ze garantéieren. Eng klassifizéiert Informatioun, déi ee vun engem anere Stat kritt an déi engem bestëmmten Niveau de sécurité entsprécht, kritt deeselwechte Protektiounsniveau wéi déi eege klassifizéiert Informatioun an deem bestëmmten Niveau de sécurité. Fir datt dat an der Praxis och esou geschéie kann, enthält den Accord och en Tableau d'équivalence vun deene véier Niveaux de sécurité, nämlech „très secret", „secret", „confidentiel" an „restreint".

De Statsrot huet a sengem Avis vum 20. Dezember souwuel de Fong wéi och d'Form vum Projet de loi approuvéiert.

Den 20. Januar dunn, genau eng Woch nodeems ech zur Rapportrice vun dësem Projet de loi genannt gouf, gouf mäi schréftleche Rapport vun der aussepolitescher Kommissioun ugeholl. An därselwechter Réunioun vum 20. Januar awer sinn nach eng ganz Rei Froen opkomm, déi dunn den 3. Mäerz 2014 an der Kommissioun diskutéiert goufen an och spéider Géigestand vu mengem Rapport complémentaire waren, deen dunn den 12. Mee dëst Joer ugeholl gouf.

Éischtens ass et bei deene Froen ëm den Accès vu Privatpersounen u klassifizéiert Informatioune gaangen, déi si selwer betreffen. Wat elo d'Donnéeë vum SREL ubelaangt, ass esou en Accès méiglech, zwar indirekt, duerch eng Demande un d'Autorité de contrôle, wéi dat am Artikel 17 vum Dateschutzgesetz virgesinn ass. Dat Recht, an dat wësst Dir, dat ass allerdéngs net absolut. Dat heescht, et kann a verschiddene Fäll limitéiert ginn oder den Accès ka souguer ganz refuséiert ginn, zum Beispill, wann de Risiko besteet, datt klassifizéiert Informatiounen no bausse verbreet kéinte ginn.

En anere Volet betrëfft den Accès op klassifizéiert Informatiounen am Kader vu Geriichtsprozeduren. Am Gesetz vum 15. Juni 2004 iwwert d'Classification des pièces ass dat net genau definéiert. Et ass awer esou, datt Lëtzebuerger Piècë kënnen, ënner gewësse Konditiounen natierlech, abruecht ginn. D'Piècë vun auslänneschen Autoritéiten awer net! Dat gouf och an engem Arrêt vum 25. Oktober 2013 vun der Cour constitutionnelle bestätegt. An deem Arrêt bemierkt d'Cour och, datt eng Kontroll néideg ass, wann de SREL Informatiounen zréckbehält mam Argument, et géif sech ëm Informatiounen aus dem Ausland handelen.

Am Projet de loi iwwert d'Organisatioun vum SREL - den Dossier parlementaire mat der Nummer 6675 -, deen eise Premierminister, de Xavier Bettel, viru Kuerzem an dësem Haus hei déposéiert huet, gëtt deem Arrêt vun der Cour constitutionnelle Rechnung gedroen an d'Froe betreffend den Accès zu den Informatioune gi méi detailléiert geregelt. An ech mengen, am Kader vun där Prozedur zu deem Projet de loi bitt sech dann nach eng Kéier d'Geleeënheet, fir all dës Froe weider ze verdéiwen a se dann och fir an Zukunft ze regelen.

Eng lescht Fro war, mat wat fir Länner Lëtzebuerg nach esou Accords de sécurité ofgeschloss huet bezéiungsweis mat wat fir Länner am Moment nach géif verhandelt ginn. Or, ähnlech Accords de sécurité goufe bis elo mat 13 Staten ofgeschloss an ech hunn déi virdrun och schonns alleguerten opgezielt gehat. Weider Accorde wäerte geschwënn ënnerschriwwe ginn, an zwar mam Vereenegte Kinnekräich, mat Kroatien a mat Holland.

Da sinn nach eng Rei Accorden, déi nach an der Négociatiounsphas sinn, déi betreffen d'Organisation conjointe de coopération en matière d'armement, ofgekierzt OCCAR, mat Polen, Litauen, Griichenland, Brasilien, Israel an Éisträich.

Voilà! Dat gesot, soen ech Iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren an ech profitéieren dovunner, fir och direkt den Accord vun de Sozialisten zu dësem Projet de loi ze ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Rapportrice. Éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. Just fir ze soen, datt d'Madame Dall'Agnol dat elo esou perfekt gemaach huet, datt wierklech kee Wuert do zouzefügen ass an datt mir selbstverständlech dee Projet hei wäerte stëmmen.

M. le Président.- Dann den honorabelen Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, ech schléisse mech deene Wierder u vu mengem Virriedner. An ech wollt och der Madame Rapportrice Merci soe fir deen ausféierleche Bericht. Vläicht eng Remarque, datt een effektiv do verschidde Froen, déi opgeworf gi sinn, datt een déi wahrscheinlech am Kontext vun dem Projet de loi iwwert d'Neiorganisatioun an d'Kontroll vum Lëtzebuerger Geheimdéngscht, datt een déi do vläicht nach ka verdéiwen.

Dat gesot, géife mir och den Accord zu deem Projet hei abréngen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Jo, villmools Merci, Här President, an och Merci un d'Rapportrice fir e ganz komplette Rapport. Mir hate wierklech an der zoustänneger Kommissioun ganz déif a ganz interessant Diskussiounen iwwert dëse Sujet.

E Kommentar vun eiser Säit ass awer, datt mer dëst Gesetz selbstverständlech gär mat stëmmen, mä awer och däitlech soen, datt et wichteg ass, datt Lëtzebuerg an dësem Beräich seng international Kredibilitéit an Zouverlässegkeet behält, soss kréie mir keng Informatioune méi aus dem Ausland, déi mer awer batter néideg brauchen, fir och eis Sécherheet hei kënne mat ze garantéieren an d'Sécherheet vun deene Leit, déi an dësem Land wunnen.

Et gëtt ëmmer erëm Tendenzen an der Gesellschaft, déi soen, datt mer och auslännesch Quelle missten oppeleeën aus deem oder deem Grond. Dat ass selbstverständlech net méiglech, fir eben déi Kredibilitéit net ze verléieren. A mir freeën eis, datt och deen Arrêt vun der Cour constitutionnelle dee Prinzip nach eng Kéier bestätegt huet. Mir hoffe just, datt jiddwereen am Land och de Bien-fondé vun där doter Linn agesäit an och bereet ass, sech drun ze halen.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. An domat huet... Entschëllegt, Dir sidd esou däischter ugedoen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Ech sinn zwar vläicht däischter ugedoen, mä ech wëll e bëssche Kloerheet an déi Debatt hei erabréngen.

Plusieurs voix.- Ooh! Aah!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat sinn net déi beschte Viraussetzungen!

M. le Président.- Dir hutt d'Lat héich gehaangen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Mir musse jo wëssen, Här President, a mir haten d'Geleeënheet hei, zu enger Zäit, wou Dir nach net President waart, fir laang a breet ze diskutéieren iwwert d'Resultater vun enger Enquêtëkommissioun iwwert déi Institutioun, ëm déi et hei geet, dat heescht, de Lëtzebuerger Geheimdéngscht, de SREL. Dat ass déi Autoritéit, déi hei betraff ass, et geet ëm Informatiounen tëschent Geheimdéngschter.

Wat den Zweck heivunner ass, dat ass géigesäiteg Ofschiermung vun Informatiounen. Dat heescht, Informatiounen, déi d'Lëtzebuerger Regierung kritt vun engem auslännesche Geheimdéngscht, déi bleiwen och geheim! Déi bleiwe geheim vis-à-vis vun de Leit, déi eventuell Géigestand vun esou Untersuchunge sinn. An déi bleiwe geheim vis-à-vis vu Geriichter, déi eventuell iwwer Saachen ze befannen hunn, déi mat esou Informatiounen ze dinn hunn.

Deen Arrêt ass virdru genannt gi vun der Cour constitutionnelle am Kader vum Bommeleeërprozess. A grad am Bommeleeërprozess, wou jo d'ganzt Land dréngend Kloerheet bräicht iwwert dat, wat geschitt ass, ginn zum Beispill, dat ass prinzipiell an deem Arrêt festgehale ginn, gi prinzipiell Informatiounen, wa se bestinn, absolut geschützt virun der Éffentlechkeet. Zum Beispill virun der Éffentlechkeet am Kader vun engem Prozess, wou et jo awer ëm ganz vill wichteg Saache geet!

Et muss ee jo wëssen, wéi och esou Geheimdéngschter funktionéieren. Dat hu mer jo bei der Enquête gesinn. Si funktionéieren opgrond vun Informatiounen, déi géigesäiteg ausgetosch ginn ënnert deenen dote Bedéngungen. Do sinn och Geheimdéngschter dran, déi net aus esou Länner wéi Norwegen kommen, mä och aus anere Länner kommen.

Mir haten de Fall vun engem tunesesche Ressortissant, deen hei zu Lëtzebuerg gewunnt huet, deen opgrond vu Geheimdéngschtinformatiounen ausgewise ginn ass an Tunesien. An deemools war Tunesien net demokratesch wéi haut, deemools war Tunesien ënnert dem Diktator Ben Ali. Dee Mann ass jorelaang gefoltert ginn an ass haut e gebrachene Mënsch. En ass awer ausgeliwwert ginn opgrond vun esou Informatiounen, déi mir hei schütze wëllen.

Déi ganz Geheimdéngschtsphär operéiert ganz kloer an engem wäitgehend rechtsfräie Raum.

Och wa mer e Geheimdéngschtgesetz hunn, esou Informatioune brauche sech net ze halen un eist Geheimdéngschtgesetz. Loosse mer emol unhuelen, eist Geheimdéngschtgesetz wier e gutt Gesetz an et wier ganz restriktiv a géif d'Leit schützen, wat jo iwwregens bei esou engem Gesetz jo guer net méiglech ass, mä loosse mer unhuelen, et wier esou: Duerch esou eng Kooperatioun mat anere Länner kommen déi Methoden an déi gesetzlech Basis vun deene Länner, wat Beobachtungen ugeet, automatesch mat eran. An do ass kee geschützt do virdrun.

M. le Président.- Entschëllegt, Här Urbany. Erlaabt Der, dass den Här Angel Iech eng Fro stellt?

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Selbstverständlech.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt den Här Urbany froen, ob en d'accord wär, déi nächste Kéier, wa mer esou e Projet an der Kommissioun behandelen,…

(Interruption)

…an d'Kommissioun ze kommen. Well d'Madame Dall'Agnol hat nämlech dem Här Urbany seng Ried an der Kommissioun virgedroen, déi en am Summer nach gehalen hat bei engem ähnleche Projet. An doropshin hu mer décidéiert, dass mer den Direkter vum Geheimdéngscht an d'Kommissioun invitéieren an de Chef vum Département Autorité nationale de Sécurité.

Leider war kee vun de Vertrieder vun deene Lénken an där Kommissioun. Dir hutt do keen, mä Dir kéint ee schécken, als Observateur. Do hu mer all déi Froen do nach eng Kéier diskutéiert, an ech géif den Här Urbany froen, ob en an Zukunft dann an d'Kommissioun kënnt, wann dat um Ordre du jour steet. An ech géif em recommandéieren, de Procès-verbal vun der Réunioun vum 3. Mäerz eng Kéier duerchzeliesen. Do sti schonn eng ganz Rëtsch vun Äntwerten dran op déi Froen, déi en all Kéiers, wa mer esou e Projet hei hunn, hei nees opwërft.

Villmools Merci.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Gutt. Ech wëll dem Här Angel just soen…

M. le Président.- Jo, Madame Rapportrice.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice.*- Jo, mäin Numm ass elo nach eng Kéier genannt ginn hei. Merci dem President vun der Kommissioun. Ech kann deem just zoustëmmen. Mä ech wëll awer och derbäisoen, datt ech och an deem Rapport, deen ech hei mëndlech a schréftlech virgedroen hunn, op all déi Froen, déi hei elo nach eng Kéier kommen, eng Äntwert ginn hunn, datt mer extra e Rapport complémentaire ugeholl hunn, just fir datt all déi dote Froe géife beäntwert ginn, well mer ganz genau woussten, datt soss déi Froen hei erëm eng Kéier géife gestallt ginn.

Meng Fro ass déi: Ass dee Rapport dann och wierklech gelies ginn? An ass dee Rapport complémentaire och wierklech vum Här Urbany gelies ginn?

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Gutt, obschonn ech jo der Madame Dall'Agnol hei keng Rechenschaft schëlleg sinn iwwert dat, wat ech liesen, kann ech hir awer versécheren, dass ech selbstverständlech dee Rapport gelies hunn.

Plusieurs voix.- Aah!

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice.*- Da wësst Der d'Äntwert op d'Froen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech hunn och selbstverständlech…

M. le Président.- Wann ech gelift, mir loossen elo den Här Urbany schwätzen, a selbstverständlech kritt en och déi Zäit ugerechent fir d'Zwëscheriff.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech hunn och selbstverständlech gelies, wat an där Réunioun do vum Här Heck gesot ginn ass. Ech weess jo, wat den Här Heck seet. Ech hat jo d'Geleeënheet, a ville Réunioune mam Här Heck iwwert déi dote Froen ze schwätzen. Ech hunn him e ganze Katalog vu Froen ënnerbreet, déi ech hat. Ech hunn och Äntwerten deelweis dorobber kritt. An déi Äntwerten, déi stelle mech awer net zefridden.

Déi Äntwerte bestätegen absolut dat, wat ech elo just gesot hunn: Esou ass de Funktionement vun de Geheimdéngschter. An déi zousätzlech Informatiounen, déi Der do kritt hutt, iwwert dat Uerteel an iwwert d'Handhabung duerch d'Geriichter vun esou Informatiounen, dat ass absolut dat, wat connu ass fir déi Leit, déi sech zënter enger Zäit mat deene Froen do beschäftegt hunn. An ech muss Iech soen, et ass keng grouss Freed, fir sech mat deene Froen do ze beschäftegen. Mir hunn et awer musse maachen am Kader vun där Enquête, déi awer eng ganz Rei vu Froen opgeworf huet, déi ganz pertinent a ganz wichteg sinn an déi hei absolut net dra geléist ginn.

Gëtt dann hei dra geléist, wat d'Intérête vun de Leit ugeet vis-à-vis vun deenen Informatiounen, wéi se déi Intérête kënne geltend maachen? Kënne se déi Informatioune kréien, déi se gären hätten, wa se iwwerwaacht gi sinn?

Dir hutt elo just selwer gesot an Ärem Rapport… oder, Här President, d'Madame Rapportrice huet elo just selwer an hirem Rapport gesot, dass déi Informatiounen a gewësse Fäll refuséiert ginn erauszegi vum Direkter vum Geheimdéngscht. Mir haten och esou Fäll an der Kommissioun.

Duerfir, mir hu jo elo net d'Zäit, fir op déi ganz Problematik Geheimdéngscht zréckzekommen. Mir wäerten awer nach d'Geleeënheet kréien, dat ze maachen. Mä dat hei Gesetz bestätegt déi aktuell Praxis.

Ech liese souguer Saachen dran, déi stinn emol net am Geheimdéngschtgesetz. Zum Beispill „conflits régionaux", hei géif et ëm Conflits régionaux goen. Dat ass eng Notioun, déi gëtt et guer net an eisem Geheimdéngschtgesetz. Ech froe mech, wat dat iwwerhaapt heescht, wat dat hei mat der Geheimhaltung ze dinn huet. Et gëtt vun „déliquescence des États" geschwat. Alles dat si Begréffer, déi sinn zum Beispill nei. Déi ginn awer guer net erklärt an deem heite Gesetz. Do schéngen nei Notiounen agefouert ze ginn, déi äusserst geféierlech sinn.

Ech kann nëmme warne virdrun, dat Gesetz hei unzehuelen.

Merci.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Urbany. Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet fir d'Regierung den Här Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit, d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Remplacement vum Ausseminister. Voilà, ech wëll fir d'Éischt och emol mech uschléissen un déi Félicitatioune fir d'Rapportrice. Ech mengen, déi huet effektiv eng komplett Analys gemaach vun deem Accord.

Ech mengen, hei handelt et sech ëm en Accord bilatéral zwësche Lëtzebuerg an Norwegen, esou wéi mer och mat anere Länner schonn esou Accorde concluéiert hunn an esou wéi eigentlech an enger zweeter Phas en Accord approuvéiert soll ginn, deen en Accord ass am Kader vun der Union européenne. An et wier eigentlech méi logesch gewiescht, dee vir ze huelen an dann deen heiten hannendrun ze huelen. Just fir ze soen, datt et sech hei ëm eng komplett Situatioun handelt.

Den Här Urbany huet vun „conflits régionaux" geschwat, déi couvréiert sinn. Effektiv, Europa huet eng Politique étrangère et de sécurité commune. A mir schaffen och mat anere Länner, déi zwar net Member si vun der Europäescher Unioun, zesummen. Norwegen ass zum Beispill een esou e Land. An et ass ganz sécher, datt déi Échangen, déi mer mat deene Länner hunn, déi Konfliktsituatiounen eventuell betreffe vu Länner, vu wou effektiv Problemer ausginn - ech denken un eent, Somalia, vu datt dee Problem ugeschwat ginn ass -, net kënnen op der Place publique einfach diskutéiert ginn an datt do och musse Garantië bestoen, datt déi Informatioune protegéiert sinn. A wa Lëtzebuerg déi natierlech net protegéiert, dann ass et jo ganz einfach, da kréie mer keng.

Ech géif och soen, dat hei ass d'Contrepartie zur Transparenz, déi besteet an der Europäescher Unioun, wou eng ganz Rei Dokumenter offe sinn, an déi kënnen, musse souguer transparent de Bierger oder den europäesche Bierger accessibel ginn. Mä et kann ebe par Definitioun net alles transparent gemaach ginn, an duerfir muss et kloer Regele ginn, wat eben iwwert d'Sécuritéit protegéiert ass.

An dat hei ass en Accord, deen déi Situatioun zwësche Lëtzebuerg an Norwegen regelt, esou wéi mer elo iwwer en Accord schwätzen, deen d'Informatiounen, déi vun europäeschen Institutioune kommen, regelt.

Ech mengen, mir hunn eng Politique étrangère commune, mir hunn awer och eng Coopération judiciaire et policière. A mir wëssen alleguerten, datt och an der Unioun Situatiounen diskutéiert ginn, an ech mengen, dat Beispill zu Bréissel virun e puer Deeg illustréiert dat extrem gutt, wat fir eng Geforen do ausginn, datt et ganz sécher ass, datt déi Informatiounen net kënnen einfach esou divulguéiert ginn.

Duerfir ass dat einfach e Bestanddeel vun enger Rei vu Politiken, gemeinsame Politiken, wat d'Sécherheet vu Lëtzebuerg, mä allgemeng och d'Sécherheet vun de State vun der Europäescher Unioun, vun der Europäescher Unioun selwer an och vun onse Partner ubelaangt.

Duerfir fannen ech, datt déi Analys, déi hei gemaach ginn ass vum Här Urbany, net zoutrëfft. Ech soen nach derbäi, datt et natierlech ëmmer Méiglechkeete gëtt, iwwer Geriichter ze froen, fir un Informatiounen, déi ee selwer betreffen, ze kommen. An et ass dann un de Geriichter ze jugéieren, dat ze maachen.

Ech géif zum Beispill drun erënneren, datt déi Lëscht, wou d'terroristesch Organisatiounen drop sinn, datt mer do e Geriichtsuerteel haten, wou d'Geriicht gesot huet: Déi Organisatioun, déi op där Lëscht ass, huet d'Recht, fir Informatiounen ze kréien, firwat se op déi Lëscht komm ass.

Also, ech mengen, datt et net esou ass, datt d'Bierger respektiv Organisatioune komplett hëlleflos géigeniwwer vun deene Regelen, déi d'Protektioun an d'Sécuritéit organiséieren, dostinn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Aarbechtsminister a Vertriedung vum Här Ausseminister. Domat wär d'Diskussioun eriwwer an ech géif zum Vote iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6607 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

Mat Jo hu 57 Deputéiert gestëmmt, mat Neen zwee. Domat ass de Projet 6607 adoptéiert.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6607 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Ech soen Iech Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Projet, dem Projet 6635, och en Accord tëschent den EU-Staten iwwert de Schutz vu klassifizéierten Informatiounen. D'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Marc Angel.

6. 6635 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États membres de l'Union européenne, réunis au sein du Conseil, relatif à la protection des informations classifiées échangées dans l'intérêt de l'Union européenne, signé à Bruxelles, le 25 mai 2011

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Sënn an Zweck vun dësem Accord ass am Fong deeselwechte wéi am Fall vun deene sëlleche bilateralen Accorden, déi d'Madame Dall'Agnol elo grad bei hirem Rapport opgezielt huet, an et geet och hei bei dësem Rapport drëms, e Kader ze schafe fir d'Protektioun vu klassifizéierten Informatiounen, déi ausgetosch ginn.

Déi verschidde Parteien engagéiere sech also domadder, Informatiounen, déi klassifizéiert sinn, déi se vun anere kréien, genausou gutt ze protegéieren, wéi se hir eege protegéieren.

Déi grouss Differenz allerdéngs bei dësem Projet de loi ass, dass et sech hei ëm e multilateralen Accord handelt, deen all d'Memberstaten an der Europäescher Unioun bënnt.

Dës multilateral Accorde beréieren natierlech net d'Recht vun deenen eenzelne Staten, Memberstaten, weiderhi bilateral Verträg, déi gewéinlech och e bësse méi an den Detail ginn, ofzeschléissen. Dat natierlech virausgesat, dass déi bilateral Accorden net am Widdersproch zu dëse multilateralen Accorde stinn.

De Champ d'application ass am éischten Artikel vun dësem Accord definéiert. An do gi mer déi verschidden Type vu klassifizéierten Informatioune gewuer, déi duerch dësen Accord protegéiert solle ginn.

Dat sinn, éischtens, Informatioune vun den europäeschen Institutiounen oder vun deene sëllechen Agencë vun der Europäescher Unioun, Organer oder Organismen, déi un d'États membres transferéiert ginn oder tëschent hinnen échangéiert ginn.

Zweetens, ëmgedréit dann déi Informatioune vun den États membres, déi un d'Unioun ginn. Drëttens, Informatioune vun de Memberstaten, déi tëschent dëse Memberstaten échangéiert ginn am Intérêt vun der Unioun an déi gekennzeechent sinn, fir ze weisen, dass se ënnert dësen Accord falen. An da véiertens, Informatiounen, déi d'Unioun vun Drëttstaten oder vun internationalen Organisatioune kritt an déi se un hir États membres weidergëtt.

Den Accord ass och wesentlech, fir dass den Échange vun Informatiounen an der Praxis iwwerhaapt fonctionnéiere kann. E gëtt och virun allem de Partenairen dat néidegt Vertrauen, besser nach och d'Garantien, dass eege klassifizéiert Informatioune bei deenen anere Partenairë genausou gutt protegéiert gi wéi bei hinnen. E Stat, deen aneren net déi néideg Garantie ka bidden, riskéiert, guer keng klassifizéiert Informatioune méi ze kréien.

Ech sinn och frou, dass de Minister Schmit elo grad bei deem viregte Projet och agaangen ass op den europäesche Kontext vun der europäescher Aussen- a Sécherheetspolitik an dovunner geschwat huet, wou sécher vill Dokumenter an deem Kontext sinn.

Wat den europäesche Kontext ugeet, ass eng Menace besonnesch wichteg, an d'Madame Dall'Agnol hat se och schonn ugeschwat, dat ass den Espionnage industriel et technologique. Et gi ganz vill europäesch Programmer vun héijer Technologie an all déi Programmer konkretiséiere sech am Alldag duerch dagdeeglech Échangë vun Informatiounen. An an dësem Kontext ass dëse Projet, mengen ech, besonnesch wichteg, an och am Sënn vun der Preventioun.

Ech hu virdrun eng kleng Interventioun gemaach, wou ech un den 3. Mäerz erënnert hunn, wou mer eben déi Kommissiounssitzung haten, wou mer den Direkter, den Här Heck, vum Service de Renseignement hei haten, an den Här Mreches, deen de Chef vum Département vun der Autorité nationale, vun der Sécherheetsautoritéit ass. Si hunn eis am Fong erkläert, wéi dës Accorde mat Liewe gefëllt ginn, wéi dat an der Praxis ofleeft. An ech mengen, dat war eng interessant Sitzung. Domadder waren och schonn déi sëlleche Froen, déi ëmmer am Kader vun dësen Accorde gestallt si ginn, ganz gutt beäntwert.

Dat gesot, soen ech Iech hei villmools Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. An ech wär frou, wa mer den Accord vun all deenen anere Fraktiounen och géife kréien.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Rapporteur. An den Här Wiseler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, d'selwecht wéi virdru soen ech dem Rapporteur, dem Här Angel, villmools Merci fir déi gutt Aarbecht, déi e gemaach huet, a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Text.

M. le Président.- Merci. Den Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Den Här Angel an d'Madame Dall'Agnol konkurréieren an der Exzellenz vun hire gudde Rapporten.

(Brouhaha général)

Dofir ass deem näischt bäizefügen. An ech géif och den Accord vu menger Fraktioun abréngen.

M. le Président.- Merci. Dann hunn ech d'Wuertmeldung vum Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, villmools Merci. Och vun eiser Säit aus e Merci un den Här Angel fir seng Fläissaarbecht, déi e wéi ëmmer ganz gutt gemaach huet.

Mir wollten awer vläicht hei op e puer Ënnerscheeder opmierksam maachen, déi tëschent bilateralen Accorde bestinn an engem Accord wéi deem heiten, deen der Europäescher Unioun awer Kompetenze gëtt, déi se natierlech zum Deel muss hunn, mä déi awer vergläichbar si mat deenen, wéi se zum Beispill an der NATO existéieren, an da kann ee sech froen: Wéi wäit ass dee Parallelismus hei richteg, dee mer hierstellen, wéi wäit gëtt e gebraucht?

En ass sécher néideg, an dofir stëmme mer dëst Gesetz och gär mat, well an der Europäescher Unioun probéiere mer jo och, eng Baussen- a Sécherheetspolitik ze kreéieren oder ze verstäerken.

Mir hunn, wéi de Minister Schmit och virdru gesot huet, déi Dimensioun vun der Polizeizesummenaarbecht oder vu juristesche Saachen, wou mer och confidentiel Informatiounen hunn. Mä et muss een awer, fir komplett ze sinn, och soen: Et ass awer e bëssen och e federalen Dram derbäi, fir déi Europäesch Unioun eigentlech zu engem Geheimnisträger ze maachen, deen hir Natur am Ableck net onbedéngt justifiéiert.

Et ass zwar gutt, datt hei och déi neutral State mat dra sinn, déi Member an der Europäescher Unioun sinn, déi an deenen NATO-Strukturen net esou vertruede sinn, obscho se enk zesummeschaffen, mä hei gëtt awer e Schratt méi wäit gemaach.

Firwat? Ma éischtens, déi klassifizéiert Informatiounen, déi d'Europäesch Unioun huet, déi komme bal all vun de Memberstaten. An et sinn u sech klassifizéiert Dokumenter vun de Memberstaten, déi eben och kéinten - mat Ausnahm vun den neutrale Staten - an NATO-Strukturen échangéieren oder an anere Gremien, mä hei gëtt dee federalen Dram, wéi ech gesot hunn, erabruecht.

An ech wëll als Beispill zweemol d'CSV zitéieren. Den Här Wiseler wor zwar ganz modest a senger Interventioun a ganz séier, mä ech fannen, et ass ganz interessant, d'Positioune vun der CSV hei ze zitéieren, fir ze weisen, a wéi eng Richtung den Zuch an den Ae vu Verschiddene soll goen.

An déi Informatiounen, déi d'Europäesch Unioun huet, kommen zum gréissten Deel vun den Ausseministèrë vun de Memberstaten. D'Federalisten hätte gär, wéi et och am CSV-Wahlprogramm elo gesot gouf: «…un véritable Ministère européen des affaires étrangères, dont l'action ne pourra être minée par des intérêts nationaux parfois divergents.»

Da gëtt also de Memberstaten, wann déi hir Interesse verfollegen, nach ënnerstallt, géint Uniounsinteresse virzegoen, a gewënscht gëtt een europäeschen Ausseministère, an deem also déi national Diplomatië solle fusionéiert ginn oder dran opgoen.

Dat ass natierlech en Dram, deen absolut net realistesch ass a wäit, wäit ewech, hoffentlech fir ëmmer ewech. Mä op jidde Fall ass dat awer och ze gesinn an där Tentative, fir hei eben eng Geheimhaltungskompetenz op den Niveau vun der Unioun ze leeën, well eben domadder verbonnen ass an den Ae vu verschiddene Leit, fir déi national Diplomatië verschwannen ze doen.

En zweet Element, dat ass d'Kreatioun vun engem europäesche Geheimdéngscht. Mir hunn an Europa keen europäesche Geheimdéngscht, och wa mer eng Geheimdéngschtzesummenaarbecht hunn. Mä ech zitéieren hei eng Ried vun der Madame Viviane Reding vum 6. November 2013, déi als Reaktioun op d'NSA-Affär proposéiert huet, en europäesche Geheimdéngscht ze schafen. Wat natierlech erëm eng Kéier e federale Schratt wär, deen am Ableck komplett onrealistesch ass, mä och justifiéiert, fir d'Geheimhaltungskompetenz direkt um Niveau vun der Unioun dann opzehänken. Dat sinn also Saachen, déi ee muss mat considéréieren, wann een dat heite kuckt.

Eng zweet Bemierkung ass, ob d'Unioun iwwerhaapt soll berechtegt sinn, Informatiounen ze hunn, déi d'Memberstaten net sollen hunn. Dat wär e Schratt och erëm an eng Richtung vun engem federale Stat, vun enger supranationaler Organisatioun, déi eigentlech da méi héich unzegliddere wär wéi d'Memberstaten.

Eis Äntwert dorobber ass Neen. Eng Informatioun, déi d'Europäesch Unioun huet, muss och gläichzäiteg eng Informatioun sinn, déi alle Memberstate gläichrangeg gehéiert. Soss ass d'Europäesch Unioun net méi eng Unioun vu Staten, mä eng supranational Organisatioun, wat eben de Wonsch vu Verschiddenen ass, awer bestëmmt net eisen!

Dann, dat nächst Element ass: Wann dat dann esou sollt sinn, wann d'Unioun geheim Informatiounen huet, wie kontrolléiert da wien? Well déi Informatioune komme jo aus de Memberstaten.

Am Rapport liese mer an engem vun deenen Dokumenter, déi mer kritt hunn a fir déi mer dankbar sinn, datt elo d'Europäesch Unioun ähnlech wéi d'NATO soll kënnen d'Memberstate kontrolléieren.

Ech zitéieren: «Des organismes comme l'Union européenne ou l'OTAN peuvent effectuer des contrôles sur la protection des informations classifiées», an zwar an de Memberstaten. Hei ass d'Fro natierlech: Wie soll da wie kontrolléieren? Wann d'Memberstaten der Europäescher Unioun hir Informatioune ginn, sinn et dann net och d'Memberstaten, déi sollte kontrolléieren, wéi d'Europäesch Unioun mat deenen Informatiounen ëmgeet, déi si vun de Memberstate kritt?

A wann dann Indiskretiounen um Niveau vun der Europäescher Unioun wären, wéi eng Sanktiounsméiglechkeete bestinn dann an den Organer vun der Unioun géigeniwwer deenen, déi an der Unioun matschaffen, wa se klassifizéiert Informatiounen, déi aus de Memberstate komm sinn, sollte verroden hunn oder duerch Fahrlässegkeet verroden hunn?

Also, dat sinn déi Froen, déi ee sech an dësem Zesummenhang wierklech muss stellen, wann een déi politesch Analys mécht vun dësem Dokument. Dat gesot an aus deene Grënn, déi mer virdru genannt hunn, kënne mir awer heimadder d'accord sinn, well och eisen Interessi an engem méi grousse Mooss mat esou engem Accord respektéiert gëtt, wéi wann et en net géif ginn.

Dofir villmools Merci. Mir stëmmen dat mat.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet den Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Jo, Här President, ech froe mech, wou een iwwerhaapt hei ka schwätze vun „eisen Interessen" an „Interesse vun deenen aneren". Mir maachen dauernd international Accorde mat anere Länner, net nëmmen europäescher, Länner aus der ganzer Welt, an dorënner där, déi emol net demokratesch funktionéieren.

De Problem ass heibäi: D'Europäesch Unioun selwer kritt ëmmer méi eng Sécherheetsstruktur. D'Europäesch Unioun gesäit sech ëmmer méi op deene verschiddenste Gebidder als zoustänneg, fir Geheimniskrämerei ze maachen.

Et ass geschwat ginn elo just vun de Bestriewungen, fir en europäesche Geheimdéngscht ze maachen. Et gëtt iwwregens schonn eng Agence an Europa, déi deelweis esou Funktiounen erfëllt. Mir hunn et erlieft bei engem Handelsaccord, wéi der TTIP, wou op eemol Négociatiounen, déi d'zukünfteg wirtschaftlech Bezéiungen zwëschen Europa an den USA betreffen, op eemol insgesamt als geheim agestuuft ginn. Déi Pabeieren hu bestëmmt e Stempel drop, do steet „top secret" drop.

An do geet et net méi ëm Problemer vu Länner vis-à-vis vun anere Länner oder vis-à-vis vun der Europäescher Unioun, do geet et ganz einfach ëm d'Interesse vun de Leit, déi hei an de Länner wunnen, déi an Europa wunnen, déi ëmmer méi regéiert gi vu staatleche Strukturen, déi ëmmer méi de Charakter vu Geheimstrukture kréien, déi sech ëmmer méi no esou Sécherheetsinteressen orientéieren.

An dat ass deen eenzege Problem bei deem heiten. An dat erkläert och, firwat mir wäerte géint deen Text hei stëmmen.

Une voix.- Ganz richteg!

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun an d'Regierung huet d'Wuert. Den Här Finanzminister a Vertriedung vum Ausseminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo, Merci, Här President. Am Numm vum Ausseminister an natierlech och am Numm vun der Regierung géif ech lech gäre Merci soe fir dës Debatt a fir d'Éischt dem Rapporteur félicitéiere fir seng mëndlech Ausféierungen, déi ganz kloer waren, an och fir säi Bericht.

Ech freeë mech, dass dëse Projet esou eng breet Zoustëmmung hei ka kréien. En ass effektiv méi breet, wéi deen, dee mer just virdrun diskutéiert hu mat Norwegen, an en deckt den Échange d'informations tëschent den États membres of, tëschent den États membres an der Unioun an och tëschent den États tiers an der Unioun an den États membres. A mir hunn aus der Debatt eraushéieren, dass mer esou en Accord brauchen, fir d'Confiance mat eise Partner opzebauen an esou selwer jo och Informatioune kënnen ze kréien an iwwerhaapt Accès dozou ze hunn.

Ech géif och gären ënnersträichen, dass den Échange d'informations net nëmmen aus militäreschen oder taktesche Grënn utile ass, mä och fir d'Protektioun vun eisen Industrien an Technologien, wéi de Rapporteur Angel dat ganz richteg ënnerstrach huet. An aus deene Grënn sinn ech frou, dass esou eng breet Zoustëmmung zu dësem Projet ka sinn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Finanzminister. Mir kéinten dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6635 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6635 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Prokuratiounen. D'Ofstëmmung ass fäerdeg.

De Projet 6635 ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dat ass dann esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6633 iwwert d'Duebelbesteierungsofkommesse mat verschiddene Länner. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgesat. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Guy Arendt.

7. 6633 - Projet de loi portant

1. approbation du Protocole, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2013 modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Danemark tendant à éviter les doubles impositions et à établir des règles d'assistance administrative réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune;

2. approbation du Protocole, signé à Luxembourg, le 20 juin 2013, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Slovénie tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Ljubljana, le 2 avril 2001;

3. approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de l'Arabie saoudite tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Riyad, le 7 mai 2013;

4. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et Guernesey tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Londres, le 10 mai 2013;

5. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Île de Man tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Londres, le 8 avril 2013;

6. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et Jersey tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, ainsi que le Protocole et l'échange de lettres y relatifs, signés à Londres, le 17 avril 2013;

7. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République tchèque tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 5 mars 2013;

et prévoyant la procédure y applicable en matière d'échange de renseignements sur demande

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, op dëser Plaz maachen ech Iech de Rapport zum Gesetzesprojet, deen de 17. Dezember 2013 vum aktuelle Finanzminister déposéiert ginn ass. Et geet dobäi ëm d'Unhuele vu verschiddene Steierkonventiounen, déi eng Duebelbesteierung ze vermeiden hëllefen. D'Diskussioun haut de Mëtteg setzt sech also och an de Kontext vun den Efforten, déi eist Land schonn zënter Laangem am Kader vun der Lutte géint de Steierbedruch mécht.

D'Chambre des Salariés huet hiren Avis zum Gesetzesprojet de 25. Oktober 2013 eraginn. Den Avis vun der Chambre de Commerce ass vum 23. Dezember an dee vun der Chambre des Métiers vum 27. Januar 2014. Dem Statsrot säin Avis datéiert vum 29. Abrëll 2014 an an der Réunioun vum 13. Mee 2014 huet d'Commission des Finances et du Budget mech als Rapporteur designéiert. Op dësem Datum huet d'Kommissioun och den Avis vum Statsrot ënnersicht. Dee schréftleche Rapport gouf dunn de 27. Mee 2014 an der Kommissioun ugeholl.

Här President, den Objet vun deem virleiende Gesetzesprojet ass d'Unhuele vun enger Rei vun neie Steierkonventiounen tëschent eisem Land a verschiddenen anere Länner oder Entitéiten. Et handelt sech heibäi ëm Konventioune mat Saudi-Arabien, Guernsey, Jersey, der Isle of Man an der Tschechescher Republik. Da geet et awer och nach ëm d'Unhuele vum Protokoll, deen déi bestehend Konventioun mat Dänemark vun 1980 modifizéiert, a vum Protokoll, deen d'Konventioun mat Slowenien vun 2001 upasst.

Dir gesitt, dëse Gesetzestext weist, wéi eescht eist Land et mam Kampf géint de Steierbedruch hélt. All dës Konventioune bauen op de Modell vun der OECD op, wat den Informatiounsaustausch ugeet, esou dass et fir d'Administratioune méi einfach gëtt, esou Échangen an der Praxis virzehuelen. Domadder adaptéiere mer och eis Konventioune géint d'Duebelbesteierung un déi international Standarden am Beräich vum Informatiounsaustausch op Ufro hin.

Dann nach e puer Wuert zur Prozedur, wéi dës Informatiounen dann am Fall échangéiert ginn: Do verweist dëse Gesetzestext op d'Prozedu-

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

ren, déi an den Artikelen 2 bis 6 vum Gesetz vum 31. Mäerz 2010 festgehale goufen, engem Gesetz, wat sech och mat Steierkonventiounen an der duebler Besteierung befaasst.

Ech wëll op dëser Plaz dem Finanzminister Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Kommissioun, dem Finanzminister, deen net méi spéit wéi de leschten Dënschdeg nach e Protokoll mat sengem Homolog ënnerschriwwen huet, fir eis Steierkonventioun mat Irland unzepassen.

Heimadder hoffen ech, dass eis Chamber dësem Gesetzesprojet hir breet Zoustëmmung ausschwätze wäert, a ginn och den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen Iech villmools Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner huet den Här Gilles Roth d'Wuert. Här Roth, wann ech gelift.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech soen dem Guy Arendt wéi gëschter och Merci fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. En huet mat Recht gesot, dass et hei eigentlech drëms geet, fir de Réseau vun Duebelbesteierungsofkommessen ofzeschléissen. Dat Engagement hat déi fréier Regierung geholl, well mer 2009 op déi sougenannt „gro Lëscht" vun de Steierparadäiser gesat goufen a mat vill Engagement an där Zäit gekuckt gouf, fir dass mer vun där Lëscht erofkommen. Och mir stinn als CSV fir eng propper Banken- a Finanzplaz mat gudde Produkter a Servicer, a selbstverständlech ass fir eis och de Steierbedruch kee Kavaléiersdelikt.

Wéi de Rapporteur et richteg gesot huet, ass de Prinzip vun dem Informatiounsaustausch an der Konventioun festgeschriwwen. Déi intern Prozedur gëtt eigentlech nach ëmmer, wéi an deenen aneren Duebelbesteierungsofkommessen, gefouert nom Gesetz vum 31. Mäerz 2010, dat eng genau Prozedur virgesäit.

Et muss een awer och, mengen ech, kloer an däitlech soen, dass an deene Fäll, wou den Informatiounsaustausch hei gi gëtt, d'Bankgeheimnis zum Deel ausser Kraaft gesat gëtt. An déi Avisen, déi komm sinn, waren alleguerte positiv, mat Ausnahm vun engem, nämlech deem vun der Chambre de Commerce, déi, mengen ech, zu Recht eng Rei vu praktesche Froen opgeworf huet, déi se regelméisseg am Kontext vun deenen Duebelbesteierungsofkommesse gestallt huet.

Dat sinn eigentlech dräi praktesch Hypotheesen, nämlech déi: Wat geschitt mat Informatiounen, wann zum Beispill eng belsch Steierverwaltung géif par rapport zu engem Lëtzebuerger Informatioune froen, wou dann d'Lëtzebuerger Steierverwaltung misst déi Informatiounen eranhuele bei enger Bank, déi hei op der Plaz usässeg ass? D'Fro, déi sech dohannert stellt, ass déi: Kënnen déi Informatiounen, déi aus deem spezifesche Fall iwwert déi Konventioun gefrot ginn, fir d'Besteierung vun dem Lëtzebuerger zu Lëtzebuerg genotzt ginn? Ech mengen, dat ass eng praktesch Fro, déi zu Recht hei vun der Chambre de Commerce - d'ailleurs schonn iwwert déi lescht zwee Joer - opgeworf gouf.

Deen zweete Fall ass deen: Wat geschitt, wann zum Beispill eng belsch Steierverwaltung géif Informatioune betreffend e Résident - ob dat e Lëtzebuerger oder een aneren ass, deen zu Lëtzebuerg usässeg ass - anhuele loossen an et géif parallell dozou oder duerno och eng franséisch Steierverwaltung betreffend deeselwechte Résident Informatioune froen? Kann dann an dësem Fall déi Lëtzebuerger Steierverwaltung déi Informatiounen, déi se de Belsch ginn huet, och automatesch de Fransousen iwwerreechen oder muss dofir eng speziell Prozedur mat gegebenenfalls Recoursen am Kontext vun dem Gesetz vun 2010 gemaach ginn?

An en drëtte Fall, deen och d'Chambre de Commerce opgeworf huet, ass deen, wann zum Beispill eng auslännesch Steierverwaltung géif Informatioune froe bei engem Affekot, deen zugläich Domiciliataire wier. Spillt do d'Obligatioun, fir déi Informatiounen ze ginn oder priméiert an dësem Fall d'Steiergeheimnis an och de Secret professionnel vum Affekot am Kontext vum Artikel 458 vun dem Code pénal?

Et ass eigentlech e bësse cocasse, Här President, dass mer elo e Finanzminister, den Här Gramegna, hei hunn, deen eigentlech där Organisatioun, déi fréier déi Froen opgeworf huet, virstoung.

Här Gramegna, entweder gitt Der eis déi Preziséiounen zu deene Froen elo, mä mir kéinten eis awer och als CSV dermat averstanen erklären, wa mer déi Froen do eng Kéier zesumme mat de Vertrieder vun der Steierverwaltung an enger vun deenen nächste Finanzkommissioune géife kucken. Well dann hätte mer ee fir alle Mol eng kloer Äntwert, mengen ech, souwuel vun der Verwaltung wéi och vun der Politik zu deene Froen, déi d'Chambre de Commerce an hiren Avisen opgeworf huet, an déi net ouni Pertinenz wieren.

Dat gesot, steet d'CSV selbstverständlech zu dësem Gesetzesprojet an ech ginn och am Numm vun der CSV-Fraktioun dofir d'Zoustëmmung a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci och dem Här Roth. Als nächste Riedner huet den Här Alex Bodry d'Wuert. Här Bodry, wann ech gelift.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och dem Rapporteur, dem Guy Arendt, Merci soe fir säi Rapport zu deem heite Projet. Bon, et ass keen Neiland fir d'Lëtzebuerger Parlament. Ech mengen, et sinn an etleche Sitzungen… Iwwert déi lescht laang Joren hu mer ähnlech Konventiounen hei guttgeheescht, déi ëmmer fälschlecherweis bezeechent ginn als Duebelbesteierungskonventiounen, wou se jo awer den Zweck eigentlech hunn, just de Contraire ze erreechen: dass et net soll zu enger duebeler Besteierung kommen.

Dat bedeit natierlech, wann een dat Zil wëllt erreechen, dass eng Kooperatioun do ass, dass en Informatiounsaustausch do ass tëschent de Vertragsparteien. An dat ass jo de wesentleche Punkt eigentlech bei deenen heite Konventiounen, wou effektiv, géif ech soen, déi lescht Joren den Turbo ugekéiert ginn ass, fir eng ganz Rëtsch där Konventioun, nei Konventioune géint d'Duebelbesteierung esou schnell wéi méiglech kënnen ofzeschléissen an och hei ze ratifizéieren, well mer, wéi gesot, ënnert der Menace stoungen, international e bëssen als Paria an deem heite Beräich dohigestallt ze ginn.

Wat interessant ass an der Lëscht vun deene Konventiounen, déi hei ofgeschloss ginn: Do si sécherlech och eng Rei Länner oder Entitéiten derbäi, wéi gesot ginn ass, déi ënner engem ähnlechen Drock stoungen. Wann ech do liesen, dass Isle of Man derbäi ass, dass d'Kanalinselen derbäi sinn, Guernsey an Jersey. Déi waren op ähnleche Lëschten, wann net nach méi donkel gefierft wéi déi vu Lëtzebuerg, ze fannen, an dat erkläert sécherlech och hir Bereetschaft, esou Konventiounen ofzeschléissen. Dat verbessert eise Bilan, dat huet awer och parallell hire Bilan eigentlech verbessert an där doter Hisiicht.

Mir brénge selbstverständlech hei och eisen Accord zu deenen heiten Texter eran. Den Här Roth huet virdrun eng Uspillung gemaach op déi fréier Responsabilitéiten, déi de Finanzminister hat. Ech kéint och soen, de Finanzminister kéint sech et jo och einfach maachen an e géif einfach soen, ma déi heite Verhandlunge si gefouert ginn ënnert der Responsabilitéit vu mengem Virgänger, an da kéint dee jo och déiselwecht Äntwerten hei ginn, déi e wahrscheinlech déi Jore virdru ginn huet op déi Froen, déi do schonn d'Chambre de Commerce gestallt huet.

M. le Président.- Merci och dem Här Bodry.

M. Luc Frieden *(CSV)*.- D'Chambre de Commerce huet och fréier gutt Avise geschriwwen.

M. le Président.- Dann hätt d'Wuert den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Mir schléissen eis och selbstverständlech dem Merci un den Här Arendt un, dee wierklech e ganz gudde Rapport hei gemaach huet an enger komplizéierter Matière.

Hei geet et ëm en Échange d'informations sur demande. An natierlech muss een awer och do feststellen, datt et an der internationaler Entwécklung e bësschen „Moutarde après dîner" ass, well den Trend geet jo awer hin op den automateschen Informatiounsaustausch, dee jo soll probéiert ginn dann als Weltstandard anzeféieren.

Trotzdeem, fir eis ass dat heite gutt, fir dat ze maachen, well mir jo och als ADR eis ëmmer géint de Steierbedruch ausgeschwat hunn, well mer och frou sinn, datt esou Territoirë wéi Guernsey, Isle of Man, Jersey do derbäi sinn an och hoffen, datt mat aneren ähnlechen Territoiren an der Welt esou Ofkommesse kënnen ofgeschloss ginn.

A mir schléissen eis och un deene Froen un, déi den Här Roth hei gestallt huet, déi vun der Chambre de Commerce schonn an e puer Avisen - an dräi verschiddenen Avisen - gefrot goufen.

Wat awer interessant ass an eisen Aen, dat ass eigentlech eng Kontradiktioun bei där Liichtegkeet, mat där mer d'Privatliewen opginn hu bei der Fro Bankgeheimnis par rapport zum Beispill zu deene justifiéierten Efforten, déi mer maachen, fir d'Privatliewen ze schützen am Beräich Internet.

Ech mengen, et geet ëmmer erëm ëm d'Privatliewe vun de Persounen. Ee wichtege Mataarbechter, de President vun enger grousser Affekotefirma hei am Land, huet nach iwwert d'Opgi vum Bankgeheimnis viru Kuerzem gesot: «La vie privée est absolument passée à l'attrape.» Effektiv, well mer do e Schratt a Richtung transparente Bierger maachen, wat natierlech jorelaang bekämpft gouf.

Den Här Gramegna, a senger Capacitéit (veuillez lire: a senger Qualitéit??) als fréieren Diplomat, erënnert sech nach bestëmmt un déi Zäiten, wou mer fir d'Bankgeheimnis mat gudden Argumenter gekämpft hunn. An dat huet och mat der Protektioun vun der Privatsphär ze di gehat.

Interessant ass awer och, wéi mer elo all déi Accorden hei ëmsetzen. Mir hunn eng relativ kleng Verwaltung, e klenge Finanzministère, eng kleng Steierverwaltung, an et gëtt eng ganz Rei vun Défien. Mir hunn zum Beispill elo all déi Accords de non double imposition ëmzesetzen, gläichzäiteg musse mer FATCA ëmsetzen, wat och en Échange d'informations direct praktesch mat den USA ass a wou d'ABBL sech nach beklot huet an hirem leschte Joresrapport, datt, anescht wéi op anere Finanzplazen, de Lëtzebuerger Finanzministère nach kee Guide ausgeschafft huet, wéi dann déi Ëmsetzung soll an der Praxis geschéien.

Gläichzäiteg hu mer am Kader vun der OECD en „Common Reporting Standard" ëmzesetzen, deen alt nees e bëssche verschidden ass vun deem, wat mer bei FATCA hunn. Gläichzäiteg hu mer eng Direktiv an der Europäescher Unioun iwwer Coopération administrative, déi da wahrscheinlech ratione materiae erëm eng Kéier geschwë geännert gëtt.

Wéi solle mer dat doten um rengen Ëmsetzungsniveau alles kënne géréieren? A wéi eng Efforte mécht dann elo Lëtzebuerg, fir och déi verschidde Rechtsinstrumenter oder Rechtsusätz am Beräich vum Bankgeheimnis oder vun deenen Informatiounsaustauschen ze harmoniséieren, souwuel um politesche wéi och um reng administrativ-personelle Plang?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Ech mengen, et si keng weider Wuertmeldungen do. Dann huet den Här Finanzminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert, ech wollt awer da bis op d'Pult kommen, well e puer méi fundamental Froe gestallt gi sinn iwwert dëse Projet de loi, dee jo siwen international Konventiounen oder Protokoller dann elo hei soll adoptéieren.

Et ass richteg, dass mer eng gewësse Course hu misse maache vun 2009 un, fir där Netduebelbesteierungsofkommessen ze ënnerschreiwen, well dat eng Konditioun war, déi gesat ginn ass, fir Lëtzebuerg vun enger groer Lëscht erofzekréien. An u sech war dat en éischt Alarmsignal, dass mer misste relativ séier erëm handelen am Intérêt vun der Reputatioun vun eiser Plaz an och am Intérêt vum Image vun eisem Land.

A mäi Virgänger, deen och haut hei sëtzt, den Här Frieden, huet dat ganz séier an d'Weeër geleet, an dat war och ganz gutt. An dofir sinn ech och frou, dass mer deen Effort hei weidermaachen.

Ech muss soen, dass déi Experienz, déi vun där groer Lëscht do, schonn eng ganz schwiereg war. An ech muss soen, dass mer leider net genuch draus geléiert hunn, well mer, wéi Der jo alleguerte wësst, elo am „Global Forum" ähnlech Problemer kritt hunn, wou mer net konform sinn an do, obwuel dat do net „gro" oder „schwaarz Lëscht" heescht, als non conforme, „non compliant" agestuuft gi sinn.

An et ass och dofir wou ech mat deem Punkt hei wëll ufänken a soen, dass dës Regierung wëllt proaktiv sinn an all deenen Domäner, fir ze évitéieren, dass mer op eng schwaarz oder eng gro Lëscht kommen, fir ze évitéieren, dass mer non conforme sinn. An ech mengen, mir mussen dat vun der Vergaangenheet léieren. Well: Wann ee bis op esou enger Lëscht ass, da kann een zwar esou vill Efforte maache wéi ee wëllt, den Dommage ass gemaach, d'Reputatioun ass ugëeckt. An dat Eenzegt wat ee kann, dat ass just nach, d'Dommagë limitéieren.

05.06.2014 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 19.06.2014
Loi du 26 juin 2014
Mémorial A: 2014, n°113, page 1731

Arrêt Pont-Rouge

6684 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Le projet a pour objet la construction d'une nouvelle gare ferroviaire dénommée Arrêt Pont-Rouge sur la ligne du Nord, à hauteur du Pont Grande-Duchesse Charlotte, avec ses accès et deux funiculaires. Le montant total des travaux à réaliser est estimé à 96.297.629 euros. L'autorisation du législateur pour procéder à ces travaux est requise en vertu de l'article 99 de la Constitution, étant donné que ce montant dépasse le seuil de 40 millions d'euros prévu à cet effet par l'article 80 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État.

Dépôt par M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 24.04.2014
Rapporteur: Mme Josée Lorsché

Travaux de la Commission du Développement durable
(Présidente: Mme Josée Lorsché):
07.05.2014 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
14.05.2014 Examen de l'avis du Conseil d'État
28.05.2014 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 04.06.2014

Identification des personnes physiques

6687 - Projet de loi portant modification de la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques

Le projet de loi entend apporter à la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques deux modifications ponctuelles et urgentes.

D'une part, le projet de loi prévoit de décaler l'entrée en vigueur des dispositions relatives aux registres communaux des personnes physiques du 1er juillet 2014 au 1er janvier 2016. Le maintien de la date d'entrée en vigueur initiale engendrerait pour les communes des problèmes au niveau du registre d'attente et de l'historique des informations connues.

Le décalage de l'entrée en vigueur ne modifie pas le fonctionnement actuel des registres de la population et du registre national des personnes physiques.

D'autre part, deux dispositions «inadaptées» concernant les cartes d'identité électroniques délivrées à partir du 1er juillet 2014 sont redressées.

À l'article 12(1), alinéa 1er de la loi précitée du 19 juin 2013, il est précisé que ces cartes d'identité sont délivrées aux Luxembourgeois inscrits sur le registre national des personnes physiques, au lieu d'un registre communal, comme le dispose le texte actuel. Le paragraphe 2 de l'article 12 dispose en effet que la carte d'identité «est établie sur base des données inscrites sur le registre national et sur le registre des cartes d'identité».

À l'alinéa 2 du paragraphe 1 de l'article 12, les termes «et, à défaut» sont remplacés par le terme «ou». De cette façon, les Luxembourgeois résidant à l'étranger «pourront choisir le lieu de leur demande et de la délivrance d'une carte d'identité». Cette délivrance pourra désormais avoir lieu par l'intermédiaire, soit d'une mission diplomatique ou consulaire à l'étranger, soit du Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE). Ainsi, un Luxembourgeois qui réside dans la région frontalière du Grand-Duché ne doit pas se déplacer à la capitale de son pays de résidence.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, le 08.05.2014
Rapporteur: M. Claude Haagen

Travaux de la Commission des Affaires intérieures
(Président: M. Claude Haagen):

22.05.2014 Désignation d'un rapporteur
Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État
05.06.2014 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 18.06.2014
Loi du 25 juin 2014
Mémorial A: 2014, n°109, page 1712

SÉANCE 24

MARDI,
17 JUIN 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. le Président*

2. Communications

- *M. le Président*

3. Ordre du jour

- *M. le Président, M. Fernand Kartheiser, M. Claude Wiseler, M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter, M. Eugène Berger, M. Justin Turpel, M. Fernand Kartheiser*
- *Vote*

4. Dépôt de deux propositions de loi par M. Fernand Kartheiser

- *Exposé: M. Fernand Kartheiser*

5. Validation des élections européennes

- *M. le Président*
- *Tirage au sort des membres constituant la Commission de vérification des élections au Parlement européen du 25 mai 2014*
- *Interruption de la séance publique de 14.56 à 15.08 heures*
- *M. le Président*
- *Mme Martine Hansen*
- *Rapport de la Commission de vérification des élections au Parlement européen du 25 mai 2014: Mme Cécile Hemmen*
- *Vote*

6. 6469 - Projet de loi relatif aux droits et obligations du patient, portant création d'un service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé et modifiant:

- la loi modifiée du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers;
- la loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel;
- le Code civil

- *Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Alexander Krieps, Mme Josée Lorsché (dépôt d'une motion), M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Serge Urbany, M. Fernand Kartheiser, Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*

7. 6554 - Projet de loi portant

1) transposition de la directive 2011/24/UE du Parlement européen et du Conseil du 9 mars 2011 relative à l'application des droits des patients en matière de soins de santé transfrontaliers;

2) modification du Code de la Sécurité sociale;

3) modification de la loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin vétérinaire;

4) modification de la loi modifiée du 31 juillet 1991 déterminant les conditions d'autorisation d'exercer la profession de pharmacien;

5) modification de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé;

6) modification de la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments;

7) modification de la loi modifiée du 16 janvier 1990 relative aux dispositifs médicaux

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Serge Wilmes, M. Edy Mertens, Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

8. 6639 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Serbie en matière de sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 7 juin 2013

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Frank Arndt*
- *Discussion générale: Mme Viviane Loschetter, M. Edy Mertens, M. Gilles Roth, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *M. Serge Urbany (motivation d'abstention), M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Romain Schneider et Mme Lydia Mutsch, Ministres; M. Marc Hansen, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.34 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- E schéine gudde Mëtten. Ech maachen heimat d'Sëtzung offiziell op a froen d'Regierung, ob se Kommunikatiounen ze maachen huet.

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé*.- Neen, Här President.

M. le Président.- Merci der Madame Gesondheetsminister.

2. Communications

Ech hunn da folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen an den Äntwerte läit um Büro vun der Chamber.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung an der Administratioun erakomm sinn, ass un d'Fraktioune weiderverdeelt ginn.

3) Eng Lëscht mat de Petitiounen, déi vun der Petitiounskommissioun respektiv vun der Conférence des Présidents als recevabel erkläert gi sinn, ass un d'Fraktioune verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 17 juin 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6694** - Projet de loi modifiant la loi du 30 juillet 2013 concernant l'aménagement du territoire*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 05.06.2014

***6695** - Projet de loi déterminant le régime des sanctions applicables en cas de violation des dispositions du règlement (UE) n°181/2011 du Parlement européen et du Conseil du 16 février 2011 concernant les droits des passagers dans le transport par autobus et autocar; modifiant la loi du 8 avril 2011 portant introduction d'un Code de la consommation; modifiant la loi du 29 juin 2004 portant sur les transports publics*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 10.06.2014

***6696** - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif à une juridiction unifiée du brevet, signé à Bruxelles, le 19 février 2013*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 16.06.2014

***6697** - Projet de loi relatif à l'équipement des bâtiments de la première phase de construction de la Cité des Sciences à Belval*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 16.06.2014

3) Les pétitions publiques suivantes ont été déclarées recevables en date du 5 juin 2014:

*Pétition publique n°**371** - Vote obligatoire pour résidents depuis plus de 5 ans au Grand-Duché*

Dépôt: 14.05.2014

*Pétition publique n°**376** - Géint deen neie Stadion*

Dépôt: 20.05.2014

*Pétition publique n°**381** - Fir däitlech méi Personal a besser Éffnungszäite bei der ADEM - Pour une nette augmentation du personnel et un changement des horaires d'ouverture auprès de l'ADEM*

Dépôt: 27.05.2014

*Pétition publique n°**383** - Géint mobil a fix Radaren!*

Dépôt: 02.06.2014

*Pétition publique n°**384** - D'Hondt-Verfahren abschaffen*

Dépôt: 02.06.2014

*Pétition publique n°**385** - Umweltfreundliche Mobilität - Gegen einen Aufbau eines Ethanoltankstellennetzes (E-85, Superethanol) in Luxemburg - Contre une installation d'un réseau des pompes Supéréthanol (E-85) au Grand-Duché de Luxembourg*

Dépôt: 02.06.2014

*Pétition publique n°**387** - Alle Bürger Luxemburgs haben das Recht auf ein pestizidfreies Leben*

Dépôt: 03.06.2014

*Pétition publique n°**388** - Referendum zur Einführung der Bürgergesetzgebung von unten*

Dépôt: 04.06.2014

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Den Ordre du jour modifié hutt Der virleien. Gëtt et zum Ordre du jour Wuertmeldungen?

Den Här Kartheiser wann ech gelift.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, villmools Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt eng Propositioun maachen, fir dat Gesetz iwwert d'Homobestietnis, wat muer de Mëtten um Ordre du jour ass, vum Ordre du jour erofzehuelen.

Ech wéilt ufänken, fir ze soen, datt mer déiwe Respekt hu fir d'Initiativ „Schutz fir d'Kand", déi sech ganz vill Méi gemaach huet an engem schwierege gesellschaftlechen Émfeld, fir fir hiert Uleies Énnerschréften ze sammelen, fir d'Petitioun N°343, déi hei an der Chamber am Abrëll, de 7. Abrëll, déposéiert gouf a bis de 14. Juni 2014 fir d'Énnerschréft op war.

Si hu gesammelt 4.751 Énnerschréften, dovunner 3.188 online a 1.563 um Pabeier. Elo ass et esou, datt si opgrond vun deem Resultat net an der Prozedur vun der ëffentlecher Petitioun an engem ëffentlechen Débat hei empfaange gi sinn, mä just haut an der Petitiounskommissioun konnte sech äusseren, wat also eng net ëffentlech Sëtzung war.

Fir eis als ADR ass dat net korrekt. Mir wëlle feststellen a mengen, datt mer mussen eng aner Kultur vun der direkter Demokratie hei entwéckelen an datt mer si hätte missen unhuelen als Partner an enger ëffentlecher Diskussioun opgrond vun deem Resultat vu 4.700 Énnerschréften, wat se gemaach hunn.

Eis Argumenter sinn déi hei: Éischtens, all Bierger sinn d'selwecht virum Gesetz, wéi et och den Artikel 10bis vun eiser Verfassung esou wënscht. Énnerschréft ass Énnerschréft! A mir stelle fest, datt déi Énnerschréften demokratesch legitiméiert a juristesch valabel sinn. Mir behalen eis och d'Recht opgrond vun dëser konstitutioneller Dispositioun vir, eventuell juristesch Considératiounen ze huelen, déi dann dem Recht vun deene géifen entspriechen, déi sech net iwwer Internet un där Petitioun bedeelegt hunn, mä iwwer Pabeier, fir sécherzestellen, datt och vun eise Juridictioune ka festgestallt ginn, datt déi Énnerschréfte geneesou valabel si wéi déi aner.

Et ass gesot ginn hei, datt déi normal Prozedur misst respektéiert ginn, datt d'Chamber net kéint d'Regelen änneren, mä mir stelle fest, an eisem Reglement gëtt et guer keng Regelen. Eist Chambersreglement huet bis elo just e Projet 6690 (veuillez lire: eng Propositioun 6690) virleien. Et gëtt keng Regel hei am Parlament, déi géif disposéieren, wéi ee Genre vun Énnerschréfte legitim ass a wéi een net. Et gëtt keng rechtlech Basis fir esou eng Positioun. A souguer an där Propositioun fir d'Änderung vum Chambersreglement steet net explizit dran, datt Pabeierënnerschréften net géifen akzeptéiert ginn. Dat ass nozeliesen am proposéierten Artikel 155bis vun der Propositioun 6690.

Mir wieren eis dergéint, datt Leit, déi aus Altersgrënn, Aarmutsgrënn oder aus aneren Ursaachen net um Internet wëlle präsent sinn oder kënne präsent sinn, vun esou Petitiounslëschten ausgeschloss wären. D'Initiativ „Schutz fir d'Kand" hat d'Chamber de 24. Abrëll an de 26. Mee doriwwer informéiert a si krut eréischt eng Reaktioun den 10. Juni. Mir wëllen also heimadder ganz kloer soen, datt mer eis dem Statsrot uschléissen, deen och nach viru Kuerzem gesot hat a regrettéiert huet, datt souwuel d'Regierung wéi d'Chamber en ëffentlechen Débat an dëser Fro schéngen ze esquivéieren, an datt mer eis och deenen uschléissen, déi eng breet ëffentlech Debatt iwwert d'Méritten oder d'Netméritte vun deem proposéierten Homobestietnis wëlle féieren.

Aus all deene Grënn, Här President, proposéiere mir also, datt mer fir d'Éischt eng ëffentlech Debatt hu mat deene Petitionnairen, esou wéi déi Prozedur et jo versprach huet u sech,

well genuch Ënnerschréften do sinn. An zweetens hätte mer gär, datt déi Diskussioun iwwert d'Suiten eréischt da gefouert géif ginn, wa mer wierklech konnten ënner eis kloer sinn, wéi mer déi schréftlech Ënnerschréften an esou engem Kader féieren, dann eng ëffentlech Debatt hunn, déi deen Numm verdéngt, an dann op dee Projet de loi zréckkommen, deen hei de Mëttwoch soll votéiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Wëllt just...?

Den Här Wiseler, wann ech gelift.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech wëll just dozou soen, datt mir och der Meenung sinn, datt mer selbstverständlech am Respekt vun all deenen, déi hir Meenung wëllen zum Ausdrock bréngen, hei handelen, mä awer och derbäisoen - esou wéi dat de Moien an der Petitiounskommissioun geschitt ass -, datt d'Chamber sech eng Rei Regele ginn huet, eng Rei Regele gesat huet an datt och an deem hei Fall déi Petitioun behandelt ginn ass no den aktuelle Regele vun der Chamber an eisen Aen. Dat heescht, wéi eng ordinär Petitioun, datt all déi Leit empfaange gi sinn, datt se och hir Argumenter konnten auserneeleeën an der Petitiounskommissioun an datt all d'Membere vun der Kommissioun, all Fraktioun sech konnt e Bild iwwert d'Argumentatioun maachen.

Dat ass also an eisen Ae geschitt no deem, wéi d'Chamber a sech sollt dat behandelen. Dofir si mer der Meenung, datt den Ordre du jour bäibehale soll ginn. Mir sinn awer par contre - an dat wëll ech hannendru soen; all déi Froestellungen, déi gestallt gi si par rapport zu den elektronesche Petitiounen op där enger Säit an dem Fait, datt ee kann, soll schréftlech kënnen eraginn, wou kloer d'Positioun vun der Chamber déi ass, déi mer alleguer kennen - der Meenung, esou wéi de President vun der Chamberskommissioun unanime mat sämtleche Fraktiounen dat an der Petitiounskommissioun schonn ugeschwat hat, datt ee soll am September eng Kéier déi ganz Organisatioun vun de Petitiounen iwwerkucken, fir ze gesinn, ob do Schwächten dra sinn, fir ze gesinn, ob mer kënnen d'Organisatioun vun deene Petitiounen, déi hei an d'Chamber erakomm sinn, ob mer dat kënnen anescht, ob mer dat kënne besser gestalten.

Ech mengen, do si mir als Fraktioun, mä ech mengen, déi aner Fraktiounen och, Demandeur, fir dat eng Kéier ze iwwerkucken.

Haut, an der Situatioun, wou mer haut sinn, menge mer, solle mer eis un déi Regelen halen, déi mer eis alleguer gemeinsam gesat hunn.

M. le Président.- Merci dem Här Wiseler. Den Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Jo, Här President, ech deelen déi doten Aschätzung. Ech mengen och, dass et falsch ass, hei den Androck ze ginn, wéi wa keng ëffentlech Debatt iwwert déi dote Froe stattfonnt hätt a méiglech gewiescht wär. Ech wëll drun erënneren, dass dée Projet de loi am Joer 2010 deponéiert ginn ass an dass zënterhier a sëlleche Sitzungen hei am Parlament an och an der Ëffentlechkeet iwwert den Inhalt vun deem dote Projet de loi diskutéiert ginn ass an dass, wat déi Fro vun der Volladoptioun ugeet, och do zënter dem Summer d'lescht Joer d'Positiounen, d'Majoritéitspositiounen hei an dëser Chamber ganz kloer sinn.

Elo wëllen hei den Androck ze ginn, wéi wann dat eng Iwwerraschung wär praktesch, dass dee Projet géif haut à la va-vite hei diskutéiert ginn an der Chamber, dat kann ech net akzeptéieren. Jorelaang huet déi Prozedur gedauert. Iwwer ee Joer ass praktesch de vollen Text vum Gesetz bekannt, a senger ganzer Envergure. Et war also d'Méiglechkeet do, des Laangen an des Breeden iwwer all déi inhaltlech Froen ze diskutéieren. Dat wäerte mer haut jo och nach maachen hei an der Debatt an der Chamber. Esou dass ech mengen, dass mer u sech hei prett sinn, fir déi doten Diskussioun ze féieren. An duerfir ass eis Fraktioun och derfir, dass mer beim Ordre du jour bleiwen, esou wéi e proposéiert ass.

Zweete Punkt, deen ech trotzdeem wéilt opwerfen: Den Här Kartheiser huet hei et vermidden, fir eis Verfassung ze zitéieren, déi effektiv ganz droleg formuléiert ass. Den Artikel 67 - ech wëll Iech en eigentlech och hei virliesen -, dee seet, dee wéineg schwätzt vum Recht op Petitioun, dat muss ee praktesch indirekt draus erausliesen, mä deen awer par contre eng Interdictioun virgesäit, an déi ass wéi folgt formuléiert: «Il est interdit de présenter en personne des pétitions à la Chambre.» Ech géif dee Saz do zur Meditatioun hei vun der Chamber ginn an d'Fro stellen, ob mer déi Regelen, déi mer eis elo provisoresch ginn hunn, iwwerhaapt kënnen definitiv festschreiwen, wa mer bei deem dote Verfassungstext bleiwen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Bodry. D'Madame Loschetter, wann ech gelift.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Här President, et ass bal alles gesot gi vu menge Virriedner. Dofir wëll ech net nach eng Kéier dat widderhuelen. Mä ech wëll Iech awer soen, datt déi gréng Fraktioun sech deenen Aussoe kann honnertprozenteg ralliéieren. An dofir denke mir och, datt den Ordre du jour, esou wéi en elo presentéiert ass, och soll oflafen.

Merci.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Den Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo, Merci, Här President. Ech sinn och nach an där Rei vun deenen, déi elo grad scho gesot hunn, datt mer Geleeënheet hate säit Jore praktesch, fir iwwert dee Projet hei ze diskutéieren, iwwer all d'Facetten op alle méigleche Plazen, datt also hei dat net eng Iwwerraschung ass, datt dat also een Débat ass, dee gutt preparéiert ass an deen och kontrovers a kontradiktoresch an der Vergaangenheet och an der Ëffentlechkeet diskutéiert ginn ass, datt mer also sollen haut de Mëtten och eisen Ordre du jour bäibehalen an dann och dee Projet diskutéieren an dann och hoffentlech ofstëmmen.

Eng zweet Remarque ass awer och déi: Ech kann och mat op de Wee vun deem goen, wat de Vizefraktiounschef vun der CSV gesot huet, suggéréiert huet: Datt mer sollen elo, no éischten Erfahrunge mat der elektronescher Petitioun, wou awer, mengen ech, souwuel bei eis heibanne wéi awer och dobaussen am grand Public déi eng oder aner Mëssverständnisser vläicht sinn oder Onprezisioune sinn, datt mer do sollen en temps utile net ze laang waarden, fir spéitstens am September, am Hierscht e Bilan ze maachen an ze kucken, do vläicht e puer Kurskorrekture virzehuelen, fir datt mer dat Instrument dann och kënne valabel an am Verständnis an an der Transparenz vu jiddwerengem benotzen.

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Den Här Turpel, wann ech gelift.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Mir sinn der Meenung, datt dee Gesetzesprojet iwwert d'Netdiskriminéierung vu gläichgeschlechtleche Koppele muer soll gestëmmt ginn, datt dee soll zur Diskussioun muer stoen a gestëmmt ginn.

(Interruption)

Nee muer!

(Interruption)

Muer, muer. Ech hoffen!

(Hilarité)

...datt dee muer soll gestëmmt ginn, an dat obschonn elo kuerzfristeg eng Pétition ordinaire presentéiert ginn ass. Ech sinn d'accord mam Alex Bodry, dee seet, datt déi Pétition ordinaire do scho vill méi laang hätt kënne presentéiert ginn.

Wat d'Pétition publique ugeet, ass dat eng Saach. Ech mengen, do si mer an enger neier Prozedur dran. Mir sinn och absolut der Meenung, an dowéinst sinn ech och frou, datt d'Petitiounskommissioun sech doriwwer eens ass, datt een d'Zesummespill vu Pétion ordinaire/Pétition publique no éischten Erfahrunge muss bilanzéieren an da kucken, ob een do eventuell verschidde Regelen ännert. Zum Beispill, datt een e Contrôle aféiert iwwert d'Pétion ordinaire, deen et de Moment net gëtt - wat et och dowéinst onméiglech mécht, fir déi iwwerhaapt kënnen..., déi Ënnerschréfte kënnen ze cumuléieren -, ob mer en Online-Contrôle direkt aféiere bei der Pétition en ligne an esou weider.

Ech mengen, dat sinn alles Iwwerleeungen, déi solle gemaach ginn. A mir hunn eis och an der Petitiounskommissioun d'Wuert ginn, fir scho praktesch an der nächster Sëtzung unzefänken, de Relevé duerchzehuelen, déi Lee duerchzehuelen, déi mer opgestallt hu vun all deene Saachen, déi do opgestallt gi sinn. Dat verhënnert net, datt, wat dee Projet hei ugeet, een awer elo d'Impressioun hat, wéi wann am leschte Moment géif versicht ginn, eng Debatt, déi schonn trotzdeem eng Rei Jore leeft an der ganzer Gesellschaft, fir déi elo mat engem Trick do erauszezögeren. Well soss wier esou eng Pétition ordinaire nämlech scho vill éischter komm.

An ech schléisse mech deenen un, déi scho virdrun an der Entrevue, déi mer hate mat de Petitionnairen, gesot hunn, datt, wa se net iwwerzeegt gewiescht wieren, datt een dee Projet de loi muer soll stëmmen, da wiere se et elo, nodeem datt se d'Petitionnairen héieren hätten, well mer do - a mir komme sécherlech muer drop zréck - héieren hunn, datt eng ganz Rei berechtegt Froen, déi elo iwwerhaapt näischt mam Thema hei ze dinn hunn, ausser wann et ëm d'Diskriminéierung vu gläichgeschlechtleche Partner geet, déi iwwerhaapt näischt mam Thema ze dinn hunn, souwisou missten diskutéiert ginn, esou datt et héich Zäit gëtt, fir déi gläichgeschlechtlech Rechter hei endlech ze arrêtéieren, fir datt endlech och déi falsch ëffentlech Diskussioun doriwwer ophéiert a mer emol erëm zu deene richtege Problemer kënne kommen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Ech mengen, domat ass alles gesot a mir kéinten zur Décisioun iwwert den Ordre du jour iwwergoen, wéi e vun der Presidentekonferenz...

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Ech froen de Vote électronique, Här President.

M. le Président.- Ah? Jo, ech war nach net fäerdeg, mä bon!

(Hilarité)

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Dir waart esou gutt lancéiert!

M. le Président.- Also, wie mam vun der Presidentekonferenz proposéierten Ordre du jour d'accord ass, ass gebieden, mat Jo ze stëmmen, wien net domat d'accord ass, mat Neen. Den elektronesche Vote ass gefuerdert ginn. Da maache mer dat esou.

Vote

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

(Brouhaha)

Wie mam Ordre du jour, wéi en...

(Interruptions diverses)

Wien also mat der Proposition principale, dat ass den Ordre du jour, wéi e vun der Presidentekonferenz virgeschloen ass, d'accord ass, stëmmt mat Jo, dee wëllt eng Ännerung hunn, mat Neen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Et sinn nach eng Rei Apparater, déi net ginn, well dann nach deen zweeten, drëtte Code do muss all Kéiers agi ginn. Vläicht wann ech gelift dat respektéieren, datt d'Leit dann eng Chance hunn, hire Code erëmzefannen, fir dann och kënnen hei...

M. le Président.- Jo. Bei mir ass guer näischt méi um Schierm.

(Hilarité et brouhaha)

Sou, also ech géif Iech proposéieren, mir maachen de Vote nach eng Kéier, fir dass alles kloer ass. D'Froestellung ass jo och elo kloer.

De Vote ass lancéiert. Voilà, déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. Ech ginn dovun aus, dass de Vote elo ofgeschloss ass.

57 Deputéiert si mam virgeschloenen Ordre du jour d'accord, bei 3 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Guy Arendt), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Also bleiwe mer bei eisem proposéierten Ordre du jour.

Ech hunn eng Wuertmeldung fir den Dépôt vu Propositions de loi. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

4. Dépôt de deux propositions de loi par M. Fernand Kartheiser

Exposé

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech wollt hei am Numm vu menger Partei zwou Propositions de loi haut deponéieren.

Déi éischt betrëfft d'Schafung vu Classes d'accueil am Enseignement fondamental. Mir wëllen do de Gemengen och d'Méiglechkeet ginn, esou Klassen anzeféieren. Bis elo ass dat just eng Décisioun, déi de Stat kann huelen. Et ass déi éischt Propositioun, ech däerf Iech déi iwwerreechen.

6698 *- Proposition de loi*

1. modifiant la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. autorisant la création par les communes de classes spécialisées d'accueil pour enfants nouvellement installés au pays

Déi zweet Proposition de loi, déi betrëfft d'Propositioun fir en nationale Referendum iwwert d'„Ouverture du mariage et de l'adoption aux couples de même sexe". Mir sinn der Meenung, datt, wéi ech et och scho virdru konnt soen, mer mussen eng breet ëffentlech Debatt iwwer all déi Froen hunn, déi sech an dësem Zesummenhang stellen. Dat ass bis elo an eiser Analys net de Fall gewiescht. Dofir wëlle mer der Bevëlkerung folgend Froe stellen: Sidd Dir souwuel fir d'Aféierung vum Bestietnis vu gläichgeschlechtleche Koppele wéi och fir d'Adoptioun duerch gläichgeschlechtlech Koppelen? An dat iwwert de Wee vun engem nationale Referendum.

Dës Regierung huet sech jo engagéiert, fir där direkter Demokratie méi Raum ze ginn an d'Leit méi participéieren ze loossen. Dat hei ass eng kruzial Fro vun eisem gesellschaftlechen Zesummeliewen an dofir wéilte mir proposéieren, datt eis Leit hei am Land sech kënnen iwwert d'Voie vum Referendum doriwwer ausspriechen.

6699 *- Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur l'ouverture du mariage et de l'adoption aux couples de même sexe*

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci fir den Dépôt. Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Et ass d'Validatioun vun den Europawahlen.

5. Validation des élections européennes

No de Wahle fir d'Europaparlament vum 25. Mee 2014 ass et un der Chamber, fir d'Wahlen ze validéieren. D'Texter vum Wahlgesetz vum 18. Februar 2003 iwwert d'Europawahle soe Folgendes, den Artikel 282: «La Chambre des Députés se prononce seule sur la validité des opérations électorales qui sont régies par la loi nationale. Toute réclamation contre ces opérations doit être formulée, sous peine de forclusion, par écrit et introduite dans les dix jours de l'élection auprès du Secrétaire général de la Chambre des Députés.»

Den Artikel 283 seet: «Le Parlement européen vérifie les pouvoirs des représentants et statue sur les contestations qui pourraient éventuellement être soulevées sur la base des dispositions de l'Acte portant élection des représentants au Parlement au suffrage universel direct.

Toutefois, les contestations qui sont relatives à des dispositions nationales auxquelles cet Acte renvoie sont vidées par la Chambre des Députés.

Le Président de la Chambre des Députés adresse au Président du Parlement européen les documents nécessaires à la vérification des pouvoirs des représentants du Grand-Duché de Luxembourg.»

Ech wéilt d'Chamber nach drop opmierksam maachen, dass keng Reklamatiounen iwwert d'Europawahlen eragaange sinn. An dofir louse mer elo, esou wéi dat virgesinn ass, déi siwe Membere vun där Kommissioun aus, déi nokontrolléiere soll, ob alles uerdnungsgeméiss bei de Wahle verlaf ass.

Tirage au sort des membres constituant la Commission de vérification des élections au Parlement européen du 25 mai 2014

Déi Kommissioun setzt sech zesummen aus: der Madame Hansen, dem Här Fayot, der Madame Hemmen, dem Här Marc Spautz, dem

Här Adam,…

(Brouhaha général et interruptions)

Okay.

Dem Här Eischen, dem Här Lies…

Plusieurs voix.- Deen ass net do.

M. le Président.- Oh là là, dat gëtt méi eng schwéier Saach. Den Här Arndt an d'Madame Elvinger.

Plusieurs voix.- Si ass net do.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Den Här Fayot ass ze remplacéieren, wéinst dem Cathy Fayot.

M. le Président.- Ah. Den Här Schank, an dann, fir sécher ze sinn, och nach een, fir den Här Fayot ze ersetzen, wéinst familiäre Banden. Den Här Haagen.

Plusieurs voix.- Ah!

Une voix.- Ech weess net, ob mer dat stëmmen.

(Hilarité et interruption)

M. le Président.- Also, d'Kommissioun setzt sech zesummen aus: den Häre Marco Schank, Félix Eischen, Frank Arndt, Claude Haagen, Marc Spautz, an den Dammen Hansen an Hemmen. D'Missioun vun där Kommissioun besteet doran, fir d'Resultater vun den Europawahle vum 25. Mee aus deem eenzege Wahlbezierk ze iwwerpréiwen an ze validéieren. A fir der Kommissioun d'Aarbecht ze erméiglechen, ënnerbriechen ech d'Sëtzung.

(La séance publique est suspendue à 14.56 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 15.08 heures.)

D'Kommissioun huet hir Aarbechten ofgeschloss, an domat fuere mer mat eiser ëffentlecher Sëtzung weider. D'Wuert huet d'Presidentin vun der Kommissioun, d'Madame Martine Hansen. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Här President. D'Kommissioun, déi duerch Lous zesummegesat gouf, setzt sech aus folgende Memberen zesummen: D'Madame Martine Hansen - ech selwer -, d'Madame Cécile Hemmen, den Här Marc Spautz, den Här Félix Eischen, den Här Frank Arndt, den Här Marco Schank an den Här Claude Haagen. D'Madame Cécile Hemmen gouf zum Rapporteur an ech selwer zum President vun dëser Kommissioun ernannt.

Här President, ech bieden Iech deemno, dem Rapporteur d'Wuert ze ginn.

M. le Président.- Merci, Madame Presidentin. Dat maachen ech dann och direkt. D'Madame Cécile Hemmen huet d'Wuert.

Rapport de la Commission de vérification des élections au Parlement européen du 25 mai 2014

Mme Cécile Hemmen *(LSAP), rapportrice.*- Donc, je vous présente le rapport de la vérification de la Commission de vérification.

Monsieur le Président, Mesdames, Messieurs, les résultats de l'examen auquel a procédé la commission que vous avez désignée en vue de la validation des élections au Parlement européen du 25 mai 2014 sont les suivants:

Résultats de la circonscription unique:

Bulletins trouvés dans les urnes:	226.218
Bulletins blancs:	12.728
Bulletins nuls:	9.718
Bulletins valables:	203.772
Nombre total des suffrages valables de toutes les listes:	1.172.614
Nombre électoral:	167.517

Les différentes listes ont obtenu les suffrages suivants:

Liste 1 (LSAP - d'Sozialisten):	137.504
Liste 2 (DP - Demokratesch Partei):	173.255
Liste 3 (CSV - Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei):	441.578
Liste 4 (ADR - Alternativ Demokratesch Reformpartei):	88.298
Liste 5 (déi gréng):	176.073
Liste 6 (KPL - d'Kommunisten):	17.506
Liste 7 (déi Lénk):	67.544
Liste 8 (PID - Partei fir Integral Demokratie):	21.303
Liste 9 (Piratepartei):	49.553

Sont élus sur les différentes listes:

Liste 1 (LSAP - d'Sozialisten): 1 élu, à savoir Mme Mady Delvaux-Stehres

Liste 2 (DP - Demokratesch Partei): 1 élu, à savoir M. Charles Goerens

Liste 3 (CSV - Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei): 3 élus, à savoir Mme Viviane Reding, M. Georges Bach, M. Frank Engel

Liste 4 (ADR - Alternativ Demokratesch Reformpartei): aucun élu

Liste 5 (déi gréng): 1 élu, à savoir M. Claude Turmes

Liste 6 (KPL - d'Kommunisten): aucun élu

Liste 7 (déi Lénk): aucun élu

Liste 8 (PID - Partei fir Integral Demokratie): aucun élu

Liste 9 (Piratepartei): aucun élu

Vu le procès-verbal de la circonscription unique et en l'absence de réclamations, la Commission propose à la Chambre de valider les élections européennes du 25 mai 2014.

Merci pour votre attention.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Hemmen.

Vote

Ass d'Chamber mat de Konklusioune vun der Kommissioun averstanen an ass se bereet deemno, d'Europawahle vum 25. Mee ze validéieren? Ech bieden Iech ëm en Handzeechen, wien dofir ass. Wien ass dogéint? Wien enthält sech?

Also huet d'Chamber d'Resultat vun den Europawahlen eestëmmeg validéiert. Ech wäert de President vum Europaparlament an deem Sënn informéieren a soen Iech Merci.

Mir ginn zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwer a kommen zum Projet de loi 6469. Et geet ëm de Projet de loi iwwert d'Patientenrechter an d'Médiatioun am Gesondheetssecteur. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Jean-Marie Halsdorf, Alexander Krieps, d'Madame Josée Lorsché, déi Häre Fernand Kartheiser a Serge Urbany. An d'Wuert huet elo direkt den honorabelen Här Rapporteur, de Georges Engel. Här Engel, wann ech gelift.

6. 6469 - Projet de loi relatif aux droits et obligations du patient, portant création d'un service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé et modifiant:

- la loi modifiée du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers;

- la loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel;

- le Code civil

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- „Jeder denkende Patient ist für den Arzt ein Enfant terrible." Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir dass deem net esou ass, hu mer haut d'Geleeënheet, hei e Gesetz ze stëmme fir kloer Rechter a Flichte fir de Patient a fir de Prestataire de soins. Et ass keng Revolutioun, et ass eng Kloerstellung, eng Vereinfachung an eng Zesummeleeung vun enger Rei vun Artikelen a verschiddene Gesetzestexter, ënner anerem der Loi hospitalière, dem Code de déontologie an enger Rei vu Jurisprudenzen, déi sech all mat der Relatioun tëschent Patient a Prestataire de soins beschäftegen.

De Projet de loi 6469 ass den 21. August 2012 deponéiert gi vum deemolege Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo. Ee Projet also vun der viregter Regierung, deen also den Appui vun alle Parteien aus dëser Regierung hat an och dunn deponéiert gouf. Avise si vum Collège médical, vum Conseil Supérieur de Certaines Professions de Santé, vun der Patientevertriedung, der Entente des hôpitaux luxembourgeois, der AMMD, vun der Commission nationale pour la protection des données, vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics a vun der Association de la médiation et des médiateurs agréés erakomm. D'AMMD an de Conseil scientifique dans le domaine de la santé hunn och nach Positioun zum amendéierte Projet geholl. Et ass also eng ganz, ganz breet Consultatioun beim Ausschaffe vum Gesetzestext gefouert ginn, an eng ganz Partie vu Kritiken a Propose goufen esou schonns am Virfeld berücksichtegt.

No de Wahle vum 20. Oktober ass der neier Kommissioun de Projet virgestallt ginn. D'AMMD an d'Patientevertriedung sinn nach eemol gehéiert ginn. An et hat een d'Impressioun, dass de Projet no de Wahlen en anere gi wier, wéi virun de Wahlen. Op alle Fall ass aus enger vun de Majoritéitsparteien, déi de Projet virun de Wahle gedroen huet, eng Oppositiounspartei ginn, déi de Projet op eemol net méi gedroen huet, obwuel et absolut datselwecht Gesetz ass.

De 27. Mee ass de Rapport an der Kommissioun majoritär ugeholl ginn. Dëst Gesetz huet als Zil wéi gesot, de legale Kader vu Rechter a Flichten, deen d'Relatioun tëschent Patient a Prestataire de soins regelt, anzesetzen. Et war dëst eng Prioritéit vun der viregter Regierung, an et ass och eng Prioritéit vun dëser Regierung.

Dës Regierung huet sech och anere Froen ugeholl an huet an hirem Koalitiounsprogramm Folgendes stoen: «La mise en place d'un fonds d'indemnisation fixant aussi les conditions de prise en charge de l'aléa thérapeutique créé et géré en synergie avec les systèmes en place dans les pays voisins.»

À l'instar vu Frankräich an nach méi vun der Belsch gëtt sech hei un hirem Gesetz inspiréiert an et goufen zwee belsch Experten ëm Rot gefrot, den Här Professer Dr. Herman Nys an d'Madame Professer Dr. Geneviève Schamps.

Dëst war och eng Kritik vun den Dokteren, déi ëmmer erëm komm ass, nämlech d'Fuerderung no engem formellen Engagement vun der Regierung, fir e Fong anzeriichten. Et handelt sech hei effektiv ëm e grave Problem, notamment dee vum Aléa thérapeutique, dat heescht Schied a gesondheetlech Problemer, déi no enger Behandlung optrieden, déi awer net op e Behandlungsfeeler zréckzeféiere sinn.

D'AMMD huet an deem Zesummenhang d'Ariichte vun eben esou engem solidaresch finanzéierten Indemnisatiounsfong gefuerdert. Och de Conseil d'État hält esou een Indemnisëierungsregime basé sur la solidarité nationale als onbedéngt noutwendeg, dat am Zesummenhang mat engem Uerteel iwwert d'Infection nosocomiale, bei deem d'Prestataires de soins eng Obligation de sécurité de résultat zougesprach kruten.

Wat dee Punkt ugeet, huet sech, wéi gesot, déi aktuell Regierung schonn an hirem Programm formell engagéiert, fir bannent engem Joer e Projet virzeleeën iwwert d'Kreatioun vun esou engem Fong, an Zesummenaarbecht mat Experten aus dem Ausland, wou et ebe schonn esou Systemer gëtt. Dëser Kritik vun der AMMD gouf also Rechnung gedroen.

Dëst Gesetz setzt dann och d'Konventioun vun Oviedo zum Deel ëm, déi Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet awer nach net ratifizéiert huet. An am Uschloss vun dësem Gesetz gëtt och d'Direktiv 2011/24 iwwert déi grenziwwerschreidend Versuergung vun de Patienten an en nationaalt Gesetz ëmgesat, déi den Zougang zur Fleeg an zur Betreiung tëschent Lëtzebuerg an anere Versécherungsmemberstate regelt.

Dëst Gesetz ass ee wichtege Schratt an d'Richtung vu méi Visibilitéit, vun engem bessere Respekt an engem méi gläichen Équiliber tëschent de Rechter a Flichte vun de Patienten an de Rechter a Flichte vun de Prestataires de soins.

Eis Suerg an eiser Aarbecht an der Kommissioun war ëmmer, och wann een et heiansdo huet misse rappeléieren, déi beschtméiglech Qualitéit u Soins an engem solidaresche Gesondheetssystem mat engem universellen Zougang zu qualitativ héichwäerteger Fleeg ze sécheren.

Eng Rei vu Rechter sinn elo an dësem Gesetz verankert: d'Recht, sech säi Prestataire de soins fräi eraussichen ze kënnen; d'Recht op eng adequat Informatioun iwwer säi Gesondheetszoustand; d'Recht, iwwert d'Risiken an d'Virdeeler vun de verschiddenste Behandlungsmethoden informéiert ze ginn; an d'Recht, och net informéiert ze ginn, sinn an dësem Gesetz verankert. Gradesou wéi d'Recht an d'Verflichtung, wat de Patientendossier ubetrëfft. D'Recht op Vertraulechkeet, de Respekt vun der Privatsphär a schlussendlech och d'Recht, sech vun där Persoun, déi ee wëllt, bei den Dokter begleeden ze loossen.

Et ass also keen Neierfanne vun de Patientenrechter, mä et geet virun allem dorëms, dës Rechter ze confirméieren, méi lieserlech a méi transparent ze maachen a se an engem Gesetz anzeschreiwen.

An hei ass d'Kritik vun der AMMD och relativ onverständlech, well schonn elo ass eng adequat Informatioun vum Dokter par rapport zum Patient absolut Flicht. An et muss ee sech d'Fro stellen, firwat elo d'Fuerderung kënnt, fir dës Flicht, déi wéi gesot elo scho besteet, nach extra rémunéréiert ze kréien.

Et geet hei net drëms, Konflikter tëschent Patient a Prestatairen ze encouragéieren, mä au contraire, et geet drëms, d'Relatioun tëschent deenen zwee ze rééquilibréieren, e Partenariat ze schafen, deen op Vertrauen a Respekt berout.

Et gëllt also hei och, vun där fréierer paternalistescher Relatioun ewechzekommen tëschent dem allmächtegen Dokter, dem „Gott a Wäiss", deen d'Décisiounen eleng hëlt vis-à-vis vu sengem Patient, deen déi Autoritéit an d'Décisioun ouni Fro dann och akzeptéiert huet.

Dofir ass och een Élément clé vun dësem Gesetz d'Schafe vun der Médiatiounsstell, déi den Dialog favoriséiere soll an och preventiv schaffe wäert an, wa méiglech, och Konflikter, déi soss virum Geriicht ausgedroe misste ginn, verhënnere soll. Domadder wäerten dann och déi dezentral Strukturen an de Spideeler vum Dësch sinn. Déi Roll gëtt elo vun dëser nationaler Struktur iwwerholl, déi deemno och indépendant an onparteiesch ass. Et ass awer kloer, dass de Mechanismus fir den Traitement vun de Plainten an deenen eenzelne Strukture bestoe bleift. Dat am Sënn vum Artikel 64 vum Spidolsgesetz.

Ech wëll hei awer och kloerstellen, dass absolut déi meescht Relatiounen tëschent Prestataires de soins a Patient ganz gutt verlafen. Et sief gesot, dass d'Zuel vun de Plaintë vu Patienten net extrem héich ass, soudass een dovunner ausgoe kann, dass et kee generelle Malaise an der Relatioun tëschent Patient a Prestataires de soins gëtt. Dëse Service soll dofir hëllefen, deenen zwou Parteien zur Säit ze stoen, fir eng méi séier a manner deier Solutioun fir hire Problem ze fannen an d'Geriichtsprozedur, déi oft mat vill Emotioun, Leed an Ierger verbonnen ass, ze verhënneren.

Et gëtt dëst awer kee Service, deen iwwert de Remboursement informéiert. Dëst gëtt dann an deem nächste Projet de loi behandelt, dee mer um Ordre du jour hei hunn, wou dëse Point de contact dann och agesat gëtt.

D'Kommissioun huet zwou Serië vun Amendementer ugeholl, fir op formell Oppositiounen a Bemierkunge vum Conseil d'État an och nach weider aner Kritiken anzegoen.

Woubäi een anere grousse Punkt d'Informatioun vum Patient war: Niewent der Fro, a wéi enger Sprooch dass déi Informatioun soll geschéien - mir hunn eis hei op déi gängeg Sproochen aus dem Land gëeenegt -, ass d'Fro, wéi eng adequat Informatioun ze definéieren ass. Déi ass dunn diskutéiert ginn, a wat och muss respektéiert ginn a wéi den Dokter oder en anere Prestataire de soins beweise kann oder soll, dass en där Obligatioun vun der Informatioun och tatsächlech nokomm ass.

Hei gouf et eng länger Diskussioun iwwert d'Charge vun der preuve, dass d'Informatioun och richteg geschitt ass. An dësem Projet de loi ass et kloer, dass hei déi aktuell Situatioun net changéiert. Elo scho läit et beim Prestataire de soins, fir d'Preuvë vu senger adequater Informatioun ze bréngen. An dëse Projet de loi konsolidéiert dës Positioun vun der Cour de cassation.

Ausserdeem gouf et länger Diskussiounen iwwert de Référentiel, dee vum Conseil scientifique sollt ausgeschafft ginn. D'Kommissioun huet zréckbehalen, dass et keng Obligatioun gëtt, fir e Référentiel national fir all Interventioun mussen auszeschaffen - iwwregens gëtt et dat och a kengem anere Land, esou ee Référentiel national -, an dat aus Grënn vu Manque de ressources souwuel beim Ministère wéi och beim Conseil scientifique an awer och wéint der Fro, wat d'Responsabilité juridique ugeet, mä dass de Conseil scientifique Recommandations de bonnes pratiques sollt ausschaffen, esou wéi en dat och selwer proposéiert huet, a fakultativ Référentielle kann ausschaffen oder sech uschafen a se dann och diffuséiere kann.

Ech erspueren Iech hei den Detail vun all deenen Diskussiounen an Ännerungen, well bei deenen Dispositioune läit den Däiwel ganz dacks am Detail. Noliese kënnt Dir dat alles am ganz detailléierte schréftleche Rapport vun der Kommissioun.

Merci dofir op dëser Plaz och der wäertvoller a ganz rigouréiser Aarbecht vum Martin Bisenius vum Service des Commissions, vun de responsabele Mataarbechter aus dem Ministère, dem Här Schwebag, an natierlech och de Mataarbechter aus menger Fraktioun, dem Nadine Entringer.

Et sief nach gesot, dass um Enn vun der Prozedur, wou mer an de Kommissiounen diskutéiert hunn, nach eng Kéier déi prinzipiell Diskussioun iwwert d'Fro, ob et net besser wier, amplaz vun enger Médiatiounsstell éischter eng Conciliatiounsstell anzeriichten, opkomm ass. Dës Diskussioun ass net nei a war och schonn am Virfeld vum Dépôt vum Projet de loi gefouert ginn, ouni dass et awer finalement Eenegkeet iwwert d'Ausriichtung vun dëser Stell gi wär.

Well dunn awer d'Instruktioune vum Projet esou wäit fortgeschratt waren a kuerz virum Ofschloss stoungen, huet d'Majoritéit vun der Kommissioun fonnt, et wier elo un der Zäit, fir mat dësem Projet endlech ganz konkret am Sënn vum Respekt vun de Patienterechter Neel mat Käpp ze maachen an dëse Projet zum Ofschloss ze bréngen.

Ech wëll hei och op den Avis vun der Madame Médiateure Lydie Err ze schwätze kommen, déi och op d'Fro vun der Formatioun vum Médiateur ageet. Am Gesetz steet dran, dass de Médiateur eng Expérience dans un domaine utile à l'exercice de sa fonction muss hunn. Mir kommen also hei am Gesetz och de Bedenke vun der Madame Err entgéint.

Dat soll d'Chamber awer net drun hënneren, hei an dräi Joer op dëse Projet nach eng Kéier zréckzekommen an nozefroen, wéi eng Konklusiounen een aus dëser Médiatiounsstell zéie kann a wou een d'Schrauwen usetze soll, fir de Service dann, le cas échéant, ze optimiséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dëst ass e gutt Gesetz fir d'Patienten a bréngt och méi Struktur fir d'Prestataires de soins. Et ass e Schratt an déi richteg Richtung fir méi Vertrauen vun deem enge géigeniwwer deem aneren.

Ech bréngen heimat den Accord vun der LSAP a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Als éischten ageschriwwene Riedner huet d'Wuert den Här Jean-Marie Halsdorf.

Discussion générale

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Häre, fir d'Éischt wollt ech dem Rapporteur Merci soe fir säi wierklech ausféierleche schréftleche Rapport an och säin haut méi kuerze mëndleche Rapport.

Dëse Projet de loi ass elo e puer Joer ënnerwee an e gëtt elo nach virun der Summerpaus hei evakuéiert, well en eben och Elementer vun enger EU-Direktiv iwwert d'Soins transfrontaliers ëmsetzt. Duerfir hu mer elo missen, et gëtt emol esou argumentéiert, méi séier schaffen.

An et muss ee feststellen, dass dat elo an zwou Kommissioune geschitt ass an dëser Legislaturperiod, während et an där leschter an enger geschitt war. Ech wëll just déi Klamer opmaachen, dass ech am Fong geholl léiwer gehat hätt, et hätt een dat kënnen an enger maachen, well elo sinn et zwou Zorten, oder et sinn déi eng Deputéierten, déi diskutéieren de Volet „Sécurité sociale", an déi aner diskutéieren de Volet „Santé". Ech hätt léiwer gehat, dat wären déiselwecht Leit gewiescht. Dat hätt vläicht zu méi Transparenz bäigedroen.

Mä wat ee muss soen, ass, dat Gesetz, dat bleift dem Lëtzebuerger Gesondheetsmodell trei. Dat heescht, d'Fräiheet, fir en Dokter erauszewielen, oder d'Patiente kréie weider héichwäerteg Leeschtungen, dat muss ee soen.

De Projet de loi, dee stellt jo da generell Regelen op an e preziséiert d'Rechter an d'Flichte vun de Patienten. D'Gesetz regelt zum Beispill, dass d'Privatsphär muss respektéiert ginn, dass keng Diskriminatiounen däerfen entstoen, dass de Patient muss obligatoresch informéiert ginn, dass en Accès kritt op den Dossier médical. Dat gëtt heimat geregelt.

Et sollen transparent Prozeduren an esou weider kommen, also e ganze Koup Virgaben, wou awer eng fir mech bei där Aufgabestellung ganz wichteg ass, dat ass déi adequat Informatioun vum Patient op allen Niveauen. Dat ass fir mech d'Schlësselstellung.

An ech muss soen, ech sinn der Iwwerzeegung, dass am Fong geholl dëse Volet „Informatioun vum Patient op allen Niveauen net optimal geléist gëtt mat dësem Gesetz. Et geet och net ëmmer ganz einfach, dat muss ech éierlech soen, well d'Situatioun komplex ass.

E gutt Beispill, fir dat ze illustréieren, dat huet de Rapporteur jo ugeschwat, dat ass d'Sprooch. Laut Gesetz muss d'Informatioun vum Patient an dräi offizielle Sprooche vum Land geschéien. Mir hunn awer, an dat wëssen alleguerten déi Leit, déi heibanne sinn, ee grousst multikulturellt Emfeld, soudass leider net jiddwereen eng vun deenen dräi Sprooche beherrscht. Do kann eng drëtt Persoun da geholl ginn, e sougenannten Accompagnateur, deen da fir de Patient d'Iwwersetzung mécht an déi net offiziell Sprooch, an deen iwwersetzt da vun där net offizieller Sprooch an eng vun deenen dräi offizielle Sproochen. Gutt. Hei ass eng pragmatesch Léisung gewielt ginn, well déi (veuillez lire: déi Problematik) léisst sech net ganz legal cadréieren. Mä wat dat elo genau heescht am Kontext Rechter a Flichte vu Patienten, dat wäerte mer eréischt an e puer Joer gesinn.

A klappt dat da wierklech esou, wéi et am Gesetz steet? Well do gëtt gesot: De Patient muss kloer verständlech Informatioune kréien. An ech mengen, do ass et wichteg, dass dann, wann de Patient mam Dokter zesummen déi Décisioun hëlt, am Partenariat, wéi et am Gesetz steet, da muss een do kucken: Wéi ass et do mat der Responsabilitéit, zum Beispill beim Choix thérapeutique? Ass et do de Patient? Beim Acte médical, ass et do den Dokter? Ech mengen, d'Zukunft wäert eis hei weisen, wéi dee Modell, deen hei zréckbehale ginn ass, an Zukunft fonctionnéiert.

Mä en anert Element, op dat ech och wollt agoen, wou am Fong geholl eng falsch Optioun geholl ginn ass a mengen Aen, an déi ass och elo eréischt kuerzfristeg geholl ginn, dat ass déi, fir ee Référentiel nëmme fakultativ anzeféieren. Well e Référentiel ass och wichteg, well wa mer de Patient informéieren, da muss en den Duerchbléck kréien, e muss verstoen, e muss am Fong geholl wierklech gesinn, wat op en zoukënnt. E Référentiel mécht Sënn, dat weess jiddwereen heibannen, fir eben all Typ vun Interventioun an d'Risiken opzeféieren, dat ass eng Plus-value. An de Conseil scientifique sollt jo dat och maachen.

Bon, do sinn Dokteren dann, déi soen: Mir packen dat net, mir hu keng Moyenen. Dat kann een novollzéien. Mä d'Resultat ass elo eben dat, an domat si mir net d'accord, fir eben e Référentiel fakultativ ze maachen, deen also nëmmen heiansdo iwwert d'Niewewierkungen an d'Risiken informéiert.

Ech huelen un, ech ginn dervun aus, dass dat zur Konfusioun wäert féieren, well et weess een net. Wann een e richtege Référentiel hätt, deen obligatoresch wär, dann hätt een Transparenz an e an alle Beräicher. Elo gëtt et awer verschidde Beräicher, wou et keng Referenze wäert ginn, an anere wäerten et der ginn. De Statsrot huet dat hei opgeworf an huet gesot, dat wär eng Onsécherheet an och eng Insécurité juridique. An ech ka mer virstellen, dass de Patient an d'Prestatairen an d'Dokteren am Fong geholl hei et net esou einfach kréien.

Gutt, am Rapport steet dann, an deem ausféierleche Rapport, de Ministère an och de Conseil scientifique géifen eng Responsabilitéit kréien, wa se d'Moyenen net hätten an trotzdeem missten en obligatoreschen nationale Référentiel opstellen. Dat ass richteg. Mä wann et awer elo esou kënnt, wéi Dir et hei virschreift, dat heescht, dass dee Conseil scientifique soll Référentiellen diffuséieren, déi éischtens emol net obligatoresch sinn an déi dann och nach vun anere Quellen aus dem Ausland opgestallt ginn, also ënnert deenen hirer Responsabilitéit, da gëtt dat a mengen Aen e schéinen Duerjerneen.

D'Zukunft wäert eis et weisen, well mir hunn Dokteren hei zu Lëtzebuerg, déi hu studéiert an Däitschland, a Frankräich, a Belgien, an Éisträich, an England, an den USA an esou weider. An da kann ee sech wierklech d'Fro stellen: Wéi eng Référentiellen aus wéi engem Land priméieren dann elo?

A wa se net obligatoresch sinn, wou gëtt dann deen ee geholl a wou gëtt deen anere geholl? Ech mengen, dat do ass eng Virlag fir geriichtlech Prozesser. An an deem Sënn, mengen ech, kréie mer eng verwurrelt Situatioun. An ech hätt léiwer gehat, am Fong geholl, wa mer do eng kloer Linn kritt hätten.

Am Rapport gëtt och geschwat iwwert d'national Référentiellen an engem Droit comparé mat de Belsch, de Fransousen an den Däitschen. Et ass richteg, kee vun deenen dräi huet eng aner Situatioun, mä d'Situatioun ass ëmmer kloer. An ob se hei zu Lëtzebuerg kloer ass, dat wäert d'Zukunft eis weisen.

Wat ech weess, dat ass, dass an deene Länner exklusiv national rekrutéiert gëtt. Dat heescht an Däitschland, Frankräich an a Belgien huet déi grouss Majoritéit vun de Medeziner studéiert an deem Land, kennt dee System. Hei a Lëtzebuerg komme se aus allen Himmelsrichtungen an, ech mengen, dat gehéiert sécherlech zum Räichtum vum medezinesche Wësse vun eisem Land, mä, ech mengen, en Opstelle vu klore Richtlinne misst am Fong geholl ageféiert ginn. Dat geschitt hei net an dat bedauere mer.

An duerfir mengen ech, dass hei à titre principal de Patient an à titre subsidiaire och den Dokter sech kaum wäerten erëmfannen, wa se keng kloer Referenzen hunn. Duerfir plädéiere mir Richtung Statsrot. An duerfir hat ech och proposéiert, no enger Institutioun ze siche respektiv sech Moyenen ze ginn, fir esou e Référentiel opzestellen. An do hate mer jo gesot: Kommt, mer kucken, et ass jo eng Démarche vun der Regierung, an engem Joer e Gesetz ze maachen iwwert den Aléa thérapeutique. Do hätte mer och léiwer gehat, dat wier elo komm. Bon, dat kënnt dann an engem Joer. Do hätt ee kënne ganz gutt an enger Démarche deen do Volet vun dem Référentiel mat abauen, an dann hätt een dat gemaach, wat de Statsrot a sengem rezenten Avis - deen Avis ass eréischt dräi Méint al - mécht. An dat huet d'Majoritéit net gemaach, an duerfir, do si mer net op därselwechter Wellelängt mat der Majoritéit.

De Conseil scientifique soll och Recommandatiounen a Bonne-pratiquen ausschaffen. Dat ass eng gutt Saach, e Kader maache fir dat Ganzt, dat ass gutt. Well um Terrain si verschidden Intervenanten, wéi gesot de Conseil scientifique, de Conseil supérieur des maladies infectieuses, de Groupe National de Guidance en matière de Prévention de l'Infection Nosocomiale an esou weider. Dat ass gutt. Do muss och - wéi soll ech soen? - en Dénominateur commun fonnt ginn. Dee wäert och fonnt ginn. Mä do musse mer onbedéngt an Zukunft dann et och fäerdegbréngen, hei zu Lëtzebuerg d'Formation continue obligatoresch ze maachen. Dat ass de Corollaire zu där Démarche, wa mer hei wëllen eng kloer Linn hunn.

En anere Volet, deen ech wollt uschwätzen, deen och wichteg ass, dat ass deen, dass d'Spideeler laut rezenter Jurisprudenz eng Obligation de résultat hunn am Beräich vun nosokomialen Infektiounen. A mat dësem Gesetz gëtt déi Obligation de résultat och fir d'Medeziner formaliséiert. Et ass et scho virdru ginn duerch Geriichtsuerteeler, mä elo gëtt se formaliséiert. Dat heescht also da ganz kloer, dass zum Beispill, wann elo eng Komplikatioun kënnt, den Dokter muss bezuelen, wann zum Beispill eng nosokomial Infektioun optrëtt.

Dat ass awer an deem Sënn net optimal, loosse mer dat emol esou formuléieren, well hei kann et sinn, dass eng Responsabilitéit am Spill steet, ouni dass awer e Feeler gemaach ginn ass.

An duerfir mengen ech, et misst eng Struktur do sinn, déi op d'Solidaritéit baut. An déi hu mer eben net. An ech hoffen, dass mer do séierstens weiderkommen, fir eis un deem Modell, deem franséische Modell vun der ONIAM ze orientéieren, fir dem Patient, dann, wann en ee reelle Schued huet, do eng Ulafstell ze schafen, wéi et se a Frankräich gëtt; an d'Finanzéierung kéint sech och un deem Modell orientéieren.

Mir bedaueren, dass dat net elo direkt mat dësem Gesetz verabschit gëtt an dass dat eréischt an engem Joer kënnt. An dat hätt missen an hätt sollen an dësem Gesetz gemaach ginn. Dat ass an deem Sënn eng falsch Optioun.

Eng aner falsch Optioun, déi hutt Der och ugeschwat, dat ass déi vun der Plaintëbeaarbechtung. Haut ass et jo esou, wann de Patient eng Plainte wëllt maachen, da kann en déi beim Minister maachen, e kann déi am Spidol maachen, beim Collège médical, bei der AMMD, an haut ass et och esou, dass d'Gestioun vun de Plainten an de Spideeler och gemaach gëtt. Dat ass sécherlech net onofhängeg an och net objektiv.

Duerfir ass et also sënnvoll, an dat muss ee soen, wann een a Richtung Médiatioun geet. Et ass sënnvoll, well dat neit Instrument, dat fonctionnéiert generell. Et ass eenzegaarteg, et ass onofhängeg.

Wat och gutt ass, ass déi Décisioun, fir keng spezifesch Ulafstell fir de Spidolssecteur ze maachen. Dat ass eng richteg Décisioun. An et ass och richteg, fir ze soen, e Patient, dee muss fir d'Éischt bei den Dokter goen, deen e behandelt, ier en dann, wann dat net klappt, bei d'Spidolsdirektioun geet, bei de Plaintëservice, wann en eng Plainte huet. An eréischt da kann en d'Médiatiounsstell domat befaassen. Dat ass och gutt esou, déi Hierarchie. Well, ech mengen, wann dat esou geschitt, kënne verschidden Onzefriddenheeten eventuell schonn ofgebaut ginn, ier de Konflikt als solchen da kënnt.

Fir d'Médiatioun am Spidol ze maachen, am Netspidolssecteur an an der Laangzäitbehandlung ouni Hôtellerieplainten, dat ass och richteg gestach ginn am Gesetz; dat ass also positiv. Mä, bei der Médiatioun, wou et jo dann drëm geet, d'Vuë méi no beieneen ze kréien, dat ass eng gutt Saach, mä déi huet keng Moyenen. An do läit d'Kromm an der Heck!

A wann een och nach weess, dass d'Médiatiounsinstrumenter, Dir wäert dat gesinn, dat ass dat, wat am visibelsten ass fir de Bierger, dat heescht fir de Patient dobaussen, dann ass et ganz kloer, dass d'Leit do legitim Erwaardungen un dëst Instrument hunn, fir global Léisungen ze schafen, an eng Médiatiounsstell, dat ass meng Iwwerzeegung, déi huet déi (veuillez lire: déi Moyenen) net.

An duerfir plädéiere mir derfir, éischter an d'Richtung vun enger Conciliatioun ze goen, well déi huet e Pouvoir décisionnel à caractère obligatoire. An do kann een, wéi de Rapporteur och scho gesot huet, Neel mat Käpp maachen.

An ech soen et nach eng Kéier, an Dir wësst et, dass an där leschter Réunioun virun e puer Méint d'AMMD gradesou gutt wéi d'Patientevertriedung an der Chamberskommissioun gesot hunn, dass si prinzipiell favorabel sinn zu enger Conciliatiounsstruktur, déi méi effizient kéint fonctionnéieren. Well et ass iwwert d'Effizienz vum Fonctionnement geschwat ginn. Dat misst natierlech nach am Detail gekuckt ginn.

Duerfir verstinn ech net, dass mer guer net op dee Wee gaange sinn, dass mer einfach gesot hunn, et gëtt awer elo eng Médiatioun gemaach. Hei gi vill Erwaardungen am Fong geholl..., hei erwaarde sech d'Leit ganz vill a mir wäerten hei Fäll kréien, déi net kënne geléist ginn. An ech sinn iwwerzeegt, dass souguer mat deem heite System eise Gesondheetssystem hei zu Lëtzebuerg wäert méi deier ginn.

Am Rapport hutt Der geschriwwen, et wär laang diskutéiert ginn iwwer eng Conciliatiounsstell, mä et wär kee Konsens ginn. Ech muss soen, dat mag vläicht esou sinn, mä dee Kompromëss, deen heiten, ass a mengen Ae keng gutt Léisung, et ass éischter eng schlecht Léisung. An ech sinn och gespaant dann, wa mer an e puer Joer kucken - Dir wëllt jo elo an dräi Joer en éischte Bilan maachen -, wéi et da weidergeet.

Eng aner Fro, déi och am Rapport opgeworf gëtt, déi sënnvoll gewiescht wär, dat ass déi, fir vläicht nëmmen eng Ulafstell am Sënn vun der Direktiv 2011/24 ze maachen, déi mer jo och hei ëmsetzen, an zwar fir all déi Missiounen, déi dës Direktiv virgesäit, fir dat op eng Plaz, eng Ulafstell ze maachen. Dat heescht, d'Informatiounen iwwert déi eenzel Anbieter vu medezinesche Leeschtungen an och d'Informatiounen iwwer Qualitéits- a Sécherheetsnormen, déi hei zu Lëtzebuerg gëllen. Mä och dat geschitt net, wat fir de Bierger wierklech net optimal ass, well hie muss elo kucken, wou e wat nofroe kann an nofroe muss.

Doriwwer eraus huet dëse Service national och keng Kompetenz am Fong geholl fir d'Zréckbezuele vu Prestatiounen. An och do, mengen ech, ginn et falsch Erwaardungen, déi wäerten entstoen, esou dass ech léiwer gehat hätt, et hätt een dat och méi zentraliséiert, wéi mer dat elo gemaach hunn.

E weidere Problem, deen och nach ugeschwat gouf, dat war dee vun der Responsabilitéit, d'Assurance vun de Prestatairen. Hei misst ee Kohärenz kréien. D'Assurance vun de Medeziner misst a mengen Aen obligatoresch ginn a si misst Garantie sinn, dass och Beruffer mat héije Risiken, wéi zum Beispill Gynekologen, eng Assurance kënne kréien, och wann dat méi schwiereg ass. Hei misst zu honnert Prozent jiddwereen assuréiert sinn. Do misste mer eis Moyene ginn, fir den Assurancëgesellschaften ze imposéieren, dass d'Dokteren och da sech assuréiere kënnen. Do misst een am Fong geholl sech d'Moyene ginn, dass jiddwereen assuréiert ass.

Do dernieft misst dann e Fonds de garantie geschafe ginn, deen am Fong geholl op der professioneller Solidaritéit géif baséieren an dann déi Fäll opfänkt, wou den Assurancendélai oder den Assurancëplaffong driwwerläit. Dat ass och e wichtege Punkt, deen ass net ugeschwat ginn. Mä ech mengen, do muss och d'Regierung sech eppes afale loossen, well de System, wann e wëllt anstänneg fonctionnéieren, da muss en als Ganzt fonctionnéieren.

Schliisslech ass nach en anere Volet, deen ech wollt uschwätzen, deen ass vun der AMMD opgeworf ginn. Déi seet, duerch dës nei Approche kréie mer eng Surcharge administrative bei de Prestataires de soins, well zousätzlech Obligatiounen entsti fir de Corps médical. An dat kann zu engem méi deiere Gesondheetssystem féieren, well den Dokter muss de Patient méi oft gesinn, fir eng Behandlung wéi virdrun ze maachen. Dat heescht, e brauch méi laang Zäit an dat ka méi deier kaschten.

Do derzou gehéiert natierlech och, wann ech vun administrativen Oplage schwätzen, wéi laang en Dossier muss gehale ginn. An hei hate mer jo och grouss Diskussiounen, well en Dossier halen ass och e groussen administrativen Opwand. A wann ech dat soen, da schwätze mer och iwwert d'Prescriptiounszäit, wou et an dësem Gesetz eng Inkohärenz gëtt. An do muss ech och kloer soen, dass d'Tatsaach, dass d'Prescriptioun am Zivilrecht bei 30 Joer läit, an déi gesetzlech Obligatioun, fir de medezinesche Dossier ze halen, nëmme bei zéng Joer läit, esou wéi et am Gesetz steet, dass dat problematesch ass. Et hätt ee ganz gutt kënnen, mengen ech, spezifesch déi medezinesch Responsabilitéit op zéng Joer erofféieren. Dat wär

a mengen Ae méi kohärent gewiescht, well wann den Dossier no zéng Joer zerstéiert gëtt, dann huet de Medeziner kee Beweismëttel méi.

A wann de Ministère schreift am Rapport, bis elo hätte mer keng Kenntnis vun engem Fall, wou dës Dispositioun eng virrangeg Roll gespillt hätt, da kann dat an Zukunft awer méi oft kommen, well d'Patiente besser informéiert ginn, a wann nëmmen ee Fall sech presentéiert, dann ass dee schonn ze vill. Duerfir hätt ech mer erwaart, dass de Justizminister hei elo tranchéiert hätt an net gewaart hätt, wéi en eis geschriwwen huet, fir eng generell Revisioun ze maache vun den Délais de prescription. Dat ass a mengen Aen déi falsch Optioun.

Gutt, d'Qualitéit vun engem Gesetz, déi moosst een un der Praktikabilitéit vum Gesetz. Dat heescht, et kuckt een: Wéi ginn déi bestehend Situatioune geléist? Entstinn nei Situatiounen? Wéi ginn déi nei Situatioune geléist? Ass d'Situatioun mam Gesetz besser, méi transparent gi wéi virdrun? Dat kann een elo nach net soen. Mä ech ginn dervun aus, dass mer mat dësem Gesetz nei Rechtsonsécherheete wäerte kréien. An ech fäerten, dass eis Geriichter nieft hirer viller Aarbecht nach Aarbecht wäerten derbäikréien.

D'Praktikabilitéit vun dësem Gesetz wäert wuel éischter Mëttelmooss sinn. Do wou Verbesserunge fir de Patient an d'Medeziner kommen, wäerten och Verschlechterunge kommen. An den nächste Jore kréie mer nach genuch Geleeënheet, fir doriwwer ze diskutéieren, well am Prinzip sollt e Gesetz Fäll léisen, an net nees neier schafen.

Mat dësem Gesetz kréie mer e legale Kader - de Rapporteur huet dat och gesot - fir Rechter an Obligatiounen an der Relatioun Dokter/Patient. Jo, dëst war och eng Prioritéit vun der viregter an ass eng vun dëser Regierung. De Projet de loi, deen ass och begréissenswäert, mä et stinn nach vill Froen op, well d'Regierung och net gewëllt ass, méi konsequent am Sënn vum Patient virzegoen. Duerfir ass de Fazit vun der CSV deen, dass si sech beim Vote vun dësem Projet de loi enthält.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner huet d'Wuert den Här Alex Krieps.

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Bonjour, Här President, a Merci fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si ganz frou, dass dat hei Gesetz elo haut an de Chambersplenum kënnt. A jiddweree seet, et wär eng Prioritéit vun de viregte Regierunge gewiescht a vun dëser. En éischte schréftleche Bewäis, dass heiriwwer sollt geschwat ginn, datéiert vum 4. Abrëll 1996 an engem Bréif vum Här Lahure un den Här Reimen. Wann een dat wëllt akucken, da kann en dat gesinn.

D'OMS huet déi Prioritéit schonn 19...

M. le Président.- Här Krieps...

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Ja, wat mengt Der?

(Interruption)

M. le Président.- Ech wär Iech ganz dankbar...

(M. Alexander Krieps dépose une documentation.)

Merci, Merci.

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Dir kritt nach e puer Blieder, maacht Iech keng Suergen.

M. le Président.- Dat ass ganz schéin, dass ech och emol eng Kéier eppes kréien.

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Et muss een ëmmer dokumentéiert sinn, mä Dir kënnt dat jo beweisen, dass dat do drasteet.

Et ass eng Saach, och wat mech elo haut e bëssen hei erstaunt, dat ass vun onsem Kolleeg, dem Minister (veuillez lire: fréiere Minister) Halsdorf, deen elo seet, dass d'CSV géint dat Gesetz hei ass oder sech enthält oder hei an do. A bis den 20. Oktober 2013 ware si ni dergéint! Also, ech weess net, ech sinn doriwwer verwonnert. Also...

(Interruption)

Neen, ech hunn... Jo dach, ech lauschteren ëmmer gutt no!

An dann, dat Gesetz hei geet also iwwert d'Rechter vun de Patienten; d'Flichten, déi sinn esou hallef an hallef, ech kommen herno nach dorobber zréck. D'Schafung vum nationale Médiatiounssystem fannen ech eng ganz gutt Saach an engem éischte Volet.

Déi hei Gesetzgebunge bestinn am Ausland säit Joer an Dag. Dat geet op mindestens 15, 20 Joer zréck. A wat ech nach wollt heizou soen, et ass virdrun ugeriet ginn, d'Konventioun vun Oviedo, dat schéngt och keng Prioritéit ze sinn, well déi datéiert vum 4. Abrëll '97! Also dofir, kommt, mir ginn elo net hei an d'Prioritéiten eran! Wann dat all Kéiers 18 Joer dauert, bis et heihinnerkënnt, da schéngt dat mer schwiereg ze sinn.

Dat hei Gesetz befaasst sech natierlech primär mat der Onzefriddenheet vum Patient, an haaptsächlech vis-à-vis vun de Soignanten, net nëmmen den Dokteren, all de Gesondheetsberuffer, mat deenen de Patient a Kontakt war. Also wéi Der kënnt gesinn, ass dem Patient säi Frust berechtegt oder net, deen dréit sech haaptsächlech géint d'Soignanten. Well en huet kee Recours géint de Gesondheetsminister, géint allméiglech Kommissiounen, Direktioune vu Spideeler, d'Gesondheetskeess. An dat hei wäert näischt u senger Situatioun änneren, wann e muss véier Méint waarden, fir eng IRM oder fir eng Mammographie ze kréien.

An ech si ganz verwonnert och gewiescht, dass d'Patientevertriedungen - ech wëll keng Nimm nennen hei natierlech -, dass déi net d'Initiatioun vun enger privater IRM hei am Land fuerdere wëllen. Dir gitt op Tréier oder op Sankt Vith, da kritt Der eng IRM a siwen Deeg! An och am nationale System, dat heescht net an engem System, wou Der musst Privatpatient sinn.

An Zukunft wäert de Patient vum Chirurg..., engem Kolleeg säi Brudder, dee wäert elo missen erklären, wann en eng Titaniumsprothees asetzt bei engem Patient, eng Hëftprothees... En hätt besser, e géif emol eng Virgeschicht zielen, dass den Titanium vun engem Lëtzebuerger Ingenieur Kroll entwéckelt ginn ass, deen 1945 ausgewandert ass an Amerika, dass säi Patent haut nach ëmmer geholl gëtt, fir dat ze produzéieren. Dir kënnt op Wikipedia elo kucke goen. An da kritt en dann erklärt, wéi den Titanium ausgesäit, e kritt och vläicht erklärt, dass an der Flëssegkeet géint d'Moseier an där enger méi Salz ass oder manner. Dat ka wichteg sinn, wann en héije Bluttdrock huet. D'Informatioun wäert also iwwer alles goen!

Ech gesinn hei zwar e puer Problemer kommen, an zwar déi, dass den Dokter éischtens e puer Poterstonnen do mat dem Patient mécht, a moies fréi kritt de Patient amplaz den Thermometer eng Lëscht Ziedelen dohinnergeluecht, déi en ënnerschreiwe muss, fir do d'Zäit erëmzekréien. Dat gëtt am Fong eng Autogrammstonn fir de Patient.

D'Zuele vun de Plaignante géint d'Soignanten hei am Land si mir net bekannt. Mir krute se och net an der Kommissioun gezielt, mir krute keng Zuele vum Ministère, mir krute keng Zuele vun der Direktioun vun der Santé, mir krute keng vum Collège médical. De Kolleeg Halsdorf huet gesot, d'Patiente kéinte sech bekloe bei der AMMD. Mä ech mengen, d'Association des médecins wär net frou, wann ee sech bei hir beklot. Et wär besser, si géife beim Collège médical sech mellen.

An dann hu mer och keng Zuele kritt vun der Patientevertriedung. Dat heescht, hei si mer am Niwwel! An dem Rapport vum respektéierte Georges Engel steet, et wären e puer Honnert Fäll. Sinn dat der 200, sinn dat der 900? Ech hu keng Ahnung. Ech kommen awer op d'Schwäizer Zuelen zréck herno.

Also, dat ass eng Saach, d'Plainten, dat ass eng gutt Saach. D'Flichte vun de Patienten hunn ech an dësem Gesetz wierklech ganz wéineg erëmfonnt. Mir ginn net an den Detail. Dir hutt auslännesch Publikatiounen, déi och schonn e Joer an en Dag al sinn, do steet alles dran. Éischtens, d'Sprooch ass ugeschwat ginn. Do gëtt gesot, dass Dir misst souguer a Gebäerdesprooch deenen dat erkläre kënnen, dass de Patient d'Recht huet op eng fair Rechnung an eng transparent Rechnung. Wou gëtt et dat dann hei an de Spideeler? Ech ka mech dat net erënneren, säit den Tiers payant agefouert ginn ass.

An dann, de psychiatresche Patient gëtt an dësem Gesetz net spezifesch protegéiert. Zwangsjacken, Restraints, also dat ass e Problem. Dat kann een..., ech hunn nach eng aner Lëscht, ech ginn herno dem President dat alles.

D'Flichte vun de Patienten, do sinn der och heiansdo drënner, déi schreiwen, dass de Patient d'Recht (veuillez lire: d'Flicht) huet, seng Rechnungen ze bezuelen. Dat gëtt et jo och heiansdo.

D'Informatiounsflicht steet also iwwer allem. Wat ech mengen: An dësem Fall ass jo vun der Regierung akzeptéiert ginn, dass mer innerhalb vun engem Joer dee Fonds d'indemnisation fir d'Aléas thérapeutiques bréngen. Dat ass eng Prozedur, déi leeft bei de Fransousen och scho 50 Joer bei deenen obligatoreschen Impfungen, wann do Séquellë waren - mir hu keng obligatoresch Impfungen hei -, mä da sinn d'Leit entschiedegt ginn, wa se krank gi sinn.

Aner Saachen, d'Patiente wëllen och hautdesdaags iwwer hir Behandlungsoptiounen informéiert ginn an associéiert ginn. Dat ass eng Realitéit, déi besteet. D'Internetaccèsen, déi si jo ganz respektabel. An als DP, mir respektéieren an dësem Gesetz - och déi kollektiv an individuell Fräiheet, déi mir vertrieden, seet ons -, dass e Patient, deen net wëllt behandelt ginn, dass mer dee musse respektéieren. Well dat ass eng individuell Fräiheet, déi muss een absolut respektéieren, speziell bei schwéier kranke Patienten, déi d'Flemm hunn no engem gewëssene Moment.

Dir musst och wëssen, an Etüden - vun doudkranke Patienten hu se eng Etüd publizéiert -, do sinn 30.000 Mann am leschte Joer wéinst hirer Krankheet operéiert ginn an do war et am Fong nëmmen ubruecht bei 3.000. Dir musst dat kucken, déi Proportiounen. Am Spidol interesséiert mech och ze wëssen, ob do de Patron vum Service oder den „junior doctor" d'Patienten informéiert iwwer hir Zukunft oder hir Operatiounen oder Behandlungsméiglechkeeten.

Richteg huet de Kolleeg Halsdorf gesot, dass d'Formation continue an dësem Gesetz festgeschriwwe gëtt. An dat ass e Projet, dee misst och relativ séier kommen, fir all Prestatairen natierlech, net nëmme Medeziner.

An dësem Gesetz ass och festgehalen de Libre choix vum Patient, fir säin Dokter erauszewielen. Dat ass eng schwéier Problematik, wann en hospitaliséiert ass. Et ass méi einfach am ambulante Secteur. Mä et steet awer och an dësem Gesetz, dass den Dokter säi Patient auswiele kann, behandele kann oder net. Wann en et net wëllt maachen, da muss en d'Continuité des soins garantéieren. Interessant ass och mat der Aféierung vum Médecin référent, wat do déi éischt Bilane sinn, well do ass jo de Patient kontraktuell mat sengem Référent gebonnen. Do géif ech och eng Kéier gären héieren, wat d'Resultater sinn.

Een Aspect, dee mech natierlech ëmmer stéiert, dat ass déi Levée vum Secret médical. Mir hunn an dësem Gesetz stoe souguer, dass de Partner, wien ëmmer deen ass, Accès zu Ärem Dossier huet, och wann Der scho gestuerwe sidd, e Partner, dee guer kee Lien mat Iech huet! Wësst Der, d'Nopesch, déi iwwert de Gaart Iech Moie seet, geet Ären Dossier froen. Dat steet esou hei am Gesetz! Dat gëtt et awer och nëmme bei ons an deem Gesetz. Dat gëtt et néierens anescht.

De Référentiel ass ugeschwat ginn, de Référentiel national. Ech gleewen, mir hunn net déi kritesch Mass, fir esou eppes opzestellen, an och net d'Moyenen.

Den Accès un den Dossier ass an der Schwäiz extrem reduzéiert. An Dir musst, wann Der dout sidd, musst Der eng extra Autorisatioun hunn, fir en Accès un den Dossier ze kréien. Déi perséinlech Notë vun...

(Interruption)

Jo dach! Also de Succ..., d'Wittfra, mir verstinn ons!

(Hilarité)

Et ass zwar gewéinlech ëmgedréit. Also, d'Liewenserwaardung gläicht sech elo aus, passt op! Et ass net ëmmer un Iech.

(Hilarité générale)

Dat gesot, d'perséinlech Donnéeë vun den Dokteren, d'perséinlech Notë sinn an der Schwäiz net accessibel fir iergendeen. Dat ass eng Saach.

An dann hu mer jo bei der Levée vum Secret médical: Wat maacht Der mat deene Krankheeten à déclaration obligatoire? Mir hunn där der jo nach. Gi mer déi da präis? Soe mer dem Conjoint oder dem Partner, dass de Josy eng iwwerdrobar Krankheet huet? Wéi maache mer et mat onsem Führerschäin? Do fëlle mir zwou Säiten aus, ob de Patient dëst oder dat hat, ob e fuere kann, net fuere kann. Do misst een och eng kleng Revisioun ubanen. Wéi maache mer et mat den Deklaratioune vun de Maltraitancë bei de Kanner oder bei deenen eelere Patienten?

De President war virdrun e bëssen opgereegt, elo kritt e gläich nach e puer Ziedelen, well ech sinn net mat deenen Aussoen d'accord, wéi wann d'Medezin duerch dat hei Gesetz géif méi bëlleg ginn. Well nämlech: Time is money! An dat zielt och bei ons am Beruff. An do fäerten ech, dass dat hei en Impakt op d'Honorairen huet. An ech hunn extra dem President en Dossier matbruecht vun e puer Rechnunge vu menge Patienten, déi am Wantersport an der Schwäiz waren. Also Dir hutt besser, Dir iwwerleet Iech d'nächst Joer, ob Der effektiv an d'Schwäiz zréckgitt, well dat do war méi deier wéi d'Woch am Hotel! An ofgesinn dovun: fir en ëmgedréinte Fanger oder eng Mogripp! Also, do sinn der e puer drënner.

Also ech gleewen, dass dat hei Gesetz en Impakt huet, well wou méi Zäit gebraucht gëtt... An da geet et wéi an der Schwäiz, all fënnef Minutten... Da kritt Der eng Schachauer op den Dësch, deen een dréckt se, deen aneren dréckt se. Dat gëtt nach ganz lëschteg! Ech soen Iech, dass et doriwwer erausgeet!

An deem Gesetz hei hätt ee kënnen e Consentement tacite implizéiere vum Patient, wann et eng net komplizéiert Prozedur ass, oder en diagnostesche Wee, amplaz dass een e Consentement exprès hei virschléit. Well dat schéngt mer iergendwéi awer och zäitlech enk ze ginn. An ech fäerten, déi Zäit vum Informéiere gëtt herno op der klinescher Zäit geholl, wann de Patient soll ënnersicht ginn an hei an do, a wa soll nogeduecht ginn.

An dann hu mer nach aner Problemer, déi opkommen. Am Ausland, an deene Regelen hei - ech hunn Iech natierlech dat éischt Spidol an der Welt matbruecht, den Johns Hopkins zu Baltimore -, do däerf d'Spidol och keng Dénger enregistréieren, keng Examen oder esou. Ech war als Medezinstudent an den Enn 60er Joren an engem Psychiatrieservice, do sinn déi Patiente gefilmt an opgeholl ginn a mir niewendrun hunn ons vrecktgelaacht am Sall niewendrun. Mä ech kann Iech just soen, do ass och eng gewësse Confidentialitéit. An ëmgedréit stellt sech elo..., mir gesinn elo Patiente kommen, déi wëllen d'Konversatioun mat ons enregistréieren. Dat gëtt eng Situatioun, déi menger Ansicht no schwiereg ze bändegen ass.

D'Obligatiounen, do kann ee méi wäit goen. Wat mer och gefrot haten - an d'Madame Ministesch weess dat - an de Koalitiounsgespréicher: D'Demokratesch Partei hätt gären d'Zuel vun den Akten, déi prestéiert gi vun de Prestataires de soins, an d'Qualitéit vun deenen Akten. Well dat ass extrem wichteg, wann ee wëllt d'Ausgaben an der Gesondheet kontrolléiert kréien. An ons gréng Kolleege sinn Zeien, dass dat gefuerdert ginn ass.

Den Droit à la santé, dat sinn déi psychologesch, philosophesch Konzepter, dat ass e kollektiivt Recht. Dat ass net en individuellt Recht, dass ee Recht op gutt Gesondheet huet, an dat integréiert scho guer net d'Altere vun de Persounen, incurabel Krankheeten oder den Doud an esou virun. Mä wat sécher muss gestallt ginn, ass den Droit à l'accès des soins. Dat ass extrem wichteg!

(Interruption)

Ech hunn net méi fir laang. Maacht Iech keng Suergen!

Ech wollt Iech e puer Wuert awer iwwert d'Médiatioun hei soen. D'Médiatioun. Wat ass d'Definitioun vun engem Médiateur? An onser Gesetzgebung ass dee Médiateur, dee schéngt mir iergendwéi missen aus der Fonction publique ze kommen, wann ech déi Passagë liesen. Ech wär frou, wann dee Médiateur sech och mat Experte kéint ëmginn, awer Experten, déi en au cas par cas kann erbäizéien. Dat wär wichteg. A wat e bësse feelt bei där Médiatioun, dat ass en Délai. Hei muss iergendwéi, ech weess net iwwer wéi ee Wee, awer en Délai kommen, net dass dat sech Méint a Joren hischleeft.

An Norwegen hu se d'Médiatioun scho ganz laang, déi och zentraliséiert ass neierdéngs. Do hu se e Mann oder eng Fra mat enger Formation juridique, awer ouni spezifesch Formatioun vun der Médiatioun. Dat muss ee wëssen. Si hu 5.000 Fäll d'Joer an Norwegen, e Land, wat 5 Milliounen Awunner huet. 19% weise Feeler no vun de Fleegekräften an 12% gi kompenséiert. Awer d'Partieën, wéi ech virdru gesot hunn, déi begéine sech net. Dat schéngt mer... A 25% vun de Plaignantë sinn onzefridden!

An der Belsch hutt Der eng Médiation médicale an Dir hutt eng federal Kommissioun fir den Extra-hospitalier. An de Regiounen hutt Der och eng fir d'Spideeler. Dat ass eng Saach, déi muss sech diskutéiere loossen a weisen. An der Belsch natierlech huet ee bei der Médiatioun e Phenomeen, deen ass ganz speziell fir d'Belsch, déi hunn eng Dimension vum Contrôle social.

An der Belsch hate se 60.000 Plainten an engem Joer an 19 Sproochen! D'kulturell Adaptatioun spillt hei natierlech och. An et ass e Contrôle social, et ass keng Défense vun de Rechter vun de Patienten. Dat nämlecht hutt Der an der Toskana an Italien. D'Belsch hunn zwar déi „no fault compensation", also den Aléa thérapeutique, déi hunn deen.

An der Schwäiz, wéi ech gesot hunn, do kann den Dossier médical nëmme vum Patient selwer konsultéiert ginn. D'Notes personnelles gehéieren him net. An den Dossier ass eben net accessibel.

Ech mengen trotzdeem, dass am grousse Ganzen dat hei Gesetz e Fortschrëtt ass. Et sinn nach verschidde Saachen, déi ëmrummt musse ginn.

Ech wollt och zum Schluss mengem Kolleeg Georges Engel fir säin exzellente schréftleche

Rapport an och säi mëndleche Rapport Merci soe vun hei. An ech wollt och all de Kolleegen an der Chamberskommissioun a Kolleeginne Merci soen, well dat war eng ganz flott Kommissioun, déi gutt geschafft huet a se haten all Asaz zu dësem Gesetz.

Mir wäerten an der Zukunft nach eng Kéier dozou opgeruff ginn, fir dat Gesetz vläicht ze verbesseren, op alle Fall ze complétéieren. Dat steet jo am Regierungsprogramm. An natierlech bréngen ech am Numm vu menge Kolleeginnen a Kolleege vun der Demokratescher Partei, DP, dass Der et wësst, Lëscht 2,...

(Hilarité)

...den Accord zu dëser Gesetzesvirlag a mir stëmmen och déi Motioun, déi ënnerwee ass.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Krieps. An als nächst Riednerin huet d'Josée Lorsché d'Wuert.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, iwwert de Lëtzebuerger Gesondheetssystem gëtt jo ganz vill geschwat a vill geschriwwen, awer haaptsächlech, wann et drëms geet, sech ze bekloen. Déi wéinegst vun eis a vun de Leit dobausse si sech bewosst, datt an de leschten zwielef Joer iwwer 700 Milliounen Euro eleng an d'Infrastrukture vum Gesondheetssecteur gefloss sinn, an datt ganzer 760.000 Leit am Fall vu Krankheet vum Lëtzebuerger Sozialsystem geschützt sinn. Och dat muss eng Kéier gesot ginn.

Eise Gesondheetssystem ass esou opgebaut, datt den universellen Zougank zur Medezin fir all Mënsch garantéiert ass, onofhängeg vu senger finanzieller Situatioun, onofhängeg vu senger nationaler a kultureller Identitéit an onofhängeg dovun, ob et sech ëm en ëffentlechen oder private Prestataire handelt. Jiddweree gëtt hei gläichbehandelt. Och d'Recht op de fräie Choix vum Dokter, d'Recht op d'Confidentialitéit, op Informatioun oder Netinformatioun, op Selbstbestëmmung an op d'Ënnerstëtzung duerch eng Vertrauenspersoun ginn an eisem Gesondheetssystem längst als Normalitéit ugesinn.

Trotz all dësen Errungenschafte mussen natierlech permanent Efforte gemaach ginn, fir de System weiderhin ze verbesseren an eng ganz Rei vu Chantieren, déi nach opstinn, fäerdegzestellen. Een dovun ass eben de Projet de loi vun haut, deen d'Rechter an d'Obligatioune vun de Patiente regelt, zum Deel och déi vun den Dokteren. En ass viru bal zwee Joer vum fréiere Gesondheetsminister déposéiert ginn. An no laangen Diskussiounen a Consultatioune läit en haut um Dësch, nodeems en eng Virgeschicht hat, déi nach vill méi laang war, wou ech frou sinn, datt den Alexander Krieps esou gutt recherchéiert huet. Hei gëtt een nach Saache gewuer, déi een net wousst!

Une voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Bei dësem Gesetzesprojet geet et net drëms, d'Rad nei ze erfannen, dat huet och de Rapporteur scho betount. Et geet éischter drëms, déi scho bestoend Rechter an d'Obligatiounen am gesamte Gesondheetssecteur kloer ze definéieren a se duerch weider Dispositiounen ze ergänzen. Dat Ganzt natierlech mam Zil, grad wéi eis Nopeschlänner, endlech eng eenheetlech an transparent Gesetzgebung ze hunn, wat d'Patienterechter betrëfft.

Ech wéilt awer och eppes zu der Oviedo-Konventioun soen. Et geet drëms, datt Lëtzebuerg um internationale Plang glafwierdeg bleift. Dës Konventioun, och Biomedezin- oder Bioethik-Konventioun genannt, huet Lëtzebuerg viru ganzer 17 Joer ënnerschriwwen - dem Här Krieps war dat och opgefall -, se ass awer ni ratifizéiert an ëmgesat ginn! Dat ass bedauerlech, well hiren Objet grad dora besteet, déi europäesch Mënscherechter am Beräich vum Gesondheetssecteur ze konkretiséieren a weiderzëentwéckelen.

Iewescht Zil ass et, bei all Uwendung vu Medezin a Biologie, d'Würd vum Mënsch an d'Identitéit vum Mënsch ze schützen a Mindeststandarde fir dee Schutz sécherzestellen. Et ass erfreelech, datt de Projet de loi vun haut der Ëmsetzung vun där Konventioun scho Rechnung dréit am Virfeld. E gudden Deel dovun ass scho Bestanddeel vun dësem Gesetz. An et ass och erfreelech, datt d'Chamber deemnächst mam Projet de loi 5528 befaasst wäert ginn, deen d'Oviedo-Konventioun definitiv zu Lëtzebuerg wäert approuvéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eigentlech ass et egal, ëm wéi ee Gesetz et sech handelt, de Schutz vum Patient a senger Würd muss am Mëttelpunkt stoe bei all medezinescher Aktivitéit, bei all Behandlung, bei all Interventioun. E gëtt nëmmen erreecht, wann d'Relatiounen tëschent dem Patient an dem Dokter optimal funktionéieren.

Déi klassesch Definitioun vun där Relatioun, déi baséiert eigentlech op dräi zentrale Begréffer oder, besser gesot, op dräi zentrale Wäerter: éischtens der Fräiwëllegkeet, zweetens dem Vertrauen an drëttens der Verantwortung. Et sinn och dës dräi Wäerter, déi sech transversal duerch dee ganze Gesetzesprojet zéien.

De Georges Engel als Rapporteur ass ausféierlech op déi eenzel Bestëmmungen agaangen a verdéngt e grousse Merci, net nëmme fir säin detailléierte Rapport, mä och fir d'Ausdauer, déi en an dësem komplexen Dossier un den Dag geluecht huet, well mer hate jo ganzer 17 Kommissiounssëtzunge mat dësem Projet. An dat war e laange Wee!

Als Vertriederin vun der grénger Fraktioun wëll ech net op alles agoen, wat diskutéiert ginn ass, mä virun allem op déi Punkten, déi méi kontrovers diskutéiert gi sinn. Ee vun den Haaptpunkten, deen net nëmmen zu internen Diskussioune gefouert huet, mä och vun externen Uspriechpartner méi kritesch begutacht ginn ass, ass deen, dee schonn ugeschwat ginn ass, d'Aféierung vum zentralen Informatiouns-a Médiatiounssystem, dee speziell fir de Gesondheetssecteur soll agefouert ginn.

An deem Kontext ass et net onwichteg drop hinzeweisen, dat huet de Rapporteur och scho gemaach, datt d'Aféierung vun der villsäits gefuerderter Conciliatiounsinstanz no laangen an zéie Verhandlungen tëschent dem Gesondheetsministère an den Acteuren aus dem Secteur scho virun de Wahle gescheitert war. Am Fall vu Behandlungsfeeler hätt d'Conciliatioun et natierlech erlaabt, Expertisen ze maachen, während d'Médiatioun déi Befugnisser net huet.

Well awer kee Konsens tëschent den implizéierten Acteuren zustane konnt kommen, ass d'Iddi vun der Conciliatioun bei der Virbereedung vun dësem Projet de loi fale gelooss ginn. Ech sinn der Meenung, datt een iergendwou de Punkt muss maachen. Et muss een de Punkt setzen a mir hunn e gesat. Ech denken, datt d'CSV nach bereet wär, weider zéng Joer an deem Krees ze dréinen. Mir net!

D'Alternativ läit, wéi gesot, an der Aféierung vun enger Informatiouns- a Médiatiounsstell, mat där am Gesondheetswiesen Neiland betratt gëtt. D'Grondiddi dovun ass déi, datt d'Patienten an d'Prestatairen, déi a Konflikt gerode sinn, selwer am beschte wëssen, wéi se hire Konflikt léise kënnen an en och fräiwëlleg wëlle léisen. Si musse just wéi erwuesse Persoune matenee schwätzen a matenee verhandelen, mat der Hëllef vum Médiateur. Hie spillt d'Roll vum Intermédiaire, als neutrale Beroder, bis datt déi zwou Parteie mat Genugtuung aus der Médiatioun erausginn.

Och wann et sech dobäi net ëm en Ermëttlungsprozess handelt, esou mussen trotzdeem verschidde Konditiounen erfëllt ginn, virun allem d'Confidentialitéit, déi een net muss hei am Gesetz grouss ervirhiewen, well se scho längst iwwer eng EU-Direktiv vun 2012 an d'Lëtzebuerger Jurisprudenz agefloss ass. Wichteg ass och, datt de Médiateur kompetent, onparteiesch an onofhängeg ass, wat säin Aarbechtsverhältnis zum Prestataire ugeet. Et wier net vertrietbar, wann d'Spidolsdirektiounen oder eenzel Dokteren d'Recht hätten, déi Persoun iwwer en Aarbechtskontrakt anzestellen an duerno hire Patron ze spillen.

Laut der Dispositioun, déi festgehale ginn ass, soll dës Onofhängegkeet doduerch entstoen, datt de Médiateur net vun de Prestatairen, mä vun der Gesondheetsministesch nominéiert gëtt. Doriwwer eraus soll eng zentral Informatiouns- a Médiatiounsstell geschafe ginn, déi a kengerlee Relatioun zu de Prestatairen oder enger Patientevertriedung steet, mä ënnert der neutraler Autoritéit vum Gesondheetsministère.

Wat d'Formatioun ubelaangt, déi ass jo och schonn ugeschwat ginn, si mir net wéi d'Ombudsfra der Meenung, datt et sech ëm eng Persoun soll handele mat spezifesche medezineschen Erfahrungen a Kompetenzen. An eisen Aen ass et net dat medezinescht Wëssen, wat hei zielt, mä aner Qualitéiten, wéi beispillsweis Diskretioun, Verhandlungsfäegkeet, sozial Kompetenzen, Fangerspëtzegefill am Emgang mat de Leit, an natierlech och muss se Erfahrung hunn op deem Gebitt.

Wat déi medezinesch Fachausbildung ubelaangt, wéilt ech och ze bedenke ginn, datt d'Objektivitéit schnell a Gefor geréit, wann en Dokter tëschent engem Confrère an engem Patient muss verhandelen (veuillez lire: vermëttelen), am Fall wou de Médiateur en Dokter ass. De Risiko, datt zwee Leit aus dem Gesondheetssecteur sech bewosst oder onbewosst matenee verbannen, schonn eleng well se eng gemeinsam Beruffserfahrung hunn oder gemeinsam studéiert hunn, muss vu vireran ausgeschloss ginn, och wann deen een duerno eng aner Roll huet wéi deen aneren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, alles an allem kënne mer d'Veronsécherungen um Terrain verstoen, wann et ëm d'Aféierung vun dësem neie Service geet. Ëmsou méi, well et en neit Instrument ass, wat nach net erprouft ass. De Prinzip vun der Médiatioun ënnerstëtze mir awer voll a ganz a fannen et och wichteg, dësem Instrument eng Chance ze ginn. Wann d'Médiatioun et fäerdegbréngt, eng Rei Konflikter vu vireran ze verhënneren an zu méi engem équilibréierte Verhältnis tëschent de Patienten a Prestatairë bäizedroen, dann huet se schonn eleng hiren Zweck erfëllt.

Ebe grad well mer mat dësem Instrument Neiland betrieden, si mir der Meenung, datt no dräi Joer eng Evaluatioun soll stattfannen, an datt e Bilan soll gezu ginn, wat seng praktesch Ëmsetzung um Terrain ugeet. An deem Sënn wéilt ech Iech, Här President, eng Motioun iwwerreechen.

M. le Président.- Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant le projet de loi 6469 relatif aux droits et obligations du patient, portant création d'un service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé;

- considérant que le but principal dudit projet de loi consiste à rééquilibrer les relations entre le patient et le prestataire de soins de santé en mettant en place une approche fondée sur le partenariat, basée sur la confiance et le respect mutuel des deux parties;

- considérant que l'objectif premier de la structure de médiation dans le domaine de la santé instaurée par le projet de loi 6469 est de favoriser le dialogue et de prévenir dans la mesure du possible une résolution conflictuelle du litige;

- considérant que la médiation dans le domaine de la santé constitue un instrument nouveau ne pouvant se prévaloir d'aucune expérience comparable;

- considérant qu'il y a lieu d'assurer un suivi adéquat de ce nouveau service;

invite le Gouvernement

- à dresser, d'ici 2017, une évaluation approfondie du fonctionnement et des activités du service national d'information et de médiation mis en place en fonction de l'objectif poursuivi;

- à fournir, le cas échéant, des recommandations quant aux résultats et difficultés rencontrés et quant à l'évolution future de ce service afin de décider d'éventuelles adaptations dans un esprit de qualité et d'amélioration continue.

(s.) Josée Lorsché, Georges Engel, Alexander Krieps.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Se ass ënnerschriwwe vun dräi Fraktiounen, mat jeeweils engem Vertrieder, d'Fraktioun vun der LSAP, der DP an déi gréng, an invitéiert d'Regierung, an dräi Joer eng déif gräifend Evaluatioun vun der Médiatioun ze maachen, ze analyséieren, ob dës Médiatioun hire Missioune gerecht gëtt an, de Fall gesat, déi néideg Adaptatioune virzehuelen.

Mir sinn eis bewosst, datt net all Konflikt am gemeinsamen Averständnis ka geregelt ginn, och net dann, wann d'Médiatioun wierklech ganz perfekt funktionéiert. Et ginn och grav Härtefäll. An an deene Fäll mussen aner Weeër ageschloe ginn. Et ass awer net, wéi wa mer do keng Léisung ausgeschafft hätten. Deen een ass natierlech de Wee op d'Geriicht, wat tranchéiere kann, am Fall wou de Schued kloer identifizéierbar ass an d'Rechtméissegkeet vum Patient senger Klo unerkannt ass. Grad bei gesondheetleche Schied ass et awer net ëmmer méiglech, e Schëllegen oder e Feelverhalen ze identifizéieren, well d'Ursaache sinn einfach oft esou diffus, datt dat net geet. A se kënnen och net ëmmer op eng Feelbehandlung zréckgefouert ginn.

Aus deem Grond ass scho bei de Koalitiounsverhandlungen - den Här Krieps huet drop higewisen - no enger Léisung gesicht ginn, fir souwuel dem Patient wéi och dem Medeziner belaaschtend a penibel Geriichtsprozesser ze erspueren. D'Léisung besteet, wéi gesot, an der Aféierung vum Fonds d'indemnisation, deen um Solidaritéitsprinzip berout. Ech betoune Solidaritéitsprinzip, well all Patient an all Dokter onverschélt an eng Konfliktsituatioun gerode kann, wat d'Resultat vun enger Behandlung oder enger Interventioun ugeet.

Als Gréng hate mir déi Form schonn am Wahlprogramm gefuerdert a mir si wierklech frou, datt d'Koalitiounspartner mat op deeselwechte Wee wollte goen. A mir begréissen et ganz besonnesch, datt d'Käpp am Gesondheetsministère schonn dämpen, fir d'Modalitéite vum Fong auszeschaffen. Et wäert net méi laang dauere bis en en place ass.

Une voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, en anere vill diskutéierte Punkt war dee vun der Informatiounspolitik vun den Dokteren oder vun der Informatiounsflicht an der gläichberechtegter Bedeelegung vum Patient un Entscheedungen, déi bei enger Behandlung getraff musse ginn. Wann e Patient Beschwerden huet, déi en Dokter net kennt, a wann den Dokter Erklärunge gëtt, déi de Patient net versteet, da si mer just do, wou mer net wëllen hikommen, nämlech bei engem Dialogue de sourds.

Leider ass dës Zort vun Dialog keng Ausnahm. International Etüde konnte beweisen, datt eng Konsultatioun bei engem Generalist an der Moyenne net méi wéi 15 Minutten dauert, an datt d'Patienten an der Moyenne schonn no 18 Sekonne vun hirem Dokter ënnerbrach ginn, wa se him vun hire Leiden erzielen. Well d'Patienten dem Dokter an deem Fall net alles erziele kënnen, wat se ze erzielen hunn, gi wichteg Elementer vun der Virgeschicht vun der Krankheet, wat Anamnese genannt gëtt, ënnert den Dësch gekiert. D'Resultat si ganz oft Feeldiagnosen a Feelbehandlungen!

Den Impakt vun der Zäit, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi en Dokter sech fir Patientegespréicher reservéiert, soll also kengesfalls ënnerschätzt ginn. Et gëtt net oft dervu geschwat. Dem Gesetzgeber ass et leider net méiglech, e festen Zäitkader fir all Zort vu Konsultatioun virzeschreiwen. Et kann een hei net mat der Stoppauer virgoen. Ech fäerte ganz, esou laang wéi d'Operatiounen am beschte bezuelt ginn, gëtt d'Zäit grad do agespuert, wou se am néidegsten ass, beim Patientegespréich!

Déi zweet Ursaach vun engem mangelhaften Informatiounsaustausch tëschent dem Medeziner a sengem Patient läit natierlech och an der Villsproochegkeet vun eisem Land an och vu villen anere Länner. Engersäits si mer jo frou, datt mer se hunn. D'Villsproochegkeet mécht de Räichtum vun eisem Land aus, den intellektuellen a kulturelle Räichtum. An dee Räichtum soll gefërdert ginn. Anerersäits muss am Gesondheetssecteur alles gemaach ginn, fir datt d'Dokteren an d'Patienten op Aenhéicht kënne matenee schwätzen. An duerfir brauche se eng gemeinsam Sprooch.

Dat ass natierlech net einfach an engem Land wéi Lëtzebuerg. De Gesetzesprojet berifft sech dofir op de Lëtzebuerger Sproocheregime, deen dräi Sproochen offiziell unerkennt. Ech denken, dat ass eng ganz pragmatesch Léisung, déi doudsécher net perfekt ass. Mir schloen zousätzlech Efforte vir a wäre frou, wa se kéimen.

Déi Moossnamen, déi mir eis ausgeduecht hunn, déi stinn och deelweis am Gesetz. Dat ass, éischtens, de Réckgréff op international oder interkulturell Interpreten oder Vertrauenspersounen. Anerersäits awer och d'Förderung vu Sproochecoursen am Gesondheetssecteur, net nëmme fir d'Dokteren, mä fir dat gesamt Fleegepersonal, wat och do schafft.

Ech wéilt awer soen, datt an deem Beräich scho ganz vill Efforte gemaach ginn. Mä et ginn ni Efforte genuch gemaach.

Eng aner Kommunikatiounspist ass déi, déi an Däitschland ganz oft am Asaz ass. Hei kënne speziell informatesch Aarbechtsinstrumenter agesat ginn a ville Sproochen an deelweis och an Zeechesprooch. Se hu sech op ville Plaze bewäert. Bei eis gëtt et se nach selten oder guer net. Se sinn net nëmme sënnvoll am Ëmgang mat friemsproochege Patienten, mä och am Ëmgang mat héiergeschiedegte Leit. Vun deenen ass och am Gesetz net ganz vill gesot ginn.

Ee Wuert nach zum sougenannte Référentiel, deen och schonn zur Sprooch komm ass. Et ass e weidert Mëttel, fir d'Patienten iwwert déi wichtegst Elementer vun der Behandlung an iwwer hir Risiken ze informéieren. An der Santéskommissioun ass majoritär - ouni d'CSV - festgehale ginn, datt de Medeziner dem Patient en nationalen oder en auslännesche Référentiel fir all Typ vun Interventioun kann zur Verfügung stellen. D'Diffusioun vun engem Référentiel soll also net obligatoresch sinn.

An dës Dispositioun ënnerstëtze mir.

Éischtens, well et extrem rar a komplex Krankheete ginn, déi jee no hirer Evolutioun, hire Symptomer oder hirer Gravitéit musse behandelt ginn an net an e fest Schema vun engem Référentiel erapassen.

Zweetens ass d'Medezin eng Wëssenschaft, déi schnell evoluéiert. Dowéinst mussen d'Medeziner eng gewësse Fräiheet behalen. Se mussen d'Recht behalen, flexibel op Entwécklungen anzegoen an dorop ze reagéieren an deemno och wéi bei Interventioune kuerzfristeg Änneruge virzehuelen. D'Heelung ass net nëmmen eng Wëssenschaft. D'Heelung ass och eng Konscht an eng Konscht brauch Kreativitéit.

Une voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Anerefalls verléiert se hire gesellschaftleche Stellewäert.

E festgefruerene Référentiel géif dës Kreativitéit an dës Flexibilitéit bei enger schwiereger Behandlung ewechhuelen oder zumindest aschränken an de Medeziner e wichtegen Deel vun hirem wichtegen Handlungsspillraum huelen.

Deen ass ëmsou méi grouss, wat d'Ausbildung vun den Doktere méi grouss ass, an net, wat de Référentiel besser ass. D'Plus-value fir e Patient läit eiser Meenung no dofir net an der Aushändegung vun engem Référentiel, mä villméi an der regelméisseger a geziilter Weiderbildung vun den Dokteren…

Une autre voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- …an an der Zäit, déi d'Doktere sech fir d'Patienten huelen oder huelen däerfen, fir Mëssverständnisser a Feelbehandlungen auszeschléissen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ofschléissend wéilt ech nach just e puer méi allgemeng Remarquë maachen, déi an d'Zukunft geriicht sinn, well déi kënnt och nach. Mir halen haut net op mat schaffen. Wann dëst Gesetz bis a Kraaft ass, da sollte mer net stoe bleiwen. Mir sollte weider Schrëtt aleeden, fir d'Rechter vun de Patienten ze stäerken.

Mir géifen et zum Beispill begréissen, wann déi gëllend Regelen aus dësem Gesetz deemnächst iwwersiichtlech zesummegefaasst, a méiglechst vill Sproochen iwwersat an um Terrain géifen diffuséiert ginn, beispillsweis a Form vu Patientecharten oder engem Patientebréif, wéi se am Ausland oft ze fanne sinn. Dat éischt Recht vun all de Biergerinnen a Bierger muss nämlech sinn, hir eege Rechter fir d'Éischt emol ze kennen.

Mir sinn och frou, datt d'Regierung de Contrôle médical méi genee wëllt ënnert d'Lupp huelen an all Hiewelen a Bewegung wëllt setzen, fir déi schwaarz Schof am System ze detektéieren, well och si sinn eng Gefor fir de Patient. Mir sollen all Feelentwécklunge vermeiden.

Beispillsweis muss all Mënsch, dee bei den Dokter geet,…

(Coups de cloche de la présidence.)

…virun iwwerflëssegen Ordonnancen an domat virun engem iwwerdriwwene Konsum vu Medikamenter geschützt ginn. Net méi spéit wéi d'lescht Woch war nach an der Press Rieds vun der grousser Unzuel vu Psychopharmaka, déi hei am Land geschléckt ginn. Mam Recht vu psyschech kranke Leit op eng mënschewürdeg Therapie hu chemesch Keulen, wéi de Moien an der Kommissioun gesot ginn ass,…

M. le Président.- Madame Lorsché, Dir misst zum Schluss kommen.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Ech hunn nach 20 Sekonnen.

(Brouhaha)

M. le Président.- Neen, Dir hutt keng 20 Sekonne méi. Dir hutt schonn…

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Fir d'Motioun.

M. le Président.- Jo, mä d'Motiounszäit däerf leider, laut Reglement, net kumuléiert gi mat der normaler Riedezäit. Dat ass nun emol esou virgesinn. Im Zweifel für den Angeklagten. Mä, Madame Lorsché,…

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Entschëllegt, Här President. Ech hat dat esou erklärt kritt. Dann hunn ech dat déi nächste Kéier…

M. le Président.- Jo, duerfir hunn ech et elo eng Kéier esou kloer gesot,…

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Merci.

M. le Président.- …dass keng Équivoque méi kann opkommen do derbäi. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert erëm, fir zur Konklusioun ze kommen.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Dat ass eng Interpretatiounsdivergenz.

M. le Président.- Et ass keng Interpretatioun vum Reglement; dat ass ganz kloer an däitlech. Ech wëll et dann och eng Kéier virliesen: «Le temps de parole relatif aux motions ou aux résolutions ne peut être cumulé avec celui des rapporteur, interpellateur, auteur…» an esou weider an esou fort.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Neen, neen. Mä och,...

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Ech hunn et elo verstanen. Mä virdru wousst ech dat net.

M. le Président.- ...datt et dann an allen Hinsichte kloer ass fir jiddwereen. Fir d'Deputéierten dann ze informéieren: Dat ass net nëmme fir de Rapporteur, mä et ass fir den Interpellateur an de Riedner.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Ech hunn de Message verstanen, Här President,...

M. le Président.- Merci.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- ...a soen Iech villmools Merci. Ech sinn haut méi gescheit ginn.

Doriwwer eraus wéilt ech dann nach just eppes soen, nämlech datt déi beschte Patienterechter fir eis nach ëmmer déi sinn, déi net an Usproch geholl musse ginn. An deem Sënn wéilt ech der Regierung an haaptsächlech der Madame Ministesch félicitéiere fir all Initiativ, déi op Preventioun setzt a vill Krankheete verhënnere kann.

An deem Sënn soen ech Iech villmools Merci, datt Der mer nach déi Minutte vergonnt hutt, a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Lorsché a Merci de Kolleege fir d'Versteesdemech. Ech wäert dat dann och bei dëser Geleeënheet bei jiddwerengem esou interpretéieren. Mä et ass heiansdo wichteg, wann een erëm op säi Reglement zréckfënnt. Merci villmools!

Deen nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, villmools Merci. Ech probéieren, mech dann och ganz streng un d'Zäit ze halen. An dem Här Engel, wëll ech direkt emol ufänken, mat engem grousse Merci fir säi Rapport.

Mir hunn eis awer gewonnert, firwat mer eigentlech dat Gesetz haut virgeluecht kréien. Et ass hallef fäerdeg an et ginn eng ganz Rei vu wichtege Froen an dësem Gesetz net ugeschwat.

Firwat soe mer, et ass hallef fäerdeg? Ma aus véier Punkten.

Dat Éischt ass déi Konventioun d'Oviedo, déi an engem Sënnzesummenhang heimadder steet - iwwert déi ass jo haut schonn zweemol geschwat ginn - an déi nach ëmmer net ëmgesat ass. Dobäi ass eng Ethikskonventioun, eng Bioethiksfro extrem wichteg!

Et ass net ze verstoen, firwat dat esou laang dauert, an et ass nach manner ze verstoen, wou mer elo iwwert direkt Implikatiounen an eiser Gesellschaft diskutéieren, wéi zum Beispill eng Procréation médicalement assistée oder eng Gestation pour autrui, wat eminent bioethesch Froen opwerft a wou eng Diskussioun ronderëm eng Oviedo-Konventioun eis géif erlabe vläicht, an deem Beräich Kloerheet ze kréien.

Et ass och ganz komesch, datt ausgerechent déi gréng Kolleegen hei soen, datt d'Dignitéit an d'Identitéit vum Mënsch missten all Kéiers do respektéiert ginn, well et si genau si, déi et jo an hire politeschen Optiounen, wéi elo zum Beispill dem Homosexuellebestietnis, net respektéieren.

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dat Zweet ass: Firwat soe mer, dat Gesetz hei wier net fäerdeg? Majo wéinst deem Widdersproch zwëschent der Prescription trentenaire am Zivilrecht an zéng Joer Dokumenter fir d'Dokteren. Do ass eng evident Kontradiktioun. Mir verstinn och net, wéi schonn d'Kolleege vun der CSV et virdru gesot hunn, wéisou d'Justice dat étudiéiert a firwat mer net direkt do zu enger Léisung komm sinn.

Drëttens, mir bekennen eis als ADR och kloer zu enger Responsabilité sans faute am Beräich vun der Medezin, an et misst sinn, datt Accidents médicaux, wou keng direkt Responsabilitéit kann identifizéiert ginn, iwwert d'Solidarité nationale gekläert kéinte ginn. Et ass eis gesot ginn, dat soll elo an engem Joer kommen. Mir froen eis: Firwat solle mer dann d'Gesetz elo huelen, wa mer et schonn an engem Joer da musse complétéieren oder nobesseren?

Genausou wéi déi Instance de conciliation, déi mer jo gär hätten, oder déi op jidde Fall d'AMMD an d'Patientevertriedung gär hätten. Och déi soll an engem Joer eréischt kommen. Firwat musse mer dann elo e Gesetz huelen, wou den Aléa thérapeutique dann erëm eng Kéier no enger gewëssener Zäit iwwerschafft gëtt?

Et ass komesch, datt mer also e Gesetz hei kréien, wat a wichtege Punkten net fäerdeg ass a wou Froen opbleiwen.

Da kënnt nach derbäi, datt dat eigentlech, wat déi meeschte Leit interesséiert, a wat fir vill Leit déi wichtegst Patienterechter sinn, an dësem Gesetz zum Deel iwwerhaapt net ugeschwat gëtt oder ëm Ecken ugeschwat gëtt.

Dat Éischt ass d'Sprooch. Et ass fir vill Lëtzebuerger eng richteg Préoccupatioun, datt se am Gesondheets- an am Fleegesecteur hir eege Sprooch net kënne schwätzen, datt se hir Péng, hir Suerge mussen op Franséisch oder op aner Sproochen ausdrécken, déi se dacks net gutt kënnen, an zemools net gutt kënnen, wann et hinne richteg schlecht geet.

Mir als ADR fuerderen zënter Joren, a mir maachen et konsequent, datt am gesamte Gesondheets- a Fleegesecteur muss Lëtzebuergesch geschwat ginn. A mir soen, datt eng Haftung muss bestoen, wann opgrond vu mangelhafte Lëtzebuergeschkenntnisser Mëssverständnisser bestinn.

déi gréng soen, mir brauchen interkulturell Interpreten an esou weider. Mä et geet hei am Land dach emol haaptsächlech drëm, datt déi Leit, déi hei am Land wunnen, dat ass nach ëmmer eng Majoritéit vu Lëtzebuerger, an dem Gesondheetssecteur hei am Land kënnen hir Sprooch schwätzen. Dat ass eigentlech déi gréissten Erausfuerderung haut. Firwat gëtt dat an dësem Gesetz net kloer berücksichtegt an ëmgesat, datt dat och méiglech ass?

Da gëtt et eng ganz Rei vu Suergen, déi och de Leit als Éischt afalen, wa vun hire Rechter geschwat gëtt am Gesondheetssecteur: d'Urgencen an de Kliniken, chronesch Péng. Wéi gëtt chronesch Péng behandelt? Wéi kënne mer d'Klinike barrièrefräi maache fir behënnert Leit? Wéi ass et mat Begleetpersounen? Datt déi zum Beispill kënnen och stationär opgeholl ginn, wa se mat engem Schwéierbehënnerten an d'Klinik ginn. A lauter esou Froe leien de Leit uewen, méi vläicht wéi de Référentiel oder aner Saachen, déi hir Wichtegkeet hunn, awer déi direkt Realitéit vun de Patienten am Land wesentlech manner beréieren.

Dann hu mer déi Fro vun där enger Ulafstell, fir Informatiounen ze ginn. Wa mer herno iwwert d'Emsetzung vun enger EU-Direktiv schwätzen, komme mer dorobber. Et wär effektiv eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir eng eenzeg Informatiouns-, Konsultatiounsstell hei am Land ze schafen. A mir hoffen, datt mer dat kënnen nohuelen.

Mir brauche genuch a gutt ausgebilte Personal a mir mussen iwwerall am Gesondheetssecteur, zemools och bei deenen Demenzkranken an der Geriatrie, derfir suergen, datt d'Dignitéit vun de Mënschen ëmmer respektéiert gëtt. Dat si Saachen, déi vill Leit un éischter Plaz interesséieren.

Mä d'Dokteren, virun allem si hunn eng ganz Rei vu Saachen ugeschwat, déi mer och mussen opgräifen, wa mer wëllen eeschtlech iwwer eise Gesondheetssecteur nodenken.

Dat Éischt ass zum Beispill déi Fro vun den Accompagnateuren. Si hu mat Recht drop higewisen, datt et do en Duerjernee gëtt an der Definitioun vun engem Accompagnateur, zum Beispill, wann d'Dispositions de fin de vie oder esou am Spill sinn.

A mir hunn eng Erscheinung hei am Land, wéi och op anere Plazen, mä déi mer net däerfen négligéieren, dat ass dat vun Accompagnateuren, déi Frae begleeden an och bei der Ennersichung wëlle begleeden. A fir ganz konkret de Problem ze benennen: Et gëtt hei eng Grupp, eng méi radikal Grupp an eiser islamescher Populatioun, virun deenen d'Dokteren och zum Deel géintiwwer eis Angschtgefiller ausgeschwat hunn, wou se eng Fra emol net méi kënnen ënnersichen, well een derbäisteet, deen dat net akzeptéiert. A wou déi Leit natierlech deene Fraen hir elementar Rechter als Patientinnen deen Ableck net kënne respektéieren.

Dat geet net hei am Land! A mir mussen dach de Courage fannen, als Politik eng Léisung ze fanne fir esou Situatiounen, fir och deene Frae kënnen ze garantéieren, datt se all Ennersichung, all Behandlung kënne kréien, déi hinnen zousteet, a wou mer eis net aschüchtere loossen duerch Accompagnateuren, déi aus hire reliéisen oder aneren Iwwerzeegungen dat wëlle verhënneren. Dat geet hei am Land net. Op jidde Fall net an der Opfaassung vun der ADR.

Da wëlle mer och de Secret médical kloer verdeedegen. Mir hunn hei am Land esou eng Kultur entwéckelt vum Antigeheimnis. Fir d'Éischt gi mer d'Bankgeheimnis op, elo fänke mer un, d'Dokteschgeheimnis ze sacrifiéieren, ouni richteg gutt Argumenter do ze hunn. Mir hunn en Drock vun der Säit vum Ombudsman zënter enger gewëssener Zäit géint de Secret médical. Mir hunn awer och do Entwécklungen, déi mir op jidde Fall net kënnen akzeptéieren.

Zum Beispill, wann den Ombudsman iwwer Gesetz d'Méiglechkeet krut, fir Kontrollfonctiounen an den Établissements de surveillance auszeféieren, dann heescht dat net, datt dat an der Psychiatrie geet! Mir kënnen net engem Ombudsman - an dëser Situatioun ass et jo eng Damm -, mä „Ombudsman" ass e schwedescht Wuert, dat heescht „Mënsch", dat ass also geschlechtsneutral. Mä mir kënnen net dem Ombudsman d'Méiglechkeet ginn, medezinesch Dokteren an der Psychiatrie ze kucken, well eng psychiatresch Instanz ass keen Établissement de surveillance, dat ënnert d'Folterkonventioun oder ënner aner Instrumenter géif falen, wou do muss kënne kontrolléiert ginn.

Mir mussen also ganz gutt oppassen. Ech sinn d'accord mat all deenen, déi soen, mir mussen d'Rechter vun de Patienten an der Psychiatrie stäerken. Mä eent vun deene Rechter, wat muss gestäerkt ginn, ass op jidde Fall och d'Protektioun vun hirer Privatsphär a vun hirem Secret médical.

D'Autorité parentale ass och esou eng Saach. Mir hunn hei am Land en Duerjerneen a leschter Zäit, wat mer mat där Autorité parentale maachen. Mir schwäche se eigentlech permanent a verschiddene Saachen, well mer d'Émancipation du mineur gär hätten. Mä ech froe mech: Awéiwäit kann ee bei engem Mineur vun engem Consentement éclairé iwwerhaapt schwätzen?

Et ass eng Tendenz am Ableck, och bei dëser Regierung, beim Wahlrecht, elo beim Patienteschutz, bei der Ofdreiwung, fir de Mineuren ëmmer méi Rechter ze ginn. Mä et ass eng ganz geféierlech Entwécklung och. Mir gesinn zum Beispill an der Belsch bei der Euthanasie fir Mannerjähreger, datt do och déi Tendenz besteet. Wat awer heescht, datt mer eigentlech Leit, déi iwwerhaapt nach net déi Maturitéit hunn, fir extrem schwéier Décisioune kënnen ze huelen, datt mer déi awer wëllen an esou Situatioune setzen, an datt se da ganz liicht kënnen ënner Drock gesat ginn.

Et geet drëm, fir och déi Leit ënner 18 Joer effikass ze schützen, an dat heescht och, datt mer d'Autorité parentale net däerfe sacrifiéieren an och derfir suergen, datt, wa mer vun Autorité parentale schwätzen, déi zwee Elterendeeler ëmmer déiselwecht Rechter sollen hunn.

Bei den Honorairen hu mir als ADR Versteesdemech fir d'Dokteren, wann déi soen, wa se méi Zäit investéieren, da solle se och bezuelt ginn. Mir soen awer och, datt mer am Interessi vun de Patiente gewësse Praktike musse méi transparent gestalten. Zum Beispill déi Fro vun de Sonderhonorare CP an aner Saachen, dat soll esou geregelt ginn, datt d'Dokteren dat musse mam Patient am Viraus ofmaachen, fir datt do och de Patient weess, wat e muss bezuele bei deene Prestatiounen. Virun allem bei deene Prestatiounen, déi eben net vun enger Krankekeess iwwerholl ginn.

Genausou wéi bei de Locatioune vu verschidden Apparaten, wou eng Rei vu Spezialiste wierklech ganz grouss Geldfuerderunge stellen un hir Patienten an ëmmer erëm an iterativ. Ob mer do net musse Méiglechkeete fannen, fir am Diskurs an am Dialog mat den Dokteren awer Léisungen ze fannen, déi géifen zu groussen Erspuernisser féieren.

Da gi mer den Dokteren och recht, wa se soen, et muss eng Obligation d'assurer ginn. Dat ass och e Rôle vum Stat, fir déi kënnen ze schützen. De Renversement de la charge de la preuve ass eppes, wat d'ADR prinzipiell oflehnt, well mer se net als rechtsstaatlech considéréieren.

Mir wëllen och, datt de Patient, datt dat net eng Onméiglechkeet gëtt fir den Dokter, fir derfir ze suergen, datt de Patient muss alles verstoen. An nach eng Kéier: Wa mer iwwer Sproochen hei am Land schwätzen, dann ass eist éischt Uleies, op jidde Fall als ADR, datt mer musse Lëtzebuergesch wierdegen a Lëtzebuergesch duerchsetzen.

Nach ee lescht Wuert zur Médiatioun, an do schléissen ech mech ganz kloer deem un, wat een anere Virriedner hei gesot huet. Mir mussen an der Médiatioun op jidde Fall Délaien hunn a mir mussen d'Méiglechkeet hunn, fir Experten erunzezéien, bis mer dann endlech op eng Conciliatioun kënne kommen.

Ech soen Iech Merci. Derbäi, an ech mengen, dat hutt Der verstanen, bei all deene Reserven, déi mir hunn, wäerte mir dëst Gesetz net stëmmen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Als nächste Riedner huet den Här Urbany vun déi Lénk d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci. Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz hei geet jo op eng europäesch Direktiv zréck iwwer Patientenrechter. Et soll een dat och emol kloer an däitlech soen, wa vu Méritte geschwat gëtt, wie fir dat Gesetz hei zoustänneg ass, fir dass et heihinnerkënnt.

Dat Gesetz regruppéiert a systematiséiert och eng Rei vu Rechter, déi et elo schonn deelweis gëtt. Am Gesetz sinn, dat wëll ech hei ganz kloer soen, eng Rei vu positive Punkten. Et sinn awer och Hallefhäerzegkeeten dran a souguer Onsécherheeten, déi fir de Patient hei geschafe ginn.

Positiv erëm eng Kéier ass, dass dat Ganzt konnt eingehend diskutéiert ginn an der Kommissioun. Positiv ass och, dass e ganz detailléierten, e wierklech ganz detailléierte schréftleche Bericht virläit, deen och d'Funktioun huet, fir d'Gesetz ze interpretéieren.

Déi wichtegst Punkten hei, déi fir de Vote ausschlaggebend sinn, sinn an eisen Aen éischtens d'Recht op Informatioun vun de Patienten. Et gëtt eng obligatoresch Informatiounsflicht agefouert fir de Gesondheetspraktiker, fir iwwer wesentlech Ziler vu senger Interventioun ze informéieren: iwwert d'Konsequenzen, déi se kann hunn, iwwert d'Benefisser, déi se eventuell huet fir de Patient, iwwert d'Drénglechkeet oder d'Netdrénglechkeet, iwwer Risiken an iwwer heefeg Suiten, déi mat esou Type vun Interventioune verbonne sinn, eventuell schlëmm Suiten, déi kënnen dermat verbonne sinn, iwwer Alternativen oder och iwwert d'Konsequenzen, wann näischt geschitt.

Woubäi de Medeziner d'Interventioun an d'Risike vun der Interventioun muss kënnen aschätzen an och erklären opgrond vum allgemenge Gesondheetszoustand vun deem eenzelne Patient.

Informatiounen iwwer Risike sinn zousätzlech méiglech laut deem Gesetz hei mat Hëllef vu sougenannte Referenzpublikatiounen, iwwert déi hei scho geschwat ginn ass. Déi solle vum Conseil scientifique vun der Santé ausgeschafft ginn, wat eng staatlech Organisatioun ass. Ob et sënnvoll ass an net iwwerduerchschnëttlech bürokratesch, derniewent nach obligatoresch national Referenzen a Recommandatioune fir Medeziner ze schafen, dat wëll ech einfach emol dohigestallt loossen. Ech mengen éischter, dass dat net sënnvoll ass, well, ech si kee Medeziner, mä ech ka mir en Operéieren oder en Therapéiere no engem Kachbuch net virstellen, an d'Madame „Lorgé" huet hei ganz kloer gesot, dass am Medezinberuff, grad wéi an anere Beruffer och, eng Portioun Kreativitéit a Konscht erfuerdert ass, soudass ech net d'accord si mat deene Kritiken, déi hei vun der CSV an där Hinsicht un deem Gesetz hei virbruecht ginn.

Nei ass an deem Gesetz, dass de Patient selwer kann zousätzlech Informatiounen nach froen iwwert déi berufflech Praxis vun deem jeeweilege Medeziner, wéi d'Zuel vun Akten ass, déi e gemaach huet, de Komplikatiounsgrad vun deenen Akten, ob en eng Assurance huet - ganz wichteg - an esou weider.

Den Dokter huet also eng ganz Rei vun Informatiounsflichten, déi en hei kritt, an en huet och Bewäisflicht, dass en där Informatiounsflicht nokomm ass. Dat war virdru schonn an der Jurisprudenz esou, mä elo ass et och am Gesetz dran. Dat Gesetz - muss ee souguer soen awer, kritesch gesinn - kënnt éischter den Dokteren hei entgéint bei där Informatiounsflicht a beim Bewäis dovunner, andeem se kënnen hiren eegene regelméisseg gefouerten Dossier, also hir eege Pièces als Bewäis brénge vun deenen Informatiounen, déi se dem Patient matgedeelt hunn. An dann ass et erëm eng Kéier um Patient, fir de Contraire ze beweisen, dass dat net esou war.

Zweetens sinn hei eng Rei Saachen dran, an dat hänkt och mateneen zesummen, iwwert d'Matbestëmmung vun de Patienten, déi informéiert Patienten also. Si kënne sech, fir besser informéiert ze ginn, accompagnéiere loosse vun enger Persoun. De Patient muss, steet elo am Gesetz, och wann et an der Praxis vläicht virdru schonn esou war, ausdrécklech den Accord gi fir déi Behandlung. Deen Accord ka sech aus sengem Verhalen och einfach erginn, e muss net expressément erfolgen, mä op jidde Fall muss de Medeziner sech vergewësseren, dass den Accord do ass an och dass de Patient alles verstanen huet. E kann awer och dat iwwer säin Dossier beweisen, an ech gesi wierklech do e bëssen awer de Problem vun de Preuves préconstituées bei esou Dossieren, wou een emol esou Dossieren an deem Sënn uleet, an dann ass d'Bewäislaascht ëmgedréit, an da muss de Patient beweisen, dass en a Wierklechkeet guer net informéiert ginn ass.

An dat ass awer wichteg, well de Patient hëlt jo, an dat steet elo ausdrécklech am Gesetz dran, zesumme mat de medezineschen Acteuren d'Décisiounen iwwer seng Gesondheet. An dat huet erëm eng Kéier Auswierkung op d'Responsabilitéit vun de Medeziner. Et steet däitlech am Commentaire des articles dran, dass de Patient mat verantwortlech gëtt fir d'Konsequenze vun deem ageschloenen therapeutesche Wee. E gëtt en Acteur de Santé selwer, steet do dran, deen och sengersäits iwwregens Informatiounsflichten huet iwwer seng Gesondheetsgeschicht an esou weider, wat awer problematesch ka ginn an der Praxis, well et muss ee jo eiser Meenung no ausgoe vun enger ongläicher Situatioun tëschent Patienten a Medeziner.

Eleng verantwortlech fir Feeler bei deem konkrete medezineschen Akt bleift zwar am Prinzip de Medeziner, dat steet awer och net hei am Gesetz, mä dat sinn déi allgemeng Regele vun der Responsabilité civile, an de Patient huet och ëmmer nach do d'Bewäisflicht, dass den Dokter Feeler gemaach huet, woubäi, dat muss een awer dann op där anerer Säit erëm soen, et natierlech en Avantage fir hien duerstellt, dass en och den Dossier ka consultéieren zu jidder Zäit an och zu enger Zäit, wou nach kee Prozess leeft.

Nei a positiv ass, eiser Meenung no, och d'Virschalte vun enger gratis staatlecher Médiatiounsstell, spezifesch fir de Gesondheetssecteur, déi och Transaktioune kann ofschléissen, allerdéngs nëmmen, wann déi zwou Parteien d'accord sinn, an och, wat awer net onwichteg ass, wann d'Assurance domat d'accord ass.

A positiv fanne mer och, dass déi Plaintëstellen, déi bis elo an de Spideeler bestanen hunn, wou d'Leit sech konnte beschwéieren, dass déi elo vum Dësch schéngen ze sinn, well et ass jo ganz kloer, dass een net Juge et partie ka sinn: Dat sinn Ugestallte vun de Spideeler gewiescht, déi do d'Plainten entgéintgeholl hunn.

Wichteg wier et iwwregens, wann deeselwechte Prinzip géif agefouert gi bei der Médecine du travail, wou och déiselwecht Problemer bestinn.

Déi obligatoresch Conciliatioun ass ugeschwat ginn, wann eng Médiatioun gescheitert ass oder guer keng zustane komm ass. Ob dat elo engem Geriichtsverfahre virzezéien ass, eng Conciliatioun mat obligatoreschen Effete fir déi zwou Parteien, dat wëll ech wierklech emol dohigestallt loossen. Dat muss een nach weider diskutéieren.

Ech sinn och do net d'accord mat deene Kritiken, déi ervirbruecht gi sinn, well ech mengen, souwuel bei Geriichtsverfahre wéi bei Conciliatioune stellt sech virun allem d'Fro vum Käschtepunkt vun deene Verfahren a vun der Demokratiséierung eventuell vun der Justizhëllef.

An et stellt sech d'Fro vun der Assurance vun den Dokteren. Hei misst d'Konsequenz op jidde Fall sinn, wann een Dokter keng Assurance huet, da soll e seng Zouloossung entzu kréien. Déi Konsequenz gëtt awer vun den Auteure vum Gesetz hei net a Betrib geholl.

Et geet och net dovunner Rieds an deem Sënn, wéi et erwënscht wier an deem Gesetzestext, dee mer herno nach stëmme wäerten iwwert d'Sécurité sociale. Et ass ugekënnegt ginn, do géif e Projet de loi kommen iwwert dee Garantiefong. An der Deklaratioun vun der Regierung steet kloer dran, dass se et wéilten an engem Joer maachen. D'Madame „Lorgé" huet eis hei gesot, et wier quasi fäerdeg, et misst…, et géif elo relativ séier kommen; wou een nëmme ka soen, wat éischter, wat besser. Mä mir menge virun allem, dass all déi Froen, déi ech elo opgeworf hunn, och mussen dobäi gekläert ginn, a feststeet awer och, dass se an deem Text hei net erkläert sinn.

Ech kann elo net méi op verschidde Problematiken agoen, déi ganz schwerwiegend, delikat an heiansdo peinlech sinn. Dat ass, wann et ëm Zoustëmmung geet vu Patienten, déi keng Zoustëmmung méi kënne selwer ginn. Ech mengen, dass do d'Doktere virun eng grouss Verantwortung gestallt sinn, déi een och net am leschten Detail iwwer esou e Gesetz ka léisen.

Dat kann de Fall si während Operatiounen natierlech, et kann och de Fall si bei gewëssenen Onzourechnungsfäegkeeten oder bei där sougenannter Exception thérapeutique, déi hei agefouert gëtt, fir ze soen, wann de Patient eng gewëssen Informatioun net verdréit a sengem Gesondheetszoustand, da soll een him se net ginn, da muss een him se net ginn.

Ech weess och net, ob déi Designatioun vun enger Personne de confiance, déi soll am medezineschen Interesse vum Patient handelen, wann dee säi Wëllen net méi selwer äussere kann, ob déi all Problemer léist oder op net nei Problemer doduerch geschafe ginn. An ech froe mech, ob zum Beispill d'Vermëschung mat Liewenstestamenter eng gutt Léisung ass, déi hei geschitt. Esou kann zum Beispill, an esou interpretéieren ech deen Text hei, aus enger Personne de confiance, déi do ass, fir an engem senger Plaz Gesondheetsdécisiounen ze huelen, kann op eemol eng Persoun ginn, déi eng Décisioun ze huelen huet iwwert d'Enn vum Liewen oder vice versa, ausser et gëtt ausdrécklech an deem Text vum Patient festgehalen, dass en dat net wëllt.

Aus all deenen Ursaachen, déi ech elo opgezielt hunn - op verschiddener kann ech net méi agoen, et gëtt positiv Punkten, et gëtt och negativ Punkten, et gëtt ongekläerte Froen -, wäerte mer eis op jidde Fall enthalen hei, an ech muss soen, no deene vehemente Kritike vum honorabelen Här Alexander Krieps kann ee jo als Oppositioun deen Text hei eigentlech guer net méi stëmmen. Mir wäerten eis duerfir enthalen.

Merci.

(Brouhaha)

Une voix.- Très bien!

M. Alexander Krieps *(DP).*- D'Haaptsaach ass, ech stëmmen en, Här Urbany!

M. le Président.- Merci och dem Här Urbany. Dir hutt gesinn, ech schaffen u menger Aussprooch bei dem Numm vun Ärer Partei. Ech wollt dem Här Urbany och soen, dass d'Madame „Lorgé" eigentlech „Lorsché" heescht. Merci.

An domat huet d'Regierung d'Wuert, d'Gesondheetsministesch Madame Lydia Mutsch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Sozialminister, fir d'Éischt emol Merci fir dee flotten Débat, dee mer hei haten. Ech mengen, et ass och de Mérite vum Rapporteur, deen eis net nëmmen e ganz gudden an ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport gemaach huet, mä dee virun allem iwwer säi Rapport déi Diskussiounen erëmgespigelt huet vun deene leschte Méint oder Joren, kann ee scho bal soen, an der Kommissioun, déi och ganz interessant waren a bei deenen ech de Pleséier hat an der viregter Legislaturperiod als Presidentin mat dobäi ze sinn, an ech wëll och vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir mengem Virgänger Merci ze soen, ënnert deem senger Tutelle jo awer ëmmerhin deen heite Projet déposéiert ginn ass an deen och dohannertstoung an deen och mat dozou bäigedroen huet, dass an der vergaangener Legislaturperiod deen awer ganz komplexe Sujet op eng flott Aart a Weis an der Kommissioun konnt diskutéiert ginn.

Ech wollt och nach eng Kéier hei opwerfen, an dat ass scho vun enger Rei vu Membere gesot ginn, déi d'Chance haten och, an der leschter Legislaturperiod schonn dobäi ze sinn, dat ass, dass schonn eng ganz Rëtsch Ronne gedréit gi sinn, an zwar mat Représentanten aus dem gesamte Gesondheetssecteur, an dat ass och gutt esou.

Ech wëll als Beispill drun erënneren, dass souwuel virum Dépôt wéi och an der Chamberskommissioun selwer, an zwar virun dëser Legislaturperiod wéi och an dëser Legislaturperiod op den Avis vun der AMMD zréckkomm ginn ass oder och op d'Patientevertriedung, et ass op si gelauschtert ginn. Hir Avise sinn am Detail examinéiert ginn, an et sinn och eng ganz Rëtsch vu Reflexiounen agefloss an dat heite Gesetz. An eigentlech muss et jo och esou sinn.

An dat gëtt mer och eng Geleeënheet, fir hei ervirzesträichen, dass déi, déi ech elo grad genannt hunn, stellvertriedend fir all déi, déi am Gesondheetssecteur matwierken, wierklech mat hiren Avisen a mat hirem Input a mat hiren Diskussiounen, déi si mat eis zesumme gefouert hunn, wierklech e wichtegen Acteur an eisem Gesondheetswiese sinn, ouni déi mir och déi ganz Diskussiounen net esou kéinte féieren, wéi mer se tatsächlech gefouert hunn.

Als Resultat, an dorobber freeën ech mech haut, hu mer elo hei an der Chamber e Gesetz, wat wierklech de Patient an de Mëttelpunkt vun eisem Gesondheetssystem stellt an d'Rechter vun ebe grad deem Patient stäerkt a weider ausbaut. Dat ass net all Dag um Ordre du jour vun enger Chamber, an dofir sollt een dat och esou ervirsträichen.

An direkt eng grondsätzlech Ausso: Dem Patient säin alleréischt Recht ass dat, fir seng Rechter a Flichten iwwerhaapt emol kloer ze kennen. An dofir ass et ze begréissen, als Alleréischt, dass dat heite Gesetz an engem modernen a kohärenten Text dem Patient seng Rechter a Flichten alleguerten iwwerhaapt emol zesummefaasst, an an enger Form, déi een duerchaus a verschiddene Sproochen a Formen herno och soll no baussen droen. Dat ass eng ganz flott Propositioun, déi hei komm ass. Dat ass emol ee vun deenen allergréisste Méritten, an dat war bis elo an där doter Form net de Fall.

Dat heite Gesetz stäerkt och virun allem dem Patient säi Rôle als mündegen a gläichberechtegten Acteur vu senger eegener Gesondheet. Dat ass nach laang net an alle Länner de Fall, an duerfir huet dat Gesetz och dee grousse Mérite, fir déi doten Approche anzekloen an dat och an engem kohärenten Text ze dokumentéieren.

D'Informatioun an d'Abezéie vum Patient si ganz wichteg Elementer, fir dass de Patient, an dat ass och oft hei ervirgestrach ginn, an zu Recht ervirgestrach ginn, a senger Prise en charge kann iwwerhaapt emol aktiv matwierken a sech fir d'Behale vu senger Gesondheet selwer abrénge kann. Och dat ass an der Praxis nach laang net ëmmer an net iwwerall eng Selbstverständlechkeet.

An duerfir nach eng Kéier, dat heite Gesetz gesäit an deem Sënn eng ganz Rei vu Mesurë vir, déi ech ganz résuméiert nach eng Kéier wëll ervirsträichen: E Recht vum Patient, iwwer säi Gesondheetszoustand informéiert ze ginn. Den Dokter muss dem Patient déi néideg Informatiounen iwwermëttelen, ënner anerem iwwer seng Gesondheet, iwwert d'Behandlungsméiglechkeeten an d'Risiken, fir sech zesumme mam Dokter fir déi eng oder déi aner Behandlungsméiglechkeet oder deen een oder aneren Traitement kënnen en connaissance de cause ze décidéieren.

De Patient kann zu all Moment säin Dossier froen an e muss och eng Kopie kréien innerhalb vun engem Maximum vu 14 Deeg, an en huet e Recht, fir sech deen Dossier in extenso erklären ze loossen, wat am Moment esou net de Fall ass. Duerfir e groussen Novum an och eng grouss Bedeitung an deem heite Gesetz.

Vun der AMMD - an och dat ass hei e puermol ervirgestrach ginn an deem doten Zesummenhang, awer och an aneren Zesummenhäng - ass an der Lescht verstäerkt op deem dote Punkt Kritik opkomm. Ech stellen awer fest, datt d'Vertriedung vun den Dokteren hei net de Prinzip contestéiert, fir de Patienten déi dote Rechter ze ginn, mä dass domadder virun allem bei hinnen tarifär Fuerderunge verbonne sinn, well si der Meenung sinn, dass doduerjer, dass dem Patient eng verstäerkten Informatioun zoukomme muss, och e verstäerkten Zäitopwand kënnt an dorunner och déi Fuerderunge geknäppt sinn, fir deem verstäerkt an der Nomenclature Rechnung ze droen.

Ech iwwerloossen elo jiddwerengem Eenzelnen ze jugéieren, ob en dat als justifiéiert gesäit oder net. Mä virun allem iwwerloossen ech et awer och de Kolleege vun der Sécurité sociale, déi dat natierlech och mat ze tranchéieren hunn an duerfir och d'Tutelle hunn. Mä ech wëll awer ganz fairnesshalber hei soen, dass bei alle Kritiken, an zum Deel och gerechtfertegte Kritiken, vun enger Dokteschvereenegung an zum Deel och vun anere Vertriedungen, dat doten awer den Haaptusaz war an net de Prinzip, fir dem Patient méi Rechter ze ginn, an ech mengen, dat éiert och déi eenzel Intervenanten.

Bon, vill Patiente sinn och frou, an och dat ass zu Recht hei ervirgestrach ginn, fir am Beräich vun der Gesondheet op Hëllef vun enger Persoun kënnen zréckzegräifen, sief et well se sech selwer net à l'aise spieren, fir déi Décisiounen eleng ze huelen, sief et well se mengen, dass se net à même dozou sinn. An duerfir gesäit d'Gesetz e Recht op en Accompagnement vir, en Accompagnateur, deen déi Persoun dann ebe kann ënnerstëtzen. An dëse Begleeder, dee gëtt fräi vum Patient gewielt. Et konnt een heiansdo hei bei enger Rei vun Interventioune mengen, et géif een een imposéiert kréien. Dat ass jo absolut net de Fall. Dee Begleeder gëtt fräi gewielt. A fir de Fall, dass ee mengt, dat net méi selwer kënnen ze décidéieren oder am Virfeld d'Angscht huet, dass ee vläicht an eng Situatioun kënnt, an där een net méi ka selwer décidéieren, kann de Patient och eng Vertrauenspersoun schréftlech designéieren, déi dann a sengem Numm an a sengem Intérêt kann handelen. An och déi Mesuren ënnerstëtzen a begleeden de Patient, virun allem déi Patienten, déi méi fragil sinn, a wéi enger Hinsicht och ëmmer, an och dat ass e verbréift Recht fir d'Patienten. An ech mengen, do wäerten och an Zukunft, ob jonk oder al, ob schwéier krank oder manner schwéier krank, vill Patienten op dat Recht zréckgräifen. An och dat ass eng Méiglechkeet, déi dat heite Gesetz schaaft an déi een net sollt ënnerschätzen.

Ech wëll och nach eng Kéier kuerz op déi vill diskutéiert Informatiouns- a Médiatiounsstruktur zréckkommen, déi iwwert dat heite Gesetz fir de

gesamte Gesondheetssecteur geschafe gëtt an déi a mengen Aen eng grouss Errungenschaft ass. Et ass eng nei geschafe Struktur a se ass do fir de Patient, awer se ass och do fir de Prestataire. Natierlech, mir schafen haut e Patienterechtsgesetz, mä et sollt een awer och hei drop insistéieren, dass de Prestataire geneesou viséiert ass, well déi heiten nei Instanz soll jo neutral an onofhängeg am Gesondheetssecteur an am Gesondheetsberäich informéieren, wéi eng Gesondheetsdéngschter et ginn, u wee sech de Patient hei zu Lëtzebuerg ka wenden, Patienten a Prestatairen iwwer hir Rechter a Flichten informéieren, iwwert d'Médiatioun respektiv iwwert déi aner Schrëtt, wéi zum Beispill och d'Geriichter, dat ass jo awer eng Méiglechkeet, informéieren.

Ech wëll och eng kleng Ausso vum Här Krieps nuancéieren, an deem Sënn, dass nom Doud e Partner wuel Accès zum Dossier vun der verstuerwener Persoun kann hunn, ausser déi hätt am Virfeld geäussert, dass se domadder net d'accord ass. Mä soulaang de Patient lieft, muss e säin Accord ginn, fir ween och ëmmer soll oder kann en Accès zu deem Dossier kréien.

Bon, am Fall vun engem Konflikt kann déi Instanz mam Accord vun de Betraffenen als Médiateur dem Patient a Prestataire hëllefen, e Konflikt bäizeleeën. An ech huele mer dat ganz zu Häerz, wat hei gesot ginn ass - ech mengen, et war och vum honorabelen Här Krieps -, dass een hei och nach iwwert d'Notioun vun der Durée soll nodenken, fir dass een awer net an d'Onendlecht „eramédiatéiert" oder Conciliatiounsgespréicher wëllt féieren. Ech mengen, déi Notioun soll ee roueg eranhuelen.

Stéchwuert Référentiel, dat war jo een Thema, deen den Haaptoppositiounssprecher hei zimlech in extenso behandelt huet. Ech wëll hei awer trotzdeem en Appell maachen, fir der Saach eng Chance ze ginn.

Ech wëll och rappeléieren, dass hei de Conseil scientifique, dee mer jo och wëlle valoriséieren - dat hu mer am Regierungsprogramm extra drageschriwwen -, dat ass e wichtegt Instrument, dat mer do hunn, an dee Conseil scientifique, dee soll elo d'Méiglechkeet hunn, fir en Dokument zur Verfügung ze stellen, do, wou et Virgaben am In- oder Ausland gëtt, an den Dokter kann dat dann utiliséieren. E kann awer och selwer e Référentiel ausschaffen.

Allerdéngs soll sech d'Opklärung net op Formulairë beschränken. Do sollte mer awer och hei wierklech en Appell maachen, well all Opklärungsdokument soll virun allem ënnerstëtzend agesat ginn. Et ass e gudden Outil, mä am Vierdergrond soll awer d'Gespréich stoe mam Patient. An dat ass och hei ënner anerem vun der Madame Lorsché, awer och vum Rapporteur e puermol ervirgestrach ginn.

Duerfir nach eng Kéier: De Schwéierpunkt läit bei der Vermëttlung a bei der Kommunikatioun. An et ass och dat, wat dat heite Gesetz wëllt an de Mëttelpunkt stellen, fir de Parteien eben ze hëllefen, eng aussergeriichtlech Léisung ze fannen. Ech sinn am Contraire zum Här Urbany der Meenung, dass dat ëmmer eng méi nohalteg Léisung ass, wann et engem geléngt, iwwert d'Mediatioun en Accord ze fannen. Et ass ganz niewebäi och méi eng bëlleg Formule, wann een net muss op d'Geriicht goen oder op e Geriichtsprozess zréckgräifen.

Ëmmerhi geet et awer och - an duerfir gebrauchen ech hei dat Wuert „nohalteg" - drëms, fir d'Vertrauen tëscht dem Patient an dem Prestataire am ideale Fall nees hierzestellen. Dat wëlle mer jo awer domadder erreechen. A wann dat eis geléngt, dann hu mer awer vill geschafft.

Dofir ass et och wichteg, hei eng neutral Stell ze schafen, net d'Spidol, net de Collège médical, net d'Patientevertriedung, déi alleguerten an hirem Rôle ganz wichteg Acteure sinn, awer eben net fir dat heiten.

Eng wichteg Fuerderung, an dat ass dee leschte Punkt, op deen ech wëll agoen, wou net nëmmen d'AMMD an och d'Patientevertriedung, mä virun allem och d'Membere vun der Kommissioun drop insistéiert hunn, ass d'Schafen ebe vun engem Fonds d'indemnisation vum Aléa thérapeutique, deen am Regierungsprogramm verankert ass an deen elo net Partie intégrante vun deem heite Gesetz ass, well soss hätte mer nämlech dat wichtegt Instrument haut net kënne schafen. Dat ass a mengen Aen eng absolut berechtegt Fuerderung.

Esou wéi och de Premier dat a senger Ried zur Lag vun der Natioun schonn ervirgestrach huet, ass sech d'Regierung eens, dass dëst Gesetz net deen eenzegen Effort ass, mat deem dës Regierung d'Patienterechter wëllt stäerken. Do gehéiert ënner anerem dee Fonds d'indemnisation derbäi. An do hu mer jo d'Aussoe gemaach, dass mer wëlle probéieren, innerhalb vun engem Joer no der Publikatioun vun dësem Projet de loi op deen dote Wee ze goen.

Dir hutt ganz richteg gesot, an deem Sënn dämpen och schonn d'Käpp bei eis am Ministère. Ech mengen, do wäert nach déi eng oder déi aner schloflos Nuecht kommen, mä op alle Fall ginn d'Aarbechten zu deem Fonds d'indemnisation intensivéiert, fir deen Zäitplang kënnen anzehalen a fir domat och Schied vum Patient ofzehalen an iwwert d'Schafe vun engem Fonds d'indemnisation vum Aléa thérapeutique d'Rechter vum Patient zousätzlech ze stäerken, awer och de Prestatairen e Stéck Sécherheet ze ginn, dat si haut an där Form net hunn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, dass mer dat Gesetz haut kënne stëmmen. Et ass a mengen Aen e ganz wichtegt Gesetz am Intérêt vun de Patienten. Ech géif ofschléissend dovunner profitéieren, fir alle Membere vun der Kommissioun an hire jeeweilege Rôlen nach eng Kéier e grousse Merci ze soen. Et war flott, fir mat Iech zesummenzeschaffen, an ech freeë mech op déi nächst Projeten.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Minister. Mir sinn dann um Enn vun eisen Diskussiounen zum Projet iwwert d'Bündelung an d'Prezisioun vun de Patienterechter. Mir géifen iwwert de Projet de loi ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6469 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen.

Une voix.- Här President, beim honorabelen Här Max Hahn geet et net.

(Brouhaha)

Une autre voix.- Dee geet.

M. le Président.- Geet en nach ëmmer net?

Ech mengen, et misst zwar elo geklappt hunn, well ech hu 60 Stëmmen.

Voilà, da géife mer de Vote ofschléissen.

De Projet de loi 6469 ass mat 34 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen an 23 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6469 est adopté par 32 voix pour, 3 voix contre et 25 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par Mme Joëlle Elvinger), Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Octavie Modert), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber dermat d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech Iech Merci.

Motion 1

Mir hunn d'Motioun am Zesummenhang mam Projet virleien. Ech ginn dervun aus, dass d'Motioun motivéiert ass.

(Assentiment)

Jo. Ech géif da froen, ween zu der Motioun nach wëllt Stellung bezéien.

Ech hunn d'Wuertmeldung vum Här Halsdorf selbstverständlech, och vun der Madame Gesondheetsminister, déi herno drop wäert reagéieren. Här Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV)*.- Merci, Här President. D'CSV wëllt sech, grad eweí beim Gesetzestext, och hei enthalen, well mer déi Démarche vun der Majoritéit hei net deelen. A Richtung vu Médiatioun brauche mer Effizienzstruktur, dass herno d'Patienten, déi domat befaasst ginn, net musse légiférëieren oder net musse virun d'Geriichter goen. An duerfir, mengen ech, gëtt sech hei enthalen. Dat wollt ech Iech just matdeelen.

M. le Président.- Jo, den Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, ech wëll soen, dass mer d'Motioun hei unhuelen, och wa mer net mat alle Considéranten elo am Detail esou d'accord sinn, wéi et hei ausgedréckt ass. Mä de Sënn dervun, fir dass soll eng Evaluatioun gemaach gi vun deem Fonctionnement vun deem Service, dat Uleies deele mer.

M. le Président.- Den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Merci, Här President. Aus deeneselwechte Grënn u sech wéi d'Kolleege vun der CSV wäerte mir och eis hei bei dësem Text enthalen. Et ass just gesot ginn och, datt mer sollte bannent engem Joer u sech eng Conciliatiounsprozedur proposéiert kréien. An hei gëtt jo gesot, no dräi Joer maache mer eng Médiatiounsrevisioun. Dat ass schonn...

(Interruption)

Oh, dat ass vläicht Är Iddi, awer mir gesinn dat anescht, Här Engel. Op jidde Fall aus deem Grond, datt mir eis éischter fir eng Conciliatiounsprozedur ausspriechen a mengen, datt mer hei op dee falsche Wee ginn, wäerte mir eis och bei dësem Text enthalen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Vu dass et jo d'Roll heiansdo vum President ass, och fir Froen ze klären, effektiv sinn dat zwee verschidde Puer Schong, Médiatioun an de Fonds d'indemnisation.

(Interruption)

Neen, neen, neen, de Fonds d'indemnisation, deen an engem Joer soll geschafe ginn. Also, ech wollt déi Prezisioun just dozou ginn.

Keng weider Wuertmeldungen? Da géif ech der Madame Gesondheetsminister d'Wuert ginn.

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé*.- Ech mengen, Här President, déi heite Motioun ass eng logesch Suite vun den Diskussiounen, wéi se an der Kommissioun gefouert gi sinn. Am Projet de loi selwer steet dran, dass déi national Informatiouns- a Médiatiounsstell all Joer e Rapport presentéiert dem Gesondheetsminister. Dee géif sech dann engagéieren, fir deen och mat an d'Kommissioun ze huelen.

Doriwwer eraus ass et interessant, no dräi Joer eng Bilanzéierung ze maachen a Form vun enger Evaluatioun. Ech mengen, dat wier eng logesch an eng flott Démarche, an d'Regierung kann déi Propositioun unhuelen.

M. le Président.- Merci der Madame Gesondheetsminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

Ass e Vote électronique gefuerdert?

(Négation)

Kënne mer à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Da géif ech déi Kolleege bieden, déi dermat d'accord sinn, d'Hand ze hiewen.

Dergéint? Enthalungen?

Dat schéngt mer kloer ze sinn. Domat ass d'Motioun ugeholl.

Ech wëll jo dann net dem Kolleeg Halsdorf soen, wat de fréiere Gesondheetsminister mer an d'Ouer geflüstert huet.

Voilà, da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi iwwert d'Soins de santé transfrontaliers, d'grenziwwerschreidend Soine fir d'Patienten an d'Patienterechter. De Modell vun der Riedezäit ass nom Modell 1 virgeschloen. An den Här Rapporteur, den honorabelen Här Georges Engel, huet d'Wuert. Här Engel.

7. 6554 - Projet de loi portant

1) transposition de la directive 2011/24/UE du Parlement européen et du Conseil du 9 mars 2011 relative à l'application des droits des patients en matière de soins de santé transfrontaliers;

2) modification du Code de la Sécurité sociale;

3) modification de la loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin vétérinaire;

4) modification de la loi modifiée du 31 juillet 1991 déterminant les conditions d'autorisation d'exercer la profession de pharmacien;

5) modification de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé;

6) modification de la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments;

7) modification de la loi modifiée du 16 janvier 1990 relative aux dispositifs médicaux

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, nodeems mer elo d'Gesetz iwwert d'Patienterechter gestëmmt hunn, komme mer elo zu engem Projet iwwert d'Patienterechter a Saache Soins transfrontaliers. Et geet hei ëm d'Emsetzung vun der Direktiv 2011/24, op déi ech scho beim viregte Projet Allusioun gemaach hunn. Den Text, dee mer elo hei virleien hunn, suivéiert den Text vun dëser Direktiv.

Et geet hei ëm Obligatiounen, déi variéieren, deemno ob Lëtzebuerg den État membre d'affiliation oder den État membre de traitement ass. Et geet hei also och ëm Gesondheetsleeschtungen, déi ee Patient kritt an engem anere Land wéi an deem, wou e versécher ass.

Hei ass et wichteg, ervirzehiewen, dass Gesondheetsleeschtunge keng Servicer wéi anerer sinn, well déi medezinesch Versuergung en Intérêt général huet an de Stat och hei seng Roll ze spillen huet. Aus deem Grond goufen d'Gesondheetsleeschtungen aus der sougenannter „Direktiv «services»" och erausgeklamert.

D'Zil vun der Direktiv ass et, fir de Patienten den Zougang zu grenziwwerschreidende Gesondheetsleeschtungen ze garantéieren. Déi solle sécher, effikass a qualitativ héichwäerteg sinn. D'Zil ass domadder en anert wéi dat vun de sougenannte Règlements de coordination de sécurité sociale, déi solle regelen, wéi eng Institutioun d'Käschte vun de Gesondheetsleeschtungen droe soll.

D'Direktiv gesäit verschidden Obligatioune fir d'Memberstate vir, jee nodeems, ob se den État d'affiliation oder den État de traitement sinn. Deemno gëtt d'Direktiv fir Lëtzebuerg net nëmme vun deem Projet de loi 6554 iwwert d'Soins transfrontaliers ëmgesat, mä een Deel dovunner och vun dem Projet, dee mer elo grad gestëmmt hunn, de 6469 iwwert d'Patienterechter. Dat, wa Lëtzebuerg den État de traitement ass, wou also Patienten aus anere Länner sech hei zu Lëtzebuerg medezinesch behandele loossen.

Erlaabt mer e klengen historesche Réckbléck. Säit 1925 gesäit de Code des Assurances sociales d'Méiglechkeet vir, dass Leit, déi zu Lëtzebuerg assuréiert sinn, d'Méiglechkeet hu vun engem Traitement am Ausland.

1951 an 1954 koumen dunn am Gesetz iwwert d'Assurance-maladie vun de Fonctionnairen an den Employéen an am Code des Assurances sociales liicht Ännerungen an der Aart a Weis, wéi d'Autorisatioune fir en Traitement am Ausland eranzehuele sinn.

Bei der Gesetzesännerung vun 1974 ass folgenden Text am Code des Assurances sociales iwerholl ginn: «Les assurés ne pourront se faire traiter à l'étranger que du consentement de leur caisse de maladie, à moins qu'il ne s'agisse des premiers soins en cas d'accident ou de maladie survenus à l'étranger.» Dës Zoustëmmung kann net refuséiert ginn, wann den Traitement vum behandelnden Dokter a vum Kontrolldokter vum Assuré recommandéiert gëtt oder wann deen noutwendegen Traitement am Grand-Duché net méiglech ass. Wann den Traitement also zu Lëtzebuerg net méiglech ass, muss en och am Ausland autoriséiert ginn.

1972 (veuillez lire: 1992) du sinn dës Behandlungsmethoden am Ausland dann am Artikel 20 vum Code des Assurances sociales ageschriwwe ginn. Dës Formulatioun ass nach ëmmer en vigueur, dréit awer der Evolutioun am

europäesche Recht net méi Rechnung säit der Jurisprudenz aus dem Joer 1998 vun der Cour de Justice européenne, säit dem Uerteel an der Affär Decker/Kohll.

An der Deklaratioun vum Juni 2006 ass dunn, well glécklecherweis - glécklecherweis! - keng Eenegung konnt fonnt ginn tëschent dem Europäesche Parlament, dem Conseil an der Kommissioun, deenen hir Vuen, wat d'Gesondheetsleeschtungen uginn, zimlech auserneelouchen, décidéiert ginn, d'Gesondheetsleeschtungen definitiv aus der Direktiv 2006/123 iwwert d'Libre circulation des services erauszehuelen.

An den 2. Juli 2008 huet d'Europäesch Kommissioun eng Propositioun vun enger Direktiv vum Parlament a vum Conseil presentéiert, déi d'Applikatioun vun de Patienterechter, wat d'Soins de santé transfrontaliers ubelaangt, regele soll.

Et goufe laang Diskussiounen iwwert dës Direktivpropositioun a si gouf och ganz vill amendéiert. Fir déi eng Länner huet d'Propositioun dem Principe de subsidiarité net genuch Rechnung gedroen, deen de Länner eng grouss Autonomie reservéiert a sech duerch eng grouss Diversitéit an de verschiddene Regimer charakteriséiert. Fir anerer, notamment och fir Lëtzebuerg, huet d'Propositioun net genuch de Spezifissitéite vun de Gesondheetsservicer par rapport zu anere Servicer Rechnung gedroen, an et gouf gefaart, dass hei d'Dier opgemaach géif gi fir eng Zwouklassemedezin, wou déi Räich, déi sech Zousazassurancë kënne leeschten a besser Informatiounen hätten, Virdeeler hätte par rapport zu Mannerbemëttelten.

D'Memberstaten hu sech schlussendlech zu dësem Kompromisstext, dee mer haut virleien hunn, décidéiert, deen den 9. Mäerz 2011 ugeholl ginn ass.

Dës Direktiv, déi berout op dräi Pilieren: éischtens, de Patienten et ze erméiglechen, hir Rechter auszeüben; zweetens, den Zougang zu héich qualitative Soinen assuréieren a Kloerheet ze verschafen, wat d'Responsabilitéit vun de verschiddenen Acteuren ugeet, an drëttens, d'Kooperatioun tëschent de Gesondheetssystemer an der Unioun ze ënnerstëtzen.

Verschidden Dispositiounen am Text sinn agebaut ginn, fir ebe keng Zwouklassemedezin ze erméiglechen, esou zum Beispill déi Kontaktplazen an deenen eenzelne Länner, déi d'Missioun hunn, dem Bierger déi richteg qualitativ Informatiounen iwwer hir Rechter bei grenziwwerschreidender Fleeg ze ginn.

Ee weidert Schlëssele lement am Kader vun der Transpositioun vun dëser Direktiv ass d'Aschreiwen an nationaalt Recht vum Recht op e Remboursement an der Héicht vun de Käschten an no de Konditiounen, déi applizéiert gi wären, wann d'Soinen am eegene Land, also am État d'affiliation, gemaach gi wären. Duerfir brauchen d'Länner awer en transparente Mechanismus, wat d'Käschteberechnung ugeet a wat d'Autorisatioune betrëfft, déi ee brauch, fir dës Soinen ze kréien.

Wat sinn dann elo déi ganz nei a grouss Changementer par rapport zur bestehender Situatioun?

Et gëtt de Prinzip vum Remboursement vun de Soins transfrontaliers fir all Patienten, déi zu Lëtzebuerg affiliéiert sinn, agefouert, an dat ouni Autorisation préalable. Dat ass de Prinzip.

Ausnahmen dozou ginn et awer a folgende Fäll: D'Autorisation préalable vun der CNS, op Avis motivé vum Contrôle médical vun der Sécurité sociale, bleift, éischtens, wann de Patient op d'mannst eng Nuecht hospitaliséiert muss ginn, an zweetens, wa fir déi medezinesch Behandlung héich spezialiséiert an deier Infrastrukturen oder Équipementer gebraucht ginn.

D'Autorisation préalable kann net refuséiert ginn, wann et ëm Leeschtunge geet, déi zu Lëtzebuerg guer net oder net an engem akzeptabelen Zäitraum disponibel oder zougänglech sinn. Urgent Traitementer oder am Virfeld autoriséiert Traitementer ausserhalb vun der EU, der Schwäiz oder dem europäesche Wirtschaftsraum ginn natierlech, wa se urgent sinn, weider rembourséiert.

Eng weider Neierung sinn, wéi schonns virdrun ugeschwat, déi national Kontaktpunkter, déi solle geschafe ginn, wou dann op der Gesondheetskeess ee sech ka melle fir Informatiounen iwwert de Remboursement fir de Fall, wou Lëtzebuerg den État d'affiliation ass. An, dat hu mer am Gesetzesprojet virdru gestëmmt, de Service national d'information et de médiation fir de Fall, wou Lëtzebuerg den État de traitement ass. Et sinn dës zwou wichteg Neierungen am Intérêt vum Patient, deen esou méi Sécherheet a méi Transparenz kritt, wat seng Behandlung ugeet.

Derbäi kommen eng Rei aner Adaptatioune vu Gesetzer, déi duerch d'Direktiv néideg sinn, notamment wat den Exercice vum Dokter, vum Zänndokter a vum Vétérinaire ubelaangt, wou hei eng Obligation d'assurance virgesinn ass. An duerfir, dat wollt ech dem Här Halsdorf och nach eng Kéier soen, bei eis hei zu Lëtzebuerg, do gëtt et ee Gesetz, d'Gesetz vum 14. Juli 2010, wat eng Obligatioun fir eng Assurance scho festleet.

Weider ginn hei och d'Konditiounen adaptéiert, fir de Beruff vum Apdikter ze exercéieren. Ausserdeem kommen nach zwee parlamentaresch Amendementer derbäi, déi d'Unerkenne vum Verschreiwe vu Medikamenter regelen.

Et sief gesot, datt de Conseil d'État, grad wéi och d'Chambre des Salariés, et net ganz glécklech fonnt huet, datt hei zwou Informatiounsplazen, de Point de contact an dee Service national d'information et de médiation ageriicht ginn, eemol beim viregte Gesetz, wéi gesot, an eemol hei.

D'Kommissioun war awer der Meenung, datt dat absolut Sënn mécht, well se zwee ganz verschidde Beräicher betreffen a bei der Opdeelung, wéi et elo virgesinn ass, och déi jeeweileg Fachkompetenz garantéiert ass. De Statsrot huet och verschidden Oppositions formelles ausgeschwat, déi awer ouni gréisser Problemer konnten aus dem Wee geraumt ginn.

Eigentlech war den Délai de transposition vun dëser Direktiv de 25. Oktober 2013. Dësen Délai ass elo largement dépasséiert an duerfir hu mer och scho vun der Kommissioun de béise Fanger gewise kritt. Mä dëst Gesetz, dat elo haut da gestëmmt gëtt, trëtt dann deen éischten Dag am Mount no der Publikatioun am Mémorial a Kraaft.

Merci wollt ech soen de Leit aus der Kommissioun, dem Sekretär aus der Kommissioun vun der Sécurité sociale, de Mataarbechter vum Ministère vun der Sécurité sociale an och de Mataarbechter aus der Fraktioun, déi hei bei dësem Projet de rapport gehollef hunn, vill gehollef hunn, ganz vill gehollef hunn!

E weidert Gesetz also, wat mer haut hei stëmmen, wat am Sënn vum Patient ass, wat méi Sécherheet a méi Transparenz bréngt. Ech bréngen heimat den Accord vun der LSAP an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Serge Wilmes vun der CSV.

Discussion générale

M. Serge Wilmes *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soe fir d'Éischt dem Georges Engel villmools Merci, well de Rapport, deen Der gemaach hutt, ass ganz komplett. Dir hutt gewisen, ëm wat et hei geet. Dat erspuert mer dann och eng Kéier, nees alles erëm eng Kéier ze widderhuelen, an anere Wierder dann zwar, mä d'Detailer vun dësem Gesetzesprojet sinn domadder kloer.

Et ass e wichtege Gesetzesprojet. Et ass, wéi Der virdrun hei erkläert hutt, d'Émsetzung vun enger Direktiv, déi an zwee Deeler eben elo ëmgesat ginn ass. Mat engem éischte Projet de loi virdrun an elo mat dësem Projet de loi, wou et ëm déi Affiliéiert geet an dee Moment de Volet Sécurité sociale ebe betrëfft.

Et ass virun allem awer och e Projet de loi, dee weist, mat deem virdrun, dat ganzt Spannungsverhältnis, wat och existéiert um europäeschen Niveau an den europäesche Gesetzgebungen, a mam Wëllen eben, fir aus Europa e gemeinsame Maart jo ze maachen, e gemeinsame Bannemaart ze maachen, wou et verschidde Rechter gëtt, déi respektéiert musse ginn, sech kënne fräi ze bewegen, och d'Servicer kënne fräi zirkuléieren, wou dann zwar d'Gesondheetsprestatiounen net considéréiert gi wéi déi normal Servicer, mä wou da versicht gëtt, eben e spezifeschen Encadrement dofir ze fannen.

Dir hutt och elo den Historique gemaach gehat, deen och ganz kloer weist, wéi schwéier et awer war an och nach ass, fir do e kompletten, harmoniséierten an och norméierten europäesche System ze fannen. Well awer déi verschidden europäesch Länner ganz verschidde Kulturen a verschidde Gesondheets- a Sécurité-sociales-Systemer hunn an dat net esou einfach ass, fir déi zesummenzeféieren.

Do ass also, wéi Der gesot hutt, och e Kompromësstext dobäi entstanen, fir ze soen, okay, mir kucken, datt den europäesche Bierger kann zwar och an der Europäescher Unioun sech behandele loossen. E gëtt dann och integréiert, wann en an engem anere Land sech behandele léisst, an dee Gesondheetssystem, an dee System vun der Sécurité sociale. E kritt also e Recht op déiselwecht Prestatiounen, déiselwecht Soine wéi an deem Land, mä et ass awer säi Land, wou en affiliéiert ass, wat dann déi Prestatiounen, déi Käschte dovunner eben zréckbezilt an dann an deem Moment iwwerhëlt. Dat ass dee Kompromëss, dee fonnt ginn ass, fir ebe kënnen dee System awer besser mateneen ze koordinéieren, ouni e komplett ze integréieren an domadder komplett ze harmoniséieren.

Et ass, wéi gesot, déi Direktiv weist ganz gutt dat Spannungsverhältnis, wat nach ëmmer do besteet a wat och net bei alle Beräicher, déi d'Europäesch Unioun, wou jo de Wëllen ass, fir méi eng koordinéiert..., fir méi eng Zesummenaarbecht an Europa ze förderen, wäert komplett kënnen erreechen.

Mir hunn also, wéi gesot, mat dësem Gesetzesprojet elo déi lescht Elementer oder déi, déi nach iwwreg bliwwe sinn, well mir hu jo schonn eng ganz Partie Saachen en cours de route ëmgesat, déi sech notamment och speisen aus der Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff, wou Der gesot hutt, bei Decker/Kohll, fir ebe kënnen an d'lëtzebuergesch Gesetzgebung ëmzesetzen, datt keng Diskriminatioun och besteet, wann ee sech am Ausland als lëtzebuergeschen Affiliéierte behandele loosse wëllt. Mir hunn dat schonn an de leschte Joren no an no ëmgesat. Dat hei ass elo e weideren Deel dovunner, fir dat ze garantéieren.

Dir hutt gesot, ëm wat et do alles geet. Ech wéilt dat also, wéi gesot, net nach eng Kéier widderhuelen, mä just op een, zwee Punkten nach eng Kéier agoen. Et ass ee Punkt, deen d'Chambre de Commerce an hirem Avis gesot huet, an zwar, datt et bei der Informatioun vum Patient, wann e gär sech wëll am Ausland behandele loossen, datt et do wichteg ass, datt en och ganz genau weess, wat sinn déi Rechter an och herno déi Remboursementer, déi ech ka kréien, an déi Behandlung, déi ech ka kréien, déi erausginn, déi sech speisen aus dem europäesche Reglement, dat jo eng ganz Partie Rechter schonns accordéiert huet.

A wat sinn déi Soins, déi Prestatiounen, déi sech speisen aus der europäescher Direktiv, déi elo mat dësem Gesetzesprojet an deem anere virdrun ëmgesat ginn. Datt et also wichteg ass, datt de Patient ganz genau weess, wat ass an engem gewësse Fall méi avantagéis an, wann e sech behandele léisst, op wat e sech do baséiert, wat fir eng Rechter aus wat fir engem Gesetzestext an aus wat fir enge juristesche Quellen erauskommen. Et ass ebe wichteg, datt en do déi Informatiounen dee Moment kritt, fir datt en eben och kann, esou opgekläert wéi méiglech, eng Décisioun dann do huelen.

An dann ass en anere Punkt, deen de Collège médical zitéiert huet, op deen en higewisen huet, dat ass dee vun der Nomenclature. D'Nomenclature, déi jo muss respektéiert gi vun den Dokteren hei zu Lëtzebuerg, well mer jo de System hunn, datt mer konventionéiert sinn, währendeems dat am Ausland awer éischter de Géigendeel ass, éischter d'Ausnahm ass.

An do weist eben de Collège médical drop hin, datt u sech déi Nomenclature endlech misst ugepasst ginn och un d'Realitéit virun allem vun enger Medezin, déi eben och an hire Prestatiounen, an hirer Behandlung vill méi differenzéiert hautdesdaags virgeet. A wou et jo och Fallbeispiller am Ausland gëtt, an anere Länner, wou eng Nomenclature besteet, déi awer vill méi differenzéiert ass wéi déi Lëtzebuergesch.

Am Regierungsprogramm ass jo virgesinn, datt déi Nomenclature soll op de Leescht geholl ginn. Mir si jiddefalls derfir, datt dat dann och endlech, no laangen Diskussiounen, nodeems mer schonn zéng Joer laang amgaang sinn, driwwer ze diskutéieren, datt se misst eng Kéier op de Leescht geholl ginn, datt mer dat och maachen.

Dat sinn déi zwee Punkten, déi ech u sech wollt am Numm vun der CSV-Fraktioun nach eng Kéier soen. An dann och am Numm vun der CSV-Fraktioun den Accord bréngen fir dëse Gesetzesprojet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Wilmes. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Edy Mertens vun der DP. Här Mertens, Dir hutt d'Wuert.

M. Edy Mertens *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Chamber huet haut d'Resultater vun den Europawahle validéiert. Elo kéint een natierlech froen, wat huet dat do dann elo..., wat huet dee Schrëtt elo ze di mat dem virleienden Text a mam Vote vun deem virleienden Text iwwer grenziwwerschreidend medezinesch Versuergung? Mä ech muss soen, och wann et nëmmen en Zoufall ass am Kalenner, dass dës zwee Punkten deeselwechten Dag um Ordre du jour stinn, esou ass et awer esou, dass dee Projet de loi, iwwert dee mer haut hei diskutéieren, ganz vill mat Europa ze dinn huet.

Dacks genuch gëtt jo dobausse gesot, dass d'Europäesch Unioun ze wäit ewech vum Bierger wier, dass een d'Virdeeler net wierklech géif spieren an d'Leit an hirem Alldag éischter géif behënneren, wéi hinnen hëllefen. Dat läit awer och dorun, dass mer dës Virdeeler, wéi mer se kennen zum Beispill bei der Reesfräiheet oder de fräie Choix vun der Aarbechtsplaz, der Studieplaz, dacks als ganz selbstverständlech unhuelen. Grad wéi och d'Tatsaach, dass ee sech am Fall vun enger Krankheet am Ausland ka behandele loossen.

Ech wëll a menger Interventioun net op déi laang an deelweis immens komplizéiert Virgeschicht vum Remboursement vu Behandlungen am Ausland agoen; dëst géif sécherlech eng Éiwegkeet daueren! Emmerhi gesäit eise Code vun der Assurance sociale, wéi elo grad gesot, well säit 1925 d'Méiglechkeet vun dem Remboursement vun engem Traitement am Ausland vir. Bis et zur Direktiv koum, iwwert déi mer haut ofstëmmen, war et, wéi well gesot, ee ganz laange Wee mat ville juristeschen Auseneinandersetzungen a mat villen Uerteeler vum Europäesche Geriichtshaff.

Dass et esou wäit huet musse kommen, louch oder läit och nach zum Deel dorunner, dass eng Rei vun de Memberstaten d'Rechtssprechung vum Europäesche Geriichtshaff nëmme lückenhaft oder guer net ëmgesat huet. Vun dohier huet dréngenden Handlungsbedarf bestanen.

Et ass an eisen Aen net zoumuttbar, dass de Patient seng Rechter muss akloen! Wëssend, wéi laang sech esou Prozedure kënnen hinzéien, stellt dat grad fir e schwéierkranke Patient natierlech absolut keng Alternativ duer, dass deen domat op d'Geriicht geet. Well, wéi esou dacks, kéint et emol passéieren, dass dee Patient gestuerwen ass, ier en an de Genoss vun deem Uerteel ka kommen!

Här President, ervirzesträichen ass an dësem Kontext, dass d'Direktiv net zu engem Ënnergruewe vun den nationale Kompetenzen am Gesondheetsberäich wäert féieren. An deenen éischte Virlage wollt d'Europäesch Kommissioun hir Kompetenzen op dësem Feld jo ausdehnen. Lëtzebuerg wollt a wëllt dat net!

Eise Gesondheetssystem, an dat muss een och emol eng Kéier soen, ass ee vun deene performantsten op der Welt, ganz besonnesch och wat d'Prise en charge ugeet. An dat wëssen der nach ganz vill net. Dofir wëlle mer net, dass et op dësem Gebitt zu enger Vergemeinschaftung vun de Kompetenze kënnt. Dëse Schratt géif nämlech wahrscheinlech zu enger Ofsenkung vun eisen heitege Standarde féieren. Dëst kann net an eisem Interessi sinn, weder am Interessi vum Assuré a Patient, nach am Interessi vun de Prestatairen.

Dacks ass am Zesummenhang mat dëser Direktiv dat Gespenst vun der Zwouklassemedezin ervirgeruff ginn an un d'Wand gemoolt ginn. Dofir gëtt et awer, eiser Iwwerzeegung no, keng wierklech Unhaltspunkten. Au contraire! D'Direktiv féiert zu enger Stäerkung vun de Rechter vun alle Patienten an der grenziwwerschreidender Versuergung, onofhängeg vun hirer privater finanzieller Situatioun, well där Direktiv no soll déi grenziwwerschreidend Versuergung deene Patienten zegutt kommen, déi drop ugewise sinn, an net just deenen, déi iwwert déi entspriechend Moyene verfügen.

Här President, d'Haaptzil vun der Direktiv besteet, wéi gesot, doranner, fir den Zougank zu medezineschen Traitementer am Ausland méi einfach ze maachen. Dat ass an eisen Aen och eng Noutwendegkeet. Speziell an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat opgrond vu senger Gréisst a senger Awunnerzuel net all Form vu Behandlung senge Leit kann ubidden.

Ganz praktesch bedeit dat aus der Siicht vum Patient, fir Leit, déi vläicht op enger laanger Waardelëscht stinn, ka sech d'Zäit bis zur Behandlung oder bis zur Diagnos wesentlech verkierzen. Och kënne Patienten, déi am Grenzgebitt zu engem anere Land wunnen, oder si aus private Grënn, well zum Beispill een Deel vun hirer Famill an deem jeeweilege Land wunnt, méi einfach an dësem Land behandelt ginn. A ganz besonnesch virdeelhaft ass dës Direktiv fir Patienten, déi un enger seltener Krankheet leiden, déi eng héich spezialiséiert Behandlung brauchen, déi awer net an all Land kann ugebuede ginn.

Als Dokter weess ech aus menger laangjähreger Beruffserfahrung nëmme vill ze gutt, wéi d'Praxis bei eis ausgesäit. Als Beispill wëll ech hei nëmmen drun erënneren un deen Zodi, wann een no enger IRM freet. Dat ass eppes, wat natierlech och säin Nidderschlag an de Käschten an eisem Gesondheetswiesen huet. Et ass esou, dass ee laang muss waarden hei am Land, dat ass eben esou. Et kéint een natierlech och soen: Ma da verschreift der net esou vill! Muss da fir all Hännes do eng IRM

opgeschriwwe ginn? Muss all Knéi - mäi lénksen deet am Ablack och wéi -, muss do direkt eng IRM gemaach ginn oder kann den Dokter net mengen hei an do?

Mir mussen awer wëssen, dass ech déi Kolleege Spezialiste ganz gutt ka verstoen, dass se wëllen eng Sécherung an hirem Diagnostic hunn. An déi kritt ee leider nëmme mat enger gudder Technik. An do ass d'IRM am Ablëck nach ëmmer dat Bescht, géif ech soen. Et ass esou, an d'Spezialiste soen engem dat, dat kann een och liesen, dass och net do eng honnertprozenteg Garantie ass, dass de Miniskus wierklech futti ass, dass d'Kräizband eppes huet oder dass soss éierens eppes am Bauch ënnerwee ass, mä et muss een awer wéinstens all Moyenen ausschëpfen.

Well, an elo kënnt et, wann ech nämlech higinn als Chirurg an ech froen zum Beispill eng Arthroskopie, fir e Knéigelenk ze nennen, net ze schwätzen, wat dat géif bedeiten, ech géif eng Laparoskopie maachen - ech muss dofir de Patient an eng Narkos leeën - an et kéim zu engem Zwëschefall bei der Narkos. Dat musst Der lech virstellen, dat hu mer alles erlieft, wann dann do ee 16-jährege Fussballspiller läit, jo, do muss onbedéngt eng Arthroskopie gemaach ginn, do ass hei an do. An da kuckt een eran an et kënnt zu engem fatalen Zwëschefall, fir deen net onbedéngt den Anästhesist muss Schold hunn, an da froen ech mech, wéi de Chirurg herno do steet. Also, dat ass eben haut esou, dass dee sech ofséchere wëllt an dass en eng IRM freet.

Ech weess awer, well ech jo am Grenzgebitt schaffen, dass et méiglech ass, eng IRM ze froen zum Beispill a menger Géigend zu Sankt Vith; et gouf elo grad genannt. Do kënnt Dir an d'IRM goe spéitstens, ech mengen, dee leschten Termin, deen ech elo fir e Patient krut, ass a véier Wochen. Do ass et dann esou, ech hat bis elo nach keng grouss Schwieregkeeten do, mä ech hat awer och well zu Patiente gesot, iwwerlee Der et ganz gutt, wann ech eppes hunn, ginn ech och op Sankt Vith, well dann drénke mer eben de Weekend e puer Meter Béier manner, da bezuele mer d'IRM. Dat ass och esou, Här Minister, esou kann een eventuell spueren.

(Hilarité)

Dat ass méiglech. Do kritt een eng.

Mä, wéi gesot...

(Interruption)

Ma neen, et ass esou, dass einfach d'Zäit verkierzt gëtt, an ech brauch lech net ze soen, wat dat bedeit fir den Aarbechtsmaart. Wann Der Patienten hutt, déi op eng Schëller-IRM zwee Méint musse waarden, dann heescht dat zwee Méint net schaffe goen. A wann et dann esou ass, wéi ech et elo just an der Praxis erliewen, dass de Patient dann awer e chirurgeschen Agréff gemaach muss kréien, dann hänkt Der nach eng Kéier véier Méint bei enger Schëllerinterventioun do hannendrun. Dann ass praktesch en halleft Joer fort! Dat kann et jo net sinn. Dat schéngt jo och mat där heiter Direktiv dann awer wesentlech méi einfach ze ginn.

Ech wëll awer och nach op eppes anescht ze schwätze kommen, dat ass dat, wann een... Dass een onbedéngt awer och dobausse bei de Patiente muss Opklärung bedreiwen, dass déi Patiente wëssen, dass se net elo eng Kaart an de Grapp kréien, well se kruten elo just déi nei Sécurité-sociales-Kaart, an dass se mat där do grenziwwerschreidend Dokteschvisitë kënne maachen. Well Dir wësst jo, d'Tendenz zu Lëtzebuerg ass, wéi iwwerall, si séchere sech of mat Visitë vun dräi Aendokteren an engem Dag oder vun dräi Orthopäden. Neen, dat ass et net! Et ass wierklech fir déi Leit, déi et brauchen, déi an Nout sinn am Ausland. Do soll dat gutt funktionéieren.

Da muss een awer och d'Patienten drop hiweisen, dass se sollen oppassen. Wa se dat richteg uwennen am Ausland, funktionéiert dat. Dat erliewen ech och ëmmer erëm. Dir gitt mat Ärer Kaart op déi jeeweils, wéi an Däitschland, Éisträich, Gebietskrankenkasse, da gëtt dat validéiert an da bezuelt Der guer näischt, dann ass dat esou.

Et kann awer sinn, dass Der keng Erfahrung dran hutt, dass Der an e Spidol ageliwwert gitt, well der ebe Bauchwéi hutt oder soss iergendeppes, an dir lant an där ganzer Maschinerie. An et kënnt ee bei d'Bett, da seet deen, kanns de mer dat wann ech gelift ënnerschreiwen, da sidd Der plëtzlech gekréint ginn zu engem Klassepatient. A wann der ee Klassepatient sidd, da wësst Der, wat dat heescht.

Also zu Frankfurt hat e Gehierchirurg engem Patient dat dohinner geluecht an d'Sekretärin hat dunn dem Patient deen Dag virun der Operatioun erkläert, haalt lech un, Klassepatient heescht zwielefmol den Tarif! Zwielefmol krut dee Professer den Operatiounstarif, fir datselwecht ze operéieren, wat ee wahrscheinlech, ech weess net, hei hätt kënne maachen.

Dat si Saachen, dat si Falen, an dann hutt Der de Patient do sëtzen an da kommen d'Tréine gelaf. An den Dokter Krieps hat et just zitéiert, an der Schwäiz, do gesi mer fir eng einfach Consultatioun Bronchite, hat ech elo des Lescht och nach eng Patientin: 780 Schwäizer Frang! Du sot ech: Wat huet deen Dokter da mat Der gemaach?

Also, et heescht virsiichteg sinn! An net, dass d'Leit elo mengen, elo kréie se déi Kaart, an da funktionéiert dat. Neen! Am Ausland, a verschiddene Länner jiddefalls, an Däitschland, an Éisträich kann engem dat och passéieren, also do, wann een do am Schigebitt den Aarm auskugelt, da kann et emol liicht passéieren, dass een eng Rechnung vu 6.000 Euro, 4.000 bis 6.000 Euro herno aus der eegener Täsch muss bezuelen! An dat kann et net sinn. Dorop muss een hiweisen.

Dofir fannen ech grad, Här Rapporteur, dass et ganz wichteg ass, déi Centres d'information, déi et do gëtt, oder déi Points d'information, wou de Patient opgeklärt gëtt, ëm wat et sech wierklech hei handelt. Net dass dat zu enger Aart Tourismus féiert. Well esou ass et effektiv jo nach net, well een nach ëmmer den Accord vum Contrôle médical fir verschidde Saache muss hunn.

Ech géif einfach hei plädéieren an deem Sënn och derfir, dass de Contrôle médical bei verschiddenen Akten, bei verschiddene Saachen, oder wann ee gesäit, dat do dauert wierklech elo esou laang... Mir haten ee Fall, do war de Patient hospitaliséiert, d'IRM gouf am Ausland ugefrot - well dat steet jo och am Text hei dran, wann den Délai net kann agehale ginn, et war wierklech wichteg; ass et e Kriibs, ass et keen, dat am Ënnerleif?, bei engem Verdacht op en Ovarialkarzinom, dann heescht et och virumaachen -, da kann ech net bis Enn September, wann et elo Juni ass, waarden, ier dat gemaach gëtt. Ech mengen, da gëtt hannert dem Réck vum Patient hin an hier gemaach, gëtt de Kontrolldokter d'Autorisatioun oder net. Do géif ech en Appel maachen och un den Här Minister, drun ze erënneren, och un de Contrôle médical, dat däerf wierklech net hannert dem Patient passéieren, well et geet hei wierklech ëm ganz wichteg Saachen. Also dat ass keen Unfug, dat ass eng Noutwendegkeet!

Da wëll ech soen, dass, och wa meng Fraktioun dee virleienden Text wäert stëmmen, esou gëtt et dach e puer Punkten, déi ech awer nach wëll opwerfen. Fir d'Éischt emol, wéi esou dacks, hu mer et net fäerdegkritt, déi Direktiv hei am Délai vun 30 Méint ëmzesetzen. Dat ass virun allem bedauerlech, well mat dëser Direktiv d'Rechter vum Patient och gestäerkt ginn.

Zweetens. Den Impakt vun der Ëmsetzung vun der Direktiv op de Budget vun eiser Gesondheetskeess ass bis haut, zumindest mengen Informatiounen no, net wierklech bekannt. An anere Länner goufen am Virfeld vun der Ëmsetzung vun der Direktiv Etüde gemaach, esou zum Beispill a Frankräich, wou de Senat eng entspriechend Etüd an Optrag ginn huet.

Déi viregt Regierung, ënnert där den Text op den Instanzewee bruecht ginn ass, ass beim Dépôt vum Projet de loi dovunner ausgaangen, dass de Projet keen Impakt op de Budget vun der CNS hätt, well jo keng nei Rechter fir de Patient géifen entstoen. Dat ass richteg. Allerdéngs stellt sech d'Fro, wéi héich mëttlerweil deen Deel vun auslännesche Behandlungen am Budget vun der CNS wierklech ass. Dëst si schliisslech Suen, déi net hei zu Lëtzebuerg ausgi ginn. An ech wier frou, wann déi zoustänneg Ministeren eis hei kéinten déi entsprechend Chifferen awer noliwweren.

Här President, zum Schluss wëll ech nach eng Kéier betounen, dass déi virleiend Direktiv de Patienten, awer och de medezinesche Prestatairen an der Europäescher Unioun Rechtssécherheet gëtt, wat natierlech och eng Viraussetzung fir déi grenziwwerschreidend Versuergung ass.

Als Vertrieder vun enger liberaler Medezin, wou de fräie Choix vum Dokter a vun der Behandlung fir de Patient eng wichteg Roll spillt, wéi et an deem viregte Gesetz jo och gesot gouf, begréisst d'Demokratesch Partei absolut dat Recht, wat déi Patiente solle kréien.

Dëst gesot wëll ech dem Rapporteur, dem honorabele Kolleeg Georges Engel, Merci soe fir säi gudde schréftlechen a prezise mëndleche Rapport. An domadder ginn ech dann och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu deem virleiende Projet de loi.

Merci villmools fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Mertens. An déi nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet de loi steet jo haut de Patient eng zweete Kéier am Mëttelpunkt. Dat geschitt net oft an der Chamber. Mir si frou, dass et esou ass. E steet net am Mëttelpunkt vun der Lëtzebuerger Gesondheetspolitik, mä am Mëttelpunkt vun der europäescher Gesondheetspolitik. D'Direktiv, déi haut ëmgesat gëtt, regelt d'Mobilitéit vun de Patienten am europäesche Raum an ass, wéi gesot, d'Resultat vu villen Etappen, déi deelweis laang gedauert hunn. Se ginn zréck op d'Joer 1925.

(Interruption)

Wat gelift? Ah, ech hat geduecht, et hätt een…

M. le Président.- Neen, neen, neen, kee Problem.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- D'Schlussetapp huet 1998 ugefaange mam Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff an der Affär Decker/Kohll, déi ass dee Moment lassgetrëppelt ginn, wéi et ëm e Brëll gaangen ass. Dëst Uerteel huet de Grondsteen zu dëser Direktiv geluecht. Am Uerteel ass festgehale ginn, dass déi passiv Déngschtleeschtungsfräiheet prinzipiell och op de Gesondheetssecteur unzewenden ass an dass d'Patienten domat e Recht op medezinesch Behandlungen am Ausland hätten.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

De Grondgedanken, dee sech hannert dëser Direktiv verstoppt, ass eng besser Zesummenaarbecht tëschent den europäesche Länner am Beräich vun der Prise en charge vun de Patienten, wat och scho vum Rapporteur gesot ginn ass. Se gëtt éischtens de Patienten d'Méiglechkeet, hir Rechter a vollem Ëmfang an a voller Transparenz wouerzehuelen. Zweetens garantéiert se den Accès zu qualitativ héichwäertege Soinen a kläert d'Responsabilitéit vun deenen eenzelnen Acteuren. An drëttens stäerkt dës Direktiv d'Gesondheetssystemer vun den eenzelne Länner duerch d'Synergien, déi ënnerenee geschafe kënne ginn.

D'Virdeeler fir de Gesondheetssystem an all Land si grouss, mä d'Virdeeler fir d'Patiente sinn nach méi grouss. Well an de leschte Jore vill Konfusioun bestanen huet a keen esou richteg wosst, wéi eng Rechter een als Patient am Ausland an Usproch kéint huelen, ass et natierlech richteg a wichteg, dass dës Rechter an Zukunft kloer geregelt sinn. De Virdeel wäert an Zukunft dora bestoen, dass d'Recht vun enger Auslandsbehandlung am Konfliktfall net méi vum Europäesche Geriichtshaff geregelt muss ginn, mä dass vu vireran d'Patienten, wa se gutt informéiert sinn, dovu kënne profitéieren.

Aus der Siicht vum individuelle Patient kléngt et ganz positiv. E ka sech fräi eraussichen, a wéi engem Land e behandelt wëllt ginn a vu wem. Wéi vill Mënschen awer tatsächlech vun dëser Méiglechkeet Gebrauch maachen, dat bleift ofzewaarden. Kulturell a sproochlech Hürden oder d'Reeskäschten an d'Tatsaach, dass d'Behandlungskäschte virgestreckt musse ginn, wäerten och an Zukunft eng grouss Roll spille fir de Patient.

Déi europäesch Bank fir Sozialwirtschaft, déi dës Iwwerleeungen an engem Monitoring opgestallt huet, geet dovun aus, dass virun allem gebilt a relativ gesond Mënschen en Traitement am Ausland wäerten notzen. Ëmsou méi wichteg ass et dofir, dass d'Informatioun an d'Sensibilisatioun, déi sech op dës nei Regelung bezéien, all d'Schichte vun der Gesellschaft erreechen, an net nëmme privilégiéierter.

D'Mise en place vum sougenannten „Point de contact national" ass dowéinst wierklech eng wichteg a gutt Saach. Am Fall, wou en Assuré sech am Ausland behandele wëllt loossen, soll an deem Service iwwert d'Konditioune vum Remboursement, d'Qualitéit vun de Leeschtungen, d'Beschwerdeverfahren an d'Haftungsfroen informéiert ginn. Dësen nationale Kontaktpunkt ass un d'Gesondheetskeess an domat un de Ministère vun der Sécurité sociale ugebonnen, well et bei dësem Gesetz eigentlech méi ëm de finanziellen Aspekt vun der Behandlung geet an net esou ëm déi medezinesch Finesse vun der Behandlung. Dowéinst läit d'Kompetenz wierklech bei der Sécurité sociale.

Et gëtt awer och eng Suerg, déi mer wéilten hei betounen. Mir riskéieren e bëssen, bei allen Informatiounsstellen, déi geschafe ginn, vu lauter Beem de Bësch net méi ze gesinn. Et ass keng Stonn hier, do hu mer de Service d'information et de médiation an d'Liewe geruff, a gläich duerno kënnt et zu der Schafung vun enger zweeter Informatiounsinstanz, déi éischt ënnert der Tutelle vun der Santé, déi aner ënnert der Tutelle vun der Sécurité sociale, mat de Patienten an der Mëtt. Fir Konfusiounen ze vermeiden a Kloerheet ze schafen, ass d'Kommunikatioun no baussen och bei der Ëmsetzung vun dësem Gesetz en iewescht Gebot.

D'Biergerinnen an d'Bierger musse konsequent informéiert ginn, a wéi engem Fall se sech un de sougenannte Point de contact national vun der Sécurité sociale solle wenden an a wéi engem anere Fall dann eben un de Service d'information et de médiation vum Gesondheetsministère. Fir eis ass et kloer, well mer eis vill domat beschäftegen, fir déi Leit dobaussen ass dat do eng vag Iwwerleeung.

Doriwwer eraus si mir, grad wéi virdru beim Projet de loi iwwert d'Patienterechter, der Meenung, dass och hei déi Dispositiounen aus dem Gesetz missten iwwersat ginn. Et geet jo schliisslech ëm Europa an net nëmmen ëm Lëtzebuerg. Se sollen a vill Sproochen iwwersat ginn, dass och auslännesch Leit, déi d'Lëtzebuerger Sprooch nach net beherrschen, och hei am Land liewe kënnen, wëssen, wat hir Rechter sinn. A se sollen duerno esou wäit wéi méiglech diffuséiert ginn.

Et ass gutt, dass dës Direktiv no laanger Zäit endlech ëmgesat gëtt, och e bësse mat Verspéidung, mä se gëtt ëmgesat. Besser ass et natierlech, wann all Versécherten och weess, wat drasteet a woura seng konkret Rechter leien, wann et ëm grenziwwerschreidend Prestatioune geet, respektiv woura seng Rechter och net leien.

Et wier och wichteg ze wëssen, wéi et mat deene Prestatioune steet, déi an eisem Land e Rekord briechen, wann et ëm d'Waardelëschte geet. Den Här Mertens huet et ugeschnidden - Stéchwuert IRM: Kann e Patient ee vum Dokter ordonnéierten IRM d'office am Ausland duerchféiere loossen, well et do keng Waardelëschte ginn a well d'Resultat do méi séier virläit, oder muss en an deem Fall en zousätzlechen Accord kréien?

Ëmgedréit kann ee sech natierlech och d'Fro stellen, ob d'Waardelëschte fir eenzel Traitementer hei am Land nach méi laang ginn, am Fall, wou eis auslännesch Frënn et virzéien, sech léiwer zu Lëtzebuerg behandelen ze loossen an a Kaf huelen, dass et hei ebe méi laang dauert. Och déi Fro muss eng Kéier kloer sinn.

Et wäerte vill Leit sech se stellen a se sollen eng Äntwert kréien. Besser nach: Se sollen am Virfeld informéiert ginn. Ebe just, well d'Käschte vun enger Auslandsbehandlung vum Patient musse bezuelt ginn a just zu deem Montant wäerte rembourséiert ginn, deen zu Lëtzebuerg zielt, muss de Käschtepunkt am Virfeld bekannt sinn, inklusiv de Verwaltungskäschten, déi net rembourséiert wäerte ginn, fir ze vermeiden, dass d'Patiente béis Iwwerraschungen erliewen, während auslännesch Prestatairë sech bei deene Leit d'Hänn reiwen.

Eng aner Suerg, déi mer hunn, ass déi vun der Nomenclature. Mir sinn net déi Eenzeg, déi déi Suerg hunn. Déi viregt Regierung hat déi Suerg och schonn.

D'Nomenclature ass zu Lëtzebuerg nach net eenheetlech geregelt. Et läit kee konkret Zuelematerial vir an eis Nomenclature ass net an alle Fäll mam Ausland vergläichbar. Hei geet et drëms, méi prezis an transparent Daten opzestelle wat d'Zäit vun der Behandlung, d'Form vun der Behandlung, d'Resultat vun der Behandlung an natierlech och de Präis vun all Behandlung betrëfft.

Eng besser a méi transparent Dokumentatioun vun den Akten an Interventioune géif donieft och zu enger besserer a méi transparenter Käschtesteierung am Gesondheetssecteur féieren an domat zu engem bessere Management vun der Qualitéit. Dat sinn d'Aussoen, déi eis heiteg Gesondheetsministesch a fréier Deputéiert, d'Madame Lydia Mutsch, virun engem Joer op dëser Plaz gemaach huet. Deemools huet si de Gesondheetsminister gefrot, wéi et mat der Ëmsetzung vun där Zilsetzung wär. D'Äntwert vum Minister war, wéi ëmmer, ganz léif a berouegend.

Plusieurs voix.- Ah!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Den aktuelle Regierungsprogramm gëtt e bësse méi kloer a seet ganz genee, dass déi Nomenclature iwwerschafft wäert ginn an an engem Joer wäert virleien. Et gëtt net méi vun engem Travail de longue haleine geschwat, wéi de Gesondheetsminister deemools geäntwert huet. De Regierungsprogramm schwätzt vun der kuerzfristeger Iwweraarbechtung vun der Nomenclature ënnerhalb vun engem eenzege Joer. Dës Aarbecht ass wichteg a muss och wierklech dréngend gemaach ginn.

Eng Fro, déi ech gestallt kritt hunn an dowéinst wëllt erwähnen, ass déi, ob dës Richtlinn dozou féiert, dass d'Patiente géint hire Wëllen an d'Ausland geschéckt kënne ginn. Dat heescht schonn, dass Leit sech Froe stellen, déi eigentlech iwwerhaapt net gefrot solle ginn oder musse ginn. Mä se gi gestallt. An et ass, fir direkt

ze soen, dass näischt géint de Wëlle vun engem Patient däerf geschéien an dass Lëtzebuerg, wéi all aneren europäesche Stat, fir d'Versuergung vu senge Versécherten zoustänneg muss sinn. Well eist Land awer ze kleng ass an net déi néideg Mëttelen huet, fir all Zort vu Behandlung unzebidden, hunn d'Dokteren awer nun emol keen anere Choix, wéi de Patient an d'Ausland ze schécken, fir behandelt ze ginn, natierlech am Fall, wou de Patient och bereet ass, dat ze maachen, a säin Accord gëtt. Dat war nach ëmmer esou an dat wäert och esou bleiwe mat der Direktiv.

Wat eis an deem Kontext awer um Häerz läit, ass, dass de Patient mat där Décisioun net eleng dosteet. Och hei zielt et, de Patient ze informéieren. E muss vergläiche kënnen, wéi eng Leeschtungen am Ausland ugebuede ginn a wat se kaschten. An dofir ass de Point de contact national zoustänneg, ausser den Dokter hëlt sech Zäit oder huet Zäit, fir de Patient ze informéieren. Et ass déi éischt Konditioun, fir dass e säi Choix autonom kann huelen a gutt informéiert kann treffen an, grad wéi am Projet de loi iwwert d'Patienterechter, als mündege Patient kann ugesi ginn.

Erlaabt mer zum Schluss, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach eng Remarque iwwert déi international Kooperatioun am Spidolssecteur, déi nach net ugeschnidde ginn ass. Och déi ass virun engem Joer an der Debatt hei iwwert de Plan hospitalier diskutéiert ginn. Besonnesch, wat de Spidolssecteur ugeet, musse mir eis dem Fortschrëtt upassen an op Qualitéit setzen. Mir mussen Netzwierker opbauen, déi sech queesch duerch Europa a virun allem an der Regioun Stéck fir Stéck weiderentwéckelen.

Firwat? Well éischtens de Secteur ganz käschtenintensiv ass a fir 50% vun den Dépensen an der Santé responsabel ass. Mir brauche Synergien, well d'Synergië spuere Geld, se erhéijen d'Qualitéit, well d'Kompetenze gebündelt ginn.

Zweetens ass d'Zesummenaarbecht awer och wichteg, wann et sech ëm Noutfäll handelt. Do hu mer de Moment e grave Problem. D'Grenze vun dräi aneren EU-Länner sinn net wäit ewech oder, besser gesot, déi Grenzen däerft et guer net méi ginn. Mir sollten d'Ouverture no baussen, déi duerch dës Direktiv gefërdert gëtt an déi allen Assuréen zeguttkënnt, als Chance ugesinn. Och hei verweisen ech op den Débat iwwert de Plan hospitalier virun engem Joer, wou d'Thematik vun de Régions hospitalières opgeworf ginn ass.

Eiser Meenung no maachen d'Spidolsregiounen nëmmen da Sënn, wa se sech net op Lëtzebuerg beschränken. Se mussen eigentlech a gemeinsamen Ofkommesse mat den Nopeschlänner definéiert ginn, mat der Groussregioun. An där Kooperatioun huet Lëtzebuerg gutt Kaarten, well eise Gesondheetssystem vun héijer Qualitéit ass, an awer och, well eis Mentalitéit oder zumindest d'Mentalitéit vun deene meeschte Leit vu grousser Oppenheet geprägt ass. Déi Chance sollte mir notzen a resolut a Richtung vun enger verstäerkter Zesummenaarbecht mat den Nopeschlänner, den Nopeschregiounen an den Nopeschgemenge goen.

Et kann net sinn, dass eng Persoun, déi zu Lëtzebuerg an akut Nout geréit, net vun de Servicer ka profitéieren, déi direkt op där anerer Säit vun der Grenz leien. Esou ee Fall ass et an der leschter Zäit ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mir et fäerdegbréngen, d'Grenzposten op der Autobunn ofzerappen…

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- An d'Luuchten och!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- …- an d'Luuchten och, fir dass se lech net op de Kapp falen! -…

(Hilarité)

…an domat e fräit an oppent Europa symboliséieren, da musse mer et och fäerdegbréngen, am Noutfall mam SAMU iwwert déi Grenzen ze fueren, fir engem Mënsch d'Liewen ze retten. Och dora läit de Sënn vun dëser Direktiv.

Domat sinn ech schonn um Schluss a wënsche mir, dass méiglechst vill Patiente vun dëser Direktiv profitéiere kënne respektiv vun dësem neie Gesetz am Sënn vun hire Rechter an am Sënn vun engem Europa ouni Grenzen.

Iech, léif Kolleegen, soen ech villmools Merci fir d'Nolauschteren, an dem Georges Engel als Rapporteur en zweete Merci fir säin zweete Rapport vun haut a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Madame Lorsché. Als nächstem ageschriwwene Riedner ass et elo um Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Madame President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, iwwert déi medezinesch Froen ass scho ganz vill gesot ginn, dofir vun eiser Säit aus just e puer zousätzlech Kommentaren.

Mir wäerten dëst Gesetz stëmmen. En häerzleche Merci och un de Rapporteur, deen eis elo scho fir d'Zweet haut vill Erklärunge ginn huet. Et dréit zur Fräiheet bäi, eiser Meenung no dréit et och éischter zum Ofbau vun enger Zwouklassemedezin bäi, déi awer am Ableck existéiert, wou een awer kann, wann ee besser Mëttelen huet, awer méi liicht an d'Ausland goen, fir sech behandelen ze loossen, wéi aner Leit.

Mä e puer Punkte wëlle mer besonnesch erwäerkräichen. Et ass iwwert de positive Rôle vun der Europäescher Unioun elo vill geschwat ginn. D'Madame Lorsché huet sech gefreet, datt d'Grenzhaisercher ofgebaut ginn an aner Saache méi. Et muss ee wëssen, datt mer hei an engem Beräich sinn, deen absolut och intergouvernemental ka geregelt ginn a laang intergouvernemental geregelt ginn ass, ier et eng Europäesch Unioun iwwerhaapt gouf.

Et ass net esou, datt mer dat onbedéngt der Europäescher Unioun verdanken. Et ass einfach eppes, wat d'State brauchen. Et ass am Interessi vun de Bierger, also gëtt et gemaach. D'Rechtsform ass fräi ze wielen an dat geet och mat anere Méiglechkeeten.

Mir si souwéisou an dem Beräich vun de Kompetenze vun der Europäescher Unioun net am Beräich vun enger Eegekompetenz vun der Unioun, héchstens am Beräich vun enger Compétence partagée, an dann nach! Da muss een nach wëssen, datt dat hei u sech e bëssen eng Iwwerinterpretatioun vun de Kompetenze vun der Unioun ass. Déi awer, well se am Interessi elo vun de Leit ass an d'Fräiheet vun de Leit erhéicht, eis elo net hei spezifesch stéiert.

Et muss een awer wëssen, datt d'Reglementer, wa Koordinatiounsfroe vu soziale Systemer iwwert de Wee vun europäesche Reglementer geregelt ginn, u sech an d'Kompetenze vun den Nationalstaten onzoulässeg agräifen, well et budgetär Inzidenzen huet. U sech si mir als Chamber an deem Sënn an eiser budgetärer Autoritéit léséiert. Déi Reglementer, déi hei och zitéiert ginn, den 883 an den 987, hätte sollen an deem Sënn eigentlech Direktive sinn.

Gradesou ass festzestellen, datt net vun ongefeier déi Fro hei aus der „Direktive «services»" ausgeklamert gouf, eben och aus Kompetenzgrënn, well d'Europäesch Unioun u sech d'Kompetenz net huet, fir déi heite Saachen ze regelen. An dann ass e bal klassesche Prozedere an der Entwécklung vum europäesche Recht och hei festzestellen, nämlech datt iwwert de Wee vun Uerteeler vum Europäesche Geriichtshaff dann op deem Sënn federalistesch an Integratiounselementer erbäigefouert ginn, déi an den Traitéen esou net gewënscht waren. Dat ass sécher de Fall gewiescht beim Arrêt Decker/Kohll.

Mä, wéi gesot, mir als ADR kënnen dat hei matstëmmen, well et am Interessi vun de Leit och hei am Land ass, mat e puer Remarquen. Och mir wiere ganz interesséiert, fir ze wëssen, wat déi finanziell Inzidenze sinn.

Et steet an Ärem Rapport, Här Engel, wann ech mech gutt erënneren, datt dat vum Budget vun der Sécurité sociale assuméiert gëtt. Mä och deen ass fir eis relevant, och wann net direkt elo d'Konsequenze budgétisiéert ginn, mä och de Budget vun der Sécurité sociale fléisst an a gesamtstaatlech Considératiounen, Defizitkritären an anerer. Dat heescht, och wann dat elo reng Dépensë sinn, déi elo net direkt budgétiséiert sinn, si se fir eis nationalstaatlech relevant a mir musse se am A behalen.

Dofir och vun eis déi Fro: Wéi vill Leit profitéieren dovunner? Wéi eng finanziell Konsequenze sinn heimadder verbonnen?

Dat Zweet ass ganz kloer och, datt mer net zwou Informatiounsstrukture brauchen. D'Madame Lorsché hat och dorobber opmierksam gemaach. Mir hunn der elo zwou, déi eng, déi mer bei der Sécurité sociale hunn, déi aner, déi mer virdrun agefouert hunn. Dat soll eng sinn! Mir musse kucken, wéi mer trotz deene verschiddenen administrative Froen dat kënnen zesummeféieren, an net nëmme fir déi Ausländer, déi sech wëllen hei am Land behandele loossen, mä och fir déi Lëtzebuerger, déi wëllen déi Informatiounen hunn, déi hinnen zoustinn - mir hate virdru bei de Patienterechter doriwwer geschwat, datt déi eng Plaz hunn, wou se sech kënnen adresséieren, an net zwou.

Eng Regierung, déi och seet, se wéilt eng Simplification administrative erbäifeieren, huet do ganz sécher e Beräich, wou ouni vill Méi esou eng Simplification administrative ze realiséieren ass. Also kommt, mir ginn net op de Wee vun zwou verschiddene Strukturen, mä mir kucken, dat zesummenzefeieren!

Dat gesot, ginn ech och ganz gär den Accord vun der ADR fir dëst Gesetz.

Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Här Kartheiser. Dann, ech weess net, vun déi Lénk, ech hunn hei keen ageschriwwen. Ass keen, dee wëllt intervenéieren?

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Neen, mir wäerten de Projet stëmmen.

Mme la Présidente.- Ah, très bien!

Une voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Bon, da ginn ech mat Freed d'Wuert un d'Regierung, den Här Minister Romain Schneider.

Prise de position du Gouvernement

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Merci, Madame Presidentin. Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt géif ech och vun dëser Plaz aus dem Rapporteur e grousse Merci soe fir engersäits dee schréftlechen a virun allem och dee mëndleche Rapport.

Derniewent virun allem awer och, och wéi hien et ugedeit huet, der gesamter Kommissioun e grousse Merci fir déi Aarbecht, déi geleescht gouf an déi konstruktiv geleescht gouf.

Well och, wann dëse Projet sech einfach ugesäit, hate mer dach ze dinn, virun allem opgrond vun enger Rei Remarquen, och vum Conseil d'État mat zwou Oppositions formelles derbäi, déi et a sech haten. An ech mengen, hei virun allem déi aktiv Roll och vun där ganzer Kommissioun, fir ze kucken, eng Léisung ze fannen a virun allem och eise lëtzebuergesche soziale System ze erhalen, de Fonctionnement, wéi en de Moment fonctionnéiert, mat engersäits Cotisatioune säitens vum Stat, vun den Assuréen a säitens vum Patronat, an dann natierlech och an der CNS d'Gestioun vun dëse Fonge respektiv d'Ausbezuele vun de Prestatiounen, vun den Indemnitéiten, d'Prise en charge eigentlech vun deenen eenzelnen Traitementer och viru kënnen esou ze regelen, war eng wichteg Roll a war eng wichteg Entscheedung.

Dofir och, mengen ech, hu mer ganz flott Formulë fonnt, déi och herno den Accord säitens vum Statsrot fonnt hunn, fir ze kucken, och viru kënnen am Code de la Sécurité sociale respektiv da méi spezifesch an de Statute verschidde Saachen ze regelen. E grousse Merci un d'Membere vun der Kommissioun ënnert der Leedung vum President fir déi Aarbecht, déi geleescht gouf!

Et gouf richtegerweis gesot, datt d'Ëmsetze vun dëser Direktiv zwee Voleten huet. Deen éischte Volet hutt Der hei gestëmmt, den zweete Volet ass deen, dee mer de Moment amgaange sinn ze diskutéieren a wou mer, mengen ech, ganz kloer drop higewisen hunn, datt et hei drëms geet, datt Lëtzebuerg als Stat souzesoen d'Affiliatioun vun den Assuréé considéréiert an do natierlech eng Rei vun Obligatiounen huet, an dann an deem dote Kader och d'Obligatioun huet, dës Direktiv ëmzesetzen.

Och wa richtegerweis gesot ginn ass, datt mer an engem gewëssenen Drock sinn, datt mer verspéit sinn, fir dës Direktiv ëmzesetzen, mengen ech, geet et ebe grad dorëms och, datt mer dës zwee Projet-de-loien zesummen hei diskutéiert hunn, well se effektiv aneneefléissen, op där enger Säit den Traitement vun de Patienten, op där anerer Säit de Remboursement vun den Assuréé vun deenen eenzelne Beräicher.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et gouf virun allem och drop higewisen, datt een op där enger Säit elo ka ganz einfach sech an d'Ausland beginn, fir e Remboursement ze kréien, an dat virun allem an Ambulatoiren, an datt virun allem déi Autorisations préalables bestoe bleiwen an deenen eenzelnen Ausnahmen, sief et bei Urgencen, sief et virun allem och bei engem Séjour an enger Klinik nach mat op d'mannst enger Nuecht, wou also all Kéiers nach d'Autorisation préalable muss gefrot ginn.

An ech mengen, d'office kann ech och direkt soen, datt mer hei zu Lëtzebuerg - an ech wëll dat och nach eng Kéier betounen; et gouf och vu jiddwerengem eigentlech hei gesot - een exzellente Gesondheetsversuergungssystem hunn, datt mer exzellent Spideeler hunn, datt mer exzellent Dokteren hunn, déi engersäits am Extra-hospitalier respektiv am Hospitalier intervenéieren, fir de Bierger hei zu Lëtzebuerg respektiv den Assuréen alleguerten, déi hei zu Lëtzebuerg assuréiert sinn, och déi Soinen ze ginn, déi wichteg an noutwendeg sinn.

Dofir, datt ech och mengen, datt mer an Zukunft och kënnen op dës exzellent Aarbecht zréckgräife vun eisem ganze Gesondheetsapparat an datt dofir dës Prise-en-chargen, déi mer maachen, dës Traitementer, dës Consultatiounen, déi am Ausland, am noen Ausland gemaach ginn, och sech wäerten, wéi an der Vergaangenheet, limitéieren an dofir och kënnen d'Ausnahm sinn an deene Fäll, déi genau hei beschriwwe goufen.

Et muss een och soen, datt dës Direktiv, déi mer iwwert déi Gesetzer ëmsetzen, a virun allem dat heiten, eng ganz Rei vu Saache scho bei eis am nationale Gesetzesrecht respektiv iwwert de Code de la Sécurité sociale geregelt sinn an iwwert d'Statuten. Mir hunn also just missen eng Rei vu konkreten Adaptatioune maachen, dat virun allem, wat d'Artikele vum Code de la Sécurité sociale 20 an 21 ubetrëfft, wou déi ganz Prise-en-chargë geregelt ginn. Dat hu mer elo gemaach, soudatt och hei Kloerheet doranner besteet.

Och ass hei richtegerweis ugeschnidde ginn, datt ee muss ganz kloer den Ënnerscheed maachen engersäits zwëschent dem Règlement de coordination, deen nach ëmmer besteet an dee wierklech och déi eenzel Systemer vun der Sécurité sociale an deenen eenzelnen europäesche Länner respektiv derniewent och an der Schwäiz an an deem ganzen Espace économique regelt, do, wou d'Koordinatioun also zwëschent de Systemer gemaach gëtt. An datt mer hei spezifesch elo ganz genau regelen, wat déi eenzel genau Modalitéite si bei der Affiliatioun vun der Persoun respektiv vum Remboursement, dem direkte Remboursement respektiv dee mat enger Autorisation préalable, déi hannendrusteet.

D'Direktiv ass eng, déi effektiv entstanen ass opgrond och vun enger Rei vu Jurisprudenzen. D'Jurisprudenze vun der Cour européenne, déi jo virun allem déi zwee Fäll betrëfft, déi mer kennen: den Arrêt Decker, dee mat de Brëller, an da virun allem den Arrêt Kohll, deen d'Soins dentaires ubetrëfft. Hei ass am Prinzip eng logesch Folleg dovun, fir ze kucken, och am nationale Recht dës Direktiv ëmzesetzen, déi also kloermécht, wat d'Rechter si bei der Affiliatioun, déi eenzel Hypotheesen, déi ee kann hei gesinn.

A virun allem awer och, an dofir ass et jo och esou wichteg, datt een hei drop hiweist an och eng Kéier suivéiert, an dat gouf och hei ganz kloer gesot, datt d'Emsetzung vun dëser Direktiv an d'nationaalt Recht selbstverständlech an alle State muss einhergoen. An dofir ass et jo an deem Moment och déi ganz Fro vun den Nomenclaturen, déi mer gestallt hunn am Ausland, déi mussen erfëllt ginn, och bei eis selbstverständlech, d'Nomenclature, wou ech direkt vläicht elo drop wäert agoen - déi Fro gouf hei gestallt: Wou si mer an der neier Nomenclature drun?

Mir sinn amgaangen, dorunner ze schaffen. Mir sinn amgaangen, zesummen och virun allem mat der AMMD, awer och virun allem mat eiser Commission de nomenclature, an déi eenzel, an déi lescht Zich ze kommen, fir ze kucken, wat fir ee System huele mer elo. An ech mengen, mir orientéieren eis de Moment hin op de franséische System, de CCRM, deen, mengen ech, eng Rei vu vergläichbare Méiglechkeete weist, wéi mer an Zukunft eis Nomenclature kënnen abannen op déi nei Nomenclature. Een einfachen Iwwergank, mat och neie Pathologien, déi selbstverständlech mat dra sinn, mat neien Agréffer, déi virun allem och méi am Fong spezifizéiert ginn.

Alles dat ass um Lafen. Mir probéieren, dee sportlechen Zäitraum, dee virgi war am Regierungsprogramm, och anzehalen, och wann ech mengen, datt mer virun allem de Schluss vläicht kënnen oder musse wahrscheinlech e bëssen ausweiten, well mer awer elo schonn de Moment bei bal néng Méint si vun dësem Délai. Soudatt een hei muss selbstverständlech, mengen ech, Zäit hunn.

Dat soll een och éierbar maachen, well esou eng Nomenclature mécht een net all Joer nei. Déi mécht ee fir eng gewëssen Zäit. Do muss ee Planungssécherheet hu fir jiddwereen, souwuel fir de Prestataire wéi natierlech och fir d'CNS, déi hannendrun ass an déi eenzel Beräicher muss rembourséieren an och ëmsetzen.

Ganz wichteg och, mengen ech, vun dëser Plaz gouf hei nach eng Kéier drop higewisen, datt mer duerch dat heite Gesetz, duerch d'Emsetzung vun der Direktiv keng Zwouklassegesellschaft schafen. Neen, au contraire! Ech mengen, et ass esou, datt mer hei de Libre choix virun allem méi breet maachen, datt mer jiddwerengem d'Méiglechkeet ginn, och d'Remboursementer kënnen ze kréien, an derniewent och déi néideg Méiglechkeeten ze hunn, sech medezinesch kënnen ze versuergen. Och wann ech nach eng Kéier betounen, datt ech mengen, datt mer déi meescht Gesondheetsversuergung hei zu

Lëtzebuerg selwer kënne fannen a wierklech nëmmen a konkrete Spezialisatioune mussen am Ausland dës kënnen huelen.

D'Fro gouf och opgehäit, mengen ech, vun der Informatioun vu jiddwerengem. Selbstverständlech ass eng Informatioun ganz wichteg an dësem Beräich. An ech mengen, d'CNS huet sech jo och ganz kloer hei agestallt op dräi Punkten: engersäits ee Guichet unique anzeriichte fir den Assuré, fir sech mat Zäiten ze informéieren, wat déi eenzel Traitementer a Prise-en-chargë virun allem bedeiten. Dann derniewent virun allem och an Déplianten, wou se elo schonn an deene meeschten Déplianten op véier, op fënnef Sproochen higinn.

Och dat, mengen ech, ass ganz wichteg, datt een niewent dem Lëtzebuergesche virun allem och Däitsch, Franséisch, Englesch an och déi gängeg Sprooche wéi Portugisesch an och vläicht Bosnesch derbäihëlt; déi Sproochen, déi mer hei zu Lëtzebuerg schwätzen. Dat leeft an enger Rei vun anere Secteuren. An ech hunn och d'CNS gebieden, virun allem an anere Beräicher och méi aktiv Informatioun ze maachen un d'Assuréen, un déi spéider Patienten, fir mat Zäite kënnen dee richtege Conseil ze kréien. Fir eben net drop hinzestoussen, datt mer zum Schluss herno musse Prozesser hu respektiv Onzefriddenheeten hunn op béide Säiten.

Ech mengen, et gouf och ugeschwat hei, datt iergendwéi géif riskéiert ginn, datt een d'Patiente géif drécken, iergendwou hinzegoen. Ech mengen, datt hei nach ëmmer d'Regel gëllt vun der Liberté du choix, Liberté du médecin, déi och grad hei verstäerkt gëtt an eigentlech net zréckgefouert gëtt.

Wat de Käschtepunkt ubetrëfft, mengen ech, ass et esou, datt mer och schonn elo eng ganz Rei vun dëse Saachen erfëllen. Ech muss lech déi genau Zuelen nach eng Kéier noliwweren, déi hunn ech effektiv net am Kapp. Erlaabt mer, dass ech an där nächster Kommissiounssëtzung vun der Sécurité sociale déi Zuele vun der CNS selbstverständlech - dat ass jo net de Statsbudget, deen hei spillt, mä dee vun der CNS - noliwweren, wat déi eenzel Beräicher waren, fir esou enge Prise-en-chargen am Ausland nozegoen.

Mat Sécherheet muss ee kucken, wéi d'Evolutioun ass. Mir kënne jo net eigentlech kucken, wat geschitt an deenen nächste Joren. Mir wëssen eigentlech net, wat fir eng Evolutioun wäerte mer hunn, soudatt ech géif proposéieren, datt een eng Kéier d'Zuele seet, wéi et bis elo war, an datt een da vläicht an zwee Joer eng Kéier e Bilan mécht an da kuckt, wéi ass déi Evolutioun hei gewiescht an deenen nächste Joren.

Bon, ech mengen, wichteg ass virun allem, datt mer, wéi gesot, de Mëtteg dës zwee Gesetzer kënnen zesumme votéieren. Et sinn zwee Gesetzer, déi eis erlaben, dës Direktiv konkret ëmzesetzen.

Selbstverständlech muss d'CNS, a virun allem mécht se dat och am Laf vun deenen nächste Wochen, och virun allem de Code de la Sécurité sociale adaptéieren, och hir Statute selbstverständlech dorop adaptéieren, fir och hei an dësem Beräich dann ebe konform ze sinn, fir ganz einfach och hei dës Direktiv op Lëtzebuerger Recht, mä virun allem och an eise System vum Code de la Sécurité sociale a vun de Statuten ze adaptéieren.

Bon, zum Schluss géif ech Iech alleguerte Merci soe fir d'Ënnerstëtzung vu sämtleche Fraktiounen zu dësem Projet. E Projet, deen, wéi gesot, zu deem éischte Projet gehéiert. Mat deene Votë vun deenen zwee Projeten hei kréie mer dës Direktiv an nationaalt Gesetz ëmgesat.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Sozialminister.

Vu dass mer um Enn vun eiser Diskussioun sinn, géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6554 iwwergoen, an ech géif de Vote lancéieren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6554 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6554 ass unanime ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Villmools Merci!

Da géife mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Konventioun mat Serbien a Saache Sécurité sociale. An den Här Rapporteur, den Här Frank Arndt, huet d'Wuert.

8. 6639 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Serbie en matière de sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 7 juin 2013

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Frank Arndt *(LSAP), rapporteur.*- Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech wëll wierklech och sportlech weiderfueren. Et si verschidde Leit, déi hunn nach ee Rendez-vous den Owend.

Duerch dëse Gesetzesprojet 6639 gëtt eng Konventioun ëmgesat, déi Lëtzebuerg gemaach huet am Beräich vun der Sécurité sociale mat Serbien. Dës Konventioun mat Serbien moderniséiert an adaptéiert déi, déi mir mat Serbien-Montenegro haten, eng Konventioun, déi de 27. Oktober 2003 zu Belgrad ënnerschriwwe ginn ass an och elo nach Bestand huet.

Dës Adaptatioun ass virun allem néideg ginn no der Onofhängegkeet vu Montenegro. Montenegro, mat deem Lëtzebuerg zënter dem 1. Mee 2009 eng eege Konventioun huet. All Konventioune baséieren natierlech op de communautairë Reglementer, dem 1408/71 an dem 883/2004 iwwert déi international Koordinatioun vun de verschiddene Systemer vun der Sécurité sociale.

Déi dräi grouss Prinzipien, op deenen dës Konventioun baséiert, sinn d'Égalité de traitement, d'Exportatioun vun de Prestatiounen an d'Totalisatioun vun den eenzelne Versécherungsperioden. Dës Koordinatioun garantéiert am Beräich vun der sozialer Sécherheet deene Leit bestëmmte Rechter, déi successiv oder alternativ der Législatioun vun deenen ënnerzeechnete Länner ënnerstallt waren.

Se beinhalt geregelt Rechter a Prinzipien an de Beräicher vun der Assurance maladie-maternité, Assurance accidents du travail et maladies professionnelles, Alters- an Invalidepensioun souwéi d'Hannerbliwwenepensioun, awer och Chômage a Familljeprestatiounen.

Ausgeschloss dovu sinn d'Assistance sociale a Prestatioune fir Krichsaffer souwéi d'Assurance dépendance.

Bei de Familljenzoulagen hält dës Konventioun fest, dass den Usproch op Leeschtungen un d'Condition de résidence vun de Kanner gebonnen ass. Fir déi Kanner, fir déi Leeschtungen den Ament schonn exportéiert ginn, gelten extra Iwwergangsbestëmmungen, soudass si dës erweidert kënne kréien, wéi ënnert där aler Konventioun.

Fir de Rescht erspueren ech Iech ee laangen an techneschen Exposée iwwert déi eenzel Dispositioune vun den Artikelen. Dësen Exercice hu mir an der Kommissioun gemaach. Ech soen der Kommissioun ee grousse Merci och dofir, fir déi konstruktiv Mataarbecht an dëse Sëtzungen. Den Detail fannt Dir an dem schréftleche Rapport vum Projet de loi.

De Statsrot huet awer zwou pertinent Remarquë gemaach, wat d'Ausnahmeregelung betrëfft an am Zesummenhang mat administrativen Arrangementer. D'Kommissioun huet déi Bemierkungen zur Kenntnis geholl an ass der Meenung, dass dës och sollte bei neie Konventioune berücksichtegt ginn. Och dozou gi mir detailléiert Explikatiounen am schréftleche Rapport.

Ofschléissend géif ech Iech Merci soe fir d'Nolauschteren an am Numm vun eiser Fraktioun och gréng Luucht ginn, fir dee Projet hei ze stëmmen.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Arndt. Als ageschriwwene Riedner hunn ech als Éischt d'Madame Viviane Loschetter.

Discussion générale

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Jo, Merci, Här President. Mir wollte just eis Zoustëmmung zu dëser Konventioun, zu dësem Projet de loi matdeelen. Merci.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Dann hunn ech den Här Kartheiser nach, deen ageschriwwen ass.

(Interruptions diverses)

Ah, entschëllegt, jo! Ah, den Här Edy Mertens. Ech hat Iech net hei stoen.

M. Edy Mertens *(DP).*- Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur, dem Här Frank Arndt, villmools Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport an den Accord vun der Demokratescher Partei ginn dozou, vun der Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Dann hunn ech och nach den Här Roth, deen zwar net op der Lëscht ass, mä deen awer ganz gär d'Wuert kritt.

M. Gilles Roth *(CSV).*- Neen, vu datt mer den Tour maachen, Här President, soen ech och dem Rapporteur, dem Här Arndt, Merci, deen nach bal hei gefall war, esou schnell hat en dat hannert sech bruecht. An ech ginn och duerfir d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

M. le Président.- Merci och dem Här Roth. An dann huet den Här Kartheiser d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President. Ech hu jo elo vill méi Zäit, fir ze schwätzen, well ech mengen, déi aner Fraktioune gi mer dann hir.

(Hilarité)

Also, op jidde Fall just eng Bemierkung vun eiser Säit.

Also déi éischt, dat ass natierlech de Merci un de Rapporteur, deen dat wierklech impressionnant séier gemaach huet.

Déi zweet ass déi Observatioun vum Statsrot. Ech profitéieren, datt den Här Minister hei ass, dee sech jo och mat der Entwécklungshëllef e bësse besser auskennt wéi den Duerchschnëtt vun de Leit. An do ass déi Bemierkung vum Statsrot iwwert d'Noutwendegkeet vun der Ratifizéierung vum techneschen Ofkommes äusserst interessant.

De Statsrot huet gesot, an dat huet d'Kommissioun jo zur Note also geholl an och approuvéiert: «Le Conseil d'État a retenu qu'„En effet, dès qu'ils ont vocation à engager internationalement le Luxembourg, les arrangements administratifs, convenus entre un ministre et son homologue étranger et qui concernent en règle générale l'exécution ou l'interprétation d'un traité préexistant, ne peuvent pas se dispenser de l'approbation parlementaire."» Dat ass dat, wat mir ëmmer gesot hunn, wat de Statsrot elo nach eng Kéier rappeléiert a wat virun allem och gëllt fir dee Programme indicatif de coopération, wou mir als ADR ëmmer soen, déi musse ratifizéiert ginn!

Et sinn Engagementer, wou Lëtzebuerg, och wann dat e Programm ass, an d'Cour constitutionnelle hat schonn e puermol gesot, et ass egal, wéi esou een internationalen Accord heescht, ob dat e Bréif ass, e Memorandum, wat och ëmmer. Et ass vun der Natur aus en internationalen Accord an e muss ratifizéiert ginn.

An och hei huet de Conseil d'État dat elo nach eng Kéier vollkommen zu Recht rappeléiert. A mir soen als ADR: Wat hei richteg ass a wat vun der Kommissioun och ugeholl gouf an als richteg befonnt ginn ass, muss och gëllen am Beräich vun der Entwécklungshëllef, wa mer iwwert de Programme indicatif de coopération schwätzen.

Eng zweet Bemierkung ass, mir solle jo, dat steet, mengen ech, och am Text, wann ech mech elo gutt erënneren, datt mer eng Konventioun mat Montenegro jo hunn. Déi hei ersetzt jo déi, déi mer mat Serbien-Montenegro haten. Mir hunn awer elo um Internet gekuckt a keng separat Konventioun mat Montenegro fonnt op der Internetsäit vum Ministère de la Sécurité sociale. Dat ass elo mat Datum vum 13. Juni.

Duerfir wollte mer den Här Minister froen: Hu mer dann elo eng Konventioun mat Montenegro oder hu mer keng? A wann, da misste mer vläicht de Site vum Ministère de la Sécurité sociale awer an deem Sënn aktualiséieren.

An dann nach eng drëtt Fro. Mir hunn elo hei gesinn, datt déi Arrangementer mat Serbien generéis sinn. Dat steet souguer am Text selwer. Si sinn och méi generéis, wéi déi fréier Konventioun mat Serbien a Montenegro. Da stellt sech selbstverständlech och d'Fro vun der budgetärer Relevanz, gradesou wéi virdrun. Och do gëllt, datt se vun der Sécurité sociale gedroe ginn, déi Ausgaben, mä fir eis awer wichteg sinn. An da sinn eng ganz Rei technesch Froen, wou ech muss soen, datt mer heiansdo d'Qualifikatioun feelt, fir am Detail déi do Dispositiounen nozevollzéien.

Mä notamment wollt ech den Här Minister froe mat de Babyjoren. Wann ech den Text richteg interpretéieren, da ginn och déi Babyjore bei der Lëtzebuerger Sécurité sociale fälleg, wéi Gebuerten a Serbien. A wann dat da wierklech de Fall ass, da freet ee sech natierlech och: Gëllt dat och fir de Forfait d'éducation, dat heescht, fir d'Mammerent, fir Gebuerten, déi a Serbien geschitt sinn? An do wär et vläicht interessant, fir e Wuert vun Erklärung ze héieren.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an den Här Sozialminister, de Romain Schneider, huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Här President - dës Kéier: Här President -, Dir Dammen an Dir Häre, Merci och fir dem Rapporteur säi schréftlechen a säi mëndleche Rapport. Hien trëtt do e bëssen an d'Foussstapfe vun aneren, déi an der Sécurité sociale ëmmer déi Rapporten do presentéiert hunn. Dat ass ëmmer eng flott Entrée en matière, fir sech an d'Sécurité sociale anzeschaffen, well een do effektiv och ëmmer Konventioune bilateral gesäit, wat jo eigentlech och d'Basis ass vun deenen anere Konventiounen.

Bon, ech mengen, mir setzen de Mëtteg hei eng Konventioun ëm, déi ënnerschriwwe gouf, eng nei Konventioun mat Serbien, déi eis virdru liéiert huet an enger Konventioun, déi mir hate mat Montenegro-Serbien, déi jo an deem Moment no hirer Onofhängegkeet zwou Konventioune gouf.

An dat ass och direkt d'Äntwert op eng Fro vum Här Kartheiser, ob eng Konventioun mat Montenegro besteet. Jo, et besteet eng. Et ass eng ënnerschriwwe ginn den 19. Februar 2008, déi 2009 hei an der Chamber ugeholl gouf. Ech mengen, ech war deemools selwer Rapporteur dervun, well ech ëmmer déi dote Volete gemaach hunn, an ech kucken awer um Site no, well dat misst natierlech dropstoen. Wann et net dropsteet, dann ass dat e Lapsus, da muss een dat korrigéieren. Op jidde Fall, mir hunn elo de Moment dann eng Konventioun mat Montenegro an op där anerer Säit kréie mer och eng mat Serbien, wann dëse Projet de loi guttgeheescht gëtt.

All déi aner Modalitéiten, déi an där Konventioun stinn, och mat de Babyjoren, ginn esou gehandhabt wéi selbstverständlech all déi aner Konventiounen och, déi mer hu mat all deenen anere Länner, wat d'Prise en charge vun de Babyjoren hei ubetrëfft hei am Land. An ech mengen net, an ech misst dat awer nach eng Kéier genau nofroen, mä ech gleewen net, datt de Moment op der Säit, dass déi Prise en charge ass, wéi Dir se zitéiert huet, wann d'Kanner ebe gebuer ginn an Montenegro. Hei handelt et sech effektiv ëm dat, wat hei zu Lëtzebuerg bei der Affiliatioun eben de Fall ass, respektiv bei der Präsenz hei de Fall ass.

Wat awer Är Äntwert um éischte Volet ubetrëfft, déi vun der Ratifikatioun vu Konventiounen, mengen ech, hate mer déi doten Diskussioun schonn eng Kéier gehat an der zoustänneger Kommissioun vun den Affaires étrangères, wou ech eben als Kooperatiounsminister déi eenzel Bilanen a Partenariater virgestallt hunn, déi mer all Kéiers hunn, an ech mengen, meng Äntwert war deemools kloer, datt ech der Meenung sinn, datt mer déi dote Programmes indicatifs de coopération net brauche vun der Chamber ratifizéieren ze loossen. Dat ass d'Haltung vun der viregter Regierung gewiescht, dat ass och déi vun der jëtzeger Regierung.

Ech hu mech awer och ganz kloer bereet erkläert, an Dir hutt gesinn an de Convoca-

tiounen, datt ech den 30. Juni erëm eng Kéier bei Iech kommen, fir och déi véier Commissions de partenariat, déi ech elo hat, engersäits an El Salvador, an Nicaragua, och elo am Senegal an am Mali, Iech ze presentéieren, wéi d'Resultater do leien, well genau wéi Iech a virun allem där ganzer Chamber läit et mer drun, datt déi Suen, déi mer investéieren hei an déi ëmmerhin generell, net alleguerten, an de Programme indicatif de coopération, mä generell an d'Kooperatioun, wat awer ee Prozent vun eisem PIB sinn, datt déi richteg ugewannt ginn, datt déi op der Plaz richteg agesat ginn, an dofir soll een op der Plaz och effektiv déi Commissions de partenariat maachen, fir mat de Partner op der Plaz kloerzestellen, datt déi Sue richteg investéiert ginn an een och wierklech gesäit, wou d'Infrastrukture sinn an datt d'Infrastruktur virun allem och funktionéieren. Dofir, mengen ech, ass dat de Wee, deen ech och an deenen nächste Jore wëll goen, op deen ech all Kéiers wëll zréckkommen.

An ech hunn och kee Problem, wa mer effektiv dës Konventiounen élaboréieren, fir déi am Virfeld an der zoustänneger Kommissioun eng Kéier ze weisen, eng Kéier ze diskutéieren, fir ze kucken, wou een hei kann och effektiv Modifikatioune maachen.

Bon dat, mengen ech, zu de Remarquen, déi koumen. Deenen anere Fraktioune soen ech Merci fir deen Accord, dee se dësem Projet ginn, an ech géif dann och mengen, datt mer esou lues ufänken, all déi Konventiounen, déi unhänken, wat d'Ex-Yougoslavie ubetrëfft, ëmgesat ze kréien. Ech mengen, et steet nach eng op vum Kosovo, déi mer nach mussen ëmsetzen, déi am Moment nach an der Maach ass, an da wäerte mer déi meescht gemaach hunn, an da kënne mer iwwer bilateral Konventiounen och déi Voleten ofdecken.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Sozialminister. Mir géifen dann direkt zum Vote iwwert de Projet de loi iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6639 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer. Mir hu 57 Deputéierten, déi um Vote deelgeholl hunn, 55-mol Jo, zwou Abstentiounen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6639 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden (par M. Michel Wolter), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Jean-Claude Juncker (par M. Paul-Henri Meyers), Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Gilles Roth), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech ginn dervun aus, dass d'Abstentiounen nach motivéiert ginn. Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech wëll eis Abstentiounen domat begrënnen, dass de Prinzip, wou d'Kannergeld ausbezuelt gëtt, hei geännert gëtt par rapport zu där Konventioun vu virdrun. Dat heescht, den Uert, wou et elo ausbezuelt gëtt, ass do, wou d'Kanner wunnen, während et virdrun den Uert war, wou d'Eltere geschafft hunn. Dat ass dee Prinzip, deen och an der Europäescher Communautéit gëllt, an deem berühmte Reglement 883.

Lëtzebuerg hat versicht, dat och ze änneren do, ass net duerchkomm domadder, an elo gëtt iwwert déi Konventiounen do dee Prinzip dann agefouert. Dat heescht, deen ale Prinzip, dee méi favorabel war fir d'Leit, déi hei schaffen, gëtt elo geännert. Dat ass e klore Réckschrëtt awer vun där Konventioun hei, déi mer net esou kënne matdroen.

M. le Président.- Merci. D'Fro nach un d'Chamber…

Här Minister?

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Also, ech verstinn déi Enthalung do. Ech mengen zwar, datt dat net esou ass. Ech mengen, da musse mer den Text am Fong eng Kéier duerchhuelen, mä ech mengen net, datt do eng Ännerung par rapport zur viregter Konventioun ass, wéi se war.

M. le Président.- Merci dem Här Minister.

Dann nach just d'Fro un d'Chamber: Gëtt se d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Villmools Merci.

Domat ass d'Sëtzung eriwwer. Rendez-vous muer um zwou Auer.

Merci.

(Fin de la séance publique à 18.24 heures)

SÉANCE 25 MERCREDI, 18 JUIN 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. Ordre du jour
- *M. le Président*

3. 6687 - Projet de loi portant modification de la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques
- *Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Claude Haagen*
- *Discussion générale: M. Emile Eicher, M. Guy Arendt, M. Roberto Traversini, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 6172A - Projet de loi portant

a) réforme du Titre II.- du Livre Ier du Code civil «Des actes de l'état civil» et modifiant les articles 34, 47, 57, 63, 70, 71, 73, 75, 76, 79, 79-1 et 95;

b) réforme du Titre V.- du Livre Ier du Code civil «Du mariage», rétablissant l'article 143, modifiant les articles 144, 145, 147, 148, 161 à 164, 165 à 171, 173 à 175, 176, 177, 179, 180 à 192, 194 à 199, 201, 202, 203 à 206, 212 à 224, 226, 227, introduisant les articles 146-1, 146-2, 175-1, 175-2 nouveaux et abrogeant les articles 149 à 154, 158 à 160bis, 178, le Chapitre VIII et l'article 228;

c) modification des articles 295, 351, 379, 380, 383, 390, 412, 496 alinéa 1er, 509-1 alinéa 2, 730, 737, 791, 847 à 849, 852 alinéa 3, 980 alinéa 2, 1405, 1409 et 1676 alinéa 2 et abrogation des articles 296, 297 et 1595 du Code civil;

d) modification de l'article 66 du Code de commerce;

e) modification des articles 265 alinéa 1er, 278 et 521 du Nouveau Code de procédure civile;

f) introduction d'un Titre VI.bis nouveau dans la Deuxième Partie du Nouveau Code de procédure civile;

g) introduction d'un Chapitre VII.-I nouveau au Titre VII du Livre Ier du Code pénal;

h) abrogation de la loi du 23 avril 1827 concernant la dispense des prohibitions du mariage prévues par les articles 162 à 164 du Code civil; et

i) abrogation de la loi du 19 décembre 1972 portant introduction d'un examen médical avant mariage
- *Rapport de la Commission juridique: M. Paul-Henri Meyers (M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre intervient)*
- *Discussion générale: M. Léon Gloden (dépôt d'une motion), M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter, Mme Simone Beissel, M. Roy Reding (M. Marc Angel intervient), M. Justin Turpel (M. Claude Haagen, M. Marc Angel et Mme Claudia Dall'Agnol interviennent), M. Marc Angel, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice (M. Gast Gibéryen et M. Jean-Claude Juncker interviennent)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. Alex Bodry, M. Fernand Kartheiser, M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, Mme Viviane Loschetter, M. Justin Turpel, M. Félix Braz, Ministre de la Justice, M. Claude Wiseler*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Félix Braz, Mmes Maggy Nagel, Lydia Mutsch et M. Dan Kersch, Ministres; Mme Francine Closener, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- D'Sëtzung ass op. An ech géif direkt d'Regierung froen, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Neen, Här President.

M. le Président.- Da soen ech Iech Merci.

2. Ordre du jour

Op Ufro vum Här Ausseminister Jean Asselborn wollt ech froen, ob d'Chamber dermat d'accord ass, fir eisen Ordre du jour vu muer liicht ze änneren an dee Projet de loi N°6673, deen urspréinglech fir en Dënschdeg geplangt war, um Schluss vum Ordre du jour nach matzehuelen, well e misst am Mémorial virum 1. Juli publizéiert sinn. Also als leschte Punkt vum Ordre du jour vu muer, vun deem ech net mengen, dass e surchargéiert wär. Ech hat mer och erlaabt, mat den eenzelne Kolleegen aus der Conférence des Présidents ze schwätzen.

Sidd Der dermat d'accord, dass mer dem Här Ausseminister entgéintkommen?

(Interruption)

Dat ass de 6673.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert a mir géifen dee Projet zum Schluss vum Ordre du jour huelen.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dat ass de Projet 6687. Do geet et ëm eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Identifikatioun vun de Persounen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwe si bis elo: déi Häre Emile Eicher, Guy Arendt, Roberto Traversini a Fernand Kartheiser. Et ass also nach Zäit, fir sech anzeschreiwen.

D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, wann ech gelift.

3. 6687 - Projet de loi portant modification de la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dëse Projet de loi 6687, deen d'Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vun de physesche Persoune concernéiert, ass den 8. Mee vun dësem Joer vum zoustännegen Innenminister hei an der Chamber déposéiert ginn.

Dat aktuellt Gesetz betrëfft d'Gemengepopulatiounsregëster souwéi den nationale Persounenregëster, deen dorauser entstanen ass. Et geet also hei ënner anerem ëm d'Umeldungs- an d'Ofmeldungsprozedure bei de Ge-

mengen an déi domat verbonnen Obligatiounen a Rechter vun de Bierger.

D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 29. Abrëll, d'Chambre des Métiers den 23. Mee an de Statsrot den 20. Mee vun dësem Joer ofginn. D'Kommissioun huet sech och nach mat enger Remarque vum Conseil vun der Chambre des Huissiers de Justice befaasst.

Den 22. Mee huet déi zoustänneg Kommissioun mech als Rapporteur designéiert an d'Intérieurskommissioun huet de schréftleche Rapport iwwert dëse Gesetzestext de 5. Juni 2014 unanime ugeholl.

Dat bestehend Gesetz iwwert d'Identifikatioun vun de physesche Persounen ass d'lescht Joer, an zwar den 19. Juni 2013, hei an der Chamber gestëmmt ginn. An elo kann ee sech scho froen, firwat dëse Projet de loi elo muss ëmgeännert ginn.

Déi verschidden Ëmännerunge betreffen haaptsächlech den Artikel 12 vum aktuellen, bestehende Gesetz, wéi gesot vum Juni 2013. Dëse Projet de loi wäert haaptsächlech zwou punktuell Modifikatiounen, wou eng Urgence virläit, am bestehende Gesetz virhuelen.

Dat aktuellt Gesetz besteet aus véier essentielle Voleten: verschidden Dispositiounen, déi de Registre national des personnes physiques betreffen, déi den 1. Juli 2013 a Kraaft getruede sinn; Dispositiounen, wou d'Identifikatiounsnummer vun de Persounen ëmgeännert gëtt - et ginn zousätzlech Zuelen an der Matricule derbäigesat an d'Entrée en vigueur ass fir den 1. Juli vun dësem Joer virgesinn -; an Dispositiounen iwwert déi nei elektronesch, mat Chip ausgestallten Identitéitskaarten, déi och den 1. Juli a Kraaft trieden; Dispositioune weiderhin iwwert déi kommunal Regëstere vun de physesche Persounen, wou dëse Projet de loi virgesäit, fir dës Entrée en vigueur vum 1. Juli 2014 op den 1. Januar 2016 ze verréckelen.

Déi nei elektronesch Identitéitskaarten, déi un d'Lëtzebuerger, déi a Lëtzebuerg wunnen, ausgestallt ginn, déi Lëtzebuerger also mussen am Registre national des personnes physiques agedroe sinn. Am bestehende Gesetz berifft sech awer dee virgenannten Artikel op de Registre communal.

Dës Dispositiounen am bestehende Gesetz, déi virgesi sinn, hätte vill Problemer op villen Niveaue mat sech bruecht, dëst besonnesch, wat de Registre d'attente ubelaangt.

Dëse Regëster, wou Persounen agedroe ginn, deenen hiren Dossier nach net komplett ass, hätt riskéiert, datt no der bestehender Gesetzgebung, laut dem Artikel 27 Persounen, deenen hiren Dossier net komplett wier, well Dokumenter feelen oder well se net begrënnt sinn, enger Radiation automatique, also enger automatescher Sträichung aus dem Regëster innerhalb vun engem Joer ënnerleien, wou den Dossier net komplett gewiescht wier.

An deem Kontext ass den Artikel 34 vum bestehende Gesetz vum 19. Juni 2013 ze gesinn, wou d'Gemengen den Historique aus dem kommunale Populatiounsregëster musse supprimëieren, fir datt just den nationale Regëster vun de Persounen dës Donnéeën, dës historesch Donnéeën ausweise kann. Dëst war aus organisatoreschen, zäitlechen souwéi Grënn vun der Protection des données fir d'Gemengen net ze maachen.

Déi detailléiert Argumentatioun heizou fannt Der am Exposé des motifs souwéi am Commentaire des articles souwéi a mengem zoustännege schréftleche Rapport.

Eng massiv automatesch Sträichung aus dem Populatiounsregëster wier also fir vill Leit ze fäerte gewiescht. Dëst hätt vill Problemer fir déi concernéiert Bierger um administrativen, sozialen an domadder och um finanziellen Ëmfeld fir déi betraffe Bierger mat sech bruecht. Aus dëse Grënn gesäit dëse Projet de loi also de Report vun der Entrée en vigueur vun den Dispositioune vum Registre communal op den 1. Januar 2016 vir.

Och ass et virgesinn, fir d'Definitioun vum Registre d'attente, déi verschidden Aschreiwungsregelen a -konditiounen, d'Radiatiounen, déi dat géif mat sech bréngen, souwéi d'Integratioun an den nationale Regëster vum Historique vun den Donnéeën an de Populatiounsregëster ze änneren.

An der zoustänneger Intérieurskommissioun hunn d'Membere sech och mat der Problematik vum Umelle vu Stéit a Gebaier, déi no illegalen Transformatiounen - dat heescht ouni Baugenehmegung - dann net konform zum Baureglement vun där Gemeng gewiescht wieren, befaasst. An deem Kontext ass och iwwert d'Uwendung vum Cadastre vertical diskutéiert ginn.

All dës virgenannt Iwwerleeungen an hir Propositioune wäerte mat alle concernéierten Acteuren - d'Gemengen, de Syvicol - diskutéiert ginn, éier eng nei Modifikatioun vum bestehende Gesetz an déi legislativ Procédure wäert goen.

En anert Beispill, wat d'Dispositioun vum Artikel 19 vum Gesetz ugeet, war d'Fro - an déi Fro muss erlaabt sinn -, ob den zoustännege Fonctionnaire communal op d'mannst muss, als Beispill, 25 Joer hunn.

Als Konklusioun kann ee Folgendes soen: Dëse Projet de loi bréngt also keng Ëmännerung fir d'Gemenge vum aktuelle Fonctionnement vum nationale Regëster vun de Personnes physiques souwéi vum kommunale Populatiounsregëster mat sech, ausser datt den Délai changéiert gëtt.

Här President, en aneren Objectif vun dësem Projet de loi ass fir déi Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen. Si kréie mat dësem Projet de loi d'Méiglechkeet, hir Carte d'identité beim CTIE, also beim Centre des Technologies et de l'Information de l'État, unzefroen. Dëst natierlech ënnert der Responsabilitéit vun deem zoustännege Minister, esou datt de CTIE nëmmen den Intermédiaire vun der Zoustellung an der Ausstellung vun der Identitéitskaart ass.

De concernéierte Lëtzebuerger Bierger, deen also am Ausland lieft, brauch sech also net méi op déi zoustänneg lëtzebuergesch Botschaft, déi normalerweis an den Haaptstied vun deene Länner ass, ze déplacéieren. A bal all Land ass dëst natierlech, wat d'Distanzen ubelaangt, eng Erliichterung vun der Demande, jo, och vun der Procédure. E Lëtzebuerger, deen zum Beispill an Däitschland bei Tréier wunnt, brauch also net méi op Berlin ze fueren.

Dëst gesot a vu d'Urgence vun dësem Projet de loi, mat den Erklärungen, déi ech elo grad ginn hunn, géif ech Iech bieden, dëse Projet de loi ze stëmmen. Ech op jidde Fall bréngen den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Haagen. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Emile Eicher.

Discussion générale

M. Emile Eicher *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt d'Entrée en vigueur vun eenzelnen Dispositioune betreffend d'Registres communaux des personnes physiques op den 1. Januar 2016 zréckgesat gëtt, huet seng gutt Grënn. Mir hu se virauser schonn héieren.

Et huet sech nämlech erausgestallt, datt et och bei der Consolidatioun vun den Donnéeë vum Registre national des personnes physiques an de bestehende Registres communaux eng horrend grouss Zuel vun Inkohärenze gëtt. Si sinn an néng Pilotgemengen, déi verschidden Datesätz, matenee verglach ginn. Et huet sech dobäi erausgestallt, datt et wierklech eng Onmass vun inkompletten Informatiounen op där enger oder anerer Säit gëtt, ob dat elo de Code vum Land, de Code vun der Gemeng ass, ob et Nimm sinn, déi a verschiddener Schreifweis geschriwwe gi sinn, inkorrekt Adressen an esou virun.

Als Beispill kann ech Iech meng Gemeng nennen, well déi wor do derbäi. Mir haten 29.500 Inkohärenze bei manner wéi 5.000 Leit. An da kënnt Der Iech virstellen, wat dat do bedeit. D'Spezialisten hunn deemno gemengt, mir wieren do bei mindestens dräi Milliounen Inkohärenze landeswäit. Dat heescht, et ass Bedarf an et ass eng Urgence, datt mer hei agéieren.

Déi Synchronisatiounsmesuren, déi tëschent dem SIGI, dem Gemengesyndikat, deen d'Gestioun vun der Informatik fir honnert Gemenge mécht, an der Stad Lëtzebuerg - do war et de CTIE - ëmgesat goufen, konnte ronn 75% vun de Problemer, déi se detektéiert hunn, och léisen. Ëmmerhi bestinn nach 25%, déi se net direkt ouni zousätzlech Recherchë kënnen an Ugréff huelen.

Wa mir also dëst Gesetz elo net géife stëmmen, da missten all déi do concernéiert Leit op de Registre d'attente gesat ginn an da misste mer bannent engem Joer déi a Conformitéit setzen. De Claude Haagen huet et virauser scho gesot. Mä dat Schlëmmst ass, datt wann dat net geschitt, da géife se automatesch vun dem Regëster gestrach ginn, och mat deene Konsequenzen, op déi ech elo net méi aginn, déi hien och schonn hei des Laangen an des Breeden erkläert huet.

Dir verstitt also, datt eis Verwaltungen Zäit brauchen, fir dës Inkohärenzen aus dem Wee ze raumen. Och muss een d'Kritären, déi de Registre d'attente de Moment beschreiwen oder Viraussetzung dovunner sinn, nei definéieren. D'Regierung hat dat jo och wëlles an nächster Zukunft ze maachen.

Datselwecht gëllt iwwregens och fir d'Bäibehale vun dem Historique, dee mir an eise Gemengen hunn an dee riskéiert gehat hätt, wa mer elo keng Ännerung géife maachen, datt e ganz géif verluer goen. An do hu mer awer interessant Informatiounen drop.

Selbstverständlech begréisst d'CSV och d'Méiglechkeet fir eis Grenzgänger, datt se hei an der Ënneschtgaass beim CTIE kënnen eng Demande maachen, fir e Pass (veuillez lire: fir eng Carte d'identité) ze kréien. Dat ass eng ganz grouss Erliichterung fir déi Leit, an et gëtt der jo ëmmer méi, déi an dat not Ausland wunne ginn, dat heescht, déi dee Moment net méi bräichten op Berlin, Paräis oder Bréissel ze pilgeren, fir do hir Demande eranzeginn.

Et ass jo kloer, datt déi bestehend Populatiounsregëster bis den 1. Januar 2016 a Kraaft bleiwen. Dëst gesot, mengen ech, verstitt Der d'Urgence vun deem Gesetz, a selbstverständlech ënnerstëtzt d'CSV och dat hei Gesetz mat hirem Vote.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Eicher. Den nächste Riedner ass den Här Guy Arendt.

M. Guy Arendt *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, als Éischt géif ech wëllen dem Claude Haagen Merci soe fir säin explizite Rapport, souwuel schréftlech wéi och mëndlech. Et ass u sech och alles gesot ginn.

Och ee Punkt, dee wichteg ass, dat ass, dass mer d'Chambre des Huissiers berouegt kréien, wat d'Froen ubetrëfft, ob si elo nach Accès zu den Donnéeë kréien oder net, well do eng gewëssen Diskrepanz ass tëschent eng Kéier Registre communal, eng Kéier Registre national. Ech mengen, do soll d'Chambre des Huissiers, do ware mer eis an der Kommissioun och eens, dass déi selbstverständlech kënnen Zougank op déi Donnéeë kréien, egal wéi de Regëster elo heescht. Well si mussen dat hunn, fir hir Akte kënnen zouzestellen.

De Rescht ass alles gesot ginn, komplett. Dofir géif ech just nach wëllen hei den Accord vun der DP-Fraktioun brénge fir dëse Projet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Arendt. Den nächste Riedner ass den Här Roberto Traversini.

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Grazie Presidente.

(Hilarité)

Ech mengen, Merci un de Rapporteur. Merci un den Emile Eicher, dee mat engem Beispill, wou Gemenge konkret mat deem heite Gesetz betraff waren, d'Problemer ganz kloer gewisen huet.

Ech mengen, datt et wichteg ass, datt een dat iwwerschafft. Et ass wichteg, datt d'Gemengen et méi einfach gemaach kréien. Ech mengen, datt et och gutt ass, datt et bis den 1. Januar 2016 reportéiert gëtt. An ech ginn natierlech heimadder den Accord vun där grénger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Traversini. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser, dee scho prett ass.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Ëmmer, Här President. Villmools Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Häre, zwee Kommentare vun eiser Säit, nodeem mer dem Här Haagen häerzlech Merci gesot hu fir säi Rapport.

Deen éischte Kommentar betrëfft déi Méiglechkeet vun eise Lëtzebuerger Matbierger, déi am Ausland wunnen, fir sech net méi un eng Lëtzebuerger Ambassade ze adresséieren, fir hir Carte d'identité ze kréien. Dat ass selbstverständlech eng praktesch Erliichterung, déi mer begréissen.

Et muss een awer och bedenken, datt d'Ambassaden am Ausland aus villerlee Grënn awer och mussen, oder et wier gutt, wa se géife wëssen, wéi vill Lëtzebuerger an deem Land wunnen, wou se sinn. Well déi Communautéiten, déi mer am Ausland hunn, déi ginn automatesch mat Problemer konfrontéiert an deem Land, wou se residéieren, sief dat am schoulesche Beräich, am steierleche Beräich oder an anere Beräicher, wou d'Ambassade eventuell muss déi Problemer kennen, fir déi Interessen ze vertrieden a fir bei de Communautéite kënnen ze intervenéieren.

Wa mer elo awer an eng Situatioun erakommen, wou d'Ambassadë manner wësse wéi virdru bis guer net méi wëssen, wéi vill Lëtzebuerger oder wéi eng Lëtzebuerger wou wunnen, dat huet praktesch Nodeeler fir déi Concernéiert. Mir hu bis elo keng Obligatioun, fir sech bei enger Ambassade anzeschreiwen, an op jidde Fall zu menger Zäit am Ausseministère hate mer och ni Lëschte vun deene Lëtzebuerger, déi an deene verschiddene Länner gewunnt hunn. Dat ass net praktesch fir d'Ambassaden a virun allem kann et en Nodeel si fir déi Lëtzebuerger, déi an deene Länner wunnen.

Eis Suggestioun wär also, datt déi Lëtzebuerger Ambassaden an deene verschiddene Länner kéinten informéiert sinn, wéi eng Lëtzebuerger do wunnen, fir datt se en Iwwerbléck hunn iwwert déi Communautéiten, deenen hir Interesse se eventuell och musse géintiwwer der Gaaschtregierung vertrieden.

Deen zweete Punkt ass déi Radiatioun vun de Lëschten an de Gemengen. Mir woren ëmmer der Meenung, datt mer dat ganz genee musse kucken, insbesondere och an der Familljekommissioun, wéinst all deene Problemer, déi sech mat deene Radiatioune kënne verbannen, wann et zum Beispill Sans-domicile-fixë gëtt duerch esou Radiatiounen.

Mir haten hei eng Interpellatioun gemaach virun enger gewësser Zäit, wou mer op déi Problematik opmierksam gemaach hunn, ënner wéi enge Konditiounen e Mënsch ka radiéiert gi vun deenen Awunnerlëschten, well dat effektiv ka ganz dramatesch Konsequenzen hunn, an datt dat e wichtege Facteur och ass, fir an eng Obdachlosegkeet erofzerutschen. Dat heescht, mir wären nach ëmmer interesséiert als ADR, fir déi do Problematik kënnen och eng Kéier am Kontext vun der Familljekommissioun ze beliichten, gär zesumme mam Intérieur, mä datt mer an deem do spezifeschen Aspekt kéinten e Modus Vivendi fannen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Kéier ass jo dat Gesetz hei gestëmmt ginn am Juni 2013, dat war eng ganz grouss Diskussioun hei an der Chamber. D'ganz deemoleg Oppositioun huet do dergéint gestëmmt, aus verschiddene ganz pertinenten Ursaachen. Eng vun deenen Ursaache war déi, déi mer elo haut riichtbéien. Dat heescht, dass et, wa mer näischt elo geännert hätten um Gesetz, deemnächst ganz grouss praktesch Schwieregkeete gi wiere mat deem Registre de la population an de Gemengen, wou ganz Donnéeë verluer gaange wieren an de Gemengen, wou Leit einfach vun der Lëscht gestrach gi wieren. Dat gëtt elo riichtgebéit a selbstverständlech stëmme mer och déi Korrektur vun deem Gesetz hei.

Et sinn awer och nach aner Kritiken deemools virbruecht ginn. Et ass gesot ginn, dass et e Problem géif gi bei der Vernetzung vun den Donnéeën, dass sech do en Dateschutzproblem géif stelle bei der Vernetzung vun deenen Donnéeën, déi do geschafe ginn, beim Accès och zu deenen Donnéeën an der Fonction publique, vu verschiddene Ministèren, vu verschiddene Statsbeamten, wou net kloer ass, wien wouzou Accès kritt.

Dat ass och elo nach net gekläert. Et ass gesot ginn, wann et esou ass, wéi et am Gesetz steet, dann ass et den zoustännege Minister. Dee leet fest, wien Accès dozou huet. An dat ass och elo nach esou, a wann een dee Règlement grand-ducal kuckt, deen do am Dezember erauskomm ass, dann ass dat och effektiv esou, dass et den zoustännege Minister ass, deen den Accès vun de Beamten accordéiert. Si mussen zwar hiren Intérêt beweisen, fir dorunnerzekommen, un déi Donnéeën, mä et ass awer eleng de Minister, deen dat ka jugéieren, eventuell ënnert der Kontroll vun enger Kommissioun duerno. An deem Zesummenhang huet den Här Etgen zum Beispill geschwat vun der Gefor vum gliesene Bierger.

Et sinn och hefteg Kritike ginn, besonnesch vun eise grénge Kolleegen, un deem elektroneschen Chip, deen do agefouert sollt ginn. Den Här Félix Braz huet deemools gesot, et wier net kloer, wat de sécherheetstechnesche Gewënn vun esou enger Moossnam wier, an en huet grad wéi mir och deemools drop higewisen, dass och souguer eng Gefor besteet, dass Leit, déi einfach en Dispositif um Internet kënnen eroflueden, an der Lag wieren, op Distanz enger Persoun hir Carte d'identité auszeliesen, déi einfach nëmmen e puer Meter vun hinnen ewech steet, an dass do eng Garantie op d'mannst misst geschafe ginn, dass dat net méiglech ass.

Hien huet deemools geschwat, den Här Braz, vun enger Bringschuld vun der Regierung. D'Regierung hätt eng Bringschuld, fir eis kloerzemaachen, dass déi technesch Problemer, déi

hie selwer opgeworf huet, déi sécherheetstechnesch Problemer fir déi betraffe Leit, déi e selwer opgeworf huet am Kontext mam Ofliesen duerch egal wie vun esou Carte-d'identitéen, dass do misst d'Garantie sinn, dass dat net méiglech wier.

Elo soll déi Carte d'identité den 1. Juli kommen. Ech hunn elo nach eng Recherche virdru gemaach, ob dee Règlement grand-ducal, deen dat sollt regelen, da schonn do wier. Ech hunn en net fonnt, ech hu mer och elo soe gelooss, dass en och nach net do ass, mä dass en an deenen nächsten Deeg soll an de Mémorial kommen. An ech wier nawell frou, wann d'Regierung eis hei kéint soen, wat dann elo anescht ass par rapport zu deene Befierchtungen, déi eenzel Membere vun der Regierung deemools an der Chamber heizou geäussert hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Urbany. Domat wär eis Diskussioun ofgeschloss an d'Wuert huet den Innenminister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Merci, Här President. Ech wéilt fir d'Éischt emol der Kommissioun Merci soe fir déi exzellent Aarbecht, déi mer hei konnte leeschten. Ech mengen, et war eng grouss Eestëmmegkeet, an dat huet een och aus de meeschte Bäiträg vun de Kolleege vun de Fraktiounen héieren, fir dëst Gesetz zesummen ze stëmmen.

Ech géif soen, et ass e klengt Gesetz, mä et ass e Gesetz, wat de Gemenge ganz grouss Erliichterunge wäert verschafen, well jo awer eng gewëssen Onrou am Gemengesecteur ze verspiere war, wann dat Gesetz elo, esou wéi et geplangt war, op den 1. Juli 2014, wat de Registre communal des personnes physiques ugeet, hätt missen ëmgesat ginn.

Mir hunn elo ronn annerhalleft Joer Zäit, fir déi vill Problemer, déi, mengen ech, och vun deenen eenzele Riedner ugeschwat gi sinn, elo nach eng Kéier op de Leescht ze huelen a se da vläicht am Geescht vun dem Avis vum Syvicol vum 10. Februar 2012 nach eng Kéier ze beliichten an da Léisungen ze sichen, déi och am Intérêt vun de Gemenge sinn, awer selbstverständlech och vun deene Leit, déi an deem Regëster gefouert ginn. Ech mengen, et ass elo virdru schonn am Detail ugeschwat ginn, mat wéi enge Problemer dass mir géife konfrontéiert ginn, wa mir hei net reagéiert hätten.

Ech wéilt nach vläicht op zwou Saachen agoen, eng, déi den Här Kartheiser elo hei ugeschwat huet. Eben doduerch, dass mer elo d'Méiglechkeet schafen, dass d'Lëtzebuerger, déi am Ausland liewen, och kënnen eng Carte d'identité kréien, déi da vun der Regierung, vum zoustännegen Innenminister ausgestallt gëtt, kréie mer emol iwwerhaapt d'Donnéeë vun all deene Lëtzebuerger, déi am Ausland liewen, wou soss keng Obligatioun war, fir sech iergendwou ze mellen. Dat ass dat eent.

Dat anert ass dat, dass mer deene Leit mat deem Gesetz hei elo nach eng Vereinfachung maachen, esou wéi dat och virdru schonn erkläert ginn ass, dass si net musse wierklech an eng Haaptstad rennen, fir da kënnen eng Carte d'identité unzefroen, mä dass se dat och kënnen hei zu Lëtzebuerg maache beim CTIE. Ech mengen, dass dat eng Simplification administrative fir déi Betraffen ass, déi wierklech scho sech ka weise loossen.

D'Demande vum Här Urbany. Ech mengen, Här Urbany, dat, wat Dir elo hei ugeschwat hutt, ass eng Diskussioun, déi effektiv schonn d'leschte Kéiers hei gefouert ginn ass. Si ass esou e bëssen um Thema verbäi, an deem Sënn, dass dat Gesetz sech hei mat där doter Problematik iwwerhaapt net méi befaasst.

Ech ginn Iech awer ganz gären eng Äntwert op dat, wat Der sot: Den Chip, dee kann op jidde Fall net op Distanz ofgelies ginn. Ech mengen, dat ass ganz kloer. Déi Leit, déi eng Carte d'identité hu mat deem elektroneschen Chip, déi mussen hiert Averständnis ginn, fir dass den Chip iwwerhaapt ofgelies ka ginn.

Wat ass op deem Chip drop? Och dat ass kee Geheimnis. Et ass engersäits d'Foto drop, an zwar ouni déi biometresch Daten, déi ginn no zwee Méint geläscht aus der Datebank. Da kënnt och nach derbäi, dass selbstverständlech och d'Adress vun deem Jeeweilegen drop ass, wat an deem Sënn en neie Moment ass. Dat heescht, dass also Leit, déi och ënnerhalb vun enger Gemeng plënneren, an Zukunft mussen eng nei Carte d'identité ufroen. Ech mengen, dat bréngt op där enger Säit awer och Kloerheet mat sech, souwuel fir de Bierger wéi och op deene Plazen, wou ee sech muss ausweisen.

Ech wéilt just nach vläicht ofschléissend der Kommissioun nach eng Kéier Merci soe fir déi exzellent Zesummenaarbecht. Dat heiten ass iwwert de Ministère gelaf, zesumme mat der Kommissioun, mä ech mengen, déi, déi am dankbarste si fir dat, wat mer haut de Mëtten hei maachen, dat sinn d'Gemengen an d'Bierger dobaussen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Innenminister. Mir géifen da kënnen zum Vote iwwert d'Gesetz iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6687 et dispense du second vote constitutionnel

Ech lancéieren de Vote. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

(Interruptions)

Jo, mir hunn awer 60 Stëmmen.

Une voix.- Et huet een zweemol gedréckt!

(Hilarité)

M. le Président.- Et huet vläicht ee fir Iech mat gedréckt. Da kucke mer emol no. De Projet 6687 ass unanime ugeholl, also ziele mer Iech mat.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Et bleift nach just d'Fro ze stellen, ob Dir domat d'accord sidd, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat schéngt de Fall ze sinn. Dann ass dat esou décidéiert. Villmools Merci.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6172A, wou et ënner anerem drëm geet, fir d'Gesetzgebung iwwert d'Bestietnis ofzeänneren. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht, a bis elo sinn ageschriwwen: déi Damme Loschetter a Beissel an déi Häre Gloden, Bodry, Reding an Angel. Et ass also nach Zäit, fir Iech anzeschreiwen. Den Här Kartheiser nach.

An d'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

4. 6172A - Projet de loi portant

a) réforme du Titre II.- du Livre Ier du Code civil «Des actes de l'état civil» et modifiant les articles 34, 47, 57, 63, 70, 71, 73, 75, 76, 79, 79-1 et 95;

b) réforme du Titre V.- du Livre Ier du Code civil «Du mariage», rétablissant l'article 143, modifiant les articles 144, 145, 147, 148, 161 à 164, 165 à 171, 173 à 175, 176, 177, 179, 180 à 192, 194 à 199, 201, 202, 203 à 206, 212 à 224, 226, 227, introduisant les articles 146-1, 146-2, 175-1, 175-2 nouveaux et abrogeant les articles 149 à 154, 158 à 160bis, 178, le Chapitre VIII et l'article 228;

c) modification des articles 295, 351, 379, 380, 383, 390, 412, 496 alinéa 1er, 509-1 alinéa 2, 730, 737, 791, 847 à 849, 852 alinéa 3, 980 alinéa 2, 1405, 1409 et 1676 alinéa 2 et abrogation des articles 296, 297 et 1595 du Code civil;

d) modification de l'article 66 du Code de commerce;

e) modification des articles 265 alinéa 1er, 278 et 521 du Nouveau Code de procédure civile;

f) introduction d'un Titre VI.bis nouveau dans la Deuxième Partie du Nouveau Code de procédure civile;

g) introduction d'un Chapitre VII.-I nouveau au Titre VII du Livre Ier du Code pénal;

h) abrogation de la loi du 23 avril 1827 concernant la dispense des prohibitions du mariage prévues par les articles 162 à 164 du Code civil; et

i) abrogation de la loi du 19 décembre 1972 portant introduction d'un examen médical avant mariage

Rapport de la Commission juridique

M. Paul-Henri Meyers *(CSV) rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Gesellschaft, an där mir liewen, stellt d'Bestietnis nach ëmmer eng grouss Bedeitung duer. Déi Bedeitung fanne mir erëm an deene verschiddenste Sparte vun eiser Gesetzgebung: am Zivilrecht, am Sozialrecht, am Aarbechtsrecht, an der Steiergesetzgebung. Iwwerall fanne mer do en Hiwäis op d'Bestietnis.

Et ass dofir net verwonnerlech, dass och déi Reform vum Bestietnis, wéi mir se elo hei virleien hunn, direkt Konsequenzen op déi verschiddenst Beräicher vun eiser Gesetzgebung huet, a virun allem op eis Zivil- a Sozialgesetzgebung.

D'Commission juridique war sech och där Komplexitéit vun der Matière bewosst. Si wousst, dass, wann d'Bestietnis géif geännert ginn, dat besonnesch och am Zivilrecht wesentlech Konsequenze kéint mat sech brénge fir aner Kapitele vum Code civil.

Dofir huet och d'Commission juridique ganz um Ufank vun hiren Aarbechten eng dräifach Décisioun geholl. Déi éischt war déi, dass aus deene véier Gesetzesprojeten, déi d'Regierung am Zesummenhang mat dem Bestietnis an der Chamber deponéiert hat, vun deenen der zwee scho vum Conseil d'État aviséiert waren, dass d'Kommissioun décidéiert huet, fir aus deene véier Texter een Text ze maachen, dee kohärent wär, deen déi ganz Matière géif ëmfaassen. An dofir ass och aus deene véier Texter en neit Dokument entstanen, d'Chambersdokument 6172, wat iwwregens haut als Dokument der Chamber zum Vote virläit.

Déi véier Projete vun der Regierung, déi d'Bestietnis betreffen, sinn tëschent dem 29. August 2008 an dem 21. September 2010 an der Chamber deponéiert ginn. Si droen d'Nummere 5908, 5914, 6039 a 6172. Déi véier Projeten, déi zum Deel aus verschiddene Ministèrë komm sinn, hu verschidden a wichteg Deelaspekter vun dem Bestietnis reforméiert.

Duerch déi Deelreformen ass et awer dozou komm, dass déi verschidde Projete sech zum Deel iwwerschnidden hunn an, wéi de Conseil d'État gesot huet, sech och zum Deel widdersprach hunn. Dofir huet och de Conseil d'État a sengem Avis derfir plädéiert, fir déi Texter ze iwwerschaffen an aus deem Ganzen een neien, zesummenhängenden Text ze maachen. D'Kommissioun ass an där Fro dem Wonsch, wann ech esou ka soen, vum Conseil d'État nokomm.

Eng zweet Entscheedung, dat war, dass d'Kommissioun décidéiert huet, fir sech ze orientéieren no der belscher Gesetzgebung. Déi Texter, déi virlouchen, hunn zum Deel Dispositiounen, Bestëmmungen aus franséischen Texter iwwerholl an doduerch ass d'Kohärenz vun deenen Texter net méi grouss ginn. De belschen Text, dee méi kloer war a fir deen och iwwregens de Conseil d'État plädéiert huet, fir sech do ze orientéieren, huet a ville Froe vun der Reform vum Bestietnis méi Kloerheet bruecht wéi franséisch Texter.

Eng drëtt Décisioun, déi d'Commission juridique geholl huet am Zesummenhang mat der Reform vum Bestietnis, war déi, fir déi Reform net zesummen ze maache mat aneren Ofännerunge vu Kapitelen aus dem Code civil, notamment mat enger Reform vum Adoptiounsrecht, vun der Filiatioun, vun der Autorité parentale oder vum Scheedungsrecht. Domat ass natierlech och deen Deel aus dem Regierungsprojet N°6172, deen d'Adoptioun betraff huet, aus dem Gesetzprojet iwwert d'Bestietnis erausgeholl ginn, en ass ofgetrennt ginn. En huet och eng aner Nummer kritt: 6172B. D'Commission juridique huet awer ausdrécklech betount, dass se gären hätt, dass de Conseil d'État d'Analys vun deem Projet géif weiderféieren an och en Avis iwwert dee Projet géif virbréngen, wat awer bis haut nach net geschitt ass.

D'Entscheedung, fir mat der Reform vum Bestietnis keng aner zivilrechtlech Reform ze verbannen, huet natierlech dozou bäigedroen, dass d'Aarbechte méi einfach gi sinn. Ouni awer ganz einfach ze sinn, dat wäerte mer och nach gesinn. Mä et huet mat sech bruecht, dass mer méi rapid konnten un där Reform schaffen an dass et méiglech war, déi Aarbechten an der Zäit vum Januar bis Abrëll 2012 ofzeschléissen, esou dass schonn de Projet, esou wéi d'Commission juridique e festgehalen huet, de 16. Mee 2012 un de Statsrot konnt weidergoen.

A sengem Avis vum 27. November 2012 huet de Statsrot am Allgemenge sech mat deenen Texter, wéi d'Commission juridique se proposéiert hat, d'accord erkläert. Hien huet awer eng Rei wesentlech Froe gestallt, op déi ech net alleguer wëll agoen.

Ech wëll just eng vun deene Froen erausgräifen, an dat ass déi, dass de Conseil d'État gemengt huet, ier een déi Reform iwwert d'Bestietnis géif ofschléissen, sollt ee sech awer ausschwätzen iwwert d'Konsequenz, esou wéi d'Commission juridique d'Bestietnis virgestallt huet, iwwert d'Konsequenz dovun op d'Volladoptioun. En huet ausdrécklech déi Fro gestallt, well e gesot huet: Doduerch dass Der d'Adoptioun, esou wéi d'Regierung se presentéiert hat am Projet de loi, ausgeklammert hutt, ass also an Zukunft eng Volladoptioun méiglech och fir gläichgeschlechtlech Partner.

Déi Fro, déi eigentlech net behandelt war, hätt de Conseil d'État gär gekläert gehat. D'Kommissioun huet net gezéckt a si huet am Sënn vum Regierungsprojet en Amendement gemaach zum Artikel 367 vum Code civil, wou d'Kommissioun ausdrécklech dat, wat d'Regierung proposéiert hat, iwwerholl huet a gesot huet, dass se der Meenung wär, a si huet dat an deem Artikel festgehalen, dass also gläichgeschlechtlech Koppele vun der Volladoptioun ausgeschloss wären.

Deen Amendement ass un de Conseil d'État gaangen. An de Conseil d'État huet a sengem Avis vum 4. Juni 2013 zu deem Amendement kloer an engem ausféierlechen Avis Stellung bezunn, a säin Avis ass gëendegt oder huet concluéiert mat enger Opposition formelle. Deen Amendement géif, esou huet de Conseil d'État och argumentéiert, géint de Gläichheetsprinzip vum Artikel 10bis vun der Verfassung a géint den Artikel 14 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun verstoussen.

D'Commission juridique huet sech doropshin am Juni 2012 (veuillez lire: Juni 2013) laang mat där Matière nach eng Kéier beschäftegt a si ass an hirer Sitzung vum 26. Juni zur Konklusioun komm, dass deen Amendement, dee se proposéiert hat zum Artikel 367 Code civil, net kéint oprechterhale ginn, well d'Chamber hätt sech et net kënne leeschten, en Text ze stëmmen, deen duerno bei der Cour constitutionnelle als contraire zu der Verfassung an och contraire zu Mënscherechtskonventioune considéréiert gi wär.

Mir hunn also deen Artikel an deen Amendement fale gelooss. Dat huet natierlech bedeit, dass domat de Mariage, d'Bestietnis, all Koppele vum Bestietnis an och déi gläichgeschlechtlech Koppelen net méi vun enger Volladoptioun ausgeschloss wären, dass et also fir all Koppelen, fir all bestuete Koppelen d'Méiglechkeet vun enger Volladoptioun géif ginn. Juristesch gesi war keng aner Léisung an där Hisiicht méiglech!

Den Detail vun deenen Avisen, op déi ech hei net kann agoen, besonnesch och déi Avise vum Conseil d'État, kënnt Der a mengem schréftleche Rapport noliesen. Dir fannt och d'Avise vun allen aneren Instanzen, wou et mer leed deet, dass ech natierlech net kann, wéinst der Kloerheet och vun der Iwwersiicht, op all déi Detailer do agoen. Ech wëll mech nämlech hei, fir Kloerheet ze schafen, op dat Wesentlecht beschränken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Sënn vu méi Kloerheet wäert ech och versichen, de Gesetzesprojet 6172 esou ze analyséieren, dass ee gesäit, wou déi wichteg Elementer vun deem Projet sinn. Ech wëll net an d'Detailer goen, mä ech wëll déi wichteg Elementer ervirhiewen. Ech hunn dofir och versicht, op eng einfach Aart a Weis déi wesentlech Zich vun der Reform duerzeleeën, déi een eigentlech an zwee groussen Ziler ka festhalen.

En éischte Volet, an net en onwesentlechen, dat sinn all Moossnamen, déi an Zukunft solle sougenannt Schäinbestietnisser oder forcéiert Bestietnisser verhënneren. Ënnert deen zweeten Deel, déi zweet Zilrichtung vum Projet kann een eigentlech all déi Moossnamen aklasséieren, déi am Bestietnis eng besser Gläichbehandlung vun de Partner, och am Hibléck op den Accès zum Bestietnis selwer, oder eng Gläichstellung vun de Partner wëllen erreechen, oder awer all déi Mesuren, déi versichen, diskriminatoresch Bestëmmungen ofzeschafen.

Ech wëll dann elo déi zwee Deeler e bësse méi ausféierlech behandelen an zum Schluss déi eng oder aner Moossnam nach ervirhiewen, déi ech eigentlech weder an déi eng nach an déi aner Zilrichtung kann aklasséieren.

Fir d'Éischt emol d'Moossname géint d'Schäinbestietnisser oder och géint forcéiert Bestietnisser. Déi Moossnamen, déi ganz wäit ginn, gesi vir, dass eenzel Mesurë kënne geholl gi virum Bestietnis. Et sinn och Bedingungen am Zesummenhang mam Bestietnis selwer, an et sinn aner Moossnamen, déi nom Ofschloss vum Bestietnis geholl ginn, notamment am Zesummenhang mat der Annullatioun vum Bestietnis.

Fir d'Éischt emol d'Moossname virum Bestietnis. Déi Bestëmmunge betreffen haaptsächlech d'Kapitel iwwert den État civil, notamment den Artikel 70, wou virgesinn ass, dass een, wann ee sech wëllt bestueden, rezent Pabeiere bäibrénge muss, rezent Pièçë bäibrénge muss, ënner anerem eng integral Kopie vum Gebuertsschäin, déi net méi wéi sechs Méint däerf al sinn. Dat ass eng Neierung.

Zweet wichteg Neierung: Contrairement zu de jëtzege Bestëmmungen, déi de Lëtzebuerger Autoritéiten net erlaben, auslännesch Akte vum État civil ze contestéieren, gesäit elo den Text vir, dass d'Lëtzebuerger Autoritéiten, déi Zweifel un der Richtegkeet vun auslänneschen Akten hunn, de Procureur kënnen domat saiséieren, deen dann déi néideg Enquêtë mécht, dee sech och der Transkriptioun vun deenen Akten am Lëtzebuerger État civil bei där respektiver Gemeng kann opposéieren.

Selbstverständlech ass dat eng déif gräifend Décisioun, déi de Procureur kann huelen, an do ass och, wéi dat an engem Rechtsstat üblech ass, e Recours virgesinn. Ech wëll do keng Detailer ginn. Déi Recourse géint esou eng Oppositioun vum Procureur d'État ginn nei geregelt an den Artikelen 1007-1 bis 1007-3 vum neie Code de procédure civile.

Zweet Mesure: Wann de Buergermeeschter, deen d'Bestietnis soll virhuelen, der Meenung ass, dass eventuell d'Bedingungen, dass d'Bestietnis och fräi zustane kënnt, net erfëllt wären, wann en Zweifel huet och iwwert d'Richtegkeet vu Piècen an esou virun, da kann de Buergermeeschter de Procureur d'État domat saiséieren, e kann en informéieren.

An de Procureur d'État kann dann entscheeden. Wann e mengt, dass déi Bedenke vum Buergermeeschter richteg wären, dass eppes do derhannert wär, kann de Procureur d'État sech deem Bestietnis opposéieren. Hie kann et aussetzen, hie kann awer och soen, dass en der Meenung ass, dass et net däerf stattfannen. E muss dat natierlech och dee Moment motivéieren.

Déi nei Artikelen 175-1 an 175-2 regelen d'Pouvoire vum Procureur d'État, déi hei ganz wäit ginn an déi och natierlech déi Recourse virgesinn, vun deenen ech scho virdru geschwat hunn am neie Code de procédure civile.

Déi zweet Kategorie vu Mesurë sinn am Zesummenhang mam Bestietnis selwer. D'Bestietnis, dat menge mir haut, misst op der Gemeng stattfannen. A mir mengen och, et kann ee sech net par procuration bestueden. Dat ass awer am Code civil net esou kloer.

Déi Fro gëtt gekläert doduerch, dass elo virgeschriwwen ass, dass d'Bestietnis muss op der Gemeng an aller Ëffentlechkeet stattfannen, a Präsenz vun deene Leit, déi sech wëlle bestueden. Ee Bestietnis par procuration ass net méiglech.

Wann een natierlech net ka kommen aus valabele Grënn, kann de Procureur erlaben, dass och d'Bestietnis doheem stattfënnt. An a ganz dréngende Fäll kann de Buergermeeschter sech och déplacéieren op den Domicile, de Wunnsëtz vun deene Leit, déi eben net méi kënnen aus dréngende Grënn op d'Gemeng kommen. Mä d'Regel ass awer déi, an déi gëtt och an den Text ageschriwwen, dass d'Bestietnis op der Gemeng an der Ëffentlechkeet stattfënnt an net duerch Procuratioun.

Déi perséinlech Präsenz soll och garantéieren, dass déi zwee Leit, déi sech wëlle bestueden, hir Entscheedung an aller Fräiheet huelen. Déi fräi Entscheedung vun deenen zwee Partner gëtt dann och an zwee neien Artikelen, dem 146-1 an dem 146-2, preziséiert. Ech maachen hei drop opmierksam, dass dat zwéin Artikele sinn, déi mer aus der belscher Gesetzgebung iwwerholl hunn an déi ganz kloer eenzel Fäll viséieren, wou gegebenenfalls dee Consentement net ginn ass.

D'Fransousen hunn dat méi allgemeng beschriwwen. An deene belschen Texter ass do am 146-1 ganz kloer gesot, dass, wa sech aus den Émstänn vum Bestietnis ergëtt, dass wéinstens ee vun de Partner sech net wollt bestueden, dat heescht, eng dauerhaft Bindung, eng dauerhaft Liewensgemeinschaft mat deem anere Partner agoen, mä dass säin Zil eigentlech war, en aneren Avantage am Zesummenhang notamment mam Openthalt zu Lëtzebuerg ze erreechen, dann ass opgrond vun deem Artikel keng Awëllegung do an da kann och de Mariage annulléiert ginn.

En zweeten Artikel, den 146-2, gesäit vir, dass, wann ee Partner sech bestit, deen dozou forcéiert ginn ass oder deem gedroht ginn ass oder dee Menacë kritt huet, fir sech ze bestueden, och dee Mariage net gülteg ass. Och do ass kee Consentement do, a wa kee Consentement do ass, ass de Mariage net gülteg. Hei geet den Text esou wäit, dass souguer de Respekt virun den Eltere kann als Drohung oder als Menace considéréiert ginn. Dat heescht, déi sougenannt „crainte révérencielle" gëtt am Artikel 180 considéréiert als eng Méiglechkeet, fir de Mariage ze annulléieren, wat bis elo net de Fall war.

Wann een also noweise kann, dass déi fräi Entscheedung no deenen Dispositiounen, déi ech elo kuerz exposéiert hunn, net ginn ass, da kann de Mariage, da kann d'Bestietnis vum Geriicht annulléiert ginn.

No deene bestehenden Texter kann déi Nullitéit haaptsächlech gefrot gi vun deene bestuete Leit selwer oder vun anere Familljememberen. No deem neien Text kann och de Procureur d'État déi Annullatioun vun dem Bestietnis froen. E kritt also hei nei Pouvoiren an e kritt se am Intérêt vum Ordre public, well de Procureur och de Verteideger vum Ordre public soll sinn.

Am Zesummenhang mat de Schäinbestietnisser oder dem forcéierte Bestietnis verweisen ech och op d'Strofbestëmmungen, déi nei agefouert ginn an den Artikelen 387 bis 389 vum Code pénal. Prisongsstrofen a Geldbousse bis zu 20.000 Euro si virgesinn am Fall, wann zum Beispill een e Bestietnis agaangen ass, wou en eigentlech sech net wollt bestueden, mä en aneren Avantage, notamment eng Openthaltsgenehmegung zu Lëtzebuerg, wollt kréien, zweetens, wann ee Geld kritt huet, fir esou e Mariage ze arrangéieren, oder wann een duerch Gewalt oder Drohung eng aner Persoun zu engem Bestietnis gedrängt huet.

Ech hunn nach bäizefügen, dass déi Bestëmmungen hei iwwert déi sougenannt Schäinbestietnisser oder forcéiert Bestietnisser an anere Länner, notamment an der Belsch an och a Frankräich, scho viru Jore geholl si ginn an dass Lëtzebuerg hei eigentlech nëmmen an där doter Matière nozitt an, wéi gesot, sech orientéiert un där belscher Gesetzgebung.

Déi zweet Zilsetzung vun dem neie Gesetz iwwert d'Bestietnis betrëfft, wéi ech dat genannt hunn, eng besser Gläichstellung tëschent Mann a Fra oder eng Gläichstellung vu Persounen ouni Berücksichtegung vun hirem Geschlecht. Ech gesinn an deem Kapitel véier verschidde Moossnamen: fir d'Éischt emol d'Opmaache vum Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Partner; zweetens, d'nei Festsetzung vum Alter, fir sech kënnen ze bestueden; drëttens, d'Ofschafung vum Délai de viduité; a véiertens, d'Ofschafe vum Artikel 1595 vum Code civil.

Déi éischt Neierung, déi een also areie kann an déi Kategorie vun deene Moossname vun enger besserer Gläichstellung tëschent de Persounen am Hibléck op d'Bestietnis, ass d'Opmaache vum Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Partner.

Deen neien Artikel 143 gesäit vir, dass zwou Persoune vu verschiddenem Geschlecht oder gläichem Geschlecht sech bestuede kënnen. U sech hätt een eigentlech kënnen an deem Artikel soen: D'Bestietnis ka stattfannen tëschent zwou Persounen ouni Considératioun vun hirer geschlechtlecher Beschafenheet. Dat heescht, eigentlech hätt de Sexe oder däerf de Sexe an där Hisiicht kee Rôle méi spillen.

D'Bedingungen, fir sech ze bestueden, sinn déiselwecht, ganz egal, ob et eng Koppel vu verschiddenem oder gläichem Geschlecht ass. An d'Konsequenze sinn och déiselwecht. D'Rechter an d'Flichte sinn déiselwecht. Et gëtt do keen Ënnerscheed an et kann och keen en Ënnerscheed siche goen, weder am zivile Recht nach an anere Sparte vun eiser sozialer oder anescht geuerdneter Gesetzgebung. D'Konsequenze sinn also och déiselwecht bei alle juristesche Méiglechkeeten, déi ee sech ka virstellen, notamment am Code civil.

Ech mengen, méi ass doriwwer net ze soen. Well wann ee seet, et gëtt nëmmen ee Mariage, et gëtt nëmmen eng Form, da kann een och net do nach en Ënnerscheed tëschent deem engen oder deem anere maachen.

Zweete Punkt, den Alter, fir sech kënnen ze bestueden, gëtt fir Mann a Fra oder fir Fra a Mann op 18 Joer festgesat. Deen Alter ass elo 16 Joer fir d'Fra an 18 Joer fir de Mann. Firwat dat esou war, dorop wëll ech net agoen, mä dat ass eng al Regel, déi datéiert net nëmme vum Napoleon, mä schonn aus dem Mëttelalter, wéi um Ufank versicht ginn ass, iwwerhaapt de Mariage ze regelen. D'Fra hat ëmmer d'Recht, sech méi fréi ze bestuede wéi de Mann.

Allerdéngs, wa mer soen, et muss een 18 Joer hunn, fir sech däerfen ze bestueden, wëllt dat net soen, dass ee virun 18 Joer kee Mariage däerf agoen. Et kann ee sech och virun 18 Joer bestueden, allerdéngs mat enger duebler Bedingung: Dee Partner, dee manner wéi 18 Joer huet, brauch, fir sech ze bestueden, eng Dispens vum Juge des tutelles. No der jëtzeger Gesetzgebung gëtt déi Dispens accordéiert vum Grand-Duc.

Mir hu gemengt, well mer an engem Rechtsstat sinn, wou och de Refus... Dat ka jo virkommen, déi Dispens ka refuséiert ginn, a well mer an engem Rechtsstat sinn, muss ee kënnen och e Recours maache géint e Refus vun esou enger Dispens. An dofir ass et méi richteg, dass een déi Pouvoiren enger anerer Verwaltung gëtt, an net dem Statschef. Et gëtt awer nach eng aner Ursaach, do kommen ech nach drop.

Zweetens muss de Mannerjähregen den Accord hu vu sengen Elteren oder vun engem vun den Elteren, wann nëmmen een Elterendeel do wär. Wann d'Elteren de Mariage refuséieren, huet de Mannerjähregen oder déi Persoun, déi en Intérêt huet, mä och de Mannerjähregen, d'Méiglechkeet, fir e Recours ze maachen, erëm eng Kéier beim selwechte Riichter, dat heescht beim Juge des tutelles. De Juge des tutelles muss also bei alle Mannerjähregen éischtens emol d'Dispens ginn an e muss ënnersichen, ob déi Autorisatioun vun den Elteren do ass, fir sech däerfen ze bestueden.

Dat ass eng Simplificatioun, wat d'Geriichtsbarkeet ugeet. An och aus där Ursaach hu mer gemengt, wär et wichteg, dass d'Dispens déplacéiert géif gi vum Grand-Duc bei de Juge des tutelles. Wann de Juge des tutelles dat refuséiert, kann natierlech e Recours géint déi Décisioun gemaach ginn. D'Konzentratioun vun deenen Décisioune vun de Bestietnisser vu Mannerjährege beim Juge des tutelles stellt also, wéi ech gesot hunn, eng Vereinfachung duer a gëtt och dem Mannerjährege fir seng Défense eng ganz grouss Garantie.

Eng drëtt Ännerung betrëfft den Délai de viduité. Do sinn natierlech vill Leit, déi froe sech: Wat ass dat? Ech hu kee Lëtzebuerger Ausdrock fir den Délai de viduité. Ech kann et nëmmen ëmschreiwen: Dat ass dee längsten Délai - dat ass en Délai vun 300 Deeg -, deen eng Wittfra muss ofwaarden nom Doud vun hirem Mann, ier se sech erëm däerf bestueden. Et huet eng Persoun, déi mech ugesprach huet, gemengt, dat wär dee längsten Délai, wou se misst traueren.

(Hilarité)

Ech hunn hir missen an där Opfaassung widderspriechen. Dat ass dee längsten Délai - a se enttäuschen! -, dat ass dee längsten Délai, wou aus deem éischte Mariage nach e Kand kéint op d'Welt kommen. A well et zur Zäit vum Napoleon schwéier war ze beweisen, wëssenschaftlech ze beweisen, wien dann de Papp vum Kand kéint sinn - ech verweisen hei op den Artikel 312: de Papp ass deen, dee mat der Fra bestuet ass, a wann en dout ass, bleift en awer de Papp,…

(Interruption)

…och wann duerno e Kand op d'Welt kënnt -, mä dat huet mat sech bruecht, dass d'Fra hei aneschters behandelt gëtt wéi de Mann, well de Mann ka sech nom Doud vun der Fra direkt bestueden. Et ginn haut aner Mëttelen, fir ze beweisen, wie Papp vun engem Kand ass. Dofir ass och déi Dispositioun, déi eigentlech diskriminatoresch ass, net méi ubruecht. An dofir hu mer och proposéiert, déi do Dispositioun ofzeschafen.

E véierten Artikel, deen ofgeschaaft gëtt, ass den Artikel 1595. Deen Artikel gesäit vir, dass tëschent bestuete Partner kee Verkaf däerf stattfannen. Et ass d'Prohibitioun vun der Vente tëschent bestuete Partner.

M. le Président.- Lauschtert wann ech gelift dem Rapporteur no.

(Interruption)

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- D'Regierung ass net betraff heivun.

M. le Président.- Ech wär ganz frou, wann d'Regierung dem Rapporteur géif nolauschteren.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Mir hunn eis beroden. Mir lauschteren no.

M. le Président.- Merci.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Iwwert deen Délai beroden.

(Hilarité)

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Et ass also verbueden, tëschent bestuete Partner sech eppes ze verkafen, dat ass d'Prohibitioun vun der Vente. Do gëtt et een Arrêt vun der Cour constitutionnelle vum 8. Januar 2010, dee festhält, dass deen Artikel géint de Gläichheetsprinzip vum Artikel 10bis vun der Verfassung verstéisst. Mir hu laang driwwer diskutéiert, wat mer mat deem Artikel solle maachen, ob mer e solle reforméieren. An d'Commission juridique huet sech dunn entscheet, esou wéi a Frankräich deen Artikel einfach ofzeschafen. Mat där Propositioun war och de Statsrot d'accord.

Här President, ech kommen nach op e leschten Deel vu mengem schréftleche Rapport. Dat si Mesuren, déi ech eigentlech net konnt areien, weder an déi eng Zilrichtung nach an eng aner, weder an déi vun de Schäinbestietnisser nach an déi vun der Gläichstellung vun de Partner.

Dat ass fir d'Éischt emol an dem État civil deen Text, dee virgesäit, dass an Zukunft kee Beruff méi brauch am État civil agedroen ze ginn. Et si vill Leit, déi de Beruff änneren, soudass dann déi Androung am État civil souwéisou falsch ass. Dofir gëtt elo d'Noutwendegkeet, fir säi Beruff unzeginn, gestrach.

Zweet Ännerung: Mir hu misse queesch duerch de Code civil d'Ausdréck „époux/épouse" ersetzen duerch „conjoint", notamment wéinst de gläichgeschlechtleche Partner. Mir hunn och d'Ausdréck „père et mère" ersat duerch „parents", esou wéi de Conseil d'État dat virgesinn oder proposéiert hat. Dat war séier gesot, mä dat huet e groussen Deel vun der Aarbecht ageholl.

Da wëll ech awer nach op eng aner Neierung hiweisen, an dat ass d'Ofschafung vum Gesetz vum 19. Dezember 1972. Dat Gesetz huet virgesinn, dass, wann ee sech wollt bestueden, een e Certificat médical op der Gemeng huet missen ofginn, dass een en vue, am Hibléck vum Mariage vun engem Dokter ënnersicht gi war.

De Gesondheetsministère huet gemengt, well haut e grousse Prozentsaz vun de Leit sech net méi bestueden, kéint d'Zil vun deem Gesetz souwéisou net erreecht ginn, an doniewent wär et och esou, dass déi meescht Leit haut hiren eegenen Dokter hätten an dass se virum Bestietnis scho méi wéi eng Kéier beim Dokter waren, dass den Dokter se géif kennen an dass se iwwert den Dokter, notamment iwwert de Referenzdokter, hiren eegene Gesondheetszoustand haut besser géife kennen - wat ze beweise wär - wéi 1972.

Ganz egal, wat och d'Ursaache sinn, d'Kommissioun huet sech dem Virschlag vum Gesondheetsministère ugeschloss an d'Gesetz vum 19. Dezember 1972 ofgeschaaft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu menger kuerzer Konklusioun.

Ech soe fir d'Éischt emol Merci all deenen, déi matgeholl hunn un där Reform: déi verschiddenst Ministeren; d'Beamten aus dem Ministère, déi vill Gedold hu missen hunn, och mat der Commission juridique a mam Rapporteur; d'Regierungs-, déi zoustänneg Sekretäre vun der juristescher Kommissioun, déi eis duerch déi Tableauen, déi se gemaach hunn, d'Recherchen, déi se gemaach hunn, ganz vill geholl hunn; déi juristesch Kommissioun selwer, déi vun der leschter Legislaturperiod a vun där heiter; an zum Schluss och meng Mataarbechter aus der CSV-Fraktioun.

D'Gesetz 6172A, wat d'Bestëmmunge vum Bestietnis reforméiert, setzt wierklech nei Akzenter, op ville Punkten. Ech hunn elo a groben Zich eenzel Linnen hei skizzéiert, mä et

si vill Nuancen dran, déi een an engem vereinfachte Rapport, deen ee mécht, net kann erëmginn. Déi Nuancë sinn e wéineg verluer gaangen, ech ginn dat zou, mä dat ass awer net dran, wann ee wëllt en Exposé méi einfach maachen.

All déi, déi sech do fir d'Matière interesséieren, kënnen dat an deem ausféierleche Rapport an am Text selwer noliesen. An ech mengen, et sinn der och vill, vill Leit am Land, déi direkt betraff si vun deem Text hei, soudass et vläicht och wichteg wär, dass déi zoustänneg Ministèrë souwuel de Gemengen, mä och de Leit déi Reformen iwwer verständlech Texter méi no kéinte bréngen.

Ech mengen, dass Lëtzebuerg sech heimat, duerch déi Reform vum Bestietnis, e modernen Text gëtt, en Text, deen eis och erlaabt, aner Reformen elo unzegoen, notamment déi vun der Adoptioun, vun der Filiatioun an och vum Scheedungsrecht. Hei ass en éischte Steen an déi do Richtung. An dofir kann ech nëmmen dat, wat an dem schrëftleche Rapport zum Schluss steet, Iech recommandéieren, Dir Dammen an Dir Hären: deen Text hei ze stëmmen!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Ier ech deem nächste Riedner d'Wuert ginn, erlaabt Der mer vläicht, dann och dem honorabele Rapporteur en häerzleche Merci ze soe fir säin trotzdeem ganz nuancéierte Rapport. An ech géif dann d'Wuert weiderginn un den Här Léon Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et ass net alldeeglech, datt een an dësem héijen Haus iwwer e gesellschaftspoliteschen Dossier debattéiert an zum Schluss och ofstëmmt, duerch deen een eng iwwer 200 Joer al zivilrechtlech Institutioun wëllt reformëieren. An nodeems esou en alen Hues wéi de Paul-Henri Meyers geschwat huet, ass et och fir...

Plusieurs voix.- Ooh!

(Brouhaha)

M. le Président.- Mä jonk am Geescht!

Une voix.- Très bien!

(Interruptions diverses)

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Cela ne me dérange pas.

M. Léon Gloden *(CSV).*- Dat war guer net pejorativ gemengt. De Rapporteur huet verstanen, wéi ech dat wollt soen.

...ass et besonnesch fir e méi jonken Deputéierten, deen net déi Erfahrungswäerter huet wéi de Rapporteur, en Challenge, zu esou engem gesellschaftspoliteschen Dossier ze schwätzen.

De Projet geet zréck op den deemolege Justizminister François Biltgen. An dëse Projet gouf virugefouert vun der leschter CSV-Justizministerin Octavie Modert.

De Rapporteur ass op d'Diskussiounen an der Kommissioun agaangen, an et huet ee wierklech och an där Kommissioun gespuert, datt mer en net alldeegleche Projet de loi géifen do traitéieren. Ech wéilt och op dëser Plaz dem Rapporteur e grousse Merci soen, datt e mat deem néidege Fangerspëtzegefill a mat dem néidegen Know-how eis alleguer duerch déi dach komplex Matière vum Mariage am Code civil gefouert huet.

D'CSV ass sech, wéi ëmmer, hire Responsabilitéite bewosst. Mat eis kann een iwwer alles schwätzen, och iwwer gesellschaftspolitesch Themen.

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Léon Gloden *(CSV).*- Mir blockéieren net per se, mä mir huelen Décisiounen op Basis vun Texter, vun Argumenter an opgrond vun eisem Grondsazprogramm.

Här President,...

M. le Président.- Hei!

M. Léon Gloden *(CSV).*- ...wann ech als Buergermeeschter Leit bestueden zu Gréiwemaacher op der Gemeng, dann halen ech ëmmer eng kleng Usprooch. Eng Usprooch iwwert d'Léift. D'Léift!

Une voix.- Richteg!

M. Léon Gloden *(CSV).*- D'Léift ass jo dat héchst positivt Gefill, wat zwee Mënsche kënne fir deen aneren empfänken an emfannen.

Une autre voix.- Zwee Mënsche fir en aneren.

M. Léon Gloden *(CSV).*- Wann zwee Leit sech bestueden, also d'Unioun virum Officier vum Ëat civil aginn, da ginn zwee Individuen, zwee eenzegaarteg Mënschen zesummegefouert an duerch de Mariage forméiere se à nouveau eng eenzegaarteg Koppel, well keng Koppel ass d'selwecht wéi déi aner.

An dat ass hei d'Fro an dësem Projet de loi: Wéi wäit däerf een Drëtten - an dësem Fall de Législateur - sech an eng éierlech Léift tëschent zwou Persounen amëschen? Wéi wäit däerf ee sech do amëschen? Dat heescht, wat fir eng Limiten däerf de Législateur der éierlech emfonntener, der éierlech gemengter Léift tëschent zwou Persoune setzen?

An et ass kloer, wann een, an ech hunn et virdru gesot, eng Institutioun wéi de Mariage reforméiert, déi op mënschleche Gefiller baséiert, an dësem Fall op der héchster positiver Emotioun, datt esou e Projet de loi Emotiounen an der Gesellschaft ervirrifft. Där enger an där anerer.

Woubäi ech awer op dëser Plaz kloer wëll ënnersträichen, datt een déi Leit, déi, ouni datt déi Leit Haass schüre wëllen, eng Rei duerchaus berechtegt Froen opwerfen, stellen a probéieren, eng Antwert dorobber ze fannen, net als reaktionär duerstelle soll, mä och fir déi Leit Versteesdemech opbrénge soll. D'Politik muss à la fin du jour eng Décisioun huelen.

Datt dës Reform net einfach ass, datt dës Reform komplex ass, och juristesch ganz komplex, beweist eleng d'Tatsaach, datt de Statsrot eng Rei Avis séparés zu dësem Projet geholl huet. An de Rapporteur huet dat och kuerz ugedeit.

Ech wéilt op dëser Plaz fir d'Éischt emol ënnersträichen, et geet ëm d'Réforme globale vun der Institutioun vum Mariage. De Mariage homosexuel, dee Punkt, dee jo ganz vill dobaussen an der Effentlechkeet diskutéiert ginn ass, ass ee vu ville Punkten, jo, e wichtege Punkt, awer net deen eenzege Punkt an dëser Reform.

Duerch dëse Projet de loi gëtt eng Modernisatioun, eng generell Modernisatioun vun der Institutioun Mariage ervirgeruff. A mir wäerten déi Limiten, déi bis elo bestanen hunn, fir datt eng éierlech gemengte Léift net konnt zustane kommen oder méi schwéier zustane kommen, ofschafen. Zum Beispill de Contrôle médical gëtt ofgeschaaft, den Délai de viduité - de Rapporteur huet Iech erkläert, ëm wat et hei geet.

Och eng Reform, och e Punkt, dee wichteg ass: Mir schafen of, datt de Beruff an der Publikatioun muss publizéiert ginn. Well - eng kleng Klammer op - et bestit ee sech jo net, well de Partner déi eng oder aner Funktioun oder deen een oder anere Beruff huet, mä et bestit ee sech jo exklusiv aus Léift. Klammer zou.

Une voix.- Exklusiv!

(Brouhaha)

M. Léon Gloden *(CSV).*- En anere wichtege Punkt, an de Rapporteur huet et och ugedeit, ass d'Gläichstellung vu Mann a Fra an dësem Projet de loi. Jiddwereen däerf sech bestueden, wann en 18 Joer huet. Et ginn eng Rei Exceptiounen, ech ginn net méi dorop an. Mä well de Mariage déi ultime Form vum Zesummeliewen ass, baséierend exklusiv op der Léift, musse méi streng Kontrollen agefouert ginn, fir géint d'Mariages blancs a Mariages simulés virzegoen. Och dat geschitt duerch dëse Projet de loi.

Här President, komme mer dann zum Mariage homosexuel, e wichtege Punkt an dësem Projet de loi. Erlaabt mer, hei meng perséinlech Gedankenevolutioun zu dësem Punkt Iech matzedeelen.

Jo, ech hu mech och perséinlech am Ufank ganz schwéier mam Mariage homosexuel gedoen, well et ass eppes - entre guillemets - „Friemes", eppes Ongewinntes, wat mir bis heihinner net kannt hunn. Wéi ech dës éischt Iwwerleeunge gemaach hunn, hunn ech mer gesot: Sief elo net stur, setz dech mat deenen aneren Argumenter och auserneen!

An ech hunn och eng Kéier den CSV-Grondsazprogramm duerchgelies,...

Plusieurs voix.- Ah!

M. Léon Gloden *(CSV).*- ...wou drasteet, datt d'CSV eng Volkspartei ass, wou de Respekt virum eenzelne Mënsch ancréiert ass, eng Partei, déi op d'Solidaritéit setzt, déi och op de Respekt vum Rechtsstat setzt.

Erlaabt mer, hei och kuerz en Auszuch aus der Regierungserklärung vum 29. Juli 2009 vum deemolege Premier ze liesen, well och déi hunn ech nach eng Kéier am Detail gelies.

Deemools sot de Jean-Claude Juncker: „D'Politik huet och d'Flicht, sech iwwert dat Wirtschaftlecht, Finanziellt a Soziaalt eraus mat deene Liewensfroen ze beschäftegen, déi d'Leit am Land ëmdreiwen. Si muss vun Zäit zu Zäit der Gesellschaft d'Temperatur huelen. Si muss spieren, wéini ronderëm bestëmmte gesellschaftspolitesch Froe genuch Konsensele-menter erugeräift sinn, déi hir et erlaben, fir kënne behäerzt ze légiféréieren. Wa se e Konsens feststellt, deen um Wuessen ass, ouni schonn integral ze sinn, muss se kënnen den integrale Konsens - deen et eigentlech ni ganz gëtt - antizipéieren. Och dann, wann net jiddwereen oder nach net jiddweree sech deem Quasikonsens kann uschléissen. Mä d'Politik muss mat der Gesellschaft harmonéieren, si däerf hir net ëmmer nëmmen nolafen.

Dofir féiere mer d'Bestietnis fir Homosexueller an. Gläichgeschlechtlech Partner solle sech kënne bestueden. Gléck léisst sech net exklusiv iwwer klassesch Strukturen an Ariichtungen definéieren. Et bestëmmt sech aus sech selwer eraus. Och dowéinst solle mer de gläichgeschlechtleche Partner e Recht ginn, d'Kanner vun hirem Partner ze adoptéieren. Et gëtt kee Recht op d'Kand. Et gëtt wuel awer Rechter vum Kand. Déi Léisung, déi mer virschloen, respektéiert genau dës Rechter." Fin vun der Citatioun.

Léif Leit, ech hu mer dunn och déi perséinlech Fro gestallt: Mat wéi engem Recht kann ech engem anere refuséieren dat Recht, wat ech fir mech selwer beusprochen a wat ech a mengem perséinleche Fall och selwer virun eelef Joer exercéiert hunn? Hunn ech och mat Concernéierte geschwat? Well wann ee ronderëm kuckt, dann huet jiddwereen, kennt jiddweree Leit, déi doduerch betraff sinn. An deene Leit geet et net drëms, ze schockéieren dobaussen, déi Leit wëlle just datselwecht Recht kréie wéi d'Heterokoppelen och.

Well de Mariage ass keng Halligalli-Institutioun. A well mer haut de Mariage hei reforméieren, beweist dat, datt de Mariage seng Daseinsberechtegung huet. An et ass jo och eng Demande do, fir sech kënnen ze bestueden. Well och an engem Débat wéi dësem sollt ervirgestrach ginn, datt de Mariage eng fest Bindung ass, eng Bindung bis zum Enn vum Liewen, wou net nëmme Rechter entstinn, mä och Flichten.

An ech erënnere mech, an de Rapporteur erënnert sech och dorun, datt mer och en Débat haten an der Kommissioun iwwert déi Termen: Fidélité, Assistance a Secours mutuel, an datt mer eis eens waren alleguer an der Kommissioun, datt dat d'Quintessenz vum Mariage ass an datt mer un deenen Termen näischt solle réckelen.

An da muss een och d'Realitéit an d'Ae kucken. Ech moosse mer wierklech hei net un, e Jugement ofzeginn, mä ech stelle just fest, datt haut bei den Heterokoppelen, déi bestuet sinn, d'Halschent, iwwert d'Halschent an d'Bréch ginn: 50,4% no deene Chifferen, déi mir virleien. Och dat beweist, datt déi sakrosankt Institutioun, wann ech dat esou däerf soen, vum Mariage awer och duerch Heterokoppele Rëss kritt. D'ailleurs, wann dat hei agefouert ass, sinn och d'Homokoppelen net géint d'Scheedung gefeit. Wann et net méi geet, da muss een och kënnen aus enger Institutioun wéi dem Mariage dignement austrieden.

Ech wéilt och hei op dëser Plaz ënnersträichen, datt eng ganz Rei Länner de Mariage homosexuel hunn. Mir erfanne jo hei näischt, keen Deus ex machina, mä et geet duer, wann ee ronderëm kuckt. Erlaabt mer just ervirzehiewen, datt an der Unioun bis haut zéng Memberstaten de Mariage homosexuel hunn: wéi d'Hollänner, wéi d'Belsch, wéi Dänemark, Spuenien, Portugal a Frankräich, fir just déi ze zitéieren.

Et sinn och eng Rei südlännesch Länner, déi et hunn: wéi Argentinien, Brasilien, Mexiko. Souguer an Amerika sinn no mengen Informatiounen 18 vu 50 Memberstaten, déi de Mariage homosexuel hunn. An et ass amgaangen, iwwert den Homomariage légiféréiert ze ginn a Länner wéi Taiwan, Thailand, Vietnam, Chile an och nach an villen anere Memberstate vun de Vereenegte State vun Amerika.

Firwat - firwat -, léif Leit, an déi Fro muss ee sech stellen, hunn dann esou vill Länner de Mariage homosexuel unerkannt? An de Statsrot gëtt am Fong indirekt eng Äntwert a sengem Avis vum 27. November 2012.

Ech zitéieren: «Dans la conception du mariage, la plus universellement répandue de nos jours, l'altérité des sexes n'est pas une condition nécessaire au mariage et les raisons pour se marier sont si multiples et variées que la diversité de sexe entre partenaires n'est pas perçue comme un élément nécessaire et péremptoire.

Mariage et procréation sont de moins en moins perçus comme étant nécessairement liés. Pour les personnes qui décident de se marier, les facteurs déterminants ne sont plus des motivations d'ordre économique ou de statut, ni la volonté de fonder une famille, mais l'affection personnelle, la solidarité émotionnelle, l'échange avec l'autre et la compréhension réciproque. Il en résulte que le mariage ne saurait plus être perçu comme l'apanage exclusif de deux personnes de sexe différent.»

De Statsrot fiert virun: «Le droit civil a un rôle stabilisateur et modérateur dans les sociétés, et se caractérise par conséquent nécessairement par certains traits conservateurs plutôt qu'avant-gardistes ou précurseurs. Il faut cependant veiller à ce qu'il ne s'installe pas un déphasage entre la réalité sociologique, sociale et humaine d'une société et les normes civiles appelées à la régir. Ces considérations plaident en faveur de modifications fondamentales, surtout en matière du droit des personnes.». Fin de citation.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et sinn all dës Iwwerleeungen, déi d'CSV-Fraktioun dozou gefouert hunn, fir de Mariage homosexuel ze sinn.

Mä domadder ass de Projet de loi nach net fäerdeg. An de Rapporteur ass op déi verschidden Aspekter agaangen, déi d'Introduktioun vun der Reform vum Mariage wäert mat sech bréngen. An doduerch, datt mer duerch dëse Projet de loi de Mariage homosexuel aféieren, hu sech natierlech och eng ganz Rei juristesch Froen als Konsequenz gestallt, notamment d'Adoptioun. D'Adoptioun ass e sensibele Sujet. Vläicht nach méi sensibel - vläicht nach méi sensibel -, wéi d'Fro vum Bestietnis vun Homokoppelen.

An déi Leit, déi domadder Schwieregkeeten hunn, datt Homokoppele kënne Kanner adoptéieren, sollen net an de rietsen Eck gedréckt ginn. Et gi Fakten, wou ee ka soen, jo, vläicht kritt dat Kand et am Ufank e bësse méi schwéier. Net duerch d'Koppel - net duerch d'Koppel! -, mä mir wëssen alleguer, datt d'Kanner kënnen an enger Schoul grausam sinn an datt Kanner do gehänselt ginn. Si ginn elo heiansdo gehänselt duerch deen een oder deen anere sozialen Ëmstand. An dat ka geschéien. Mä ass dat en Argument, fir ze soen, mir wëllen d'Adoptioun net opmaachen?

Ech erënneren och un d'Diskussiounen an der Kommissioun. De Rapporteur huet et erkläert. Am Ufank war jo net, den Objet vun deem Projet de loi war jo net d'Adoptioun, et war de Mariage. An doduerch, datt mer de Mariage opgemaach hunn, si mer och, an ech kommen herno nach drop zréck, si mer op de Wee gaangen, fir net nëmmen d'Adoption simple, mä och d'Adoption plénière fir d'Institutioun Mariage ze generaliséieren, wann ech dat esou ka soen.

Et gëtt vill geschriwwen am Kader vun der Adoptioun iwwert den Droit naturel. Ech wëll elo hei keen Débat juridico-philosophique lasstrieden, mä et gëtt en Ënnerscheed tëschent „le droit naturel" an „les droits naturels". Den Droit naturel ass eppes, wat am Fong net soll evoluéieren, wann Der déi grouss Philosophen noliest. Mä „les droits naturels" am Pluriel, dat sinn Droits subjectifs, déi evoluéiere mat der Zäit. A ganz oft ginn als „les droits naturels" d'Droits de l'Homme zitéiert, a mir wëssen alleguer, datt d'Droits de l'Homme och kënnen evoluéiere mat der Zäit.

A wann ech mat villen Homokoppele geschwat hunn, deene geet et guer net un éischter Stell och ëm d'Adoptioun, a scho guer net ëm d'Adoption plénière, mä si wëllen un éischter Stell vun der Institutioun Mariage profitéieren. A wéi mir an der Kommissioun just d'Adoption simple wollte bäibehalen, dunn huet de Statsrot gesot, baséierend op der Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff, datt dat net géif goen. An ech mengen, et ass wichteg, och eng Kéier hei am Plenum déi relevant Passagen ze zitéieren:

«La Cour...», also d'Cour vu Stroossbuerg, «...a conclu à la violation de l'article 14, combiné à l'article 8 de la Convention de sauvegarde des droits de l'Homme et des libertés fondamentales, en constatant que la différence de traitement opérée en matière d'adoption avait été fondée sur l'orientation sexuelle des requérantes. La Cour a encore observé que le principe de proportionnalité exige dès lors non seulement que la mesure soit normalement de nature à permettre la réalisation du but recherché, mais oblige également de démontrer qu'il était nécessaire pour atteindre ce but, en l'espèce la protection de l'enfant, d'exclure certaines personnes, en l'espèce des personnes vivant dans une relation homosexuelle, du champ d'application de la mesure dont il s'agit.

Dans cette affaire, la Cour a plus précisément reproché au gouvernement autrichien de ne pas avoir établi le caractère préjudiciable pour un enfant d'être élevé par un couple homosexuel et de pas avoir établi l'affirmation que

seules les familles composées de parents de sexes opposés soient capables d'élever convenablement un enfant.»

An enger anerer Affär huet den Europäesche Geriichtshaff den 28. Februar 2010 décidéiert: «La Cour a constaté que la communauté scien tifique et plus particulièrement les spécialistes de l'enfance, les psychiatres et les psychologues, est divisée sur les conséquences éventuelles de l'accueil de l'enfant par un enfant ou des parents (veuillez lire: par un ou des parents) homosexuels. Il n'est partant pas prouvé à l'heure actuelle que l'adoption d'un enfant par une personne homosexuelle ou par un couple de même sexe soit toujours dans l'intérêt supérieur de l'enfant.Il n'est cependant pas non plus prouvé qu'une telle adoption soit contraire à l'intérêt supérieur de l'enfant.» Fin de citation.

An, Här President, mir liewe jo net an engem rechtsfräie Raum. Mir hunn international, europäesch Traitéë ratifizéiert, ënner anerem d'Mënscherechtskonventioun, ënner anerem d'Unerkennung vun der Juridictioun vum Mënscherechtsgeriichtshaff zu Stroossbuerg. Wa mer soen, mir wëllen déi Reform vum Mariage, wéi se hei exposéiert ginn ass, an et stelle sech déi juristesch Konsequenzen opgrond vu rechtskräftegen Uerteeler, déi mer unerkennen, da muss een och zur Konklusioun kommen, datt an dem Fall vun dem Mariage homosexuel d'Adoptiounsrechter déiselwecht si wéi am Kader vun engem Mariage hétérosexuel.

Souguer den ORK huet a sengem Avis gesot, datt vum Point de vue juridique d'Exklusioun vun den Homokoppele fir Adoption plénière net justifizéiert ass, mä, an ech mengen, do si mer eis alleguer eens heibannen, datt den Intérêt supérieur vum Kand an eleng den Intérêt supérieur vum Kand muss zielen.

Ech wéilt och eng Kéier, ech wëll dat elo hei net zitéieren, fir lech net ze langweilen, mä et ass och eng Kéier wichteg, d'Artikelen 351 et suivants aus dem Code civil nozeliesen, well am Kader vun enger Adoption simple oder an enger Adoption plénière vu Kanner hei zu Lëtzebuerg mussen nach ëmmer d'Elteren, déi leiblech Elteren, hiren Accord gi fir esou eng Adoptioun. Wann ee vun de leiblechen Eltere gestuerwen ass, da geet den Accord vun dem iwwerliewenden Elterendeel duer. Mä och dat ass eng Informatioun, déi ech wollt hei awer och nach eng Kéier ënnersträichen, well déi Informatioun, hunn ech fonnt, ass e bëssen an den Debatten dobaussen ënnergaangen.

Jo, mir sinn eis eens, et geet ëm d'Recht vum Kand an net ëm d'Recht op d'Kand. Dëse Prinzip gëllt fir all Mariage. Jo, «l'enfant n'est pas un objet de droit, mais un sujet de droit». An et ass eleng dee Sujet de droit, den Intérêt supérieur vum Kand, dee muss an der Enquête sociale gekuckt ginn, fir ze décidéieren - egal, wat fir eng sexuell Orientéierung d'Koppel huet vun de Requéranten -, ob e Kand zur Adoptioun fräigi gëtt oder net.

An an deem Sënn, Här President, déposéieren ech lech och hei eng Motioun, wou mer als CSV nach eng Kéier drop hiweisen, datt fir eis den Intérêt supérieur de l'enfant maassgebend ass.

M. le Président.- Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant qu'il n'existe pas de droit à l'enfant, mais uniquement des droits de l'enfant;

- considérant que le fait de refuser l'adoption aux personnes et couples de même sexe revient à traiter de manière différente les personnes et les couples homosexuels et hétérosexuels;

- considérant que si des différences de traitement sont possibles, elles doivent se fonder sur des raisons objectives, rationnellement justifiées, adéquates et proportionnées à leur but;

- considérant que pour la Cour européenne des droits de l'Homme, une différence de traitement opérée en matière d'adoption fondée uniquement sur l'orientation sexuelle constitue une violation des articles 14 (interdiction de la discrimination) et 8 (droit au respect de la vie familiale) de la Convention de sauvegarde des droits de l'Homme et des libertés fondamentales;

- considérant encore que pour la Cour européenne des droits de l'Homme le principe de proportionnalité exige non seulement que la mesure soit normalement de nature à permettre la réalisation du but recherché, mais oblige aussi de démontrer qu'il était nécessaire pour atteindre ce but d'exclure certaines personnes du champ d'application de la mesure visée;

- soulignant également que la Cour européenne des droits de l'Homme a clairement reconnu la protection de l'intérêt de l'enfant comme un but légitime;

- considérant que cet intérêt doit impérativement guider toutes les décisions en matière d'adoption quelle que soit d'ailleurs l'orientation sexuelle des adoptants;

- considérant dès lors que le caractère préjudiciable d'une adoption pour un enfant ne dépend pas de l'orientation sexuelle de son ou de ses parent(s) adoptif(s);

- considérant dès lors que la procédure d'adoption, et plus particulièrement l'enquête sociale préalable à la décision d'adoption, revêtent une importance fondamentale;

- relevant à cet égard que l'article 10 de la Convention européenne en matière d'adoption des enfants (révisée) dispose que:

«L'autorité compétente ne prononce une adoption qu'après la réalisation des enquêtes appropriées concernant l'adoptant, l'enfant et sa famille. Au cours de ces enquêtes et par la suite, les données ne peuvent être collectées, traitées et communiquées que dans le respect des règles relatives au secret professionnel et à la protection des données à caractère personnel. Les enquêtes, dans la mesure appropriée à chaque cas, portent autant que possible et entre autres sur les éléments suivants:

a. la personnalité, la santé et l'environnement social de l'adoptant, sa vie de famille et l'installation de son foyer, son aptitude à élever un enfant;

b. les motifs pour lesquels l'adoptant souhaite adopter un enfant;

c. les motifs pour lesquels, lorsque seulement l'un des deux époux ou partenaires enregistré(e)s demande à adopter l'enfant, l'autre ne s'associe pas à la demande;

d. l'adaptation réciproque de l'enfant et de l'adoptant, et la période pendant laquelle l'enfant a été confié à ses soins;

e. la personnalité, la santé et l'environnement social, ainsi que, sous réserve de restrictions légales, le milieu familial et l'état civil de l'enfant;

f. les origines ethnique, religieuse et culturelle de l'adoptant et de l'enfant.»;

- rappelant qu'il n'existe pas de droit à l'enfant et considérant partant que l'intérêt de l'enfant ainsi que la sécurité juridique imposent une réglementation claire et rigoureuse des différentes méthodes de procréation et techniques médicales de procréation existantes;

invite le Gouvernement

- à évaluer le fonctionnement de la procédure d'adoption actuelle et à procéder aux adaptations qui s'avéreraient nécessaires pour renforcer la protection de l'intérêt de l'enfant en tenant compte de l'article 10 de la Convention européenne en matière d'adoption des enfants précitée;

- à soumettre les enquêtes sociales préalables à l'adoption à une évaluation;

- à faire en sorte que toute adoption, peu importe l'orientation sexuelle des adoptants, se fasse toujours en considération de l'intérêt supérieur de l'enfant;

- à considérer la signature de la Convention européenne en matière d'adoption des enfants (révisée) du 27 novembre 2008;

- à encadrer strictement les méthodes de procréation et techniques médicales de procréation voire à légiférer à ce niveau, notamment en tenant compte des dispositions y relatives contenues dans le projet de loi 6568 portant réforme du droit de la filiation.

(s.) Léon Gloden, Sylvie Andrich-Duval, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Octave Modert, Serge Wilmes, Claude Wiseler.

M. Léon Gloden *(CSV).*- Mir maache jo och keng Gesetzer, fir just Gesetzer ze maachen. Mir maache Gesetzer, well eng gewësse Realitéit dobausse sech erausschielt. An d'Realitéit am Kader vun der Adoptioun ass och, datt ëmmer manner Kanner adoptéiert ginn. Dat huet éischtens domadder ze dinn, datt manner Kanner aus dem Ausland fräigi ginn, fir adoptéiert ze ginn, well déi Länner, déi d'Convention de La Haye iwwert d'Adoptioun ratifizéiert hunn, ëmmer méi versichen, och an hirem Land, wéi et do steet, d'Kanner ënnerzekréien, oder probéieren, datt d'Kanner an hirer originärer Famill kënne bleiwen.

Et ass och eng Tatsaach, datt, wa mer dëse Projet de loi stëmmen, eng Rei Länner net méi wäerte fir Lëtzebuerg Kanner fräiginn zur Adoptioun wéinst dem Homomariage. Mä dat ka keen Argument sinn, fir géint den Homomariage ze sinn.

Léif Leit, opgrond vun all dësen Iwwerleeunge ginn ech heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Gloden. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zéng Joer nodeem mer hei an der Chamber d'Aféierung vun deem éischten Entworf vun der ziviler Partnerschaft décidéiert hunn, d'zivil Partnerschaft, déi souwuel op ass fir béidgeschlechtlech wéi gläichgeschlechtlech Koppelen, steet elo d'Chamber virun enger weiderer Reform, enger Revolutioun sécherlech am Lëtzebuerger Familljerecht. Et geet ëm d'Aféierung vum Bestietnis och fir gläichgeschlechtlech Koppelen.

Dëse Gesetzesprojet stellt ouni Zweifel, dat ass scho gesot ginn, déi fundamentaalst Reform vum Bestietnis duer, déi mer hei zu Lëtzebuerg zënter dem Code Napoléon duerchzefëieren hunn. Et ass awer och an eisen Aen déi lescht Etapp vun enger jorzéngtelaanger Entwécklung, wat d'Bestietnis ugeet, enger Entwécklung, déi sech an zwou Richtunge beweegt huet: eng Entwécklung haaptsächlech, wat d'Ëmsetze vum Gläichheetsprinzip am Familljerecht a besonnesch am Bestietnis betrëfft, wou et drëm geet, dëse Prinzip ze stäerken an integral ëmzesetzen.

Haut schloe mer dat Kapitel definitiv zou. Mat dëser Reform hu mer de Gläichheetsprinzip an allen Elementer vum Bestietnisrecht zu Lëtzebuerg ëmgesat an domadder och dem Artikel 11 vun eiser Verfassung Rechnung gedroen.

Et ass awer och eng jorzéngtelaang Entwécklung, déi sech och am Berstietnis elo erëmspigelt, fir enger Form vun Diskriminéierung vu Mënschen opgrond vun hirer sexueller Orientéierung en Enn ze setzen. An duebeler Hisiicht also, a puncto Gläichheetsprinzip an a puncto Netdiskriminéierung, setze mer haut, esou denken ech, e Meilesteen duerch de Vote vun dësem Gesetzesprojet.

Fir all déi Politiker, fir all déi Parteien, déi sech net zënter Kuerzem, mä déi sech zënter laange Jore fir Mënscherechter, fir Netdiskriminéierung a fir eng Moderniséierung vum Familljerecht asetzen, ass et sécherlech e Moment vu grousser Satisfaktioun: d'Satisfaktioun, iwwer steten Asaz enger Iddi zum definitiven Duerchbroch verhollef ze hunn.

Als LSAP hate mer d'Homobestietnis fir d'Éischt 1999 an engem Wahlprogramm; aner Parteie schonn e puer Joer éischter. Zënter '99 triede mer also mam Wieler kloer mat eisen Absichte vir a mir setzen eis an, dass mer d'Bestietnis opmaachen och fir gläichgeschlechtlech Koppelen.

Zënter 2004 soe mer och kloer an eisem Wahlprogramm, dass mer och fir d'Méiglechkeet vun alle Forme fir Adoptioun bei gläichgeschlechtleche Koppele sinn. Déi zwou Iddie ginn hei an dësem Gesetzesprojet ëmgesat, esou wéi et aus den Aarbechte vun der juristescher Kommissioun ervirgeet.

Et ass e laange Wee gewiescht, e laange Wee, deen net einfach war a wou net ëmmer hei eng Majoritéit an der Chamber war! De mandatéierte Spriecher vun der CSV huet gesot, mat der CSV wär ëmmer iwwer Gesellschaftsfroen ze diskutéieren. Jo, et konnt ee mat hinnen diskutéieren! Et wär och nach, géif ech soen, echt, wann een net méi kéint ënner demokratesche Parteien iwwer politesch Themen, déi d'Gesellschaft betreffen, diskutéieren. Mä et war net ëmmer einfach, mat der CSV sech eens ze setzen op deem dote Punkt.

An ech wëll awer net esou grausam sinn, hei Zitater unzeféieren aus den Debatten, déi mer hei virun zéng Joer haten,…

(Interruptions diverses)

…am Mee 2004, wou mer iwwert d'Gesetz iwwert d'zivil Partnerschaften ofgestëmmt hunn, mä wou awer och ofgestëmmt an debattéiert ginn ass an därselwechter Debatt ronderëm eng Proposition de loi vum Renée Wagener, déi mer als LSAP mat ënnerstëtzt hunn, fir de Mariage pour tous hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. Dat war virun zéng Joer!

An an zéng Joer huet sech eigentlech un de juristeschen Argumenter näischt geännert, huet sech och un der Notioun vun der Léift, déi hei héichgehale gëtt, näischt geännert. Huet sech, mengen ech souguer, um Grondsazprogramm vun der CSV am Wesentlechen näischt geännert. An dach sinn ech frou festzestellen, dass d'CSV haut zu enger anerer Konklusioun kënnt wéi virun zéng Joer.

Mam Ënnerscheed, dass eis zéng Joer verluer gaange sinn, fir déi Vollreform vum Bestietnis ze maachen, enger Diskriminéierung, déi bestanen huet, en Enn ze setzen. Dat ass schued, dass et esou laang gedauert huet. Mä et ass ze begréissen, dass et haut méiglech war, an an engem breede Konsensus méiglech ass. Dat hunn ech nach wie vor léiwer wéi knapp Ofstëmmungen hei an dësem Parlament, wann ee besonnesch gesellschaftlech Reforme kann op e bësse méi breet Féiss stellen. Dat brauch heiansdo Zäit.

Vläicht huet et sech gelount, op déi Zäit ze waarden, well ee jo och muss feststellen, dass allgemeng - allgemeng - d'Diskussioun dobausse roueg gefouert ginn ass. Et ass emol deen een oder aneren Dérapage ginn, déi eng oder aner Lieserbréiwer oder aner Aussoen an de Sozialnetzer, déi sécherlech iwwert d'Zil erausgeschoss sinn an déi och emol konnte blessant sinn. Mä ech muss awer soen, dass souwuel hei tëschent de politesche Parteien wéi och an der Gesellschaft dobaussen, fannen ech perséinlech, awer d'Limitë vun enger haarder Diskussioun an der Saach net dépasséiert gi sinn.

Dat muss een ervirhiewen, wéi ech och wëll ervirhiewen, dass déi Reform hei, dat ass eng Particularitéit vun der Geschicht, rapportéiert gëtt duerch en CSV-Deputéierten,…

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- …d'CSV, déi éischter Bremser an där ganzer Geschicht iwwer laang Joren zumindest war an déi elo iwwert de Rapporteur…, deem ech wëll félicitéiere fir seng engagéiert Aarbecht, virun allem och an der Kommissioun, wéi en un déi komplex an delikat politesch Matière erugaangen ass. En huet et fäerdegbruecht, dozou bäizedroen, och do d'Debatten e bëssen ze entkrampfen, ze versachlechen, an dat huet sech, mengen ech, och sécherlech op déi ëffentlech Diskussioun ausgewierkt. Also dem Paul-Henri Meyers en décke Merci!

Wéi mer alleguerten eigentlech, mengen ech, an der juristescher Kommissioun iwwert déi lescht Joren - mir hu jo haaptsächlech 2012 fir d'Éischt ugefaangen, intensiivst iwwert déi Texter ze diskutéieren -, wéi et méiglech war, alleguerten zesummen, an do war och den aktuelle Juristizminister aktiv mat derbäi bei deenen Aarbechten, dee beschtméiglechen Text ze hunn. A wou mer eigentlech och ëmmer d'Sich no Kompromisser am Sënn haten, fir ze verhënneren, dass et zu engem Broch an der Gesellschaft op deem dote Punkt géif kommen.

Ech wëll och belobegend ervirhiewen - dat kënnt mer net oft vir! - d'Haltung vun der kathoulescher Kierch hei zu Lëtzebuerg, déi näischt gemaach huet, zumindest vun offizieller Säit, fir hei Uelech op d'Feier ze géissen. Dat hei wär eng Matière gewiescht, wou een dat hätt kënne maachen. An aner Kierchen hunn dat an anere Länner gemaach. Et brauch een nëmmen ze kucken, wéi d'Diskussioun a Spuenien verlaf ass. Spuenien, wat virun enger Rei vu Jore schonn déi heite Reform an enger sozialistescher Regierung gemaach huet, wéi do déi Geeschtlech mat op d'Strooss gaange sinn, wou se zu Honnertdausenden demonstréiert hunn, fir dat dote Gesetz ze verhënneren.

Ech ka mech och un Aussoen erënneren, déi net den heitege Poopst, mä säi Virgänger, de Benedikt, gemaach huet, dee virulentst bal - bon - Menacen ausgeschwat huet fir déi Länner, déi wéilten an déi dote Richtung vun engem Opmaache vum Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Koppele goen.

Den Toun awer, besonnesch och an deem Communiqué, dee virun e puer Deeg publizéiert ginn ass vun der kathoulescher Kierch, weist, dass do awer an deem heite Punkt, zumindest hei zu Lëtzebuerg, méi en offenen Esprit ass. An dat huet sécherlech och gehollef, dass mer déi Diskussioun hei kënnen an enger gewëssener Serenitéit féieren. Dat géif ech mer och fir zukünfteg Diskussioune bei ähnlech heikelen Theme wënschen - där wäerten der jo nach hei op dës Chamber zoukommen -, dass mer dann déiselwecht Serenitéit an Objektivitéit an de Respekt virun deem anere géife behalen.

D'Resultat vun all deenen Aarbechte fënnt déi onageschränkt Zoustëmmung vun der sozialistescher Fraktioun, well se och e bëssen awer den Usproch huet, dass se net ganz onschëlleg ass, dass et iwwerhaapt zu deem Projet de loi komm ass. Dat huet ze di mat de Koalitiounsverhandlunge vun 2009, wou konform och zu deem, wat mir an eisem eegene Wahlprogramm stoen haten, et mat der CSV no Diskussioune méiglech war, déi Reform vum Bestietnis mat eranzeféieren, zwar do an där Variant nach, dass d'Volladoptioun net sollt méiglech sinn. Duerfir sollt et jo eigentlech zu enger Reform vun der Adoptioun kommen, wou eigentlech sollt d'Volladoptioun an Zukunft allgemeng net méi méiglech sinn, fir also laanscht déi Diskriminéierungsfro do ewechzekommen.

Schlussendlech war et awer méiglech, opgrond vun deene percutanten Argumenter vum Conseil d'État, dee sech beruff huet op europäesch Jurisprudenz, déi ganz kloer war bei

deem dote Punkt, fir also d'Adoptiounsrecht och hei ouni Diskriminatiouun spillen ze loossen, awer natierlech no deenen normale Regelen, wéi Adoptiounen ze handhabe sinn. Ech kommen nach méi spéit am Detail op déi dote Fro zréck, déi och dobaussen awer hefteg diskutéiert gëtt.

Eis Positioun, wéi gesot, an där doter Fro, huet net variéiert am Laf vun de Joren. Si ass zénter 1999 kloer bliwwen. Si ass also net geprägt duerch iergendwellech moudesch Trends, deenen ee wéilt nogoen, wat emol e Virworf war, deen emol en CSV-Deputéierten an enger viregter Diskussioun der LSAP an anere Parteie gemaach huet: wann ee fir d'Homobestietnis wär, da wéilt een iergendengem Trend nolafen. Ech mengen net, dass dat en Trend ass, ëm deen et hei geet, mä hei geet et ëm eng fest ënnerlech Iwwerzeegung, déi een an deenen dote Punkten ze hunn huet an déi mer och ëmmer haten.

Déi Argumenter also, déi ech haut hei virbrénge fir deen heite Projet, déi hu mer scho plädéiert a viregten Debatten, déi mer an dësem Haus zu deenen dote Froen haten. Ech hunn d'Debatt vum Mee 2004 schonn ervirgehuewen, och am Joer 2010 war eng Interpellatioun vum deemolegen Deputéierte Xavier Bettel zu deenen dote Froen. Ech brauch also hei keng Pirouette ze dréinen, mä kann dat widderhuelen, wat mer als Partei - ech selwer an aner Spriecher - an der Vergaangenheet zu deenen dote Punkte gesot hunn. Ech wëll och hei d'Lydie Err ervirhiewen, wat sécherlech och zu de Virreider eigentlech gehéiert vun all deene gesellschaftspolitesche Reformen, wou mer elo eng weider wichteg Etapp hei duerchzéien.

Ausgangspunkt fir d'LSAP-Fraktioun ass, dat schéngt mer normal ze sinn an engem Rechtsstat, d'gesellschaftlech Realitéit. D'gesellschaftlech Realitéit, déi sécherlech net méi déi ass haut wéi viru 50 Joer. D'Realitéit besonnesch awer och vun der Famill ass eng ganz aner, wéi wann een nëmmen eng oder zwou Generatiounen no hanne kuckt. Et ass d'Realitéit vun enger enormer Villfalt, vun enger staarker Evolutioun, a wou een eigentlech net weess, wou eigentlech déi Entwécklung do wierklech wäert ophalen.

An et ass esou, dass dat traditionellt Bild vun der Famill, wat oft nach elo vun de Géigner vun där Reform an deene leschten Deeg ëmmer erëm an de Vierdergrond gestallt gëtt, dat traditionellt, verankert Bild vun der Famill - oft als Ideal, als eenzeg méiglechen Idealfall duergestallt vu Mamm, Papp a Kand -, dat muss een elo einfach soen, a ganz ville Fäll, vläicht souguer an der Majoritéit vun de Fäll, net méi der Wierklechkeet um Terrain entsprécht, der soziologescher Realitéit, wéi se hei zu Lëtzebuerg och festzestellen ass.

Loosse mer eis näischt virmaachen: Praktesch all zweet Bestietnis gëtt duerch Scheedung gebrach. Elengerzéiend Mamme mat Kand, getrennten Elteren, déi mat neie Partner an hire Kanner zesummeliewen, Grousselteren oder aner Familljememberen, déi sech ëm d'Kanner bekëmmeren, Geschwëster, déi a verschiddene Familljen opwuessen, allméiglech Konstellatioune ginn et haut a sinn denkbar. An a priori kann een net soen, dass déi eng oder déi aner vu virera schlecht fir d'Kand ass oder déi eng nëmme ka gutt fir d'Kand sinn. Dat ass d'Realitéit, wéi mer se haut fannen. An et hänkt vum Eenzelfall of, wéi am Endeffekt d'Situatioun vum Kand ass.

Fir eis ass et awer och gradesou kloer, an dat ergëtt sech eigentlech aus där Villfalt, dass am Mëttelpunkt vum Familljeprojet, egal wéi en ausgesäit, soll a wäert och weiderhin d'Kand stoen. Dat kann net anescht sinn! Wat also den Ausschlag gëtt, dat sinn dem Kand seng Bedierfnesser an Interessen, säi Gläichgewiicht a säi Gléck.

An eisen Aen huet dat näischt mat der sexueller Orientéierung vun deenen ze dinn, déi sech ëm d'Kanner këmmeren. Wat eenzeg an eleng zielt, dat ass d'Capacitéit vun deene Leit, fir d'Kanner ze erzéien, hinnen alles ze ginn, wat se brauchen: Léift, Wäerter, Respekt viru sech selwer, virun aneren, d'Bewosstsinn, zu enger Kollektivitéit ze gehéieren.

Duerfir wäerte mer och net d'accord sinn, a ware mer eigentlech net d'accord, fir engem vu vireran d'Recht ze verweigeren, eng Famill ze grënnen, eng Geschicht, Wäerter weiderzeginn. Esou e fantastesche Liewensprojet muss jiddwerengem zougänglech sinn, ouni Diskriminatioun!

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Duerfir si mer fir d'Bestietnis fir jiddwereen.

Dass mer domadder eng jorhonnertelaang Traditioun a Fro stellen, däers si mer eis bewosst. Mä dat muss een a Kaf huelen, wann et net soll zu engem definitive Broch vun der Realitéit um Terrain an de Rechtsnorme kommen. Et gëtt näischt méi Geféierleches an engem Rechtsstat, wéi wann op eemol d'Regelen, déi édictéiert gi sinn, net méi passen op déi sozial Realitéit, déi een um Terrain feststellt.

Mir sinn awer der Meenung, dass och d'Famill, esou villfälteg wéi se haut ausgesäit, esou divers wéi se ass, Regele brauch. Dat sinn op där enger Säit allgemeng Regelen, déi allgemeng Gültegkeet hunn, Normen, mä awer och spezifesch Regelen, wéi Texter iwwert d'Partnerschaft, wéi Texter iwwert d'Bestietnis.

D'Bestietnis als Institutioun, als besonnesch Partnerschaft, vum Gesetz geregelt a geschützt, dat Bestietnis bleift bestoen. Jo, an eisen Ae gëtt et eigentlech och gestäerkt duerch deen heite Gesetzestext, well mer jo d'Bestietnis opmaachen, fir zousätzlech Partnerschaften a Koppele kënnen opzehuelen. Dëst Gesetz bedeit och kengesfalls, wéi et oft duergestallt gëtt vun de Géigner dobaussen, en Doudesstouss fir d'Bestietnis a fir d'Famill, mä et ass eng Stäerkung vun all Partnerschaft, déi op Dauer ausgeriicht ass.

Zënter der Aféierung vum zivile Bestietnis ënnert dem Napoleon huet d'Institutioun munch Entwécklung matgemaach. De Mariage, wéi mer en haut kennen, ass net méi dee Mariage, wéi e virun 200 Joer a méi agefouert ginn ass hei zu Lëtzebuerg. An och do wëll ech nach eng Kéier op déi eenzel grouss Etappen agoe vun där Entwécklung, déi d'Institutioun vum Bestietnis, wa mer dee Begréff wëlle bäibehalen, hei zu Lëtzebuerg wéi an anere Länner och - zu Lëtzebuerg ëmmer e bësse mat Verspéidung zu enger Rei vun eisen Nopeschlänner - da matgemaach huet.

Ech hunn et scho gesot, déi éischt wichteg Etapp war d'Gläichstellung vu Mann a Fra an deem Bestietnis. D'bestuete Fra war während laangen, laange Jorzéngten, bis an den Ufank vun de 70er Joren era mannerjähreg. Wa se e Kont wollt opmaachen, huet se missen d'Ënnerschréft vum Mann hunn. Wa se wollt schaffe goen, nëmmen déi bestuete Fra, net déi net bestueten, wa se wollt schaffe goen, huet se missen d'Autorisatioun vum Mann hunn. Alles dat, wat engem haut als aberrant erschéngt, huet laang gedauert, bis et a Fro gestallt ginn ass an ëmgeännert ginn ass. An och dat waren deemools heftegst Diskussiounen! Och deemools ass gerüttelt ginn un Traditiounen an un agefuerene Regelen. Dat war déi éischt grouss Reform.

Déi zweet grouss Reform, déi e bësse méi spéit gemaach ginn ass, déi sech och méi an Etappe gemaach huet, ass och d'Gläichstellung gewiescht vun de Kanner, wou mer haut souguer nach an eisem Text hei, dee mer hei stëmmen, och opgrond vun engem Uerteel, wat eis Cour de Cassation geholl huet, och eng Diskriminatioun weider aus dem Text, aus dem Code civil eraushuelen, also d'Gläichstellung vun deene Kanner, déi am Bestietnis gebuer sinn, ausserhalb vum Bestietnis gebuer sinn, legitim oder onehelech Kanner. Et ass wichteg, mengen ech, dass een dee Gläichheetsgedanken och do bis un d'Enn denkt.

An haut dann, wéi gesot, sti mer virun der drëtter, a wéi ech mengen, leschter Etapp, fir d'Iddi, de Prinzip vun der Gläichheet, wéi en an eiser Verfassung verankert ass, och am Bestietnis ëmzesetzen: dass d'Bestietnis net eleng also engem Mann an enger Fra reservéiert, mä och fir zwou Fraen oder zwee Männer méiglech ass.

Ech muss éierlech soen als een, deen och scho méi laang derbäi ass: Viru 25 Joer, wéi ech ugefaangen hu mat der Politik, hätt ech mer eigentlech ni virgestallt, well et kaum deemools an der Diskussioun war, dass eng Kéier d'Bestietnis kéint eppes aneschters si wéi en Zesummeschloss vu Mann a Fra. Dat war deemools net an der Diskussioun. Dat war éischter eng ganz marginal Diskussioun, déi zaghaftst ugefaangen huet an deem dote Punkt.

Mä et ass eng Iddi, déi hire Wee gemaach huet, déi och, wéi Emfroe weisen, schéngt gedroen ze si vu grousse Majoritéiten an den eenzelne Länner. E Wee, dat ass scho gesot ginn, deen eng ganz Partie Länner och viru Lëtzebuerg gemaach hunn.

Mat Ausnahm vun Däitschland sinn all eis Nopeschlänner entre-temps deen dote Wee gaangen. Net nëmmen déi skandinavesch Länner, déi och e bësse Précurseur an deene Beräicher sinn, hunn deen dote Wee gemaach, mä och esou Länner, konservativ Länner wéi Groussbritannien hu viru Kuerzem deen dote Schratt gemaach. Och Südlänner, déi och an deenen dote Froen net onbedéngt zu den „front runner" gehéieren, hu virun e puer Joer schonn deen dote Schratt gemaach.

Ech hunn och gesot, et ass net nëmmen de Gläichheetsprinzip, deen heimadder héichgehale gëtt. Et ass och géint d'Diskriminéierung vun den Homosexuellen, mengen ech, wou mer haut e kloert Zeechen no bausse setzen. An och do huet Lëtzebuerg eng Geschicht, an net déi rühmlechst.

Wann een e bëssen do zréckbliedert, ech ka mech un déi Diskussioun nach an den 80er Joren erënneren. Dunn hate mir esou en drolechen Artikel bei eis am Code pénal stoen, den Artikel 372bis. Deen ass eréischt '71 agefouert ginn iwwert d'Jugendschutzgesetz. Dat war dann och deen hehre Gedanken, deen hannendrustoung.

An et huet iwwer 20 Joer gedauert, '92, bis en dann ofgeschaaft ginn ass, och no heftegsten a laangen Diskussiounen an Oppositiounen - Dir kënnt Iech denken, och hei am Haus, vu wiem -, fir dat doten erëm a Fro ze stellen, well do u sech am Code pénal virgesi war, dass et kee Problem wier, wann e 70-Jährege mat engem 50-jährege (veuillez lire: mat engem 15-jährege) Meedche géif schlofen, dat huet de Gesetzgeber net interesséiert; mä wann ee vun 19 Joer mat engem vu 17 Joer schléift, dann ass et strofbar an dann huet ee sech Geldstrofen a Prisongsstrofen ausgesat.

Dat war en Text, deen, wéi gesot, 20 Joer hei zu Lëtzebuerg Bestand hat, deen och nach vu ganz bekannten, héichgestallten haaptsächlech CSV-Politiker bis zum Schluss ganz heftegst verteidegt ginn ass. Leit, déi herno sech staark involvéiert hunn am Asaz fir d'Mënscherechter, och op europäeschem Plang, zum Beispill. Da kënnt Der Iech denken, vu wiem oder vu wat fir enger Politikerin dass ech schwätzen.

Wat d'Bestietnis ausmécht, dat ass och scho virdru gesot ginn, dat ass d'Léift, awer net nëmmen d'Léift. Dat ass de gemeinsamen Engagement an de Wëllen, e Projet virunzedreiwen a seng Famill ze schützen. An déi Méiglechkeet, dat menge mir, sollen all Koppelen hunn, ob et Heterokoppele sinn oder Homokoppele sinn. An dëst Gesetz mécht dat ganz einfach méiglech.

Zu ville Kontroversen huet et gefouert - an dat war och d'Argumentatioun, firwat d'CSV virun zéng Joer net bereet war, deen dote Schratt ze maachen -, well se gesot hunn: Do hänkt d'Filiatioun drun, do hänkt d'Adoptioun drun, a mir mengen - dat war deemools déi Positioun -, dass awer do dat klassescht Familljebild eigentlech dat richtegt ass, Papp, Mamm an d'Kand, an duerfir kënne mir eigentlech och net fir d'Opmaache vum Bestietnis sinn, well mer déi aner Konsequenzen eigentlech als Partei net wëllen akzeptéieren.

Haut gesäit d'CSV dat méi nuancéiert. Dat ass gutt esou, mä nach mengen ech, dass dat Argument, wat do virbruecht gëtt, net richteg ass an dass ee sech muss awer mat deem Argument auserneesetzen. Duerfir si mir jo haut hei, fir dat ze maachen.

Ech mengen, et däerf een déi Kritiken net ignoréieren. Déi kann een hunn als éischt Reaktioun, well och normalerweis vill Leit jo déi eigentlech Adoptiounsprozedur guer net kennen. Wéi vill Leit hu scho konkret direkt mat Adoptiounen ze dinn? Si héieren dovunner an da gëtt och gesot: Majo, elo féiere se nach d'Recht op och e Kand an, stellt Iech dat vir, wéi schrecklech! An da bräicht een nëmmen „schnipps" ze soen, wéi wann dat am Katalog wär, „da gi mir eis do e Kand sichen an da kënnt dat dann an eis gläichgeschlechtlech Koppel", an dann, wie weess dann, wat mat deem Kand do geschitt!

Well et soll ee sech jo näischt virmaachen: Hannert där ganzer Géigenargumentatioun do, do verstoppt sech, net nëmmen, mä awer zu engem gudden Deel, natierlech och eng Angscht virun der Homosexualitéit, eng Onkenntnis vun der Homosexualitéit a bei eenzele Leit sécherlech och eng Homophobie. Dat mierkt een tëschent den Zeile méi wéi dass dat kloer ausgedréckt ass.

A wann ech vu ganz intelligente Leit muss liesen, déi ech och emol kannt hunn aus der Studentenzäit, dass se schreiwen, hei géif eppes gemaach ginn, wat géif widdert d'Naturgesetz goen… „Widdernatierlech", eleng dee Begréff, dee revoltéiert mech eigentlech schonn e bëssen, wéi dat ëmmer esou duergestallt gëtt, an dat erënnert mech awer un Zäite viru laange Jorzéngten, vun deenen ech gemengt hunn, dass déi definitiv eriwwer wären. Ech hat gehofft eigentlech, dass mer, wat déi Argumentatioun do ugeet, do schonn haut zu Lëtzebuerg awer am 21. Jorhonnert e bësse méi stabil mat eisen Argumenter a méi sachlech géifen dostoen.

Mä et soll een, mengen ech, zur Kenntnis huelen, dass nach eng Rëtsch vu Klischeeë bestinn, dass et eng Rëtsch vu Viruerteeler och zu Lëtzebuerg nach gëtt, an et muss ee sech also, mengen ech, och ustrengen, fir deene Viruerteeler an deene Klischeeën do esou wäit wéi méiglech mat allen Argumenter och entgéintzetrieden an ze probéieren, se och ewechzekréien.

Dat Allerhéchst an eisen Aen, dat ass jo eigentlech, dass deem adoptéierte Kand seng Rechter respektéiert ginn, dass dat adoptéiert Kand Avantage zitt aus der Adoptioun. Dat ass e Prinzip iwwregens, dee fest verankert ass. Duerfir brauch een net ëmmer nach ze ënnersträichen: Mir mussen nach eng Kéier elo soen, dass et hei ëm d'Interessi vum Kand geet!

An eisem Code civil, am Artikel 343 vum Code civil steet dran, ech liesen, dat ass den Haaptartikel vun der Adoptioun: «L'adoption ne peut avoir lieu que s'il y a de justes motifs et si elle présente des avantages pour l'adopté.» Et ass also ganz kloer: Eng vun de Konditiounen ass den Intérêt de l'enfant. D'adoptéiert Kand muss Avantage aus där Adoptioun kréien.

Dat ass jo och den Zweck vun der Enquête sociale, déi duerchgefouert gëtt, déi bei jiddwerengem duerchgefouert gëtt, wou eng Adoptioun stattfënnt, egal wien dat ass, ob dat eng Koppel ass, ob dat eng eenzel Persoun ass. Déi huet ze kucken, ob déi gesetzlech Bedéngungen, gesetzlech Konditiounen erfëllt sinn: „justes motifs", net verstoppte Motiver, anerer, déi net legitim wären, an d'Avantagen, déi den Adopté aus deem Ganze kann erauszéien.

An eis Jurisprudenz zënter den 1980er Jore seet ganz kloer: «L'intérêt de l'enfant est une condition distincte et autonome de l'adoption de l'enfant.» Méi kloer, mengen ech, kann et net sinn. Da brauche mir, mengen ech, zu deem Thema net grouss Motiounen hei an der Chamber ze stëmmen. Wann e Gesetzestext kloer ass, d'Konditioune festleet, ech mengen, dann hu mir dat als Chamber, déi och déi Gesetzer jo gestëmmt huet, zur Kenntnis ze huelen, well mer jo eigentlech mat där doter Approche zu honnert Prozent d'accord sinn. An dorunner wäert sech och näischt, keen Dibbelchen änneren, wa mer dat heite Gesetz hei stëmmen.

Dat Allerwichtegst also fir d'adoptéiert Kand ass an eisen Aen, dass et mat Léift a Gebuergenheet opwiisst, dass em keng physesch a keng psychesch Gewalt widderfiert an dass et och keng sozial Nout erleit. Dat ass jo dat, wat eigentlech zielt.

An duerfir fannen ech et och dann awer an engem gewëssene Mooss hypocrite, déi ganz Adoptiounsfro - dat ass d'Argumentatioun, wéi se vun de Géigner jo ëmmer erëm gebetsmühlenaarteg ervirgehuewe gëtt -, déi ganz Adoptiounsfro ze reduzéieren op d'Existenz vun enger männlecher oder weiblecher Referenzpersoun.

Dat ass een Element vu villen, sécherlech! Mä awer och an der Wëssenschaft ass déi dote Fro contestéiert, gëtt et där enger Theesen a gëtt et där aner Theesen. Mä wann een dat doten awer zur elengeger Fro mécht, wou nëmmen déi däerf eigentlech ausschlaggebend sinn - dovunner hänkt et of, ob dat Kand sech gutt oder schlecht entwéckelt -, dann ass dat fir mech e Schlag an d'Gesiicht fir all déi Mammen, déi sech ploen Dag an, Dag aus, oft eleng, fir hiert Kand oder hir Kanner ze erzéien, oder all déi Kanner, déi haut schonn a gläichgeschlechtleche Koppelen opwuessen.

Et brauch jo keen ze mengen, dat géif et zu Lëtzebuerg net ginn. Et gi keng Zuelen hei zu Lëtzebuerg. A Frankräich hu se dëslescht Zuelen erausginn. Et ass eigentlech ganz erstaunlech, wéi vill zegdausend, Zéngdausende Koppelen et a Frankräich gëtt, zu 80% sinn et weiblech Koppelen, déi haut scho Kanner erzéien. Och dat gëtt et zu Lëtzebuerg. An a priori ass mer keng Erkenntnis bekannt, dass et deene Kanner do géif méi schlecht goen an hir Entwécklung méi schwiereg wär oder méi gestéiert wär wéi déi a gläichgeschlechtleche Koppelen (veuillez lire: an net gläichgeschlechtleche Koppelen).

Duerfir solle mer also net maachen, wéi wa mer hei géife bei null ufänken, wéi wann hei eng ganz nei Epoch vun Ongewëssheet géif ugoen. Déi dote Faite gëtt et an der Realitéit an et soll een d'Realitéit dann och voll berücksichtegen.

An ech brauch hei net ze soen, wéi vill schlecht behandelt, wéi vill vernoléissegt Kanner et a sougenannten „normalen" Famillje ginn. A wéi vill Kanner leiden a Familljeverhältnisser, déi zerrüttet sinn! Där ginn et der och zegdausend hei zu Lëtzebuerg, wou méintelaang, jorelaang Dag fir Dag gestridde gëtt, geschloe gëtt.

Wéi frou sinn déi Kanner an deenen dote schéinen heterosexuelle Koppelen, wéi se dem traditionelle Familljebild zu Lëtzebuerg hei - an de Käpp vun eenzelne Leit zumindest - entspriechen?

Duerfir, mengen ech, muss een déi dote Fro vill méi breet kucken, vill méi nuancéiert kucken, wéi dat an där sloganaarteger Diskussioun oft de Fall ass, déi mer deelweis amgaang sinn, an deene leschte Wochen hei zu Lëtzebuerg och ze féieren.

Ech hunn et gesot, et ass falsch ze schwätzen, dass iergendwéi hei géif e Recht op e Kand entstoen. Net ee Buschtaf vun deem heiten Text léisst esou eng Interpretatioun zou. De Code civil ass kloer. International Konventioune sinn och kloer. D'Praxis och hei zu Lëtzebuerg ass kloer an där doter Hisiicht: Adoptioune ginn no Enquête sociale duerchgefouert. An et ass selbstverständlech, dass do all dat ganzt Emfeld muss gekuckt ginn, wou dat adoptéiert Kand soll erakommen, an dass een net ausschliisslech elo d'sexuell Orientéierung do ze kucken huet. Déi eleng däerf eigentlech guer net spillen, ausser wa se natierlech zu engem Verhale géif féieren, wat dem Kand net zoudréiglech wär.

Et ginn dann nach ganz vill Froe gestallt zu iergendwellechen hypothetesche Fäll, déi sech kënne stellen, „wann". Déi Leit, déi haut RTL gelauschtert hunn, hunn héieren, wéi vill Adoptiounen dass mer zu Lëtzebuerg hunn. Et sinn der häerzlech wéineg, manner wéi 20 aus dem Ausland. Déi eenzeg, déi nach duerchgefouert ginn, dat sinn eigentlech inlännesch, haaptsächlech nach inlännesch Adoptiounen.

Et muss ee sech eigentlech virstellen, wéi vill praktesch Fäll mer an deenen hypothetesche Fäll hätten, déi elo esou hefteg dobaussen diskutéiert ginn. „Wann dann een aus dem Ausland géif kommen, dee mat enger Leihmutter...", an esou virun an esou weider. Dat si jo déi Diskussiounen, déi momentan gefouert ginn, wéi wann dat géif de Regelfall gi muer. Dat do bleift déi absolut, absolut Ausnahm, a wann esou e Fall sech presentéiert, dann ass et am Noutfall un de Geriichter, fir dat ze tranchéieren. A wann et néideg ass, kann och de Législateur dann agräifen.

Mä ech soen ëmmer, d'Gesetzer sinn do, fir den Normalfall, de Regelfall ze regelen! Och hei gëllt dat an dat kann och net anescht sinn. D'Gesetz kann net perfekt sinn an d'Gesetz muss ausgeriicht sinn, fir eigentlech den allgemengen Intérêt, dat ass de Regelfall, propper, richteg a gerecht ze regelen. An dat mécht och deen heiten Text.

All Koppele brauchen also Ënnerstëtzung, wa se hir Kanner erzéien, a mir sinn och als Politiker gehalen, derfir ze suergen, dass d'Gesellschaft sech och hei zu Lëtzebuerg weider esou entwéckelt, dass sech Kanner kënnen hei zu Lëtzebuerg voll entfalen. Dat ass eng Responsabilitéit, déi also och bei der Kollektivitéit läit.

Dës Regelung vun der Adoptioun ass zu honnert Prozent konform mat nationalen an europäesche Jurisprudenzen.

Dësen Text geet awer méi wäit, an de Rapporteur, den Här Meyers, huet et ugeschnidden, wéi nëmmen déi Fro. Dat ass natierlech den zentrale Punkt, dat ass dee kontroverse Punkt, fir d'Bestietnis opzemaache fir gläichgeschlechtlech Koppelen, mat alle Konsequenzen, ouni Diskriminéierung, déi dat dann herno och bedeit, wat d'Filiatioun an haaptsächlech dann d'Adoptioun betrëfft.

Mä dëst Gesetz geet jo méi wäit, andeem och eigentlech eng Stäerkung vum Bestietnis kënnt doduerjer, dass preventiv a repressiv eigentlech nei Moossnamen an eist Gesetz mat agebaut ginn, fir forcéierte Mariagen a simuléierte Bestietnisser eigentlech entgéintzewierken, wou eng nei Responsabilitéit zousätzlech op den Officier d'état civil duerkënnt. Dee muss, wann e seriö Indizie fënnt, dass esou e Mariage simulé kéint sech maachen, dat melle beim Parquet, deen dann zousätzlech Méiglechkeete kritt, fir sech ze opposéieren, fir fir d'Éischt e Sursis ze froen, an deen och herno spéiderhin, wann et sollt awer dozou kommen, och méi Annullatiounsméiglechkeeten huet, wéi dat haut de Fall ass.

Da ginn esou Saachen ofgeschaaft, déi bei eisen Nopere schonn ofgeschaaft sinn. Mir brauchen, wéi gesot, ëmmer meeschtens e bësse méi laang wéi anerer. Dat ass den Délai de viduité. Do gesäit een, wéi schéin déi franséisch Sprooch ass: Et hëlt een en Term, dee kee versteet, a wou déi Däitsch da musse laang Sätz maachen, fir datselwecht dann ze erklären.

De Certificat médical verschwënnt. De gesetzleche Mindestalter fir d'Bestietnis gëtt gläichgesat tëschent Mann a Fra op 18 Joer, mat Exceptiounsméiglechkeeten. Alles dat sinn, mengen ech, ganz nëtzlech Bestëmmungen, déi mer eis hei ginn an déi effektiv aus eiser Législatioun sécherlech eng vun deene modernsten an Europa maachen, wann d'Chambre deem heiten Text zoustëmmt.

Här President, ech sinn um Schluss vu mengen Ausféierungen ukomm. Ech mengen, mir sinn um Punkt hei, eng wichteg Reform ze stëmmen, déi vu ville Leit erwaart gëtt, déi och weiderhi vun enger Rei vu Leit wäert contestéiert ginn. Ech mengen, dass d'Diskussioun an der Gesellschaft doriwwer sécherlech net mat der Debatt an dëser Chamber hei wäert zu Enn sinn.

Fir d'LSAP ass dës Reform vum Bestietnis, déi sech erëmspigelt am Artikel 143: «deux personnes de sexe différent ou de même sexe peuvent contracter mariage», den Ofschloss vun enger jorzéngtelaanger gesellschaftlecher a gesetzlecher Entwécklung. Ech mengen, mir sollte keng Angscht hunn, fir dee Schratt ze maachen. Dee Schratt ass einfach fälleg, a villen Ae vläicht souguer iwwerfälleg.

Virun allem weisen awer och déi Experienzen, déi am Ausland gemaach gi sinn, eenzel Länner hunn deen dote Schratt jo scho viru knapp 15 Joer gemaach, dass all déi Befierchtungen, déi och haut elo un d'Wand gemoolt ginn, a kengem vun deene Länner komm sinn. A kengem vun deene Länner ass et zu deene Feelentwécklunge komm, déi haut eropbeschwuer gi vun de Géigner vun deem heiten Text! D'Abendland ass net ënnergaangen an Dänemark, a Portugal, a Spuenien, an all deene Länner, déi déi dote Reform gemaach hunn. An ech mengen och, dass de Gros vun de Lëtzebuerger prett ass, fir deen dote Schratt matzemaachen.

Well ech soen et nach eng Kéier: Dat ass fir eis wichteg, an dat soll och dobausse gewosst sinn, dass mat där heiter Reform, mat all deem Ëmgeréits vun zousätzleche Moossnamen, déi an de Code civil hei integréiert ginn, dass dës Reform net wäert dozou féieren, fir d'Famill an d'Bestietnis ze schwächen, mä am Géigendeel, si wäert d'Famill an d'Bestietnis stäerken a gläichzäiteg och eng bestehend Diskriminatioun ausschalten.

D'Bestietnis gëtt opgemaach fir Männerkoppelen, fir Fraekoppelen. Falsch Bestietnisser gi méi staark kontrolléiert. D'Rechter vun de Kanner bleiwe garantéiert.

Mir sinn der Meenung, dass dat heiten e gudden Dag fir Lëtzebuerg ass. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Bodry. Nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi gréng Fraktioun wäert mat Freed dëse Projet de loi stëmmen, well de Mariage pour tous ass eng Fuerderung vun der grénger Partei, säit et se gëtt. De Mariage an d'Adoptioun fir all Koppele stoungen nach ëmmer an onse Wahlprogrammer. Mä et ass och fir mech perséinlech, muss ech och hei zouginn, e ganz emotionelle Moment, fir kënnen dës Positioun, dës gréng Positioun ze vertrieden.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Net zulescht, well d'Aféiere vun dëser Gläichheet respektiv d'Ofschafe vun dëser insoutenabeler Diskriminéierung vun zwou Léiften tëschent zwou Persoune fir mech perséinlech ëmmer e grousst Uleies wor.

Et ass e wichtege Moment fir all déi Koppelen, fir déi dës Richtegstellung an onser Gesetzgebung wichteg ass, fir datt si och elo endlech kënnen de Wee an d'Gemeng fannen, net nëmme fir e Pacs ofzeschléissen, mä grad wéi jiddwereen an onser Gesellschaft sech och kënnen ze bestueden.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och, wann net virun allem, e grousse Moment fir déi ganz Gesellschaft, fir ons alleguerten, well et ass e Changement fir ons Gesellschaft, e Changement, wéi d'Gesellschaft mat Diversitéit ëmgeet. Eng Gesellschaft iwwregens, déi scho méi laang prett dofir ass an déi op Politiker a Politikerinne gewaart huet, déi op de Législateur gewaart huet.

An et ass och vu Bedeitung, datt dëse Projet de loi mat enger gréisstméiglecher Majoritéit gestëmmt gëtt, well esou e wichtegt Gesetz verdéngt e grousse Konsens.

Zwee Ministeren, zwee Kommissiounspresidenten, mä een eenzege Rapporteur: De Rapporteur verdéngt net nëmmen Unerkennung, well hien e perfekte mëndlechen a schréftleche Rapport presentéiert huet, mä virun allem, well et vill him ze verdanken ass, datt all Parteien, bis op eng kleng Sensibilitéit, dësem Projet wäerten zoustëmmen.

An dofir am Numm vun der ganzer grénger Fraktioun, Här Paul-Henri Meyers, en häerzleche Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ech wëll hei net op déi verschidden Avisen agoen, well déi schonns ebe vum Rapporteur explizit presentéiert an och erkläert gi sinn. Vill méi wëll ech op e puer essenziell Punkte vun dësem Projet de loi agoen.

An Europa ginn et mëttlerweil zéng Länner, déi de Mariage homosexuel agefouert hunn, an et ginn zousätzlech néng Länner, dorënner och Lëtzebuerg, déi de Moment e Pacs fir all Koppel agefouert hunn. 2001, dat war d'Joer, wou fir d'Éischt souwuel de Mariage fir homosexuell Koppelen eng éischte Kéier agefouert ginn ass, dat an Holland, an och de Pacs fir homosexuell Koppelen agefouert ginn ass, dat war an Däitschland.

Dës gesellschaftspolitesch Ännerunge sinn d'Resultat vu laangjähregen Debatten an Diskussiounen, souwuel an der Gesellschaft, a wëssenschaftleche Kreesser, a philosophesche Kreesser wéi och méi spezifesch an der Politik.

Oder muss ech vläicht soen „Errongenschaft"? Well, wéi vill gesellschaftspolitesch Themen huet och den Homomariage sech misse mat enger Rei vun Ofwier, Ängschten oder Zweifelen ausenanersetzen. Nach virun enger Generatioun wor Homosexualitéit en Tabu. An de viregte Generatioune war Homosexualitéit fir déi eng eng Krankheet, déi huet misse behandelt ginn, a fir verschidden anerer eng Doudsënn, fir net ze soen e Verbriechen.

An obwuel ech dem Här Bodry recht ginn, datt d'Kierch hei zu Lëtzebuerg sech eenegermoosse roueg verhalen huet, ass et awer esou, datt d'Kierch ëmmer repressiv mat der Homosexualitéit ëmgaangen ass. A wann ee weess, wat fir eng Muecht d'Kierch nach iwwert déi viregt Generatiounen hat, Muecht iwwert d'Leit, well se d'Ängschte vun de Leit méssbraucht huet, da kann ee verstoen, datt et vill Zäit gebraucht huet a vill Opklärung, fir dëser Angscht Sachlechkeet entgéintzesetzen.

Duerch all dës Zäite woren déi concernéiert Persounen enger klorer Diskriminatioun ausgesat, enger Diskriminatioun, déi verhënnert huet, unzëerkennen, datt homosexuell sinn e Recht ass. Et huet also vill Iwwerzeegungs- an och Opklärungsaarbecht kascht, eng ganz Generatioun laang, fir kënnen an der Gesellschaft d'Rechter vun homosexuelle Mënsche gläichzestellen. An et huet och vill Zivilcourage kascht vun homosexuelle Mënschen a Koppelen, fir sech ze outen a fir hir an deenen aneren hir Rechter ze kämpfen. Ech denken, datt et haut och dofir richteg ass, hinnen all ons Unerkennung dofir auszeriichten.

An dofir ass et och falsch, wann ee seet, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt keng Debatt an der Gesellschaft stattfonnt huet... - Madame Presidentin, pardon! Dofir ass et och falsch ze soen, datt keng Debatt hei an der Gesellschaft gefouert ginn ass. Déi lescht Jorzéngten hu regelméisseg Debatten an der Gesellschaft stattfonnt iwwert d'Thema „gläich Rechter a gläich Flichte fir homosexuell Mënschen" en général a fir homosexuell Koppelen eben an dësem Fall, an dëst op allen Niveaue vum gesellschaftleche Liewen.

A säit véier Joer, wou dëse Projet de loi déposéiert ginn ass, gëtt och eng politesch Debatt gefouert, hei am Haus, mä och an der Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg. An trotzdeem, an et ass och schonn hei gesot ginn, trotzdeem muss d'Opklärungsaarbecht an Zukunft weider en Thema bleiwen, well eng Rei vu Mënschen zu Lëtzebuerg kënne sech nach ëmmer net richteg virstellen, wat dës Ännerunge vun haut mat sech bréngen, a virun allem, wat se net mat sech bréngen.

Neen, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi geheie mir net all Wäerter iwwer Bord a mir loossen och net all Chaos zou am Kader vun der Erzéiung vun onse Kanner a mir institutionaliséieren och net nei pervers Forme vu Sexualitéit.

Mä jo, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi institutionaliséiere mir gläich Rechter a gläich Flichte fir gläich Léiften. Mir erkennen offiziell eng nei Form vu Relatioun endlech un, déi et ëmmer ginn ass, mä déi bis nach viru Kuerzem net toleréiert war an déi munchmol och fir vill Misär a Malheur gesuergt huet.

Dofir eng éischt wichteg Konklusioun fir ons: Homosexuell Koppele kënne grad wéi heterosexuell Koppele vun enger wichteger Institutioun Gebrauch maachen, wa si dat wëllen. Domadder kritt en Deel vun der Bevëlkerung Accès op e fundamentaalt Recht.

E wichtegt Thema an dem Mariage vu gläichgeschlechtleche Koppelen ass d'Adoptioun. Déi viregt Kommissioun, de Rapporteur huet et erkläert, déi viregt Commission juridique hatt décidéiert, den initiale Projet de loi an zwee opzedeele respektiv d'Reform vun der Adoptioun an der Filiatioun onofhängeg vun der Reform vum Mariage ze considéréieren. Dat war eng gutt Entscheedung, well mir esou déi wichteg Reform vun der Adoptioun an enger nächster Phas mat der néideger Rou a lassgeléist vum Mariage kënnen ugoen.

Datt dëst eng Prioritéit net nëmme vun der Kommissioun ass, mä och vum Minister, beweist de Fait, datt mir ons an onsem Planning virgeholl hunn, dës legislativ Aarbechte ronderëm d'Adoptioun an d'Filiatioun nach dëst Joer an der Commission juridique unzegoen.

Am Kader awer vum Adoptiounsrecht fir gläichgeschlechtlech Koppelen ass vill iwwert d'Adoptioun geschwat ginn. Mir begréissen ausdrécklech, datt schonns déi viregt Justizkommissioun op dee Wee gaangen ass, sous peine d'opposition formelle, fir sech um belsche Modell ze inspiréieren, nämlech keng Diskriminatioun fir d'Adoptioun ze maachen a fir gläichgeschlechtlech Koppelen déi zwou Adoptiounsforme gelten ze loossen.

D'Kanner an de Famillje sinn och en Thema bei den Initiateure vun der Pétition publique „Schutz vum Kand" gewiescht. Déi gréng Fraktioun huet eng Delegatioun vun dëse Pétitionnairen op hir Demande hin empfaangen, nom Prinzip, datt mir un all Austausch am Kader vun engem Projet de loi interesséiert sinn an d'Diskussiounen net scheien, och wa mir net enger Meenung sinn.

An eng Rei vu Bedenken deele mir och. Fir d'Éischt emol hu mir alle béid de Prinzip vum ORK gedeelt, datt et kee Recht op e Kand, mä nëmmen e Recht vum Kand ka ginn. Dëst zielt fir all Koppel, déi wëllt adoptéieren. Fir all Koppel! Dann deele mir och eng laangjähreg Fuerderung vum ORK, datt et muss méiglech sinn, datt e Kand seng biologesch Eltere ka kenneléieren. Och dat zielt fir all Koppel, déi wëllt adoptéieren.

D'Erkenntnis, datt et fir d'Kanner munchmol komplizéiert ka ginn am Fall vun engem Divorce oder am Fall vun enger Famille recomposée, kënne mir och deelen, mä dëst, nach eemol, zielt fir all Koppel, déi sech bestit an déi sech duerno trennt - wa se Kanner huet - respektiv eng nei Relatioun ageet. Bis elo hu sech just heterosexuell Koppele gescheet. Datt d'Jugendgeriicht munchmol traureg Biografië vu Kanner begéint, däers si mir ons och bewosst, mä nach erëm eng Kéier zielt och dës Erkenntnis fir all Koppel mat Kanner.

D'Diskussioun iwwert d'Adoptioun u sech wäerte mer sécherlech nach féieren, wa mer iwwert d'Reform vun der Adoptioun schwätzen. Dofir wollt ech hei och just e puer Reflexioune gemaach hunn, fir kloerzemaachen, datt et och fir d'Kand keng Diskriminatioun ass, e Kand vun enger homosexueller Koppel ze sinn. Et kann héchstens eng Stigmatiséierung sinn, a fir eng Stigmatiséierung ass eng Gesellschaft verantwortlech an net d'Elteren. Dat, iwwregens, gesi mir och am Avis vum ORK.

Eng lescht Remarque zu dësem Punkt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well et mech dach awer interpelléiert huet, wéi eng Argumenter munchmol ze héiere woren dës lescht Wochen am Kontext vum Kand en général a vum Schutz vum Kand am Milieu familial en particulier:

All dës traureg Beispiller vu Kanner a Jugendlechen, déi sech doheem an der Famill net erëmfannen, deenen an der Famill Schued ugedoe ginn ass, sinn traureg Tatsaachen. Dës Beispiller awer grad elo a Relatioun ze setze mam Mariage homosexuel an dem Recht op Adoptioun ass en Affront! An et ass schlicht net der Realitéit entspriechend. Gewalt, Méssbrauch, Alkohol, Vernoléissegunge sinn e puer Ursaachen, déi vill Misär an de Famillje bréngen - et ass schonn hei gesot ginn - an e Kand och hënneren, fir sech ze entfalen. Dofir, wa mir iwwer Kannerrechter an de Schutz vun de Kanner schwätzen, da kommt, mir nennen déi richteg Ursaachen an déi richteg Auteure vun dësen Dramen!

Dofir ass fir ons déi zweetwichtegst Konklusioun: D'Wuelsi vun engem adoptéierte Kand an enger Famill hänkt vum éierleche Verhale vun de Familljememberen of a virun allem vum éierleche Verhale vun den Elteren. D'psychesch Gesondheet vun engem adoptéierte Kand hänkt dovunner of, datt dat Kand an der Wourecht opwiisst, an net dovun, ob d'Elteren homosexuell oder heterosexuell sinn.

Une voix.- Richteg.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Des Weideren ass och richtegzestellen, datt, wa manner Kanner aus dem Ausland zur Adoptioun fräigi ginn, dëst a kenger Hisiicht eppes mat de verschiddenen Ziler vun dësem Projet de loi ze dinn huet, notamment dem Fait, datt mir de Mariage an d'Adoptioun fir d'homosexuell Koppelen opmaachen. Eng Rei vu Länner hu mëttlerweil d'Convention de La Haye ratifizéiert, an dozou gehéiert och, datt d'Kanner prioritär am eegene Land solle bleiwen. Dat ass an onsen Aen och richteg an och gutt esou. Et gëllen also keng nei Regelen an déi, déi be-

stinn, hei oder am Herkunftsland, si fir jiddwereen déiselwecht.

An dofir fir ons déi drëtt wichteg Konklusioun: Et besteet also keen Amalgam tëschent Mariage homosexuel a manner Kanner fir d'Adoptioun.

Sécherlech ass de Mariage pour tous, deen elo agefouert gëtt, ee vun deene wichtegste Punkten aus dem Gesetz. An trotzdeem sinn déi aner Ännerungen net onbedeitend, loin de là! Zum Beispill, den initiale Projet de loi 5908, deen elo an dësem Projet de loi mat integréiert gëtt, regelt méi strikt de Mariage simulé, de Mariage blanc oder Mariage de complaisance, deen e Mëssbrauch vun der Institutioun Mariage ass, fir vun Avantagen duerch de Mariage ze profitéieren. Mä virun allem regelt en och méi strikt de Mariage forcé.

D'Prozeduren, déi zréckbehale gi sinn, sief et vum Officier de l'état civil iwwert de Buergermeeschter bis bei de Procureur, dee méi Pouvoir kritt, grad wéi déi nei penal Mesuren ënnerstëtze mir Gréng ausdrécklech.

De Mëssbrauch vum Mariage, fir vun engem Avantage ze profitéieren, an de Gebrauch vu Gewalt, vun Drohung oder vun Drock, fir e Mariage ze vollzéien, si souwuel strofbar wéi och Sujet fir eng Annullatioun.

E weidere wichtege Punkt fir ons ass d'Gläichstellung vu Mann a Fra, wat den Âge légal vum Mariage ubelaangt. En principe muss och elo eng jonk Fra groussjähreg sinn, dat heescht 18 Joer hunn, fir sech ze bestueden, grad wéi e jonke Mann. An dëst ass fir ons grad wichteg, well et oft eng Parallell gëtt tëschent dem Mariage forcé an der Mannerjähregkeet vun der Fra.

Mat dësen zwou neie Mesurë ginn d'Rechter vun der Fra besser considéréiert, voire an dësem Fall souguer protegéiert. Et gi wuel Derogatiounen dozou, mä och dës ginn, wéi et vum Rapporteur erkläert ginn ass, méi strikt reglementéiert. Et ass elo um Juge des tutelles, a mir denken, datt dat och déi richteg Persoun ass, fir d'Motifs graves ze definéieren an der jonker, mannerjähreger Fra gegebenenfalls och eng gewëssen Autonomie vis-à-vis vun hiren Elteren ze garantéieren. Mir begréissen dës nei Prozeduren, grad wéi datt se iwwert de Biais vum Juge des tutelles ofgewéckelt ginn.

Dofir, déi véiertwichtegst Konklusioun fir ons: D'Institutioun vum Mariage gëtt esou reforméiert, datt en Abus vum Gebrauch vun dëser Institutioun engersäits méi schwiereg gëtt an anerersäits méi strikt bestrooft gëtt, an d'Kontrollmechanismen dofir gi verstäerkt.

Fënneft Konklusioun fir ons ass, datt d'Rechter vun der Fra an de Schutz vun der mannerjähreger Fra renforcéiert ginn, doduerch eben, datt den Âge légal fir eng jonk Fra och endlech op 18 Joer gehuewe gëtt.

Déi zousätzlech Adaptatiounen, déi an d'21. Jorhonnert gehéieren, wéi zum Beispill, datt eng gescheete Persoun oder Wittfra net méi muss waarden, fir sech erëm dierfen ze bestueden, datt deen Examen prénuptial net méi obligatoresch ass, oder eben, wat schonn oft hei genannt ginn ass, datt de Beruff vun de Conjointen net méi am Acte de mariage steet, kënne mir nëmme begréissen. Et beweist jo och, wéi néideg déi Reform och op deem Niveau war.

Schlussendlech muss och ervirgehuewe ginn, datt dës Reform eng riseg Erausfuerderung wor, fir déi verschidde bestehend Texter ze adaptéieren an de bestehende Gesetzer, am Code civil, am Code du commerce, am Nouveau Code de procédure civile, an der Deuxième partie du Nouveau Code de procédure civile an am Code pénal. Do hunn net nëmmen d'Membere vun der Kommissioun, dorënner och oder virun allem de Rapporteur, fläisseg mat dru geschafft, mä och déi zoustänneg „FunktionärInnen" aus dem Justizministère an déi Sekretäre vun der Commission juridique. Hinnen all e ganz grousse Merci fir dës enorm Aarbecht!

An dann als jëtzeg Presidentin vun der Commission juridique wëll ech zum Schluss alle Membere vun der Commission juridique mäin häerzleche Merci och ausriichte fir déi äusserst positiv a konstruktiv Diskussiounen, déi mir während deene leschten Aarbechte vun dësem Projet de loi haten, well et ass extrem wichteg, an engem gesellschaftspoliteschen Dossier deen néidege Respekt vis-à-vis vum Aneschtdenkenden ze behalen. De Respekt virum Aneschtdenkende wëlle mir iwwregens och als Gréng behalen, sief et fir d'Pétitionnairen, déi net déi néideg Zoustëmmung an der Bevëlkerung fonnt hunn, sief et och fir den Avis minoritaire vum Statsrot, dee vun zwee vu senge Memberen ënnerschriwwe ginn ass.

Selbstverständlech - a vläicht gradesou gutt - kann ee bei gesellschaftspolitesche Sujeten net, kann ee wahrscheinlech ni déi ganz Gesellschaft rassembléieren, mä et ass gradesou wichteg, datt déi politesch Responsabel et net verpassen, d'Gesetzer de Besoine vun der Gesellschaft matzäiten ze adaptéieren.

Wat de Statsrot „réalité sociologique" nennt oder den ORK eng „évolution rapide des mœurs", dat sinn e puer Beschreiwungen, déi ons, wann et dann nach néideg wär, irrémédiablement beweisen, datt mer net méi kënnen ons Gesellschaft no engem Code Napoléon aus dem Joer 1804 organiséieren.

An de Fait, datt mir haut praktesch à l'unanimité dëse Projet de loi stëmmen, ass, menge mir, e risegen, e risege gemeinsame Schrëtt no vir an der Gesellschaftspolitik vun dësem Land!

Selbstverständlech stëmme mir dee Projet, ech hunn dat schonn agangs gesot, an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Madame Loschetter, fir déi ganz flott Interventioun. Am Prinzip ass et elo u mir, mä vu dass de President net do ass, géif ech vläicht soen, dass den Här Kartheiser virdru schwätzt.

(Brouhaha général)

Wien ass nach...?

(Interruption)

Ah, et ass gutt.

E kënnt, e kënnt.

(Hilarité)

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

M. le Président.- Sou, Merci villmools fir d'Madame Presidentin. Madame Presidentin, ech ginn Iech dann elo d'Wuert als Riednerin vun Ärer Fraktioun. D'Madame Simone Beissel huet d'Wuert. Merci.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, onse Statsminister Xavier Bettel sot a senger Regierungserklärung den 10. Dezember 2013: „Vertraue setze mir och an d'Mënsche selwer. Mir mengen, dass si selwer fir sech - an net anerer fir si - déi beschten Entscheedungen treffen. An et ass net un eis an u kengem soss, fir iwwert déi Décisiounen ze jugéieren. E modernt Land brauch en oppenen an toleranten Ëmgang mat deene Froen. E modernt Land garantéiert de Mënschen, dass si selbstbestëmmt a fräi décidéieren a liewe kënnen. An dofir wëlle mir och eng Politik vun der Ouverture am Beräich vun der Gesellschaftspolitik maachen. Mir wëllen den Droit de la famille moderniséieren, de Mariage opmaache fir gläichgeschlechtlech Partnerschaften an hinnen och d'Méiglechkeet ginn, fir kënne Kanner ze adoptéieren."

En ass nach virugefuer mat de Reformen, déi solle kommen, dat heescht a Saache Scheedungsrecht, Accouchement anonyme an Interruption volontaire de grossesse, déi Saachen, déi schonn initiéiert sinn an déi sollen an dëser Legislatur duerchgesat ginn.

De Projet de loi iwwert d'Reform vum Mariage ass also den Ufank vun enger ganzer Bandbreet vu Gesellschaftsreformen, déi dës Regierung an Ugréff wëllt huelen. Eng Partie, an dat ass scho bei de Virriedner ugeklongen, an ech soen hinnen och Merci, ass vun der viregter Regierung initiéiert ginn. An et ass elo un dëser Majoritéit, fir déi Reformen, déi ech elo grad opgezielt hunn, dann och duerchzesetzen an dëser Mandature.

Dem Här Rapporteur Paul-Henri Meyers, dee fir säi wuelbekannten Asaz wierklech scho seng Reputatioun huet, scho säit Laangem, wëll ech e ganz ausdréckleche Merci soen, well, wéi et scho gesot ginn ass, hien och ganz vill dozou bäigedroen huet, dass d'Diskussiounen ëm dëst dach wichtegt, mä sensibelt Thema an der Kommissioun ganz roueg a sachlech gefouert gi sinn. Ech wollt him och Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport, aus deem jo erausgeet, dass mir haut nëmmen den Deel vum Mariage beliichten an och wäerte stëmmen.

Den initiale Projet hat jo nach eng aner Approche, well et ass sougutt ëm de Mariage wéi ëm d'Adoptiounsrecht gaangen, mä 2012 ass dunn op Wonsch vun dem viregte Justizminister gesot ginn, et wär besser, en an déi zwee Projeten ze splécken: dee vun haut, dee mer elo prett hunn, dee mer haut elo amgaang sinn ze diskutéieren a wäerte stëmmen, an dee vun der Adoptioun, wat jo och e ganz sensibelen ass a wou bestëmmt nach Debatten iwwert de Fong wäerte gefouert ginn.

Well dat esou ass, hunn awer déi bestëmmten Instanzen, déi intervenéiert sinn, an och ganz vill Associatiounen, déi de Projet de loi iwwert d'Reform vum Mariage aviséiert hunn, d'Adoptiounsfro trotzdeem an hire Gedanke bäibehalen an och aviséiert. Dat ass awer och legitim. Well ech mengen, wa mer eis d'Fro stellen, fir de Mariage opzemaache fir gläichgeschlechtlech Koppelen, dann ass et ganz legitim, dass sech duerno direkt d'Fro gestallt gëtt: Jo, wéi geet dat da mat der Adoptioun? Well mir wëssen, dass klassesch, säit dem Code Napoléon vun 1804 ëmmer deen, dee bestuet war, och d'Recht hat, fir ze adoptéieren. An dofir sinn alleguerten déi Froestellungen, déi vu menge Virriedner an och haaptsächlech vum Rapporteur scho beliicht gi sinn, ze verstoen a mussen och mat dem ganze Seriö behandelt ginn.

Während den Aarbechte vun der Kommissioun an och am Intérêt vun enger gudder Légistique sinn also an dem Kader vun dem Projet vum Mariage och déi aner Dispositiounen - an ech wëll dat nach ënnersträichen, well dat mécht ganz vill Sënn an enger Optik vu gudder legislativer Aarbecht -, de Projet iwwer Schäinehen, de Projet iwwert de legalen Alter vum Bestietnis an engem Projet de loi 6172A vereent ginn.

Am Kader vun den Aarbechten zu der Reform vum Divorce huet d'Commission juridique och décidéiert, iwwert de Projet den Délai de viduité ofzeschafen, wat mer elo haut zréckbehalen hunn. Den État civil, dat ass schonn ugekënnegt ginn, gëtt och moderniséiert, andeem eben d'Beruffer vun de concernéierte Leit net méi opgelëscht ginn. Dann ass nach gesot ginn, wat och Sënn mécht, dass de Certificat médical prénuptial net méi eng Obligatioun ass, wann ee sech wëllt bestueden. Op déi Saache wéilt ech net méi agoen, well meng Virriedner hu se schonn zur Genüge beliicht.

Här President, wann een d'Texter liest, déi an de leschte Méint, an ech géif souguer soe Joren, an net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä haaptsächlech och an deenen anere Länner produzéiert gi sinn iwwer gläichgeschlechtlech Koppelen, déi sech wëlle bestueden, da muss ee sech ëmmer d'Fro stellen, an dat geet aus den Texter eraus: Wéi ass et iwwerhaapt mat der Natur vun dem Mariage? Wéi ass et mat der Konzeptioun vun dem Mariage an der Evolutioun vun eiser Gesellschaft?

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, dass d'Bestietnis ëmmer nach e Fundament vun eiser Gesellschaft ass. Et ass ëmmer traditionell gesot ginn, dass de Fortbestand vun därselwechter doduerch assuréiert gëtt, dass e Mariage tëschent enger Fra an engem Mann och Kanner ervirbréngt.

Op där anerer Säit si mer eis all bewosst, dass mer elo mussen der Evolutioun vun der heiteger Zäit Rechnung droen a mir als Legislativ gefuerdert sinn, fir Regelwierker ze maachen, déi ebe just der Evolutioun vun haut gerecht ginn. Dat alles trëfft selbstverständlech zou an dem Kader vun der heiteger Debatt.

Mir wëssen, dass mat der Evolutioun sech esou vill geännert huet. Mir hunn esou vill elengerzéiend Elteren, Deelelteren, et gëtt ëmmer méi Patchworkfamilljen. Dat heescht, net nëmmen huet déi ganz Gesellschaft sech geännert, mä u sech ass d'Institutioun vum Mariage iwwerhaapt net méi déi, déi mer nach virun aller Zäit, ech géif soen, op d'mannst nom Krich, kannt hunn, a bis op d'mannst an d'70er Joren.

Wat mir e bësselche feelt an eiser Diskussioun, et ass zwar schonn ugeschwat gi vun där enger oder där anerer Säit, ass d'Notioun vun der Gläichberechtegung. An ech géif emol dofir ufänken, dass mer géife schwätzen iwwert d'Gläichberechtegung zwësche Fra a Mann. Déi huet besonnesch wat de Mariage ubelaangt, an de leschte Jorhonnerte jo eng enorm Evolutioun fonnt. D'Plaz vun der Fra an engem Mariage ass haut, ech géif soe glécklecherweis, net méi déiselwecht wéi fréier.

D'Institutioun selwer huet och eng grouss Evolutioun fonnt duerch d'Aféierung vum Mariage civil, do ass jo schonn de Mariage ganz demokratiséiert ginn. Well vergiesse mer net, an elo ginn ech wierklech an d'Geschicht, dass beim Konzil vun Trient am 16. Jorhonnert zwou grouss Komponente vun deem Mariage souguer an de Steen agemeesselt gi sinn: Op där enger Säit war et d'Notioun vum Kontrakt, dat heescht wierklech d'Relation juridique tëschent de bestuetene Leit, an op där anerer Säit war et d'Notioun vum Sakrament. Déi sinn a Stengtafelen agehummert ginn, an dann als Begleiterscheinung, awer net als Komponent, war et d'Indissolubilité vun dem Mariage: „…bis dass der Tod euch scheidet, auf immer und ewig."

Alleguerten déi Leit, déi déizäit net zu der réimesch-kathoulescher Kierch gehéiert hunn, duerfte sech iwwerhaapt net bestueden. Déi aner, déi sech bestuet hunn, ware fir ëmmer an éiweg gebonnen. Et huet mussen déi franséisch Revolutioun komme mat der Introductioun vum Mariage civil den 20. September 1792, dunn ass de Mariage säkulariséiert ginn. All Notioun vu Sakrament ass ofgeschaaft ginn an dee Moment ass och den Divorce agefouert ginn.

Mir hunn also de Gläichberechtegungsgedanken an de Fräiheetsgedanke scho vun der franséischer Revolutioun un, op d'mannst a sengem Ufanksstadium. An dat ass esou gemaach ginn, dass net d'Relioun ze vill konnt Afloss dorop huelen. An trotzdeem, wa mer éierlech sinn a mir kucken, wou mer haut stinn, a mir kucken, wat fir e wäite Wee mir gemaach hunn an der Gesellschaft, mä och an dem ganze Familljerecht säit 1804 - well d'Plaz vun der Fra jo haut awer glécklecherweis eng ganz aner ass!

De Jean-Marc Sauvé, de Vizepresident vum franséische Conseil d'État, seet, de Mariage wär, esou wéi dat sech historesch duerstellt, opgebaut op d'Spigelbild oder als Spigelbild vun enger gewësser Konzeptioun vum Ordre social, deen op enger reng patriarchalescher Organisatioun opbaut. Doraus ergëtt sech d'Legitimitéit vun der Unioun an eng ganz hierarchesch Opdeelung vun de Rechter a Flichte vun de Membere vun der Famill. Den Artikel 213 - dee mir jo och an eisem Lëtzebuerger Code hunn - vum Code civil vun 1804 seet dann och: «Le mari doit protection à sa femme, la femme obéissance à son mari». Klassesch Regelen, déi mir alleguerten als Juriste geléiert hunn a wou mer kucken, wéi d'Gesellschaft dann evoluéiert.

Da gëtt et nach besser, de Jean-Marc Sauvé interpretéiert de britesche Riichter an duerno Deputéierte William Blackstone, hie seet, an ech schwätzen dat awer am Kader vun der Konzeptioun vum Mariage: «Blackstone l'a également souligné, mais non sans un certain humour, en écrivant que», haalt Iech un, «par le mariage, l'homme et la femme ne forment qu'un seul corps, celui de l'homme.»

(Hilarité et interruption)

Eisen aktuelle Code civil gesäit a sengem Artikel 213 vir, dat ass jo deen, dee mer och ëmmer liesen, wa mer d'Leit bestueden: «Les époux concourent dans l'intérêt de la famille à en assurer la direction morale et matérielle, à pourvoir à son entretien, à élever les enfants et à préparer leur établissement.» Dat ass jo ëmmer déi klassesch Formel, déi elo u sech wäert ëmgeännert ginn, wou haaptsächlech den Term vun „époux" duerch „conjoints" wäert ersat ginn. Dësen Artikel ass praktesch deckungsgläich mat dem Artikel vum heitege franséische Code civil.

E laange Wee vun 1804 bis zum Projet de loi vun haut, an e Wee, dee vläicht wichteg war, mä et ass gutt, dass mer haut déi Ännerunge virhuelen, déi eiser heiteger Gesellschaft entspriechen.

An der Konzeptioun vun haut wëll ech nach ëmmer, nach eng Kéier, d'Valeur supérieure fir mech ënnersträiche vun der Gläichberechtegung vun de Leit, déi an enger Koppel bestuet ginn. An dem Wee vun de Frae vun 1804 bis haut, wou ech jo gesot hunn, de Mariage ass scho moderniséiert ginn, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, an den Alex Bodry huet et scho gesot: E Meilesteen ass gesat ginn an de 70er Joren:

1972, wou de Chef de ménage ofgeschaaft ginn ass an d'Fraen endlech mündeg gi sinn, wou se net nëmmen „assistées" an „autorisées" méi ware fir all Zorte vun Akten. Mä och ganz wichteg: 1974, wéi mer d'Reform vun de Régimes matrimoniaux duerchgezunn hunn, déi notamment am Intérêt vun der bestueter Fra war, déi net geschafft huet, fir dass hir patrimonial Interesse konnten ofgeséchert ginn, notamment am Fall vun enger Scheedung. Dat ware ganz wichteg Meilesteng, wat d'Institutioun vum Mariage betrëfft, ier mer zu där vun haut kommen.

Mat deem Projet de loi, dee mer haut wäerte majoritär stëmmen, maache mer u sech näischt aneschters, wéi erëm eng weider Etapp um Wee vun der Gläichberechtegung a vun dem Principe de l'égalité virunzekommen. A mir bezéie gläichgeschlechtlech Koppelen hei mat eran an eis Iwwerleeungen, fir hinnen de Wee opzemaachen zum Bestietnis.

Et ass oft vu Leit gesot ginn, déi d'Valeur vun dësem Projet de loi ugeprangert hunn: Majo, brauche mer dat dann iwwerhaapt? Mir hu jo säit 2004 d'Partenariatsgesetz, do kënne jo scho gläichgeschlechtlech Koppele sech esou gutt organiséieren, dass et praktesch parallell ass zum Mariage.

Neen, et ass net d'selwecht! Well, wat déi ganz Differenz mécht vum Mariage zu dem Partena riat, dat ass ebe just den Akt selwer. D'Wichtegkeet, d'Formalitéit vun dem Akt, deen duerch de Mariage gesat gëtt a wou eis Gesellschaft dee Moment offiziell weist, dass mer wëllen de gläichgeschlechtleche Koppelen deeselwechte Stellewäert ginn an dem Mariage wéi den heterosexuelle Koppelen, wat e ganz grousse Sprong no vir ass an eiser Législatioun.

Här President, ech hunn am Ufank gesot, d'Fro vun der Adoptioun ass esou enk mat der Reform vum Mariage verbonnen, dass een dëse Sujet och an der Debatt vun haut kann uschwätzen, ouni dass mer awer nach en Débat de fond wäerten haut hei féieren, deen an enger spéiderer Etapp op alle Fall nach muss gemaach ginn, well et extrem wichteg ass.

Adoption simple, Adoption plénière, et ass scho vill elo haut dovunner gesot ginn. Ech wäert net méi weider op all Detailer agoen. D'Diskussioun war: Déi gläichgeschlechtlech Koppel, wat ka se? Am Ufank ass jo d'Regierung an och d'Commisson juridique expressis verbis op eng Adoption simple agaangen, well ëmmer d'Iddi war, fir dass nach e Lien biologique mat egal wéi där enger oder där anerer Säit vun dem Kand kéint gehale ginn.

Dunn ass e Paradigmewiessel komm, wou de Statsrot gesot huet: Halt, stopp, dat geet géint de Principe de l'égalité vum Artikel 10bis vun eiser Verfassung, a wa mer A soen, da musse mer och B soen. Wa mer de Mariage opmaache fir gläichgeschlechtlech Koppelen, musse mer hinnen all Rechter ginn an dee Moment eis net op d'Adoption simple limitéieren. Si mussen d'Recht hunn, fir d'Adoption plénière ze kréien. D'Commission juridique huet dee Paradigmewiessel matgemaach an ass dunn och op de Wee gaangen, fir d'Adoption plénière also guttzeheeschen am Kader vun dësem Projet.

A kengem Zeenario - an ech wëll dat nach eng Kéier ënnersträichen, well et ass extrem wichteg an et ass jo och vu menge Virriedner ugesprach ginn - geet et hei drëm, enger bestueter, an hei elo gläichgeschlechtlecher Koppel en Droit à l'enfant ze garantéieren. Et geet ëmmer nëmmen ëm d'Droits de l'enfant. An et ass duerch laangjähreg Jurisprudenz, dass ëmmer geschwat gëtt vum „intérêt supérieur de l'enfant". An aus allen Zeile vun dësem Projet de loi kënnt en och eraus.

Et ass vum Conseil d'État an och op anere Plazen opgeworf ginn, wéi et sech da mat de Rechter vum Kand am Fall vun enger Adoption plénière an Zukunft verhale wäert. Notamment wann e Kand - an dat kënnt ganz oft, wann e Kand e bestëmmten Alter huet - dann ufänkt, Froen ze stellen, wéi et sech mat senge biologeschen Originë verhält. Dat ass eng ganz sensibel a ganz wichteg Matière.

Ech mengen, mir kommen net do ronderëm, fir nach eng Kéier en Débat de fond iwwert déi Fro ze setzen, well fir de Moment hu mer do keng Recette miracle, fir ze kucken, a wat fir eng Richtung mer ginn. Mä dat ass eppes ganz Wichteges. Do ass och scho ganz vill Tënt gefloss an all de Länner ronderëm, bis do versicht ginn ass... Well do war et a Frankräich, do ass et an déi eng Richtung gaangen, do huet dat kee gutt Resultat bruecht. Do si se erëm amgaangen zréckzeschrauwen. Mir musse kucken, a wat fir eng Richtung mir elo selwer ginn.

An dann nach eppes Wichteges: All Mënsch, all Koppel, wa se e Kannerwonsch huet an deem engen oder deem anere Moment vun hirem Liewen, muss sech jo d'Fro stellen, firwat se e Kand wëllen hunn. Dat ass bei deenen engen, déi e Kand wëllen iwwert den natierleche Wee kréien, eng grouss Fro, gradesou wéi bei deenen, déi e Kand wëllen adoptéieren. E Kand kréien, egal a wat fir engem Zeenario, ass ëmmer eng ganz grouss Responsabilitéit, an déi besteet bis zum leschten Otemzuch. Alleguerten heibannen an déi baussent dëser Chamber, déi Eltere sinn, wëssen dat ganz gutt.

Ech mengen, dass e Mënsch oder eng Koppel, déi wëllt e Kand adoptéieren, wat jo och en extrem wichtege Schrëtt ass, sech déi Fro - eng ganz déif Prise de conscience - mat aller Seriositéit muss stellen, well, wéi gesot, et ass eng Saach vu Responsabilitéit, mä et ass och eng Saach vu Liewensastellung, fir sech de Kannerwonsch ze erfëllen.

An ech sinn och sécher, wann ech kucken, wéi dobaussen dat geet mat den Adoptiounen an deenen anere Länner, dass sech déi richteg Froe vun deene Leit gestallt ginn. An dat ass och richteg esou, fir dass alles bei senger Uerdnung bleift an dee Moment och am Intérêt vum Kand seng ganz Sécuritéit an de fräien Développement vu senger Personalitéit kënne garantéiert ginn.

Wann een also de Pour an de Contre, an dat si jo haaptsächlech d'Géigner vun de ganzen Adoptiounsméiglechkeete vu gläichgeschlechtleche Koppelen, wann een déi elo op d'Wo leet, wéi gesot, kënnt een net do ronderëm, dass mer eis nach eng Kéier de Kapp zerbriechen, wéi mer dat wëllen ugoen, wann d'Kand wëllt seng biologesch Eltere kennen, an d'Eltere selwer musse wëssen, wéi se sech dee Moment solle verhalen.

Ech ginn net méi op aner Dispositiounen an, déi nach am Mariage hei geännert ginn, déi extrem wichteg sinn, wou mer déi ganz Texter moderniséieren. Ech begréissen et awer ausdrécklech, well dat ass eppes, wat mech ëmmer gestéiert huet, dass d'Fra sech konnt mat 16 Joer bestueden an de jonke Mann mat 18. Hei gëtt elo eng Uniformisatioun gemaach vun den Alteren. Dat ass och eng Saach fir d'Gläichberechtegung vu Mann a Fra an iwwerhaapt och bei gläichgeschlechtleche Koppelen, et soll all Mënsch déiselwecht Konditioune gestallt kréien.

Ech mengen, et ass och wichteg, well et gëtt eis ouni Problem d'Méiglechkeet, fir dee grousse Fléau - dee leider och zu Lëtzebuerg mat Momenter säin Onwiese gedriwwen huet - vun de forcéierte Mariagë kënne valablement ze bekämpfen, well elo eben haaptsächlech d'Meedercher groussjähreg sinn an do aner Méiglechkeete sinn, fir deem dann entgéintzewierken.

Mir setzen also haut, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir setzen haut ee ganz wichtegen Akt. Mir maachen dat am Bewosstsinn, dass mir als Gesellschaft ons formell, offiziell a fräi dozou bekennen, dass all Mënsch déiselwecht Rechter a Flichten huet an dat elementaart Recht huet, gläichberechtegt behandelt ze ginn.

Am Grondsazprogramm vun der Demokratescher Partei vun 2003 steet: „Wir glauben daran, dass, neben dem Individuum und der Gesellschaft, die Ehe und Familie schützenswerte Lebenszellen sind. Eine zeitgemäße Definition der Begriffe Ehe und Familie darf nicht allein von einer heterosexuellen Partnerschaft ausgehen. Ehe verstehen wir auch als eine vom Gesetz geschützte Lebensgemeinschaft, die unabhängig von dem Geschlecht der Partner existieren kann." Dat war 2003.

Konform zu dëser Approche, konform och zu dëser Regierungserklärung vun 2013, mat där ech ugefaangen hunn, finaliséiere mir haut eng weider Etapp um Wee vun der Gläichberechtegung, um Wee, wéi eng Konzeptioun mir dem Mariage ginn, also och, wéi eng Konzeptioun mir vum Zesummeliewen an onser Gesellschaft hunn.

Ech mengen, mir kënnen als Gesellschaft dëse wichtegen Akt, dee mir haut wäerte stëmmen, nëmmen ausdrécklech begréissen. An an deem Kontext - an nach eng Kéier Merci un all déi, déi matgeschafft hunn un dësem wichtege Projet, deen extrem breet gefächert ass - bréngen ech mat Freed den Accord vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Beissel. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, et gëtt Momenter fir Sachlechkeet an et gëtt Momenter fir Polemik. An ech versprieche lech, mat grousser Sachlechkeet lech eis Analys vun der Definitioun, dem Sënn an dem Zweck vum Bestietnis ze presentéieren an duerzeleeën, firwat datt mir de Mariage fir homosexuell Koppelen an dat domat verbonnent Adoptiounsrecht oflehnen.

Mä fir d'Éischt gestatt Der mer ee Moment vu Polemik, nämlech vu Polemik doriwwer, wéi hei am Haus ëmgaange gëtt mat Pétitionnairen. Et geet ëm d'Virgäng vun deene leschten Deeg betreffend déi Leit, déi d'Petitioun zum Recht vum Kand virgeluecht hunn.

Ech muss feststellen: Hei an der Chamber gëtt et ëmmer besser! No den Ukënnegungen duerch d'Gambia-Majoritéit vu méi Transparenz...

(Interruption)

...vu méi Transparenz, méi Demokratie a méi Biergerbedeelegung hate mer eng éischt Unhéierung hei an der Chamber vun de Pétitionnairen iwwert de Projet Tram. Woubäi „Unhéierung" e falscht Wuert ass, well déi Leit goufen net ugehéiert, mä se goufen als Publikum méssbraucht vum Minister Bausch fir seng Pro-Tram-Priedegt. Den Dag drop gouf de Projet an der Kommissioun duerchgebaatscht an déi Woch drop hei no Bulldozermanéier duerchgestëmmt.

De Pétitionnairë géint dat heite Gesetz blouf dat erspuert, well schréftlech Ënnerschréften net als equivalent zu elektroneschen Ënnerschréften ugesi ginn. Ausgerechent bei engem Projet, deen an der Fënster als Antidiskriminéierungsprojet argumentéiert gëtt, gëtt diskriminéiert! Et ass fir mech eng kloer Altersdiskriminatioun, wa Leit, déi ebe kee Computer hunn oder net esou gutt mat Internet kënnen ëmgoen, sech net un enger Petitioun hei an der Chamber däerfe bedeelegen an net däerfen hir Meenung zum Ausdrock bréngen.

Jo, d'Saache verbessere sech hei an der Chamber, well deene Bierger ass erspuert bliwwen, wat deenen anere geschitt ass, nämlech hei als Statiste vun enger Pseudobiergerbedeelegung op gutt Lëtzebuergesch gesot „veraascht" ze ginn!

No der Ruinéierung vun der Biergerbedeelegung gëtt dann elo déi wichtegst Institutioun vun eiser Gesellschaft, de Mariage, ruinéiert. Den Term „Mariage" gëtt usurpéiert, fir wiesensfriem politesch Fuerderungen duerchzesetzen. D'Wuert an d'Saach ginn hires Inhalts beraubt!

An elo kënnt d'sachlech Analys. Wat ass de Mariage? De Mariage, d'Bestietnis gëtt et säit Urzäiten a gouf et scho laang, éier et eis parlamentaresch Demokratie gouf. Duerfir, Här Gloden, ass en och vill méi al wéi 200 Joer, de Code civil. An Urzäiten huet de Mënsch festgestallt, datt de Mariage déi richteg Grondzell vum mënschlechen Zesummeliewen ass. De Mariage, d'Famill, huet e friddlecht Zesummeliewe vun de Mënsche garantéiert an d'Erhalen an d'Entwécklung vum Mënsch an enger Zivilisatioun erméiglecht. D'Wuert selwer kënnt vum latäineschen „Mater", Mamm. Dat däitscht Wuert „Ehe" kënnt vun dem alhéichdäitschen „ēwa", den „befriedete Raum" an enger Gesellschaft.

De Mariage ass eng Institutioun, an net, wéi den Här Rapporteur gemengt huet, e simpele Vertrag. Et ass eng Institutioun, déi d'Keimzell ass vun eiser Gesellschaft. Si soll dem Intérêt général déngen an net engem Intérêt particulier. Ëmmer goung et drëm, Kanner d'Liewen ze schenken, se grouss ze zillen, kuerz, eng Famill ze grënnen.

Den Anthropolog Claude Lévi-Strauss huet de Mariage beschriwwen als den «socle pratiquement universel de la famille; la famille fondée sur l'union socialement approuvée de deux individus de sexes différents, qui fondent un ménage, procréent des enfants, phénomène pratiquement universel présent dans tous les types de sociétés. Les époux sont des individus de sexes différents et la relation entre les sexes n'est jamais symétrique.»

Mäin zweete Punkt: Firwat ass de Mariage och haut nach wichteg an eiser Gesellschaft? D'Famill, déi dem Mariage entspréngt, ass d'Verbindung tëschent de Generatiounen. Ouni si géif et just méi jonk a méi al Individue ginn. Mat hir gëtt et Elteren, Grousselteren, Urgrousselteren, Monnien, Tattaen, Kosengen a Cousinen.

De Mariage ass gekennzeechent vu géigesäitege Flichten, wéi sech géigesäiteg ze hëllefen a bäizestoen, mä och a virun allem dem Verspriechen, beieneenzebleiwen a sech trei ze sinn a gudde wéi a schlechten Zäiten. D'Bestietnis ass virun allem och dat: eng Institutioun, déi op Fidélitéit opgebaut ass, eng Flicht, déi och eise Code civil a sengem Artikel 212 festhält. An och dat heite Gesetz geet un deen Artikel net fréckelen. Mä et ass bezeechnend, datt ee Member vun der juristescher Kommissioun gemengt huet, dat misst een de Bräiterchersleit beim Bestietnis awer elo net wierklech virliesen.

Jo, Dir hutt recht, et ass hei gesot ginn, vill Famillje scheiteren, vill Mariagë scheiteren. An eng vun deenen heefegsten Ursaache vun deem Scheiteren ass ebe just de Broch vun dësem Treiegelöbnis. Anstatt also klenge Kanner schonn am Virschoul- oder Primärschoulalter Sexualunterrecht ze ginn an hinne bäizebréngen, hiert Geschlecht wier dobäi zweetrangeg, muss een eiser Meenung no nees Wäerter vermëttelen: Wäerter vu Responsabilitéit, vu Verantwortung, Treiheet a vun der Freed, déi eng intakt Famill bedeit fir d'Partner, fir d'Kanner a fir d'Kandskanner. Duerfir muss an eisen Aen de Stat, musse mir heibannen nei Gesetzesinitiativen huelen, déi déi Famill schützen a férderen, an dat grad a méi schnellen a leider och méi belibegen Zäiten.

Eiser Meenung no gëtt haut hei genau de Contraire gemaach. Datt eis nei Regierung eng Aart Antifamilljeregierung ass, huet se schonn ugekënnegt, vum Ofschafe vun der Mammerent iwwer d'Kierzung vu Familljenzoulage bis hin zu där a mengen Aen onsäglecher Ausso vun der Antifamilljeministesch, mir bräichte keng natalistesch Politik méi, mir hätte jo genuch Zouwanderung. Domadder widdersprécht dës Regierung der Evidenz, datt eis Bevëlkerung vereelst a mir eng Alterspyramid hunn, déi um Kapp steet.

Erlaabt engem Riedner vun der gudder aler Rentnerpartei, sech seriö Gedanken ze maachen doriwwer, wien eng Kéier all deene Leit hir Rente soll bezuelen, déi haut cotiséieren, wa mer keng natalistesch Politik méi wëlle maachen. An dat Ehe-Ofschafungsgesetz vum heitegen Dag setzt deem Ganzen a mengen Aen d'Kroun op.

Woumat mer bei déi méi kruzial Fro kommen, drëtte Punkt: Firwat sollte gläichgeschlechtlech Koppele sech net bestueden däerfen? Eng Institutioun, déi als erkläertent Zil huet, fir Kanner ze procrééieren, firwat soll déi ugewannt ginn op Leit, déi per definitionem keng Kanner procrééiere kënnen? Ech fannen dat absurd an onerkläerlech! Wéi kënnt e Mënsch op déi Iddi? Et gëtt argumentéiert mat Diskriminatioun, mä ech denken, dee wierkleche Motivatiounsfacteur ass d'Ideologie vum Gender mainstreaming. Gender, dat sougenanntent „soziaalt Geschlecht", am Géigesaz zum biologeschen.

Dëse politesche Wëllen huet sech international zur Aufgab gemaach: eng verflichtend statistesch Gläichheet tëschent Mann a Fra an alle Beräicher, mütterlech an elterlech Erzéiung ofwäerten an de Kanner duerch staatlech Erzéiung méiglechst fréi arieden, si hätte kee Sexe am Sënn vu männlech a weiblech, an jiddwereen, deen de Contraire seet, schwätzt vu Geschlechterstereotypen. D'Kanner gi gegendert! A fir déi Ideologie ass dat faktescht Ofschafe vum Bestietnis duerch eng Ëmdeitung - an näischt aneschters geschitt hei - e weidere Schrëtt an eng gegendert, gemainstreamt Gesellschaft.

Mä Dir hutt recht, dat plakatiivt a virgeschobent Argument fir den homosexuelle Mariage ass net den Gender mainstreaming, mä eng behaapt Diskriminatioun vu Schwulen a Lesbe par rapport zu Heterosexuellen. Oder eng Fro vu Respekt, oder eng Fro vu „Léift unerkennen". A mengen Aen ass dat e falscht Argument. Et däerf een homosexuell sinn an eiser Gesellschaft, et däerf een zesummeliewen, an déi Partnerschaft ass och haut scho gesetzlech geregelt, wann een dat da wëllt. Et gëtt fir mech kee juristesche Grond, d'Institutioun Mariage opzemaachen.

A genau dat huet och den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter a sengem Uerteel vum 24. Juli 2010 festgehalen. Näischt aneschters! Den homosexuelle Mariage ze refuséieren, heescht kengesweegs géint homosexuell Leit ze sinn, hir Léift wëllen ze verbidden oder kee Respekt ze hu virun där Léift. Si emfanne bestëmmt eng echt Léift fir hir Partner. Mä de Stat ass net Riichter iwwer Gefiller! Hien organiséiert d'Zesummeliewen no objektive Kritären, an net nom Zeitgeist oder no der jeeweileger Gefillslag an der Gesellschaft.

Ech weess och net, ob de Mariage wierklech déi Institutioun ass, déi eng Majoritéit vun Homosexuellen iwwerhaapt wëllt. Ech hu ganz vill schwul Frënn. An déi sote mer, déi allermeescht vun hinnen, si géifen net wëllen en Treueschwur ofginn, deen zum Mariage gehéiert.

(Brouhaha)

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Jo, och Heteroen...

M. Roy Reding *(ADR)*.- Ech hu mer geduecht, datt ech hei géif ënnerbrach ginn. De Volker Beck, parlamentaresche Geschäftsführer...

M. le Président.- Neen, neen, Dir gitt net ënnerbrach. Ganz sécher net!

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci. Merci, Här President!

M. le Président.- Voilà.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci. De Volker Beck, 2011 parlamentaresche Geschäftsführer vun deene Gréngen, sot an enger Publikatioun: „Wenn man darauf hofft, die Schwulen zu treuen Ehepartnern zu machen, muss und wird die schwule Beziehungsrealität den Gesetzgeber enttäuschen."

Mä et geet jo bei Wäitem net nëmmen ëm déi bestuete Leit, et geet och ëm d'Kanner, woumat mer beim véierte Punkt wieren: d'Roll vum Kand an deem Ganzen. Duerch dëst Gesetz gëtt elo gläichgeschlechtleche Koppelen erlaabt, e staatlech unerkannt Bestietnis anzegoen, mat alle Konsequenzen, inklusiv engem vollen Adoptiounsrecht. Et kann ee soen, mir erlaben homosexuelle Koppelen d'Adoptioun, also kënne se elo eng Famill grënnen. An dobäi geet et net nëmmen ëm d'Stéifkanneradoptioun, déi oft an d'Feld gefouert gëtt. Neen, et muss en Adoptiounsrecht si pour tous, e Recht op e Kand am Géigesaz zum Recht vum Kand!

An a mengen Aen huet e Kand d'Recht op e Papp an eng Mamm, se ze hunn a mat hinnen opzewuessen. Déi bescht Plaz, wou e Kand kann opwuessen, ass seng natierlech, biologesch Famill. À défaut bei Adoptivelteren. E Kand an eng homosexuell Koppel ze ginn, heescht fir mech näischt aneschters, wéi vermeintlech Rechter vun enger erwuessener Minoritéit op e Kand iwwert d'Wuel vum Kand ze stellen. Dat ass meng Iwwerzeegung!

Et ass och meng Iwwerzeegung, datt dat heiten net dee leschten Akt ass vun Attack op eis Famill als Grondstee vun eiser Gesellschaft.

Souguer déi éierlechst Verfechter vum homosexuelle Bestietnis ginn zou, datt op laang Siicht och fir aner sexuell Virléiften de Mariage nécessairement opgemaach gëtt: Polygamie, Polyandrie, Polyamorie.

Effektiv, wa mer de Mariage, d'Famill net méi definéieren als e Bond tëschent Mann a Fra an der Perspektiv, Kanner ze kréien, mä als eng staatlech Unerkennung vu sexuelle Virléiften, dann däerften och zwou Frae mat engem Mann oder zwee Männer mat enger Fra e Bestietnis agoen. Emsou méi, wa mer de Prinzip vun der Treiheet verschwanne loossen. Och gesetzlech reglementéiert an domat unerkannt Praktike wéi Leihmutterschaft, Fremdbefruchtung, et ass haut jo scho genuch driwwer geschwat ginn, sinn d'Konsequenze vun esou enger Politik.

Ech komme schonn zum Schluss, ech erléisen lech, mä ech wollt awer net schléissen, ouni eng faszinant Ëmfro vun der britescher Zeitung „Telegraph" ze zitéieren.

(Interruptions)

Här Bodry, lauschtert no, elo léiert Der eppes.

Une voix.- Dat ass awer keng Referenz.

(Interruptions et hilarités)

M. Roy Reding *(ADR).*- Déi britesch Zeitung „Telegraph" huet 1.600 Kanner ënner zéng Joer gefrot, wat si géifen änneren un der Politik, wa si Kinnek oder Kinnigin wieren a si däerften ee Gesetz erloossen. A wat mengt Der, wat d'Majoritéit vun deene 1.600 Kanner ënner zéng Joer gesot huet?

(Interruption)

„Ban divorce, ban divorce", verbitt d'Scheedungen. Kéinte Kanner hiert Leed an hir Angscht, awer och hir Freed, an enger richteger an intakter Famill ze liewen, besser erausjäizen? Duerfir seet meng Partei klipp a kloer a geschlossen: Mir brauchen „Family mainstreaming" an net „Gender mainstreaming"! Mir wëlle Gesetzer fir d'Famill an net géint d'Famill! An duerfir lehne mir dat hei Gesetz of.

Une voix.- Très bien!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Näischt verstanen!

M. le Président.- Merci. Deen nächste Riedner ass den Här Justin Turpel, deen um Wee ass. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. D'Geschicht vun alle Gesellschaften, Här Bodry, ass d'Geschicht vu Klassekämpf. Dat hu gesot, Dir wësst et, Marx an Engels 1874 als Aféierung zu deem, wat nach haut bekannt ass ënnert dem „Kommunistesche Manifest". A mat Klassekämpf menge se d'Ausenanersetzung zwëschen Ënnerdréckten an Ënnerdrécker. Och haut hu mer nach eng Gesellschaft vu soziale Klassen, an d'Ongläichheeten huele souguer ëmmer méi zou!

Mä wourop wëll ech eraus? Och haut ass de gesellschaftleche Fortschrëtt e Resultat vu sozialen Ausenanersetzungen, Mobiliséierunge vun Ënnerdréckten, Konflikter, Oplehnung a Kämpf, an net, wéi dacks gemengt gëtt, virun allem vu schlaue Leit, mä vu soziale Mobiliséierungen. Och d'Gläichstellung vun Homosexuelle bei Bestietnis an Adoptioun ass e Resultat vun deene Mobiliséierungen.

Iwwerhaapt bleift de Kampf fir gläich Rechter eng vun deene wichtegsten Ausenanersetzunge vun der heiteger Zäit, an zwar esou laang, wéi et där sozialer Ongläichheete gëtt. Et bleift e permanente Kampf. Wat haut unerkannt ass, war et gëschter nach laang net. Et kéint ee vill Zitater fannen, wou mer erkläert kréien, firwat datt Frae kee Führerschäi solle maachen, well se net Auto kéinte fueren. Et kéint ee vill Zitater fannen, wou Gesetzer motivéiert gi sinn domadder, datt Frae kee Bankkonto däerften opmaachen a firwat, oder keng Lounaarbecht unhuelen, wann de Mann hinnen dat net erlaabt. An där Beispiller kéint een eng ganz Rei soen.

Mä och am Fall vun der Gläichstellung vun Homosexuelle bei Bestietnis an Adoptioun ass et esou, datt mer nodréiglech am Fong geholl d'Gesetzer upassen un dat, wat déi gesellschaftlech Entwécklung scho laang mat sech bruecht huet. Mir consacréieren am Fong geholl am Gesetz, wat scho laang eng Realitéit ass. An ech muss awer soen, dee Prozess ass awer nach laang net ofgeschloss!

D'Gläichbehandlung vu Mann a Fra ass net realiséiert. Déi ass net ofgeschloss, weder an der Erzéiung nach am Beruffsliewen nach an der Gesellschaft. D'Diskriminéierung vun homosexuelle Koppelen ass net ofgeschaaft. Mir brauchen nëmmen ze kucken, wat et vun Homophobie gëtt, vu Stigmatiséierung vu Kanner vun homosexuelle Koppelen, an all déi Argumenter, déi an déi Richtung kommen.

An och d'Diskriminéierung vun Homosexuellen iwwerhaapt ass net ofgeschaaft. An dobäi sinn aner Froen, déi mer iwwerhaapt emol nach net gebührend behandelt hunn, wéi déi vun den Transsexuellen, déi och diskriminéiert sinn, an och d'Recht hunn, datt d'Gesetzer ugepasst ginn u gesellschaftlech Realitéiten.

Dozou gehéiert och d'Roll vum Sexe am État civil, deen e Stellewäert huet, dee vill ze vill grouss ass an deen ee muss carrément a Fro stellen. Esou wéi mer bereet sinn, de Beruff vum Conjoint a Fro ze stellen, musse mer och bereet sinn, de Stellewäert vum Sexe am État civil a Fro ze stellen. Esou wéi mer iwwerhaapt d'Roll vun der Famill als eenzeg unerkannt Liewensgemeinschaft vill méi staark mussen a Fro stellen an aner Forme vun Zesummeliewen och gesetzlech weider stäerken an ausbauen.

Ech weess, an den Här Reding huet eis et jo virdrun dokumentéiert, et gëtt ëmmer erëm Leit, déi all Fortschrëtt wëlle bremsen an deenen hiert Wielerkapital souguer d'Bremse vum gesellschaftleche Fortschrëtt ass, mä dat wäert de Fortschrëtt net ophalen, an déi Ausenanersetzungen och net, déi dozou nach wäerten an Zukunft néideg sinn.

Ech hunn och der Initiativ „Schutz fir d'Kand", wéi se sech nennen, d'Fro gestallt, wéi mer gëschter mat hinnen zesumme waren, wéi vill Kanner da reng statistesch gesinn zu Lëtzebuerg mat hire biologeschen Elteren opwuessen a wéi vill datt der dat net maachen. A virun allem, ob déi da méi eng schlecht Erzéiung hunn, déi net mat hire biologeschen Elteren zesummen opwuessen, wéi déi aner. Ech hat gehofft, ech krit eng Äntwert dorobber. Ech hu se awer net kritt.

Domadder wëll ech zu mengem zweete Punkt kommen, nämlech zu de Rechter vum Kand. Als Basis zu deem, wat ech soen, déngt fir mech en exzellenten Artikel, deen Der vläicht konnt d'lescht Woch liesen an der „woxx", vum Psycholog, Familljentherapeut a Formateur Gilbert Pregno, dee leider nëmme gekierzt an der „woxx" ofgedréckt war, mä awer trotzdeem liesenswäert ass an deen ech mer a senger integraler Fassung besuergt hunn, well et wierklech derwäert ass.

Et gëtt keng, seet de Gilbert Pregno, pertinent Etüden, déi schlussfolgeren, datt homosexuell Koppele manner amstand wiere fir Kanner ze erzéie wéi anerer. D'Zesummesetzung vun der Koppel ass nëmmen eng Donnée vu villen, déi d'Erzéiung beaflossen. D'Erzéiung ass villméi ee komplexe Phenomeen, dee sech net op eng Variabel reduzéiere léisst. E Kand brauch stabel a kohärent Relatiounen, kloer Bezuchspersounen, déi et halen, begleeden, stäipen. An et ass näischt wat seet, datt homosexuell Koppelen dat net kéinte maachen.

Am Géigendeel, wat e Kand net brauch, si Ligen. An et gëtt vill Ligen an der traditioneller Erzéiung, och an den heterosexuelle Familljen. E Kand soll nimools gesot kréien, et hätt zwou biologesch Mammen a kee biologesche Papp oder zwee biologesch Pappen a keng biologesch Mamm. Esou Lige brauch een eise Kanner net ze erzielen, an dat ass awer dat, wat ënnerstallt ginn ass an enger Rei Lieserbréiwer, déi mer a leschter Zäit konnten am Kontext vun dem gläichgeschlechtleche Bestietnis an der Adoptioun liesen.

Iwwregens stëmmt dat och, datt e Kand keng Lige brauch an der Adoptioun. D'Gebuertselteren an d'Erzéiungseltere si meeschtens déi nämlecht. An der Adoptioun net. Wichteg ass, datt d'Kand Zougang - a virdrun ass et och ugeschnidde ginn - kritt zu senger eegener Geschicht. Wichteg ass, datt d'Erzéiungselteren him ee Moment d'Wourecht soen iwwert d'Hierkunft vu senge Gebuertselteren. An och do gëtt et keng Differenz zwëschen heterosexuellen Elteren an homosexuellen Erzéiungselteren, fir se elo emol esou ze nennen.

Mir wëssen och, et gëtt net nëmmen een eenzege Modell vun Erzéiungsgemeinschaft; net nëmmen eng heterosexuell Koppel ass fäeg, Kanner zu mündege Bierger ze erzéien. Haut geschitt dat a villen anere Formen. A schockéiert war ech, wéi mer vun der Initiativ „Schutz fir d'Kand" gesot kritt hu gëschter, ech zitéieren: „Wéi soll e Kand mat biologescher Mamm a Partnerin, déi net seng biologesch Mamm ass, zesummen ee Kader gi fir eng gesond Erzéiung vun engem Kand, wat do net déi noutwendeg Bezuchspunkte fanne kann?" An domadder sollte mer kloergemaach kréien, datt eng heterosexuell Koppel iwwerhaapt net ka Kanner korrekt erzéien.

(Interruption)

Homosexuell! Pardon. Natierlech! ...datt eng homosexuell Koppel iwwerhaapt net Kanner ka korrekt erzéien.

Wéi ech d'Fro gestallt hunn, wéi dat da wier bei enger monoparentaler Famill, hunn ech keng Äntwert kritt. Well do stellt d'Fro sech d'nämlecht. An och monoparental Eltere si capabel, Kanner gradesou korrekt ze erzéie wéi heterosexuell oder homosexuell Koppelen.

Gradesou schockéiert war ech gëschter, wéi ech héieren hunn: Wat ass dann, wann eng lesbesch Koppel décidéiert, mat enger homosexueller Koppel zesumme Kanner ze maachen? Dann hunn déi Kanner véier Elteren an aacht Grousselteren. Oh Schreck! Zitat: „Et féiert zu enger Situatioun, wou eng Sau hir Fierkelen net méi erëmfënnt." Zitat fäerdeg!

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Majo, da maache se aachtmol d'Kommioun.

(Hilarité)

M. Marc Angel *(LSAP).*- Aachtmol Kleeschen!

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Mä ech wëll eppes aneschters soen. Ech mengen, elo scho gëtt et Familljen, wou Kanner no Scheedung a Recompositioun sechs oder aacht Grousselteren hunn. Meng eegen Enkelkanner, an ech si stolz dorobber, hu sechs Grousselteren, an dat ass och gutt esou.

(Interruptions)

Dat ass op jidde Fall besser...

(Interruptions)

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP).*- Dat gëtt Sträit...

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Neen, dat gëtt kee Sträit bei de Grousselteren, well et e Recht ass vun...

M. le Président.- Loosst lech net ënnerbriechen.

(Hilarité)

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- ...well et e Recht ass vun Eltere vu gescheete Leit - vun de Grousselteren -, fir de Lien mam Kand ze halen. Och dat misste mer emol eng Kéier an eiser Législatioun consacréieren. Esou wéi et e Recht ass vun deenen neie Partner, déi Relatiounen ze hunn, déi wichteg si fir déi Kanner. An dat ass och gutt esou an op jidde Fall vill besser, wéi wa Koppelen zesummebleiwen, well se mengen, si missten zesummebleiwen, och wann d'Léift an d'Zesummenhalen an der gemeinsamer Erzéiung vun de Kanner keng Roll méi spillen.

À propos „gär hunn": Mir krute vun der Initiativ „Schutz fir d'Kand" gesot, oder si mengen, d'Interesse vum Kand wier net eng Saach vu Léift, mä vu biologescher Ofstamung. Si hunn eis souguer gesot - an do fänkt et wierklech un, d'Mooss vun Homophobie ze iwwerschreiden, déi absolut net tolerabel ass -, datt fir si ganz kloer wier, datt et an homosexuelle Koppele méi Fäll vu Mësshandlung vu Kanner géif gi wéi bei heterosexuellen Elteren. Dat sinn Affirmatiounen, déi muss ee ganz décidéiert zréckwerfen, déi op iwwerhaapt kenge Fakte baséieren, mä déi wierklech, an ech gebrauchen et net gären: einfach wierklech platt rassistesch Homophobie duerstellen!

Ech wëll nach op zwéin Aspekter agoen, déi sech an deem heiten Zesummenhang stellen, déi awer onbedéngt missten diskutéiert ginn. Dat eent ass dee vun der PMA, vun der kënschtlecher Befruchtung, fir et op Lëtzebuergesch ze soen. Den Erfinder vun der kënschtlecher Befruchtung, de Jacques Testart, dee mécht haut, oder an engem Artikel elo am „Monde diplomatique" de leschte Mount, opmierksam op zwou Saachen: éischtens, datt duerch d'kënschtlech Befruchtung an den industrialiséierte Länner an der Zwëschenzäit ronn fënnef Millioune Kanner op d'Welt komm sinn, déi soss net hätte kënnen op d'Welt kommen. An och ënnersträicht en d'Berechtegung vun der kënschtlecher Befruchtung.

E weist awer och op d'Geforen hin. D'Geforen, déi mer schonn aus der Geschicht kennen, déi awer haut an enger industrialiséierter Gesellschaft méi grouss sinn, déi vu Selektioun, vu Verbesserung vun der Mënschheet, vun der Rass. An den Testart seet, mir solle ganz gutt oppassen, fir den Ënnerscheed ze maache bei der kënschtlecher Befruchtung zwësche medezinescher Noutwendegkeet a gentechneschen Tricken, fir gesellschaftlech Produktivkräften anescht entwéckelen ze loossen, dat an enger neoliberaler Gesellschaft, wou een alles fir Sue soll kënne kréien a wou do grouss Gefore bestinn.

Ech ginn net an op d'Vergläicher mat der Déirewelt, well se mer einfach zewidder sinn, mä déi awer weisen, wat op där Ebene alles bei de mënschleche Wiese méiglech ass.

Mä ech wëll awer drop hiweisen - a firwat soen ech dat hei? -, ech wëll drop hiweisen, datt dat dote kee spezifiesche Problem ass vun heterosexuelle Koppelen! Dat ass een allgemenge Problem! Dee stellt sech souwuel fir heterosexuell wéi fir homosexuell Koppelen. An dofir ass et wichteg, datt mer grad am Kader vun dëser Diskussioun keng falsch Diskussioune féieren.

D'nämlecht ass et iwwerhaapt mat den neie Reproduktiounstechnologien an enger globaliséierter Gesellschaft, wou ee sech allméiglech Zeenarie ka virstellen. Vläicht hunn eng Rei Leit deen israelesch-indesche Film „Global Baby", pardon, „Google Baby" gesinn, vun 2009. An d'Realitéit ass déi, datt mer haut Industrien hunn, wou Frae wéi Sklave behandelt ginn, och hormonell behandelt ginn, fir während zwee, dräi Joer Kanner auszedroen, fir duerno hiren eegene Kanner mat deene Suen, déi se dofir verdéngen, iwwerhaapt en normaalt Liewen ze erlaben.

Mir hunn haut a Spuenien méi wéi 200 esou Kliniken. Mir hu Kliniken haut, net nëmmen a Russland an an der Ukrain, Zentre fir „mënschlech Produktioun". A mir solle ganz gutt oppassen, et ass net nëmmen eng Fro vu Moral, mä och eng Fro vun Dignitéit vum Mënsch! An déi Froe solle gekläert ginn.

Mä wichteg ass et, datt déi Froe musse gekläert ginn onofhängeg vun der Diskussioun iwwer homosexuell Bestietnisser an Adoptiounen. Dat si Froen, déi op jidde Fall musse gekläert ginn.

D'nämlecht ass et mat deem, wat virdru gesot ginn ass: d'Recht, seng Filiatioun ze kennen, seng biologesch Elteren ze kennen, och an der Adoptioun. Dat si Froen, déi musse gekläert ginn! Déi musse mer diskutéieren. D'Rechter musse verankert ginn. Mir mussen doriwwer légiféréieren, mä wann ech gelift net déi Diskussiounen an engem Kader féieren, mat deem se iwwerhaapt näischt ze dinn hunn.

Mir stëmmen dat Gesetz hei, well et e weidere wichtege Schrack ass zu der Ofschafung vun Diskriminéierungen.

Mir félicitéieren all deenen, déi sech an deene leschte Joren a Jorzéngten derfir mobiliséiert hunn, fir esou Diskriminéierungen ofzeschafen. A mir sinn eis bewosst, datt dee Kampf do muss weidergoen.

Ech si genee op 15 Minutten an ech huele mer Zäit, fir zu der Motioun ze schwätzen herno, well ech nämlech net d'accord sinn, datt déi Motioun haut an dësem Kader soll gestëmmt ginn, egal wéi berechtegt se ass, well genee déi Relatioun gemaach gëtt, déi mer net solle maachen, mat gläichgeschlechtleche Bestietnisser. Mä dat erklären ech lech herno.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Nächste Riedner ass den Här Marc Angel.

M. Marc Angel *(LSAP).*- Här President, léif Regierungsvertrieder, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als zweeten LSAP-Spriecher schléissen ech mech natierlech de Wierder vu mengem Fraktiounspresident Alex Bodry un. Ech wëll och virun allem dem Rapporteur, dem Paul-Henri Meyers, Merci soe fir déi Gedold, déi e mat eis hat an der Kommissioun all déi Joren, an och fir säi gudde schréftlechen an och ganz gudden, nuancéierte mëndleche Rapport. Awer och all deenen anere Kolleeginnen a Kolleegen an der Kommissioun, wou mer laang a gutt hei un deem Projet geschafft hunn. An och deene ville Leit, déi Avise geschriwwen hunn. Mir hunn eng ganz Rëtsch vun Avisen, wou ech herno nach op eenzelner wäert zréckkommen.

Een Ënnerscheed zwësche mir a mengen anere männleche Virriedner hei um Pult ass, dass ech net bestuet sinn oder och ni bestuet war. Firwat ass dat esou? Dat ass net, well ech e Vœux de chasteté oder de célibat ofgeluecht hunn. D'Ursaach ass och net, dass ech ni eng seriö Partnerschaft agaange sinn, wou Léift, Respekt, Vertrauen a besonnesch och Loyautéit groussgeschriwwe sinn. Mä d'Ursaach ass einfach déi, dass ech, wann ech mech hätt wëlle bestueden, opgrond vu menger sexueller Orientéierung dat net hätt dierfen. An duerfir freeën ech mech, dass mer haut och hei zu Lëtzebuerg e Gesetz stëmmen, wat ënner anerem och enger grousser Inegalitéit an Diskriminatioun en Ënn setzt.

Ech fanne perséinlech, dass dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, gradesou wichteg, ganz wichteg ass fir mech an och fir meng Partei, well et am Fong eng Selbstverständlechkeet ass, dass all Mënsche gläich Rechter a gläich Flichte sollen hunn.

Wann een eng gesellschaftlech Institutioun, eng Institutioun wéi de Mariage, déi fir d'Gesellschaft esou wichteg ass, wann een déi reformiéiert an opmécht fir homosexuell Koppelen, dann heescht dat och, dass een niewent dem Ophiewe vun enger Diskirminatioun och eng Unerkennung an eng Akzeptanz vun der Homosexualitéit ausdréckt an dass een och d'Léift zwëschen zwee Männer an zwou Fraen unerkennt.

Duerch dësen Text gi mer och e Message un all déi schwul Männer an all déi lesbesch Fraen, dass si Matbierger a Matbiergerinne si wéi all déi aner. Mir schützen also och Kanner a Jugendlecher mat dësem Projet, all déi Kanner, déi an homoparentale Familllje grouss ginn, an deene soe mer: Dir sidd Kanner wéi all déi aner Kanner. An doduerch schütze mer se och a ginn hinnen e Message mat op de Wee. A mir schützen och all déi jugendlech Jongen a Meedercher, déi mierken, dass se homosexuell sinn; a mir wëssen, dass d'Suiciderat bei homosexuelle Jugendleche vill méi héich ass wéi bei heterosexuellen, an och dofir schütze mer jonk Leit mam Vote vun dësem Gesetz. An och hinne gi mer de Message mat: Dir sidd genausou Matbierger an dëser Gesellschaft wéi all déi aner.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll alle Virriedner hei Merci soen, vun der CSV, vun der LSAP, vun der DP a vun deene Gréngen. Si hu vill Argumenter bruecht, firwat d'Opmaache vum Mariage a vun der Adoptioun fir lesbesch a schwul Koppele richteg ass. An domat, mat deem, wat se gesot hunn, hu si och sämtlech Awänn géint d'Homo-Ehe, déi vum ADR-Spriecher komm sinn, awer och vun aneren, déi mer héieren hunn, hu si déi Argumenter gutt gekontert. An ech gleewen och, dass all Argumenter géint d'Eherecht an och d'Adoptiounsrecht vu gläichgeschlechtleche Koppelen am Kär dach ëmmer déi Weltuschauung erëmspigelen, dass d'Liewe vun Homosexuellen an dass d'Léift zwëschen zwee Männer an zwëschen zwou Frae géigeniwwer vun den heterosexuelle Mënsche manner-wäerteg ass.

Dofir fannen ech, dass de Rejet vum Mariage homosexuel och iergendwéi Ausdrock ass vun Homophobie. Et geet dobäi nämlech drëms, d'Gläichheet vun allen ze refuséieren an domat homosexuell Mënschen als Bierger zweeter Klass ofzestempelen. Dës Leit, déi géint de Mariage homosexuel sinn, déi hunn oft déi Konzeptioun vun enger hierarchiséierender Léift a vun enger hierarchiséierender sexueller Orientéierung, andeems se d'Heterosexualitéit als dat Bessert an dat Richtegt ugesinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e puer Reflexiounen och zur Adoptioun an zum Schutz vum Kand. Et ass eng Tatsaach, a mir hunn et oft haut gesot, dass et kee Recht gëtt op e Kand, mä dass et virun allem d'Rechter vun de Kanner gëtt. An ech mengen, den Alex Bodry huet et och ganz gutt a senger Interventioun bruecht, dass déi Prinzipie ganz fest schonn an eise Gesetzer verankert sinn.

Ech wëll och begréissen, dass eis Press ganz nuancéiert dës Thematik ugaangen ass an net einfach gesot huet, geschriwwen huet, elo kann all homosexuell Koppel e Kand adoptéieren, mä dass se genau gesot huet, et geet drëm, d'Recht ze kréien, eng Demande ze maachen op d'Adoptioun. An ech mengen, dat war ganz wichteg.

Wat d'Adoptioun ubelaangt, hu mer Gesetzer a mir hunn och exzellent Servicer, déi vum Ministère de la Famille ofhänken, déi hir Aarbecht an deene leschte Jorzéngten exzellent gemaach hunn a wou ech iwwerzeegt sinn, dass se och nom Vote vun dësem Gesetz hir Aarbecht genausou gutt weider wäerte maachen.

Wichteg ass et bei dësem Projet, wat d'Adoptioun ubelaangt, dass mer virun allem deene ville Kanner, déi et scho ginn, an et ass och scho vu Virriedner gesot ginn, déi et scho ginn, déi an homoparentale Famillje liewen, dass mer dëse Kanner an och hiren Elteren eng Rechtssécherheet ginn. Mir schützen also dës Kanner, wéi ech dat schonn ufanks gesot hunn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach e puer Argumenter wollt ech uschwätzen, déi ëmmer erëm vu Géigner vum Mariage homosexuel ugefouert ginn. Et gëtt oft gesot, déi Kanner hunn et schwéier, déi gi gemobbt. Mir wëssen, leider ass Mobbing eng Tatsaach haut zwësche Kanner, mä et gëtt allméiglech Ursaache fir Mobbing. An et ass un eis an der Politik an et ass un den Erwuessenen, fir ze kucken, géint de Mobbing virzegoen an et däerf ee sech deem Mobbing net ënneruerdnen.

D'Kanner sollen a mussen esou erzu ginn, mat dem selbstverständleche Wëssen, dass et ebe verschidde Familljeforme ginn an dass d'Kanner aus homosexuelle Partnerschafte genausou wéineg ugefeint solle gi wéi Kanner, déi aus Koppele komme mat engem aneren ethneschen Hannergrond zum Beispill.

An da gëtt et en Argument och, an den Här Reding huet et jo och ugeschnidden, et gëtt ëmmer en Argument bruecht vun de Géigner vum Opmaache vun dem Mariage, dass hei eng Minoritéit der Majoritéit esou een Nischenthema géif diktéieren, oder et gëtt vun der Homolobby geschwat. Hei wëll ech soen, dat ass falsch, well ech mengen, hei geet et einfach drëm, dass eng Majoritéit unerkennt, dass se näischt ze verléieren huet, wa se enger Minoritéit méi Rechter zougesteet. Et ass net méi an net manner wéi dat, wat mer haut hei maachen.

Ech muss och soen, an deem Kontext kann ee soen, et muss ee jo och net en Auslänner sinn, fir géint Xenophobie ze sinn. Et muss een net eng donkel Hautfaarf hunn, fir géint Rassismus ze sinn. An et muss een och net homosexuell sinn, fir géint Homophobie ze sinn.

An dann dat Argument mat der Mamm a mam Papp. D'Kanner brauche virun allem Léift, Zouwendung a Vertrauen an hir Elteren, an et gi ganz vill Studien, och eng ganz wichteg amerikanesch Studie, déi iwwer 30 Joer gemaach ginn ass, déi beweist, dass et Kanner aus schwulen a lesbesche Koppelen un näischt feelt, dass se eng gesond Entwécklung haten, genausou wéi aner Kaner aus heterosexuelle Bezéiungen.

Deen eenzege Problem, deen do festgestallt ginn ass, ass déi rechtlech Onsécherheet an deene Familljen, déi do als Stressfaktor ugesi ginn ass, dass se net déiselwecht Rechter hunn. Dat war de Stress an dat ass deen eenzege Problem, deen an esou Familljen opgetaucht ass. A mat esou engem Projet wéi deem heite setze mer jo deem Stressfaktor och en Enn.

Ech wëll och drun erënneren, dass et einfach wichteg ass fir d'Entwécklung vun de Kanner, dass et net onbedéngt wichteg ass, wéi d'Struktur vun der Famill ass, mä dass d'Qualitéit vun deenen innerfamiliäre Bezéiungen enorm wichteg ass. D'Qualitéit vun de Bezéiungen, wéi se matenee schwätzen, wéi d'Leit mateneen ëmginn, dat ass, mengen ech, dat Allerwichtegst fir d'Kanner.

Ech hunn ufanks gesot, ech géif op e puer Rapporten agoen. Ech wollt do op dräi Avisen zréckkommen, éischtens den Avis vun „Rosa Lëtzebuerg". Ech wëll „Rosa Lëtzebuerg", hirer Presidentin an hire Vertrieder, déi haut hei uewe sinn, villmools Merci soe fir déi laangjähreg Aarbecht, déi se gemaach hunn, fir sech fir d'Rechter vun homosexuelle Fraen a Männer anzesetzen.

Ech ka mech erënneren, wéi „Rosa Lëtzebuerg" gegrënnt ginn ass, den Etienne Schneider, deen heibanne war, war ee vun de Grënnungsmemberen deemools. Et waren niewent homosexuellen och ganz vill heterosexuell Männer a Fraen, déi do matgeschafft hunn. An et ass och haut nach esou, an ech fannen dat ganz gutt.

Ech wollt soen, ech freeë mech iwwregens, muer op déi Generalversammlung ze komme vun „Rosa Lëtzebuerg", da kann dëse Projet gefeiert ginn, well do si mer all Joers interpelléiert ginn, firwat et esou laang géif daueren, bis dëse Projet gewielt géif ginn. Muer ass et dann esou wäit, da kënne mer do aner Rieden halen.

„Rosa Lëtzebuerg" huet an hirem Avis den Artikel 171 ugeschwat. Ech wëll elo net an den Detail eragoen, mä do goung et drëm, do war d'Befierchtung, dass, wéi den Text ursprünglech libelléiert war, een, dee Résident hei zu Lëtzebuerg wär, sech net däerft bestuede mat engem Résident - wa se gläichgeschlechtlech sinn - aus engem Land, wou de Mariage homosexuel net unerkannt wär.

Do hate mer ganz laang Diskussiounen driwwer an do hu mer awer festgestallt an och preziséiert - an de Rapporteur huet dat ganz gutt a sengem Rapport erkläert, dofir brauch ech hei elo net drop anzegoen -, dass mer déi zwou Konditiounen net als kumulativ ugesinn hunn, mä als alternativ. An ech mengen, dat war wichteg, dass „Rosa Lëtzebuerg" an hirem Rapport dat gemaach huet an dass mir dat als Kommissioun clarifiéiert hunn. Mir hunn eis do ganz kloer och um belsche Gesetz orientéiert. An d'Belsch hunn do ëmmer eng ganz gutt Philosophie gehat, si hu gesot: «C'est notre loi, ce sont nos résidents et c'est notre ordre public qui prévaut.»

Den Avis vum Centre pour l'égalité de traitement ass och e ganz interessanten Avis. Dësen Avis begréisst natierlech och d'Abolitioun vun enger direkter Diskriminatioun, déi op sexueller Orientéierung fondéiert. Hie mécht awer och opmierksam op e wichtegen Aspekt, deen nach net ugeschwat ginn ass haut. Dat ass, dass een och opmierksam muss ginn op d'Transgender-Persounen an transsexuell Persounen, déi sech bis elo ëmmer hu misse scheede loossen, Zwangsscheedung, wa se mat deem Partner, mat deem se bestuet waren, wollten zesummebleiwen an zesummeliewen, wann do déi zwee dermat d'accord waren. Dat war net méiglech, well eben de Mariage vum selwechte Geschlecht net unerkannt war. Dat ass en Aspekt, mengen ech, deen och wichteg ass.

De Centre pour l'égalité erënnert awer och drun, an ech mengen, dat ass och wichteg, dat ze soen, dass de Kampf géint all Forme vun Diskriminatiounen an och besonnesch hei déi Diskriminatioun, déi op der sexueller Orientéierung baséiert, dass dee Kampf och weidergeféiert muss ginn um Terrain. An och an de Schoule muss a Richtung Eliminatioun vu Préjugéë geschafft ginn.

Den Avis vum Ordre des Avocats vum Barreau hei vu Lëtzebuerg, ech mengen, dat ass och e ganz positiven Avis. Mä en erënnert un eppes, wat, mengen ech, wichteg ass, an e seet, dass mer am Droit de la famille, wéi en am Code civil codifiéiert ass, eng global an eng fundamental Reform musse maachen, besonnesch wat d'Filiatioun ubelaangt, d'Autorité oder d'Responsabilité parentale, an och den Divorce.

Ech mengen, d'Madame Loschetter, d'Presidentin vun der Commission juridique, huet mat Recht gesot, dass déi Projete virleien an dass dodru geschafft gëtt. Mir mussen déi eng oder déi aner Artikele vläicht iwwerschaffen, mä ech weess, dass de Wëllen do ass, dat ze maachen. An ech mengen, et war wichteg, dass mer dat och hei rappeléiert hunn.

Dann ass och scho gesot ginn: Dëse Projet ass net nëmmen e Projet fir méi Egalitéit zwëschen homosexuellen an heterosexuelle Mënschen, mä och zwësche Männer a Fraen, well mer eben do den Alter elo ugeglach hunn op 18 Joer; den Artikel 144.

Domadder gi mer och der Kannerrechtskonventioun gerecht, déi de Mariage vu Mineurë verbitt, a mir schützen also och d'Kand. A mir ginn och der CEDAW-Konventioun hei gerecht - d'Konventioun iwwert d'Eliminatioun vun all Forme vun Diskriminéierung. An déi Mesure, dass mer den Alter vu 16 op 18 eropsetzen, wat d'Fraen ubelaangt, ass och eng ganz wichteg Mesure, mengen ech, am Hibléck op de Phenomeen vum Mariage forcé.

An onsem Nopeschland Frankräich ass d'lescht Joer mam Vote fir de Mariage pour tous eng hefteg a leider oft vill ze fanatesch politesch a gesellschaftlech Diskussioun zu Enn gaangen. Mir als LSAP freeën ons, dass dës Diskussioun iwwert d'Homo-Ehe hei am Haus, awer och hei zu Lëtzebuerg sachlech, fondéiert a gréisstendeels ganz fair geféiert ginn ass.

Fir ons Sozialiste sinn d'Gläichheet vun alle Biergerinnen a Bierger virum Gesetz souwéi d'Ophiewe vun allen Zorte vun Diskriminatioun iewescht politescht Gebot. Dofir war et och wichteg, mengen ech - an den Här Bodry huet et gemaach -, drun ze erënneren, dass et d'LSAP war, déi sech 2009 an de Koalitiounsverhandlunge bei enger Rei gesellschaftspolitesche Themen duerchsetze konnt.

Et ass fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg wichteg, dass all Fraktiounen d'Zeeche vun der Zäit erkannt hunn an zesummen an der Commission juridique vun der Chamber an déi richteg Richtung gaange sinn.

Dëst Gesetz bréngt eis e grousse Fortschrëtt an dofir ass et och gutt, dass mer no laangem Diskutéieren a Schaffen an der Kommissioun, elo wou d'Texter all fäerdeg waren, wou d'Avisen all do waren, dat Gesetz zügeg stëmmen an ëmsetzen.

Et wär e fatale Feeler gewiescht, wa mer elo nach Froe wéi künstlech Befruchtung an d'Leihmutterschaft un de Projet de loi iwwert de Mariage gekoppelt hätten. Wat déi sougenannte Procréation médicalement assistée, PMA, an och d'Gestation par autrui, GPA, ugeet, do muss hei zu Lëtzebuerg, mengen ech, an Zukunft eng breet Diskussioun ugestouss ginn. Et handelt sech hei ëm äusserst komplex Froe mat, besonnesch wat d'GPA ugeet, gewësse Risiken. An dofir sinn d'Zivilgesellschaft an d'Parteien hei gefuerdert, sech ze positionéieren, wat sécher net einfach gëtt.

Ech sinn awer iwwerzeegt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass mer och déi Diskussioun hei zu Lëtzebuerg am géigesäitege Respekt an och sachlech wäerten diskutéiere kënnen. Da fanne mer och do an deene komplizéierten Theme mat Sécherheet, wéi och hei am Dossier „Reform vum Mariage", gutt a richteg Léisungen.

Als allerleschte Punkt wëll ech nach ënnersträichen, dass mam Opmaache vum Mariage fir homosexuell Koppelen net nëmmen déi Homosexuell sech freeën an homosexuell Famillje sech freeën, mä besonnesch déi heterosexuell Familljen, an och déi heterosexuell Familljen, déi Familljememberen hunn, déi schwul oder lesbesch sinn, dass hire Fils, hir Duechter, dass hire Brudder, hir Schwëster, dass hire Frënd, hir Frëndin, dass hire Cousin, hir Cousine, dass hiren Noper, hir Nopesch, dass hiren Aarbechtskolleeg, hir Aarbechtskolleegin elo net méi diskriminéiert gëtt.

Den Här Roy Reding hat ugeschwat den Ëmgang mat de Pétitionnaren: Ech wollt just drun erënneren, dass säit 2009 no der Regierungserklärung vun där viregter Regierung gewosst war, dass zu Lëtzebuerg géif de Mariage homosexuel ageféiert ginn. 2010 ass e Projet de loi déposéiert ginn, dat si véier bis fënnef Joer Zäit. Do hat ee laang Zäit, fir och mat Pabeier Ënnerschrëfte sammelen ze goen. Also maacht elo net, wéi wa mir hei déi allerleschten Netdemokrate wären!

Léif alleguer, de Mariage ass a bleift eng wichteg Institutioun. Entscheedend beim Mariage, léif Frënn, ass, dass zwee Mënsche sech gär hunn a bereet sinn, Verantwortung ee fir deen aneren ze iwwerhuelen. Ob dës zwee Mënschen eng Fra an e Mann sinn, zwou Fraen oder zwee Männer, dat ass zweetrangeg.

Dat gesot, freeën ech mech, dass mer, wéi gesot, hei eng flott Diskussioun haten, a soen lech alleguer Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Marc Angel. An deen nächsten ageschriwwene Riedner an, mengen ech, och dee leschten ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech schléisse mech natierlech mengem Virriedner vun der ADR, dem Här Reding, un an allem, wat e gesot huet, an ech wollt just nach op e puer Argumenter agoen, déi elo an der Diskussioun opkomm sinn.

Dat Éischt ass: Ass dat do wierklech eis Prioritéit? Wa mer och ëmmer, wéi mer vun alle Säiten héieren hunn, iwwert de Schutz vum Kand an d'Rechter vum Kand schwätzen, da soen ech: Neen! Mir hätte sollen emol d'Scheedungsgesetz op de Leescht huelen, well mir hunn hei am Land reell Problemer, déi Dausende vu Kanner concernéieren an och Eltere concernéieren, wéi d'Garde, d'Garde commune, d'Autorité parentale commune, den Hébergement alterné, de Problem vun der Non-représentation d'enfant. Dat si Problemer, déi Dausende vu Kanner a vun Elteren hei am Land betreffen, an dat hätte mer sollen als éischt Prioritéit gesinn.

Zweetens, d'Fro ass gestallt ginn: Däerf de Législateur sech amëschen? E muss sech amëschen, an zwar richteg! E mëscht sech jo net an eng Léift an, den Här Reding huet dat erkläert. Mir si jo net als Stat do, fir eng Léift ze habilitéieren. An déi Leit, déi soen, ma mir sinn diskriminéiert, well eis Léift net unerkannt gëtt: Mä déi vun den Heterosexuelle gëtt och net unerkannt - och wann den Här Gloden Rieden iwwert d'Léift hält -, et ass net den Objet vum Mariage!

Mä de Stat muss sech amëschen, fir d'Kanner ze schützen, wann et zum Beispill ëm bioethesch Froe geet. Et geet hei net nëmmen ëm d'Adoptioun. Et geet an engem grousse Mooss och ëm GPA a PMA. A fir lech dat emol ze illustréieren, liesen ech lech just ee Saz vir aus dem Rapport vum ORK, an dee seet fir sech, op wéi eng Entwécklung mer eis musse virbereeden. Den ORK, deen ass u sech eng Institutioun, déi sollt fir de Schutz vun de Kanner antrieden, wat en awer hei net mécht!

Dee seet: «Le recours à la PMA (procréation médicalement assistée) devrait être possible pour tous les couples, hétérosexuels, homosexuels, mariés, pacsés ou non.» Do gi mer also nach eng Kéier méi wäit. An dat ass den Avis vun enger Kannerschutzorganisatioun, déi a mengen Aen an dësem Avis versot huet, well hir Prioritéit war net de Schutz vun de Kanner, soss hätt se dat net geschriwwen.

Eng aner Saach ass d'Diskriminéierung, jo, déi elengerzéiend Mammen. Den Här Bodry, mengen ech, huet dovu geschwat. Majo, bei deenen elengerzéiende Mammen ass d'Situatioun eng ganz aner. Déi Kanner, déi bei hinnen oder elengerzéiende Pappen opwuessen, déi hunn eng Filiation cohérente a complète, déi wëssen am Prinzip, wien de Papp ass. Si kënnen en och gesinn duerch den Droit de visite, wann deen dann exercéiert gëtt. Déi Kanner, déi hunn eng Foto, och wann de Papp gestuerwen ass oder esou, déi hunn eng Foto do, déi wëssen, wien de Papp ass. Wann e gescheet ass, wësse se, wien en ass, si gesinn en.

Mä dat ass eng aner Situatioun wéi bei deenen, déi duerch eng GPA oder eng PMA eventuell an eng Situatioun kommen, wou se iwwerhaapt net wëssen, wou se hierkommen, wou se eng Filiatioun hunn, déi se net kennen. An et ass eppes ganz Schlëmmes fir e Kand, wann et net weess, wann et einfach ni ka wëssen, wou et hierkënnt. An dat riskéiert ze kommen, loosse mer eis dach näischt virmaachen!

Et geet net nëmmen ëm d'Adoptioun. Do sinn och Problemer, an et ass gesot ginn: Gutt, do gëtt et Kontrollen. Mä an engem Fall vun

enger GPA zum Beispill gëtt et iwwerhaapt keng Kontroll! Mir musse légiféréieren an deem do Beräich an der Bioethik, an zwar an engem strenge Mooss, well wat mer maachen, dat ass: Mir maachen e Commerce op hei fir Kannerfabrikatioun, fir et ganz kloer ze soen, et ass dat, wat mer maachen! Mir hunn hei am Land keng Législatioun doriwwer, a wat geschitt, dat ass aus dem Land…

(Interruption)

Gelift? Dach, dach, natierlech, do gëtt et en Zesummenhang! Mä ënnerbriecht mech net, ech hunn nëmmen e puer Minutten, wann ech gelift, Här Bodry!

Une voix.- Jo, mat deem Gestreits!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Dir hat eng Stonn!

Da wollt ech…

Une autre voix.- Dir braucht jo net drop ze reagéieren!

M. le Président.- Wann ech gelift! Et huet just den Här Kartheiser d'Wuert!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Dann d'selwecht mat deenen dysfunktionalen heterosexuelle Koppelen. Natierlech gëtt et déi! Leider gëtt et déi! Mä et gëtt och dysfunktional homosexuell Koppelen,…

Une voix.- Natierlech!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- …wou Leit drénken, Kanner schloen. Dat heescht, et kann een net elo soen, mir huelen déi gutt homosexuell Koppelen an déi béis heterosexuell Koppelen, a wéivillmol besser wär et engem Kand an enger homosexueller Koppel. Et kann een nëmme vergläichen, wat vergläichbar ass. An et muss een zouginn, datt op deenen zwou Forme vu Koppele ganz einfach Dysfunktioune bestinn. An eis Aufgab ass och do, fir d'Kanner ze schützen.

Dann, d'CSV huet hei juristesch Argumenter ugeféiert, et deet mer leed, déi kann ech net novollzéien! Wann Dir elo dat Uerteel kuckt, wat och vum Här Gloden zitéiert ginn ass, da seet den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter kloer an deem Uerteel: La Cour «n'est pas appelée à se prononcer sur la question de l'adoption coparentale par des couples homosexuels en elle-même et encore moins sur celle de l'adoption par des couples homosexuels en général.»

Wéi konnt et heizou kommen? Ma Éisträich, wat hei ugeklot war, hat de Fall in concreto argumentéiert. Et wor de Fall vun enger lesbescher Mamm, déi mat hirer Frëndin wollt eng Koadoptioun vun der Frëndin do (veuillez lire: eng Koadoptioun vun hirem Jong maachen). An Éisträich huet dee konkrete Fall argumentéiert. An dat ass ëmgedréit ginn an der Argumentatioun, wéi et och e bësse méi spéit war bei dem Fall vun de Sukzessivadoptioune virum däitsche Bundesverfassungsgeriicht, well do ganz massiv „gelobbyt" ginn ass - ech benotzen dat Wuert -, fir dorauser eng Diskriminatiounsaffär ze maachen. An esou ass dat Uerteel entstanen, well dunn d'Geriicht gesot huet: Ma Éisträich huet net eppes bewisen - wat u sech am Ufank iwwerhaapt net den Objet vum Prozess war.

Dat muss een einfach emol gesinn, a wéi engem Zesummenhang dat doten entstanen ass. An da si mer scho bei deem Thema vun den Etüden, well dat ass och hei gesot ginn: Et géife keng Etüde ginn! Ma sécher gëtt et Etüden, et muss ee se just wëllen zur Kenntnis huelen!

Et gëtt zum Beispill och eng, eis Commission nationale d'éthique huet sech op d'Etüd Hayez, déi am belsche Parlament virläit an ëmmer do erëm zitéiert gouf, beruff. Mit hunn d'Etüd vum Dr. Maurice Berger, eng transversal Etüd, déi eigentlech iwwer 311 Etüden an deem Beräich genau analyséiert huet, wat se wäert sinn, wéi d'wëssenschaftlech Kohärenz dovunner ass. Extrem interessant ze liesen!

Mir hu Laangzäitstudien an den USA, wou et där Fäll gëtt, d'Etüd Regnerus - dat ass alles um Internet ze fannen, ganz bekannt Literatur an deem do Beräich -, déi all beweisen, datt d'Kanner, déi an homosexuelle Relatioune sinn, däitlech méi schlecht dru si wéi déi, déi an heterosexuelle Koppelen opwuessen, well mer eng Diskriminatioun hei schafen!

Dir kuckt ëmmer déi Erwuessen, déi erwuesse Koppelen, mä mir schafen eng Diskriminatioun tëschent Kanner, déi an enger heterosexueller Koppel opwuessen an déi sech domadder kënnen an hirer Identifikatioun un deenen zwee sexuelle Pole moossen, un hinne wuessen, sech kënnen identifizéieren oder och an der Pubertéit se rejettéieren, wéi och ëmmer, an deenen, déi déi Méiglechkeet net hunn, well se einfach déi sexuell Altéritéit net kenneléieren an hirem Opwuessen.

An da gëtt et natierlech och déi Etüden, déi vun den Homosexuelleverbänn ëmmer erëm ganz gär zitéiert ginn, mä ech wëll och doriwwer e Wuert soen. Déi beweisen nämlech strictement näischt! Och net déi, déi beim däitsche Bundesverfassungsgeriicht vun zéng verschiddenen Organisatioune virgeluecht goufen a wou et u sech ëmmer déiselwecht war.

Dat ass eng reng subjektiv Befroung vu Leit, homosexuelle Koppelen, meeschtens lesbesch Mammen, déi sollen eng Eegenevaluatioun ginn, déi gefrot goufen: „Ma wéi sidd Dir dann als Elteren?" An dann natierlech soen déi: „Ma mir si gutt Elteren, wéi déi aner och." Ech mengen, wie seet schonn, wann e gefrot gëtt: „Majo, wéi sidd Dir da mat de Kanner?", „Ma ech si ganz schrecklech!"? Als Elteren, wie seet dat? Kee Mënsch! Oder bal kee Mënsch. Mä hei ass dat eng Etüd, wou einfach „1.059 Eltern in gleichgeschlechtlichen Lebensgemeinschaften zu vielfältigen Aspekten ihres Regenbogenfamilienalltags befragt" goufen. 29 Kanner si gefrot ginn. Wat dat fir e Wäert huet - dat huet guer kee Wäert wëssenschaftlech!

An awer gëtt déi hei Etüd ëmmer erëm geholl. Si ass dem Bundesverfassungsgeriicht op d'mannst zéngmol virgeluecht ginn. Si ass an där oder anere Formen dem Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter vun x Organisatioune virgeluecht ginn, wat herno dozou gefouert huet, datt en anere Prozess geféiert gouf do wéi deen, deen eigentlech bezweckt war.

Dann ass gesot ginn: Ma mir hunn näischt ze verléieren als heterosexuell Koppelen oder als Gesellschaft, wa mer elo den homosexuelle Koppelen och dat Recht ginn, fir sech ze bestueden. Dat ass net wouer! Dat ass net wouer!

Éischtens fannen ech et net egal, datt mer d'Notioune vun „Mamm" an „Papp" aus dem Code civil eraushuelen. Ech hänken un deenen Notiounen. Ech si wahrscheinlech net deen Eenzegen hei am Land, dee seet, datt et schéin ass, Mamm oder Papp ze sinn. Ech sinn net Parent un oder Parent deux! Dat ass e groussen Ënnerscheed.

Et ass sécher, datt mer manner Adoptiounen aus dem Ausland kënne kréien. Et ass praktesch nëmme Südafrika, wat dat am Ableck nach zouléisst, oder och… Bon, op jidde Fall si vill Länner do, déi keng Kanner vermëttelen a Länner, déi den homosexuelle Mariage erlaben.

Mir kréie ganz sécher eng méi héich Zuel vu psychologesch belaaschte Kanner, wéinst deene Problemer, déi och „Schutz fir d'Kand" mat Recht opgezielt huet. An dat sinn der, déi sinn intelligent, contrairement zu de verschiddenen Argumenter, déi hei am Land - bon, hei am „Land" net, mä hei am „Sall", wollt ech soen - virbruecht ginn haut, well do eng ganz Rei ganz konkret Problemer sech stelle mat der Identifikatioun an der psychologescher Entwécklung vum Kand.

An dann ass natierlech déi grouss Fro hannendrun: Wat geschitt da mat deene Kanner an homosexuelle Koppelen a Scheedungssituatiounen? An och dat wär en Argument gewiescht, fir emol fir d'Éischt no der Scheedung ze kucken, ier mer nom Mariage kucken, well wat geschitt mat deenen?

Ass et net esou, datt, wa mer op eng Parenté d'intention kommen, wou et dann duergeet, fir ze soen: „Ech wëll e Kand", fir dat och kënnen iwwer technesch Prozederen ze kréien, ass et dann net esou, datt herno och vläicht a verschiddenen heterosexuelle Koppelen eng ähnlech Evolutioun asetzt a gesot gëtt: „Ech wëll dat Kand", oder: „Ech wëll dat Kand net méi"? Well ech mengen, dat ass dann eng Diskriminatioun géintiwwer Heterosexuellen, wann homosexuell Koppelen iwwer eng Intentioun eng Eltereschaft kënne kréien an déi aner un hir awer liewenslänglech gebonne sinn.

Dir wäert gesinn, bei deene Progrèsen - an op dat Wuert kommen ech als lescht Bemierkung zréck -, déi mir hunn, wäerte mer gesinn, datt eng ganz Rei Entwécklunge kommen, déi de Kanner schueden. An si mir als ADR, well mer de Kanner net schueden an nimools wëlle schueden, och mat deem Gesetz hei net d'accord.

An dann dat lescht Wuert iwwert de Progrès: Wat ass haut alles hei erzielt ginn, vum Klassekampf bis zum Fortschrëtt bis zum Progrès, Gott weess wat?! Ma et ass net alles gutt, wat an der Gesellschaft geschitt! Et ass net, well mer ech weess net wéi eng Entwécklungen an der Gesellschaft hunn, datt mer déi musse legaliséieren, datt mer musse légiféréieren, fir gesellschaftlech Entwécklungen ze rechtfertegen, ze institutionaliséieren, déi awer evident Nodeeler hunn, déi mer ethesch net kënne vertrieden. Well als Gesetzgeber hu mer en normativen an etheschen Optrag. Mir kënnen dach net einfach soen: „Mir mussen den Entwécklunge vun der Gesellschaft Rechnung droen"! Här Juncker, ech däerf Iech zitéieren.

Mä neen, dat ass falsch! Mir mussen als Gesetzgeber kucken, ob déi Entwécklungen, déi an der Gesellschaft sinn, deenen etheschen a moraleschen Usprëch entspriechen, déi de Wäerter vun eiser Gesellschaft entspriechen. A wa mer deen Test gemaach hunn, dann däerfe mer…

(Coups de cloche de la présidence)

Jo, Här President, ech weess, ech kommen zum Enn.

…dann däerfe mer eis soe mat guddem Gewëssen: „Mir hunn e gutt Gesetz gemaach." Wat haut geschitt, dat ass e schlecht Gesetz!

An en hallwe Saz nach, Här President: Den Här Bodry huet gesot, haut wier de leschten Akt.

(Brouhaha)

Ech soen Iech, haut ass net de leschten Akt, well schonn den Här Angel an den Här Turpel hunn haut geschwat iwwer Transsexueller, Transidenter, an et wäert net laang daueren, bis mer hei erëm doriwwer schwätzen!

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha général)

M. le Président.- Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an ech géif d'Wuert direkt weiderginn un de Justizminister, den Här Félix Braz.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. D'Chamber mécht haut déi fundamentaalst Reform vum Mariage zënter senger Aféierung am Code civil am Joer 1804, virun also méi wéi 200 Joer. Am meeschten op dës Reform hu gewaart eis Matbierger, Fraen a Männer, déi zu gläichgeschlechtleche Partner higezu sinn an déi et als eng Diskriminéierung emfannen, hu missen emfannen, dass hir Léift vun der Allgemengheet net déiselwecht Unerkennung huet an och net déiselwecht Protektioun kritt wéi deenen aneren hir.

Fir si all an och ganz besonnesch fir hir Interessevertriedung vun „Rosa Lëtzebuerg" ass haut als Éischt e ganz besonneschen Dag. A wann et dëse Schrëtt, dee mer haut maachen, gebraucht hätt, dann ass en haut gemaach. Haut si mer alleguerten e Stéck méi no beieneegerëckelt an därselwechter Gesellschaft, an dat ass net iwwerall an Europa de Fall, zum Beispill a Russland. Et ass och net iwwerall an der Europäescher Unioun de Fall, zum Beispill an Ungarn. Mir sinn also net derduerch mat deem dote Problem. Mir mussen also weider opmierksam bleiwen an do reagéieren an agéieren, wou et richteg ass am Intérêt vun all de Bierger, déi eis Gesellschaft bilden.

Et ass awer och e schéinen Dag fir vill Parteien: déi, déi et scho ganz laang am Wahlprogramm haten; déi, déi et e bësse manner laang am Wahlprogramm haten; déi, déi et nach ni am Wahlprogramm haten an déi et haut awer stëmmen. Merci fir all Jo, deen dëse Projet haut an der Lëtzebuerger Chamber kritt. An dee Merci riichten ech am Numm vun der ganzer Regierung aus, awer och ganz gären a mengem perséinlechen Numm.

Merci awer och fir eng sachlech Debatt, déi et hei zu Lëtzebuerg ginn ass, hei an der Chamber, vu ganz wéinegen, klengen Ausrutscher - kommt, mir nenne se emol esou - ofgesinn, awer och an der Populatioun dobaussen. Et ass jo net, contrairement zu deem, wat Verschiddener behaapten, dass et zu Lëtzebuerg keng Diskussioun ginn hätt. Et ass duerchaus diskutéiert ginn, an och scho méi laang diskutéiert ginn iwwert dëse Projet, mä et trëfft sech, dass déi allermeeschte Leit hei zu Lëtzebuerg zu Recht dësem Projet oppe géintiwwerstinn.

Dat erkläert och, firwat dass déi Initiativ, déi de Mëtteg schonn e puermol genannt ginn ass, déi déi Petitioun, déi elektronesch, lancéiert huet, en fait ganz wéineg Succès hat. Dat läit einfach dorunner, dass déi meescht Leit dat esou net gesinn, wéi si! Si hunn do eng aner Meenung a stinn zu hirer. Méi schwéier, mengen ech, ass et net.

E Merci awer och un d'Commission juridique, déi aktuell, déi viregt, fir déi Aarbecht, déi do gemaach ginn ass. Merci natierlech un de Rapporteur, deen de Rapporteur bliwwen ass, och nom Majoritéitswiessel, nom Regierungswiessel. E ganz ausdréckleche Merci un de Paul-Henri Meyers, ech mengen, dee wierklech dozou bäigedroen huet, dass mer konnten an engem ganz breede Konsens schlussendlech haut dee Rapport unhuelen.

Merci och mengen zwee Virgänger am Amt, der Madame Modert, déi haut hei ass, dem Här Biltgen awer och, déi alle béid dee Projet virubruecht hunn a wou et mir haut iwwerlooss ass, dee Projet zu engem Ofschloss kënnen ze brëngen. Ech maachen dat ganz gären, an dofir och hinnen dee Merci, deen hinnen zousteet!

An e leschte Merci, den Här Bodry hat et och scho gesot, der Kierch zu Lëtzebuerg. Ech mengen och, wéi den Här Bodry, dass d'Kierch hiren Avis, dee meng Meenung net erëmgëtt - mä et ass hiert gutt Recht -, mä den Avis op eng Aart a Weis formuléiert huet a besonnesch och zu engem Zäitpunkt an d'Diskussioun erabruecht huet, deen et erlaabt huet, dass et eng sachlech Diskussioun bliwwen ass. Dat war net iwwerall de Fall. Dat ass net all de Kierchen an Europa gelongen, déi sech mat esou Themen ausenanerzesetzen haten. An ech fannen, dat soll een an däerf een och duerchaus esou soen.

Ech wäert duerno nach op d'Aspekter vum Mariage a vun der Adoptioun agoen. Ech wëll awer virdrun och nach op e puer aner Aspekter vun dësem Gesetz agoen. Dëst Gesetz huet nach eng Rei aner ganz wesentlech a wichteg Aspekter, déi elo beim Mariage kommen.

Dat Éischt ass d'Lutte géint de sougenannten „Mariage simulé". Dat war eng Haaptsuerg vun den Auteure vum Projet a si hu vill Wäert drop geluecht, an deem heite Projet do eng Rei Preziséierungen ze maachen. Dat betrëfft souwuel de Mariage de complaisance, dee sougenannten „Mariage blanc", wou ee sech en Avantage dovunner erhofft, ob dat e professionellen ass, e sozialen, e steierlechen, e successoralen, oder awer och de Mariage forcé, wou een zumindest vun de béide Conjointen eigentlech a senger Meenung net fräi ass.

Mir ginn elo dem Beamte vum État civil d'Méiglechkeet, de Procureur d'État ze saiséieren, wann en Zweifel huet opgrond vu seriöen Indicen. Dat ass a mengen Ae richteg, dass mer dat esou maachen.

An et ass och richteg, dass eng Rei Causë vun Nullitéit elo kënnen derbäikommen. Doduerch, dass mer an dësem Gesetz op dem Punkt vun de Mariages blancs och méi konkret ginn, méi schaarf och ginn, mengen ech - an do bauen ech eng kleng Bréck zum Gesetz iwwert d'Nationalitéit -, misst dat eis et och an deem Gesetz erlaben, eng Dispositioun, déi mer virun e puer Joer geännert hunn aus der Suerg vun der Lutte géint de Mariage blanc, nämlech déi, dass de Conjoint vun engem Lëtzebuerger net automatesch och Lëtzebuerger ginn ass, a Fro ze stellen. Déi Dispositioun, denken ech, misst een a Fro stellen.

Mir hu jo och bei der Debatt iwwert de Projet de loi Biltgen eis hei geäussert, an déi allermeescht waren där Meenung, dass een op deen dote Wee soll goen, dass een eventuell soll erëm zréckkommen op déi Regel, déi mer haten, well mer en fait mat där do Regelung, fir deene puer Prozent Mariages blancs, déi et mat Sécherheet gëtt, bäizekommen, d'Liewe vun all de Lëtzebuerger zolidd behënnere während enger éischter Phas. Dat ass net richteg.

Mir kënnen net eng ganz Gesellschaft a Geiselhaft huele wéinst deene puer Prozent, déi mer wëlle bekämpfen. A well mer haut an dësem Gesetz bei de Mariages blancs eis anstänneg Dispositioune ginn, mengen ech, wär et ubruecht, dass mer am Kader vum Nationalitéitegesetz op dat zréckkommen an erëm de Conjointë vu Lëtzebuerger op eng ganz liicht Aart a Weis den Zougang zu der Nationalitéit erlaben.

Vu dass och elo gläichgeschlechtlech Koppele sech dierfe bestueden, ass och dann déi Diskriminatioun, déi et fréier gouf, dass déi eng et hunn dierfen hirem Coinjoint weiderginn an déi aner eben net, aus der Welt geschafen. Dat gëtt eis an der Zomm eng wesentlech besser Gesetzgebung wéi dat, wat mer haut hunn.

Den Âge légal vum Mariage passe mer fir béid un op 18 Joer. Et ass virdru scho genuch erklärt ginn. Dat ass eng wichteg Dispositioun, well och déi huet mat Gläichheet tëschent Mann a Fra ze dinn, a mir realiséieren hei e Stéck Gläichheet, dat ass gutt esou.

Den Examen prénuptial - d'Gesondheetsministesch ass och am Sall derbäi -, dee gëtt ofgeschaaft. Dat geet zréck op eng Demande vum heitege Chamberspresident an deemolege Gesondheetsminister aus dem Joer 2002 (veuillez lire: aus dem Joer 2012), dee gefrot huet, dass zu Lëtzebuerg, wéi a Frankräich am Joer 2008, den Examen prénuptial sollt ofgeschaaft ginn, deen et zënter 1972 gëtt.

Dat ass och doduerch ubruecht, well d'Unzuel vu Kanner, déi ausserhalb vum Mariage op d'Welt kommen, ganz staark geklommen ass. Dat ass haut net wäit vun der Halschent vun de Kanner. Dofir mécht déi doten Dispositioun, déi och extrem wéineg Fäll dépistéiert huet, eigentlech haut effektiv kee Sënn méi, an ech mengen, dass et och dofir gutt ass, dass mer dëst Gesetz genotzt hunn, fir déi doten Dispositioun ofzeschafen.

Iwwert den Délai de viduité ass och scho geschwat ginn. De Rapporteur huet d'Beispill genannt vun der Wittfra. Et geet awer och ëm ge-

scheete Leit, net nëmmen am Stierffall. Et betrëfft och de Fall vun de gescheete Koppelen, och do huet den Délai de viduité gespillt. Dee gëtt ofgeschaaft. Mir fannen, dat zu Recht. Och dat huet mat Gläichheet tëschent Mann a Fra ze dinn, och dofir ass déi doten Dispositioun an eisen Ae richteg.

Am État civil geschitt och eng Reform, notamment duerch de Remplacement vun der Notioun vun den Epouxen duerch déi vu Conjointen. Dat ass inhärent zu dëser Reform, dass een dat dote misst mat réaliseiren, dat ass och net vergiess ginn. Dofir geschitt dat elo mat deem heiten Projet.

Da gëtt och de Beruff bei deene Mentiounen, déi um Akt de l'État civil musse stoen, d'Indikatioun vum Beruff vun de Leit, déi sech bestueden, gestrach. De Rapporteur huet dat och schonn erkläert. E Kolleeg hei aus der Chamber, deen ech elo net wëll mam Numm zitéieren, huet gesot: „Jo, och dat mam Beruff, dat war fréier nach méi einfach, do huet een einfach gesot: Véier Hektar plus véier Hektar ginn aacht Hektar", an dat war wuel esou richteg.

Lescht Modifikatioun, déi duerch dëst Gesetz geschitt, dat ass…, enfin, net Modifikatioun, mä noutwendeg Prezisiounen, déi ech wëll maachen, fir dass och dobaussen d'Gesetz elo richteg verstane gëtt a senger Portée: Dëst Gesetz wäert mat engem Délai vu sechs Méint no der Publikatioun am Mémorial a Kraaft trieden.

Dat heescht am Kloertext, dass, wann dëst Gesetz elo fäerdeg ass, nach eng Rei Aarbechte musse gemaach ginn um Niveau haaptsächlech vun den État-civilen, um informateschen Niveau - dat ass eng Aufgab, déi dem SIGI obläit -, awer och um Niveau vun de Formatiounen. Elo hätt ee kënnen optimistesch en Délai vun dräi oder vläicht vu véier Méint drasetzen, dat wär awer riskant gewiescht, well dann hätte mer riskéiert, wann och nëmmen dat Geréngst géif schiflafen, dass mer beim A-Kraaft-Triede vum Gesetz en zolitte Couac hätten.

Mä grad bei dësem Gesetz wëll ech dat net. Ech huele léiwer deen Délai a Kaf, deen zwee Méint méi laang ass, a mir si sécher, dass d'Aarbechte kënne gemaach ginn, fir dass dëst Gesetz ka reibungslos a Kraaft trieden. Ech mengen, mir waarden alleguerten, oder déi meescht vun eis, esou laang op dat Gesetz, dass et op déi zwee Méint net ukënnt, wa mer nëmme sécher sinn, dass et wäert vum éischten Dag u richteg applizéiert sinn a fir jiddwereen, deen drop waart, do eng Sécherheet besteet.

Wéi et ausgesäit, wäert de Statsrot de 24. Juni zesummekommen. Do kéinte mir eventuell da schonn d'Dispens vum zweete Vote kréien, wat géif erlaben, dass d'Gesetz fir den 1. Juli am Mémorial géif publizéiert ginn. An dat géif weider heeschen, dass d'Gesetz op eng praktesch Aart a Weis den 1. Januar 2015 géif a Kraaft trieden. Dat ass en Datum, deen ee liicht verhält, a mir schaffen drun, fir dass dat op den 1. Januar och wäert kënnen a Kraaft trieden.

Eng lescht Remarque: Mir maache mat dësem Gesetz och eng Emsetzung vun engem Arrêt vun der Cour constitutionnel. Mir hunn der jo eng Partie, där Arrête vun der Cour constitutionnel, déi nach keng Äntwert kritt hu vum Législateur, a mir diskutéiere jo och an der zoustänneger Institutiounskommissioun am Kader vun der Verfassungsrevisioun, wéi mer generell solle mat deenen Arrête vun der Cour constitutionnel ëmgoen, déi e Gesetz oder an der Regel en Artikel, eng Dispositioun vun engem Gesetz fir antikonstitutionell erklären.

Ech si frou als Justizminister, dass mer haut mat dësem Text och ee vun deenen Arrêten elo ëmsetzen an domadder fir Rechtssécherheet zu Lëtzebuerg suergen, nämlech den Arrêt vum Januar 2010, an deem d'Cour constitutionnel gesot huet, dass d'Prohibitioun vun de Venten entre époux eigentlech antikonstitutionell wär a géint den Artikel 10bis vun eiser Verfassung géif verstoussen. Dat gëtt mat dësem Gesetz och aus der Welt geschafen, déi Dispositioun, woumadder zumindest deem Arrêt vun der Cour hei elo eng Folleg geleescht wär.

Zu der Adoptioun, iwwert déi de Mëtteg vill geschwat ginn ass, an och am Virfeld. Ech wëll einfach, fir dass een och weess, vu wat ee schwätzt, vläicht just e puer Zuelen, e puer Fakten och nach eng Kéier rappeléieren. Dir kennt se, mä ech wëll se rappeléieren.

Fir d'Éischt emol déi Länner, aus deene Kanner op Lëtzebuerg kommen, déi fir d'Adoptioun fräi ginn. Dat sinn der net vill. Wann een déi lescht véier Joer hëlt, waren dat e Grapp voll Länner. Dat waren: Südafrika, Bulgarien, de Cambodge, de Cap-Vert, Kolumbien, Südkorea, Haïti, Indien, Peru an d'Ukrain. Do sinn der derbäi, do war et nëmmen ee Kand an deene véier Joer. Ech hunn elo emol just all d'Länner wëllen oplëschten.

Do si Länner, déi falen ënnert d'Konventioun vu La Haye, also no deene Regelen, méi strikte Regele vun der Konventioun vu La Haye. An iwwert déi Länner, déi iwwert d'Convention de La Haye lafen, hu mer och prezis Zuelen. Et gëtt awer och Länner, déi nieft der Convention de La Haye lafen, do hu mer manner prezis Zuelen. Dat ass och e Manktum a mengen Aen, deen ee muss behiewen, do gëtt et keng esou prezis Zuele wéi an deem anere Fall.

Wann een d'Moyenne vun de leschte sechs Joer - déi hunn ech do geholl - zitt, da fënnt een eraus, dass den Total vun den Adoptiounen aus de Länner, déi Partenaire si vun der Convention de La Haye, dass mer do an der Moyenne néng Kanner pro Joer haten. Néng!

Aus de Länner, déi net Partner sinn an der Convention de La Haye, hu mer d'Zuelen net all. Si si mat Sécherheet méi héich, wéi vill méi héich, dat wësse mer awer net. Mä déi Zuelen, déi mir hunn, do leie mer bei 19 bis 20 Kanner pro Joer an der Moyenne. A bei den nationalen Adoptiounen, do leie mer bei zwee bis dräi Kanner an der Moyenne.

Dat heescht, mir schwätzen hei vun engem Phenomeen, der Adoptioun, dee plus/ minus bei ëm déi 30 Kanner pro Joer läit. Wahrscheinlech méi héich, well mir d'Zuelen net all hunn, mä méi grouss ass dee Phenomeen och net. Och dat muss een einfach sech eng Kéier virun Ae féieren, fir dass een och méi genee weess, vu wat dass mer eigentlech schwätzen.

Da kommen nach derbäi eng Rei Kanner, déi iwwer en Transfert vun der Autorité parentale op Lëtzebuerg kommen. Dat sinn auslännesch Décision-judiciairen, déi iwwert d'Exequatur hei ëmgesat ginn, déi lafen och nach eng Kéier parallell do derzou. Zum Beispill tëschent Lëtzebuerg an dem Cap-Vert gëtt et där alt e bësse méi oft.

Den Här Gloden huet am Numm vun der CSV virdru gesot an dat ass och duerno nach eng Kéier iwwerholl ginn, dass mir géife riskéieren, keng Kanner méi ze kréien aus bestëmmte Länner, well mer als Land elo dëst Gesetz géife stëmmen. Dat ass eng Suerg, déi kann een hunn, mä, wann een an déi Länner kucke geet, déi dat heite scho méi laang hunn, ass déi Suerg net bestätegt.

Déi Informatiounen, déi mer hunn, soen éischter, dass déi Länner soen: Mir sinn d'accord, weider Kanner an d'Ausland ze ginn, mir si just net d'accord, dass eng gläichgeschlechtlech Koppel se géif kréien. Mir sinn awer d'accord, dass weiderhin heterosexuell Koppele kënnen adoptéieren aus deem Land.

Mir ënnerwerfen eis deene Länner net. Wa mir géife soen: „Jo, da maache mir dofir dëst Gesetz net", da géife mir jo déi dote Gesetzer iwwerhuelen, an déi fanne mir awer falsch! Dofir maache mir dëst Gesetz haut, well mir et richteg fannen. A mir hoffen natierlech och, dass weiderhi Kanner aus deene Länner op Lëtzebuerg kënne kommen.

D'Zuel vun de Kanner, déi fir d'Adoptioun fräigi ginn, geet allerdéngs zréck. An dat ass kee schlechten Indicateur. Dat heescht an deene meeschte Fäll, dass an deene Länner d'Situatioun sech verbessert an dass déi net méi drop ugewise sinn, Kanner an d'Ausland ze ginn, dass déi d'Kanner kënne bannen am Land halen. Et ass also net nëmmen eng schlecht an eng negativ Entwécklung, wa manner Kanner do si fir d'Adoptioun. Dat heescht an den allermeeschte Fäll an de Pays d'origine, dass sech d'Situatioun verbessert huet.

Och nach e puer Fakten zu der legaler Situatioun haut zu Lëtzebuerg, well gemaach gëtt, wéi wann haut alles géif änneren, dat ass net richteg. Zu Lëtzebuerg kënnen haut scho bestuete Koppelen - dat sinn ëmmer heterosexuell Koppelen -, awer och Jonggesellen adoptéieren. A wann e Jonggesell adoptéiert, da freet keen, ob en dës oder déi sexuell Orientatioun huet, soudass haut mat Sécherheet Jonggesellen, homosexuell Jonggeselle scho Kanner zu Lëtzebuerg adoptéiert hunn. Dat gëtt et also schonn zu Lëtzebuerg, dat ass näischt komplett Neies.

Dat gëtt et och schonn haut Koppelen, wou een adoptéiert huet an duerno e Partner kritt, wou also eng homosexuell Koppel e Kand gemeinsam zillt, wat awer nëmmen deen een adoptéiert huet. Trotzdeem ass dat eng homosexuell Koppel, déi en adoptéiert Kand zillt. Och dat gëtt et schonn zu Lëtzebuerg an et ass ganz legal.

Oder de Fall, wou een aus enger viregter Hochzäit e Kand hat, gescheet gëtt, seng eigentlech sexuell Orientatioun spéit entdeckt oder assuméiert a säin eegent Kand da mat sengem neie Partner an enger homosexueller Koppel grousszitt. Och dat gëtt et schonn. Dat ass ganz normal zu Lëtzebuerg.

Wat mir haut maachen, dat ass d'Aféiere vum Recht, eng Adoptioun unzefroen, och fir bestuete gläichgeschlechtlech Koppelen. Et ass dat, wat bäikënnt, dat anert gëtt et schonn. Mir sinn zu Lëtzebuerg net bei null op deem dote Punkt, an dat ass och, mengen ech, gutt esou.

Wat mer haut maachen, dat ass en fait e Kader elo ze schafen, e gemeinsame Kader fir all déi Fäll, déi et kann an dëser Matière ginn. Dat ass dat, wat mir maachen. E gemeinsamen, inklusive Kader fir all d'Fäll, déi et gëtt schonn elo, an déi Fäll, déi an Zukunft wäerten derbäikommen.

Ech wëll och nach eng Kéier preziséieren, well dat ass schonn e puermol gesot ginn, vu jiddwerengem iwwregens, vun deenen, déi fir dësen Text sinn, an och deenen, déi géint dësen Text sinn: Et gëtt kee Recht op e Kand. Et gëtt och kee Recht op e Kand fir heterosexuell Koppelen, dat muss een net extra preziséieren, wann et ëm de Mariage fir gläichgeschlechtlech Leit geet.

Une voix.- Très bien!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Et gëtt selbstverständlech kee Recht op e Kand, fir keng Zort vu Koppelen, net fir déi heterosexuell an net fir déi homosexuell. Et gëtt effektiv hei nëmme Rechter vun de Kanner, an et gëtt zolidd national Texter, international Texter, zolidd national an international Jurisprudenzen, déi dat dote beleeën, an dorunner wäert näischt änneren! Strictement näischt wäert dorunner änneren.

Wa gläichgeschlechtlech Koppelen, déi bestuet sinn, an Zukunft eng Demande stellen, da gëtt am Kader vun der Enquête sociale gepréift, ob déi Leit kompetent sinn, sech eegnen, fir e Kand kënnen ze adoptéieren. An dat gëtt d'selwecht gekuckt an net anescht gekuckt wéi bei den heterosexuelle Koppelen: genausou kritesch, genausou virsiichteg, well et eben ëm d'Kand geet.

Mä dat ass näischt Neies an do ännert och näischt. Do hu mer masseg Texter a Jurisprudenzen, déi dat beleeën. Well wat brauch e Kand? E Kand brauch Elteren, déi fir Gebuergenheet suergen, mat Verstand, mat Léift, mat Éierlechkeet a virun allem mat Zouverlässegkeet. Dat ass dat, wat d'Kanner brauchen.

Dofir, déi Kritiken, dass gläichgeschlechtlech Koppelen dat eventuell net kéinten oder dass déi Leit, déi hiert Kand eleng zillen, dat manner gutt géife maachen, well se dann eleng wären an net méi e Papp an eng Mamm, déi Kritiken, et ass wierklech eng op de Bak fir déi Leit, déi Kanner eleng erzéien. Wierklech eng op de Bak fir déi Leit!

An ech mengen, och déi Suerg, déi ausgedréckt gëtt bei deene Kritiken, wa gesot gëtt, déi Kanner, deene kann et herno net esou gutt goen, wa se an enger gläichgeschlechtlecher Koppel opgezu ginn: Et gëtt ëmmer gesot, fir déi Kanner ass et schwéier, well se an enger gläichgeschlechtlecher Koppel opwuessen. Net, well et an der Koppel problematesch wär, mä herno dobaussen, d'Akzeptanz vun der Gesellschaft.

Ech mengen, dass déi Leit, déi dat soen, hire Fall projezéieren op d'ganz Gesellschaft!

Une voix.- Genau!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Dat ass e klassesche Phenomeen an der Psychologie. Dir ënnerstellt der Gesellschaft, gradesou réckstänneg ze si wéi Dir selwer. Mä si ass et net!

Une voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Si ass et net. D'Gesellschaft wäert net esou reagéieren, wéi Dir dat duerstellt, well si ass net an hirer grousser Majoritéit esou réckstänneg op deem dote Punkt. D'Gesellschaft, mengen ech, ass iwwregens a gesellschaftspolitesche Froe bal ëmmer - bal ëmmer! - virun der Politik. D'Politik ass meeschtens hannendran a gesellschaftspolitesche Froen.

(Interruption)

An ech mengen och... Jo, dat mam Referendum, dozou kënne mer eng Kéier ganz gäre seriö diskutéieren!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, da kommt!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Well ech entdecken nämlech, dass ëmmer de Wonsch nom Referendum waakreg gëtt, wann ee mierkt, dass een an der parlamentarescher Debatt keng Zoustëmmung fënnt. Da gëtt op eemol de Referendum entdeckt.

(Brouhaha général)

Ech hunn Iech nach ni, ech hunn Iech nach ni héieren, Här Kartheiser, antrieden...

(Interruptions diverses)

Ech hunn Iech nach ni, ech hunn Iech nach ni héieren antrieden, Här Kartheiser, dass dat, wat d'ADR fir richteg fënnt, engem Referendum ënnerstallt gëtt.

Une voix.- Dach!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Kee Problem!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Ech wëll Iech awer soen, Här Kartheiser,...

M. le Président.- Sou, wann ech gelift, ech géif bieden, de Minister ausschwätzen ze loossen, an de Minister bieden, sech un d'Chamber ze adresséieren!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Selbstverständlech!

Mä et gëtt Referenden, déi fannen all fënnef Joer statt an déi heesche Wahlen!

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Fir d'ADR huet dat geheescht an deene leschten 20 Joer: vu siwe Sëtz op fënnef, vu fënnef Sëtz op véier, vu véier Sëtz op dräi. A wann Der esou weidermaacht, sidd Der déi aner Kéier zu zwee an da sidd Dir och eng, wann Der net gutt oppasst, eng...

(Brouhaha)

...da sidd Dir och eng dysfonctionnel Koppel, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir hutt déi lescht Wahlen déi Richtung och ageschloen, Här Braz!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- ...da sidd Dir eng dysfonctionnel Koppel, Här Gibéryen, mat Ärer Partei. A wann...

M. le Président.- Sou. Also keng Zwiegespréicher méi, wann ech gelift! Här Minister, fuert elo weider!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Selbstverständlech!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Da wësst Der jo, dass d'Wahle Wahle sinn an dass ee sech un d'Resultater dovu soll halen...

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Selbstverständlech!

(Brouhaha)

A wann eng Majoritéit, déi et virdrun net gouf, eng Majoritéit kritt, dann ass et dann déi nei Majoritéit, do hutt Der ganz recht!

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Weider esou!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Da gëtt iwwert d'Etüde geschwat, déi bruecht ginn. Dat kennt ee jo och aus der Debatt a Frankräich. Wat do net alles mat Etüde ronderëmhantéiert ginn ass!

Fakt ass, dass déi Etüden, déi erausfannen, dass et fir d'Kanner problematesch ka ginn, wa se an enger gläichgeschlechtlecher Koppel opwuessen, ëmmer ganz rapid konnten entlarvt ginn, wat d'Origine vun deenen Etüde betrëfft. En fait beleeën déi Etüde just d'Meenung, déi déi Leit wollten affichéieren.

Elo kann een och deenen, déi de Contraire beleeën, och deelweis vläicht dee Reproche maachen, dat mag sinn! Déi Leit, déi sech awer seriö domat beschäftegen op engem universitären Niveau, Unien, déi net gefierft si vu virun, déi fannen dat doten net eraus.

Dir hutt vun Amerika geschwat. Ech wëll Iech just op eng Etüd verweisen aus Amerika, dat ass den „Official journal of the American Academy of Pediatrics", eng ganz seriö Institutioun, déi sech mat där doter Fro och beschäftegt huet. Déi widderleeën déi doten Thees. Déi widderleeën déi doten Thees! An Dir kënnt awer wierklech net den Amerikaner op där doter Fro ënnerstellen, si wären elo terribel, terribel progressistesch! Do leeft, och op där heiter Fro, ganz villes an der Diskussioun mat.

Ech wëll Iech op déi heiten Etüd verweisen, déi kloer beleet, dass dat net de Fall ass. Ënnert dem Strëch résuméiert et sech dann awer op dat, wat ee fir richteg oder fir falsch hält a wéi oppen oder net oppen ee bestëmmte Leit an eiser Gesellschaft géintiwwersteet. Dat seet méi aus wéi vill Etüden, besonnesch déi, déi sech wëlle beméien ze widderleeën, dass et deene Kanner gutt ka goen. Dat ass net esou.

Ech wëll och preziséieren, dass mat dësem Gesetz jo keen eppes ewechgeholl kritt. Et gëtt jo gemaach wéi wann hei esou eng Zort Émverdeelungskampf amgaange wär. Mä dat stëmmt dach ganz einfach net! Mir ännere jo näischt op deene wesentleche Froen, déi sech an deem dote Beräich stellen.

An dësem Gesetz ännert jo strictement näischt un eiser Législatioun iwwert de Lien biologique, dat, wat Dir esou héichhaalt. Wou ännert dann hei iergende Komma un engem Gesetz, wat de Lien biologique betrëfft? Deen natierlech eent vun de Fundamenter ass vun der Gesellschaft. Mä net dat eenzegt. Mä eent dovunner.

Wou ännert hei an dësem Gesetz iergendeppes un der Présomption de paternité? Wou ännert iergendeppes un deem doten absolute Grondprinzip? D'Présomption simple, nach ëmmer gewiescht, wëll ech och preziséieren. Mä do ännert och näischt. Dat sinn „fundamentals" an dat ännert hei net.

De Mariage civil huet dach eigentlech d'Empreinte vun der Gläichheet a sech. Déi Konzeptioun vum Mariage civil, wéi mer se haut kennen, dréckt dach en fait nëmmen eng Fräiheet aus, déi d'Bierger an eisem Land hunn, sou wéi se och am Artikel 146 vum Code civil formuléiert ass a vun der Origine un net geännert huet. Nämlech den Artikel, dee seet, dass et kee Mariage ka ginn ouni Consentement.

An deen Artikel seet och, dass dee Consentement an der „pleine liberté" muss ausgedréckt ginn. Et ass e Recht, wat een huet, eng Fräiheet, déi een huet, déi auszedrécken. An dee Grondgedanke vun der Fräiheet, deen iwwerdroe mer iwwregens haut op de Mariage fir all d'Membere vun eiser Gesellschaft. An zu där Fräiheet gehéiert jo dann och - dat muss ee vläicht eng Kéier rappeléieren - d'Fräiheet, sech net ze bestueden. Wa mer haut de Mariage aféieren, dann ass dat keng Flicht, déi mer aféieren. Jiddweree bleift fräi, sech ze bestueden, wann e mengt, en hätt dee Richtegen oder dat Richtegt fonnt. A wann net, kann een och al a glécklech ginn, wann een net bestuet war.

Et gëtt och gesot, mir hätten net genuch diskutéiert iwwert déi heite Matière. Dat ass net richteg. An et sinn och vill Avisen erakomm, a scho méi laang erakomm, zënter 2010, vun der Commission nationale pour la protection des données - fir nëmmen der e puer ze nennen, net all -, dem Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, wat eng ganz seriö Institutioun ass. Den Här Kartheiser huet se a Fro gestallt. Ech deelen déi Afrostellung net, au contraire, déi maachen eng exzellent Aarbecht, och wa se an hire Konklusiounen dann net Är Meenung ënnerstëtzen.

De Centre pour l'égalité de traitement, de Barreau vu Lëtzebuerg, „Rosa Lëtzebuerg", Transgender Lëtzebuerg an d'Avise vum Statsrot, dat sinn der awer vill, déi sech ganz seriö mat dëser Matière auserneegesat hunn, an doriwwer eraus och d'Commisson juridique.

Mir wäerten eis och an deenen nächste Joren nach mat e puer anere Projeten hei an der Chamber ofginn, déi och mat de Kanner ze dinn hunn. Net nëmmen, mä och mat de Kanner ze dinn hunn.

Een ass genannt ginn, dat ass den Divorce. Ech hoffen, dass mer den Divorce elo séier wäerten an der Chamber kënne virubréngen. Mir musse probéieren natierlech, déi Fro vum Splitting vun de Pensiounsrechter ze klären. Wa mer déi net séier genuch geklärt kréien, mengen ech, muss een de Projet awer kënne maachen. Den Divorce muss virugoen. D'Belsch huet sech och net éiweg ophale gelooss duerch déi Diskussiounen do. Ech hoffen, dass mer et fäerdegbréngen, zesumme mam Kolleeg Romain Schneider - mir schaffe schonn drun -, dat dote gemeinsam ze léisen, dat wär besser. Wann net, mengen ech, muss de Projet iwwert den Divorce definitiv virukommen, well do geet et effektiv och ëm vill Rechter vun de Kanner.

Dann en anere Projet: deen iwwert d'Filiatioun, deen och schonn an der Chamber ass. Och dat ass e wichtege Projet. Och do gi Saachen dra behandelt, déi am Intérêt vum Kand sinn. Zum Beispill den Accès vun de Grousselteren - also, dat ass elo e Beispill, dat nach net am Text ass, wou ech awer driwwer nodenken, ob mer dat net och an den Text sollten eranhuelen -, den Accès vun de Grousselteren an aneren, wéi et a Frankräich virgesinn ass, och am Kader vun der Filiatioun, dann dass mer wëllen d'Differenz ofschafen tëschent Enfants légitimes an Enfants naturels. Ma wat méi séier, wat besser! Och dat wäerte mer maachen.

Mir wäerten awer och Dispositiounen aféieren - an déi sti schonn am Projet de loi, de Chamberspresident weess dat - iwwert d'Procréation médicalement assistée, déi sougenannten „PMA".

Mir wäerten awer och bei der GPA musse virukommen. Och do steet schonn an engem Projet de loi, dass een déi soll formell verbidden. Dat ass och meng Meenung. Et ass eng Saach, déi aus enger Rei vu Grënn méi wéi contestabel ass. Schonn eleng dowéinst, well nach ni eng räich Fra enger aarmer Fra hire Bauch zur Verfügung gestallt huet. Dee Fall ass et an de GPAen nach net ginn. Dat eleng ass e Grond, fir äusserst kritesch deem géintiwwerzestoen.

Allerdéngs muss een awer och drun denken, dass et Kanner gëtt, déi entstinn aus GPAen, vläicht souguer och aus illegale GPAen, a mat där Fro musse mer eis och beschäftegen. Beim Verbuet vun de GPAe kënne mer net blann an daf si fir d'Schicksal vun deene Kanner, déi net gefrot an net gewollt aus enger oft illegaler GPA entstane sinn. Mir kënnen net nëmme mam Verbuet all Froe beäntwerten. Mir musse méi wäit denke wéi dat, am Intérêt vun de Kanner. Schwiereg Fro! Mä mir mussen eis mat där Fro beschäftegen.

Dat si just e puer Beispiller, Här President, an ech kommen zum Schluss vun de Projeten, déi hei scho leien. E leschte Projet ass dee vun der Responsabilité parentale, deen déi Responsabilité commune zu Lëtzebuerg soll endlech aféieren. D'Geriichter applizéieren dat schonn oft - net ëmmer, mä schonn oft. Et wär gutt, wa mer et séier och zu Lëtzebuerg an engem Text hätten. Dorunner schaffe mer.

Dat wären, Här President, déi Remarquen, déi ech am Numm vun der Regierung wollt maachen. Ech wëll als Ofschloss wierklech nach eng Kéier all deene Merci soen, déi sech un der Diskussioun bedeelegt hunn. Ech mengen, Lëtzebuerg gëtt mat deem Vote, dee mer elo an e puer Minutten oder an e puer Sekonne wäerten huelen, e méi solidarescht, méi gerecht Land, an dat ass gutt esou.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Justizminister.

Domat si mer um Enn vun enger Diskussioun ukomm, déi sachlech an digne gefouert ginn ass, woufir ech Merci soen. A mir géifen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6172A kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6172A et dispense du second vote constitutionnel

De Vote geet un. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6172A ass mat 56 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: M. Aly Kaes;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Et bleift nach d'Fro, ob d'Chamber d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

Mir sinn dann nach a Präsenz vun enger Motioun, déi abruecht ginn ass vun de Kolleege vun der CSV, déi, mengen ech, motivéiert ass. Sinn dozou Wuertmeldunge respektiv eng Stellungnahm vun der Regierung?

Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, Här President, déi Motioun do iwwerrascht e bëssen. Ech muss soen, ech hunn e bëssen den Androck, dass et eng Alibimotioun ass, déi hei vun der CSV proposéiert gëtt, well se eigentlech sech haaptsächlech doduerch kennzeechent, dass se oppen Dieren arennt.

Si freet zum Beispill, elo freet se dat - et freet ee sech, firwat dass elo déi Fro hei gestallt gëtt; mir schwätze jo hei net iwwer eng Reform vum Adoptiounsrecht, mä et geet ëm de Mariage -, stellt se d'Fro vun den Enquêtes sociales. Mä ech weess dach, de Ministère de la Famille ass nach haut ëmmer u sech deen, deen déi Associatiounen agrééiert, déi déi Enquêtes sociales do maachen. Wéisou gëtt elo gefrot bei dëser Geleeënheet, zoufälleg an deem Moment, wou d'Adoptioun opgeet och fir gläichgeschlechtlech bestuete Koppelen, dass elo soll eng Evaluatioun gemaach gi vun den Enquêtes sociales?

Huet d'CSV Indicen, dass déi Enquêtes sociales an der Vergaangenheet net uerdentlech gemaach gi wären? Wa se der huet, stellt sech d'Fro, wéisou se näischt ënnerholl huet, well se jo d'politesch Responsabilitéit an deem doten Domän während 25 Joer ouni Interruptioun exercéiert huet.

Datselwecht, hei gëtt nach eng Kéier déi Thees iergendwéi ënnerschwelleg iwwerholl, wéi wann eventuell d'Interesse vum Kand net am Mëttelpunkt géife stoe vun der Adoptioun. Ech muss dann nach eng Kéier hei den Text selwer vum Code civil erunzéien. Den Artikel 343, dee seet: «L'adoption ne peut avoir lieu que s'il y a de justes motifs», dat ass déi éischt Konditioun, «et si elle présente des avantages pour l'adopté.»

Et gëtt eng fest Jurisprudenz vun eise Geriichter, déi ganz kloer festgestallt huet, dass den Intérêt de l'enfant eng vun de fundamentalen, autonome Konditiounen ass zu Lëtzebuerg, fir dass iwwerhaapt eng Adoptioun ka gesprach ginn.

D'Adoptiounen hei zu Lëtzebuerg gi vun de Geriichter gesprach. Ech gesinn also schwéierlech, wéi de Gouvernement - am Sënn vun enger Séparation des pouvoirs -, wéi d'CSV dat hei drolecherweis fuerdert, misst derfir suergen, dass u sech déi Adoptiounen, déi geschwat ginn, hei gewësse Kritären entspriechen an ëmmer mussen den Intérêt supérieur de l'enfant garantéieren. Ech weess net, wéi d'Regierung soll esou eppes maachen. Dat ka jo héchstens dann, wann eppes schifgeet, iwwert d'Gesetz goen, dat mer da missten änneren, wann d'Gesetz misst geännert ginn.

Erstaunlech ass och d'Fro, dass d'CSV elo hei fuerdert, d'Regierung soll considéréieren, fir déi europäesch Konventioun iwwert d'Adoptioun vun de Kanner vun 2008 ze ënnerschreiwen. Ech stelle just d'Fro: Wéisou ass bis elo dat doten net considéréiert ginn? Wéisou huet de Ministère de la Famille, dee jo do eng direkt Responsabilitéit huet, respektiv de Ministère de la Justice an déi respektiv Ministeren, wéisou hu si dat vun 2008 bis Dezember 2013 net gemaach, wann hei u sech dat hei elo gefrot gëtt?

Also, ech hunn e bësse Problemer. Bon, ech verstinn, firwat dass déi Motioun kënnt. Mä ech hu wierklech Problemer, déi doten Operatioun, déi d'CSV hei wëllt maachen, matzemaachen. An duerfir wäert natierlech och meng Fraktioun déi heite Motioun net stëmmen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President, an och Merci un d'Kolleege vun der CSV fir déi Motioun hei. D'ADR wäert se net matstëmmen, aus dräi Grënn.

Éischtens, déi juristesch Argumentatioun, déi d'CSV zu dësem Text inspiréiert huet, ass eng, déi mir net deelen. Ech hat d'Geleeënheet virdrun op der Tribün, dat ze erklären.

Zweetens steet op zwou Plazen an dësem Text, datt den «caractère préjudiciable d'une adoption pour un enfant ne dépend pas de l'orientation sexuelle de son ou de ses parent(s) adoptif(s)». Mir deelen déi Meenung ganz kloer net, well mer der Meenung sinn, datt e Kand fir seng Entwécklung en zweegeschlechtlecht Elterepuer brauch.

An ausserdeem hunn ech jo och kënnen opmierksam maachen op all déi Problemer, déi sech besonnesch bei enger Scheedung vun homosexuelle Koppele wäerte stellen, déi nach vill méi schlëmm sinn a vill méi komplizéiert si wéi déi, déi bei enger heterosexueller Koppel wäerten entstoen.

Aus deene Grënn, Här President, kann d'ADR dësen Text net matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Den Här Wiseler huet d'Wuert an dann den Här Turpel.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo, just ganz kuerz,...

M. le Président.- An dann den Här Berger.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...fir ze soen, ech wëll och nach eng Kéier soen, datt ech fannen, datt déi Diskussioun hei op eng gutt Aart a Weis an digne gefouert ginn ass. Dat war net de Fall an all de Länner.

Ech wëll awer och elo zum Schluss nach eng Kéier kloer soen - net datt hei d'Impressioun duerch dës Motioun entsteet, datt d'CSV hei am Fong net dat géif mengen, wat se géif maachen -, mir hunn dësen Text kloer an däitlech déposéiert, en ass vun engem CSV-Minister weidergefouert ginn, vun engem CSV-Rapporteur ausgeschafft ginn, an déi Fraktioun hei huet den Text och gestëmmt. Eis Meenung ass also kloer an däitlech.

Mir héieren awer och, wat dobausse fir eng Diskussioun ass. An dofir ass et fir eis wichteg, datt erkläert gëtt an datt d'Akzeptanz och vun der Chamber hei ausgeet fir deen Text, dee mer total droen, fir datt deen Text och dobaussen op Akzeptanz stéisst.

Dat, wat mer hei an där Motioun froen, ass am Fong dat, wat a multiplen Diskussiounen, inklusiv an der Chamberskommissioun, duerchdiskutéiert ginn ass an och do a sech à l'unanimité ugeholl ginn ass, wat par ailleurs och an dem Commentaire des articles vun dem Text steet an einfach freet, datt d'Recht vum Kand virgeet an net d'Recht op d'Kand, ob dat elo fir hetero- oder fir homosexuell Koppelen ass, genau identesch, genau d'selwecht.

An dat wollte mer nach eng Kéier ganz einfach...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et steet an den Texter vun haut.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Genau, mä mir wollten dat, mir wollten et nach eng Kéier ganz kloer an däitlech einfach ënnersträichen, fir datt et och jiddwerengem kloer ass. C'est tout. An ech wëll net, datt deen Exercice anescht verstane gëtt. An dat ass awer fir eis wichteg, fir et nach eng Kéier ze ënnersträichen. Ech wollt déi Erklärunge ginn.

M. le Président.- Merci dem Här Wiseler.

Ech hunn nach d'Wuertmeldunge vun der Madame Loschetter an dem Här Berger. Här Berger. An dann d'Madame Loschetter. An dann den Här Turpel. Jo, kommt, mir ginn dem normalen Tour no!

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Ech wéilt eigentlech do weiderfueren oder mech uschléissen un dat, wat de Kolleeg Alex Bodry gesot huet. Et sinn hei eng Rei Elementer, wou d'Regierung invitéiert gëtt, verschidde Saachen ze maachen, wou ee sech effektiv ka froen, firwat dat net an der Vergaangenheet scho gemaach ginn ass, ob dat d'Evaluatioun ass vun den Enquêtes sociales, ob dat d'Signature ass vun der Convention européenne.

A wat en zweet Argument ass fir meng Fraktioun, fir déi Motioun hei net ze stëmmen, dat ass och, datt am leschten Tiret da Rieds geet vun dem Kader vun den «méthodes de procréation et techniques médicales de procréation». Sécherlech ass dat derwäert, och driwwer ze diskutéieren. An Zukunft wäerte mer dat sécherlech maachen. Mä dat war awer net de Kader hei haut de Mëtteg, wou mer spezifesch driwwer diskutéiert hunn, sou datt dat an engem anere Kontext da ka gemaach ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Jo, Merci, Här President. Mir wäerten déi heite Motioun och net matdroen, an dat aus dräi Grënn. Dat Éischt ass, well effektiv an den „Inviten" verschidden Instanzen ugeschriwwe sinn, op déi mir tatsächlech keen Impakt hunn an op déi mir och keen Impakt dierfen a sollen hunn.

Dat Zweet ass, well verschidde Saachen an den „Inviten" drastinn, wou mer souwéisou schonn e Konsens, en Ordre du jour an e Planning hunn, notamment an der Commission juridique. An Dir wësst alleguerten och, datt déi Saachen elo um Ordre du jour stinn.

An dat Drëtt ass d'Argument vun dem Sprecher vun der CSV. Ech denken, wa mer wëllen d'Thema, wat dobaussen d'Leit opreegt, berouegen, da brauche mer keng Motioun, mä dann ass et virun allem d'Serenitéit an onsen Diskussiounen an an onsen Debatten, wat dëst ubelaangt, déi de Calme dobausse wäert erëm hierstellen oder wäert festegen. Well, wann e puer Wellen héichgeschloen hu genau an deenen Ursaachen, dann ass et, well duerch falsch Argumentatioun an duerch net richteg

Informatiounen eng gewëssen Onrou opkomm ass. Dofir denken ech, datt mer mat där néideger Serenitéit keng Motioun brauchen an datt och dat, wat d'Leit elo de Moment op eemol am Kader vun dësem Projet de loi beschäftegt, wierklech keng Motioun brauch, fir datt erëm Rou hiergestallt gëtt.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Den Här Turpel huet d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech wollt dräi Saache soen. Ech hat et jo scho virdrun ugekënnegt. Éischtens, datt am Kader vun där heiten Diskussioun wéi och a villen aneren Diskussiounen eng ganz Rei Froen an Themaen ugeschnidde gi sinn, déi doudsécher berechtegt sinn, fir diskutéiert ze ginn a behandelt ze ginn. Et soll awer ganz kloer sinn, datt eng Rei vun deenen Themae sech net stellen duerch d'Tatsaach, datt mer hei eng Gläichstellung maache vu gläichgeschlechtleche Koppelen am Bestietnis a bei der Adoptioun.

An esou wéi déi Motioun (veuillez lire: déi Motioun vun der CSV) hei formuléiert ass, praktesch vun Ufank un, gi grad alleguerten déi Argumenter, déi vun deenen, déi géint d'Gläichstellung waren, virbruecht gi sinn, hei iergendwéi opgegraff. Vun «droit à l'enfant» iwwer «adoption aux personnes et couples de même sexe» an esou weider bis hin zu «renforcer la protection de l'enfant» sinn dat alles an dësem Kader falsch Messagen. Déi stellen eng Konvergenz hier zwëschen deem, wat hei gefuerdert gëtt, an deene falschen Argumenter, déi dobaussen zirkuléieren iwwert déi gläich Rechter vu gläichgeschlechtleche Koppele par rapport zu heterosexuelle Koppelen.

Ech fannen, mir hate wierklech eng gutt Debatt, mir insgesamt, wat de Minister och ënnerstrach huet, och hei an der Chamber. Ech fannen, mir sinn och an engem Diskussiounsprozess, wou eng Rei aner Saache musse gekläert ginn.

An ech géif wierklech hei en Appell maachen un d'CSV, fir déi Motioun haut hei net zur Ofstëmmung ze stellen, well, esou berechtegt wéi eng Rei Froe sinn: Si gehéieren net an dëse Kader. An ech mengen, et wier gradesou gutt, wa mer déi berechtegt Froen an där nächster Woch, an där nächster Chamberswoch, och no Ofstëmmung mat deenen anere Fraktiounen, kéinten an eng Motioun faassen, fir datt mer dat haut net an een Zesummehang stellen, dee falsch wier.

Dofir mäin Appell ganz kloer un d'CSV: Maacht wann ech gelift haut net déi Konvergenz, déi Der jo eigentlech wollt évitéieren an hei awer ënnerschwelleg erëm eng Kéier maacht mat falschen Argumenter am Kontext vun dëser Diskussioun! Et huet näischt mat dëser Diskussioun ze dinn. Et dierf näischt mat dëser Diskussioun direkt ze dinn hunn. An da komme mer an zwou Woche bei der nächster Chamberssitzung dorobber zréck.

Si ass d'ailleurs net komplett. Zum Beispill d'Recht op d'Filiatioun, ze wëssen, wien déi biologesch Eltere sinn, ass net dran ugeschnidden. Dat ass och ee Punkt, dee wichteg ass, an deen ass net am Text mat dran.

Dofir mengen ech: Zitt se wann ech gelift zréck! Dann hu mer haut eng kloer Haltung, wat d'Gläichstellung ugeet, an op all déi aner Froe komme mer zréck. Wann d'CSV se awer net zréckzitt, da stëmme mir an dësem Zesummenhang op jidde Fall dergéint.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. Den Här Justizminister huet d'Wuert.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Här President, d'Regierung schléisst sech den Argumenter vun de Majoritéitsvertrieder an och vum Här Turpel un. Mir sinn och der Meenung, dass déi Motioun an där Form net kann ugeholl ginn.

M. le Président.- Merci. Da bleift mer näischt aneschters iwwreg, wéi zur Ofstëmmung iwwerzegoen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech mengen, mir froen de Vote électronique, Här President.

Vote sur la motion 1

M. le Président.- Selbstverständlech. Merci. De Vote ass lancéiert. Wie mat der Motioun d'accord ass, stëmmt Jo, a wien net mat der Motioun d'accord ass, stëmmt mat Neen.

(Interruption et hilarité)

De Vote ass lancéiert.

(Interruptions)

Ech hunn awer 60 Stëmmen.

(Hilarité)

Also, mir hunn eng ganz intelligent Maschinn hei. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass mat 37 Nee-Stëmmen, bei 23 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marcel Oberweis), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Domat wäre mer um Enn vun der Sëtzung vun de Mëtteg respektiv den Owend ukomm. Mir gesinn eis erëm muer de Mëtteg um zwou Auer. Kommt gutt heem!

Merci, d'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.39 heures)

SÉANCE 26 JEUDI, 19 JUIN 2014

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. 6655 - Projet de loi relatif à la construction du centre pénitentiaire d'Uerschterhaff
- *Rapport de la Commission du Développement durable: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval, Mme Josée Lorsché, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany*
- *Prises de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice (M. Serge Urbany intervient), M. Serge Urbany (parole après ministre), M. Félix Braz, Ministre de la Justice, M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures (M. Claude Wiseler pose une question)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. Retrait du rôle des affaires
- *M. Michel Wolter*

4. Question élargie n°2 de M. Claude Adam sur la promotion du secteur du jeu vidéo
- *M. Claude Adam - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*

5. 6315 - Projet de loi

- portant réorganisation de l'Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services et portant organisation du cadre général pour la surveillance du marché dans le contexte de la commercialisation des produits,

- modifiant

* la loi modifiée du 17 mai 1882 sur les poids et mesures,

* la loi modifiée du 31 juillet 2006 relative à la sécurité générale des produits,

* la loi modifiée du 19 décembre 2008 établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie,

* la loi du 25 mars 2009 relative à la compatibilité électromagnétique,

* la loi modifiée du 27 mai 2010 relative aux machines,

* la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets, et

* la loi du 21 décembre 2012 concernant les équipements sous pression transportables,

- abrogeant la loi modifiée du 20 mai 2008 relative à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services
- *Rapport de la Commission de l'Économie: M. Claude Haagen*
- *Discussion générale: M. Laurent Mosar, Mme Joëlle Elvinger, M. Henri Kox, M. Fernand Kartheiser, M. Justin Turpel*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6673 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration
- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Jean Asselborn et Félix Braz, Ministres; M. Camille Gira, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- D'Sëtzung ass op.

Ech wollt d'Regierung froen, ob se Kommunikatiounen ze maachen huet?

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Neen, Här President.

M. le Président.- Ech soen dem Justizminister Merci.

Da kënne mer direkt zum Ordre du jour iwwergoen. Als éischte Punkt hu mer um Ordre du jour de Projet 6655 iwwert de Bau vun engem Établissement pénitentiaire um Uerschterhaff. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ech hu bis elo Aschreiwunge vun der Madame Andrich, der Madame Lorsché, den Häre Gusty Graas, Gast Gibéryen a Serge Urbany. Et ass nach ëmmer Zäit, fir sech ze mellen.

An ech ginn elo direkt d'Wuert dem Rapporteur, dem honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

2. 6655 - Projet de loi relatif à la construction du centre pénitentiaire d'Uerschterhaff

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, et ass schonn e spezielle Moment hei fir mech, haut virun Iech hei ze stoen als Rapporteur vum Projet de loi 6655, deen de Bau vun enger Maison d'arrêt um Uerschterhaff zu Suessem als Objet huet. An dat, well et an engem Land mat der Gréisst vu Lëtzebuerg net esou oft virkënnt, dass een eng Untersuchungshaftanstalt baut an et duerfir schonn e groussen a wichtege Projet mat gesellschaftlechem Impakt ass, dee mer haut hei wäerte stëmmen.

Den Dépôt vun dësem Projet ass den 12. Februar 2014 gemaach ginn. De 26. Mäerz gouf ech als Rapporteur genannt. Den 23. Abrëll huet d'Kommissioun den Avis vum Statsrot - deen Avis, deen awer schonn den 20. Dezember 2013 erakomm ass - analyséiert. An de 4. Juni huet d'Kommissioun du mäi Rapport approuvéiert.

Ech hu meng Interventioun vun haut an dräi Deeler opgedeelt, éischtens den aktuelle Kontext, deen zum Projet gefouert huet, zweetens

de Bau selwer an drëttens verschiddentlech Remarquen.

Zur aktueller Situatioun a firwat mer dëse Bau brauchen: Säit méi wéi zéng Joer geet d'Zuel vun de Prisonnéier zu Lëtzebuerg stänneg an d'Luucht. De Centre pénitentiaire Lëtzebuerg, den CPL, de Prisong vu Schraasseg also, deen 1984 opgoung an 2002 ausgebaut gouf, huet eng maximal Capacitéit vu 600 Prisonnéier. An de Joren 2006 an 2007 waren et der awer bal 700, déi do waren. D'Zuele goungen awer elo an deene leschte Jore liicht erof, kënnen awer vun engem Moment op deen aneren nach ëmmer variéieren, och no uewen.

D'Evolutioun vun der Unzuel u Prisonnéier ass schlecht virauszegesinn, e Phenomeen, deen een a ganz Europa kennt. Dowéinst a well de Prisong zu Schraasseg ëmmer ganz héich beluecht ass, an ausserdeem, well condamnéiert Prisonnéier a Prisonnéier an Untersuchungshaft hei zesummen ënnerbruecht sinn - fir 2013 waren et 598 Prisonnéier, also zwee ënnert der normaler maximaler Capacitéit, an dovunner waren 284 an U-Haft -, huet d'Regierung dunn 2005 décidéiert, niewent Schraasseg a Giwenech en drëtte Centre pénitentiaire ze bauen.

Dësen Zenter gëtt gebaut als Maison d'arrêt an ass ausschliisslech geduecht fir Untersuchungshäftlingen. Just bei verschiddenen Ausnahmen, notamment wann et ëm d'Intégrité physique et morale, ëm d'Gesondheet, ëm d'Formatioun oder d'Aarbecht vum Prisonnéier geet, kann een do eng Derogatioun maachen.

Dozou kënnt och nach, dass an engem iwwerfëllten oder bis op déi leschte Plaz gefëllte Prisong, deen also ëmmer bis op dem kriteschen Niveau vum Beluechtsinn ass, d'Aarbecht mat de Prisonnéier, déi op eng gutt Réinsertion sociale achséiert ass, schwiereg ass an och d'Sécherheet, och déi vum Personal, an d'Uerdnung an d'Disziplin net genuch assuréiert sinn.

An dësem Kader kéint een elo och eng grouss Diskussioun iwwert de Strofvollzuch féieren, iwwer Sënn an Onsënn vun Haftstrofen, iwwert de Choix vun enger Politique expansionniste, gläichgesat mat méi a längere Strofen a méi Infrastrukturen, fir méi Leit anzespären, oder enger Politique réductionniste, wou de Prisong als lescht Solutioun ugesi gëtt, wou „front-door solutions" - also ier een d'Leit aspäert - gesicht ginn a wou „back-door solutions" virgezu ginn, nämlech déi fréizäiteg Entloossung aus dem Prisong.

Och wann dës Maison d'arrêt no enger bestëmmter Aart a Weis gebaut gëtt, déi virausblécke léisst, a wéi eng Richtung de Strofvollzuch zu Lëtzebuerg an Zukunft wäert goen, well dëst huet och Auswierkungen op d'Infrastruktur, ass et menger Meenung no net haut de Moment, fir iwwert d'Reform vun der Administration pénitentiaire an d'Reform vun der Exécution des peines ze schwätzen.

Dëst gëtt am Kader vun de Projets de loi 6381 an 6382 gemaach. Dëst hunn ech och an der Kommissioun bei der Presentatioun vu mengem Rapport bemierkt. An am Unhang vu mengem Rapport hutt Der och e Bréif vum Justizminister Félix Braz vum 6. Februar 2014 gehat, dee kloer ausseet, dass dës Diskussioun dann och an där Reform do virgesinn ass.

Wichteg war, dass mer eng Réunion jointe tëschent der Commission du Développement durable an der Commission juridique gemaach hunn, wou kloergestallt gouf, dass de Bau vun dem CPU, dem Centre pénitentiaire Uerschterhaff, der Reform vum Strofvollzuch, esou wéi se bis elo geplangt an diskutéiert gouf, och entsprécht.

Zum Bau, dat urbanistescht Konzept: De Centre pénitentiaire Uerschterhaff kënnt an de Südweste vum Land, an d'Gemeng Suessem, niewent d'WSA, op de Lieu-dit „Uerschterhaff". Dat, nodeems déi deemoleg Regierung schonn eng laang Zäit no engem gëeegente Standuert fir eng Maison d'arrêt gesicht huet a sech keng Gemeng fonnt huet, fir dës Institutioun opzehuelen.

D'Gesamtgréisst vum staatlechen Terrain - wat iwwregens e grousse Virdeel ass vun dësem Projet, dass de Stat eng ganz Rei vun Terrainen do am Besëtz huet - ass 40 Hektar, woubäi der ongeféier 8 Hektar dann hei duerch d'Konstruktioun genotzt ginn.

D'Accessibilitéit gëtt assuréiert duerch d'Konstruktioun vun enger neier Strooss, déi den CR110 an d'Rue de Limpach matenee verbënnt. Déi Strooss muss dann awer nach gebaut ginn. An den CPU wäert natierlech herno och un de Busréseau aus dem Süden, den ëffentlechen Transport, dann ugebonne sinn.

D'Gebai ass an enger hexagonaler Form, integréiert sech esou gutt wéi méiglech an d'Landschaft an hëlt den Dénivelé, deen et hei gëtt, als positiv Eegenschaft mat an de Projet eran. Déi maximal Capacitéit läit bei 400 Prisonnéier. De Gesamtkäschtepunkt läit bei 155,650 Milliounen Euro. D'Consommatiouns-, d'Entretiens- an d'Fonctionnementskäschte leie bei ronn 26 Milliounen am Joer.

D'Bauzäit läit bei dräi Joer. Den Terrain, fir kënnen drop ze bauen, ass derbäi, iwwer eng Modification ponctuelle vum PAG vun der Suessemer Gemeng ëmklasséiert ze ginn. Als optimistesch géif ech emol den Datum vun 2017, deen an engem Rapport aus der Kommissioun esou ervirgeet, bezeechnen, als ganz optimistesch, dass dann déi Maison d'arrêt sollt funktiounsfäeg sinn.

Dann zur Exploitatioun an zur Konstruktioun: De Centre pénitentiaire Uerschterhaff gëtt gebaut no de Règles pénitentiaires européennes. Dës Regele sinn den Outil de référence fir d'Administratiounen, wou mat 108 Regelen, déi souwuel déi elementar Rechter vu Gefaangenen, de Strofvollzuch, d'Gesondheet, d'Sécherheet, d'Inspektioun an d'Kontroll an de Prisonge betreffen, d'Liewen an engem Prisong geregelt gëtt.

Den CPU gëtt no deem neiste Sécherheetskonzept gebaut, garantéiert d'Sécherheet vun de Prisonnéier, vum Personal, vun de Visiteuren an natierlech och vun der Populatioun ronderëm, do wou de Prisong dann och gebaut gëtt. Dëst Sécherheetskonzept soll natierlech och all Invasioun an all Evasioun verhënneren. D'Gebaier sinn esou, dass d'Déplacementer mat de Prisonnéier esou effizient wéi méiglech gehale sinn.

D'Gebai besteet aus autonomen a modulären Unitéite fir d'Ënnerbréngung, fir d'Versuergung, fir verschidden Aktivitéiten, fir Spadséiergäng - natierlech Spadséiergäng an der Enceinte vum Gebai, dat versteet sech vum selwen.

D'Konstruktioun ass esou, dass d'Aarbechtskonditioune fir d'Personal an d'Liewenskonditioune vun de Prisonnéier den aktuellen Standarden entspriechen.

D'Zellen an déi verschidde Pavillone sinn esou configuréiert, dass d'Eenzelënnerbréngung vun de Prisonnéier op en absolute Minimum reduzéiert gëtt, dee fir de korrekte Fonctionnement vum Etablissement onëmgänglech ass.

An deem Sënn sollen d'Prisonnéier a sougenannten „Gemeinschaftsregimer" ënnerbruecht ginn. Dat heescht, d'Prisonnéier verbréngen déi meescht Zäit, Fräizäit, am Grupp a si just fir d'Nuetsrou eleng an hirer Zell. Dëse Regime ass ëmsou méi wichteg fir e Prisong wéi dee vum Uerschterhaff, wou d'Prisonnéier jo alleguer an Détention préventive sinn a bis zu hirer Veruerteelung jo och als onschëlleg gëllen.

D'Ënnerbréngung gëtt a véier Pavillone vu 36 Wunngruppen op engem Total vu véiermol dräi Stäck gemaach. All Wunngrupp, modulär opgebaut, huet Zelle fir ee bis zwee Prisonnéier, e Raum fir verschidden Aktivitéiten an e Wunnraum, deen och als Iessraum zielt.

D'Gebai ass a Stäreform geplangt, wat eng Rei vu Virdeeler huet: eng grouss Sécherheet wéinst der Visibilitéit, et kann ee mat enger reduzéierter Zuel vu Personal schaffen, si optimiséiert d'Kommunikatioun a suergt fir eng effikass Organisatioun.

Am Ganze ginn et dräi Type vun Zellen, ech hu gesot: Eenzelzellen, Duebelzellen an och Zelle fir Personnes à mobilité réduite, esou wéi dat och an de Règles pénitentiaires européennes festgehalen ass. 1% vun de Käschte vum Gebai ginn investéiert an Énergies renouvelables. Virun der Dier ass e Parking vun 301 Plaze virgesinn.

Dat alles zum Bau an zur Exploitatioun. Erlaabt mer awer elo nach, den drëtte Punkt unzegoen, dat si verschiddentlech Remarquen zu vereenzelte Punkten.

Zu de Visiten: No der Kontroll ginn d'Visiteuren an de Parloir mat och enger gewëssener Unzuel vun individuelle Kabinnen. D'Visitë sinn iwwerwaacht, mä et ass virgesinn, wéi dat och schonn an aneren EU-Länner de Fall ass, fir d'sozio-familiär Bindungen net ze zerstéieren, ënner gewëssene Bedéngungen net iwwerwaacht Visiten och ze erméiglechen.

Wat de Service médical ubelaangt: Déi geleefegst medezinesch Interventioune sollen hei an der Maison d'arrêt Uerschterhaff duerchgefouert ginn. Wann awer e speziellen Traitement néideg ass, kann dee betraffene Prisonnéier och op Schraasseg bruecht ginn, oder wann e komplizéierten oder laangwieregen Traitement ze maachen ass, kann en och an e Spidol bruecht ginn.

Wat sécuriséiert Unitéiten ugeet fir Prisonnéier, déi eng Gefor fir sech selwer oder fir anerer duerstellen, bezéiungsweis aus physeschen oder disziplinaresche Grënn, esou kënnen dës a speziell aménagéierten Zellen ënnerbruecht ginn, wou si da 24 op 24 Stonnen iwwerwaacht ginn.

Eppes ganz Wichteges ass d'Formatioun an de Sport, well déi meescht Prisonnéier wäerte jonk Erwuessener sinn. Virgesi si verschidde Klassenzëmmer, eng Bibliothéik, eng Sportshal an och e Sportsterrain. Déi geséchert Häff fir den Ausgang, déi sinn um Daach vun all Pavillon virgesinn.

Och wann et eng Untersuchungshaftanstalt ass, wou d'Prisonnéier manner laang agespaart sinn, sinn esou Infrastrukture wéi déi heiten extrem wichteg. Virun allem geet et jo drëms, dass déi Leit, déi elo an der Maison d'arrêt sinn, erëm - wa se erëm dobausse sinn - eens ginn am Liewen. An d'Resozialiséierung ass ëmmer iewescht Zil vun esou engem Openthalt.

Zu den Auditiounen: Fir d'Auditioune vun den Untersuchungsjuridictioune si speziell Büroe virgesinn, wou och Videokonferenze méiglech sinn. Dës Videokonferenze sollen hir Base légale am Projet de loi 6381 iwwert d'Reform vum Strofvollzuch kréien. Dës Mesurë si geduecht, fir d'Transporter vun de Prisonnéier an d'Stad ze reduzéieren, wat manner Risiko, manner Trafic an och manner Käschte bedeit.

Et sief och notéiert, dass de Justizminister duerch de Prinzip vun der Séparation des pouvoirs d'Magistraten natierlech net zwénge kann, dës Interrogatoiren oder Videokonferenzen am CPU ze maachen. Mä hei si se awer elo emol infrastrukturell virgesinn, déi Méiglechkeete bestinn also am CPU Uerschterhaff.

Zum Institut de formation pénitentiaire: Wann een eng nei Struktur mécht, da brauch een och méi Personal. An et ass och wichteg, dass een dat Personal, wat een huet, och gutt weiderbilt. Duerfir sinn déi équipéiert Klassesäll virgesinn. Dës Klassesäll sinn extrem wichteg fir dat zousätzlecht Personal, wat gebraucht gëtt, a wou da schonn an der Ausbildung déi Leit, déi dohinner wëllen dee Beruff erléiere kommen, sech kënnen dann do scho familiariséiere mat deene reellen an de realistesche Konditiounen an esou enger Institutioun.

All Büroe vun der Administratioun ginn am zentrale Gebai op haaptsächlech zwee Stäck regruppéiert, wou sech dann och d'Kantin fir d'Personal befënnt.

D'Sécherheet ass assuréiert duerch e Konzept mat Mauere ronderëm, déi eng Héicht vu sechs Meter hunn, duerch Obstacles méchaniques an en Dispositif de détection, Videokameraen an thermesch Kamerae bannen a baussen, en integréierte System fir d'Commande vun den Dieren an de Sasen, en Alarmsystem fir d'Personal, e System fir d'Detektioun vu GSMen. A wat sinn d'Risikoe bei esou engem Gebai? Natierlech d'Aggressioun am Gebai, Evasiounen, verbuede Waffen, Kontakter mat anere Leit, déi een net soll hunn, Handyen, Sabotage an och natierlech d'Attack vu baussen.

Och fir deem zousätzlech entgéintzewierken, ass eng Unité de garde et de réserve mobile hei installéiert, e Gebai fir maximal 60 Polizisten, responsabel haaptsächlech dann och fir den Transport vun de Prisonnéier. Dës Unitéit ass ausserhalb vum CPU ugesiedelt, an noer Proximitéit awer vum CPU, wat och eng Partie Trajete wäert reduzéieren an de Sécherheetsdispositif ronderëm déi Maison d'arrêt dann och natierlech wäert renforcéieren.

Wann all dës Aarbechte gemaach sinn an den CPU dann och fonctionnéiert, bitt dat eis dann och d'Geleeënheet, de Prisong zu Schraasseg aus- respektiv ëmzebauen. An och do kënnen dann déi Aarbechtskonditioune geschafe ginn, déi néideg sinn, fir e moderne Strofvollzuch kënnen ze assuréieren.

Wéi Der am Rapport vum 26. Mäerz och konnt liesen, huet d'Suessemer Gemeng finanziell Kompensatioune kritt, dat ënner Form vun erhéichte staatleche Subventioune fir d'Konstruktioun vun ëffentleche Gebaier an engem Droit de superficie fir en Terrain. Dës Kompensatioune goufe vun der viregter Regierung ausgehandelt a sinn och du vun der jëtzeger Regierung iwwerholl ginn.

Zum Avis vum Statsrot: En huet eng Rei vu Recommandatiounen, eng Recommandatioun, fir eng Spezialisatioun vun deenen eenzelne Prisonge per Gesetz ze definéieren an ze regelen, ginn. De Statsrot bedauert, dass dëst net geschitt ass am Projet de loi vum Fonctionnement vun de Centres pénitentiaires a vum Uerschterhaff. De Statsrot freet dann d'Auteure vun deenen zwee Projet-de-loien, dës Projets de loi ënnert dësem Gesiichtspunkt och ze réexaminéieren. A wéi scho virdru bemierkt, gëtt dëse Remarquë vum Statsrot dann och Rechnung gedroen, wa mer de Projet de loi 6381 an och 6382 mat der Reform vum Strofvollzuch an der Reform iwwert d'Administration pénitentiaire hei behandelen.

Ech kommen zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Merci all de Mataarbechter, déi gehollef hunn, dëse Projet auszeschaffen an elo hei zu engem Vote kommen ze loossen. D'Gebai steet nach net, mä de Wee, dee bis dohinner geholl gouf, dat ass dee Wee, deen an déi richteg Richtung geet.

Heimadder ginn ech dann och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Sylvie Andrich-Duval, déi matzäit ukomm ass, trotz Stau.

Discussion générale

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, just e Gebai, kéint ee soen, fir dat mer haut gréng Luucht ginn. Mä, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass kee Gebai wéi déi aner, well et handelt sech ëm e Prisong, an e Prisong baut een net all Dag.

De Rapporteur Georges Engel, deen als Député-Maire vun der Gemeng Suessem jo haut eigentlech zwou Kapen ophuet, huet eis dee wichtege Projet op eng detailléiert Aart a Weis virgestallt. Duerfir soen ech him Merci fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech wäert mech och dofir op e puer Kommentare beschränken, dat engt op de Kontext vum Projet an déi aner op de Bauprojet selwer.

Zum Kontext: Dëse Bauprojet ass jo agebett an eng global Reform vum Strofvollzuch a vun der Prisongsverwaltung, déi ënnert der viregter Regierung, méi genee ënnert der Fiederféierung vum deemolege Justizminister François Biltgen, op den Instanzewee bruecht gouf a vu senger Nofolgerin, der Madame Octavie Modert, virugedriwwe gouf. Dës Reform gëtt mat dësem Bauprojet deelweis ëmgesat.

De But vun dëser Reform ass engersäits e méi humanen an effiziente Strofvollzuch, deen am Aklang ass mat den internationale Rechtsvirgaben, ënner anerem der Europäescher Mënscherechtskonventioun an de Recommandatioune vum Conseil de l'Europe, anerersäits, d'Integratiounschancë vun den „hors-la-loi" an eiser Gesellschaft ze verbesseren.

Déi inhaltlech Diskussioune leie selbstverständlech an der Kompetenz vun der Justizkommissioun vun der Chamber. Jiddefalls ass déi konstant Iwwerbeleeung vum Prisong zu Schraasseg schwéier mat deenen do genanntene Prinzipien ze vereenbaren a stellt ausserdeem net ze leugnend Sécherheetsproblemer, schwiereg Aarbechtsbedéngunge fir d'Personal, déi trotz alldeem musse fir Uerdnung an Disziplin suergen.

Dofir ass et dréngend, dass mer deem virleiende Gesetzesprojet haut gréng Luucht ginn, an ech ënnersträichen, dass et d'CSV-Fraktioun war, déi insistéiert hat, dass en op den Ordre du jour koum vun der zoustänneger Kommissioun, wou en dann och zesumme mat de Membere vun der Justizkommissioun analyséiert gouf.

Zum Bauprojet selwer: De Bau vun engem neie Prisong fir Häftlingen an Ënnersichungshaft erlaabt et éischtmoleg zu Lëtzebuerg, veruerteelt Prisonnéier vu Prévenuen, also déi nach net condamnéiert sinn a fir déi folglech nach d'Onscholdsvermutung gëllt, ze trennen. Domat wäert de Prisong Uerschterhaff d'Capacitéit vum aktuelle Prisong vu Schraasseg a vun der Anstalt vu Giwenech ëm 400 Plazen erweideren, fir op eng global Capacitéit vun zirka 900 fir Erwuessener ze kommen.

De Prisong vu Schraasseg wäert domat ëm praktesch d'Halschecht vu senge Prisonnéier erliichtert ginn. A vum gesamte Personalbestand, dee bei ronn 800 läit, sinn der erëm ëm déi 300 fir den Uerschterhaff virgesinn, nieft natierlech deene 60 Poliziste vun der Unité de garde et de réserve mobile, UGRM genannt, déi an engem Niewegebai affectéiert sinn an déi jo mam Transport vun de Prisonnéier beoptraagt sinn.

D'Fonctionnalitéite vum virleiende Bauprojet, fir deen ech de viregten Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler a seng Mataarbechter félicitéieren, ginn dem héijen Usproch vun engem moderne Prisongswiese gerecht. Si erfëllen net nëmmen déi néideg Sécherheetsbedéngunge bannen a bausse vun der Enceinte, mä erméiglechen et och, dass engersäits d'Liewen an d'Behandlung vun de Prévenuë während hirem wann och éischter méi kuerzen Openthalt ënner mënschewürdege Konditiounen oflafen an an engem gudde Klima stattfannen.

Esou gëtt zum Beispill derfir gesuergt, dass gutt formeiert Personal keng Waffen dréit, dass souwuel d'Gemeinschaftsraim wéi d'Zëmmeren eng confortabel Gréisst hunn an och behënnertegerecht sinn, dass d'Prisonnéier kënnen Aktivitéiten hunn an dass d'Visitë vun der Famill an de Kanner a würdege Verhältnisser méiglech sinn. Anerersäits ass et awer och méiglech, eng optimal Virbereedung vun der Entloossung vun de Prisonnéier hei ze garantéieren.

Et ass kloer, dass de Bau deemno fir Prisonnéier an Ënnersichungshaft konzipéiert ass a just an Ausnahmefäll fir veruerteelt Prisonnéier soll benotzt ginn oder, wéi schonn ugedeit, och als Iwwergangsléisung während den Embauaarbechte vum Prisong zu Schraasseg, wat eng besonnesch Erausfuerderung wäert gi fir de Justizminister.

Bleift natierlech e Wuert ze soen zum Site vum Uerschterhaff, nieft der WSA, dee bekanntlech wéi all Site seng Virgeschicht huet. An dofir ass d'Realisatioun vun deem Projet och u gewësse Konditioune gebonnen. Deemools huet d'Demande vun der Regierung am Joer 2007, fir dee Prisong do an der Gemeng Suessem ze realiséieren, fir grouss Opreegung bei de Suessemer Bierger gesuergt.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An doropshin huet jo mengen Informatiounen no och de Gemengerot an enger parteiiwwergräifender Delegatioun dee Projet do enger geneeër Analys ënnerzunn an all Aspekter vun deem Dossier gekuckt, och alternativ Siten.

An de Suessemer Gemengerot huet dunn an enger unanimer Motioun den 28. Abrëll 2008 dem Projet säi prinzipiellen Accord ginn, opgrond vun der Zouso vun der Regierung, dass esou mann wéi méiglech Mouvementer géife stattfannen am Zesummenhang mat de Gefaangenentransporter, an awer och nach aner Konditioune gestallt: éischtens, dass de Projet an deenen ugekënnegten Dimensioune gebaut gëtt an dass dat deen eenzege staatleche Projet ass, deen op deem Site soll realiséiert ginn; zweetens, dass de Buergermeeschter dann eréischt d'Baugenehmegung soll ginn, wann engersäits d'Machbarkeetsstudie vum Projet an d'Virstudie vum Bau ofgeschloss wieren an och den Accord vum Gemengerot kréischen; an anerersäits, wéinst deem héijen Traficopkommes, d'Upassungsaarbechte vum Stroossennetz mat engem neien Accès zum Site scho fäerdeg, ugefaangen oder an der Planung verbindlech wäit fortgeschratt wieren.

An e weidere Punkt: dass d'Architektur vum Gebai sech ästhetesch an den Terrain sollt afügen. E véierte Punkt, eng Rei Kompensatiounen - den Här Rapporteur huet et scho gesot - vum Stat un d'Gemeng Suessem, déi si sollen entschiedegen, fir d'Nuisancen ze kompenséieren, déi duerch dee Projet hei entstinn. An dass e Vertrieder vun der Gemeng kéint de Suivi vun dësem Projet begleeden.

Wat déi Virgabe vun der Dimensioun an der Architektur ubelaangt, mengen ech, ass et kloer, dass dee Projet dat alles respektéiert. A fir d'CSV ass et och korrekt, dass eng Gemeng, déi bereet ass, an engem Solidaritéitsgeescht en nationale Projet opzehuelen, dee gewëssen Onannehmlechkeete mat sech bréngt, eng Rei Kompensatioune kritt. Dat war och scho bei anere Projeten an der Vergaangenheet de Fall.

Den Här Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister huet jo och dann an der zoustänneger Chamberskommissioun bestätegt, dass déi nei Regierung d'Engagementer vun der viregter Regierung och géif anhalen. An den Här Rapporteur huet et gesot, dass verschidden ëffentlech Gebaier solle mat méi engem héije staatlechen Taux subventionéiert ginn, gradesou wéi dass en Droit de superficie vun dräi Hektar fir d'Implantatioun vun engem Logistikzenter fir de Centre Hospitalier Emile Mayrisch an d'Zithaklinik soll kënne méiglech sinn.

Domat wieren och déi Konditiounen erfëllt, wat d'CSV begréisst. Wat allerdéngs d'Konditiounen ubelaangt, déi mat der Baugenehmegung vum Buergermeeschter zesummenhänken, besteet nach Klärungsbedarf. Dofir meng Froen un den Här Minister, oder déi Häre Ministeren op der Regierungsbänk: Wéi verleeft et elo konkret mat deenen diversen Etüden? Wat gëtt wéini gemaach?

A meng zweet Fro ass gebonnen un d'Fro vun dem Trafic. Déi 300 Leit Personal mat der Police plus d'Visiteure fir 400 Prisonnéier brénge ganz vill Verkéier op de Site, an d'Gefaangenentransporter, déi realistescherweis net ausbleiwen, déi bedéngen nieft de Sécherheetsproblemer an dem héije Käschtepunkt och vill Va-et-vient.

Dofir meng Froen, déi do drunhänken: Wéi gesäit et elo mam Planing an Timing vun de Ponts & Chaussées aus, wat d'Strooseninfrastrukturen an de Bau vun enger neier Verbindungsstrooss ubelaangt, déi jo soll eng Verlängerung si vun der Pénétrante vum Échangeur Gadderscheier erfort iwwert den CR110 bis an d'Lampecher Strooss zu Zolwer, zousätzlech zu engem Busarrêt natierlech? An dës Onkäschte si jo och en plus net an dem virleiende Gesetzesprojet virgesinn.

Déi Fro, déi nach drunhänkt: Huet den Här Minister sech verséchert, dass en d'Baugenehmegung vum Buergermeeschter kritt onofhängeg dovun, ob Gefaangenentransporter musse gemaach ginn oder ob d'Auditioune vun de Prisonnéier vun den Untersuchungsriichteren op der Plaz gemaach ginn oder via Videokonferenzen, wéi d'Gebai et och erméiglecht, oder och, ob d'Chambre du conseil op der Plaz ka siégéieren oder net? D'Séparation des pouvoirs, hu mer héieren, déi bedéngt jo nämlech, dass een de Magistraten do keng Virgaben däerf imposéieren.

D'Baugenehmegung ass awer net déi eenzeg administrativ a prozedural Hürd, déi muss geholl ginn, mä d'Ëmklasséierung vum Terrain, deen am Moment eng Gréngzon ass, kann eréischt nom Vote vun haut virgeholl ginn. An den Här Minister hat virgeschloen, dass dat net sollt iwwert de Wee vun engem POS, also engem Plan d'occupation du sol staatlechersäits geschéien, mä dass, vu den Accord de principe vun der Gemeng Suessem, et dem Gemengerot Suessem ze iwwerloosse wier, fir déi punktuell Ännerung vun dem allgemenge Bebauungsplang, vum PAG vun der Gemeng ebe virzebereeden.

Dofir eng weider Fro un den Här Minister: Hutt Der Iech do verséchert, a wéi engem Délai dat do ka stattfannen?

Doriwwer eraus sinn awer och nach aner Prozeduren hifälleg, esou d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur an och d'Permission de voirie. Kann do den Accord vum Ëmweltministère och an engem räsonabelen Délai virleien?

Et läit an Ärer Verantwortung, an der Verantwortung vun der Regierung, fir alles dëst op eng koordinéiert Aart a Weis ze maachen, fir dass dat esou ofleeft, fir dass de Prisong ouni Verzögerunge ka gebaut ginn. Dofir meng lescht Fro un Iech: Wéini am Fong gedenkt Der, mam eigentleche Bau kënnen unzefänken? Sinn an där geschater dräijähreger Bauzäit déi Genehmegungsprozeduren, déi Délaien, sinn déi do matagerechent oder net?

Egal wéi, fir d'CSV ass et jiddefalls wichteg a richteg, dass, wann eng Gemeng hei parteiiwwergräifend en Zeeche setzt, dass de Prinzip vun der Solidaritéit spillt, wann et drëms geet, Verantwortung ze iwwerhuele fir en nationale Problem - an dat ass jo nach laang net iwwerall de Fall an och net an all Dossier -, wann dat esou ass, da sollen d'Awunner aus der Gemeng och esou mann wéi méiglech Schued hunn an och esou mann wéi méiglech Onannehmlechkeeten.

Här President, déi ronn 155 Milliounen Euro an déi net onerhieflech Folgekäschten sinn néidegt a gutt investéiert Geld, fir e seriöse Gesellschaftsproblem esou gutt wéi méiglech a besser ze géréieren. An dofir ginn ech och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem an hiren Aen dréngende Projet de loi.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Madame Andrich, fir déi konstruktiv Interventioun. Nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché vun déi gréng. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech denken, den Numm John Lennon ass jiddwerengem heibannen e Begréff, zumindest deene Leit, déi scho méi laang op dëser Welt ënnerwee sinn. Et war en engagéierte Sänger, dee vu Fridden a Gewaltlosegkeet op der ganzer Welt gedreemt huet. En huet 1971 dat schéint Lidd geschriwwen „Imagine". Néng Joer drop ass e selwer d'Opfer gi vun engem kriminellen Akt vu Gewalt.

Wat ech domat wëll soen, ass eigentlech just: Mir kënne vun enger Welt dreemen ouni Gewalt, mir kënne se imaginéieren, wéi am Lidd, mä d'Realitéit beweist, dass et se net gëtt. Déi héich Zuel vu Persounen, déi an eisem Land zu enger Prisongsstrof condamnéiert sinn oder an Untersuchungshaft sëtzen, seet genuch.

Am Juli 2013 louch déi Zuel zu Schraasseg bei iwwer 700; dat war fir d'Eischt, wou d'700-Grenz iwwerschratt ginn ass. Donieft muss een och un déi hallef oppe Struktur zu Giwenech denken, wou och nach eng 70 Leit ënnerbruecht waren. Et ass kloer, dass déi Zuele vu Joer zu Joer variéieren, mä et ännert näischt drun, dass d'Moyenne ëmmer ze héich läit, scho jorelaang. D'Limite vun der verträglecher Capacitéit ass längst erreecht, respektiv se ass iwwerschratt.

Trotzdeem kritt een ëmmer erëm d'Fro gestallt, ob mir dëse Prisong iwwerhaapt brauchen. Mir hunn der jo schonn zwee. Déi Fro hätt een eigentlech scho virun 20 Joer kënne stellen a schonn deemools hätt ee se misse mat Jo beäntwerten. A mir brauchen en och nach haut, well ouni de Bau vum Uerschterhaff huet de moderne Strofvollzuch zu Lëtzebuerg keng Zukunft.

Och wann de Gedanken un e Prisong éischter e Gefill vu Beklemmung ervirrifft oder un e gesellschaftlechen Échec denke léisst, kann ee bei dësem Projet eigentlech just erliichtert sinn, well et endlech zum Bau kënnt. Den akute Plazmangel gëtt mat dësem Projet behuewen a Schraasseg kann entlaascht ginn.

Allerdéngs geet et net just ëm Plaz, et geet ëm vill méi. Et geet drëm, dass endlech déi néideg Kaderbedéngunge geschafe ginn, fir de moderne Strofvollzuch zu Lëtzebuerg zur Realitéit ze maachen.

Natierlech handelt et sech ëm e Bauprojet, deen an d'Kompetenze vum Infrastrukturminister fält, mä awer muss ee soen, dass och juristesch Voleten an dësem Projet erëmzefanne sinn. Och de Georges Engel huet drop higewisen, dass mer am Hierscht Enn des Jores eng Diskussioun wäerte féieren iwwer zwee weider Gesetzesprojeten, déi mer haut dann net wäerte weider verdéiwen a well mer virun allem där Diskussioun och net virgräife wëllen.

Well awer juristesch Volete bei dësem Projet determinant waren, musse mer awer liicht drop agoen. Et ass jo schliisslech esou, dass d'Architektur vun engem Gebai zoustänneg ass fir dat, wat herno am Gebai kann oflafen. An et ass och esou, dass d'Architektur vun engem Gebai zoustänneg ass fir d'Wuelbefanne vun de Leit. Dat ass net nëmmen am Prisong esou, dat zielt fir all Gebaier.

Op de moderne Strofvollzuch bezunn heescht dat, dass souwuel de Bannen- wéi och de Bausseberäich vum Prisong de Grondrechter vun de Prisonnéier muss Rechnung droen. Dës Grondrechter sinn, wéi gesot, vum Conseil de l'Europe definéiert ginn a sinn och duerch ganzer 107 konkret Recommandatiounen ergänzt ginn.

Ee vun de wichtegste Prinzipie besteet ebe just doran, dass d'Untersuchungshäftlinge vun definitiv condamnéierte Prisonnéier getrennt musse ginn. Dës Konditioun ass iwwregens och am Artikel 10 vum Pacte civil vun de Vereenten Natioune festgehale ginn, dee seet: Beschëllegter sinn, ofgesi vun aussergewéinleche Situatiounen, vu Veruerteelte getrennt ënnerzebréngen an esou ze behandelen, wéi et hirer Positioun als Netveruerteelten entsprécht. Dat heescht an anere Wierder, dass d'Untersuchungshäftlingen esou behandelt musse ginn, dass net den Androck entsteet, se géifen zur Verbéissung vun enger Strof festgehale ginn. Se hu keng Strof kritt, da kënne se och keng Strof verbéissen.

Well d'Untersuchungshäftlingen zu Lëtzebuerg säit jeehier zesumme waren an därselwechter Anstalt wéi déi Condamnéiert, gëtt eist Land regelméisseg vun internationalen an nationalen Organisatioune kritiséiert, wéi ënner anerem och der Ligue des Droits de l'Homme. Dat ass bedauerlech fir e Land, wat sech gäre mat humanitäre Wäerter schmückt an et ass keng gutt Zensur fir Lëtzebuerg. Ëmsou méi erfreelech ass et dann awer, wann ee weess, dass ebe just de Projet vum Uerschterhaff dës miserabel Situatioun wäert berengegen, andeems eng Struktur geschafe gëtt, déi eenzeg an eleng den Untersuchungshäftlingen zeguttkënnt.

Domat gëtt de Prisong vu Schraasseg zu 40 Prozent entlaascht. Dat ass vill, well ganz genee 40 Prozent vun de Prisonnéier zu Schraasseg sinn an Untersuchungshaft. Grad dësen Aspekt ass an eiser Meenung determinant a wichteg gewiescht fir d'Planung vun dësem Gebai.

D'Resultat, wat dobäi erauskomm ass, léisst sech weisen: Souwuel am Wunnberäich wéi och am Bausseberäich ginn déi sozial Kontakter, d'Autonomie an d'Bewegungsfräiheet vun den Inhaftéierte gefërdert, während et nëmmen a gewëssen Noutfäll zur Isolatioun soll kommen.

Ech wéilt och eppes soen zu der Begleedung duerch den SPSE, de Service psycho-socio-éducatif, deen eng ganz grouss Roll an de Prisonge spillt. Mir hoffen, dass déi Aarbecht elo wäert verstäerkt ginn, fir individuell op all Prisonnéier kënnen anzegoen, jee no senger Situatioun a jee no sengem Bedürfnis. D'Aarbecht vun dësem Service gëtt méi wéi jee gebraucht a féiert hoffentlech dozou, dass d'Prisonnéier nees Perspektive viru sech hunn an net nach just an e schwaarzt Lach kucken an dass domat och déi héich Zuel vu Suiciden an de Prisonge wäert erofgoen. Och dofir ass Lëtzebuerg bekannt an och dat ass keng gutt Zensur fir eist aktuellt Prisongswiesen!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, gutt Aarbecht kann dee Service nëmme leeschten, wann déi néideg an déi richteg Plaz dofir geschafe gëtt, emol onofhängeg dovun, dass dee Service eiser Meenung no och personalméisseg misst opgestockt ginn, um Uerschterhaff an zu Schraasseg.

Wichteg sinn awer och d'Raimlechkeete fir d'Formatioun a fir manuell Aktivitéiten oder och fir de Sport. D'Formatioun vum Personal ass dat eent, d'Formatioun vun de Prisonnéier dat anert, och déi soll net vergiess ginn. Ech hu gesinn, dass och Bibliothéiken do sollen agerііcht ginn, wat eng gutt Saach ass. Bei verschiddene Prisonnéier muss et drëms goen, den Uschloss zu der Schoul net ze verpassen, vu dass et meeschtens jonk Leit sinn, oder eben eng feelend Ausbildung nozehuelen, wann d'Zäit et erlaabt.

A bei aneren, muss ee soen, do muss et drëms goen, se zum Schaffen ze kréien, hinne Loscht ze maachen op Aarbecht, manuell Aktivitéiten duerchzeféieren an op Kreativitéit ze bauen.

Bei anere kënnt de Sport zum gréisste Virdeel. Déi sozial Kontakter an den Opbau vu Frëndschaften am gelieften Alldag ze förderen, soll d'Zil si vun dëser Architektur. Dat ass eng informell Manéier, fir zur Resozialisatioun bäizedroen. Ebe just de Sport huet wichteg Auswierkungen, net nëmmen op d'Gesondheet, op d'Wuelbefannen an op d'Kierperbefannen allgemeng. De Sport huet haaptsächlech och Auswierkungen, wann et drëms geet, sozial, integrativ an therapeutesch ze schaffen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Besonnesch ervirhiewe wéilt ech och d'Tatsaach, dass d'Personal - als éischten Uspriechpartner vun de Prisonnéier - innerhalb vun der Enceinte keng Waffe wäert droen. Nëmmen esou kann eng Relatioun opgebaut ginn, déi op Vertraue baséiert an net, wéi üblecherweis, op Mësstrauen.

Eng aner wichteg Relatioun, déi een net sollt vergiessen, ass d'Relatioun zu der Famill, natierlech am Fall, wou d'Prisonnéier iwwerhaapt Famill am noen Ëmfeld hunn. Dat ass nach laang net ëmmer de Fall an eisem Land. Hei gëtt Neiland betrueden, well d'Visiten oniwwerwaacht kënnen oflafen, eppes, wat an enger Haftanstalt bis elo net üblech war, wat awer ëmmer méi opkënnt. Mir ënnerstëtzen dës Dispositioun voll a ganz, well se de perséinleche Lien vum Prisonnéier zu senger Famill oprechterhält an net wéi bei iwwerwaachte Gespréicher zu Hemmschwelle féiert.

Net ze vergiessen natierlech sinn och beim Uerschterhaff déi Prisonnéier, déi opgrond vun hirem Alter oder hire spezifesche Bedürfnisser an enger ageschränkter Mobilitéit liewen an awer musse Rechnung gedroe kréien. Nëmme wann d'Konzept mat der Architektur verschmëlzt, ass dat, wat ech alles opgezielt hunn, méiglech.

Dofir de Lien och zu de juristesche Voleten. Mir begréissen ausdrécklech dowéinst, dass déi enk Zesummenaarbecht tëschent dem Justizminister an dem Infrastrukturminister respektiv dem Statssekretär zu dësem ausgeräifte Projet gefouert huet, wat et och erméiglecht, vum klassesche Régime cellulaire op de vill méi fortschrëttleche Régime en commun iwwerzegoen, dat heescht, dass d'Prisonnéier net méi eleng an hirer Zell musse sëtzen.

A sengem Rapport ass de Georges Engel nach vill méi wäit op d'Detailer agaangen. Dofir wëll ech déi net widderhuelen, wéilt him awer villmools Merci soe fir seng Aarbecht, an dat am Numm vun der gréngер Fraktioun.

Et fält op, léif Kolleeginnen a Kolleegen, allgemeng gesinn, dass dës Infrastruktur sech an d'Entwécklung vun de Prisongsinfrastrukturen an Europa areit. Domat steet den Uerschterhaff am krasse Géigesaz zu den Infrastrukturen aus fréieren Zäiten, wou et net ëm de Mënsch gaangen ass, mä ëm de Fräiheetsentzuch. Während déi éischt Prisongen aus däischteren a fiichte Kerkeren ouni Fënster bestanen hunn, gi se haut éischter op der grénger Wiss gebaut, do, wou d'Prisonnéier d'Beem gesinn, déi de Laf vun der Zäit symboliséieren, vläicht grad de Laf vun där Zäit, déi se mussen ofwaarden, bis se befreit ginn.

De Basisprinzip vun de moderne Prisongen ass einfach: D'Architektur an d'Landschaftsbild sollen dozou féieren, dass d'Gefill, iwwerwaacht an agespaart ze sinn, esou niddereg wéi méiglech ass.

Wéi wäit d'Architektur vum Prisong sech op d'Verhalen an op d'Perceptioun vun de Prisonnéier auswierkt, huet de franséische Schréftsteller a Philosoph Michel Foucault

schonn am Joer 1975 a sengem Wierk „Surveiller et punir" beschriwwen. An deem Wierk ass den Auteur op den Effet vum sougenannten „Panopticon" agaangen, engem zentralen Iwwerwaachungstuerm, deen um Enn vum 18. Jorhonnert an England erfonnt ginn ass an d'Prisongsinfrastruktur vum 19. Jorhonnert inspiréiert huet.

Laut dem Michel Foucault hat deen Tuerm eng besonnesch effikass Wierkung. An der Enceinte vum Prisong huet en nämlech dozou gefouert, dass d'Prisonnéier sech permanent iwwerwaacht gewosst an iwwerwaacht gefillt hunn, souguer, wann den Tuerm guer net besat war. An anere Wierder, d'Prisonnéier haten d'Prisongsmaueren, bildlech ausgedréckt, am Kapp, mam Resultat, dass op Waffen an op Gewalt verzicht konnt ginn.

Um Uerschterhaff - an doriwwer si mer frou - wäert och op Waffen a Gewalt verzicht ginn, allerdéngs net an der Logik vum 18. an 19. Jorhonnert, mä an der Logik vum 21. Jorhonnert, déi op e moderne Strofvollzuch setzt an op d'Mënscherechter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nodeems d'Diere vum Prisong am Gronn am Joer 1985 zougemaach gi sinn, well déi mëttelalterlech Zoustänn net méi tragbar waren, gëtt de Prisong vu Schraasseg net zougemaach. Wann den Uerschterhaff Enn 2017/Ufank 2018 a Betrib geet, kënnt et zum Réaménagement vum Prisong vu Schraasseg, fir weider Verbesserungen am pénitentiairë Beräich ze erreechen.

Mir wëssen, den Zäitplang ass stramm, Här Minister, Här Statssekretär, mä mir sinn iwwerzeegt, Iech geet d'Energie net aus, och net, wann Der sprinte musst.

An deem Sënn soen ech Iech alleguer villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Lorsché. Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, an engem regelméissege Rhythmus diskutéiere mer jo hei an der Chamber iwwert den Strofvollzuch, besonnesch awer och, well sech nei Entwécklungen an der Gesellschaft vollzunn hunn. Deen Débat vun haut kann ouni Zweifel an déi Traditioun agereit ginn, och wann et sech natierlech prioritär ëm e Bauprojet handelt. Mä mir wëssen alleguer, an d'Virriedner hunn dat schonn hei betount, datt Infrastrukturen natierlech am Strofvollzuch eng wesentlech Roll spillen.

E klenge Réckbléck an d'Geschicht weist och, datt de Prisong ëmmer natierlech e kriddelechen Thema war, net nëmmen hei op der Tribün, mä och dobaussen. No 1869 gouf jo déi fréier Abtei Münster de Männerprisong. 1891 hat du schonn eng Kommissioun der Regierung matgedeelt, dee Prisong géif net den «conditions psychologiques et morales» entspriechen. 1909 gouf dunn den Neibau vun engem Prisong um Plateau Fort Neipperg proposéiert, allerdéngs ni realiséiert. A wat och interessant ass: An der Okkupatiounszäit am Zweete Weltkrich war iwwregens dee Plateau Fort Neipperg och virgesinn, fir e Prisong ze bauen, wat awer och, wéi gesot, net realiséiert gouf.

De Männerprisong am Gronn - an et si jo mat Sécherheet nach eenzel Leit, déi sech och dorunner kënne gutt erënneren -, dee war jo an engem ganz schlechten Zoustand an et koum jo do den 30. Oktober 1975 zu engem Opstand, wou jo virun allem och eng memorabel Geiselnahm stattfonnt huet a wou d'Gebridder Bernardy eng gewësse Roll do gespillt haten.

Dofir gouf jo och 1973 e Concours ausgeschriwwen, fir de Bau vun engem neie Prisong virzehuelen. An 1977 ass dunn hei an der Chamber de Bau vum Prisong zu Schraasseg décidéiert ginn, dee jo 1984 och konnt a Betrib geholl ginn.

Zwëschent 1974 an 1979, wéi d'Kolleege vun der CSV jo schonn eng Kéier an der Oppositioun waren, do goufe jo besonnesch hefteg Debatten ëm de Strofvollzuch hei zu Lëtzebuerg gefouert. Et goufen Aussoe gemaach, wéi wann de Gronn e Fënnefstärenhotel wär, a Schraasseg ass duergestallt ginn, wéi wann dat eng nei Luxusherberg fir Détenuë géif ginn. A wéi gesot, den Toun, deen deemools geherrscht huet, war jo net deen allerfeinsten. A wann een emol am „Lëtzebuerger Wort" aus där Zäit géif noliesen, da géif ee feststellen, datt do d'Demissioun vum deemolege Minister, dem Robert Krieps, jo ganz oft gefuerdert gouf.

1986 hat eng Spezialkommissioun „Sécurité publique" an hirem Rapport Folgendes geschriwwen: «L'escalade de la violence des dernières années, amplifiée par les reportages à sensation des media, a inévitablement conduit à une saturation de la capacité d'émoi de la population. À cela s'ajoute le déplorable culte de la violence propagée par les mass media. La violence, même sous ses formes les plus odieuses, est enregistrée par le public comme un banal fait divers. En plus, les critères éthiques et moraux se sont modifiés dans la société occidentale, au fil du temps.» Wéi gesot, dat sinn 28 Joer hier.

An am Rapport iwwert den Débat d'orientation, deen 2007 hei stattfonnt huet, konnt een an deem Kontext dann och nach Folgendes liesen: «Depuis ce rapport», also dee vun 1986, «les nouvelles technologies, dont notamment les jeux vidéo, ont favorisé une image „positive" de la violence, surtout auprès des plus jeunes, donc des plus vulnérables, et la sensation que la violence fait en quelque sorte partie de la société. S'y ajoute un manque de repères, d'ordre familial ou social, qui frappe une couche de plus en plus importante de la population.» Ech mengen, Wierder, déi och haut nach ouni Zweifel ze denke ginn!

Gewalt, an dat ass dat, wat leider ze bedaueren ass, gëtt nawell gären heiansdo an eiser Gesellschaft deelweis banaliséiert. Dat däerf natierlech ënner kengen Ëmstänn sinn. D'Fro, déi sech natierlech stellt: Wéi solle mer mat där Problematik do ëmgoen?

Eng Mëschung vu geziilter Erzéiungsaarbecht, präventive Moossnamen a Repressioun kann d'Äntwert sinn. Repressioun ass natierlech ëmmer déi ultime Léisung, mä mir komme leider an enger moderner Gesellschaft och net laanscht d'Repressioun. An da si mer natierlech ganz séier bei der Diskussioun och iwwert d'Infrastrukturen.

Eis Populatioun wäert och an Zukunft wuessen. A mir sollen eis och kengen Illusiounen higinn: Och wäert leider d'Kriminalitéit net ofhuelen! Et ass also ganz kloer, datt dee Bau vun engem drëtte Projet hei vun engem Prisong méi wéi noutwendeg ass.

De Prisong vu Schraasseg, an ech mengen, och do seet een näischt ganz Neits, kämpft jo - leider, muss ee soen - mat engem gewëssen Imageproblem: Ausbréch - et waren iwwregens 26 Tentativë bis 2007, duerno kee méi -, Drogenhandel, Iwwerbesetzung, Suiciden - 60 Stéck an deene leschte 70 Joer! - a Gewalt gi leider mam CPL associéiert. Mä ech fannen awer, datt et ongerecht ass, fir e Prisong ëmmer esou negativ duerzestellen, well et gëtt wahrscheinlech kee Prisong op der ganzer Welt, deen net och vun enger ganzer Rei Problemer heemgesicht ginn ass, an zënter datt e besteet.

Datt de Schraasseger Prisong seng maximal Capacitéiten erreecht huet, dat ass jo och net nei. Mir haten 1984 205 Gefaangener, op de leschte 17. Mee waren dat der 676, wann ee Giwenech derbäizielt. «La surpopulation carcérale constitue un problème majeur à l'heure actuelle face auquel un État de droit digne de ce nom se doit d'agir.» Citatioun aus dem Rapport vum Juni 2007, dat sinn, wéi gesot, ganz genee siwe Joer hier.

An deemools ass och gesot ginn, datt Schraasseg op kee Fall däerf en „prison fourre-tout" sinn. An net méi spéit wéi de leschte 17. Mee huet jo den Direkter vu Schraasseg am „RTL Background" och ganz kloer op déi Problematik higewisen a gesot, datt eng maximal Zuel vu 500 Prisonnéier u sech ideal fir de CPL wier.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'DP ass jo ouni Zweifel e kloren Unhänger vun engem gutt fonctionnéierende Rechtsstat, duerfir begréisse mir haut ganz kloer och de Projet vun dem drëtte Prisong hei am Land. Mir haten an der Vergaangenheet jo regelméisseg schonn op dës Thematik higewisen, sief dat iwwert de Wee vu Questions parlementaires, sief dat iwwer Heures de questions (veuillez lire: Heures d'actualité), sief dat iwwer Interpellatiounen.

An ech wëll och hei nach eng Kéier drop hiweisen, datt deen heitege Statsminister, de Xavier Bettel, an der Vergaangenheet méi wéi eemol deen een oder deen anere Justizminister an d'Schweesse bruecht huet duerch seng ganz geziilten Interventiounen zu de Mëssstänn am Strofvollzuch hei zu Lëtzebuerg. An ech wëll och drun erënneren, datt schonn an enger Interpellatioun vum 5. Juli 1995 d'DP souguer d'Asetze vun enger Spezialkommissioun iwwert de Wee vun enger Motioun gefuerdert hat, fir där Problematik do kënnen Här ze ginn.

Datt elo d'Untersuchungshäftlinge vun de veruerteelte Prisonnéier getrennt ginn, entsprécht natierlech engem moderne Strofvollzuch, wat mer nëmme kënne begréissen. Mir droen och domat dem Artikel 9 vun dem Gesetzesprojet 6382 iwwert d'Reform vun der Prisongsverwaltung Rechnung.

An deem Kontext hei muss een awer och emol erëm eng Kéier op de Rôle vum Conseil de l'Europe hiweisen, dee jo ouni Zweifel eng ganz wesentlech Roll an der Entwécklung vun engem humane Strofvollzuch an deene leschte Jorzéngte gespillt huet. Et ass och dowéinst e bëssen ze bedaueren, datt grad déi Institutioun vläicht net ëmmer déi néideg Ënnerstëtzung dobausse bei der grousser Populatioun fënnt.

Dann direkt e Wuert zum Site: Natierlech ass et net einfach, e Site ze fannen, an natierlech ass et nach vill méi schwéier, och eng Gemeng ze fannen, déi bereet ass e Prisong op hirem Territoire opzehuelen. An et si jo genuch Gemengepolitiker heibannen, an déi wäerte mer dat jo wahrscheinlech net falsch maachen, dass et mat Sécherheet vill méi einfach ass, en nationale Sportkomplex op säin Territoire ze huelen, wéi eben e Prisong.

An ech wëll dat ganz kloer hei soen, et soll een d'Gemeng Suessem hei wierklech luewen, datt se de Courage hat, fir dee Schrack do ze goen, well - an de Georges Engel weess dat vill besser wéi ech - et war jo mat Sécherheet net esou einfach. A wann een e bëssen esou zréckkuckt, wat eenzel Leit, besonnesch am Joer 2006/2007, esou vu sech ginn hu vis-à-vis och vun de lokalen Autoritéiten, well se bereet waren, dee Prisong op hirem Territoire opzehuelen, dat war jo bestëmmt net ëmmer ganz lëschteg, an d'Gemeng huet sech awer trotzdeem do duerchgesat.

An ech wëll och nach eng Kéier un déi Motioun hei erënneren, déi d'Madame Andrich schonn hei zitéiert huet vum Abrëll 2008, déi iwwregens och vun der lokaler DP-Sektioun deemools matgedroe ginn ass, wat am Fong och scho ganz kloer de Beweis war, datt d'DP net nëmmen um nationalen Niveau, mä och um lokalen Niveau déi lokal Autoritéiten - onofhängeg, op wat fir enger Plaz datt se souzen - ënnerstëtzt huet.

Datt d'Gemeng hei eng Rei finanziell an och aner Virdeeler als Géigeleeschtung kritt, fannen ech net méi wéi normal. An dat soll och esou sinn. Et kann net nëmme sinn, datt d'Gemenge sech d'Grimmelen eraushuelen, mä och déi Gemengen, déi bereet sinn hei en Akt ze maachen am Intérêt national, sollen och deementspriechend dann eng gewësse Kompensatioun ouni Zweifel zegutt hunn.

Wat d'Terrainen u sech ubelaangt - an de Rapporteur, deem ech iwwregens wëll och hei villmools Merci soe fir säi schréftlechen a säi mëndleche Rapport -, ass et jo esou, datt déi jo och schonn am Besëtz vum Stat sinn, wat natierlech munches wäert an Zukunft erméiglechen.

Zum Bau u sech vläicht e puer Remarquen: Ech mengen, et ass evident, datt och hei awer muss robust Material gebraucht ginn. Ech hunn och mat Interesse festgestallt, datt den alternativen Energien eng breet Iwwerleeung…, also datt déi och do genotzt ginn - 1%, mengen ech, ass et vun de gesamten Dépensen. Ech hunn de Rapport zwar, mengen ech, gutt gelies, et ass mer allerdéngs net opgefall, wat mam Reewaasser geschitt. Et kann awer sinn, datt ech dat iwwersinn hunn. Ech hunn awer d'Gefill, wéi wann dat iergendwéi net mat berüchsichtegt gi wär. Dowéinst kéint een awer och deen Aspekt vläicht nach eng Kéier iwwerdenken, well et ass och wichteg, datt de Stat an d'Gemengen op deem Gebitt awer mam gudde Beispill virginn. Datt d'Aussenanlagen naturno gestalt ginn, ass evident an ass och hei ze ënnersträichen.

Mat Satisfaktioun muss een dann awer och feststellen, datt d'Konzeptioun vun deene véier Pavillonen an den Zellen eng besser Form vun Zesummeliewen erlaabt. An et ass och hei schonn ugeschnidde ginn, datt sech natierlech - Gott sei Dank - eng immens positiv Entwécklung am Strofvollzuch gemaach huet, datt och haut de Prisonnéier soll nach wie vor a senger voller Dignitéit gesi ginn an datt och de Prisong muss esou konzipéiert ginn, datt awer e würdegt Liewen hannert de Mauere méiglech muss sinn. Ech fannen et och ganz positiv, datt hei Zellen aménagéiert gi fir Détenuen, déi e physeschen Handicap hunn.

De Virdeel jiddefalls vun deenen neie Logementer besteet doran, datt e Maximum vun der Zäit an der Gemeinschaft ka verbruecht ginn an déi dann och deementspriechend no de Besoine kënnen échangéiert ginn.

Datt elo a verschiddene Fäll och Visiten ouni Surveillance méiglech sinn, ech mengen, och dat entsprécht engem moderne Strofvollzuch. Dat ass och ze begréissen. Allerdéngs muss een och do realistesch sinn, datt et natierlech net ka fir all Fäll gëllen. Mä hei muss een och Vertrauen an d'Direktioun hunn, déi mat Sécherheet scho weess, wéini am Fong geholl dann eng Visite ouni Surveillance vir sech goe kann.

Am Prisong muss d'Wuelbefanne vun de Prisonnéier nach ëmmer e gewëssene Stellewäert behalen. An dowéinst ass et och wichteg, datt do eng Rei zousätzlech Infrastrukture virgesi sinn. Ech denke virun allem un déi sportlech Aktivitéiten, déi do kënne gemaach ginn, well Sport jo awer och derzou bäidréit, fir gewëssen Aggressiounen ofzebauen. Wichteg ass et och, datt deem kulturellen Aspekt hei eng Bedeitung zoufält duerch zum Beispill och d'Aménagéiere vun enger Bibliothéik. Allerdéngs muss d'Gesellschaft, wéi gesot, engem Détenu dann och d'Chance bidden, déi haart Zäit esou sënnvoll wéi méiglech kënnen ze notzen. An ech verweisen och hei op der DP hire Wahlprogramm vun 2013, wou mer kloer geschriwwen haten: „Weiterbildung und die Möglichkeit von Schul- und Berufsabschlüssen im Gefängnis tragen zur Resozialisierung der Betroffenen bei."

Am Gesetzesprojet 6381 iwwert d'Exekutioun vun de Strofen ass jo dann och virgesinn, datt eng sougenannte Videokonferenz ka virgesi sinn. Hei am neie Prisong Uerschterhaff gëtt jo dann déi Infrastruktur och aménagéiert. Dat ass a priori och e Mëttel, wat an der Zukunft soll vläicht verstäerkt gebraucht ginn, well et eng Rei Virdeeler mat sech bréngt - ënner anerem entfält den Transport. Allerdéngs muss eng absolut Sécherheet garantéiert ginn, datt een net iwwer aner Weeër kann zum Beispill esou Liveschaltunge mat suivéieren - dat wier natierlech alles aneschters wéi virdeelhaft.

Op där anerer Säit däerf een awer och net vergiessen, datt sougenannte Videokonferenzen awer och deen een oder deen aneren Nodeel hunn. Ech denken zum Beispill drun, datt d'Kierpersprooch net esou zum Virschäin kënnt, wéi wann de Face-à-face zwëschent dem Détenu an dem Procureur oder dem Untersuchungsriichter stattfënnt.

E weidere positiven Aspekt ass dann awer ouni Zweifel och de Formatiounsinstitut. Ech mengen, hei gëtt den zukünftege Giichtercher d'Méiglechkeet gebueden, och direkt op der Plaz selwer sech mat hirem neie Lieu de travail ze familiariséieren an duerfir ass och déi Infrastruktur ze begréissen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer natierlech vun engem Prisong schwätzen, da komme mer net derlaanscht virun allem op den Haaptaspekt hinzeweisen, dat ass natierlech d'Sécherheet. Duerfir ass et evident, datt déi performanst Systemer do musse gebraucht, genotzt ginn, fir datt eben Évasiounen esou wäit wéi méiglech mussen évitéiert ginn.

Wa mer scho vun Évasioune schwätzen, da wëll ech vläicht nach eng Kéier kuerz un déi lescht spektakuläerst erënneren, dat war den 20. Februar 2007 vum Nuka Kujtim, dee jo dann anscheinend aussergewéinlech Héichsprénger-qualitéiten hat. Jiddefalls war dat jo dat Evenement, dat zu ganz villen Diskussioune gefouert huet, dat awer och dozou bäigedroen huet, datt zousätzlech Efforte gemaach gi sinn, fir d'Sécherheet ze garantéieren. An ech mengen, datt een och an Zukunft soll permanent dem Aspekt Sécherheet grouss Rechnung droen a firwat och net sech permanent mat ausländnesche Spezialiste konzertéieren.

D'Typologie vun dem neie Gebai an enger Y-Form misst jiddefalls och, wéi gesot, mat Vernetzung vu villen Aktivitéiten, zu enger verbesserter Sécherheet bäidroen. D'Unité de garde et de réserve mobile mat 60 Polizisten ass och e weidert Element, dat am Fong geholl d'Sécherheet wäert zousätzlech garantéieren.

An engem Prisong däerf natierlech och eng adequat medezinesch Versuergung net feelen. Et ass evident, datt déi sech awer soll op déi néidegst medezinesch Ënnerstëtzung limitéieren. An datt hei elo net e Spidol am Uerschterhaff aménagéiert ginn ass, fanne mer op alle Fall ganz normal.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer vläicht zum Schluss, nach e puer Bemierkungen ze maachen iwwert den Aspekt vun der Resozialiséierung vun Détenuen, well jo awer dee Projet hei och an deem Kontext muss gesi ginn a well dee Projet hei jo awer och eng Rei Neierunge mat sech bréngt, déi zu engem méi humane Strofvollzuch wäerte féieren.

An ech wëll hei un den DP-Justizminister vun 1973 erënneren, dat war den Eugène Schaus, an hien huet deemools eng ganz interessant Ausso gemaach: «Les responsables de l'exécution des peines et des établissements de détention se sont en effet rendu compte que ce ne sont pas des améliorations de détail qui changeront notre système pénitentiaire, mais qu'il y a lieu de procéder à un changement radical de politique pénale et de considérer comme primordial non pas l'institution en tant que telle, mais la personne humaine, et cela vaut et pour le personnel de garde et pour le détenu.»

Ech mengen, och haut sinn esou Aussoen ouni Zweifel nach vu ganz grousser Wichtegkeet.

A bei den Debatten ëm den Ausbau vum Schraasseger Prisong de 7. Juli 1992 hat och meng heiteg Fraktiounskolleegin, déi war deemools scho Member vum Parlament, d'Anne Brasseur, eng ganz interessant Ausso gemaach, wat ebe méi eng staark Resozialiséierung vun den Détenuen ubelaangt. Ech zitéieren: „Et gi leider Leit, déi sinn net averstane mat engem Strofvollzuch, wou de Gefaangenen d'Méiglechkeet soll gi sinn, sech erëm an d'Gesellschaft anzegliddéren. Deene muss ee soen, dass, wann een en ekonomesche Calcul mécht, een et dach muss fäerdegbréngen, dass déi Détenuen erëm an d'Gesellschaft agegliddert ginn, well et gëtt vill méi deier, wa se récidivéieren." Och dat, mengen ech, ass eng Ausso, déi hir voll Gültegkeet nach huet.

No der Realisatioun vun dem Projet Uerschterhaff steet ouni Zweifel dann och den Embau vum Schraasseger Prisong um Programm. Mir mussen eis eben an eiser Gesellschaft déi néideg Mëttele ginn, fir eng gelonge Resozialiséierung och vun den Détenuen ze erméiglechen. An, wéi gesot, nach eng Kéier: De Projet vun haut weist ouni Zweifel an déi richteg Richtung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Käschte vum Uerschterhaff belafe sech op praktesch 156 Milliounen. Dat ass natierlech a priori vill Geld. Mä och do soll ee sech kengen Illusiounen higinn. Wa bis mam Bau ugefaange gëtt, an den Här Engel huet jo hei vu fréistens 2017 geschwat, wann ech e gutt verstanen hunn, wäerten natierlech d'Präisser bis dohinner kaum zréckgaange sinn, mä wäerten nach an d'Luucht gaange sinn, soudatt ee sech awer och muss op eng gewëss Augmentatioun vun den Devisen hei astellen.

Trotzdeem ass et awer evident, datt dee Bau hei iwwerwichteg ass. An d'Demokratesch Partei steet an all sengen Dimensiounen zu dem Bau, wéi gesot, vun engem drëtte Prisong hei am Land, zu dem Bau vum Uerschterhaff. An ech bréngen an deem Sënn och selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der DP.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Gusty Graas. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll vun eiser Säit aus fir d'Eischt och dem Kolleeg Georges Engel als Rapporteur Merci soen zu dësem Projet. Ech mengen, datt hie Rapporteur vun dësem Projet ass, ass scho bal eng Normalitéit. Et ass e Projet mat enger laanger Virgeschicht, mat där seng Gemeng vill befaasst war an och vill Problemer huet missen aus dem Wee raumen.

Mir wëssen alleguer, datt e Bau vun engem Prisong, dat ass net déi populäersten Initiativ, déi e Politiker kann huelen, wann en deen an iergendwéi enger Gemeng an enger Uertschaft implantéiert. Et ass wuel populär an och richteg a gutt am Kader vun engem moderne Strofvollzuch, datt mer Prisonge bauen. Mä déi Gemeng oder déi Uertschaft, déi e Prisong kritt, do ass et selbstverständlech vill méi schwiereg, fir de Bierger dat verständlech ze maachen.

Dat war och eng vun deene grousse Suergen an der Gemeng Suessem, wou jo vill Leit sengerzäit op d'Barrikade gaange sinn, wou Initiativen ënnerschriwwe gi sinn, wou einfach vill Leit gemengt hunn, dee Prisong géif fir si negativ Konsequenzen, fir si direkt oder fir d'Leit aus der Émgéigend, matbréngen.

D'Gemeng war deemools zu Suessem ganz clever a gutt informéiert an orientéiert, wéi se décidéiert huet, fir en iwwerparteilechen Aarbechtsgrupp anzesetzen, dee sech mat all deene Suergen a Bedenke vun de Leit befaasst huet, wou Entrevuë stattfonnt hu mat deene verschiddene responsabele Ministeren. Ech mengen, et war den Här Frieden an den Här Wiseler, déi déi Zäit och mat der Gemeng zesumme waren, mat Verwaltungen an esou virun, fir driwwer ze diskutéieren, fir de Suergen, déi d'Bierger an d'Gemeng hunn, fir deenen esou wäit ze begéinen.

Et ass deemools doropshin, no all deenen Diskussiounen an der Gemeng Suessem, eng Motioun gestëmmt ginn, déi dunn och eestëmmeg vun allen am Gemengerot vertruedene Parteie gestëmmt ginn ass, wat beweist - deemools war den Nico Schroeder vun eiser Partei do och derbäi -, ech mengen, datt all Parteie sech hirer Responsabilitéit bewosst waren. Et ass och hei an der Chamber diskutéiert ginn an och hei an der Chamber war eng Eestëmmegkeet deemools, fir e Prisong ze bauen, soudatt souwuel op nationalem wéi op lokalem Plang iwwerparteilech do eng Meenung erauskomm ass. An ech mengen, dat ass och an esou engem wichtege Projet wéi deem heite wichteg.

Et ass awer wichteg, datt mat der Gemeng a mat de Leit diskutéiert ginn ass, well déi Froen, déi d'Leit sech gestallt hunn, déi ware jo awer berechtegt. An ech mengen, wa mer herno och d'Resultat kucken, wat no all deenen Négociatiounen erauskomm ass, dann huet dat jo och säin Zweck gehat, datt d'Leit an d'Gemeng sech eng Rei vu Froe gestallt hunn an datt déi Diskussioune waren, well déi meescht Punkte jo konnte positiv Resultater kréien, soudatt de Suerge vun der Gemeng an de Suerge vun de Bierger konnt gréisstendeels Rechnung gedroe ginn.

Déi éischt Fro, déi sech iwwerhaapt gestallt gëtt, wa vun esou eppes geschwat gëtt, ass: Brauche mer iwwerhaapt en neie Prisong? Ech mengen, dat ass eng legitim Fro. Awer déi Chifferen, a meng Virriedner hu se hei genannt, an an der Vergaangenheet ware se net besser, déi hunn awer kloer bewisen, datt een en drëtte Prisong hei zu Lëtzebuerg brauch. An duerfir ass et och, mengen ech, kloer gewiescht, datt déi Fro relativ einfach opgrond vu statisteschem Material vun de Realitéiten ze beäntwerte war.

Déi zweet Fro war dann de Site. Et ass kloer, datt, wann ee muss eng Plaz eraussichen, fir e Prisong ze maachen, et ass wéi a villen anere Saachen, da weess jiddwereen eng Plaz, wou et gutt wier, wou et besser wier, mä si ass meeschtens net an hirer direkter Émgéigend. An esou ass et och mat engem Prisong. Déi Zäit si vill aner Nimm genannt ginn. A jiddwereen, dee vun engem Site betraff war, dee konnt och erëm aner Siten nennen, vun deenen e gemengt huet, datt e géif besser hikommen. An duerfir, mengen ech, muss ee scho Respekt hu virun enger Gemeng Suessem, datt si bereet war, fir eben hei dermat d'accord ze sinn, fir datt op hirem Territoire dëse Prisong gebaut gëtt.

Et muss ee wëssen, datt d'Gemeng Suessem vill Saachen an deene leschte Joren op sech geholl huet, déi vun nationalem Interesse waren. A wann ech elo denken un d'Bauschuttdeponie, déi och elo erëm op den Terrain vun der Gemeng Suessem komm ass; wann ech weess, datt eng Nopeschgemeng, fir hiren Trafic ze entlaaschten, eng Émgehungsstrooss da wëllt eben op d'Suessemer Gemeng eriwwerdrécken, wou dann och mat Versteesdemech eng Oppositioun do entstanen ass, da muss ee bedenken, datt d'Leit trotz allem awer do virsiichteg sinn an och gutt berode sinn, datt se sech net alles grad op d'Nues drécke loossen. Hei waren d'Leit an d'Gemeng, mengen ech, räsonabel. A si hunn och festgestallt, nodeem datt all déi Garantië komm sinn, datt se konnte mat rouegem Gewësse Jo zu deem Site soen.

Eng drëtt Fro, déi d'Leit sech gestallt hunn, dat waren d'Risikoen, déi mat engem Prisong verbonne sinn. Et ass natierlech, datt de Prisong en negativen Touch huet. A wann ee méi wäit zréckkuckt an d'Geschicht vun de Prisongen, an de Kolleeg Gusty Graas huet e puer Stéck opgezielt, da war dat mat Flucht an esou virun an engem Prisong, dat war fréier méi op der Dagesuerdnung, wéi dat haut de Fall ass. An engem modernen, gutt geplangten a gutt géréierte Prisong vun haut ass dat nu wierklech d'Exceptioun. Et bleift sécherlech ëmmer e Reschtrisiko bestoen, deen een net kann évitéieren. Mä ech mengen, egal wou een een hisetzt, dee Reschtrisiko besteet och ëmmer. An dee Risiko bedeit och net, datt onbedéngt de Leit aus dem direkten Émfeld eppes ka geschéien, mä dee Risiko kann och, wann eng Flucht kënnt, méi wäit vum Prisong ewech seng Konsequenzen dann hunn.

Ee weidere Punkt ass den zousätzlechen Trafic, deen esou ee Prisong géif mat sech bréngen. Bon, ech mengen, och do sinn infrastrukturell Léisunge fonnt ginn, wat d'Stroossen ubelaangt, soudatt och do konnt eng Léisung fonnt ginn.

Soudatt ee ka soen, datt déi laang Prozedur, déi vill Diskussiounen, déi waren, awer och beweisen, datt mer hei zu Lëtzebuerg, wa mer wierklech wëlle vun alle Säiten zu engem positive Resultat kommen, datt een da schonn dee Wee ka goen an net brauch ze fäerten, mat de Bierger a Kontakt ze kommen a se ëm hir Meenung ze froen.

A mir haten net méi spéit wéi gëschter an och viru 14 Deeg eng Diskussioun, wou iwwer Referende geschwat gouf. Ech sinn iwwerzeegt dervun, wann ee méi déi Biergerparticipatioun mécht, méi Referende mécht an et mécht een en objektiven Dialog, wou een „derfir" an „dergéint" op de gläichen Niveau setzt, een erausfënnt, datt de Bierger scho genuch Gerechtegkeetssënn a sech huet, fir dann Décisiounen ze huelen, déi am Interesse vun der Allgemengheet wieren. Dat, wat hei am Klengen exercéiert gëtt, kann een och am Groussen exercéieren. De Bierger soll een net fäerten, mä et huet een an der Politik all Intérêt, fir mam Bierger zesummen no Léisungen ze sichen.

Ech géif dann nach op ee méi spezifesche Punkt agoen, an do hätt ech dann och eng Fro un de Justizminister. Et ass scho virdrun ugeklongen. Mir hunn d'Untersuchungshäftlingen, déi mer hei sëtzen hunn. Mir hu modern Infrastrukturen hei opgeriicht, an d'Fro, déi sech stellt, et ass geschwat gi vun der Séparation des pouvoirs, am Ursprong ass am Fong gesot ginn, wa mer schonn do esou eng Infrastruktur maachen, da wier et jo normal, datt d'Enquêteuren, d'Untersuchungsriichtere sech géifen op déi Plaz déplacéieren, fir dat dann do ze maachen, amplaz datt een all déi Leit, déi do asëtzten, géif bei den Untersuchungsriichter féieren. Da gëtt gesot, am Kader vun der Séparation des pouvoirs kéint een den Untersuchungsriichter net obligéieren, fir deen Déplacement ze maachen.

Ech muss Iech éierlech soen, datt ech dat als eng relativ breet Interpretatioun vun der Séparation des pouvoirs gesinn. Ech mengen, datt e Minister oder d'Politik sech net an eng Enquête amëscht, dat schéngt mer ganz normal ze sinn an och ënnert d'Séparation des pouvoirs ze falen. Mä wat elo déi infrastrukturell Praxis ubelaangt oder dat Zur-Verfügung-Stellen, sinn ech awer duerchaus der Meenung, datt do d'Politik misst kënnen intervenéieren.

Och wa mer hei soen: Mir hunn d'Méiglechkeet vu Videokonferenzen. Tant mieux, wann dat méiglech ass, datt een een Deel ka vun deenen Enquêten iwwer eng Videokonferenz maachen, da soll een dat maachen, da brauch weder deen een nach deen anere sech ze déplacéieren. Mä am Fall, wou sech muss déplacéiert ginn, mengen ech, sollt een dach awer versichen, et op e Minimum ze reduzéieren, datt ee muss mat den Détenuë sech déplacéieren, mä datt et duerchaus, mengen ech, awer ubruecht ass, datt och en Untersuchungsriichter, vu datt d'Infrastrukturen do sinn, sech kéint dann dohinnerbewegen oder déplacéieren, fir d'Aarbecht dann do op der Plaz ze maachen.

Et ass virgesinn, datt mer hei 60 Poliziste kéinten derbäikréien. Et muss ee wëssen, datt déi net fir d'Observatioune banne sinn, mä am Fong fir baussen. A wann een da weess, datt dovunner de Gros op den Transport geet, well dat hir Haaptfonctioun ass, da gesäit een och, datt dat een enorme Käschtepunkt ass, niewent dem Risiko, dee besteet, wann déi Transporter gemaach ginn. Dat ass mat engem enorme Käschtepunkt verbonnen.

An ech mengen, och an enger Zäit, wou mer als Stat alles derfir maachen, fir Suen ze spueren, wou d'Finanzen enk sinn, ass dat och ee vun de Kritären, déi ee muss berücksichtegen, soudatt ee muss och kënne mat Leit, déi Untersuchungsriichter sinn, awer seriö diskutéieren. An ech sinn och der Iwwerzeegung, datt een do kann e Wee fannen, datt déi Transporter vun Détenuen op en absolute Minimum misste reduzéiert ginn an datt een de Rescht op der Plaz misst kënne maachen.

Dat gesot, Här President, fanne mer dat heiten e gudde Projet an ech bréngen duerfir och d'Zoustëmmung vun eisem Grupp.

Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Gibéryen. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Ech mengen, et soll een och hei d'Fakte kucken. Ech hu wéineg bis elo iwwer Fakten héieren. Wann ee kuckt, de Moment hu Schraasseg plus Giwenech, dat ass den oppene Strofvollzuch, zesumme 700 Plazen. Dorënner sinn 300 Untersuchungshäftlingen de Moment zu Schraasseg ënnerbruecht.

Mir huelen hei eng Décisioun, fir en neie Prisong ze baue fir 400 Untersuchungshäftlingen. Wa mer dat zesummerechne mat deene 700 Plazen, déi elo schonn do sinn, da komme mer op 1.100 Plazen. Dat sinn natierlech 400 Plaze méi wéi bis elo. Dat ass en Zouwuess vun der Population carcérale ëm 57%, wann ech richteg gerechent hunn, op dee mer an Zukunft baue wëllen. 57% méi Leit, déi am Prisong sëtzen, wann d'Capacitéiten an Zukunft ganz ausgenotzt ginn. Dat ass, mengen ech, en notabelen Zouwuess, och wann ee vergläicht esou mat europäeschen an internationalen Zuelen, wat een emol vläicht hätt misse maachen am Virfeld.

Ech weess och, dass am Regierungsprogramm villes drasteet. Ech weess, dass Reformen ugekënnegt sinn am Droit pénal. Déi Formuléierungen, déi do drastinn, sinn awer ganz vag. Do steet: «Le Gouvernement entamera des réflexions sur le développement des alternatives aux poursuites pénales pour certains types d'infractions.» Domat kann ech emol esou a priori net ganz vill ufänken. Et sinn och Reformen ugekënnegt an der Prisongspolitik. Et gëtt do geschwat iwwer Alternativen zum Prisong.

Ech wëll awer soen, dat sinn Ukënnegungen, dat si Reformen deelweis, vun deenen nach guer net kloer ass, a wat fir eng Richtung dass se ginn a wat fir eng Envergure dass se wäerte kréien a wéi se zu der Léisung vun de Problemer vun der Prisongsbesetzung, vun der Prisongspopulatioun wäerte bäidroen.

Ech gesinn d'Realitéit, wéi se haut awer ass. D'Realitéit, dat ass zum Beispill eng Strofpolitik, déi vun de Geriichter ugewannt gëtt, déi dacks ze vill repressiv ass. Dat soen déi Leit, déi all Dag domadder ze dinn hunn. D'Strofjuristen zum Beispill.

Ech hunn eng Table-ronde am „woxx" vum 28.2.2008 erëmfonnt, wou e Bericht driwwer drasteet, wou den Här Rosario Grasso vun der ALAP, vun der Associatioun vun der Strofrechtler, seet, „en règle générale, les juges luxembourgeois n'y iraient pas de main morte avec les incarcérations". Esou gi seng Wierder do erëmbruecht.

D'Realitéit ass och eng Strofpolitik duerch d'Regierung an duerch d'Chamber, duerch nei Gesetzer, déi mer an deene leschte Jore gestëmmt hunn, vun deenen ech mech net kann erënneren, dass eent a Richtung vun Erliichterung vun de Strofe gaangen ass, mä éischter a Richtung vun enger Verstäerkung vun de Strofen. Mir haten eréischt viru Kuerzem hei esou ee Projet am Kontext vun der Drogepolitik.

An dobäi wier ech beim Thema vun der Drogepolitik. D'Realitéit ass och do, an zwar iwwer Joren ewech, dass mer am Prisong eng Populatioun hu vu Leit, déi do incarcéréiert sinn opgrond vun enger Condamnatioun wéinst Drogendelikter. Een Drëttel vun allen Infractiounen, wéinst deene Leit am Prisong sëtzen, dat sinn Drogendelikter.

Et muss ee soen: Dobäi kommen nach aner Delikter derbäi, déi eventuell am Kontext mat Droge stinn, wéi Beschafungskriminalitéit, Volen an esou weider, soudass a Wierklechkeet wahrscheinlech d'Populatioun, déi am direkte Kontext mat Drogerepressioun steet, a Wierklechkeet nach wahrscheinlech méi héich wäert si wéi deen een Drëttel.

Ech zitéieren d'Madame Thérèse Michaelis vum Centre de Prévention des Toxicomanies aus dem „Quotidien" vum 24.6.2011, wou se seet, an där Matière: «La répression ne mène à rien.» A si bezitt sech ausdrécklech op e Rapport vun 2011 vun der Commission mondiale pour la politique des drogues, dee seet: «La guerre mondiale contre la drogue a échoué.» an dee weiderfiert: «Partout dans le monde, la grande majorité des arrestations cible ces „petits poissons" non violents et du bas de l'échelle dans le marché des drogues - ils sont plus visibles, faciles à prendre et n'ont pas les moyens de se payer une porte de sortie. Il en résulte que les gouvernements remplissent les prisons de délinquants mineurs purgeant de longues peines, à grands frais, et sans aucun impact sur l'échelle ou la rentabilité du marché.» Dat heescht, an deem offizielle Rapport gëtt d'Drogepolitik vun enger ganzer Partie vu Regierungen a Fro gestallt.

Ech wëll soen, dass an där Kommissioun, an där internationaler Kommissioun eng ganz Rei Leit dra sinn, wéi dräi ehemoleg Presidenten aus Latäinamerika, wéi dee fréieren amerikaneschen Ausseminister Shultz - bestëmmt kee Lénken -, wéi dee fréieren UNO-Generalsekretär Kofi Annan oder wéi zum Beispill dee weltbekannte Schréftsteller an Nobelpräisträger Mario Vargas Llosa. An ech géif Iech wierklech emol recommandéieren, déi Konklusiounen aus deem Rapport do ze liesen am Zesummenhang mat enger Drogepolitik, déi repressiv ausgeriicht ass an déi zu näischt féiert, ausser vläicht zum Géigendeel vun deem, wat soll erreecht ginn.

An ech mengen, et géif enger Majoritéit, Här President, déi gesellschaftlech Reformen ugekënnegt huet an och schonn deelweis duerchgefouert huet, dat hu mer gëschter gesinn, gutt zu Gesiicht stoen, hir vag Ukënnegungen, déi fir de Moment am Regierungsprogramm drastinn zu Alternativen zu Prisongsstrofen, géif konkretiséieren an e wierklechen Débat géif féieren iwwer eng aner Drogepolitik, iwwert d'Dépénaliséierung oder wäitgehend Dépénaliséierung vun den Drogen. An ech mengen och, dass d'Acteuren um Terrain nëmme waarden op esou Signaler.

Ech wëll do och nach eng Kéier aus deemselwechten Interview déiselwecht Madame Mi-

chaelis zitéieren: «En ce qui concerne l'Europe, je ne pense pas que tous les responsables politiques soient convaincus des lois actuelles. Cela concerne par exemple aussi une partie de nos députés. Mais aucun d'eux n'a le courage de prendre l'initiative pour les changer.» A si freet sech ausdrécklech op de Bericht vun där internationaler Kommissioun, deem se hire vollen Appui gëtt.

An deem Bericht gëtt och gefuerdert, Tabuen ze briechen. An ech mengen, dat ass dat, wat mer mussen hei maachen. A mir musse wierklech eng Diskussioun féieren, wéi dat iwwregens an der Traditioun vun der grénger Politik ass, wëll ech awer hei betounen! D'Madame Renée Wagener huet hei Proposition-de-loien eraginn, déi herno zréckgezu gi sinn, déi ganz kloer an déi Richtung vun der Dépénaliséierung vun den Droge gaange sinn.

(Interruption)

De Rapport fuerdert och en Ëmdenken an der UNO a kritiséiert den Drock vun den USA op déi Länner, déi eng aner Drogepolitik wëlle maachen. An ech mengen, dass dat och een Hannergrond ass bei deem Ganzen, den Drock, deen international ausgeübt gëtt, fir eng repressiv Drogepolitik ze maachen. An ech hoffen, dass déi nei Regierung sech opraaft, fir do eng Ännerung ze maachen, och fir deem Drock ze widderstoen. Och dem Drock iwwregens vun deene konservativen a repressive Kräften, déi et hei am Land nach ëmmer gëtt.

An ech mengen, dass et no 2001 erëm un der Zäit wier, fir eng weider Etapp an déi Richtung ze maachen. 2001, wëll ech betounen, ass de perséinleche Konsum vu Cannabis net stroffräi gemaach ginn, wéi heiansdo gesot gëtt, mä prisongsfräi gemaach ginn. Et stinn nach ëmmer Amenden um perséinleche Konsum vum Cannabis. Mä all déi aner Problemer sinn net geléist.

Duerch d'Press ass viru Kuerzem e Bericht gaange vun enger bekannter Sportlerin, déi zu sechs Méint Prisong mat Sursis wéinst Konsum vu Kokain veruerteelt ginn ass. Déi nächste Kéier ass et kee Sursis méi. An da muss ee sech froen: Wann esou Leit, déi e Problem hu mat Drogekonsum, an de Prisong kommen, gëtt domat ee Problem geléist, wat deen Drogekonsum ugeet? Natierlech gëtt do kee Problem geléist!

D'Madame Lorsché huet den John Lennon virdrun zitéiert an engem komplett anere Kontext. Et sollt een emol vläicht...

(Brouhaha)

...den John Lennon a ganz vill aner Artisten aus där heroescher 68er Generatioun, et sollt een déi emol vläicht zitéieren am Zesummenhang mat Drogekonsum!

(Interruptions diverses)

Da komme mer méi no bei d'Realitéit!

M. le Président.- Ech wollt Iech just soen, Här Urbany, de Mikro ass un.

(Hilarité)

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dat hunn ech och ganz bewosst fir de Mikro gesot, Här President.

Wann all déi Moossnamen, déi ech elo opgezielt hunn, géifen ugewannt ginn, dat heescht, Reformen am Code pénal, Reformen am Strofvollzuch. Ech weess, dass e Gesetzesprojet virläit. Mä dee Gesetzesprojet, dee läit schonn e Joer laang op Äis! Dee Gesetzesprojet läit schonn zweeanenhalleft Joer do zënter sengem Dépôt, ouni dass eppes geschitt ass.

Wa géif dat, déi Dépénaliséierung bei den Drogen, ausser vläicht bei der grousser Kriminalitéit, emol an Ugréff geholl ginn an emol eng aner Diskussioun doriwwer an der Gesellschaft gefouert ginn, da géife mer mat Sécherheet och zu enger anerer Prisongssituatioun kommen an zu engem Ofbau vun de Plazen an de Prisongen. Net zu engem Opbau, wat mer heimadder maachen. Wéi ëmmer an der Lëtzebuerger Politik gëtt einfach emol drop lass gebaut an d'Wäiche ginn net gestallt a Richtung vun där neier Strofpolitik, déi am Regierungsprogramm ugekënnegt gëtt, mä a Richtung vun neie Prisongsplazen, fir mat der aktueller Strofpolitik weiderzefueren.

Dat ass d'Ursaach, firwat mir als déi Lénk dee Projet hei net wäerte stëmmen.

Et ass geschwat gi vum Gemengerot vu Suessem, deen unanime dee Projet schonn ugeholl huet. Ech wëll hei keng Lokalpolitik maachen; ech maachen dat nach op der Plaz, wou et noutwendeg ass. Mä ech wëll awer soen, bei där Décisioun ware mir deemools net derbäi, mir waren do net am Gemengerot a mir hunn déi Décisioun och net matgedroen. Mir hunn awer...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dir hutt elo grad „unanime" gesot!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Mir hunn awer ëffentlech eis Stellung geholl. An déi Stellungnahm war keng NIMBYs-Stellungnahm. Déi Stellungnahm... Dat hunn aner Leit gemaach! Déi Stellungnahm war déiselwecht...

M. le Président.- Dir misst elo zum Schluss kommen, Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech si ganz zum Schluss.

Déi Stellungnahm war genau déiselwecht wéi déi, déi ech elo geholl hunn. Aus allgemengen, iwwergeuerdneten Iwwerleeunge fanne mer, dass déi hei Décisioun, en neien drëtte Prisong ze bauen - et ass a Wierklechkeet e véierten, wann een de Centre de rétention um Findel derbäihëlt -, dass dat eng Décisioun ass, déi komplett an déi falsch Richtung geet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Domat wär d'Diskussioun ofgeschloss. A fir d'Regierung huet den Här Justizminister, den Här Félix Braz, d'Wuert.

Prises de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Ech wëll just och scho matdeelen, dass de Kolleeg Camille Gira och nach wäert op eenzel Froen agoen.

Esou wéi de Strofvollzuch ass an engem Land, sinn och herno d'Chancë fir eng Neesagliderung vun den Détenuen an der Gesellschaft. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg an de leschte Jorzéngte wéineg qualitativ Spréng kënne maachen. En éischte war 1984, wou de Prisong am Grond zougemaach ginn ass a Schraasseg a Betrib geholl ginn ass. An haut, 30 Joer duerno, maache mer fir d'éischte Kéier nees e grousse Sprong an der Qualitéit vun eisen Infrastrukturen.

De Prisong vu Schraasseg ass iwwerbeluecht, en ass schonn zënter laange Joren iwwerbeluecht. Och wann e seng Capacitéit vu 600 genee erreecht, ass en eigentlech nawell iwwerbeluecht, well et dann net méi erlaabt ass, am Prisong déi Opdeelunge kënne virzehuelen, déi musse sinn, fir an engem moderne Strofvollzuch elementar Prinzipien a Regele kënnen ze respektéieren.

Dat heescht, wa mer haut eng Zuel hu vu 600 plus/minus Détenue bei enger Capacitéit vu 600, dann heescht dat net, dass de Prisong net iwwerbeluecht wier. En ass et nawell. An e war et an de leschte Joren och schonn dramatesch. Mir hate scho bis zu 700 Leit bannent de Mauere vu Schraasseg. An do kënnt Der Iech virstellen, wat dat heescht fir den Alldag vun de Leit, déi do agespaart sinn, awer och fir den Alldag vun de Leit, déi do schaffen.

Mir hunn eng Rei Kritiken, national, awer och international an de leschte Jore kritt wéinst där Iwwerbeleeung, awer och wéinst dem Fait, dass Prévenuen an Détenuen hei zu Lëtzebuerg net getrennt sinn. Mir kruten och scho Kritiken, well zu Lëtzebuerg en héije Pourcentage, d'Halschent quasi vun de Leit am Prisong Untersuchungshäftlinge sinn.

Da gëtt gesot, mir géifen ze vill séier op de Geriichter, an der Magistratur zréckgräifen op d'Instrument vun der Untersuchungshaft. Dat erkläert sech awer an deene meeschte Fäll domadder, dass mer ganz vill Netrésidenten hunn, déi zu Lëtzebuerg am Prisong sinn a wou do natierlech ee vun deenen dräi Grënn, nämlech d'Fluchtgefor, ginn ass.

(Coups de cloche de la présidence)

Ganz oft ganz reell. An dat bréngt mat sech, dass mer vill Leit effektiv zu Schraasseg hunn, déi Untersuchungshäftlinge sinn. Mä dat huet eng rationell Erklärung. Dat ass net, well hei zu Lëtzebuerg do besonnesch streng géif geschafft ginn.

Et ass och eng aner international Kritik, déi mer nach virun e puer Woche formuléiert kritt hunn, nämlech déi, dass zu Lëtzebuerg en héije Pourcentage vu Suicidë wär. Ech wëll déi Kritik awer esou net gëlle loossen. Déi muss ee ganz staark relativéieren. Zu Lëtzebuerg, ech mengen, den Här Graas hat déi Zuel genannt, mir haten an deene leschte 60, 70 Joer 60 Suiciden.

(Coups de cloche de la présidence)

Dat ass manner wéi ee pro Joer. Elo ass dat esou eng geréng Zuel, dass se statistesch natierlech ganz séier riskéiert...

M. le Président.- Wann ech gelift, lauschtert dem Här Justizminister no!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Elo ass dat natierlech eng Zuel, déi esou geréng ass, wann een do an engem Joer d'Ongléck huet, een oder zwee Suicidë weider ze hunn, ass een, héich gerechent op d'Populatioun, natierlech direkt europawäit ganz schlecht.

Mir haten awer och scho Joren, wou mer zu Lëtzebuerg, ech mengen, dat war 2008 fir d'lescht, kee Suicide haten am Prisong. Wa mer dee Moment d'Behaaptung opgestallt hätten, Lëtzebuerg beweist weltwäit, dass een e Prisong ka féieren ouni Suiciden, da wär dat fir dat Joer zwar richteg gewiescht, statistesch wär déi Ausso awer mat Sécherheet net richteg. Wa mer se gemaach hätten, hätte mer eng Behaaptung gemaach, déi mer net kënnen opstellen.

Duerfir soen ech, bei deenen Zuelen, déi genannt sinn, all eenzelne Fall ass dramatesch. An zu Schraasseg gi ganz vill Efforte geholl, ganz vill Efforte gemaach an der Betreiung vun de Prisonnéier. Besonnesch wann een eng éischt Indicatioun bei engem huet, dass do ee vläicht net esou gutt drop ass an net esou gutt drun ass, dat gëtt extrem eescht geholl. Do ass ee ganz enke Suivi.

Leider kritt een et ni esou, dass et keen ass. Mä ze soen, wéi dat international geheescht huet, mir hätten do e spezifesche Problem, méi wéi an deenen anere Länner, dat ass net richteg. Duerfir ass eis Situatioun ze kleng, fir eng statistesch relevant Ausso a Konklusioun kënnen ze zéien. Wichteg ass, dass mer probéieren, mat ganz ville Moyenen deene Fäll ganz opmierksam nozekucken.

Egal wéi, zu Lëtzebuerg besteet e grousst Reformbedürfnis am Strofvollzuch. An ech wëll haut keng grouss Debatt mat Iech maachen iwwert de Strofvollzuch. Mir kréien nämlech d'Geleeënheet, dat ze maachen am Kader vun de Projeten 6381 an 6382. D'Regierung schafft am Moment un Amendementen, déi se un deenen Texter wëllt maachen. Mir ginn dervun aus, dass mer déi virum Enn vum Joer nach wäerte kënnen an der Chamber déposéieren. An da kënne mer an der zoustänneger Kommissioun, an duerno och an der Plénière, eng wierklech grondsätzlech Debatt an Diskussioun iwwert de Strofvollzuch féieren.

Ech wëll just e puer Stéchwierder haut erwähnen. Déi éischt Remarque, déi ech wëll maachen, ass, dass ech frou sinn, dass hei zu Lëtzebuerg keng Partei derfir antrëtt, fir am Strofvollzuch Privatiséierungen ze maachen. An anere Länner probéiere se, hir infrastrukturell Problemer doduerch ze léisen, dass se der privater Initiativ et erlaben, am Strofvollzuch aktiv ze ginn. Ech sinn ausdrécklech als Justizminister frou doriwwer, dass et hei zu Lëtzebuerg kee gëtt, deen op deen dote Wee wëllt goen. Et ass en Effort vun der Kollektivitéit an dee solle mer och weiderhin zesumme maachen.

Mir hunn awer Méiglechkeeten effektiv, an den Här Urbany ass virdru kuerz drop agaangen, fir den Drock op de Prisong ze verréngeren. An dës Regierung wäert dorunner schaffen. Den Här Urbany ass e bëssen ongedëlleg, en hätt gären, dass mer no siwe Méint dat alles gemaach hunn. Eng Legislatur dauert fënnef Joer. A mir schaffen intensiv während deene fënnef Joer. Mir wäerten also och op deem dote Punkt, an do kënnt Der Vertrauen an eis hunn, esou wéi d'Majoritéitsdeputéierten, dass d'Regierung dat wäert maachen.

Mir mussen dat a Fro stellen, den Tout-pénal. Mir musse méi staark setzen op déi alternativ Peinen, wéi zum Beispill Travaux d'intérêt général. Och de Recours op d'elektronesch Foussfessel. Och eng Afrostellung vun der Drogepolitik. Dir hutt Iech ganz staark derfir agesat, Dir bestätegt domadder de Regierungsprogramm, Här Urbany. Well och do gëtt déi repressiv, déi eesäiteg repressiv Politik an deem Beräich a Fro gestallt, well se net zilféierend ass. An och do wäert d'Regierung aktiv ginn.

(Interruption)

Iwwregens läit de Pourcentage vun der Drogekriminalitéit am Prisong net bei engem Drëttel, mä e läit bei 28%, also e bësse manner, an en ass och an de leschte Jore liicht réckleefeg gewiescht. Och dat sollt Der wëssen.

Dir hutt och op d'Initiativ vun der Madame Wagener, déi scho méi laang zréckläit, virdru verwisen. Vun de Lénke gëtt et nach keng esou eng Initiativ, stellen ech just, objektiv gesot, fest! Esou vill zum Courage, deen anerer an Ären Aen net hunn!

Dann, wou och nach Reformbedürfnis besteet, dat ass an der Exécution des peines. Do gëtt et e Projet de loi, wéi gesot, do schaffe mer drun. Dat ass deen, dee maassgeblech beaflosst, wéi herno d'Chancë si bei der Resozialiséierung.

Mir wäerten och eng Administration pénitentiaire schafen, dat ass de Projet 6382, well mir hu mam Vote vun haut dann en drëtte Prisong zu Lëtzebuerg a mir wëllen eng generell Administratioun doriwwer stellen, fir dass et och eng eenheetlech Politik an deem dote Beräich gëtt.

A mir hunn natierlech och en anere Reformbedarf, nämlech am CPL vu Schraasseg selwer. Wa bis eng Kéier de CPU um Uerschterhaff bis a Betrib geholl ass, da muss och do munches sech änneren.

Um Niveau vun de Virbereedungen op der Betribnahm vum Uerschterhaff, do leeft ganz villes. Mir hunn eng Rei Aarbechtsgruppen agesat, déi sech domadder beschäftegen. Do sollen herno jo 400 Leit dra sinn. Do mussen awer och nach 330 Leit rekrutéiert ginn. Dat ass e grousse Personalopwand. Déi Leit kënnen och net um leschte Stëppel rekrutéiert ginn. Déi musse jo och nach spezifesch forméiert ginn. Déi mussen och zu Schraasseg reell Erfahrunge kënne sammelen. Dat heescht, dat ass e Virlaf en vue vun der Ouverture vum Uerschterhaff, dee relativ importent ass. An et gëtt elo scho seriö dru geschafft.

Ech denken och, dass mer solle relativ séier eng provisoresch Nominatioun vum zukünftegen Direkter vum Uerschterhaff virhuelen, fir dass och do esou séier wéi méiglech eng Persoun sech perséinlech responsabel spiert fir dat, wat um Uerschterhaff soll a Betrib goen.

Um Uerschterhaff wäerte vill Aktivitéite méiglech sinn am Sportsberäich, do gëtt och eng Bibliothéik virgesinn, do wäerte besonnesch fir de Volet vun de Visitë speziell Efforte gemaach ginn, och fir déi sougenannten „Visites non surveillées". Och dat wäert um Uerschterhaff en Thema sinn. An den Uerschterhaff wäert dann ebe méiglech maachen, dass mer iwwerhaapt eng Trennung vun de Prévenuen an den Détenuë wäerte kréien.

Den Uerschterhaff gëtt awer och nach aus engem anere Grond wichteg, nämlech fir och de Leit, déi am Prisong schaffen zu Schraasseg, de Giichtercher an der Haaptsaach, et och ze erlaben, eng gewësse Rotatioun ze hunn. Hire Beruff ass ganz, ganz contraignant. An déi Leit hunn am Moment praktesch, ech soen ëmmer: „Et si bal déi Eenzeg, déi liewenslänglech hunn." Déi kommen aus deene Mauere vu Schraasseg net eraus. An dat ass iergendwann eng Kéier eppes, wat op d'Gemitt schléit.

Och aus deem Grond ass et gutt, dass mer e weidert Gebai kréien, fir och do e gewëssene Roulement kënnen dann an Zukunft fir d'Giichtercher ze organiséieren tëschent deenen dräi Gebaier. Dat ass fir d'Qualitéit vun hirer Aarbecht eppes, wat mat Sécherheet dénglech ass.

D'autant plus wou mer mengen, dass de Rôle vun de Giichtercher éischter soll méi e wichtege sinn. Si sinn net méi déi an Zukunft, déi nëmmen ewechspären, si sinn eigentlech deen éischten Intervenant beim Détenu selwer. An hire Rôle soll a mengen Aen an deenen nächste Joren opgewäert ginn. Dat entsprécht och hirer Virstellung, och der Interessevertriedung vun de Giichtercher hirer Virstellung. Si sinn duerchaus gewëllt, deen doten Job nei ze definéieren an em méi eng grouss Bedeitung ze ginn am alldeeglechen Emgang mat de Prisonnéier. An ech mengen, dass dat esou eng gutt Saach ass.

Mir wäerten awer och ab dem nächste Joer schonn en Aarbechtsgrupp asetzen, dee sech mat der Zukunft vu Schraasseg beschäftegt. Well Schraasseg, wann d'Untersuchungshäftlinge bis do eraus sinn, dann endlech d'Geleeënheet kritt, sech esou ëmzeorganiséieren, och ëmzebauen, dass een alles dat, wat een an deene leschten 20 Joer bedauert huet, net kënnen ze maachen, dass een dat endlech och zu Schraasseg ka maachen.

Duerfir ass och dem Här Urbany seng Rechnung virdrun net richteg, wann e seet: „Et komme 47% Plazen derbäi." Dir hutt vergiess, déi ofzerechnen, déi zu Schraasseg erëm zréckgebaut ginn, wa mer déi Raimlechkeeten anescht wäerten an Zukunft notzen, fir Formatiounen a fir Aarbecht kënnen ze maache mat den Détenuen. Är Rechnung, déi hippt also a geet net wierklech op.

A wann Der Iech esou vehement géint dat Gebai do wennt, Här Urbany, muss ech Iech och soen, dass Der eigentlech amgaange sidd, objektiv derfir ze plädéieren, dass et weiderhin zu Lëtzebuerg bei enger Nettrennung tëschent Détenuen a Prévenuë bleift. An dat ass fir mech net akzeptabel. Ech si ganz décidéiert derfir, dass zu Lëtzebuerg endlech d'Détenuen an d'Prévenuë getrennt ginn!

Dat ass eng elementar Regel haut an dem moderne Strofvollzuch! A wann Dir Iech derfir asetzt, dass dat Gebai hei net gebaut gëtt, setzt Dir Iech objektiv derfir an, dass hei zu Lëtzebuerg, contrairement zu deenen allermeeschte Länner an Europa, weiderhin Détenuen a Prévenuen zesummen agespaart bleiwen. Dat musst Der dann och a leschter Konsequenz akzeptéieren!

(Brouhaha)

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Neen, déi Trennung kann och aneschters gemaach ginn.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Här President, ech wëll eng...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Déi kann och zu Schraasseg selwer gemaach ginn, awer op eng aner Manéier.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Ech wëll eng lescht Remarque...

M. le Président.- Här Urbany, Dir kënnt Iech jidderzäit Parole après ministre froen. Mä elo loosse mer de Minister schwätzen.

(Interruption)

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Ech wëll eng lescht Remarque just nach maachen, fir dass de Kolleeg Camille Gira och zu senge Froe kann äntwerten. D'Fro ass gestallt gi vun der Madame Andrich-Duval an och vum Här Gibéryen vun de Videokonferenzen. Et ass esou, dass mir am Uerschterhaff raimlech alles elo virgesinn. Mir wäerte Säll virgesi fir Interrogatoiren. A mir wäerten och déi technesch Méiglechkeete virgesinn, fir Videokonferenze kënnen ze maachen.

Et ass awer esou, dass et net um politesche Pouvoir ass, ze décidéieren, wéi d'Instruktioune gemaach ginn. Ech hoffe perséinlech, dass dat wäert genotzt ginn, besonnesch d'Säll fir Interrogatoiren. Bei de Videokonferenzen hunn ech selwer e bësse méi Bedenken, well ech mer awer soen, dass dee perséinlechen, direkte Kontakt keng onwesentlech Saach ass, besonnesch am Beräich vun deem, wou mer haut hei schwätzen. Mä d'Säll fir d'Interrogatoiren, mengen ech absolut, dass et wënschenswäert wier, wann déi géife genotzt ginn. A mir wäerten da gesinn, wann de Prisong bis a Betrib geet, ob dat genotzt gëtt, ob et genuch genotzt gëtt oder net. An da kann ee sech nach ëmmer Gedanken doriwwer maachen.

En attendant, mengen ech, ass et haut wichteg, dass mer déi Raimlechkeete virgesinn. Dat maache mer. An dat halen ech haut fir dee positiven Aspekt.

E lescht Wuert, just nach Här President, fir der Gemeng Suessem Merci ze soen. D'Gemeng Suessem huet do hir Verantwortung mat iwwerholl. Net, well se sech beknéie gelooss huet, mä well deemools och, no enger objektiver Analys vu méi Siten, erauskomm ass, dass de Site Uerschterhaff mat objektive Kritären, déi festgeluecht gi waren am Viraus, dee beschte wier. An d'Gemeng Suessem huet sech deenen Argumenter net widdersat. Si huet déi Konklusiounen akzeptéiert, well et sachlech begrënnt Konklusioune waren.

Ech sinn och der Meenung, dass et net méi wéi richteg ass duerfir, dass et staatlech Ënnerstëtzung fir d'Gemeng Suessem gëtt. An déi nei Regierung huet dat direkt bestätegt. An ech halen dat ausdrécklech fir richteg. Duerfir nach eng Kéier e grousse Merci un d'Gemeng Suessem. Eng Gemeng, déi ech och gutt kennen, well ech och an där Gemeng opgewuess sinn. An ech kennen déi Suessemer fir hir Dialogbereetschaft an duerfir, datt se hir Verantwortung iwwerhuelen.

Dat gesot, ginn ech dem Camille Gira nach d'Wuert, fir op déi aner Froen ze äntwerten.

Merci Iech alleguer!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Justizminister. Ech hunn d'Demande fir Parole après ministre vum Här Serge Urbany. Ech bieden Iech, kuerz ze sinn, well Der virdru schonn Är Zäit iwwerschratt hat. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Bon, ech ka mer erlaben, ganz kuerz ze sinn. Alles, wat elo gesot ginn ass vum Här Braz, dat steet och schonn op ville Plazen. Do sinn och Prozedure scho laang amgaangen. Déi Diskussioun gëtt an der Gesellschaft scho laang gefouert.

Mä ech hale just fest, wat elo geschitt, dat ass e weidere substanziellen Ausbau vun de Prisongscapacitéiten, deen dem aktuelle Besoin awer net entsprécht, mä wäit, wäit, wäit doriwwer erausgeet. An ech fannen, ier een esou eng Décisioun hëlt an do Infrastrukture baut, hätt een emol missen e Gesamtkonzept virleeën an doriwwer diskutéieren.

Och e Gesamtkonzept, wéi et mat Schraasseg weidergeet zum Beispill. Wou ass dat Konzept dann? Dir werft mir vir, ech wier géint eng Trennung vun Détenuen a vun Untersuchungshäftlingen. Mä ech ka mer virstellen, dass dat och op aner Manéiere méiglech ass. Dass et méiglech ass, dat zu Schraasseg selwer ze maachen.

Wann een d'Population carcérale wesentlech kann erofsetzen, zum Beispill duerch eng aner Drogepolitik, dann ass et och méiglech, an anere Raimlechkeeten deeselwechte Prinzip vun der Trennung ze vollzéien. Mä dat feelt alles! Déi Diskussioun ass net gefouert ginn.

Mä kloer ass: Hei gëtt e fest Konzept gebaut a Punkt färdeg. An dat ass dat, wat ech hei bemängelen. An dat ass och d'Ursaach, firwat mer wäerten do dergéint stëmmen, well mer net de Besoin de Moment gesinn dovunner.

M. le Président.- De Justizminister huet nach eng Kéier kuerz d'Wuert.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Här Urbany, ech äntweren Iech da just mat e puer Zuelen, fir ze weisen, firwat dass dat, wat Dir sot, net opgeet. Mir hu 600 Leit zu Schraasseg. 28% hu mat Drogekriminalitéit ze dinn, dat sinn der 168. Wa mer also elo esou eng revolutionär Drogepolitik hätten, dass mer keen Eenzege méi zu Schraasseg hätten, dann hätte mer der nach ëmmer 432 zu Schraasseg.

Vu dass mer d'Halschent dovunner Untersuchungshäftlingen hunn, da kënne mer also ouni e weidere Bau, dat sinn der dann nach ëmmer wäit iwwer 200, da kënne mer nach ëmmer ouni e weidere Bau d'Untersuchungshäftlinge vun den Détenuen net trennen. Dofir bleiwen ech dobäi.

An Dir musst Iech eng Kéier do seriö mat Iech selwer beschäftegen. Wa mir keen neit Gebai zu Lëtzebuerg bauen, kréie mir zu Lëtzebuerg d'Détenuen an d'Prévenuen ni getrennt, souguer wa mer eng Drogekriminalitéit hätte mat null Détenuen am Prisong! Stellt Iech där Realitéit an da sidd Der vläicht och op där richteger Säit.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Domat ass déi Ausenanersetzung eriwwer. An ech géif...

(Interruption)

Ech hunn am Moment d'Wuert a soss keen aneren, Här Urbany. An ech géif domat déi Diskussioun ofschléissen an dem Här Statssekretär, deem ech elo d'Wuert ginn, soen, dass en nach annerhallef Minutt huet.

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, ech hätt guer näischt gesot, wann net eng Rei Deputéierten hei eng Rei Froe gestallt hätten. Dofir wollt ech aus Siicht vum Nohaltegkeetsministère ganz kuerz e puer Prezisiounen a Bemierkungen zum Bau nach an zu der Prozedur maachen, déi exklusiv geduecht sinn, fir Äntwerten un d'Deputéierten ze ginn.

Well d'Regierung dovun ausgaang ass, dass dëse Projet haut mat enger grousser Majoritéit géif gestëmmt ginn, hu mer eis erlaabt, eng Rei Planungen, déi mam Bau selwer, mä och indirekt mam Bau ze dinn hunn, weiderzedreiwen, esou dass ech Iech ka soen, dass, wat de Stroossebau ubelaangt, d'Planung färdeg ass. An dass een dervu kann ausgoen, dass am Fréijoer 2015 mat den Aarbechten ugefaange gëtt. Ech wëll awer preziséieren, dass et do net nëmmen ëm déi Strooss geet. Do sinn och zwee Rond-pointen, déi zousätzlech musse gebaut ginn an et sinn och Ännerungen um Échangeur Lankels geduecht, well mer wierklech effektiv och dervun ausginn, dass hei méi Trafic kënnt.

De Kommodosdossier ass agereecht an ass als komplett fonnt ginn, wat undeit, dass domadder sécher kee Problem kënnt, well ganz oft de Problem vu laangen Dauere vu Kommodosprozedure méi dermat ze dinn huet, dass d'Dossieren net komplett sinn, wéi dass d'Verwaltung net séier géif schaffen.

D'Autorisatioun vun der AGE, also Waasserwirtschaftsamt, ass de facto net do, gëtt integréiert an d'Kommodosprozedur. Ech kann Iech awer soen, dass dat Konzept, wat d'Bâtiments publics virgeluecht huet, den Accord vum Waasserwirtschaftsamt kritt huet. An deem Kontext kann ech och dem Här Graas äntwerten an him soen, dass gekuckt gi war, ob d'Reewaasser am Gebai net kéint benotzt ginn. Dat ass awer onméiglech wéinst deene groussen Distanzen, déi mer do hunn. Wann ech Iech soen, dass d'Mauer eleng 800 Meter huet!

Duerfir gëtt awer probéiert, fir d'Versickerung vum Waasser wäitestméiglech ze erlaben. Éischtens hu mer gréng Diech op de Gebaier a sämtlech Surfaces extérieures sinn duerchlässeg, mat Ausnahm vun den Zirkulatiounsflächen. An dat Waasser, wat dann ufält, gëtt an en natierleche Reewaasserréckhaltebecke gemaach, esou dass mer och do, mengen ech, ganz ekologesch sinn.

Wat d'Ëmklasséierung ugeet, dat läit natierlech elo virun allem un der Gemeng, fir dat ze maachen. De Buergermeeschter seet mer, dass den Ufank vun der Prozedur amgaang ass, dass hire Bureau d'études dovun ausgeet, dass, och wann et 8 ha sinn op där doter Plaz, keng SUP muss gemaach ginn. Ech wëll mech elo net hei zur Fënster erausleeën, mä ech mengen awer, dass effektiv hei an deem Land scho Projete gemaach gi sinn, wou den Impakt op d'Emwelt wesentlech méi grouss ass, esou dass ee kann dervun ausgoen, dass do och keng riseg Schwieregkeete wäerten entstoen.

Ech kann Iech och confirméieren, dass déi richteg Décisioun, déi dës Regierung geholl huet, fir d'Waasserwirtschaftsamt an den Emweltministère ze leeën, generell schonn haut dozou féiert, dass eng Rei Autorisatioune méi séier virukommen.

Da wollt ech, trotz allem, wann ech Iech soen, dass ech net mengen, dass déi parallell Autorisatiounsprozeduren elo nach éiweg wäerten daueren, awer dee bëssen ze vill optimistesche Timing hei wëll e bëssen zréckhuelen. Ech weess net, vu wiem dee kënnt. Mä d'Bâtiments publics soen eis, dass onofhängeg vun den Autorisatiounen, wann déi bis Mëtt d'nächst Joer do sinn, awer ee ganz realistesch muss dervun ausgoen, dass d'Soumissiounen da fréistens am Hierscht 2015 kënne geschéien. Da kënnen déi éischt Aarbechten 2016 ugoen.

A wann een dann awer realistesch mat dräi Joer rechent, da wëll ech awer soen, dass dann, wann hei vun 2017 op jidde Fall geschwat gëtt, dat net realistesch ass, an och nach 2018 optimistesch ass. Dir musst awer bedenken, dass dat do en Objet ass vun 150 Milliounen Euro. A mir wëssen, déi, déi an de Gemenge sinn oder waren, wëssen, wéi laang mer mat enger Schoul vu 5 bis 10 Milliounen amgaang sinn, vun der Planung bis zur Exekutioun, esou dass een awer do realistesch sollt bleiwen!

Mä mir wäerte selbstverständlech alles maachen, fir dass mer esou séier wéi méiglech ukommen an och färdeg ginn. An an deem Sënn wäert de Projet d'exécution bis Enn 2014 esou wäit färdeg sinn. Also doru läit et net. Mä da kënnt awer déi normal Prozedur. An Dir wësst, wéi vill Projete schonn duerch e Recours bei enger Soumissioun no hanne gedroe gi sinn, esou dass ech deen e bëssen iwwerdriwwenen Optimismus hei ganz e bësse wéilt dämpfen.

(Interruption)

M. le Président.- Jo, den Här Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här President, däerf ech dem Här Statssekretär eng Fro stellen?

M. le Président.- Jo, wann Der mer net rose sidd, dass ech em dann nach e puer Sekonne ginn.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Noutgedrongenerweis sinn ech Iech net rosen, Här President.

Ech wollt u sech d'Fro stellen, ob och déi Froen, déi gestallt gi si vun der Gemeng Suessem, an der Motioun am Gemengerot gestallt gi sinn oder gestëmmt gi sinn, notamment wat d'Gefaangenentransporter ugeet an d'Konditioun, fir datt d'Autorisatioune vun der Gemeng kommen, datt esou mann wéi méiglech Gefaangenentransporter solle gemaach ginn, haaptsächlech déi, wa solle Gefaangener vun Untersuchungsriichter verhéiert ginn, datt dat sollt sur place gemaach ginn oder Videokonferenze gemaach ginn, ob déi ganz Froestellung, wou d'Wichtegkeet ëmmer erëm ënnerstrach ginn ass, ob dat och geléist ginn ass, respektiv wa se net vun der Justizsäit ka geléist ginn, ob dat awer vun der Gemengesäit dann och akzeptéiert gëtt an ob Der do sécher sidd, datt Der déi noutwendeg Autorisatiounen, fir de Bau schnellstméiglech unzefänken, och kritt.

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Also de Buergermeeschter seet mer, dass d'Zesummenaarbecht mat de staatleche Verwaltungen exzellent ass. An eis Verwaltungsleit soe mer, dass d'Zesummenaarbecht mat der Gemeng exzellent ass, esou dass ech dervun ausginn, dass alles dëse Projet wäert bremsen, mä sécherlech net d'Feele vun enger Baugenehmegung vum Rapporteur, deen haut hei de Projet virgestallt huet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Wou ech ganz léif d'Regierung och nach eng Kéier géif appeléieren, och wann zu zwee geschwat gëtt, fir d'Riedezäit ze respektéieren. Merci.

Domat wäre mer um Schluss vun eisen Diskussiounen ukomm a mir géifen iwwert de Projet de loi 6655 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6655 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert. Den Här Wolter.

3. Retrait du rôle des affaires

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, kann ech d'Wuert kréien, fir de Retrait ze maache vun enger Proposition de loi?

M. le Président.- Jo, selbstverständlech.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, ech hat den 3. Juli vum leschte Joer eng Proposition de loi portant modification de l'article 17(3) de la loi du 21 mars 2012 relative aux déchets gemaach. Et war nämlech e Konflikt opkomm an der Interpretatioun vun deem Gesetz, no der Fro, op wat fir eng Aart a Weis d'Gemenge missten d'Obligatioun erfëllen, fir bei der Reduzéierung vum Offall bäizedroen.

Et ware Gemengen, déi waren der Meenung, dass d'Gewiicht vun der Tonn, also d'Liter vun der Tonn, dass dat géif duergoen. Et ass iwwregens déi ganz grouss Majoritéit vu Gemengen, déi no deem System fueren. D'Verwaltung hat an deem Moment awer gemengt, datt ee misst entweder op d'Frequenz oder op d'Gewiicht goen.

Fir deem aus dem Wee ze goen, hat ech dee Moment déi Proposition de loi déposéiert. De Statssekretär, den Här Gira, huet entre-temps bei enger Rei vu Gemengen d'Gewiicht vun der Tonn, dat heescht de Volume vun der Tonn, pardon, de Volume vun der Tonn akzeptéiert als Prinzip, huet also domadder kloergestallt, dass d'Regierung d'Interpretatioun vum Gesetz vun 2012 akzeptéiert.

Hien huet mer och verséchert, dass an deenen nächste Joren d'Gemengen, déi op dee Wee wëlle goen, Autorisatioune kréien, esou dass meng Proposition de loi eigentlech iwwerflësseg ass an ech géif se och domadder zréckzéien.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Wolter. Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm eng sougenannte Question élargie, eng Fro mat Zousazfro vum honorabelen Här Claude Adam iwwert d'Promotioun am Beräich vun de Videospiller. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

4. Question élargie n°2 de M. Claude Adam sur la promotion du secteur du jeu vidéo

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, iwwert déi lescht Joren huet een aus dem Ressort vum Wirtschafts- a Medieministère oft héieren, datt sech nei Entreprisen am Beräich vun der Videospillbranche zu Lëtzebuerg niddergelooss hunn.

Als Ureiz dofir hunn déi Entreprisë selwer ëmmer vun de steierleche Virdeeler an der gudder Netzinfrastruktur geschwat. Mat Kabam an Zynga verloossen eis elo zwou vun deenen Entreprisen. An et sinn net grad déi Mannst! De Grond dofir wier kee steierlechen, mä hätt éischter mat der Main-d'œuvre ze dinn, déi zu Lëtzebuerg schwiereg ze rekrutéiere wier, gouf aus dem Wirtschaftsministère erklärt.

Ier ech zu menge Froe kommen, wëll ech de Sujet, iwwert deen ech schwätzen, awer nach eng Kéier kuerz encadréieren. Wat versti mer

ënnert der Videospillbranche konkret hei zu Lëtzebuerg? Déi gréisser Entreprisen, déi sech iwwert déi lescht Joren hei am Land niddergelooss hunn, schénge mir éischter Publisher vu Spiller ze si wéi Entreprisen, déi am Développement schaffen.

Et ass awer grad de Volet vum Développement vun der Videospillbranche, deen am interessantsten ass, well et dee méi kreative Volet ass. Et geet do ënner anerem ëm héichqualifizéiert Aarbechtsplazen a ganz vielfältege Beräicher. Fir een usprochsvolle Videospilltitel hierzestellen, brauch een d'Kompetenz, ënner anerem, vu Programméierer, Grafiker, Kënschtler aus dem audiovisuelle Beräich, Auteuren, Iwwersetzer an esou weider. Déi Branche kéint zu enger Diversifizéierung vun eiser Ekonomie bäidroen, wa mer eis net just op de Volet vun de Publisher beschränken, mä och op d'Kreativindustrie setzen, déi do derhannert steet.

D'Uni Lëtzebuerg kéint hei agebonne ginn an eng Roll spillen. Mir hunn och am Secondaire Méiglechkeeten, fir jonk Leit an de Beräicher vun der Informatik, Grafik, 3D-Design an esou weider auszebilden. Mir hunn Netzinfrastrukturen, déi attraktiv sinn an nach méi attraktiv ginn. Mir hunn am europäesche Vergläich Sproochevielfalt a Sproochekompetenz. Dat sinn alles Viraussetzungen, déi, esou menge mer, en attraktive Kader schafe fir d'Kreativindustrie am Beräich vun de Videospiller.

Aner Länner hu scho virun 20 Joer, wou d'Gaming-Branche nach an de Kannerschong stoung, hei investéiert. De Québec zum Beispill ass duerch eng geschéckt ekonomesch Weichestellung haut zu engem vun den zentrale Standuerter fir d'Videospillentwécklung ginn an huet dat säitdeem net bereit, well déi Branche duerch ëmmer méi performant Technologië quasi stänneg am boomen ass a sech haut virun der Film- a Museksindustrie net méi ze verstoppe brauch. Videospiller sinn haut, genee wéi Film a Musek, Kulturgut. A genee wéi bei Film a Musek dréit déi Branche gutt a schlecht Friichten. Dofir sollt ee se och als Kulturgut förderen, wat gläichzäiteg och eng ekonomesch Perspektiv mat sech brengt.

Am Regierungsprogramm hu mer an deem Kontext stoen, ech zitéieren eng Kéier kuerz d'Säit 65: «Le Gouvernement continuera à soutenir activement le secteur de la production audiovisuelle, en tenant compte des nouvelles formes de production de contenus tels que le gaming et notamment ceux liés à la diffusion sur Internet.» An op der Säit 139 nach eng Kéier: «Le Gouvernement développera également, dans un débat interactif, des initiatives concrètes pour certains secteurs spécifiques, par exemple, un plan d'action sur les industries créatives et la culture numérique, y inclus les nouveaux médias et le gaming.»

Virun deem Hannergrond kommen ech dann zu menge Froen un de Wirtschaftsminister. Éischtens wéilt ech gäre méi Geneeës iwwert den Hannergrond wëssen, wéisou déi zwou Entreprisë Lëtzebuerg verloosse wëllen. Wéi gesäit de Minister de Standuert Lëtzebuerg an dëser Fro? Wéi sinn déi aktuell Aussiichten? De Minister hat Enn Mee gesot, et géife Gespréicher mat enger Rei Firmen aus deem Beräich gefouert ginn. Gëtt et do schonn éischt Resultater oder ass et eventuell nach ze fréi do derfir?

Da wéilt ech vun der Regierung héieren, wat konkret geplangt ass, fir Lëtzebuerg als Standuert, nieft den Ureizer, déi et schonn huet, méi attraktiv ze maachen, speziell och fir de Volet vun der Kreativindustrie, also der Spillentwécklung. Sinn ähnlech Mesurë geplangt, wéi se a ville Länner Usus sinn? Net just am Québec, mä och eis franséisch an eis däitsch Noperen hu reagéiert. Huet sech d'Regierung mat de Modeller aus dem Ausland befaasst?

Schlussendlech: Wat hält de Minister beispillsweis vun enger Aart Gaming-Fong, nom Virbild vum Film-Fong? Dat heescht, datt zu Lëtzebuerg produzéiert Spiller gefërdert respektiv encouragéiert géife ginn. Respektiv, wéi eng aner Forme vu Förderung schwiewen der Regierung vir?

An, fir komplett ze sinn, Här Minister, wëll ech lech och eng Fro stellen, oder wéinstens mat op de Wee ginn, fir Äre Kolleeg Héichschoulan Éducatiounsminister: Wéi eng Roll kann a soll d'Schoulwiesen an och d'Uni Lëtzebuerg am Kontext vun der Gaming-Branche spillen? Sollen Ausbildungsweeër an déi Richtung am Secondaire ugebuede gi respektiv weider ausgebaut ginn? Wéi steet et an deem Kontext mat der informatescher Fakultéit vun der Uni? Gesäit d'Regierung do d'Chance vu Synergien tëschent de Voleten Ekonomie, Uni a Kultur?

Ech soen lech Merci am Viraus fir Är Opmierksamkeet a fir d'Äntwerten.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Adam. Et sief just drop higewisen, dass e seng Zäit erschëpft huet. Wann en dann nach eng Zousazfro ze stellen huet, déi misst da ganz kuerz ausfalen. Den Här Wirtschaftsminister huet d'Wuert.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren dann och an... Wéi vill Minutten hunn ech, Här President?

M. le Président.- Dir hutt der ganz vill, Dir hutt der zéng.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Zéng. Majo, dat geet duer, fir da komplett ze äntwerten.

Fir d'Alleréischt wëll ech dem honorabelen Här Adam soen, dass et effektiv esou ass, dass d'Firma Kabam décidéiert huet, sech vu Lëtzebuerg zréckzezéien, aus deem Grond effektiv, dass se haaptsächlech dat néidegt qualifizéiert Personal, also Kreativer am Beräich vun der Entwécklung vu Spiller, vum Gaming, dass se déi net fannen an där Zuel, wéi se se brauchen.

Dir hutt vun enger zweeter Firma geschwat, dat ass Zynga, fir se net ze nennen, mä dat war awer eng Feelinformatioun bis dato. Dat heescht, déi hunn nach keng esou eng Décisioun geholl. An dofir wëll ech dat just hei kloerstellen, dass dat net de Fall ass.

Fir op Kabam zréckzekommen, dat ass eng Firma, déi e bësse manner wéi 20 Leit hei occupéiert, déi, wéi gesot, e Problem huet mat qualifizéiertem Personal. Mä ech kommen herno awer nach dorobber zréck.

Ech mengen, mir hunn zwou Zorte vu Firmen am ICT-Beräich, och am Gaming-Beräich, déi zu Lëtzebuerg sinn. Déi eng sinn haaptsächlech oder exklusiv hei gewiescht wéinst dem TVA-Regime, wou Der jo wësst, dass ab 2015 dee Regime ännert. Dat huet näischt mat der TVA-Erhéijung ze dinn, déi déi Regierung hei décidéiert huet, mä dat huet einfach domat ze dinn, dass d'TVA an Zukunft net an deem Land bezuelt gëtt, wou de Produit kaaft gëtt, mä an deem Land, wou dee sëtzt, deen de Produit keeft.

Dat heescht, vu dass mir jo ëmmer dat Land waren, an nach ëmmer bleiwen, mat där niddregster TVA, war et fir déi Firmen en Avantage, hei ze sinn. Et war hinnen doduerch also egal wéi een europäesche Client bei hinne kaaft huet, hate se ëmmer déi bëllegst méiglech TVA. Dat gëllt jo ab 2015 net. An dofir hunn déi Firmen, déi an deem Beräich oder wéinst deem Argument hei waren, keen Ureiz méi, dann definitiv hei ze bleiwen.

Mir hunn awer eng ganz Rei, an ech mengen, dat ass déi iwwerwältegend Majoritéit vun de Firmen, déi awer hei sinn, déi och wëllen hei bleiwen, nodeem dass déi TVA-Situatioun do ännert. Firwat? Vläicht just, fir dat eng Kéier kuerz ze rappeléieren: Wat sinn déi Haaptargumenter, firwat déi Firmen hei zu Lëtzebuerg sinn an och frou hei zu Lëtzebuerg sinn? Zum engen, an da sinn ech bei der Gaming-Industrie ënner anerem, ass et den Environnement sécurisé, also d'sécuriséiert Paiementer. Well wann Dir e Spill wëllt spillen, musst Der jo och dofir bezuelen. A mir hunn do eng extrem gutt Infrastruktur, wat d'Paiementer ugeet.

Ech wëll Iech just drun erënneren, dass Lëtzebuerg vun där héchster Kategorie vu Sécherheetsdatenzentren der direkt véier Stéck huet, dat heescht Tier IV - net well mer der véier hunn, mä den Niveau vu Sécuritéit, deen de Moment definéiert ass als deen Héchsten, deen et gëtt, heescht Tier IV -, a mir hunn där Datenzentren véier Stéck.

Eis grouss Konkurrente si London, Amsterdam, Frankfurt a Paräis. Ech wëll just soen, dass London genee een esou Datenzenter huet, dass Amsterdam, Frankfurt a Paräis iwwerhaapt keen esou Datenzenter hu vun deem Niveau vu Sécuritéit. Dat heescht, just fir eng Kéier duerzestellen, wat mer awer hei an deem Land investéiert hunn an deen dote Beräich. An dat zitt natierlech eng ganz Rei Sociétéiten un, och am Beräich vun der Finanzplaz.

Dann en anere groussen Avantage, dat ass eis Bandbreet, déi extrem gutt ass, well mer extrem vill Investissementer gemaach hunn. D'Latency, dat heescht d'Zäit, déi ee Signal brauch bis op eng Plaz an erëm zréck, och do si mer absolute Spëtzereider!

D'Sécuritéit vun eise Réseauen, wat am Gaming-Beräich extrem wichteg ass, nämlech, dass d'Verbindung net ënnerbrach gëtt. Wann Dir an engem Spill amgaange sidd ze spillen an duerch iergend en Ëmstand gëtt Är Verbindung ënnerbrach, dat ass net schéin. Dat ass kee Verkafsargument. An och do hu mer eng extrem gutt Sécuritéit, e stabile Réseau.

Eis Elektreschpräisser si fir déi dote Firmen, well mer déi an der Kategorie vun den Industrien - also d'Datenzentren - klasséiert hunn, profitéieren déi vun deene beschten Elektreschpräisser, déi mer europawäit hunn.

A wann Der wësst, dass den Haaptkäschtepunkt vun engem Datenzenter d'Consommatioun vun der Energie ass, well eben extrem vill dovu gebraucht gëtt, wann déi natierlech hir operationell Coûte kënne relativ niddreg halen, well d'Energiepräisser, d'Elektreschpräisser niddreg sinn, da répercutéiert dat sech natierlech och op deenen hir Clienten, den Datenzentren hir Clienten, nämlech d'Gaming-Firmen, a kënnen also präiswäert hei hir Offeren och ubidden.

Fir eng ganz Rei Firmen ass et och wichteg, dass een zu Lëtzebuerg kann zu honnert Prozent sech approvisionnéieren u grénger Energie. Virun allem mierke mer, dass IT-Firmen aus den USA ganz staark dorun interesséiert sinn, fir sech och dee grénge Mantel do kënnen unzedinn. An de Fait, dass mir à même sinn, fir honnert Prozent gréng Energie unzebidden, ass och oft e wichtegt Verkafsargument.

An dann, last but not least, eppes wat eemoleg ass zu Lëtzebuerg, wat mer an anere Länner net hunn, dat ass eist neit Faillitëgesetz an deem dote Beräich. Wou et esou ass, dass de Client, deen an engem Datenzenter ass, also ech soen elo emol d'Gaming-Firma, déi am Datenzenter Client ass, fir iwwert deen eben hir Clienten ze zerwéieren, dass déi am Fall vun enger Faillite vun esou engem Datenzenter d'Recht huet, hir Donnéeën, déi se am Datenzenter huet, ze récupéréieren, ier herno déi Installatioune kënne verkaaft gi respektiv an d'Mass vun der Faillite ginn. Dat gëtt et néierens soss.

Dat heescht, wann Dir Client an esou engem Datenzenter sidd an aneren europäesche Länner an den Datenzenterbedreiwer ass Faillite, dann ass alles, wat Dir do stockéiert hutt, all Är Donnéeë si fort. An dat hu mir hei net. Dat heescht, Dir hutt hei d'Chance dat ze récupéréieren. Wat natierlech extrem wichteg och fir déi Firmen ass, dass se hir Bases de données awer nach hunn.

Bon, vläicht nach eng Remarque. Do gëtt et jo en internationalen Index, deen an 148 Länner erhuewe gëtt, fir d'Kompetitivitéit vun de verschiddene Länner am Standuert vum ICT-Beräich ze kontrolléieren, dat ass den „Networked Readiness Index". Do ware mer 2012 op der Plaz 23 vun 148 Länner, 2013 ware mer schonn op der Plaz 13 an elo dëst Joer si mer op der Plaz 11. A mir sinn an deene wichtegsten Domänen - well do sinn eng ganz Rei Kategorien - op der Plaz 1 weltwäit wat eis Infrastrukturen ugeet. An dofir mengen ech, dass mer hei wierklech eis Hausaufgabe gemaach hunn an dass mer et zu Lëtzebuerg wierklech fäerdeg bruecht hunn, zu engem internationalen Hub fir ICT ze ginn.

Dir hutt mech awer och gefrot: Wat kënne mer nach maachen, fir eis nach weider ze verbesseren? An ech ginn Iech och vollkomme Recht. Et ass ëmmer nach e Moyen do, fir sech ze verbesseren, fir d'Land nach besser opzestellen.

Dofir géif ech op e puer Saachen agoen. Zum engen, wat elo de Gaming-Beräich ugeet, si mer zënter Kuerzem elo och ganz aktiv op deenen internationale Gaming-Foiren. Ech nennen der dräi: Gamescom zu Köln, ChinaJoy zu Shanghai an G-Star a Korea. Wou ech och wëll soen, dass mer am Moment mat enger ganzer Rei Entreprisen aus dem Gaming-Beräich, déi koreanescher Hierkunft sinn, amgaange sinn ze négociéieren, fir déi op Lëtzebuerg ze kréien. An ech géif mengen, dass mer do an deenen nächste Méint eng ganz Rei positiv Annoncë wäerten hu vu weidere Firmen, déi op Lëtzebuerg kommen, speziell eben och aus Korea.

Et ass och esou, dass de ganzen ICT-Secteur, an och de Gaming-Secteur, ee feste Bestanddeel ass vun all Wirtschaftsmissioun, déi ech uechtert d'Welt maachen, fir eise Secteur ICT ze verkafen.

An dann hutt Der geschwat vun der Schoul. Ech mengen, dass - wat ech virdru gesot hu vu Kabam, déi d'Land verloossen, well se net genuch där Kreativer hunn - dat ee reelle Problem ass. Mä awer net nëmmen ee reelle Problem, dee mer am Gaming-Beräich hunn, mä ee reelle Problem, dee mer generell am ICT-Beräich hunn, dee mer och am Biotechnologieberäich hunn, dee mer och am Aérospatial riskéieren ze kréien, nämlech deen, dass mer net genuch Ressourcen hunn, fir an deene Secteuren ze schaffen.

An dofir nach eng Kéier vun dëser Plaz aus en Appel, deen ech net midd ginn ze maachen un déi jonk Leit, déi elo deemnächst wäerten hir Premières- oder Tréizièmesexame maachen, wa se da wëlle studéiere goen, dass se sech wierklech sollen iwwerleeën, ob se dann net Iddi hätten, an ee vun deenen dote Beräicher studéieren ze goen, well dat sinn déi Beräicher, wou mer an deenen nächste Joren nach massiv Aarbechtsplaze wäerte schafen an déi och interessant sinn.

Ech mengen, dee ganzen ICT-Beräich, de Biotechnologieberäich, Ekotechnologien och, den Aérospatial, all déi Saachen, Ingenieure generell, gi gebraucht, dass déi jonk Leit sech wierklech Gedanke maachen, fir vläicht déi virgetrëppelt Weeër, wou hir Eltere studéiere gaange sinn, emol ze verloossen a sech an nei Saachen eranzewoen.

Mir mussen och kucken, wéi mer dann entretemps, bis eis jonk Leit dann dat dote studéiert hunn an och wierklech d'Relève kënnen huelen, qualifizéiert Leit kënnen aus dem Ausland unzéien op Lëtzebuerg, fir an deenen dote Branchen ze schaffen.

An da wollt ech nach ee leschte Punkt soen. Dir hutt geschwat vun engem Fong, ob et net interessant wär, e Fong opzeleeën. Dat trëfft sech gutt, dass Der déi Fro stellt - a si ass net bestallt, wëll ech hei soen. Mä mir hu viru Kuerzem, wéi mer deen Digital Luxembourg op d'Bee gesat hunn an der Regierung, och gesot, dass mer wéilten e Seed Fund opleeën am ICT-Beräich, fir ebe just de Start-upen am ICT-Beräich - wourënner dann och de Gaming fält - kënnen d'Méiglechkeet ze gi fir en Accès zu Kapital, wat extrem wichteg ass.

Dir wësst, dass mer elo viru Kuerzem de Luxembourg Future Fund lancéiert hu mat ronn 150 Milliounen Euro am Ekotechnologieberäich. Mir hunn de Biotech Fund lancéiert mat 25 Milliounen Euro. An ech mengen, dass et elo un der Zäit ass, dass mer eis och iwwerleeën, ebe just esou ee Seed Fund ze lancéieren am ICT-Beräich. A gitt emol dovunner aus, dass mer dat och wäerte maachen.

Merci, Här Adam.

M. le Président.- Merci och dem Här Wirtschaftsminister. Dir hutt allen zwee Är Zäit erschëpft.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Den Här Wirtschaftsminister war awer esou komplett a senger Äntwert, datt ech zefridde sinn.

M. le Président.- Wonnerbar. An ech sinn dann och zefridden.

Da kënne mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6315. Et geet do ëm d'Reorganisatioun vum ILNAS, dem Institut mam ganz laangen Numm. De Basismodell ass d'Basis vun der Riedezäit. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, d'Madame Joëlle Elvinger, den Här Henri Kox an den Här Roy Reding. Et ass nach ëmmer Zäit, fir dat ze maachen. En attendant huet de Rapporteur, den honorabelen Här Claude Haagen, d'Wuert.

5. 6315 - Projet de loi

- portant réorganisation de l'Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services et portant organisation du cadre général pour la surveillance du marché dans le contexte de la commercialisation des produits,

- modifiant

*** la loi modifiée du 17 mai 1882 sur les poids et mesures,**

*** la loi modifiée du 31 juillet 2006 relative à la sécurité générale des produits,**

*** la loi modifiée du 19 décembre 2008 établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie,**

*** la loi du 25 mars 2009 relative à la compatibilité électromagnétique,**

*** la loi modifiée du 27 mai 2010 relative aux machines,**

*** la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets, et**

*** la loi du 21 décembre 2012 concernant les équipements sous pression transportables,**

- abrogeant la loi modifiée du 20 mai 2008 relative à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services

Rapport de la Commission de l'Économie

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. De Projet de loi 6315, deen dat bestehend Gesetz vum 20. Mee 2008 iwwert d'Kreatioun vum ILNAS - an de Pre-

sident huet schonn op den Numm higewisen -, den Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services abrogéiert, ass den 10. August 2011 vum Wirtschaftsminister hei an der Chamber déposéiert ginn.

Mir hunn also, falls dëse Projet de loi géif votéiert ginn, een neie gesamten Text an domadder een neit Gesetz, dat den ILNAS definéiert an och géréiert.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn hir Avisen zum Projet de loi ginn.

Den 12. Juli 2012 huet déi zoustänneg Ekonomieskommissioun mech als Rapporteur designéiert an huet och direkt mat der Analys vum Projet de loi ugefaangen.

Den 23. Oktober 2012 huet de Statsrot säin Avis ginn an opgrond vun deem Avis an opgrond vun de Remarquen an den Oppositions formelles huet déi zoustänneg Kommissioun d'Amendementer eragereecht. Am Ganzen huet den Échange zwëschent der Wirtschaftskommissioun an dem Statsrot zu véier Avis complémentaires säitens der héijer Kierperschaft gefouert.

Wéi gesot, ass den ILNAS eng Administratioun, déi ënnert der Autoritéit vum Wirtschaftsministère ass an déi den 20. Mee 2008 gegrënnt ginn ass.

An der Wirtschaftskommissioun ass haaptsächlech iwwert déi zukünfteg Struktur, iwwert déi finanziell Gestioun, iwwert de Contrôle politique souwéi iwwert déi ekonomesch Bedeitung a Roll vum ILNAS diskutéiert ginn.

De Fonctionnement vum ILNAS huet zu Lëtzebuerg engersäits de Problem vun de Ressources humaines, déi esou effektiv wéi méiglech musse schaffen, an anerersäits ass den ILNAS Member vun engem internationale Réseau, dee seng eegen Normen huet a fixéiert an déi den ILNAS forcéiert ass, ze respektéieren. Den Netrespekt vun dësen Norme géif ganz einfach den Ausschloss aus deem internationale Gremium mat sech bréngen.

D'Struktur, wéi gesot, vum ILNAS war e groussen Diskussiounspunkt beim Statsrot souwéi an der Kommissioun. D'Onofhängegkeet an d'Impartialitéit um Niveau vun enger Administratioun waren dem Statsrot vu besonnescher Wichtegkeet. Dëst ëmsou méi, well de Regruppement vu verschiddene Fonctiounen a Missioune zu juristeschen Differenze kéint féieren. Op déi aner Manéier erlaabt de Regruppement vu Missiounen an Departementer natierlech och eng méi effikass Ausféierung, an déi administrativ Prozedure ginn natierlech och méi vereinfacht.

D'Haaptargument vum Statsrot war, datt eben dës Regruppementer vun de Missiounen net matenee juristesch kompatibel schéngen ze sinn. Dëst Argument ass mat dem Dépôt vum Projet de loi iwwert den Archivage électronique écartéiert ginn. Den Archivage électronique ass elo aus dësem Projet de loi erausgeholl ginn an ass zu engem eegene Projet de loi ginn, dem Projet de loi 6543, deen den 12. Februar 2013 hei am Haus déposéiert ginn ass. De Statsrot huet sech mat dësem Virgang averstane gewisen.

Här President, dëse Projet de loi gesäit véier haaptsächlech Objektiver vir. An zwar d'Upassung vum Fonctionnement vum ILNAS un déi europäesch Gesetzgebung souwéi un déi europäesch an international Normen. D'Iwwerwaachung vum Marché vun de Produits fabriqués ze verstäerken, ass een anert Objektiv. D'Directives «nouvelle approche», déi an der Kompetenz vun der ITM sinn, un den ILNAS ze transferéieren. An zu gudder Lescht d'Grënnung vun engem Bureau national de métrologie.

D'Ofkierzung ILNAS heescht, wéi gesot, Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services. A wéi säin Numm et seet, sinn hei déi verschidde Missioune schonns bal all ernimmt.

Dëse Projet de loi gesäit fir dës Administratioun sechs verschidden Departementer vir. An dat sinn: een Organisme luxembourgeois de normalisation; een Département de la confiance numérique; een Office luxembourgeois d'accréditation et de surveillance, als Ofkierzung OLAS genannt; een Departement vun der Surveillance vum Marché; ee lëtzebuergesche Büro, wéi virdru gesot, vun der Metrologie; an en Departement vum Budget an der Administratioun.

Dir Dammen an Dir Hären, als Rapporteur schéngt et mir am wichtegsten ze sinn, de Fonctionnement an d'Missiounen…

(Coups de cloche de la présidence)

…vum ILNAS ze presentéieren. All déi aner technesch a juristesch Iwwerleeungen an Detailer fannt Der a mengem schréftleche Rapport souwéi am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi.

Komme mer awer elo zu deene verschiddenen Departementer. Dat éischt Departement vum ILNAS ass den Organisme luxembourgeois de normalisation. D'Attributioune vun dësem Departement sinn ënner anerem, fir déi offiziell Normen, déi vum Ministère fixéiert ginn, ze iwwerpréiwen. Déi néideg Publikatiounen oder Annulatioune souwéi d'Transpositioun vun europäeschen Normen am Mémorial si wichteg, fir d'Entreprisë ganz einfach au courant ze halen.

Dëst Departement huet och d'Méiglechkeet, technesch Comitéen an Aarbechtsgruppen, zum Beispill zesummegesat aus Acteuren aus der Lëtzebuerger Wirtschaft, ze grënnen, fir d'Normen ze géréieren.

Lëtzebuerg huet an dësem Domän vun den Normen an den technesche Réglementatiounen och eng Obligatioun, fir der Europäescher Kommissioun an deenen aneren États membres all Projeten iwwert d'technesch Regele vu Produkter a Servicer weiderzeginn. Dës Prozedur, déi och vun deenen anere Länner ugewannt gëtt, erlaabt eng preventiv Kontroll vu Produkter a schützt domat déi fräi Zirkulatioun vu Produkter a Servicer innerhalb vun der Europäescher Unioun.

D'Norme solle keng Brems si fir d'Ekonomie an hir Acteuren, mä si sinn au contraire eng Protektioun fir responsabel Entreprisen, an dëst am Sënn vum Consommateur an och, wéi gesot, vum Producteur.

Ee weideren zweeten Departement ass d'Confiance numérique. D'Zoustännegkeet vun dësem Departement ass haaptsächlech, fir d'Kompetenz vun de Prestatairë vum Service de dématérialisation ze kontrolléieren, ze garantéieren an ze akkreditéieren. Eng sougenannte Liste de confiance mat Informatiounen iwwert d'Prestataires de services de certification, déi sougenannte PSC, muss vum ILNAS am Departement Confiance numérique opgestallt an à jour gehale ginn. Op dëser „trusted list" sinn Zertifikaten, déi vun deem jeeweilegen État membre um nationalen Niveau akkreditéiert sinn.

Een drëtten Departement ass den OLAS, also dat nationaalt Gremium fir d'Akkreditatioun an d'Surveillance vun den Organismes d'évaluation, déi d'Konformitéit vun den Normen iwwerpréiwen. D'Missioun vun dësem Departement ass et, fir d'Organismes d'évaluation unzëerkennen an ze kucken, ob si der nationaler an europäescher Législatioun entspriechen. De Fonctionnement souwéi d'Akkreditatioun vun dësen Organismes d'évaluation si vun dësem Departement virgesinn. E Règlement grand-ducal bestëmmt de System vun der Unerkennung vun dësen Organismes d'évaluation de la conformité.

Den OLAS assuréiert och um nationalen Niveau déi verschidde Relatiounen, wéi d'Kommunikatioun an d'Koordinatioun vun deene verschiddene Laboratoiren, an organiséiert des Weideren och Auditen iwwert dës Laboratoiren.

Dir Dammen an Dir Hären, de véierten Departement vum ILNAS huet als Missioun d'Surveillance vun de Marchéen. Dee ganze Programme de surveillance gëtt um Internetsite, also an der Transparenz, vum ILNAS publizéiert, an et ass kloer, datt dëse Programm vun de verschiddene Ministèren an zoustännegen Administratiounen ausgeschafft ginn ass. Déi verschidde Marchéë gi vu Gasapparater iwwer Lifter, Miessinstrumenter, Sécherheet vu Spillsaachen a Sécherheet vun all méigleche Produkter, fir der nëmmen e puer ze nennen.

Am Fall vun engem Accident, duerch dee kierperlech Schied géifen entstoen, muss d'Sécurité sociale dem Département de la surveillance vun dem ILNAS dëst direkt mellen. Dës Informatioun geet weider un den zoustännege Vertrieder vun der Regierung souwéi un de concernéierten Direkter vun der zoustänneger Administratioun. Den Département de surveillance géréiert och um nationale Plang ee Système d'alerte rapide vun der Europäescher Unioun, de sougenannten „RAPEX", an dat am Fall vun esou engem Incident.

Zu Lëtzebuerg gëtt d'Iwwerwaachung vun de Marchéë vun der ITM, dem ILNAS, dem Commissariat aux affaires maritimes, dem Wirtschaftsministère, dem Ministère de la Santé, dem Aarbechtsministère an dem Ministère du Développement durable et des Infrastructures assuréiert.

Als Beispill: Am Joer 2010 sinn 48 verschidde Geschäfter kontrolléiert ginn. Ronn 250 Produkter si méi genau kontrolléiert ginn. 18 Artikele si verbuede ginn. 1.985 Notifikatiounen iwwert den europäesche Warnsystem sinn traitéiert ginn. Sechs Produkter, déi ënnert d'Direktiv vun der Sécurité générale des produits falen, si vum Maart geholl ginn. 27 verschidde Spillsaache sinn ënnersicht ginn, woubäi sech erausgestallt huet, datt 20 Spillsaachen net konform waren.

Här President, de fënneften Departement ass nei, an zwar dee vun der Metrologie, deem seng Missioun et ass, Normen, dat heescht Wäerter ze fixéieren, ze ënnerhalen, ze verbesseren, an dëst en fonctioun vun de Gebräicher am Land, an dann och hir Uwendung un déi international Wäertunitéiten an Normen ze assuréieren.

Lëtzebuerg ass nach eent vun deene wéinegste Länner an Europa, wat nach kee Bureau national de métrologie huet. Dëse Bureau de métrologie begräift all Zorte vu Metrologie, dat heescht déi wëssenschaftlech, déi industriell oder déi legal. Mir si mat Zypern nach dat eenzegt Land an der Europäescher Unioun, wat net associéiert ass an der Conférence générale des poids et mesures a wat d'Convention du Mètre nach net ënnerschriwwen huet.

Souwuel um wëssenschaftleche wéi och um ekonomesche Plang ass ee Bureau de métrologie immens wichteg, dëst och am Sënn vun den aktuellen a potenzielle Laboratoiren hei am Land. Den Departement vun der Metrologie kann nei Normen aféieren a muss och d'Gesetzgebung uwennen, zum Beispill wat d'Methode vum Weie vun Artikelen ugeet, wéi gewie gëtt, wéi kontrolléiert gëtt, wéi een een Artikel iwwerhaapt kann erfaassen, an dëst ëmmer am Sënn an am Intérêt vum Consommateur a vum Producteur. Et versteet sech vum selwen, datt dës Kritären den internationale legalen Unités de mesure entsprieche mussen an hinne Rechnung droe mussen.

De sechsten Departement vum ILNAS ass den Departement vum Budget a vun der Administratioun, dee sech duerch d'Terminologië scho selwer erkläert.

Här President, zum Schluss ass nach ze bemierken, dass den ILNAS fir eis Lëtzebuerger Ekonomie an hir Acteure wichteg ass. Mir hu momentan ee gewësse Retard par rapport zu anere Länner, haaptsächlech den asiatesche Länner. Lëtzebuerger Entreprisë mussen a solle sensibiliséiert ginn, datt, wa si vun Ufank un un der Schafung vun internationalen Norme matschaffen, si direkt kënnen ee grousse kompetitiven Avantage hunn. Dat ëmsou méi, well déi Mataarbecht zu Lëtzebuerg gratis ass, wat an anere Länner net ëmmer de Fall ass. Dëst ass besonnesch ee grousse Virdeel fir d'PMEen, dat heescht déi sougenannte kleng Entreprisen.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren, an ech bréngen heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Ech wëll just d'Kolleeginnen an d'Kolleegen drop opmierksam maachen, dass am Moment e bëssen ze vill Gegrommels am Sall ass an dass dat de Riedner extrem stéiert.

(Interruptions)

Ech géif dann den nächste Riedner bieden, op d'Riednerpult ze kommen. An dat ass keen anere wéi den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech kann hei vu menger Plaz aus e puer Wuert soen. Fir d'Alleréischt, fir nach eng Kéier ze betounen dat, wat de Rapporteur elo scho gemaach huet, datt dëse Projet eng relativ laang parlamentaresch Vergaangenheet huet an datt et selten e Projet gëtt, deen esou oft vum Statsrot aviséiet a réaviséiert gëtt; am Ganze véiermol.

Dat mécht de Mérite vum Rapporteur ëmsou grouss, well deen huet sech hei missen an engem technesch äusserst komplexen Émfeld erëmfannen. An en huet haaptsächlech eng gutt Konditioun gebraucht, fir dat duerchzeéien. An duerch seng Qualitéiten, déi mer un em kennen, hat en och keen allze vill grousse Problem, fir dat ze maachen. Duerfir ee ganz grousse Merci dem Rapporteur. Mir wäerte bien entendu eis Zoustëmmung zu deem Projet do ginn.

Ech hätt awer just vläicht eng allerlescht Remarque an éischter eng Fro un den zoustännege Minister, well an deem Projet och d'Réglementatioun vun der Akkreditatioun a vum Contrôle vun de Prestataires de services am Commerce électronique geregelt gëtt, wat eigentlech eng ganz wichteg Roll vun deem ILNAS ass.

An an deem Kontext schéngt mir, an ech si bestëmmt do net deen Eenzegen, déi Meenung gëtt sécherlech vun deene meeschte vun de Kolleegen och hei gedeelt, ass den Dateschutz och essenziell.

An do ass eigentlech meng Fro, Här Minister, inwiefern elo den ILNAS an Zukunft och mat der Commission nationale de la protection des données do zesummeschafft, wat effektiv d'Akkreditatioun an d'Surveillance an de Contrôle vun deene Prestataires de services ugeet.

Dat gesot, nach eng Kéier ee ganz grousse Merci a Félicitatiounen un de Rapporteur, a mir wäerten dee Projet mat Begeeschterung stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Mosar. An d'Wuert huet d'Madame Joëlle Elvinger.

Mme Joëlle Elvinger *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, op dëser Plaz wëll ech kuerz op den allgemenge Kader vum Gesetzestext iwwert d'Reorganisatioun vum ILNAS agoen, ouni awer dobäi an d'Déift vun den techneschen Detailer ze goen, well de Rapporteur dat jo schonn ausféierlech gemaach huet.

Den ILNAS, oder Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services, ass eng Entitéit, déi vläicht net esou bekannt ass, mä awer wichteg Fonctiounen iwwerhëlt, an dat am Beräich vum Opstellen an Erhale vun national an international unerkannten Normen.

Dës Norme kënne vu ganz ënnerschiddlecher Natur sinn, mä et geet ëmmer dorëms, e bestëmmte Standard oder Referenz bei verschiddene Produiten anzeféieren a sécherzestellen.

Ech wëll Iech an deem Sënn e puer Beispiller ginn, dat einfachste Beispill vläicht als Éischt: Mir wëssen alleguerten, wat en DIN-A4-Blat ass. Et ass e Blat, wat der Norm DIN A4 entsprécht, oder deem seng Dimensiounen 210 op 297 mm entspriechen. Dës Norm, déi schonn an den 20er Joren agefouert gouf, mécht eis d'Liewe méi einfach, andeems mer alleguerten direkt wëssen, wat gemengt ass. Awer och sinn zum Beispill d'Imprimanten op dëse Pabeier ausgeluecht, soudass een direkt am Buttek weess, dass d'Imprimante, déi ee kafe wëllt, och DIN-A4-Pabeier bedrécke kann.

En anert Beispill betrëfft d'Fernseher. Wa mer haut an e Geschäft ginn, da fanne mer verschidde Modeller, wat d'Qualitéit vum Bild ugeet. Et gëtt zum Beispill „high definition", „ultra high definition" a 4K-Resolutiounen. Och hei verstoppe sech hannert dësen Nimm technesch Elementer. Si ginn dem potenzielle Keefer awer eng schnell Indikatioun, wat hie sech à propos Bildqualitéit vum Fernseher erwaarde kann.

Här President, ech mengen, dës Beispiller illustréieren op eng einfach Manéier, dass esou Normen, wéi den ILNAS se produzéiert, e Bestanddeel vun eisem Zesummeliewe sinn. Well sech d'Technologien awer ëmmer weiderentwéckelen, wéi zum Beispill bei den Téleeën, muss den ILNAS mat dësen Evolutioune Schrëtt halen. Folglech ginn et och ëmmer nei Entwécklungen um europäesche Plang, wat dës Normen ugeet, un déi sech den ILNAS upasse muss. Et ass genau an dësem Zesummenhang, wou de Gesetzestext, iwwert dee mir de Mëtteg schwätzen, sech positionéiert. Et geet drëms, den ILNAS ze reorganiséieren, soudass en den aktuellen Ufuerderunge vun enger Wëssensgesellschaft ka gerecht ginn.

Här President, et ass wichteg, dass mir haut de Mëtteg dësem Gesetzesprojet eng breet Zoustëmmung ausschwätzen, well et e Gesetzestext ass, vun deem immens vill Betriber profitéieren, fir sech weiderzëentwéckelen, a vun deem Privatpersoune profitéieren, wa se Produite kafen a benotzen.

Ech wëll och op dëser Plaz dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin exzellenten an ausféierleche schréftleche wéi och mëndleche Rapport. An ech ginn och heimadder den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Elvinger. Dann huet d'Wuert den Här Henri Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Majo, Här President, och vun der grénger Fraktioun wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schréftleche Rapport an och säi mëndleche Rapport. En huet op déi Problematik higewisen, insbesondere, wat d'Struktur vun dem ILNAS ugeet. Doriwwer ass effektiv schonn an der leschter Legislatur debattéiert ginn. Dës Kéier hu mer eng gutt Léisung fonnt. Dofir Merci nach eng Kéier fir d'Ausdauer. An domadder ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Kox. Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, och vun eiser Säit aus kann een nëmme feststellen, dass alles gesot ass. En häerzleche Merci un de Rapporteur. Ech schléisse mech ganz gär am Numm vun der ADR all deene luewende Wierder un, déi de Rapporteur sech verdéngt huet. Och vun eiser Säit aus eng ganz grouss Zoustëmmung zu deem Gesetz.

Merci.

M. le Président.- Merci. Den Här Turpel huet d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Jo, ech brauch net méi ze erklären, wéi wichteg datt d'Normalisatioun ass an de Contrôle och vun der Qualitéit vu Spillsaachen op europäescher Ebene, och d'Sécherheet vun den elektreschen Apparater. Also, alles dat mécht scho Sënn, soulaang wéi mer net bei d'Krëmmt vun de Bananne kommen, mä hei geet et jo net dorëms. Hei geet et jo ëm sënnvoll Standarden, Sécherheetsnormen, déi musse kënne kontrolléiert ginn, geregelt ginn an esou weider.

Et si just e puer Saachen, déi mech e bësse beonrouegen am Projet, esou wéi en elo virläit. Dat eent, dat ass de Rôle vun der ITM, déi hei eng Rei Aufgaben ewechgeholl kritt. Pour cause, well se do mat Contrôlë befaasst war, déi se näischt uginn. Am Artikel 22 geet och Rieds vun den Accidenter, iwwert déi d'ITM bis elo informéiert ginn ass a se elo net méi informéiert ginn ass. Ech weess net, ob dat esou gutt ass.

Dat Zweet, wat mech beonrouegt, dat ass, datt mer wëssen, datt d'Struktur net genuch Personal huet. An dat ass jo och erklärt an den Exposé des motifs, an do soll dann d'Méiglechkeet geschafe ginn, fir op Sous-traitanten, op Privatfirmaen zréckzegräifen, wat ech net onbedéngt esou eng gutt Iddi fannen an esou engem wichtegen normative Beräich.

An zum Schluss wëll ech soen, datt mir trotz deene Froen a Bedenken de Projet stëmmen, wéinst senger gesamter Wichtegkeet an och an der Perspektiv an an der Expectative, datt déi Normen, déi hei kontrolléiert ginn, net hifälleg ginn, wa mer ee Fräihandelsofkommes kréien, wat dorobber erausleeft, fir déi Saachen hei ze ënnerwanderen. Mä wann ech d'Sensibilitéit vun den Deputéierte kennen, fir dat alles ze halen, dann däerft ech mer do eigentlech keng Suerge maachen an da misst eigentlech den TTIP scho laang um Tipp leien, da bräichte mer net méi driwwer ze schwätzen.

Merci.

M. le Président.- Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun. An d'Wuert huet elo de Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Alleréisicht dem Rapporteur Merci soe fir deen exzellente Rapport, dee mer och erlaabt, dass ech hei stoe bleiwen an net muss no vir kommen, fir nach weider vill Explikatiounen ze ginn, well dat alles ganz gutt erkläert war. Et ass effektiv en héich techneschen Dossier.

Ech wëll just kuerz op déi Fro agoe vum honorabelen Deputéierte Mosar. Et ass esou, dass dat heite Gesetz de Grondstee leet fir de Contrôle vun der Akkreditatioun. An all weider Zesummenaarbechten, zum Beispill wat den Dateschutz ugeet, ginn herno iwwer Lois spéciales gemaach. Dat war och an den Diskussioune mam Statsrot eng Fuerderung, fir ze soen: Dir kënnt dat net elo alles an ee Gesetz maachen, Dir musst dat au cas par cas maachen.

An da vläicht zum Här Turpel. Ech mengen, déi Zesummenaarbecht, déi mer hei ustriewe mam Privatsecteur a verschiddene Punkten, dat hëlleft eis effektiv méi effikass kënne virzegoen, méi effikass kënnen ze schaffen an och kënne Käschten ze spueren. Ech hunn do keen Zweifel, dass dat positiv wäert verlafen.

Op dem Här Turpel seng Uspillung, wat den TTIP ugeet, ginn ech elo léiwer net an, well soss misst ech awer no vir kommen, an dat erspueren ech mer hei.

Ech wëll nach just op dëser Plaz dem Direkter vum ILNAS, dem Här Reiff, an och hirem Jurist, dem Här Gudmannsson, e grousse Merci soe fir déi Aarbecht, déi se hei geleescht hunn, well ëmmerhin ass et net nëmmen eng Modifikatioun vun engem Gesetz, mä mir hu carrément dat ganzt Gesetz, wat bestanen huet mat all deenen Onmasse vu Reglementer, op den Tipp geheit an alles komplett nei verfaasst, wat keng einfach Aufgab ass.

Dofir ee grousse Merci u si an och un hiert ganzt Team. Merci Iech.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Kox. Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, och vun eiser Säit aus kann een nëmme feststellen, dass alles gesot ass. En häerzleche Merci un de Rapporteur. Ech schléisse mech ganz gär am Numm vun der ADR all deene luewende Wierder un, déi de Rapporteur sech verdéngt huet. Och vun eiser Säit aus eng ganz grouss Zoustëmmung zu deem Gesetz.

Merci.

M. le Président.- Merci. Den Här Turpel huet d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Jo, ech brauch net méi ze erklären, wéi wichteg datt d'Normalisatioun ass an de Contrôle och vun der Qualitéit vu Spillsaachen op europäescher Ebene, och d'Sécherheet vun den elektreschen Apparater. Also, alles dat mécht scho Sënn, soulaang wéi mer net bei d'Krëmmt vun de Bananne kommen, mä hei geet et jo net dorëms. Hei geet et jo ëm sënnvoll Standarden, Sécherheetsnormen, déi musse kënne kontrolléiert ginn, geregelt ginn an esou weider.

Et si just e puer Saachen, déi mech e bësse beonrouegen am Projet, esou wéi en elo virläit. Dat eent, dat ass de Rôle vun der ITM, déi hei eng Rei Aufgaben ewechgeholl kritt. Pour cause, well se do mat Contrôlë befaasst war, déi se näischt uginn. Am Artikel 22 geet och Rieds vun den Accidenter, iwwert déi d'ITM bis elo informéiert ginn ass a se elo net méi informéiert ginn ass. Ech weess net, ob dat esou gutt ass.

Dat Zweet, wat mech beonrouegt, dat ass, datt mer wëssen, datt d'Struktur net genuch Personal huet. An dat ass jo och erklärt an den Exposé des motifs, an do soll dann d'Méiglechkeet geschafe ginn, fir op Sous-traitanten, op Privatfirmaen zréckzegräifen, wat ech net onbedéngt esou eng gutt Iddi fannen an esou engem wichtegen normative Beräich.

An zum Schluss wëll ech soen, datt mir trotz deene Froen a Bedenken de Projet stëmmen, wéinst senger gesamter Wichtegkeet an och an der Perspektiv an an der Expectative, datt déi Normen, déi hei kontrolléiert ginn, net hifälleg ginn, wa mer ee Fräihandelsofkommes kréien, wat dorobber erausleeft, fir déi Saachen hei ze ënnerwanderen. Mä wann ech d'Sensibilitéit vun den Deputéierte kennen, fir dat alles ze halen, dann däerft ech mer do eigentlech keng Suerge maachen an da misst eigentlech den TTIP scho laang um Tipp leien, da bräichte mer net méi driwwer ze schwätzen.

Merci.

M. le Président.- Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun. An d'Wuert huet elo de Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Alleréisicht dem Rapporteur Merci soe fir deen exzellente Rapport, dee mer och erlaabt, dass ech hei stoe bleiwen an net muss no vir kommen, fir nach weider vill Explikatiounen ze ginn, well dat alles ganz gutt erkläert war. Et ass effektiv en héich techneschen Dossier.

Ech wëll just kuerz op déi Fro agoe vum honorabelen Deputéierte Mosar. Et ass esou, dass dat heite Gesetz de Grondstee leet fir de Contrôle vun der Akkreditatioun. An all weider Zesummenaarbechten, zum Beispill wat den Dateschutz ugeet, ginn herno iwwer Lois spéciales gemaach. Dat war och an den Diskussioune mam Statsrot eng Fuerderung, fir ze soen: Dir kënnt dat net elo alles an ee Gesetz maachen, Dir musst dat au cas par cas maachen.

An da vläicht zum Här Turpel. Ech mengen, déi Zesummenaarbecht, déi mer hei ustriewe mam Privatsecteur a verschiddene Punkten, dat hëlleft eis effektiv méi effikass kënne virzegoen, méi effikass kënnen ze schaffen an och kënne Käschten ze spueren. Ech hunn do keen Zweifel, dass dat positiv wäert verlafen.

Op dem Här Turpel seng Uspillung, wat den TTIP ugeet, ginn ech elo léiwer net an, well soss misst ech awer no vir kommen, an dat erspueren ech mer hei.

Ech wëll nach just op dëser Plaz dem Direkter vum ILNAS, dem Här Reiff, an och hirem Jurist, dem Här Gudmannsson, e grousse Merci soe fir déi Aarbecht, déi se hei geleescht hunn, well ëmmerhin ass et net nëmmen eng Modifikatioun vun engem Gesetz, mä mir hu carrément dat ganzt Gesetz, wat bestanen huet mat all deenen Onmasse vu Reglementer, op den Tipp geheit an alles komplett nei verfaasst, wat keng einfach Aufgab ass.

Dofir ee grousse Merci u si an och un hiert ganzt Team. Merci Iech.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Wirtschaftsminister. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6315 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6315 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss an de Projet 6315 ass unanime ugeholl mat 60 Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber dermat d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech Iech Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Projet vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 6673 iwwert déi fräi Zirkulatioun vun de Leit an d'Immigratioun. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Angel.

6. 6673 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet huet den Aussen- an Immigratiounsminister den 31. Mäerz hei an der Chamber déposéiert. Direkt ee Mount drop koum den Avis vum Statsrot an dunn hu mer an der Kommissioun och ganz séier geschafft a mir konnten de 5. Juni de Rapport an der Kommissioun unhuelen.

Wourëms geet et heibäi? Et geet ëm dräi punktuell Modifikatioune vum Immigratiounsgesetz, wat mer jo hei am Joer 2008 unanime an dëser Chamber gestëmmt hunn. An dës Modifikatioun war néideg, well d'Europäesch Kommissioun eng Evaluatioun vun der Ëmsetzung vun der sougenannter Directive «retour» gemaach huet. An dofir hu mer missen e puer Punkten hei änneren.

D'Regierung huet de Projet de loi also ganz séier op den Instanzewee geschéckt, fir ebe just deene Remarquë vun der Kommissioun Rechnung ze droen a fir d'Ouverture vun enger Procédure d'infraction, esou wéi den Artikel 258 vum Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne dat virgesäit, fir dat alles ze verhënneren.

Den éischte Punkt vun deenen dräi Punkte weist, dass et sech wierklech nëmmen ëm eng minimal Modifikatioun handelt. D'Directive «retour» férdert d'Méiglechkeet vun den Départs volontaires. An an deem Kontext regelt se och am Artikel 8 den Délai fir deen Départ volontaire an och d'Verlängerung vun deem Délai, an ech zitéieren: «…en tenant compte des circonstances propres à chaque cas, telles que la durée du séjour, l'existence d'enfants scolarisés et d'autres liens familiaux et sociaux».

Or, am Lëtzebuerger Gesetzestext, am Artikel 111 vum Immigratiounsgesetz stinn dës Beispiller net dran. An dat war och deemools vun eis esou hei gewollt, well dee Moment, wou den initialen Text formuléiert gouf, huet de Statsrot regelméisseg eis drop opmierksam gemaach, dass mer keng Beispiller a Gesetzestexter sollen opzielen. En huet dat kritiséiert. An en huet awer elo, wéi en dësen Avis gemaach huet, Verständnis dofir gewisen. A mir hunn elo eben déi betreffend Dispositiounen opgrond vun deene Remarquë vu Bréissel an den Text ageschriwwen, wat souwéisou bei der Ëmsetzung vun deem Text a wat an der Praxis souwéisou ëmmer hei zu Lëtzebuerg esou gemaach ginn ass, wéi et och elo do steet. Et ännert sech also an der Praxis näischt.

Den zweete Punkt betrëfft Fäll, wou niewent enger Décision de retour och eng Interdiction d'entrée sur le territoire prononcéiert gëtt. De betreffenden Artikel 112 Paragraph 1 am Immigratiounsgesetz gëtt also komplettéiert an deem Sënn, dass eng Persoun, géint déi eng Interdiction d'entrée sur le territoire ausgeschwat gouf, doriwwer informéiert muss ginn, dass hir Donnéeën an de Schengener Informatiounssystem SIS II komme wäerten.

Och den Inhalt vun där heiter Demande vun der Kommissioun geet eiser Meenung an och der Meenung vum Conseil d'État no net kloer aus der Direktiv ervir. Mä d'aussepolitesch Kommissioun hat awer kee Problem, dës Dispositioun am Sënn vum Text vun der Europäescher Kommissioun ze änneren.

An dann déi drëtt Ännerung, dat ass eng Modifikatioun vum Artikel 140 vum Immigratiounsgesetz, déi wéinst enger Jurisprudenz vun der Cour de justice vun der Unioun geännert muss ginn. An an deem betreffenden Arrêt, do schwätzt d'Cour sech géint penal Sanktioune wéinst engem Séjour illégal géint Persounen aus, déi aus Drëttstate kommen, wann net d'Prozedur aus der Direktiv komplett applizéiert gouf, dat heescht, wann d'Mesures coercitives aus dem Artikel 8 vun der Direktiv net ugewannt goufen oder, am Fall vun der Rétentioun, wann d'Durée maximale vun der Rétentioun net eriwwer ass. Deen neien Artikel 140 limitéiert also penal Sanktiounen op déi Fäll, bei deenen eng Procédure de retour applizéiert gouf an deejéinegen illegal am Land bleift, ouni e Motiv fir en Non-retour ze hunn.

Voilà, Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot, hoffen ech natierlech, dass mer dëse Projet de loi kënnen unanime stëmmen, an ech ginn domadder och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Ech hu Wuertmeldungen, hei op dëser Säit vum Här Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Jo. Just, Här President, ganz kuerz, fir dem Rapporteur Merci ze soe fir dee Rapport. Et ass effektiv hei jo eng Adaptatioun vum Text, déi noutwendeg ginn ass duerch d'Evaluatioun, déi d'Europäesch Kommissioun gemaach huet. An et si minimal Modifikatiounen, déi hu missen och schnell gemaach ginn dofir haut hei. Mir wëssen awer, datt och nach eng ganz Rei aner Ännerungen an deem Gesetz hei virgesi sinn. Mir waarden och mat Spannung drop, datt déi Ännerunge kommen, déi eis och als wichteg erschéngen.

Ech wollt also och a kuerze Wierder just den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Text ginn.

Merci, Här President.

M. le Président.- Merci dem Här Wiseler. Den Här Berger huet d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Ech wäert mech och ganz kuerz halen. Effektiv war hei eng gewëssen Urgence a mer sinn och ganz frou, datt d'Regierung hei schnell agéiert huet, fir déi puer kleng Adaptatiounen, Modifikatioune kënnen eranzeginn. Hei an der Chamber hu mer och dat schnell evakuéiert. Duerfir jiddwerengem Merci, deen dorunner geschafft huet. Besonnesch awer dem Rapporteur wëll ech Merci soe fir seng gutt Aarbecht an och säi gudden, kuerzen, mä awer pertinente Bericht. An deem Sënn wëll ech och natierlech den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Dann huet d'Wuert gefrot den Här Kartheiser.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Här President!

M. le Président.- Ah, entschëllegt. Entschëllegt!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Ech hat gemengt, mir wieren agedroe gewiescht. Ech wollt och kuerz…

M. le Président.- Selbstverständlech hutt Dir dann d'Wuert, Här Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Mir ännere mat dësem Gesetz dräi Dispositiounen am Gesetz vum 29. August 2008 iwwert d'libre circulation vun de Persounen an iwwert d'Immigratioun. De Rapporteur huet et gesot, mir reagéieren domadder op Observatioune vun der Europäescher Kommissioun. An datt eng gewëssen Urgence do ass, ass och gesot ginn. Soss géife mer riskéieren, eng Procédure d'infraction ze kréien.

Ech brénge fir déi gréng Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi. Ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. An ech wëll awer och all deene Leit heibannen an dobaussen, déi mengen, et misst ëmmer alles direkt a matenee geschéien, soen, och als Majoritéitsdeputéierten, datt mer heimadder net alles realiséieren, wat am Regierungsprogramm zum Thema Immigratioun steet. Ech ginn och elo net an den Detail an. Ech mengen, den Här Wiseler huet et ugeschwat. Fir 2015 ass e Gesetz ugekënnegt. Do waarde mer drop. An ech mengen, mir sinn eis och alleguerte bewosst, datt mer Immigratioun an Integratioun net kënne lassgeléist vuneenee kucken.

Mir sinn eis bewosst, datt Mënschenhandel an illegal Immigratioun e Problem sinn. Ech sinn awer och der Meenung, dat een net soll iwwerdreiwen. Et kann een et awer och net négligéieren. Mir brauchen e Kader fir eng legal Immigratioun, an Europa an och zu Lëtzebuerg. D'Lëtzebuerger Regierung soll sech op europäeschem Niveau derfir asetzen, datt d'Immigratiounspolitik vum Prinzip vun de Mënscherechter an dem Respekt virun der Mënschewürd gefouert gëtt. Wéi gesot, 2015 solle mer dann en neit Gesetz kréien.

Lëtzebuerg ass eent vun deene Länner, dat déi meeschten Demandeurs d'asile kritt, natierlech par rapport zu den Zuele vun den Awunner. An datt d'Gemenge sollen hir Verantwortung iwwerhuelen, steet och am Regierungsprogramm. Merci all deene Gemengen, déi dat bis elo scho gemaach hunn. Ech mengen, et sinn der eng Rei. An datt der nach eng Rei nokommen, dat steet och dann nach aus.

Duerfir, wéi gesot, dee Projet de loi hei kritt den Accord vun der gréinger Fraktioun, mä domadder ass d'Thematik net ofgeschloss.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Adam. D'Wuert huet den Här Kartheiser an duerno den Här Urbany.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun eiser Säit aus och e Merci un de Rapporteur. Mir stëmmen dat Gesetz mat. Mä firwat stëmme mer et mat? Well déi drëtt Modifikatioun, den Artikel 140, do ass effektiv Substanz dran.

Mä ech mengen, mir sollten dësen Text emol eng Kéier kucken, fir e Liicht ze werfen op d'Relatioun zwëschent der Europäescher Kommissioun a Lëtzebuerg.

Wat sinn déi Punkten, iwwert déi mer hei esou séier ewechginn? Wat kréie mer reprochéiert vun der Europäescher Kommissioun, fir dann eventuell eng Infraktiounsprozedur unzeféieren?

Dat muss ee sech emol virstellen, wat hei vun eis verlaangt gëtt! A wéi mir hei follege géintiwwer der Europäescher Kommissioun wéi e Schoulbouf sengem Schoulmeeschter! Ech ginn lech dat emol nach eng Kéier, den Här Angel huet et zwar gutt proposéiert, mä loosse mer et nach eng Kéier emol kucken.

Also, dat Éischt ass, datt mer sollte Beispiller an en Text setzen, wou mer eng gutt Formulatioun am Gesetz haten. Mir haten eng allgemeng Formulatioun: «eu égard à la situation personnelle de l'étranger». An elo solle mer e puer Beispiller dohisetzen, vun deenen de Statsrot, mat Recht, ëmmer gesot huet, mir sollte keng Beispiller an e Gesetzestext stellen. Dat ass eng mauvaise Technique législative. Dat wësse mer jo all heibannen. A mir hunn dat jorelaang hei praktizéiert.

Elo, well d'Europäesch Kommissioun mengt, do sollten esou Beispiller drastoen, well dat eng Valeur indicative et illustrative hätt, mä all Beispill huet par définition eng Valeur indicative et illustrative, dat ass de Propre dovun, d'Definitioun dovun, aucune valeur ajoutée, an da soe mir: Ah jo, majo, dann ännere mir hei eis Technique législative hei am Land, well Dir dat mengt, an da schreiwe mer dat dran. Dat, fannen ech, ass séier ëmgefall. An esou séier soll een net ëmfalen.

D'selwecht bei deem zweete Kommentar. Den Här Angel huet dat jo och gesot. Elo musse mer draschreiwen eppes, wat iwwerhaapt net

am europäesche Reglement virgesi war, an de Statsrot huet dat och selwer gesot. Déi Direktiv an dat Reglement, op dat mir eis bezéien, dovunner seet de Statsrot, mat Recht: «ne contient aucune règle sur l'information de la personne signalée».

Mir hunn also kee Feeler bei der Ëmsetzung vun där Direktiv gemaach respektiv bei der Applikatioun vum Reglement. An elo solle mer, obschonn iwwerhaapt dat net virgeschriwwen ass, eng Formulatioun drasetzen iwwert d'Informatioun vun deene betraffene Leit. An zwar gëtt se och nach esou spezifesch gemaach mat Bezuch op e bestëmmte Rechtstext mat dem Artikel, soudatt mer dat dann all Kéiers nach mussen ännere goen, wann eng Ännerung am europäesche Rechtskierper dann entsteet. Dat ass dann ze vill spezifesch.

Op deenen zwee Artikele maache mer also Modifikatiounen, déi och nach eng mauvaise Technique législative sinn, ouni datt se an der Substanz eppes änneren, wéinstens net zum Gudden, nach éischter zum Schlechten.

Mam drëtte Punkt kënne mer d'accord sinn, dat ass eng Verbesserung. An dofir stëmme mer d'Gesetz och.

Awer dann nach eng Bemierkung, well mer hei och national net ganz zefridde si mat där Prozedur, wéi dat hei leeft. An zwar hätte mir gär als ADR jo och eng kloer Trennung tëschent deene Funktioune vun eise verschiddenen Institutiounen am Stat, fir datt se besser fonctionnéieren.

Mir bedaueren, datt deeselwechten Expert, deen d'Regierung ëmmer am Parlament vertrëtt, wann heiriwwer geschwat gëtt, och Member am Statsrot ass. Mir géifen eis wënschen, datt do eng personell Trennung geschitt. An dann, wann eng personell Trennung geschitt, da kéint een och vläicht mat méi Aen op esou Texter kucken a méi informéiert a mat méi Distanz déi Saachen evaluéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Jo, Här President, ech si mam Här Adam grondsätzlech d'accord, dass mer e schlecht Immigratiounsgesetz hunn an dass nach villes muss dru verbessert ginn.

Hei gëtt am Fong geholl an deem drëtte Punkt eppes geännert, an zwar, dass ee bis elo konnt direkt an de Prisong kommen, wann ee sech illegal hei opgehalen huet. Ech mengen, et muss een emol fir d'Éischt kritiséieren, dass dat 2008 iwwerhaapt an dat Gesetz iwwert d'Immigratioun konnt opgeholl ginn, esou eng Moossnam. Mir hu virdrun iwwert d'Iwwerbevëlkerung am Prisong geschwat zum Beispill, just nëmmen dee Lien wëll ech hei maachen.

Wat elo drasteet als Text, dat ass eng liicht Verbesserung. Et ass awer och keng grondsätzlech Verbesserung, well nodeem ee bis an Abschiebehaft war, kann een ëmmer nach an de Prisong gesat ginn, wann een trotzdeem sech dann hei am Land ophält.

Ech sinn ausnahmsweis fir eng Kéier d'accord mam Här Kartheiser, wat e seet zu där schlechter Technique législative, well wann een an e Gesetzestext Beispiller erasetzt, dat fannen ech ganz schlecht. An ech hunn déi Formuléierung virdrun och vill, vill besser fonnt, relativ gesinn, an deem relativ negative Kontext, an deem all déi Dispositioune stinn.

Mir wäerten eis aus all deenen Iwwerleeungen bei deem Gesetz hei trotzdeem awer nach enthalen, well mer einfach fannen, dass an engem schlechte Kontext hei légiféréiert gëtt. A mer hoffen, dass wierklech e seriöt Gesetz vu Verbesserung vun Immigratiounsbestëmmunge wäert kommen.

M. le Président.- Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen. An d'Wuert huet den Ausseminister, den Här Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Ech wéilt fir d'Allerséischt Iech, awer och de Fraktiounen an der ganzer Chamber Merci soe fir déi Flexibilitéit. Dir wësst, et war um Ordre du jour. Et ass erofgeholl ginn, et ass elo erëm drop. An ech soen Iech Merci, well effektiv hätte mer do eng Procédure d'infraction riskéiert. An et weess ee jo net, wéi déi Geschichten ausginn.

Bon, zwou Saachen: Ech mengen, et gëtt generell eng Identité de vues, an ech si mat jiddwerengem d'accord, mam Här Adam a mam Här Urbany och, dass dat hei näischt ze dinn huet mat deem neien Immigratiounsgesetz. Dat neit Immigratiounsgesetz ass an der Aarbecht. Zil ass et, fir am Hierscht scho méi wäit ze kommen an dann effektiv 2015 driwwer ofzestëmmen.

Dat hei ass eng Korrektur, déi mer imposéiert kréie vun der Kommissioun. Här Kartheiser, et kann een elo domadder d'accord sinn oder net. Dir hutt doudsécher och a verschiddenen Aspekter Recht. Mä ech wëll vläicht just soen, dass dat, wat elo am Gesetz hei steet, mir och esou applizéieren.

Wéini hu mer Exceptioune ginn iwwer 30 Deeg eraus? Wann zum Beispill eng Persoun ofgewise war, déi erwaart huet. Dat hu mer gemaach. Mir hunn et och gemaach an deenen allermeeschte Fäll, wou mer et konnte maachen, bei Scolarisëierungen. Dass mer, während d'Kanner an der Schoul sinn, dass mer do net dann d'Retouren organiséiert hunn. Ech mengen, déi Beispiller, déi elo gefrot ginn, déi bezéie sech dorobber. Dofir solle mer eis net ze vill opreegen. Mir hunn dat do och effektiv esou praktizéiert.

Bei deem leschte Punkt. Also, ech si mat Iech d'accord, Här Urbany: Am Gesetz steet elo dran, dass een nëmmen däerf vun enger penaler Suite schwätzen, wann alles gemaach ginn ass, fir déi Retouren och méiglech ze maachen. Mä mir wëssen awer, dass et Länner gëtt, leider, och net wäit vun Europa ewech, wou et net méiglech ass, Retouren ze organiséieren. Där Länner gëtt et. An duerfir kéint et sinn, dat ass awer dann d'Décisioun selbstverständlech vum Parquet, fir ze poursuivéieren, an dann ass et jo nëmme just op eng Décision pénale hin, wou dann och géif ebe Prisong décidéiert ginn. Dat ass jo evident.

Och dat ass, wéi d'Leit mer gesot hu vun der Immigratioun, en Ausnahmefall. An dat ass och net, dass dat doten elo iergendeppes ännert un der Praxis, wéi se hei zu Lëtzebuerg geschitt ass.

Ech wëll och soe vläicht nach, fir ofzeschléissen: Ech sinn absolut net d'accord mam Här Kartheiser. Mir solle frou sinn hei am Land, dass mer Fonctionnairen hu wéi d'Madame Ecker zum Beispill, déi immens vill schafft, mam Sylvain Wagner, mam Här Reiter zesummen, an der Direktioun vun der Immigratioun, fir dass mer hei gutt Gesetzer hunn.

Mir hunn net esou vill Leit hei zu Lëtzebuerg, déi kënne gutt Gesetzer a gutt Transpositioune vun den Direktive maachen. An duerfir wëll ech deene Leit hei, ech hoffen och an de meeschte vun Ären Nimm, e grousse Merci soen, dass se dat maachen an dass mir dann hei d'Chance kréien, och gutt Gesetzer kënnen duerch d'Chamber ze bréngen an och an der Regierung unzehuelen.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Jean Asselborn. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6673 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass ofgeschloss an de Projet 6673 ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Enthalungen, déi motivéiert sinn, ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marcel Oberweis), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Eugène Berger), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber dermat d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Ech soen Iech Merci.

Domat ass d'Sëtzung vun haut ofgeschloss a mir gesinn eis an der Plénière erëm uganks Juli.

Merci.

(Fin de la séance publique à 16.52 heures)

- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

SÉANCE 27

MERCREDI,
2 JUILLET 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. le Président*

2. Discours à l'attention de M. Jean-Claude Juncker à l'occasion de sa proposition en tant que candidat pour la présidence de la Commission européenne

- *M. le Président*

3. Communications du Gouvernement

- *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*

4. Octroi du titre honorifique à un fonctionnaire de l'Administration parlementaire

- *M. le Président*

5. Communications

- *M. le Président*

6. 6698 - Proposition de loi

1. modifiant la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. autorisant la création par les communes de classes spécialisées d'accueil pour enfants nouvellement installés au pays

- *Déclaration de recevabilité: M. le Président*

7. 6699 - Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur l'ouverture du mariage et de l'adoption aux couples de même sexe

- *Déclaration de recevabilité: M. le Président*

8. Ordre du jour

- *M. le Président*

9. Heure de questions au Gouvernement

Question n°50 du 30 juin 2014 de M. Edy Mertens relative au permis de conduire spécifique pour les agents des services de secours, les autorisant à conduire, sans être titulaire du permis de conduire «poids lourds», un véhicule automoteur d'une masse maximale autorisée excédant 3.500 kg, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Edy Mertens - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur*

Question n°51 du 2 juillet 2014 de M. Marc Spautz relative aux futures orientations au niveau du système d'allocations familiales au Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

- *M. Marc Spautz - Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration*

Question n°52 du 2 juillet 2014 de M. Franz Fayot relative à la forte diminution de l'intensité de R&D des entreprises en 2012 constatée par la Commission européenne dans le cadre de son évaluation du Programme national de réforme 2014 (cf. document COM(2014) 417), adressée à M. le Ministre de l'Économie

- *M. Franz Fayot - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*

Question n°53 du 2 juillet 2014 de M. Fernand Kartheiser relative à l'indépendance du pouvoir judiciaire, adressée à M. le Ministre de la Justice

- *M. Fernand Kartheiser - M. Félix Braz, Ministre de la Justice*

Question n°54 du 1er juillet 2014 de M. Henri Kox relative à la biodiversité et le cadastre des biotopes, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

- *M. Henri Kox - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*

Question n°55 du 2 juillet 2014 de Mme Nancy Arendt relative aux qualifications requises pour la surveillance des activités balnéaires pendant les vacances scolaires adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- *Mme Nancy Arendt - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*

Question n°56 du 1er juillet 2014 de M. André Bauler relative à l'évolution des réserves nationales en eau potable suite à la sécheresse des dernières semaines, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

- *M. André Bauler - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*

Question n°57 du 2 juillet 2014 de M. Justin Turpel relative à la suppression du taux super-réduit de 3% sur les résidences secondaires, adressée à Mme la Ministre du Logement

- *M. Justin Turpel - Mme Maggy Nagel, Ministre du Logement*

Question n°58 du 2 juillet 2014 de M. Roger Negri relative à l'allumage permanent des feux de croisement des voitures comme il est le cas déjà dans de nombreux autres pays européens, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Roger Negri - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°59 du 2 juillet 2014 de M. Gilles Roth relative aux problèmes de circulation sur les autoroutes causés par les chantiers en cours ou à venir, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- *M. Gilles Roth - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*

Question n°60 du 2 juillet 2014 de Mme Claudia Dall'Agnol relative à la création d'un organe consultatif d'étudiants, adressée à M. le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

- *Mme Claudia Dall'Agnol - M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*

10. 6637 - Projet de loi portant approbation

- des amendements portés par les Conférences de plénipotentiaires du 24 novembre 2006 signés à Antalya et du 22 octobre 2010 signés à Guadalajara à la Constitution et à la Convention de l'Union internationale des télécommunications telles qu'amendées par la suite;

- des réserves formulées par le Luxembourg lors des Conférences de plénipotentiaires du 24 novembre 2006 à Antalya et du 22 octobre 2010 à Guadalajara

- *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: M. Claude Adam*

- *Discussion générale: Mme Simone Beissel, Mme Diane Adehm, M. Yves Cruchten, M. Fernand Kartheiser, M. Justin Turpel*

- *Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias*

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

11. 6640 - Projet de loi portant approbation

- du Huitième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle,

- du Premier Protocole additionnel au Règlement général de l'Union postale universelle,

- des amendements à la Convention postale universelle et à son Protocole final, signés au Congrès postal universel de Genève, le 12 août 2008

- *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: Mme Tess Burton*

- *Discussion générale: Mme Diane Adehm, Mme Simone Beissel, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Justin Turpel*

- *Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias, M. Justin Turpel (parole après ministre), M. Xavier Bettel*

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

12. 6420 - Projet de loi

- modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 portant création d'un Fonds National de la Recherche dans le secteur public;

- modifiant la loi modifiée du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg

- *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: M. André Bauler*

- *Discussion générale: Mme Martine Hansen, Mme Taina Bofferding, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche intervient), M. Justin Turpel*

- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, François Bausch, Mme Maggy Nagel, MM. Dan Kersch, Claude Meisch, Mmes Corinne Cahen et Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Ech maachen heimat d'Sëtzung op.

2. Discours à l'attention de M. Jean-Claude Juncker à l'occasion de sa proposition en tant que candidat pour la présidence de la Commission européenne

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt zum Ufank vun der Sëtzung am Numm vun eis alleguer, wann Der erlaabt, dem Jean-Claude Juncker félicitéieren, dass de Conseil européen hien a senger Sëtzung vum 27. Juni 2014 mat grousser Majoritéit als nächste President vun der Europäescher Kommissioun virgeschloen huet.

An der Persoun vum Jean-Claude Juncker hunn d'Stats- a Regierungschefen engem iwwerzeegten Europäer d'Vertraue geschenkt, deen en plus op eng laang Erfahrung zréckkucke kann a mat deene Wäerter, fir déi an eisen Aen Europa muss stoen, staark verbonnen ass.

Mir wënschen dem Jean-Claude Juncker bonne Chance fir déi nächst Etappen.

Ech wollt da froen, ob d'Regierung Kommunikatiounen ze maachen huet?

(Assentiment)

De Premier huet d'Wuert.

3. Communications du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ech hätt zwou Kommunikatiounen Iech matzedeelen. Déi éischt ass och schonn an der Press gewiescht an huet elo kee Lien mat der Kommissioun, mä am Kader vun de Festivitéite vun Nationalfeierdag huet d'Regierung och décidéiert, dem Jean-Claude Juncker den Titel vum Éierestatsminister ze allouéieren. Ech wollt dat och heibanne soen.

An an deem Kontext, wéi Der och scho matgedeelt kritt hutt, mat där Nominatioun vum Här Juncker als Kandidat vum Conseil, deen elo am Europaparlament de 16. d'Vertraue sollt kréien an deem seng ganz Kommissioun dann nach am Oktober datselwecht muss maachen, si mer fir dee Vide, deen elo do war - de Fait, dass d'Madame Reding jo als Europadeputéiert vereedegt gëtt -, si mer zur Iwwerzeegung komm, dass et net gutt wier - och wa verschidde Leit gemengt hunn, et sollt ee kee Kommissär nennen -, si mir der Meenung gewiescht, et wier wichteg, e Kommissär ze nennen.

Et kann net sinn, dass e Stull eidel bleift, well soss géif dat och heeschen, dass et mat manner Leit geet, a virun allem, dass dann d'Lëtzebuerger och nach en eidele Stull hunn; dat ass net gutt. An do huet d'Regierung sech och op d'Kandidatur vun der Madame Martine Reicherts gëeenegt an déi ass dann och proposéiert ginn. An de Courrier ass och gëschter erausgaangen un den Här Barroso an un de Conseil.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Statsminister. Keng zousätzlech Matdeelungen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

4. Octroi du titre honorifique à un fonctionnaire de l'Administration parlementaire

Da wollt ech d'Chamber informéieren, dass opgrond vun enger Décisioun vum Bureau vun der Chamber an nom Artikel 42 vum Beamtestatut vun der Chamber dem Här Alain Bosseler, Premier huissier dirigeant, deen dëst Joer an déi wuelverdéngt Pensioun geet, den Éierentitel vu senger Fonctioun zouerkannt gouf. Mir wënschen dem Alain, deen en Urgestein vun dësem Haus ass, all Guddes fir déi nei Etapp.

5. Communications

Dann hunn ech folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerte läit hei um Dësch.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung an der Chamber deponéiert goufen, ass un d'Fraktioune verdeelt ginn.

3) Eng Lëscht mat de Petitiounen, déi de 26. Juni fir d'Éischt vun der Petitiounskommissioun an du vun der Conférence des Présidents als recevabel erkläert gi sinn, ass de Fraktiounen zougestallt ginn.

4) Dann huet d'Commission juridique eng Sous-commission «Modernisation du droit luxembourgeois des sociétés» an d'Liewe geruff, déi sech wéi folgt zesummesetzt: den Här Léon Gloden, den Här Franz Fayot, den Här Guy Arendt, d'Madame Viviane Loschetter an den Här Roy Reding. A wann ech mech net iren, ass den Här Franz Fayot President vun där Sous-Kommissioun.

5) Dann hunn d'Commission de l'Environnement an d'Kommissioun vum Développement durable eng Sous-commission «chargée de la préparation du débat d'orientation avec rapport sur l'orientation politique ainsi que le cadre d'action en matière de climat et d'énergie» agesat. Si setzt sech aus deenen Häre Marco Schank, Félix Eischen, Eugène Berger, Max Hahn, Frank Arndt, Roger Negri, Claude Adam, Henri Kox, Justin Turpel a Fernand Kartheiser zesummen. An den Henri Kox iwwerhélt d'Presidentschaft vun där Sous-Kommissioun.

Communications du Président - séance publique du 2 juillet 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et les projets de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6700** - Projet de loi portant approbation de l'amendement au Protocole de Kyoto à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques, adopté à Doha le 8 décembre 2012*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 24.06.2014

***6701** - Projet de règlement grand-ducal relatif à la prolongation de la participation du Luxembourg à la mission civile de l'Union européenne «EUCAP Sahel Niger»*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 27.06.2014

***6702** - Projet de règlement grand-ducal relatif à la prolongation de la participation du Luxembourg à la mission «État de droit» menée par l'Union européenne au Kosovo (EULEX KOSOVO)*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 27.06.2014

***6703** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective*

Dépôt: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 01.07.2014

3) Les pétitions publiques suivantes ont été déclarées recevables en date du 26 juin 2014:

*Pétition publique n°**379** - Et gëtt eng Alternativ! Remboursement intégral des médicaments homéopathiques*

Dépôt: 27.05.2014

*Pétition publique n°**397** - Lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des enfants, ainsi que la pédopornographie*

Dépôt: 13.06.2014

*Pétition publique n°**398** - Fir d'Trennung vu Kierch a Stat - Pour la séparation de l'Église et de l'État*

Dépôt: 13.06.2014

4) La Commission juridique a constitué une Sous-commission «Modernisation du droit luxembourgeois des sociétés» composée de M. Léon Gloden, M. Franz Fayot, M. Guy Arendt, Mme Viviane Loschetter et M. Roy Reding.

5) La Commission de l'Environnement et la Commission du Développement durable ont constitué une Sous-commission «chargée de la préparation du débat d'orientation avec rapport sur l'orientation politique ainsi que le cadre d'action en matière de climat et d'énergie» composée de MM. Marco Schank, Félix Eischen, Eugène Berger, Max Hahn, Frank Arndt, Roger Negri, Claude Adam, Henri Kox, Justin Turpel et Fernand Kartheiser.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

Wann d'Chamber do dermat d'accord ass, dann ass dat esou?

(Assentiment)

Dann ass et esou. Merci.

6. 6698 - Proposition de loi

1. modifiant la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. autorisant la création par les communes de classes spécialisées d'accueil pour enfants nouvellement installés au pays

Déclaration de recevabilité

Dann huet an hirer Réunioun vum 26. Juni d'Presidentekonferenz sech fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6698 iwwert den Enseignement fondamental an d'Schafe vu Klasse fir Kanner, déi nei an d'Land kommen, ausgeschwat. Déi Proposition de loi gouf de 17. Juni vum Här Fernand Kartheiser deponéiert.

Schléisst d'Chamber sech där Décisioun oder Propositioun un?

Une voix.- Jo.

M. le Président.- Dann ass dat esou décidéiert.

(La proposition de loi 6698 est renvoyée à la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.)

7. 6699 - Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur l'ouverture du mariage et de l'adoption aux couples de même sexe

Déclaration de recevabilité

An därselwechter Réunioun huet sech d'Presidentekonferenz och fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6699 iwwert d'Organisatioun vun engem Referendum iwwert d'Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Koppelen ausgeschwat. Déi Proposition de loi, ouni Rücksicht op elo dat, wat um legislative Plang geschitt ass, gouf de 17. Juni vum Fernand Kartheiser deponéiert.

Schléisst d'Chamber sech där doter Propositioun un?

(Assentiment)

Dann ass och dat esou décidéiert.

(La proposition de loi 6699 est renvoyée à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)

8. Ordre du jour

Den Ordre du jour, deen d'Presidentekonferenz virgeschloen huet, fannt Der an Ärem Dossier.

Mir fänken haut u mat der Froestonn an dann, aus Rücksicht op den Terminkalenner vun deenen eenzelne Regierungsmemberen, hu mer am Accord mat der Presidentekonferenz eng aner Gruppéierung vun de Projete gemaach; wat awer näischt un der Aarbecht vun der Chamber ännert.

Ass d'Chamber mat där proposéierter Formel vun dem Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou a mir fänke mat enger Froestonn un d'Regierung un. Wéi Der wësst, ass déi Froestonn geméiss Artikel 83 vum Chambersreglement, dat reglementéiert: De Froesteller huet zwou Minutten Zäit an d'Regierung véier Minutten Zäit, fir dorop ze äntwerten. Ech wäert och drop oppassen, dass déi Zäit genee respektéiert gëtt.

Déi éischt Fro riicht sech un de Minister vum Développement durable a kënnt vum Här Edy Mertens, an et geet ëm de Führerschäi fir d'Mataarbechter respektiv d'Agente vun den Hëllefsdéngschter. Den honorabelen Här Mertens huet d'Wuert.

9. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°50 du 30 juin 2014 de M. Edy Mertens relative au permis de conduire spécifique pour les agents des services de secours, les autorisant à conduire, sans être titulaire du permis de conduire «poids lourds», un véhicule automoteur d'une masse maximale autorisée excédant 3.500 kg, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Edy Mertens *(DP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bon, ech hätt eng Fro un den Nohaltegkeetsminister betreffend de Führerschäin, pardon, un den Här Innenminister betreffend de Führerschäi vun eisen Ambulancieren. Ech hu ganz vill Kontakt mat hinnen als Landdokter a si hu mech deslescht op dee Problem higewisen.

Et ass nämlech esou, datt hei am Land en Ambulancier ka mat engem normalen Autosführerschäin eng Ambulanz steieren, och wa se iwwer 3.500 Kilo weit, wat ganz schnell de Fall ass och, hunn ech mer soe gelooss, bei deenen neien Ambulanzen, déi mer kréien. Ech mengen, mäi Kolleeg Max Hahn weess, vu wat datt ech do schwätzen.

Et ass esou, datt eng Dispositioun hei am Land besteet, si kënnen hei am Land domat fueren. Mä si hu mer d'Fro gestallt, wéi ass dat elo, wa se an d'Ausland fueren. A bei mir do uewen ass dat dach awer ëfters de Fall, datt nämlech d'Patienten drop halen, op Sankt Vith oder op Baaschtnech gefouert ze ginn. An déi Ambulancieren hunn Ängscht, datt hire Führerschäin do net valabel wier. An ech wéisst gären, wéi dat wier an, wann et esou ass, wat den Här Minister gedenkt ze maachen, fir déi Situatioun ze klären.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Si war zwar un den Här Nohaltegkeetsminister geriicht, mä...

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, mä...

M. le Président.- D'Regierung huet sech...

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- ...d'Kompetenz vun den Ambulanciere läit beim Innenminister.

M. le Président.- Voilà. An et ass den Innenminister, deen dorop wäert äntwerten. Den Här Dan Kersch huet d'Wuert.

M. Dan Kersch, *Ministre de l'Intérieur.*- Merci, Här President. Effektiv, déi Problematik, déi hei ugeschwat gëtt, ass d'Problematik vum Gewiicht vun eisen Asazween insgesamt. An et ass effektiv esou, dass d'Leergewiicht eleng scho vun den Ambulanzen am Moment op 3,2 t kann eropgoen. An dat bréngt dann d'Problematik mat sech, dass effektiv dat méi wéi 3.500 kg sinn, wann dat besat ass. Ëmsou méi, wann och nach zousätzlecht Material vun de SAMUe muss matgefouert ginn. An dofir ass schonn d'lescht Joer e Règlement grand-ducal geholl ginn, deen de Code de la Route ofännert an deem Sënn, dass déi Leit, déi fir d'Protection civile aktiv sinn, wa se eng extra Genehmegung vum Intérieur hunn, kënnen da Gefierer fueren, déi bis 4,25 t ginn.

Ech muss allerdéngs soen, dass dat richteg ass, dass déi Genehmegung selbstverständlech nëmmen op den Territoire vum Grand-Duché reduzéiert ass, dass mer also d'Problematik hunn, dass, wann déi Gefierer an d'Ausland ginn, mer effektiv dee Problem kéinte kréien, deen den Här Mertens hei opgeworf huet. An dofir si mer amgaangen, souwuel mat der Belsch wéi och mat Frankräich an och mat Däitschland bilateral Accorden ze fannen, fir dass et vice versa méiglech ass, dann déi Asazween ze gebrauchen, och wa se déi 3,5 t géifen iwwerschreiden.

Ech wollt vläicht soen, dass den Accord, wat d'Belsch ugeet, souwäit ënnerschrëftsräif ass, dass mer awer just nach drop waarden, dass déi nei belsch Regierung en place ass, fir dat da kënnen ze maachen.

Mir sinn och mat de Fransouse scho relativ wäit virukomm. D'Concertatioune si scho geschitt an et ass eis Ambitioun, nach dëst Joer zu engem Accord ze kommen.

Den Thema ass och ugeschnidde gi bei Geleeënheet vun der Ministerkonferenz tëschent der Lëtzebuerger Regierung an der Regierung vu Rheinland-Pfalz, an do ass festgehale ginn, dass dat net kann um Niveau vun de Länner geregelt ginn, mä dass mer dat mussen um Niveau vum Bund maachen. An och do sinn déi éischt Consultatioune scho geholl ginn, soudass ech mengen, dass mer déi Problematik do erkannt hunn an dass mer och esou séier wéi méiglech wäerte Remedur schafen.

M. le Président.- Merci dem Här Innenminister. Déi nächst Fro, dat ass d'Fro N°51, kënnt vum Här Marc Spautz a riicht sech un d'Famillejeministesch a betrëfft de Regime vun de Familljenzoulagen. Den Här Spautz huet d'Wuert.

- Question n°51 du 2 juillet 2014 de M. Marc Spautz relative aux futures orientations au niveau du système d'allocations familiales au Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

M. Marc Spautz *(CSV).*- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, meng Fro geet an déi Richtung: D'Madame Familljeminister hat mer am Januar geäntwert, dass am Laf vum Joer gegebenenfalls Ännerunge géifen un de Familljenzoulage virgeholl ginn. D'Regierung ass amgaangen, de Budget ze ficeléiere fir d'Budgetsjoer 2015, soudass ech dovun ausginn, dass da schonn d'Décisioun gefall ass, ob eppes geschitt un de Familljenzoulagen oder net.

Dofir ass meng Fro: Gëtt eppes geännert fir d'Budgetsjoer 2015?

Dat huet jo Relatioune mam Statsbudget. Dat huet awer och Relatioune mam Privatbudget vun de Leit doheem, fir dass si och wëssen, wat am Joer 2015 op se zoukënnt, a gegebenenfalls och op de kommunale Budget, well deemno, wat jo dann déi nei Propositioun wier, misste jo och d'Gemenge Bescheed wëssen, fir 2015 deementspriechend hir Budgete kënnen opzestellen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Spautz. An d'Wuert huet d'Familljeministesch, d'Madame Corinne Cahen.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, ech soen dem honorabelen Deputéierte Marc Spautz villmools Merci fir d'Fro. Dir frot mech e bëssen iwwert den Timing, an Dir hutt richteg gesot, ech sot „am Laf vum Joer", a mir sinn och amgaangen, am Moment drun ze schaffen.

Ech erlabe mer awer, vun der Geleeënheet ze profitéieren, well ech jo e bëssen Zäit hunn, fir nach eng Kéier ze insistéieren, op wat mer elo schaffen a wéi mer am Moment am Fong geholl virginn. Mir wëllen op kee Fall d'Liewensaart a -weis vun de Leit jugéieren oder och a Fro stellen. Mir sinn der Meenung, dass jiddweree soll kënnen a muss liewen, wéi e wëllt, an och virun allem säi Familljeliewen a seng Kanner esou soll kënnen organiséieren, wéi en dat virhuet. Et steet eis op jidde Fall net zou ze jugéieren. A mir respektéieren do och all Choix an dësem Kontext.

Et ass awer natierlech esou, dass déi dräi Partner am Koalitiounsaccord festgehalen hunn, dass mer fir d'Zukunft eng aner Politik hei am Land wëlle maachen. Dëst ass och wuel néideg. Mir hunn national an awer och op europäeschem Plang, zum Beispill, ons engagéiert, fir d'Zuel vun de Fraen um Aarbechtsmarché ze erhéijen. Mir hunn ons verflicht, fir d'Chancëgläichheet ze förderen. An d'Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra, dat heescht och, finanziell onofhängeg vum Partner ze sinn, sech sozialverséchert ze hunn an deemno och natierlech, a mir schwätzen dacks driwwer, spéiderhin och eege Pensiounsrechter ze hunn. Dat ass zum Beispill eppes, wat mer an deene ganzen Diskussiounen hei berücksichtegen.

Do dernieft wëlle mer awer och virun allem an dësen Diskussiounen d'Startchancë fir d'Kanner berücksichtegen am Liewen. All Kand ass gläich. A mir mussen eben derfir suergen, dass weder d'Nationalitéit nach de sozialen Hannergrond ausschlaggebend sinn dofir, ob e Kand an Zukunft méi Chancen huet oder net.

Mir stellen awer och fest, dass mer eis op där enger Säit déi Ziler do ginn hunn, op där anerer Säit awer d'Objektiver de Moment op jidde Fall nach net erfëllen. An der Schoul op jidde Fall diktéiere leider de sozialen Hannergrond respektiv d'Nationalitéit nach ëmmer ze dacks d'Réussite oder den Échec vun de Kanner. A genee dat veranlasst eis dozou, eis Politik aus de vergaangene Joren, déi ech hei wierklech net beuerteelen oder bewäerte wëll, ze iwwerschaffen a se eben un d'Ziler unzepassen, déi mer eis haut als Gesellschaft ginn, an eben och, fir de Besoine vun de Leit - an alle Leit - an de Familljen a virun allem de Kanner wëlle gerecht ze ginn.

Bon, mir sinn, wéi gesot, amgaangen ze kucken tëschent de Ministèren, net nëmmen um Familljeministère, mä och um Niveau Kannergeld, mä awer och an der Logementspolitik, an der Schoulpolitik, an dann an enger zweeter Phas dann och um Niveau vun de Steieren, fir eng ganzheetlech Politik ze maachen, eng ganzheetlech Approche ze kréie par rapport zu de Kanner an zu de Familljen.

Mir kucken eben d'Kannergeld net isoléiert, mä am Zesummespill mat Leeschtungen, déi mer op anere Plaze ginn. An dat Ganzt ebe mam Zil, dass d'Kanner an d'Familljе solle gestäerkt ginn. Dat heescht, d'Kanneraarmut wëlle mer systematesch bekämpfen op all Niveau an d'Startchancen an d'Liewe wëlle mer wierklech verbesseren.

Bon, déi Diskussioune sinn, wéi gesot, nach voll amgaangen tëschent eise Ministèren. Dofir dann e Wuert zur Method an zum Timing. Ech hu vun Ufank un den Dialog mat de Sozialpartner gesicht a wäert dat och an Zukunft wëllen esou maachen. D'Zil ass et natierlech, am Intérêt vum Land, vun de Leit a virun allem awer vun de Kanner déi beschtméiglech Politik fir d'Zukunft ze maachen.

Soubal mer zu ofschléissende Konklusioune komm sinn, wäert ech natierlech och d'Chamber doriwwer informéieren. An ech wier och frou, wa mer hei am Haus dann och eng Diskussioun kéinten doriwwer féieren.

Wéi gesot, déi ganzheetlech Approche ass eis wierklech wichteg, déi ass méi wichteg wéi den Timing. Mä mir schaffen äifreg drun. An ech sinn am Fong confiante, dass mer awer dann dat iergendwann eng Kéier méi prezis kënne matdeelen. Dëst Joer dauert bis den 31. Dezember, dofir hunn ech jo dann nach e bëssen Zäit.

Merci.

M. le Président.- Merci och der Familljeministesch. Mir kommen dann elo zur Fro N°52, an déi kënnt vum Här Franz Fayot a betrëfft d'Recherche- an d'Développements-Aarbecht an eise Betriber. Den Här Franz Fayot huet d'Wuert. An ech géif och bieden, dem Riedner nozelauschteren.

- Question n°52 du 2 juillet 2014 de M. Franz Fayot relative à la forte diminution de l'intensité de R&D des entreprises en 2012 constatée par la Commission européenne dans le cadre de son évaluation du Programme national de réforme 2014 (cf. document COM(2014) 417), adressée à M. le Ministre de l'Économie

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Et ass eng Fro, déi sech un den Här Wirtschaftsminister riicht. Am Kader vun hire Recommandatiounen am Kontext vum Programme national de réforme huet d'Europäesch Kommissioun Ufank Juni folgende Constat gemaach, dee gemaach ginn ass am Kontext vun der Kompetitivitéit vum Land a méi spezifesch, wat Recherche & Développement ugeet zu Lëtzebuerg, an do seet d'Kommissioun an hirer Virlag fir de Conseil, an ech zitéieren:

«Le quadruplement de l'intensité de R&D du secteur public depuis 2000 reflète la volonté de renforcer la capacité de recherche publique, mais le Luxembourg n'est pas en bonne voie de réaliser son objectif d'intensité de R&D pour 2020, fixé à 2,3-2,6% du PIB, étant donné la forte diminution de l'intensité de R&D des entreprises (qui a chuté de 1,53% du PIB en 2000 à 1% en 2012). Les résultats du Luxembourg en ce qui concerne les indicateurs de coopération entre organismes de recherche publics et entreprises devraient être encore améliorés. La réforme entamée en 2013 sur le renforcement des pôles d'innovation doit être poursuivie.»

Baséierend op deem Constat hätt ech e puer einfach Froen: Engersäits, wéi erkläert sech de Wirtschaftsminister de Réckgang vun der Recherche am Secteur privé an déi mangelhaft Kooperatioun, déi ugeprangert gëtt vun den europäeschen Autoritéiten, tëschent Recherche publique an Entreprisen engersäits?

Zweetens, handelt et sech der Regierung no ëm e laangfristegen Trend oder ass dëse Phenomeen reng krisebedéngt?

A schlussendlech, wat fir eng Initiative sinn ugeduecht, fir dës Situatioun ze verbesseren?

Ech soen Iech elo scho Merci fir d'Äntwerten.

M. le Président.- Merci och dem Här Fayot. D'Wuert huet de Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op d'Fro vum honorabelen Deputéierte Fayot, wëll ech fir d'Alleréischt emol virausschécken, dass d'Dépensë vun der Recherche & Développement ganz oft zyklesch verlafen, och mat der Croissance an engem Land, dat heescht mam Räichtum, dee verdéngt ka ginn och an den Entreprisen.

Et ass esou, dass d'Kris, déi mer kennen zënter deene leschte fënnef Joer, natierlech och dozou gefouert huet, dass speziell am private Beräich, bei der privater Recherche d'Dépensen an den Entreprisen erofgaange sinn. Dat gëllt als generell Remarque. An dat erkläert och, dass den Taux sech eigentlech de Moment ëm 1,5% vum PIB beleeft, woubäi mer en Zil eis ginn hunn, fir en Taux vu Recherche publique a privée ze hu vun zwëschen 2,3% an 2,6% vum PIB bis d'Joer 2020.

Et ass awer esou, dass an deemselwechten Zäitraum d'Recherche publique weider an d'Luucht gaangen ass, dat zum engen duerch d'Uni, d'Uni Lëtzebuerg, déi eng ganz Rei Fuerschungsprojeten huet, zum aneren duerch déi verschidde Centres de recherche publics, wou Der wësst, dass mer viru Kuerzem och eng Reform gemaach hunn, wat d'Centres de recherche publics ugeet, dass déi méi enk zesummeschaffen, dass déi méi effikass zesummeschaffen. Et ass esou de Moment, dass mir e Ratio hu vun engem Drëttel Recherche publique an zwee Drëttel Recherche privée.

Paradox un deene Statistiken, déi eigentlech no ënne weisen, ass awer, dass d'Recherche privée a Chiffres absolus an de leschte Joren an d'Luucht gaangen ass. Dat heescht, mir haten 2010 ronn 400 Milliounen Euro, déi an d'Recherche privée investéiert gi sinn. 2011 waren et 416 Milliounen Euro an 2012 442 Milliounen Euro. Et ass awer och esou, dass, wann een dee Chiffre absolu vergläicht mam PIB, dann ass et eng liicht Décroissance, wann een dat prozentual zum PIB rechent, well de PIB an därselwechter Period e bësse besser geklommen ass oder méi schnell geklommen ass, wéi d'Ausgaben an der Recherche geklomme sinn.

Ech wëll Iech awer och hei den Detail gi vun der Recherche am Beräich vun der Industrie, well dat awer ëmmer e Sujet ass, deen interessant ass. Och hei ginn d'Chifferen an d'Luucht: 2010 182 Milliounen, 2011 193 Milliounen an 2012 212 Milliounen Euro.

Et ass awer esou, dass an engem Beräich speziell d'Recherche privée erofgaangen ass, an dat ass dee vun den Entreprises de services. Dat si ganz oft Banken. Am Kader vun deenen hire Spuermoossnamen, am Kader och vu Fusioune vu Banken, am Kader vu Retraitë vun der Lëtzebuerger Finanzplaz ass dee Montant erofgaangen. An dat erkläert eigentlech, dass mer bei deenen 1,5% generell vum PIB de Moment hänke bleiwen an dass mer do nach mussen en Effort vu ronn 1% maachen, fir 2020 och eis Ziler ze erreechen.

Vläicht just fir Iech ze soen: An där Period vun 2008 bis 2012 hu mer insgesamt 298 RDI-Projeten ënnerstëtzt. Dat waren Investissementer vu ronn 502 Milliounen Euro, mat Subsiden, déi mir ginn hu vu ronn 179 Milliounen Euro. Eleng fir d'Joer 2003 (veuillez lire: 2013), an dat, mengen ech, ass dee positiven Effet, hu mer e Rekordjoer vun Dossieren, déi erageereecht gi sinn, 111 Dossieren eleng an deem Joer mat Investitioune vun 228 Milliounen Euro.

An do derbäi kommen nach Investitiounen an eisem neie Régime de jeunes entreprises innovantes, wou mer also neie jonken Entreprisen, Start-upen etc. hëllefen, hir Rechercheprojeten ze stäipen. Do sinn nach 40 zousätzlech Projeten derbäikomm mat engem Volume vun 18,6 Milliounen Euro. Dat heescht, wéi mer décidéiert hunn, dee Régime vun de jeunes Entreprises innovantes anzeféieren, dass dat definitiv Abnehmer fënnt an dass dat positiv ass fir den Développement vun der Ekonomie.

En conclusion kann ee soen, dass zënter dem leschte Joer d'Tendenz erëm drastesch no uewen ass, wat eis Recherchedépensen ugeet, an dass mir eis als Regierung d'Zil ginn hunn, d'Recherche publique an d'Recherche privée vill méi enk mateneen ze verbannen, an dass och déi Suen, déi mer fir d'Recherche publique ausginn, och Retombées économiques kënnen op d'Lëtzebuerger Land hunn. Dat sinn eng Rei Pisten, déi mer diskutéieren am Haut Comité pour l'industrie, an déi wäerte mer och weider verfollegen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Wirtschaftsminister. Déi nächst Fro kënnt vum Här Fernand Kartheiser an et geet ëm d'Onofhängegkeet vum Pouvoir judiciaire. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

- Question n°53 du 2 juillet 2014 de M. Fernand Kartheiser relative à l'indépendance du pouvoir judiciaire, adressée à M. le Ministre de la Justice

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, villmools Merci. Déi Fro adresséiert sech un den Här Justizminister a bezitt sech op e ganz wichtege Pilier bei der Onofhängegkeet vun der Justiz. Dat ass de Prinzip vun der Inamovibilité des juges, datt e Riichter net ka géint säi Wëllen op eng aner Plaz versat ginn. Dat ass jo ganz wichteg, fir ebe seng Onofhängegkeet ze garantéieren, datt en net kann iergendengem Drock ausgesat ginn.

Dee Prinzip ass och an enger ganzer Rei vun internationalen Instrumenter festgehalen. Mir haten hei an der Chamber, wéi mer doriwwer diskutéiert haten zejoert, ënner anerem d'Charte européenne sur le statut des juges zitéiert. Et gëtt och bei der UNO d'Principes fondamentaux relatifs à l'indépendance de la magistrature. Also, et gëtt eng Rei international Texter, déi op deen do Prinzip insistéieren.

Wou ass elo de Problem? Mir hunn hei zu Lëtzebuerg dat Gesetz vum 7. Juni 2012 iwwert d'Attachés de justice, wat u sech dee Prinzip zum Deel a Fro stellt. Mir woren eis däers och bewosst, wéi mer hei dat Gesetz diskutéiert haten. A mir haten eng Motioun hei ugeholl an der Chamber, déi ënner anerem och vun deene Gréngen a vun der ADR ënnerschriwwe gi war an déi gesot huet, mir sollten deen do Prinzip no engem Joer kucken. Mir sollten emol e Bilan maachen a mir sollten - wahrscheinlech war dat jo och domadder verbonnen - déi Iddi fir e kohärente System do erëm hierstellen, deen eben dee Prinzip vun der Netversetzbarkeet vun de Riichter erëm géif stäerken.

D'Fro ass also: Ass iwwerhaapt déi Dispositioun an deem Gesetz, déi mer deemools geholl haten, nach néideg? Wëllt d'Regierung eis e Bilan gi vun där doter Situatioun? A wéi kënne mer et maachen, fir erëm konform zu internationalen Texter ze sinn, sou datt d'Onofhängegkeet vun der Justiz besser garantéiert ass doduerch, datt d'Riichter net kënne géint hire Wëlle versat ginn?

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet de Justizminister, den Här Félix Braz.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech wëll, ier ech op dem honorabelen Här Kartheiser seng Fro aginn, awer just och de Wonsch äusseren, dass ech kéint, wéi meng Kolleegen och, wann eng Heure de questions ass, am Libellé vun der Fro ganz e bësse méi Informatioune kréie wéi «indépendance du pouvoir judiciaire». Dat ass, wéi wann Der géift schreiwen, Dir hätt eng Fro u mech am Beräich vun der Justiz. Da weess ech genausou vill, wat Der wëlles hutt. Also, ech äntwerte gären op d'Fro, mä ech wär wierklech frou, wann ech awer ganz e bësse méi kéint am Intitulé dran hunn, fir dass ee weess, ëm wat dass et geet, da kann een d'Äntwert och besser kalibréieren.

Just zwou Remarquen dozou. Dir verweist op déi Motioun, déi deemools gestëmmt gi war. Ech soen Iech Merci fir de Rappel, well dee Bilan ass an där Form, wéi en an der Motioun énoncéiert ginn ass, net gemaach ginn. An ech wäert dann Är Fro als Ulass huelen, fir genau dat ze maachen, wat an där Motioun gesot ginn ass, well déi Motioun, déi war pertinent. Zu Recht hu mer gesot, mir sollten dat bilanzéieren. Dat ass bis haut net geschitt, an ech wäert dat doten als Ophänkert huelen.

Ech wëll awer nach eng zweet Remarque maachen. De Prinzip vun der Inamovibilitéit, dee steet jo och zu Lëtzebuerg an der Verfassung am Artikel 91, an et gëtt eng Diskussioun doriwwer och, wéi een dat am Gesetz iwwert d'Organisation judiciaire soll interpretéieren. Och do gouf et jo eng Diskussioun an der Commission juridique nach virun de Wahlen, wou sech eigentlech e Konsens dégagéiert hat, fir engem spezifesche Wonsch vum Groupement des Magistrats Rechnung ze droen. Deem ass allerdéngs net an deenen Délaie Rechnung gedroe ginn, déi de Groupement des Magistrats gefrot huet.

Et gouf och do eng Proposition de loi, déi an der Chamber läit a vun der Chamber muss virubruecht ginn. Dat ass net dem Justizminister säi Rôle, fir déi Proposition de loi, och wann e selwer als Deputéierten Auteur dovunner war, virunzebréngen. Déi läit eendeiteg elo bei der Chamber. Ech hale se nach ëmmer fir pertinent, well et en Engagement vun der Chamber gouf, och wann et divergent Interpretatioune gëtt.

De President vum Groupement, dee seet ganz kloer, et sollt a kengem Beräich kënnen en Déplacement ginn ouni den Accord vum betraffene Magistrat. Deem géintiwwer seet de Procureur général, dass een en Ënnerscheed muss maachen tëschent engem Déplacement, dee gedeckt ass duerch d'Inamovibilitéit, oder enger Délégation à caractère temporaire, bei där senger Meenung no den Accord vum Magistrat net verlaangt wier.

D'Chamber hat sech dozou geäussert. Ech suivéieren natierlech mat Intérêt, wéi déi Diskussioun an der Chamber weidergeet op deem dote Punkt. A fir de Rescht wäert ech déi Motioun gären opgräifen, fir dee Bilan, dee mer eis hei engagéiert haten ze maachen, och als Regierung elo ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Justizminister. Déi nächst Fro kënnt vum Deputéierten Henri Kox a betrëfft e Kadaster fir d'Biotopen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°54 du 1er juillet 2014 de M. Henri Kox relative à la biodiversité et le cadastre des biotopes, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Jo, Merci. Effektiv geet et ëm d'Biodiversitéit hei am Lëtzebuerger Land. Dir wësst, dass et net grad ganz gutt bestallt ass ëm d'Biodiversitéit, fir net ze soen, relativ schlecht bestallt ass. Dofir ass d'Ministesch jo amgaang, an Zesummenaarbecht mat der Landwirschaft konkret Schrëtt an d'Wee ze leeden. Mir wollten awer hei vläicht méi kloer Detailer nach eng Kéier vun hir wëssen.

Dofir hunn ech ganz konkret véier Froen u si. Dat ass éischtens: Wéi ass dann elo effektiv d'Situatioun hei am Land? Wéi ass se an der EU? Wéi sti mer do am Verglach?

Eng zweet Fro: D'Élaboratioun vun de Biotopkadasteren, wéi geet déi vir sech? A wéi eng Moossname gedenkt den Ëmweltministère, ganz speziell d'Ëmweltministesch, ze ergräifen, fir déi Programmer am Naturschutz ëmzesetzen?

Dann en drëtte Volet, och op Basis vum Koalitiounsvertrag, an deem steet, dass eng enk Zesummenaarbecht mat der Landwirtschaft ugestrieft gëtt: Wéi wäit ginn elo d'Aidë fir d'Landwirtschaft ausgeweit? Oder wéi eng Programmer sinn dofir do, fir an deem Beräich och eng Verbesserung kënnen ze kréien?

An dann de véierte Volet, deen, mengen ech, och gradesou wichteg ass. De Moment sinn d'Biotopkadasteren um Internet ze fannen. Wéi eng weider Informatiounscampagnë si vun der Ministesch geplangt a wéi gëtt de grand Public da fir déi Problematik sensibiliséiert?

Ech soe Merci fir d'Äntwerten.

M. le Président.- Merci och dem Här Kox. D'Wuert huet d'Ëmweltministesch, d'Madame Carole Dieschbourg.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Villmools Merci, Här Kox, fir dës Froen. Et ass esou, dass déi Froe vill gestallt ginn. Mir hate se virun zéng Minutten nach an der Chamberskommissioun, an et sinn och vill Baueren, déi sech Froen zu dem Biotopkadaster stellen.

Vläicht awer fir d'Éischt dräi, véier Wuert, firwat mer dat iwwerhaapt maachen. Et ass einfach net gutt - an dat huet den Henri Kox och scho gesot - ëm d'Biodiversitéit an Europa, awer och virun allem zu Lëtzebuerg bestallt. Mir sinn immens zersiedelt an den Zoustand vun eiser Aartevillfalt ass net gutt. An dat geet eben och aus eise Rapporten ervir, déi mer d'lescht Joer op Bréissel geschéckt hunn.

Mir sinn alertéiert, well mer - och wa mer eis mat anere Länner vergläichen an Europa - schlecht dostinn. D'Halschent vun de Biotopen a vun den Déieren- an de Planzenaarte sinn an engem schlechten Zoustand, laut dem Rapport. Bei de Bongerte gesi mer e Réckgank an de leschte Jore vu 50%. Fiichtgebidder: minus 80%. Besonnesch betraff sinn, wa mer vu Biotope schwätzen, déi blummeräich Méiwisen am Oppeland an d'Fiichtgebidder sinn och betraff.

E grousse Réckgank verzeechne mer zum Beispill och bei de Vigel - vun 59% -, wou mer gesinn, dass se an engem État non favorable sinn. Dat musse mer dann och mellen. Bei de Päiperleken hu mer zënter 1990 e Réckgank vu 70% a bei den Amphibie gesäit et och net gutt aus.

Dat heescht, mir mussen elo oppassen, an dofir si mer och amgaangen, dat a) ze thematiséieren a b) dann och fir Transparenz ze suergen. Well wa mer wëllen net nëmmen déi Aarte schützen, mä och eisen EU-Direktive gerecht ginn, da musse mer dat natierlecht Gläichgewiicht an eis Ekosystemer erhalen an da musse mer déi Aarten erhalen, well si hunn och eng ekonomesch Valeur, eng Valeur, andeem se zum Beispill och de Baueren hëllefen, dass hir Planzen iwwerhaapt kënne bestäubt ginn. Mir brauchen deen Ekosystem; mir brauchen e gesonde Buedem, an dofir maache mer et. An dofir hu mer eben och dee Biotopkadaster de 17. Mäerz online gestallt.

De Biotopkadaster, deen hei ugeschwat ginn ass, deen ass an Zesummenaarbecht mat der Landwirtschaft erstallt ginn tëschent 2007 an 2012 an en ass kartéiert ginn, an zwar vun agrééierten Experten, déi landeswäit déiselwecht Virlag haten. Dat war e Formulaire, deen ausgefëllt ginn ass, dat heescht, op enger Basis ass dat Ganzt erstallt ginn. An dat ass eben elo dëst Joer online gestallt ginn.

Et huet jo och nach missen an Tëschenzäit adaptéiert ginn an dann eben op de Géoportail op d'Kaarten dropkommen. Sou dass et haut, an dat geet an de Beräich vun der Informatioun, fir jiddereen u sech um Géoportail siichtbar ass. Well een awer net nëmmen am Kader vun der Transparenz ka soen: Do hu mer elo Biotopen, do hu mer elo dat, wat laut dem Naturschutzgesetz vun 1982 an awer och laut

deem haut gëltegen Naturschutzgesetz vun 2004 am Artikel 17 geschützt ass - déi wäertvoll Liewensraim -, well mer also net nëmme kënne soen, do si se elo, hu mer de Baueren och nach e Leitfaden, wat e Berodungsinstrument ass, matginn. E Berodungsinstrument: Wat maachen ech mat wéi enger Zort Biotop? Sou vill dozou.

Ech denken, dass mer, wa mer vun de Biotope schwätzen, net sollten an eng Polemik erakommen. Biotope sinn nëmmen 3,6% vun der landwirtschaftlecher Notzfläch. Dat si vu landwirtschaftlech genotzter Fläch nëmme 4.600 ha. Dat ass wierklech nëmmen e ganz klenge Prozentsaz.

De Biotopkadaster mam Leitfaden zesumme sinn och an Zesummenaarbecht mat der Landwirtschaft erstallt ginn. Am Kader vun der Élaboratioun vum Leitfaden sinn och 30 Betriber ausgewielt gewiescht aus dem landwirtschaftleche Beräich; déi hunn och hiren Avis am Virfeld eng Kéier ofginn. A mëttlerweil hu mer eng Versioun um Internet stoen, déi jidderee sech kann eroflueden, déi och wierklech adaptéiert ass, dass d'Baueren och gutt kënnen dermat schaffen.

Zu dësem Thema offen Informatioun: Mir hunn u sech...

M. le Président.- Madame Minister!

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Jo.

M. le Président.- Dir misst zum Schluss kommen.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Ech misst zum Schluss kommen.

M. le Président.- Dir sidd schonn iwwert déi véier Minutten eraus.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Okay. Da soen ech Iech kuerz, wat mer virhunn.

(Hilarité)

Dëse ganze Weekend si mer op der Foire agricole mat eiser Natur- a Bëschverwaltung. Mir stinn de Bauere Ried an Äntwert, wou hir Biotope sinn a wat een haut nach kann op deene Fläche Sënnvolles maachen, fir dass mer déi och erhalen. Da ginn d'Baueren nach eng Kéier eenzel ugeschriwwen, wou se hir eenzel Parzellen drop hunn a wou se och de Leitfaden kréien. An da gi mer och nach eng Kéier an d'Landwirtschaftskammer a fir de Rescht ruffen ech d'Leit op, dass se wierklech gären eng Kéier kënnen op eisen Internetsite kucke goen. En ass fir jidderee siichtbar.

Merci.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Merci.

M. le Président.- Merci, mam Wonsch, dass d'nächste Kéier och e Kadaster gemaach gëtt vun deenen eenzelne Kapitele vun der Äntwert.

(Hilarité)

Merci der Madame Ëmweltministesch. Déi nächst Fro kënnt vun der Madame Nancy Arendt an dréit sech ëm d'Qualifikatioun vun de Surveillantë bei Waasserspiller oder -sportaarte während de Schoulvakanzen.

Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°55 du 2 juillet 2014 de Mme Nancy Arendt relative aux qualifications requises pour la surveillance des activités balnéaires pendant les vacances scolaires adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Merci, Här President.

Wéi kéint et och anescht sinn? D'Period vun de Vakanze kënnt ëmmer méi no a flott Aktivitéiten, fir d'Kanner während der schoulfräier Zäit ze betreien, ginn ëmmer méi heefeg organiséiert. Oft ginn dës Reesen am waarme Summerwieder bei d'Waasser, also bei d'Mier, bei Séien, bei Flëss, bei Baachen, bei Weieren, also op Plazen, déi net ëmmer vu Schwammmeeschteren iwwerwaacht ginn, fir d'Sécherheet ze garantéieren.

Déi Leit, déi hei d'Kanner an de Vakanzekolonië betreien, encadréieren, leeschte mat Sécherheet eng ganz gutt Aarbecht. D'Fro stellt sech awer, ob et net vu Virdeel wär, wann dës Leit en éischte Brevet de sauvetage an der Täsch hätten oder zumindest ee vun hinne brevetéiert wär, am Fall wou e Kand am Waasser an Nout géif geroden.

Déi nämlecht Fro stellt sech iwwregens och fir d'Schoulpersonal, dat och keen esou e Brevet obligatoresch muss hunn, wann et an eng Vakanz mat de Kanner fiert. Mir kënnen eis all nach un deen dramatesche Virfall erënneren, wou am August 2008 e Jong vun aacht Joer zu Blankenberge erdronk ass. Et ass kloer, datt esou ee Brevet de sauvetage ni eng Garantie gëtt, datt kee Kand méi erdrénkt, mä esou een éischte Brevet zum Beispill, deen eng kuerz Formatioun vermëttelt an deen déi éischt wichteg Mouvementer léiert, fir e Kand aus dem Waasser ze zéien, gradesou wéi, wat een duerno als éischt Hëllef muss maache kënnen, kéint awer den Ënnerscheed maachen tëschent dem Liewen an dem Doud.

Ech weess, datt et ëmmer méi eng grouss Demande vu Leit gëtt, déi op hir eegen Initiativ hi sech un d'Fédération Luxembourgeoise de Natation et de Sauvetage wenden, fir sech ze informéieren a sech brevetéieren ze loossen. Allerdéngs wësse se oft net, wat se vu Brevet maache sollen, an et ass och näischt festgeluecht.

An dësem Kontext wéilt ech den Här Minister froen, ob e sech net schonn iwwerluecht huet, ob et net vläicht besser wär, esou ee Brevet eventuell obligatoresch ze maachen, an, wa jo, wéi ee Brevet den Här Minister géif recommandéiere fir déi Leit, déi regelméisseg Kanner a Vakanzekolonië betreien.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Kemp-Arendt. An d'Wuert huet den Éducatiouns- a Jugendminister, den Här Claude Meisch.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Madame Kemp-Arendt huet mer d'Fro gestallt, wéi mer probéieren, de Maximum vu Sécherheet ze garantéieren, wa Schoulklassen, Jugendgruppen, Kannergruppe bei d'Waasser ginn.

Fir d'Alleréischt emol, datt d'Kanner bei d'Waasser ginn, mengen ech, dat war nach ëmmer esou, et ass haut esou an dat wäert och nach ëmmer esou sinn, do gëtt et eng magesch Unzéiungskraaft, déi mer vläicht net ëmmer verstinn, als Eltere vläicht net méi esou richteg verstinn, mä trotzdeem gesäit een: Waasser a Kanner, dat passt einfach beieneen.

A wann ee kuckt, wéi wäit mer haut, wat d'Surveillance ubelaangt, op eenzelne Plazen awer sinn, op bal deenen allermeeschte Plazen, op jidde Fall all deene Plazen, déi ëffentlech ausgewise sinn, wou ee ka schwamme goen, sief dat op der Plage, sief dat bei eenzelne Séien, sief et natierlech an deene villen ëffentleche Schwämmen, och de Schwämmen, déi ënner fräiem Himmel funktionéieren, déi jo e groussen, grousse Succès hunn, dann ass et do haut surveilléiert. An et gëtt vu qualifizéiertem Personal - vu Schwammmeeschteren - surveilléiert.

Dat war soss net ëmmer de Fall. Well viru Generatiounen ass een einfach esou op de Séi gaangen an et ass ee riicht an d'Waasser gesprongen. Haut hu mer also do emol schonn op jidde Fall eng ganz aner Situatioun, wéi dat soss ëmmer war.

D'Regel fir all déi dote Kategorien, déi ech genannt hunn - Schoulklassen, wéi awer och Jugendgruppen, wéi awer och ganz besonnesch d'Vakanzekolonien -, ass, datt, wann ee schwamme geet, dann dohinner, wou eng Surveillance do ass. Dat heescht, datt net dat Personal, wat den Encadrement vun de Kanner mécht während der Kolonie oder während dem Ausfluch, eleng responsabel ass fir d'Sécherheet.

Sécherlech soll dat deenen och eng Suerg sinn, mä si sollen ëmmer dohinner goen, wou och anert Personal ass, wat qualifizéiert ass, fir am Noutfall kënnen direkt ze intervenéieren, sou datt do op d'mannst déiselwecht Sécherheet ass, wéi wann ech als Papp oder als Mamm mat menge Kanner op déiselwecht Plaz schwamme ginn, wou ech och net onbedéngt selwer kann intervenéieren, mä wou ech awer d'Gewëssheet hunn, datt anert qualifizéiert Personal op der Plaz do ass.

Generell ass et esou, datt mer natierlech eng grouss Suerg hunn - an déi deele mer mat deene Gestionnairen, virun allem och de Gestionnairë vun de Vakanzekolonien, déi och regelméisseg bei d'Waasser, haaptsächlech bei d'Mier, ginn -, datt déi Animateuren, déi do matginn, eng héich Formatioun hunn, virun allem och wat d'Sécherheetsstandarden ubelaangt.

Do hu mer den normalen Animateur, deen op d'mannst 150 Stonne Formatioun gemaach huet. Den Animateur, deen eng Responsabilitéit och dréit, fir e ganze Grupp ze leeden, deen huet 300 Stonne Formatioun gemaach. An innerhalb vun där Formatioun ass d'Sécherheet vun de Kanner, vun deene Jonken, ee vun de ganz, ganz grousse Schwéierpunkten. Mir hunn och doriwwer eraus e Règlement grand-ducal, wat sech bezitt op d'Vakanzekolonien, wou och d'Sécherheet nach eng Kéier ganz besonnesch ervirgestrach ginn ass, sou datt also och do op den Träger vun deenen doten Aktivitéiten d'Obligatioun läit, sech do intensiv drëm ze këmmeren.

Wat elo d'Fro ubelaangt, ob mer net do dee Brevet, deen Der genannt hutt, oder anerer missten obligatoresch maachen, denken ech, datt dat och sécherlech eng Diskussioun ass, déi ee ka féieren. Ech wëll dat net hei kategoresch oflehnen. Ech denken awer och, datt mer musse kucken, datt mer Leit fannen, déi dat dote maachen, déi och bereet sinn, dat ze maachen. An ech denken, datt déi Regelung, déi mer haut hunn, op jidde Fall eng maximal Sécherheet scho bitt, nämlech déi, fir ganz kloer drop ze insistéieren, datt ee just däerf op Plaze goen, wou dann och wierklech eng aner Surveillance do ass vu Leit, déi meeschtens méi wéi deen dote Brevet nach hunn an déi jo dann exklusiv fir d'Sécherheet op deene Plazen do zoustänneg sinn.

E Stéck méi Formatioun fir déi Leit, déi den Encadrement maachen - deen éischter pädagogeschen Encadrement: Et wär awer sécherlech net esou, datt mer dat géife vu vireran oflehnen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Claude Meisch.

Déi nächst Fro kënnt vum Här André Bauler a riicht sech un d'Ëmweltministesch. Et geet ëm d'Entwécklung vun den Drénkwaasserreserven.

Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°56 du 1er juillet 2014 de M. André Bauler relative à l'évolution des réserves nationales en eau potable suite à la sécheresse des dernières semaines, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement

M. André Bauler *(DP)*.- Merci, Här President. Ech wollt eng Fro un d'Madame Ëmweltminister stellen. Och wa mer um Weekend e bësse Ree kruten, hu mer et zurzäit mat enger Drécheperiod ze dinn, déi och der Planzewelt scho plazeweis ze schafe mécht.

An deem Kontext wollt ech d'Madame Minister Folgendes froen: Wéi sinn d'Drénkwaasserreserven an de leschte Méint hei zu Lëtzebuerg evoluéiert? Kann d'Madame Minister eis Informatioune liwweren iwwert den aktuelle Stand vun den Drénkwaasserreserven oder Waasserreserven um Stausee zu Esch-Sauer a wéi hu sech déi Reserven entwéckelt?

Gëtt an der Regierung eventuell dru geduecht, d'Bevëlkerung opzeruffen, Waasser ze spueren? A wéini kéint eng Phase d'alerte ausgeléist ginn?

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Bauler. D'Wuert huet d'Ëmweltministesch.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Här President. Merci, Här Bauler, fir Är Fro. Sécherlech mécht deen een oder anere sech Suergen, mä ech kann awer soen: Neen, et gëtt kee Problem mat der Quantitéit vun eisem Drénkwaasser. Lëtzebuerg huet vun der Quantitéit hier kee Problem. Mir hunn zwar an der leschter Zäit net vill Ree gehat. Mir haten awer am Wanter Reen, an dofir sinn och eis Grondwaasserniveauen am Wanter geklommen. An och wann de Stauséi elo niddreg ass, hu mer och um Niveau vum Stauséi genuch Reserven, fir d'Drénkwaasserversuergung vu Lëtzebuerg sécherzestellen.

Zum Waasserpegel, well Der deen awer elo ugeschwat hutt: Beim Stauséi ass et esou, dass mer de Pegel u sech am Wanter wéinst dem Héichwaasserrisiko e bësselchen eroffueren, an do ass dat eng vun de Prioritéiten nieft der Drénkwaasserversuergung. An am Summer ass et esou, dass normalerweis elo den Niveau hätt kënnen erëm e bësse méi héich ginn, an zwar hätt e kënnen op 320 m kommen. Dat huet éischter en touristeschen Hannergrond, well et dann och méi schéin ausgesäit.

Et ass esou, dass mer am Moment op 315 m sinn. Dat ass net tragesch. 2011 war en op 314 m an dëser Zäit. Dat heescht, um Drénkwaasserniveau ass kee Problem. Dat Eropstauen ass net geschitt, well et huet eben an där Zäit, wou dat hätt kënne geschéien - tëschent Mäerz, Abrëll, Mee -, net vill gereent, an dofir ass dat elo net nach eng Kéier an d'Luucht gaangen. Dat ass awer net tragesch.

Alles, wat elo am Juni komm ass, dat gëtt dann éischter vun der Natur absorbéiert. Dofir geet dann den Niveau och net an d'Luucht. Et ass awer esou, dass dat alles keng Tragik ass. Mir hu genuch Waasser, an elo kann et héchstens sinn, dass mer e bësse méi Algen hunn. Awer och do ass virgesuergt. De SEBES huet eng extra Anlag fir dës Fäll, fir d'Waasser eben och propper opzebereeden. Dat heescht, um Niveau vum Drénkwaasser ass kee Problem.

Dir hat vun enger Phase d'alerte geriet. Et ass éischter esou, dass kann eng Phase orange eng Kéier ausgeruff ginn. Déi lescht war 2006 ausgeruff ginn, no enger ganz laanger Drécheperiod. Dat sinn awer éischter infrastrukturell Mesuren, well eis Behälter net dorobber ausgeriicht sinn, esou vill Puffer ze hunn.

Mat der Versuergungssécherheet vum Drénkwaasser huet dat allerdéngs näischt ze dinn, an dat ass och elo fir dëst Joer esou net virauszegesinn. Well Dir wësst et all: Elo geschwënn - Mëtt Juli - fänken d'Vakanzen un. Da wäerten esou oder esou vill Leit fort sinn, a wann da bis am August de Congé collectif ass, dann ass et ëmmer en Abroch. Wat awer net heesche wëllt, dass een net de Leit awer soll soen, dass se respektvoll mat der Ressource Waasser sollen ëmgoen. Dat ass awer fir ëmmer de Fall, net nëmmen elo am Summer.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Ëmweltministesch. Déi nächst Fro kënnt vum Här Justin Turpel an et geet ëm d'Ofschafe vum superreduzéierten TVA-Saz. D'Wunnengsbauministesch däerf sech scho pretthalen.

- Question n°57 du 2 juillet 2014 de M. Justin Turpel relative à la suppression du taux super-réduit de 3% sur les résidences secondaires, adressée à Mme la Ministre du Logement

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Et si vill Leit, déi maache sech Suergen, net nëmmen iwwert d'Eropsetze vun der TVA am Allgemengen, mä och iwwert d'Eropsetze vum TVA-Saz bei de Wunnengen, wou mer jo de Moment dee superreduzéierten Taux vun 3% hunn, deen da soll op 17% an d'Luucht goen, sou wéi d'Regierung dat ugekënnegt huet, an dat an enger Situatioun vu Pénurie vu Wunnengen, wou d'Wunnengen ze deier sinn a wou mer der net genuch hunn.

An dofir hunn ech fënnef ganz prezis Froen un d'Madame Minister vum Logement:

Éischt Fro ass déi: Wou ass dee Projet vun der Regierung drun? Dat heescht, a wéi engem Stadium befënnt dee Projet sech?

Zweet Fro: Wéi wëllt Der iwwerhaapt, esou wéi mir et verstanen hunn, eng Zweetwunneng definéieren? Wann ech zum Beispill kucken, datt eventuell e Stot eng Wunneng baut fir hir Kanner, fir déi dat eng Éischtwunneng ass, da si fir mech domat eng ganz Rei Problemer verbonnen.

Drëtt Fro: Bréngt Der et iwwerhaapt fäerdeg, fir d'Gläichheet vum Bierger virum Gesetz duerch déi Ënnerscheeder, déi Der do wëllt aféieren - Éischtwunneng, Zweetwunneng bei Privatpersounen, Gesellschaften an esou weider -, ze wahren?

Déi véiert Fro - an ech mengen, do komme mer méi nach bei dee wichtegsten Aspekt dovun: Wat sinn d'Konsequenze vun esou enger Erhéijung vun der TVA fir de Wunnengsmaart, fir d'Präisser, fir eng Wunneng ze kafen, respektiv fir d'Loyeren?

Déi fënneft a lescht Fro ass déi, fir gewuer ze ginn, ob, fir déi Konsequenzen do ze evaluéieren, eng Etüd gemaach ginn ass; wa jo, ob et méiglech ass, déi Etüd ausgehändegt ze kréien, respektiv wann neen, ob et net noutwendeg wär, fir awer esou eng Etüd ze maachen, fir d'Konsequenzen op de Wunnengsmaart, op d'Präisser, op d'Loyere genee ze kucken.

An ech hunn déi Fro och bewosst un d'Wunnengsbauministesch geriicht, net un de Finanzminister. Well et geet mir hei net ëm d'Incidence financière op de Budget, mä et geet mir hei ëm d'Konsequenze fir de Wunnengsbau an där Situatioun, wou mer zu Lëtzebuerg dru sinn. A fir hir d'Saach ze vereinfachen, fir der Kritik, déi d'Regierung virdru gemaach huet, virzebeugen, hunn ech d'Froe ganz detailléiert gestallt - alle fënnef am Detail -, sou datt et méi einfach misst sinn, drop ze äntwerten.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Justin Turpel. An d'Wuert huet elo d'Wunnengsbauministesch, d'Madame Maggy Nagel.

Mme Maggy Nagel, *Ministre du Logement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, ech wäert elo dann natierlech den Här Turpel enttäusche mat där Äntwert, déi ech hei virbréngen. Éischtens, den Taux super-réduit, jo, Här Turpel, ass en Thema, an e ganz wichtegt Thema an all eisen Diskussiounen, déi mer am Kader vum Projet de loi vun der TVA amgaange sinn ze féieren. An ech betounen „déi mer amgaange sinn ze féieren" an der Regierung. An do hu mer eis, net nëmmen Dir,

mä och mir hunn eis all déi Froen do schonn am Regierungsrot gestallt.

A wann et esou wäit ass, wa mer déi Diskussiounen ofgeschloss hunn, dann, kann ech Iech soen, da gëtt dee Projet de loi vun der TVA der Chamber presentéiert. An da wäert Der och vum Finanzminister an allen Detailer och déi Äntwerten op déi Froe kréien, déi net nëmmen Dir stellt, mä och vläicht nach aner Leit hei am Sall.

De Logement huet seng Aarbecht gemaach. An de Logement wäert och e Freideg am Regierungsrot Stellung zu verschiddene Punkten huelen. Ech wäert och duerno, wann de Premier mech mathëlt, an de Point de presse goen, mä ech waarden awer of - net hei an der Chamber -, fir op Är Froen ze äntwerten, mä da wäert Der vläicht Äntwerte kréien, nodeems datt dat Ganzt am Regierungsrot ofgeklärt ass, wat dann och den Taux super-réduit vun der TVA ugeet.

Ech kann Iech awer eppes aneschters soen, nodeems datt mer nach de Moien zesummesouzen, den Innenminister, den Dan Kersch, an ech, datt den Taux de subventionnement fir de Locatif subventionné, deen déi viregt Regierung vu 75% op 70% erofgesat hat, datt mer do proposéieren am Regierungsrot, fir deen erëm eropzehiewen op 75%, fir am soziale Wunnengsbau de Mesuren, déi dann duerch esou Taux super-réduits, déi erofgesat ginn oder eropgesat ginn, entgéintzekommen. Dat ass dat, Här Turpel, Här President, wat ech hei der Chamber wëll op déi dote Fro haut äntwerten. Affaire à suivre!

Merci.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Dat heescht, d'Deputéiert mussen an d'Pressekonferenz kommen?

M. le Président.- Merci. Et ass eng Fro, eng Äntwert. An da komme mer zu der nächster Fro. Dat ass d'Fro vum Här Roger Negri un den Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister iwwert d'permanent Umaache vun den Autosluuchten.

Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°58 du 2 juillet 2014 de M. Roger Negri relative à l'allumage permanent des feux de croisement des voitures comme il est le cas déjà dans de nombreux autres pays européens, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. De 24. September 2008 huet d'Europäesch Kommissioun eng Direktiv erausginn, 2008/89, wou et drëm geet, während dem Dag e speziellt Dagesliicht op deenen neien Autoen anzeféieren. Dat ass bei den normale PKWen elo ab 2011, vum 7. Februar 2011, a bei de Camionen, fir esou ze soen, vun 2013 de Fall.

Et si bis elo ronn 22 Länner an Europa, déi dat Dagesliicht hunn. Bei neien Autoen ass et also Flicht, fir déi anzebauen. Déi al Autoe brauchen net ëmgerüst ze ginn. Wéi gesot, et ginn an Europa ronn fënnef Länner, wou an där Hisiicht nach guer keng Recommandatioun ass, fir an deem Sënn och d'Sécherheet ze hiewen, wéi d'Europäesch Kommissioun dat festgehalen huet.

An doropshi wollt ech de Minister froen, ob d'Regierung gedenkt, an där Hisiicht eppes ze maache fir d'Sécherheet, oder wéi mer dat gesinn, Här Minister.

Merci fir Är Äntwert.

M. le Président.- Merci dem Här Negri. D'Wuert huet den Här Nohaltegkeetsminister, deen elo do ass.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Merci dem Här Negri fir déi Fro. Am Moment ass et esou, datt et nëmmen an den osteuropäesche Länner, a Skandinavien an an der Schwäiz obligatoresch ass, fir d'Luuchten am Dag unzehunn. Bei eis a bei eisen Nopeschlänner ass et eng Recommandatioun. An et ass just obligatoresch fir d'Motorradsfuerer oder d'Deux-roues motorisés, respektiv wann dagsiwwer d'Wiederkonditiounen esou schlecht sinn, datt d'Visibilitéit net méi gutt genuch ass. Et ass och esou, datt, wann d'atmosphäresch Konditiounen et virschreiwen, ee muss d'Luuchten umaachen an datt, wann ee se dann net umécht, souguer e Protokoll dropsteet vu 74 Euro.

Et ass awer elo esou, wéi den Här Negri et och sot, déi europäesch Direktiv vun 2008, déi schreift vir, datt an Zukunft all Autoen, nei Autoen, déi - ab 2011 war et - op de Marché komm sinn, mussen équipéiert si mat automatesche Luuchte fir am Dag. Haut gesäit ee jo och, wann een déi nei Autoe kuckt, déi hunn dat jo alleguerten, esou datt à moyen terme souwéisou dat wäert de facto de Fall sinn. Dofir huet d'Regierung och net wëlles, do elo nach ze reglementéieren, well dat net ganz vill Sënn mécht, well an e puer Joer kee méi domadder (veuillez lire: kee méi ouni déi) fiert.

Ech soen Iech awer och, datt et bei de Motorradsfuerer Kritike gëtt par rapport zu där Léisung, well datt d'Motorradsfuerer am Dag sollen d'Luuchten unhunn, dat ass jo, fir datt si solle besser gesi ginn, dat heescht, fir datt ee soll vu Wäitem detektéieren, datt et e Motorrad ass, an natierlech verwëscht dat sech, verschwënnt dat, wann op eemol d'Autoen och d'Luuchten all unhunn. Dat heescht, dee Sécherheetsfacteur, deen do en faveur gespillt huet vun de Motorradsfuerer, datt deen zum Deel dovunner, also ganz doduerjer verschwënnt.

Mä, wéi gesot, à moyen terme ass dat souwéisou dann de Fall an dofir wëlle mer net méi nach extra reglementéieren.

M. le Président.- Merci och dem Här François Bausch. Déi nächst Fro kënnt vum honorabelen Här Gilles Roth a geet iwwert d'Provozéierung vu Verkéiersstauen duerch Chantieren op den Autobunnen.

Den Här Roth huet d'Wuert.

- Question n°59 du 2 juillet 2014 de M. Gilles Roth relative aux problèmes de circulation sur les autoroutes causés par les chantiers en cours ou à venir, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, wéi Der richteg sot, meng Fro, déi betrëfft eigentlech déi Megastauen, déi mer an der rezenter Vergaangenheet ëmmer méi oft, praktesch dagdeeglech op eisen Autobunnen hunn. An de leschte Samschdeg war et eleng op der Areler Autobunn, der A6 Richtung Stad, e Stau vun iwwer 12 Kilometer!

M. Alex Bodry *(LSAP).*- En neie Minister!

M. Gilles Roth *(CSV).*- D'Autobunn, déi war, trotz Départ vun de Belsch an d'Vakanz, op eng Spur reduzéiert...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Se wëlle Staue provozéieren.

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...an all aner Nationalstroossen inklusiv d'Areler Strooss zu Mamer, Richtung „Belle Étoile", déi waren och als Auswäichstroossen total iwwerfëllt. An dës Stauen, Här President, déi sinn eigentlech net op Accidenter eleng zréckzeféieren,...

(Interruptions)

...mä op Entretiensaarbechten, déi op der Autobunn gemaach ginn,...

M. le Président.- Mä si schéngt awer ganz lëschteg ze sinn.

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...sief dat duerch Luuchtepoteauen, déi ofgeseet ginn,...

Plusieurs voix.- Aah!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Et voilà!

M. Gilles Roth *(CSV).*- ...d'Méine vun de Ramplien an d'Erneierung och vu Fuerspuren.

Dofir wéilt ech, Här President, an deem Kontext folgend Froen un de Verkéiersminister an Nohaltegkeetsminister stellen:

Éischtens, kënnen déi Ënnerhaltsaarbechten net besser koordinéiert ginn an zum Beispill deelweis nuets duerchgefouert gi respektiv zesumme gemaach ginn? Well oft steet e Schëld do, d'Autobunn, déi wier op eng Spur reduzéiert, an da ginn awer schonn d'Hittercher aacht Stonne virun der Zäit opgestallt, sou datt domat och schonn eleng e Stau provozéiert gëtt.

Firwat ginn d'Leit net schonn op der Autobunnsopfahrt doriwwer informéiert, datt esou e Stau drop ass? Firwat fonctionnéiert de sougenannten TMC-System, mat deem d'Autosfuerer eigentlech iwwer hiren Navigatiounssystem iwwert d'Verkéierslag informéiert ginn, net zu Lëtzebuerg? A wat fir eng Moossname gedenkt de Minister ze huelen, fir d'Verkéierssituatioun ze verbesseren?

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Äntwerten.

M. le Président.- Merci och dem Här Gilles Roth. An d'Wuert huet den Här Nohaltegkeetsminister.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Och Merci dem Här Roth fir déi Fro. Ech sinn e bëssen iwwerrascht, datt d'Situatioun sech zënter dem 5. Dezember 2013 esou dramatesch verschlechtert huet op eisem Stroosseréseau.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Dat ass dat Eenzegt, wat sech verännert huet!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Dat schéngt wierklech zum Sport ginn ze sinn, datt alles sech esou dramatesch verschlechtert huet zënter dem 5. Dezember 2013!

Spaass bäisäit. Ech mengen, et ass esou, datt mer op dem...

Une voix.- Ausser d'Wieder.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, ausser d'Wieder, dat ass besser ginn.

(Hilarité)

Spaass bäisäit. Et ass esou, datt mer pro Joer plus ou moins 1.200 Chantieren op eisem Autobunnsréseau hunn. Déi sinn zum Deel natierlech duerch Accidenter, zum Deel awer natierlech sinn et och Chantieren, déi musse sinn, well d'Autobunne musse frëschgemaach ginn aus Sécherheetsgrënn an esou weider an esou virun.

An ech kann Iech just soen, datt déi Chantieren organiséiert ginn en fonction vun dem Ausmooss vum Chantier oder dem Impakt, dee se op d'Circulatioun hunn. An do spillt natierlech d'Sécherheet, un éischter Stell fir d'Usageren an d'Leit, déi um Chantier schaffen, eng Roll. Et spillen awer och mat d'Vacances scolaires an eisen Nopeschlänner. D'Météoskonditioune mussen och berücksichtegt ginn. Am Wanter an Hierscht ass et natierlech esou, eng Rei Saache kënnen do net duerchgefouert ginn, zum Beispill en neien Tapis ze maachen, dat geet aus meteorologesche Grënn nëmmen an där gudder Saison.

An dann natierlech de Congé collectif oder awer och Manifestatiounen, gréisser Manifestatiounen, insofern natierlech Ponts & Chaussées se kennen, dat heescht, wéi zum Beispill de Marathon, Rock-A-Field, Rockhal, Foiren. E ganze Koup ginn der ëmmer ugemellt an da gëtt dat och berücksichtegt bei der Planung vun de Chantieren.

Wat de Moment nach net geet, dat ass, muss ech leider soen, datt d'Manifestatiounen um kommunalen Niveau am Zesummenhank mat Chantieren och kënne mat berücksichtegt ginn. An et ass esou, datt déi zwar duerch eng Permission de voirie effektiv jo mussen ugefrot ginn, mä bis elo war et esou, datt déi net mat an d'Koordinatioun erageholl gi sinn.

Dat wäert sech awer änneren, well ech hu menge Servicer eng Instruktioun ginn, fir en neien informatesche System opzebauen, deen och déi dote Saache mat berücksichtegt. Dat setzt awer natierlech viraus, datt d'Gemengen och sougutt hir eege Chantiere wéi och d'Sportsmanifestatiounen oder wat et och ëmmer ass... An an dem Fall vum Här Roth war jo nach, wann ech dat richteg an Erënnerung hunn, eng Sportsmanifestatioun a senger Gemeng, op deem Territoire, wat…

(Interruption)

Gelift? Jo, neen, mä ech wëll Iech just soen, déi Sportsmanifestatioun, déi war net bekannt. Well dee Chantier do, dee war laang virdru geplangt, mä déi wousst d'Administratioun vu Ponts & Chaussées net, huet déi net gemellt kritt gehat. Bon, an du ass se net berücksichtegt ginn.

Mä, wéi gesot, nach eng Kéier, dat ass awer elo geännert ginn, wëll ech Iech soen. Ech betounen, et ass geännert ginn - dat ass also e Changement zënter dem Dezember d'lescht Joer, deen elo wäert kommen am positive Sënn, wéi Dir et jo gären hätt -, datt mir en neien informatesche System wëllen opbauen, wou alleguerten d'Donnéeë sollen afléissen, fir datt dann déi och all kënne bei de Chantiere berücksichtegt ginn.

Et ass awer allerdéngs och esou, datt och haut scho gewësse Saachen zousätzlech berücksichtegt ginn, wann zum Beispill op der Autobunn och souguer urgent Saache musse gemaach ginn, da gëtt opgepasst, wéi den Trafic ass am Sens vun der Direktioun, wou do muss geschafft ginn. Zum Beispill heescht dat op der Autobunn tëschent Mamer a Stroossen, datt an Direktioun vun der Stad eréischt ab moies 10 Auer dierf geschafft ginn. Dat heescht, tëschent 8 an 10 Auer dierf dat net gemaach ginn, ebe fir ze berücksichtegen, datt do vill Verkéier ass.

An et gëtt awer leider - leider, muss ee soen -, mir hu relativ vill Interventions d'urgence op eisen Autobunnen. Zwou, dräi bis véier sinn dat der den Dag, also um ganzen Autobunnsréseau, esou datt dat net onheefeg virkënnt, an et ass och net ëmmer einfach ze géréieren.

Wat elo d'Nuetsaarbecht ubelaangt, dat ass eng Fro, déi sech natierlech och stellt, déi ech mer selwer och schonn oft gestallt hunn a wou mer och schonn diskutéiert hunn, mä do muss een och wëssen, do spille ganz vill Saache mat. Do spillt mat natierlech de Kaméidi. Et ass deemno, wou de Chantier ass: Wann et an der Ëmgéigend ass vun Haiser an esou weider, da geet et iwwerhaapt net.

Et spillt mat natierlech och d'Sécherheet vun deenen aneren Autofuerer, awer och natierlech vun de Leit, déi op de Chantieren nuets musse schaffen. An dann natierlech ass et och relativ komplex, fir nuets déi Chantieren ze organiséieren, dann natierlech d'Disponibilitéit vun den Entrepreneuren an de Leit, déi d'Chantieren iwwerwaachen. An den Impact financier muss natierlech och do mat berücksichtegt ginn. Ee grousse Problem ass awer och deen...

M. le Président.- Här Minister, Dir misst zur Konklusioun kommen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, ech kommen zur Konklusioun, Här President.

Ee grousse Problem ass awer och deen, datt op villen Deeler vun eisem Autobunnsréseau, haaptsächlech zum Beispill de Contournement, do gëtt et quasiment keng Spëtzestonnen, mä do ass vu méindes bis freides aacht Stonnen den Dag ëmmer deen nämlechten Trafic, esou datt et do ganz schwiereg gëtt, fir nach drop ze schaffen, an dat natierlech och en immensen Impakt huet, wann do eppes passéiert op esou enger Strooss, da geet definitiv direkt am ganze Land näischt méi!

An duerfir, hannert där heite Fro verstoppt sech och d'Fro vun eiser Organisatioun, vun eiser Mobilitéit en général, déi mer wierklech musse staark iwwerdenken, well mir hunn nëmmen e beschränkte Raum a mir kënnen net 20 Autobunnen iwwerenee bauen. An ech mengen, duerfir spillt de MoDu-Konzept och eng Roll herno an deem Ganzen hei, fir datt mer eng besser Situatioun kréien.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Minister. Dir sidd eis déi nächste Kéier bal zwou Minutte schëlleg.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci.

M. le Président.- Da komme mer zur leschter Fro fir de Mëtteg. Et ass d'Fro vun der Madame Dall'Agnol un den Héichschoulminister betreffend d'Schafe vun engem konsultativen Organ fir Studenten.

- Question n°60 du 2 juillet 2014 de Mme Claudia Dall'Agnol relative à la création d'un organe consultatif d'étudiants, adressée à M. le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Häre Ministeren, et gi jo zu Lëtzebuerg e puer Organisatiounen, déi d'Interessie vun de Studente vertrieden. An am Kader vun den Diskussiounen iwwert d'Studentebourssen, do hunn déi verschidden Organisatioune jo och zum Deel ganz ënnerschiddlech Positioune vertratt. Dofir wollt ech de Minister Claude Meisch dann och froen, ob et net opportun wär, en nationale Studentegremium ze grënnen, deen als Organe consultatif géif funktionéieren an dem Minister ebe bei eventuellen zukünftege Reformen als Uspriechpartner zur Verfügung géif stoen.

Et kéint ee sech do jo eventuell um Modell vun der Conférence nationale des élèves, och CNEL genannt, inspiréieren, déi duerch d'Gesetz vum 27. August '97 an d'Liewe geruff gouf. D'CNEL, déi setzt sech zesummen aus engem Delegéierten aus de Schülercomitéë vun all de Lycéeën uechtert d'Land. A wéi am Règlement grand-ducal vum 12. Mäerz '98 virgesinn, vertrëtt dann d'CNEL d'Schüler beim Minister a kann och dem Minister Propositiounen iwwer all Froen, déi d'Schüler betreffen, ënnerbreeden. An de Minister soll d'CNEL och iwwer all Dossier aus dem Enseignement secondaire informéieren.

Eng Instanz also, déi sech aus Vertrieder vun deene verschiddene Studentenorganisatioune géif zesummesetzen, déi regelméisseg géif tagen an déi vum Minister um Courant gehale géif ginn iwwert d'Entwécklungen an der Héichschoulpolitik, déi kéint e konstruktiven Dialog mat de Schüler, pardon, mat de Studente sécherlech vereinfachen.

Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Claudia Dall'Agnol. An d'Wuert huet den Här Héichschoulminister.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech selwer a vill Leit am Land hunn d'Studentelandschaft jo déi lescht Wochen a Méint besser kennegeléiert a konnten och feststellen, wéi déi lescht Deeg, do konnte mer feststellen, datt dat net ëmmer esou alles unanime war, wat mir do héieren hunn. Wat vläicht net direkt e Problem ass, well natierlech kënnen et do verschidde Meenunge ginn zu eenzelne Punkten, wat awer e Problem duergestallt huet sécherlech an

där ganzer Diskussiounsphas, déi mer elo esou gutt wéi hannert eis leien hunn, well een awer gären Interlocuteuren hätt, wou ee weess: Fir wie schwätze se, si se repräsentativ, ass dat gedroen, wat mir do héieren?

An ech hat och e bësschen d'Gefill, wéi wann dat Bild an der ëffentlecher Meenung, och an de Medien zum Deel, net ëmmer deem entsprach huet, wéi et an der ganzer Studenteschaft eigentlech war. Et ass awer e Gefill an et ka ganz subjektiv sinn.

Duerfir ass déi Fro effektiv pertinent, ob een net awer misst a Richtung goe vu méi enger offizieller, och legitiméierter Studentevertriedung, déi dann natierlech och den offiziellen Dialogpartner wär vun der Regierung oder vun deem engen oder anere Minister, wann en eppes mat den an iwwert d'Studenten ze diskutéieren hätt.

D'CNEL, an Dir hutt et gesot, ass eigentlech e ganz gutt Beispill do, e relativ rezent Beispill, wou mir jo elo och nach eng Kéier e Schrëtt weider gemaach hunn, andeem mer och Personal mat zur Verfügung stellen, fir datt een do méi eng professionell Gestioun ka garantéieren, fir datt och déi gelieften Demokratie bei de Schüler wierklech ka funktionéieren. An d'Regierung géif sech sécherlech esou enger Iwwerleeung net verspären.

Ech selwer hat, wéi ech d'ACEL empfaangen hunn - an dat war relativ fréi, wéi ech dee Ministère iwwerholl hunn -, mat hinnen doriwwer geschwat, an d'ACEL och ass eigentlech en Demandeur, fir an esou eng Richtung ze goen. Woubäi d'ACEL jo haut schonn eng Struktur huet, déi e bësschen där vun der CNEL entsprécht, vu datt se e Gremium ass, wou Vertrieder aus all de Studentecerclë vun deenen eenzelnen Unisstied mat dra sinn, an duerfir schonn déi ëffentlech Meenung, wat d'Studenten ubelaangt, awer e Stéck wäit kanaliséiert huet an e Sproochrouer ass vun engem ganz groussen Deel vun de Studenten.

Mä d'ACEL selwer seet, datt een eigentlech e Schrëtt do méi wäit soll goen an dat och soll institutionaliséieren, esou datt ech denken, datt een ab dem Hierscht kann an déi dote Richtung och méi schaarf iwwerleeën. An ech géif awer dann och d'Demande maachen, datt déi Studentevertriedungen, déi mer haut hunn, déi sech jo och alleguerten elo am Kontext vun de Boursse zu Wuert gemellt hunn, datt och déi mat do géifen driwwer diskutéieren, fir datt mer net herno eng Diskussioun iwwert d'Struktur vun der Studentevertriedung géife kréien, fir datt mer do e breede Konsens géifen da kréien.

Dat géif et sécherlech an Zukunft méi einfach maachen, fir mat de Studenten iwwert deen een oder anere Punkt kënnen ze diskutéieren. An et géif d'Studenten insgesamt stäerken, fir och en Input an d'Politik respektiv an d'Gesellschaft eranzeginn. An dorunner hu mer alleguerten en Interessi.

Villmools Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Héichschoulminister.

Mir sinn um Enn vun eiser Froestonn, déi genee 62 Minutten hat, a mir géifen zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6637, eng Konventioun betreffend d'international Telekommunikatiounsunioun.

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Claude Adam. Ech hu bis elo zwou Inscriptiounen, et ass nach Zäit.

10. 6637 - Projet de loi portant approbation

- des amendements portés par les Conférences de plénipotentiaires du 24 novembre 2006 signés à Antalya et du 22 octobre 2010 signés à Guadalajara à la Constitution et à la Convention de l'Union internationale des télécommunications telles qu'amendées par la suite;

- des réserves formulées par le Luxembourg lors des Conférences de plénipotentiaires du 24 novembre 2006 à Antalya et du 22 octobre 2010 à Guadalajara

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

M. Claude Adam *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, de Projet de loi 6637 ass den 20. Dezember 2013 vum Ausseminister déposéiert ginn. Mat dësem Projet de loi huele mer déi Amendementer un, déi an de plénipotentiairë Konferenze vun der Union internationale des télécommunications - ech wäert dat Déngen dann ëmmer UIT ofkierzen - de 24. November 2006 zu Antalya an der Türkei an den 22. Oktober 2010 zu Guadalajara a Mexiko décidéiert goufen.

Fir de Projet de loi e bësse méi verständlech ze maachen: D'UIT ass e spezialiséiert Institut vun de Vereenten Natiounen am Beräich vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien an huet hire Sëtz zu Genève. D'UIT beschäftegt sech weltwäit mat den technesche Aspekter vun der Telekommunikatioun. D'Wuerzele vun där Organisatioun ginn zréck bis op 1865, deen Dag, wou den Internationalen Telegrafeveräin gegrënnt gouf.

Haut huet dës UN-Organisatioun 193 Memberstaten. Do derbäi kommen nach eng ganz Rei Régulateuren aus den Technologies de l'information et de la communication an eng ganz Partie Unien a ronn 700 Betriber aus dem private Secteur. Et gëtt haut e puer Milliarden Abonnente vu mobilen Tëlefonen an och e puer Milliarde Leit, déi d'Televisioun kënne kucken. Millioune Leit notze Servicer iwwer Satellit, zum Beispill andeems se sech iwwer hire GPS guidéiere loossen.

D'UIT hëlleft, dee weltwäite Kommunikatiounssystem oprechtzëerhalen, andeems se zum Beispill d'Radiofrequenzen zoudeelt an och d'Positioun um Orbit vun de Satellite regelt. D'UIT ass also weltwäit déi Instanz, wou Regierungen a Privatentreprisen e Konsens kënne sichen a fanne fir allméiglech Froen, déi de Secteur vun den Technologies de l'information et de la communication betreffen.

Den ieweschte Gremium vun der UIT ass d'Conférence plénipotentiaire, déi all véier Joer aberuff gëtt. Hei versammele sech déi 193 Memberstaten an huelen Décisiounen iwwert déi strategesch Orientatioun, d'Finanzéierung, d'Wahl vun den Direktiounsmemberen, wéi zum Beispill dem Generalsekretär.

Eng kleng Klammer maachen ech hei op. Deen aktuelle Generalsekretär, den Dokter Hamadoun Touré, war dëst Joer am Mäerz zu Lëtzebuerg op Besuch. Hien hat eng Konferenz fir d'Associatioun vun den Ingenieure gehalen. Hie war zu Besuch op der Uni Lëtzebuerg an e war och op Besuch bei eisem Premierminister Xavier Bettel. Domat weist jo och schonn déi Organisatioun, datt se souwuel Regierunge wéi Héichschoule wéi och Industrieller interesséiert. Klammer zou.

Wat sinn dann elo déi Amendementer, déi mer mat dësem Gesetz unhuelen?

D'Unioun huet décidéiert, sech nach méi opzemaache fir d'Zivilgesellschaft, de Privatsecteur an déi akademesch Welt. De But vun där Ouverture ass et, fir mat deem ëmmer méi schnelle Rhythmus vun der technescher Evolutioun kënne Schrëtt ze halen an esou de Bedierfnesser souwuel vun de Memberstate wéi och vun de Konsumenten entgéintzekommen.

De System vun de Kontributioune soll méi flexibel ginn. D'Dauer vun de Conférences plénipotentiaires soll méi kuerz gehale ginn. D'Notioun vum „observateur" soll méi large interpretéiert ginn.

Déi Reserven, déi Lëtzebuerg bei de Konferenze vun Antalya an zu Guadalajara formuléiert hat, bleiwe weider bestoen. Déi Reserven, dat sinn „des réserves pluriétatiques", wou entweder all EU-Member oder awer eng Rei Länner déiselwecht Virbehalter hunn. Dës Reserve sinn och alleguer am Projet de loi opgezielt.

D'Chambre des Métiers huet hiren Avis de 25. November 2013 ginn an hat näischt géint de Projet anzewenden. Datselwecht gëllt fir d'Chambre de Commerce, där hiren Avis op de 5. Dezember 2013 datéiert ass. De Statsrot hat a sengem Avis vum 6. Mee 2014 just proposéiert, datt mer am Projet sollte preziséieren, datt déi Konferenzen zu Antalya an zu Guadalajara waren.

De 7. Mee 2014 sinn ech an der Kommissioun vum Enseignement supérieur, der Recherche, de Medien, der Kommunikatioun an esou weider als Rapporteur designéiert ginn. Mir sinn dem Wonsch vum Statsrot nokomm, mir hunn déi néideg Ännerunge gemaach. An den 30. Juni ass de Rapport zum Projet de loi 6637 eestëmmeg ugeholl ginn.

Ech brénge dann och heimat den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Adam. Éischten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Beissel.

Discussion générale

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop dem Här Claude Adam en häerzleche Merci fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Et ass e komplizéierte Secteur, deen awer extrem wichteg ass fir Lëtzebuerg als Member vun der UIT.

Mat dësem Projet de loi regulariséiere mer eis Situatioun, well mer jo wëllen am Conseil sinn, fir och bei den TICen ze moderniséieren. D'Amendementer droe mer bien entendu, well et geet drëm, eng Ouverture ze maachen, déi zäitgemëiss ass, sougutt op d'Société civile wéi de Secteur privé. Dat heescht, d'Zuel vun den Acteuren, déi gëtt verbreedert.

An dann, wat d'Reserven ugeet, déi droe mer bien entendu och, well dat si Reserven, déi jo net nëmme vu Lëtzebuerg kommen, mä déi vun der ganzer Europäescher Unioun gedroe ginn, fir dass mer eis vis-à-vis vun anere Länner kënne schützen.

Dat gesot, begréisse mir dëse Projet, a bien entendu bréngen ech den Accord vun der DP-Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Beissel. Dann huet d'Wuert d'Madame Diane Adehm.

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Jo, Merci, Här President. Och ech géif dem Rapporteur Claude Adam villmools Merci soe fir säin exzellente mëndlechen a schréftleche Rapport. Wéi scho gesot, mir huelen haut verschidde Changementer un, déi schonn 2006 an 2010 ënnerschriwwe gi sinn. Als CSV begréisse mir dës Changementer ausdrécklech. Mir sti voll do derhannert. An ech ginn heimadder och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- Merci och. Nächste Riedner ass den Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten *(LSAP)*.- Här President, da soe mir och dem Här Claude Adam villmools Merci fir säin detailléierte Rapport. Deenen Erklärungen, detailléierten Erklärungen, déi en eis elo ginn huet, ass näischt méi bäizefügen, an duerfir kënne mir dann och dee Projet matdroen als sozialistesch Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Leschten… Ah, den Här Kartheiser! Ech hat Iech net agedroen. Dir hutt awer d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci fir d'Wuert. Och mir schléissen eis dem Merci un de Rapporteur un. Ech mengen, et wor ganz interessant, all déi Erklärungen, historescher an technescher, ze héieren. Mir hu just zwou Bemierkungen, wat den Text ugeet.

Dat Éischt ass, wat d'Reserven ugeet. Et ass scho richteg, datt der do eng Partie derbäi sinn, déi am Kader vun der Europäescher Unioun ugeholl goufen. Et steet awer am Rapport vum Här Adam, et wären «principalement des remarques formulées conjointement avec les autres États membres». Wann dat esou ass, da wiere mir interesséiert, fir ze wëssen: Wat sinn dann elo déi national Suergen, wou mer eben net mat deenen aneren zesummeginn? A wat sinn do déi Reserven, déi elo Lëtzebuerg selwer huet? An aus wéi enge Grënn?

Déi zweet Bemierkung, déi betrëfft eng allgemeng Suerg, déi d'ADR huet, wat eis Kontributioune bei internationalen Organisatiounen ugeet. Mir soen, mir solle selbstverständlech e Bäitrag bezuelen, awer proportional zu deem, wat aner ähnlech State bezuelen. Elo ass et esou, datt an deenen Ännerungen, déi mer haut hei unhuelen an déi mir och als ADR gär matstëmmen, awer eng Dispositioun steet, déi seet, de Système des contributions géif méi flexibel ginn.

Gläichzäiteg gesi mer an deenen Dokumenter, déi mer haten, datt awer elo keng Incidences budgétaires, op jidde Fall emol fir dëst Joer, virgesi sinn, wat de Statsbudget ugeet. Eis Fro ass also dohier: Plangt d'Regierung iergendeng Ännerung, wat eis Kontributiounen ugeet? Oder huet déi do Dispositioun iergendwellech Implikatiounen op laang Siicht fir de Statsbudget? Oder bezuele mer eng Kontributioun, déi proportional ass zu deem, wat aner Länner da bezuelen, ouni doriwwer erauszegoen?

Ech soen Iech villmools Merci.

M. le Président.- Merci och. Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- D'UIT huet u sech eng wichteg regulativ Funktioun, déi net soll a Fro gestallt ginn. Déi betrëfft haut net méi wéi am Ursprong den Telegraf an duerno den Tëlefon, mä déi huet sech weiderentwéckelt iwwert d'Mobilnetzer bis hin haut zum Internet.

Dat, wat mer haut diskutéieren oder approuvéieren, ass am Fong geholl dat, wat schonn 2006 respektiv 2010 ausgehandelt ginn ass. Mir stëmmen och do derfir, well mer grosso modo déi regulativ Aspekter, déi dodranner sinn, guttheeschen. Och wa mer net onbedéngt mat alle Reserven, déi Europa do ënnerschreift, d'accord sinn, zum Beispill wat d'Souveränitéitsrechter iwwert de Loftraum ugeet, iwwert dem Äquator, déi déi Länner fir sech verlaangen a wou Europa net d'accord ass, well se och do wëlle mat hire Satelliten hin. Et wier och schwéier, fir et anescht ze maachen, mä do ass eng Kontradiktioun, déi ni geléist ginn ass.

Et muss een awer trotzdeem drop hiweisen, dass déi nächst Konferenz, wou Diskussioune bestinn, bevirsteet am Dezember 2014. Et muss een och drop hiweisen, dass d'UIT net déi eenzeg Instanz ass, déi regulativ Aufgaben an deem dote Beräich huet.

Ech gräife just eng eraus, dat ass d'ICANN, déi am Fong geholl déi ganz DNSen, Internetadressen, High-level-Domäner an esou weider géréiert a wou et och Bestriewunge gëtt… D'ICANN ass am Fong geholl méi also eng Struktur, déi en place gesat ginn ass vun den Utilisateuren, déi awer ganz gutt funktionéiert.

Et sinn awer eng Rei Regierungen, déi wëllen der ICANN hir Attributiounen ewechhuelen, grad am Beräich vun den Domäner a vun den High-level-Domäner a vum Internet, a wëllen déi un d'UIT ginn. Wat als Konsequenz hätt, wann d'UIT dat géif unhuelen, dass net méi d'Utilisateuren dat géife kontrolléieren, mä Staten, an dass d'Domäner an d'Aushandele vun, d'Zouweisung vun Domäner am Internet géif e Spill ginn tëschent Staten a Regierungen, wat eng ganz aner Nues gëtt, wéi dat de Moment de Fall ass.

Op wat ech eraus wëll, ass dat, fir ze soen, mir sollen net nëmmen nodréiglech Konventiounen an Ännerungen approuvéieren, mä mir sollen eis och d'Moyene ginn, fir esou Saachen am Virfeld ze diskutéieren. Well dat do wäert eng vun den Diskussiounen am Dezember 2014 sinn. Mir solle wierklech kucken, wéi eng Moyenen dass mer eis kënne ginn, fir déi Diskussiounen do am Virfeld ze féieren an net herno einfach just ofzehaken, nodréiglech ofzehaken, wat diskutéiert ginn ass. Well dat am Virfeld ze diskutéieren, ass déi richteg Aart a Weis, fir Afloss ze kréien op dat, wat op eis zoukënnt a wat mer duerno da gudde Gewëssens kënnen approuvéieren.

Merci.

M. le Président.- Merci och. Domat hu mer d'Diskussiounsronn ofgeschloss. An d'Wuert huet d'Regierung, den Här Statsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech och dem Rapporteur e grousse Merci soen. En huet och gesot, dass de Secrétaire général vun der UIT, den Här Touré, zu Lëtzebuerg war. An et soll een net hei mengen, dass d'UIT a Lëtzebuerg kee Lien hätten, esou wéi ee kéint mengen, dass dat…, ob mir elo cotisatiounsméisseg wéi, wat oder wou.

Ech wëll just soen, dass mir du point de vue Satelliten ee vun deene Gréissten - ee vun deene Gréissten! - op dësem Globus sinn an dass d'UIT eng ganz grouss Roll huet och an deene Secteuren, déi se huet, an dass dowéinst d'Aarbecht, déi d'UIT mécht, an d'Zesummenaarbecht, déi mer mat Lëtzebuerg hunn - well mir sinn ëmmer Demandeur fir kënne Frequenzen och ze kréie fir d'Satelliten an och fir d'Satellite kënnen op Orbit ze setzen -, dofir och ganz wichteg ass, an et ass ganz wichteg, dass déi gutt Relatioune mat der UIT bestinn.

Mir sinn och Membre fondateur vun der UIT. Dat heescht, et ass näischt Neies. Mir hunn och dès le départ do eis Memberschaft erklärt.

A wéi ech gesot hunn, et ass ee Secteur, dat ass dee vun der Radiocommunicatioun, dat ass deen, dee justement och d'Utilisatioune vun de Frequenzen, de radioelektresche Frequenzen och regelt an dee wierklech vun enger ganz, ganz grousser Wichtegkeet ass och fir eis Gesellschaft, déi zu Betzder ass.

Ech ginn elo net an den Detail an iwwer wéi oft d'Sitzungen tagen oder wien dohinner kënnt. Ech hunn zwou prezis Froe gestallt kritt, da wëll ech och dorop äntwerten.

Déi éischt ass déi Reserv. Déi Reserv ass am Fong, well den 3. Dezember 1976 eng ganz Rëtsch vu Länner, déi um Äquator sinn, gesot hunn, si hätte gär eng Reserv a si hätte gär re-

servéiert Plazen. Déi hunn nämlech gefrot «confèrent aux pays équatoriaux des droits souverains sur certaines portions de l'orbite des satellites géostationnaires, et qui est mis en cause par les États signataires de la contre-réserve.» Dat heescht, dat wor den 3. Dezember 1976, wou déi Länner dat gefrot hunn, a säitdeem gëtt et eng Contre-réserve, wou och Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet; ausser Kolumbien, déi säitdeem och op hir Reserv verzicht hunn.

A wéi gesot, iwwert de finanziellen Impakt, ech hunn net Kenntnis, dass do sollt eppes geännert ginn. Ech hunn och dem Här Touré gesot, dass fir d'Kontributioun vun de Länner et am Moment net opportun wier, wann do eppes géif änneren. Dat wier delikat, de Leit ze soen, mir géifen op där enger Säit gäre spueren an op där anerer Säit géife mer d'Kontributiounen erhéijen.

Ech muss Iech awer just soen, dass et fir verschidde Länner dramatesch wier, wa se bei der UIT net kéinten um Dësch sëtzen, well se hir Cotisatioun net bezuele kënnen. Well do, wou mir heiansdo soen, et wier deier, fir verschidde Länner ass dat ganz, ganz vill méi. An dowéinst gëtt et vläicht och heiansdo Solidaritéit an internationalen Organisatiounen, déi och gefrot gëtt.

Mä wéi gesot, ech hunn déi Demande nach net elo kritt, fir do e Rééquilibrage ze maache vun de Cotisatiounen. A wann dat de Fall wier, kann ech gäre bei d'Chamberskommissioun da kommen, fir hinnen dat da matzedeelen. Ech si frou op jidde Fall, wa mer hei eng grouss Zoustëmmung kréien.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Regierung. Mir géifen dann iwwert den Ensembel vum Projet de loi 6637 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6637 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6637 ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Diane Adehm), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Jo. Dann ass dat esou décidéiert. Merci.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6640 an do geet et ëm eng Konventioun iwwert déi Universell Postunioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An d'Rapportrice, d'Madame Tess Burton, huet direkt d'Wuert.

11. 6640 - Projet de loi portant approbation

- du Huitième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle,

- du Premier Protocole additionnel au Règlement général de l'Union postale universelle,

- des amendements à la Convention postale universelle et à son Protocole final, signés au Congrès postal universel de Genève, le 12 août 2008

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

Mme Tess Burton *(LSAP), rapportrice.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den 20. Dezember d'lescht Joer ass de Projet de loi 6640 vum Ausseminister Jean Asselborn déposéiert ginn. Mat dësem Gesetzesprojet huele mir verschidde Protokoller un, déi d'Union postale universelle betreffen.

Et handelt sech dobäi ëm den aachte Protocole additionnel vun der Constitutioun vun der Union postale universelle an ëm den éischte Protocole additionnel vum Règlement général vun der Union postale universelle. A mat dësem Projet ginn och verschidden Ännerungen an der Konventioun vun der Union postale an am Ofschlossprotokoll ugeholl, déi béid um Weltpostkongress den 12. August 2008 zu Genève ënnerschriwwe gi sinn.

Erlaabt mer, fir d'Éischt e puer Wierder zur Union postale ze soen.

D'Union postale universelle, op Lëtzebuergesch de Weltpostveräin, ass 1874 gegrënnt ginn an ass säit 1948 eng Sonderorganisatioun vun de Vereenten Natiounen. D'Union postale universelle, ofgekierzt UPU, huet hiren Haaptsëtz an der Schwäiz zu Bern an zielt de Moment 192 Memberstaten, dorënner eben och säit 1875 Lëtzebuerg.

Sënn an Zweck vum Weltpostveräin ass d'Regelung vun der internationaler Zesummenaarbecht vun deenen nationale Postadministratiounen am Kader vum internationale Postverkéier. D'Haaptaufgab vun der Union postale universelle besteet doranner, déi weltwäit an zäitno Zoustellung vu Bréiwer a Päck iwwert d'Landes- a Sproochegrenzen eraus sécherzestellen.

D'Noutwendegkeet vun enger Instanz wéi der UPU gëtt däitlech, wann ee sech d'Zuelen ukuckt, déi dat weltwäit Postwiese beschreiwen: 5,3 Milliounе Leit schaffe weltwäit bei der Post, 642.000 Postbüroe ginn et op der ganzer Welt an 346 Milliarde Bréiwer a 6,5 Milliarde Päck ginn all Joers verschéckt.

Eng ganz praktesch Bedeitung fir deen eenzelne Postclient huet de Weltpostveräin virun allem dann, wa Bréiwer oder Päck verluer ginn. Fir dëse Fall ass et d'UPU, déi en Entschiedegungsbetrag agefouert huet an nach bis haut festleet. Et ass och de Weltpostveräin, deen d'Coupons-réponse internationaux erausgëtt. Dës Coupone kënnen an all Land vun der Welt an Timberen ëmgetosch ginn an d'UPU bezilt d'Präisdifferenzen zu deene verschiddene Länner.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de 24. Kongress vun der Union postale universelle huet vum 23. Juli bis den 12. August 2008 op Invitatioun vun der Schwäizer Konfederatioun stattfonnt. 180 Membere vun der UPU waren op dësem Kongress representéiert. Hei goufen eng Rei vun Dokumenter ënnerschriwwen, déi d'Zukunft vun de Postdéngschter betreffen.

Bei der Ënnerschréft vun dësen Akten huet Lëtzebuerg sech der Deklaratioun vun de Memberstate vun der Europäescher Unioun ugeschloss, fir d'Akte vum Kongress vu Genève am Respekt vum europäeschen Traité an de Regele vum „Accord général sur le commerce des services" vun der Welthandelsorganisatioun ze applizéieren.

Den Arrangement iwwert d'Bezuelservicer vun der Post gouf net um Kongress vu Genève geännert, mä Lëtzebuerg huet dësen Arrangement zu Genève weider verlängert an ënnersträicht domat weiderhin de Wëllen, un dësem Arrangement festzehalen.

D'Haaptännerungen, déi zu Genève beschloss gi sinn, betreffen de strategeschen, de finanziellen, de legislativen an den organisatoresche Plang vun der UPU. Wat de strategesche Plang ubelaangt, sou huet de 24. Kongress vun der UPU sech Richtung Zukunft orientéiert a sech als Zil gesat, d'Postdéngschter méi a Richtung vun den neien Technologien ze entwéckelen. D'Poststrategie vun Nairobi, déi formal um Kongress 2008 ugeholl gouf, ass als Instrument gewielt ginn, fir dëst Zil ze erreechen.

De Kongress huet ausserdeem décidéiert, d'Post an hir elektronesch Déngschter ze moderniséieren an den EMS, den Express Mail Service, duerch nei Servicer ze erweideren. Aner wichteg Décisioune betreffen d'Aféierung vun engem System fir d'Frais terminaux, dee sech un de Käschten orientéiert.

Wat de finanzielle Plang ubelaangt, esou huet de Kongress e méi flexibele Finanzéierungsmodell ugeholl, deen et de Memberstaten erlaabt, an der Zäit tëschent zwee Kongresser, déi all véier Joer stattfannen, eng Bäitragsklass ze wielen, déi iwwer hirer aktueller läit. Dës Flexibilitéit soll et erlaben, zukünfteg budgetär Defiziter auszegläichen, déi d'Ëmsetzung vu verschiddenen Entscheedungen an ambitiéise Projete kéinte gefährden.

Um legislative Plang da gouf d'Definitioun vum „pays membre" duerch déi vum „opérateur désigné" ersat, dëst fir der Liberalisatioun vum Postsecteur Rechnung ze droen. D'Regimer vun der Responsabilitéit an der Reklamatioun goufen och der aktueller Praxis ugepasst.

Dann, um organisatoresche Plang, huet de Kongress en neie Verwaltungsrot an en neie Conseil d'exploitation postale gewielt, mä Lëtzebuerg huet fir dës zwee Organer awer keng Kandidatur gestallt.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 6. Mee 2014 säin Accord fir dëse Projet ginn an hat just nach eng Ännerung vum Titel virgeschloen. Dës Ännerung gouf och vun der Chambre de Commerce proposéiert, déi och hiren Accord zu dësem Projet ginn huet. D'Kommissioun huet dës Ännerung vum Titel och ugeholl. An d'Chambre des Métiers huet an hirem Avis dem Projet och zougestëmmt. Mäi schréftleche Rapport gouf dunn den 30. Juni dëst Joer unanime an der Kommissioun ugeholl.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer zum Schluss nach e puer kleng Remarquen:

D'Approbatioun vun den Décisiounen, déi elo um 25. Kongress vun 2012 geholl gi sinn, wäerten den Objet vun engem anere Projet de loi ginn, well all Ännerung soll eng formell Approbatioun duerch en nationaalt Gesetz kréien.

D'Lëtzebuerger Post ass och net ofhängeg vun der formeller Approbatioun vun dësem Gesetzesprojet, well si muss elo schonn déi international Obligatiounen, déi sech aus deenen internationalen Texter erginn, an der Praxis uwenden.

De finanzielle Bäitrag, dee Lëtzebuerg bei der UPU muss bezuelen, fir Member ze sinn, entsprécht enger Eenheet bei der UPU, an dat waren 2013 34.543,50 Euro.

Ofschléissend soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Burton. Dann huet d'Wuert déi éischt ageschriwwe Riednerin, d'Madame Diane Adehm.

Discussion générale

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Merci, Här President. Ech géif vläicht direkt der Rapportrice, der Madame Tess Burton, villmools Merci soe fir hiren ausféierleche Rapport, an och, datt se schonn en Ausbléck ginn huet iwwert dat, wat an Zukunft kënnt. Et handelt sech, wéi beim Projet virdrun, ëm d'Approbatioun vu verschiddene Changementer aus dem Joer 2008.

Mir begréissen dat als CSV-Fraktioun an ech ginn och heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci villmools. Nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Merci, Här President. Virop och hei vun der DP-Fraktioun en häerzleche Merci un d'Madame Tess Burton fir hiren exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport an dësem ganz techneschen, awer ganz wichtege Secteur fir Lëtzebuerg.

Et geet jo hei drëm, zwee Protokoller plus d'Amendementer unzehuelen, fir eis Situatioun ze regulariséieren. Wat ganz wichteg ass, dat ass, datt d'Strategie, déi hei verfollegt gëtt vun der UPU, eben déi ass, fir déi ganz Services postaux un déi nei technologesch Entwécklungen unzebannen a vill méi performant ze maachen. Dat ass och fir Lëtzebuerg ganz wichteg.

De Premierminister huet virdru gesot, datt dee ganze Secteur fir eis wichteg ass, an d'Post gehéiert och zu dem Telekommunikatiounssystem. Mir wëlle jo an deem ganze Secteur ganz performant sinn, praktesch e Global Player. An dofir musse mer dëse Projet unhuelen, dee wichteg ass fir Lëtzebuerg.

Ech brénge bien entendu den Accord vun eiser Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Beissel. An d'Wuert huet den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech wollt just der Rapportrice Merci soe fir hiren exzellente mëndlechen a schréftleche Rapport an ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet de loi.

M. le Président.- Merci villmools. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus der Madame Burton e grousse Merci fir hire ganz flotten a komplette Rapport.

Mir hunn hei an dësem Projet eng Situatioun, déi e bëssen ähnlech ass wéi déi virdru bei der Union internationale des télécommunications, asouwäit, datt och hei eng finanziell Dispositioun drasteet, déi de Memberstaten et erlaabt, fir eng „classe de contribution supérieure à la leur" ze wielen an der Period tëschent zwee Kongresser.

D'Fro ass also och hei: Gëtt Lëtzebuerg dovunner betraff oder huet d'Regierung wëlles, eng Classe de contribution supérieure ze huelen? Ech mengen, déi Fro ass an enger Zäit, wou mer musse jo e bësse spueren, méi wéi berechtegt!

Dovunner ofgesinn, si mir natierlech och frou iwwert déi Adaptatiounen, well ech mengen, et besteet jo ouni Zweifel - an et ass och gutt esou - e grousse Konsens, datt mer wëllen an deem doten Domän wierklech e Spëtzereider op der Welt sinn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. A leschte Riedner ass den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci. Also mir schwätzen hei wuelverstanen iwwert de 24. Kongress, deen 2008 zu Genf war, a vun deem, wat do décidéiert ginn ass, haaptsächlech op zwou Ebenen: nei Technologien, wat gesot ginn ass, mä awer och déi aner Ebene, déi een net soll ignoréieren, dat ass déi weider Liberaliséierung vum Telekommunikatiounsberäich. Dat bréngt jo mat sech, ënner anerem: Memberlänner ginn ersat duerch Opérateuren, Déngschtleeschtunge ginn ersat duerch Wueren. An dat ass e Prozess, dee vun dem GATT, vum AGCS an iwwert d'OMC an d'Wee geleet ginn ass, deen net nëmme Guddes mat sech bréngt.

An et ass och dowéinst, wou mir eis bei dësem Projet wäerten enthalen.

Dann ass geschwat gi vum Bléck an d'Zukunft. Wann d'Zukunft awer 2012 ass, dann ass dat schonn u sech e bësse witzeg oder e bësse significatif fir d'Aart a Weis, wéi mer hei schwätzen! De 24. September 2012 war zu Doha am Katar dee 25. Kongress. An do wäert eis dann och soss näischt méi iwwreg bleiwen, wéi just nach dat ofzeseenen oder ze refuséieren - mä dat wäert jo hei wahrscheinlech d'Majoritéit net maachen -, wat do ugeholl ginn ass.

An dann, wa mer wierklech vun der Zukunft wëlle schwätzen, da misste mer de 26. Kongress kucken, deen 2016 stattfënnt; en ass jo all véier Joer. An do maachen ech deen nämlechten Appell wéi bei deem Projet virdrun: ob mer net d'Méiglechkeet emol géife fannen, ob mer eis net d'Moyene solle ginn, fir am Virfeld ze diskutéieren, besonnesch an esou sensibele Beräicher wéi deem vun der Liberaliséierung vun ëffentlechen Déngschtleeschtungen.

An zum Schluss stellen ech mer d'Fro, an ech wëll och der Chamber d'Fro stellen, ob esou Projete wéi déi hei, déi trotzdeem international Konventioune sinn, ob déi net missten hei mat enger Majorité qualifiée ofgestëmmt ginn, fir ugeholl ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. An elo huet direkt d'Regierung d'Wuert, den Här Statsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.*- Här President, ech mengen, hei ass alles gesot ginn. Ech wëll och der Rapportrice Merci soe fir de Rapport. An esou, wéi och elo just vum Virriedner gesot ginn ass, dat heite sinn d'Konklusioune vun der Sitzung, déi zu Genève stattfonnt huet. An déi vun Doha, déi Enn 2012 stattfonnt huet, wäerten an engem separate Projet de loi och hei déposéiert ginn.

Dem Här Kartheiser seng Fro - ech soen et nach eng Kéier hei, iwwert d'Wichtegkeet vun den Telekommunikatiounen: Hei steet dran, datt et géif erlaben, duerch déi aner Kontributiounen, vläicht Projeten ze maachen, déi ee soss net kéint maachen, déi awer am Intérêt vun der Union internationale och wieren. Et soll een au cas par cas kucken, soen ech Iech ganz éierlech. Menger Meenung no sinn einfach verschidde Länner, déi gesot hunn: Mir wëllen net eng Erhéijung. An dofir war dat d'Kompromëssléisung, wou gesot ginn ass: Ma

déi, déi wëlle méi héich kontribuéieren, kënnen da méi héich kontribuéieren.

Wa Projete sinn, déi net méiglech sinn ze maachen, wann d'Kontributiounen net gehéicht ginn, dann hunn ech kee Problem, fir och meng politesch Responsabilitéit bei Iech sichen ze kommen, fir ze kucken, ob mer dat solle maachen oder net. Mä, wéi gesot, fir elo einfach ze soen, mir héijen, ouni ze wësse firwat, do gesinn ech och net eng Ursaach derfir.

An ech géif mech och freeën, wa mer hei eng Majoritéit, eng grouss Majoritéit op jidde Fall, Här President, fir dee Projet hätten.

M. le Président.- Merci dem Här Statsminister. A mir géifen dann och direkt zum...

(Interruption)

Jo? Parole après ministre?

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Jo.

Ech hunn d'Fro gestallt vum Vote, vun der Majorité qualifiée. An déi aner Fro, déi ech dem Statsminister gestallt hat, war déi, ob mer net sollen - scho beim Projet virdrun an och elo hei nach eng Kéier -, ob et net méi Sënn géif maachen, mir géifen am Virfeld iwwer esou Saachen, iwwer esou Themaen diskutéieren. D'Regierung, déi huet de Kalenner vun deem, wat usteet. Et wier da gutt, wann d'Regierung eis géif zur Zäit informéieren.

An deem Zesummenhang stellt sech och d'Fro, ob et net méi korrekt wier, d'Vertrieder vun der Regierung géife mat engem Mandat op esou Sitzunge goen, déi awer nëmmen all véier Joer stattfannen a wichteg Décisiounen huelen. Ech wollt awer do nach eng Kéier nohaken, fir do zu deenen zwou Saache Prezisiounen ze kréien.

Merci.

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.*- Här President.

M. le Président.- Här Statsminister.

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.*- Parole après député dann.

Ech wollt just hei ënnersträichen, dass déi Konferenz dräi Woche gedauert huet. An do ass och eng Dynamik an enger Konferenz. A wa mir au préalable an all Konferenz, international Konferenz, wou mer ginn, musse soen, mir kënnen näischt décidéieren, well mer net wëssen, wat eis Chamber doriwwer seet! Hei si jo Dispositiounen, wou mer der Meenung sinn, dass se am Intérêt vun der Saach sinn.

An zu Lëtzebuerg war nach ni e Mandat préalable gefrot ginn, ob dat elo fir en Europäesche Conseil ass, ob dat fir Dispositiounen um europäeschen Niveau oder bei internationale Gremien ass. Wann dat eng nei Fuerderung vun der Majoritéit sollt sinn, soll een dat maachen. Mä ech mengen, dass dës Dispositioune kompatibel sinn zu där Politik, déi mer och eis engagéiert hunn, fir déi nächst véier an en halleft Joer mindestens nach ze maachen.

M. le Président.- Merci dem Här Statsminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6640 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6640 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

59 Deputéiert hunn um Vote deelgeholl, 57-mol Jo, 2 Abstentiounen, wou ech dovun ausginn, dass déi motivéiert sinn. De Projet ass domat ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Diane Adehm), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert. Merci.

Dee leschte Projet vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 6420 iwwert de Fonds National de la Recherche. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. De Rapporteur, den Här Bauler, steet scho prett,.

Den Här André Bauler huet d'Wuert, fir de Projet ze presentéieren.

12. 6420 - Projet de loi

- modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 portant création d'un Fonds National de la Recherche dans le secteur public;

- modifiant la loi modifiée du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

M. André Bauler *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nieft dem Pisa-Wëssensmagazin, deen elo scho fënnef Joer op der Tëlee leeft an deen een net méi spéit wéi de leschte Sonndeg fir déi 85. Kéier kucke konnt, gehéieren de Science Festival oder och nach d'Chercheurs à l'école zu deenen Initiativen, déi de Fonds National de la Recherche an d'Liewe geruff huet a finanziell ënnerstëtzt, fir d'Éffentlechkeet fir méi Fuerschung hei zu Lëtzebuerg ze sensibiliséieren.

Den FNR huet sech an de leschte 15 Joer zu engem wichtege Partner entwéckelt, wann et drëm geet, d'Kultur vun der Wëssenschaft ze promouvéieren. Och de Science Festival ass eng eemoleg Geleeënheet, fir den Dialog tëschent der Wëssenschaft an der Gesellschaft ze förderen. Den FNR ënnerstëtzt d'Promotioun vun der Kultur, der wëssenschaftlecher Kultur. Dat ass extrem wichteg, fir bei eiser Jugend den Appetit an den Intérêt un de Wëssenschaften ze erwächen a waakreg ze halen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech méi genee op de Gesetzesprojet u sech aginn, erlaben ech mer, dësen Text a méi e generelle Kontext ze stellen. Am 21. Jorhonnert hänkt de Räichtum vum Land méi wéi jee vum Wësse vu senge Bierger of. Eise Wuelstand wäert ëmmer méi op wëssenschaftlech Entwécklungen an op déi technologesch Uwendunge vun dësem neie Wëssen opgebaut sinn. Dofir ass et essenziell, datt mir als Land a Fuerschung, Entwécklung an an d'Innovatioun investéieren, fir eis Zukunft ofzesécheren.

D'Fuerschung, a besonnesch déi ëffentlech Fuerschung, déi jo iwwert den FNR ënnerstëtzt gëtt, soll sech virun allem mat de wichtegen Erausfuerderunge vun eiser Zäit beschäftegen. An de leschte Joren huet sech kloer gewisen, datt déi Länner, déi eng zolidd Fuerschungsbasis hunn, d'Kris besser bewältege konnte wéi Länner, déi net esou staark an d'Fuerschung investéiert haten. Eis Fuerschungslandschaft gouf an de leschte Joren diversifizéiert. Stat an FNR hunn dozou hire respektive Bäitrag geleescht.

Et gouf och néideg, eise Fuerschungssystem ënnert d'Lupp ze huelen a kritesch ze beliichten. Mëtt des leschte Jorzéngts ass dësen Exercice an d'Wee geleet ginn. 2005 huet déi deemoleg Regierung der OECD dofir eng Analys an Evaluatioun vun eisem nationale Fuerschungs-, Innovatiouns- an Entwécklungsdispositif uvertraut. Och d'Stäerkten an d'Schwächte vum ëffentleche Recherches-System goufen analyséiert.

De Fonctionnement vum FNR gouf 2010 bewäert. Op Basis vun all deenen Evaluatioune gouf festgehalen, fir déi gesetzlech Ännerunge virzehuelen, déi sech onweigerlech opdrängen. De Gesetzesprojet, dee mir haut guttheesche sollen, huet als Zil, dat modifizéiert Gesetz vum 31. Mee 1999, dat den FNR am ëffentleche Secteur geschafen huet, an dat modifizéiert Gesetz vum 12. August 2003, dat d'Uni Lëtzebuerg an d'Liewe geruff huet, ze adaptéieren.

Ech wëll nach eemol drun erënneren, datt den FNR geschafe gouf, fir de Fuerschungsaktivitéiten am ëffentleche Secteur eng zousätzlech Impulsioun ze ginn, dëst mat enger duebeler Missioun. Engersäits goung et mam FNR-Gesetz drëm, fir Gelder ze sammelen, ze verwalten an anzesetzen, déi aus ëffentlechen a private Quelle kommen, fir um nationale Plang d'Recherche an déi technologesch Entwécklung am ëffentleche Secteur ze ënnerstëtzen. Anerersäits ass et drëms gaangen, e permanente Reflexiounsprozess ze féieren, mat Hëllef vun deem déi national Fuerschungspolitik opgrond vu wirtschaftlechen Donnéeë kann orientéiert ginn.

Den FNR gëtt aus dem Statsbudget finanzéiert, mä an de leschte Joren huet den FNR et ëmmer nees fäerdegbruecht, Drëttmëttel aus den europäesche Fuerschungsprogrammer ze kréien, dëst an der Héicht vun 3% bis 5% vu senge Recetten. Ëm 4% vun den Dépensë ginn zurzäit an d'Personalkäschten, 2% an d'Promotioun vun der Fuerschung an ëm déi 90% fléissen a Projeten, déi zesumme mat der Uni, de CRPen, dem CEPS, dem Statec, dem CHL, dem Naturhistoresche Musée an dem Statslabo souwéi anere Partner ëmgesat solle ginn.

Den FNR ënnerstëtzt d'Recherche am ëffentleche Secteur mat engem diversifizéierte Portefeuille vun Instrumenter, denke mer un thematesch a strukturell Fuerschungsprogrammer, Begleedungsmoossnamen oder Hëllef fir Formation-Recherche. D'Entwécklungen an der Fuerschung an an der Innovatioun am leschte Jorzéngt hu kloer gewisen, datt den FNR op legalem Plang ugepasst muss ginn. Heibäi geet et och drëm, d'Recommandatioune vun der OECD a vum Cabinet d'experts zumindest deelweis ëmzesetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 6420 gouf den 3. Abrëll 2012 duerch den deemolegen Héichschoulminister François Biltgen déposéiert an nieft dem Statsrot vun der Salariats-, der Handels- an der Statsbeamtekummer aviséiert. Fir den Detail vun de legislativen Aarbechten erlaben ech mer, op de schréftleche Rapport ze verweisen.

D'Gesetzesmodifikatioune situéiere sech op sechs Niveauen. Ech wëll se hei kuerz résuméieren.

Éischtens: D'Missioune vum FNR ginn à jour gesat. De Gesetzesprojet klarifizéiert d'Aufgabe vum FNR, andeems en d'Natur an d'Ziler vum Fong senger Aktioun preziséiert an andeems en d'Roll vum FNR als Haaptinstrument an als Bailleur de fonds an der Regierung hirer Fuerschungspolitik gesäit. Dëse Projet féiert och d'Notioun vun der Valorisatioun vun de Resultater an der ëffentlecher Fuerschung an. Et geet also och drëm, fir derfir ze suergen, datt d'Fuerschung um Terrain hire gréisstméiglechen Nidderschlag fënnt.

Zweetens: De Krees vun de Bénéficiairë soll erweidert ginn. Dëse Krees gëtt folgendermoossen definéiert: Et sinn dat d'Établissements publics, déi d'Recherche als Haaptmissioun an hirer Base légale ageschriwwen hunn; ëffentlech Organismen, Servicer an Etablissementer, déi an den Domänen, déi si betreffen, Fuerschungsaktivitéiten ënnerhuelen; d'Associatiounen an d'Fondatiounen ouni Gewënnzweck, déi dem modifizéierte Gesetz vum 21. Abrëll 1928 ënnerleien an déi Fuerschungsaktivitéiten ënnerhuelen an deenen Domänen, déi si uginn. Si brauchen awer en Agrément vum Minister.

Drëttens: Fir d'Autonomie vum FNR ze stäerken, gesäit de Gesetzesprojet vir, datt d'Relatiounen tëschent dem FNR an dem Stat duerch eng méijähreg Konventioun geregelt ginn, déi engersäits déi allgemeng Politik vum FNR, seng strategesch Choixen, seng Aktivitéiten a seng Ziler festhält an op där anerer Säit d'Mëttel definéiert, déi de Stat dofir zur Verfügung stellt.

Véiertens: D'Gouvernance vum FNR gëtt nei definéiert. Den FNR setzt sech aus zwee Organer zesummen, dem Verwaltungsrot an dem wëssenschaftleche Rot, dem sougenannte Conseil scientifique. Fir d'Autonomie vum FNR ze stäerken, ginn d'Rolle vun deenen zwee Organer nei definéiert. An dësem Kader gëtt och eng méi kloer Trennung tëschent den Aufgabe vum Conseil d'administration an deene vum Generalsekretär agefouert. De Verwaltungsrot ass fir d'Strategie zoustänneg, während de Generalsekretär fir d'Émsetzung vun dëser Strategie responsabel zeechent.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Mat dësem Projet soll de Verwaltungsrot an Zukunft nëmmen nach mat externe Perséinlechkeeten, déi also vun ausserhalb vum FNR a senge Bénéficiairë kommen, besat ginn. Dës Leit ginn ausgewielt en fonction vun hirer wëssenschaftlecher Kompetenz an hirer Expertise, och um Terrain vun der Valorisatioun vun der Recherche. D'Zuel vun de Membere geet erof vun 12 op 9.

Déi automatesch Vertriedung vu verschiddene Ministèren am Verwaltungsrot gëtt ofgeschaaft. Am Géigenzuch gesäit de Projet vir, datt d'Funktioun vum Regierungskommissär agefouert gëtt. Dëse participéiert un de Sëtzunge vum Verwaltungsrot mat berodender Stëmm, kann awer Décisiounen en suspens halen, wa se net de Reglementer oder de Kontrakter mam Stat entspriechen.

De Verwaltungsrot vum FNR muss och net méi all Entscheedungen, déi mat der Verwaltung vum Fong ze dinn hunn, huelen. De Conseil d'administration definéiert déi generell Politik an d'Strategie vum FNR am Kader vun der pluriannueller Konventioun. Et ass de Generalsekretär vum FNR, deen de Chef vum Exekutiv ass an deen den FNR dirigéiert, deen déi deeglech Entscheedungen an der Gestioun vum FNR hélt. Hie rapportéiert regelméisseg un de Conseil d'administration. Dëse Gesetzesprojet verstäerkt also d'Roll vum Generalsekretär. Am Gesetz vun 1999 hat hie virun allem eng administrativ Aufgab.

Wat de Conseil scientifique ugeet, esou gëtt deen an deem Sënn reforméiert, datt an Zukunft d'Bénéficiairë vum FNR, y compris d'Uni, net méi an dësem Gremium vertruede sinn. Dëst geet jo och aus de Recommandatioune vun der OECD ervir. Dëst ass noutwendeg, fir datt d'Entscheedungen an aller Transparenz an Neutralitéit geholl kënne ginn.

Fënneftens: Den Dispositif vun den Aides an der Formation-Recherche gëtt modifizéiert an deem Sënn, datt och Écoles doctorales oder Fuerschungsschoulen iwwert de Wee vun den Aides à la Formation-Recherche finanzéiert ginn. D'Bewertungskritäre fir dës kollektiv Subventiounen applizéiere sech net op den individuelle Projet, mä op de méijährege Programm vun der École doctorale. Dës Dokterschoule ginn net nëmmen eng wëssenschaftlech Kultur mat op de Wee, mä droen och maassgeblech dozou bäi, datt déi jonk Chercheuren - dat ass wichteg - an d'Beruffsliewen integréiert ginn.

Lëtzebuerg stet am europäesche Kontext scho ganz vir, wat d'sozial Ofsécherung vun de Chercheuren ugeet, an och bei deenen, déi eréischt an der Recherche ufänken. Well a ville Länner d'Doktorande sech nach ëmmer mat Bourssen ouni Aarbechtsvertrag, ouni integréiert Sozial- a Pensiounsversécherungen zefridde musse ginn, hunn d'Doktoranden an d'Postdoktoranden hei zu Lëtzebuerg dee Virdeel, datt si ënner engem Aarbechtsvertrag kënne schaffen.

Sechstens: Zum Schluss ass nach ze bemierken, datt dëse Projet de loi d'Fonctionnarisatioun vun den Employés d'État virgesäit, déi am Departement Recherche an Innovatioun vum Héichschoulministère schaffen. Well et am aktuelle Gesetz keen effektive Kader gouf, hunn d'Renforcementer u Personal sech iwwert de Wee vu Rekrutementer an der Carrière vum Employé d'État gemaach. Well dës Agenten awer Aufgabe wouerhuelen, déi mat der Ausféierung vun de souveräne Missioune vum Stat ze dinn hunn, solle si an Zukunft vum Statsbeamtestatut bénéficiéieren.

Madame Presidentin, fir den Detail vun de verschiddenen Avise vun de Chambres professionnelles wëll ech aus Zäitgrënn op mäi schréftleche Rapport verweisen. Ech wëll awer e puer Punkten opgräifen, déi de Statsrot a sengen Avisen opgeworf huet. De Conseil d'État huet säin Avis den 23. Oktober 2012 ginn. De Statsrot plädéiert fir eng optimiséiert Gouvernance vum Fuerschungssecteur. D'Ännerungen, déi am Gesetzesprojet virgesi sinn, géifen zu enger Erweiderung vun de Kompetenze vum FNR féieren, ouni awer e Rééquilibrage vu sengem Interventiounsfeld an eng Restrukturatioun vun den ëffentlechen Institutiounen, déi vum Finanzement vum FNR profitéieren, ze viséieren.

De Statsrot schwätzt sech géint d'Éligibilitéit vun ëffentlechen Etablissementer a Servicer aus, déi d'Recherche net als Haaptaktivitéit hunn an déi vun hiren eegene Budgete finanzéiert ginn. E schwätzt sech och géint Vereenegungen a Stëftungen ouni Gewënnzweck aus, déi vum Finanzement vum FNR kéinte profitéieren. Den FNR kéint doduerjer riskéieren, net nëmmen eng Superstruktur fir de Finanzement vun aneren Établissements publics ze ginn, mä och eng Adress fir Demandes de subventions de tous genres.

Wat d'Zesummesetzung vum Verwaltungsrot vum FNR ugeet, esou plädéiert de Statsrot derfir, déi geplangten Dispositioun, déi eng équilibréiert Vertriedung vu Männer a Frae virgesäit, ze preziséieren an eventuell Quoten anzeféieren. De Statsrot huet sech och géint d'Asetze vun engem Regierungskommissär ausgeschwat, deen eng Supervisiounsmissioun hätt. Dës Missioun kéint senger Meenung no vun de Verwaltungs- an Direktiounsgremie vum FNR geleescht ginn.

De Statsrot huet och d'Fro vun den Immobilien opgegraff, déi an d'Kapital vum FNR ze integréiere wieren. Et kéim zu enger Opposition formelle, wann dës Immobilien, also Gebaier, Équipementer, etc. net an enger separater Annex vum Gesetz opgelëscht géife ginn.

Dann huet de Statsrot sech och nach prinzipiell d'accord erklärt, fir den Employéen, déi am zoustännegen Departement vum Héichschoulministère schaffen, de Statut vum Fonctionnaire ze ginn.

A sengem Avis complémentaire vum 30. Abrëll 2013 huet de Conseil d'État drop bestanen, datt d'Jetonen an d'Indemnitéiten, déi de Membere vum FNR-Verwaltungsrot, vum Conseil scientifique an dem Regierungskommissär bezuelt ginn, obligatoresch iwwer Règlement grand-ducal musse fixéiert ginn.

A sengem zweeten Avis complémentaire vum 20. Dezember 2013 huet de Statsrot d'Regierungsamendementer a puncto Propriété foncière vum FNR a Jetons de présence guttgeheescht. Et ass an der Kommissioun festgehale ginn, datt d'Mise à disposition vu Gebaier, Équipementer an esou weider déi bescht Léisung ass, déi zréckbehale ka gi fir all d'Établissements publics, déi am Beräich Héichschoul, Fuerschung an Innovatioun a terme an der Cité des Sciences zu Belval implantéiert ginn.

A sengem drëtten Avis complémentaire vum 6. Mee 2014 huet de Conseil d'État sech finalement derfir ausgeschwat, eng Loi générale auszeschaffen, wat déi équilibréiert Vertriedung vun deenen zwee Geschlechter an de Verwaltungsréit vun den Établissements publics betrëfft. Am Regierungsprogramm steet nämlech geschriwwen, datt an de Verwaltungsréit vun den Établissements publics eng équilibréiert Vertriedung tëschent Männer a Frae soll sinn. Dëst wier e Pilier vun der Politik, déi d'Égalitéit tëschent Männer a Frae promouvéiert.

Fir dëst Zil ze erreechen, peilt d'Regierung bis 2019 eng Representatioun vu 40% vum ënnerrepresentéierte Geschlecht un. D'Kommissioun huet dofir de 24. Februar 2014 en Amendement parlementaire an deem Sënn eragereecht. De Statsrot hätt also léiwer gesinn, wann eng Loi générale zu dësem Thema komm wier, well dat och vermeide géif, datt ähnlech Dispositioune bei der Ausaarbechtung vun anere Gesetzestexter iwwersi kéinte ginn.

D'Kommissioun huet sech finalement majoritär derfir ausgeschwat, fir elo emol an dësem Gesetzesprojet an och am Projet de loi iwwert d'CRPen der Regierung hirem Wonsch Rechnung ze droen a festzehalen, datt d'Proportioun vun de Membere vum Verwaltungsrot vun all Geschlecht net ënner 40% ka leien.

Souwäit also zu den Avise vum Statsrot. Fir all aner Detailer verweisen ech, wéi gesot, op mäi schréftleche Rapport.

Zum Schluss wëll ech all deene Leit Merci soen, déi zu dësem Rapport bäigedroen hunn, deen dëse Méindeg 30. Juni an der Kommissioun majoritär ugeholl gouf. Merci der Presidentin an de Memberen aus der zoustänneger Héichschoulkommissioun fir hir Iwwerleeungen an hir konstruktiv Mataarbecht. E besonnesche Merci geet och un d'Madame Huberty, dat ass d'Sekretärin vun der Héichschoulkommissioun, déi déi redaktionell Aarbecht ronderëm dëse Gesetzesprojet wéi gewinnt mat vill Kompetenz an Zouverlässegkeet begleet huet. Merci och de Beamten aus dem Héichschoulministère, déi der Kommissioun Erklärunge geliwwert hunn.

Ech schléisse meng mëndlech Interventioun, andeems ech dann och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi abréngen. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci dem Här André Bauler fir säi breet gefächerte Rapport an dësem interessanten an esou wichtege Secteur fir Lëtzebuerg. A Merci och fir déi léif Mercie vun Ärer Säit un eis alleguerten.

Als éischt ageschriwwe Riednerin ruffen ech elo op d'Tribün d'Madame Martine Hansen.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Madame Presidentin. Als Alleréischt e grousse Merci un de Rapporteur, den Här André Bauler, fir dee ganz detailléierte Rapport. De Rapport war esou detailléiert, datt ech mech, mengen ech, ka mat guddem Gewësse relativ kuerz halen. An ech ginn dovunner aus, datt déi mannst vun Iech do eppes dergéint hunn.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg huet am Verglach zu aneren europäesche Länner net nëmmen eng relativ jonk Geschicht am Beräich vun der Recherche, mä och eng net ganz typesch Geschicht, an dat, well mer scho Fuerschungszentren haten, ier mer iwwerhaapt eng Uni kritt hunn. Nodeems Luxinnovation viru genee 30 Joer gegrënnt ginn ass, ass 1987 de legale Kader vun der Recherche publique definéiert ginn an déi zwee éischt CRPen, de CRP Lippmann an de CRP Tudor, si gegrënnt ginn. De CRP Santé koum dunn 1988 an de CEPS/Instead 1989 derbäi. Och d'Upassung vun dëse Gesetzer ass zimlech dréngend.

Datt d'Verstäerkung vun der Innovatioun an domadder gekoppelt vun der Recherche absolut noutwendeg war, fir eis Ekonomie erëm méi ze diversifizéieren, dat war ni a Fro gestallt. Mä dës jonk Recherche, déi fir déi ekonomesch Entwécklung vun eisem Land e wichtege Pfeiler ass, huet e richtege Kader gebraucht. Dofir ass 1999 dunn den FNR an och den Héichschoul-, Kultur- a Recherche-Ministère gegrënnt ginn.

Ech wëll kuerz op déi eigentlech Missioun vum FNR zréckkommen, och wa mäi Virriedner dat scho gemaach huet. De Fonds National de la Recherche soll Impulser fir d'Fuerschung zu Lëtzebuerg ginn. Eng vun den Aufgaben ass d'Matfinanzéierung vun de Fuerschungsprogrammer. Fir awer kënnen eng Selektioun vun deenen ze ënnerstëtzende Programmer ze maachen, hu missen déi national Prioritéite vun der Recherche festgeluecht ginn. Dës sinn 2007 opgrond vun de Recommandatioune vum FNR am Kader vu senger FNR-Foresight éischtmools festgehale ginn.

Dank dem FNR hu sech zu Lëtzebuerg iwwer all déi Joren thematesch Beräicher an der Fuerschung profiléiert. Den FNR huet sech zu engem onëmgänglechen, absolut wichtegen, zouverlässegen an effizienten Organ am Lëtzebuerger Fuerschungswiesen entwéckelt. Dofir wëll ech op dëser Plaz all den Acteure vum FNR an och vum Héichschoulministère, déi an deem Beräich schaffen - déi sëtzen do uewen -, e grousse Merci soen. Den FNR ass eist Haaptinstrument, fir eng adequat Ëmsetzung vun der Recherche ze garantéieren.

Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Upassung vum Gesetz vun 1999 ass éischtens duerch den eegenen Erfolleg, duerch déi rasant Entwécklung vun eiser Recherche, virun allem vun der Recherche publique, noutwendeg ginn. Wéi rasant d'Evolutioun vun der Recherche hei zu Lëtzebuerg war, léisst sech ganz däitlech duerch d'Entwécklung vun de Budgetsdépensen an dësem Beräich beleeën:

- Am Joer 2000 goufen 28 Milliounen Euro ëffentlech Gelder fir den RDI-Beräich ausginn; 13 Joer duerno hat sech dat verzéngfacht.

- 2000 louch de Budget vum FNR fir den RDI-Beräich bei 1,2 Milliounen Euro, 13 Joer duerno bei 52 Milliounen Euro.

En zousätzlechen Ustouss, fir d'Gesetz unzepassen, koum, sou wéi den Här Bauler et gesot huet, duerch d'Recommandatioune vun der OCDE. Den Haaptobjektiv vun där Etüd, déi vum Fuerschungsministère an Optrag gi gi war, war, fir d'Stäerkten an d'Schwächte vun eiser Recherche ze definéieren a virun allem och fir d'Gouvernance vun der ëffentlecher Recherche ze analyséieren, well d'Effizienz vun dëser Gouvernance ganz staark de sozioekonomeschen Impakt, dee mer eis jo vun der Recherche erwaarden, beaflosst.

Ech wëll elo net nach eemol am Detail op all d'Upassungen agoen, mä trotzdeem wëll ech heizou e puer Saache soen.

Wichteg ass et, datt d'Missioune vum FNR ugepasst gi sinn. Säi Rôle als Bailleur de fonds a seng Bedeitung, fir d'Politique gouvernementale am Beräich vun der Recherche ëmzesetzen, ginn zousätzlech ënnerstrach. Wichteg ass awer och, datt den FNR zu der Valorisatioun vun de Resultater aus der Recherche publique bäidréit, fir datt dës Resultater e positiven a konstruktiven Impakt op d'Entwécklung vun der Wirtschaft, eiser Gesellschaft an eiser Kultur hunn.

Datt d'Feld vun de méigleche Bénéficiairen erweidert gëtt, kann nëmme virdeelhaft fir d'Entwécklung vun eiser Recherche sinn. Natierlech ginn déi eenzel virgestallte Projete vun deenen eenzelne méigleche Bénéficiairen nach vum FNR evaluéiert, ier décidéiert gëtt, ob de Projet ënnerstëtzt gëtt oder net. Et geet also hei an alleréischter Linn ëm d'Qualitéit vun der Recherche an net ëm d'Quantitéit, wéi een dat vläicht kéint mengen, doduerch datt d'Éligibilitéit méi grouss gemaach gëtt.

Och d'Gouvernance vum FNR huet missen ugepasst ginn. De Projet de loi 6420 féiert de Prinzip vun der Muechtentrennung um Niveau vun der Gouvernance an. Déi jeeweileg Kompetenze vum Conseil d'administration, vum Conseil scientifique a vum Secrétaire général si ganz kloer opgedeelt.

De Conseil scientifique soll de Conseil d'administration assistéieren, vun deem en d'Berodermissioun am wëssenschaftleche Beräich huet. Am Conseil scientifique däerf kee Bénéficiaire méi dra sinn; dat ass absolut noutwendeg, fir d'Transparenz an d'Neutralitéit ze garantéieren.

Am Conseil d'administration sinn d'Ministèren net méi direkt vertrueden. Als Contrepartie, sou wéi den Här Bauler et gesot huet, a well virun allem och ee bemierkenswäerte Budget trotzdeem zur Verfügung gestallt gëtt, ass de Commissaire du Gouvernement, sou wéi bei der Uni, als Observateur mat Voix consultative agefouert ginn.

Engersäits gëtt een also dem FNR eng méi grouss Autonomie an de Finanzen, an der Administratioun, an der Recherche. Anerersäits kritt hien awer och méi Verantwortung doduerch a muss deemno och fir Transparenz an Effikassitéit suergen. De Contrat de performance ass en zousätzlecht Instrument vun der Regierung, fir zesumme mam FNR d'Ziler vun der Politik an dësem Beräich festzehalen.

Och d'Aféierung vun der Aide à la Formation-Recherche «collective», déi et elo erlaabt, fir d'Écoles doctorales oder d'Écoles de recherche duerch den Intermédiaire vun der AFR matzefinanzéieren, ass duerch d'Entwécklung vun der Recherche zu Lëtzebuerg absolut noutwendeg ginn a wäert et och erlaben, d'Chercheuren iwwert dës schoulesch Strukturen ze förderen an hinnen och bei enger berufflecher Carrière spéiderhin ze hëllefen.

D'Fonctionnariséierung vun de sechs Employés d'État am Fuerschungsdepartement ass ebenfalls eng absolut wichteg Moossnam a war dofir vum deemolegen CSV-Minister virgeschloe ginn.

Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach eng lescht Bemierkung, ier ech zum Schluss kommen.

An zwar wëll ech och nach kuerz op d'Representatioun vun de verschiddene Geschlechter an de verschiddene Conseilen agoen. Als CSV hate mer och schonns 2012 an der éischter Versioun vum Projet de loi 30% virgesi fir dat manner representéiert Geschlecht. Dir hutt dëse Prozentsaz, sou wéi et an Ärem Regierungsprogramm steet, op 40% gehuewen, wat a priori och net schlecht ass, falls Der eben d'Leit fannt. Dat ass am Beräich vun de Sciencë leider net ëmmer evident.

Ech wëll awer nach eemol drop hiweisen, datt mir als CSV - sou wéi och de Conseil d'État - et besser fonnt hätten, wann Der een allgemengt Gesetz fir all d'Établissement-publice gemaach hätt, fir eben ze verhënneren, datt mer all eenzelt Gesetz mussen upassen, respektiv fir ze verhënneren, datt dës Saach emol eng Kéier kéint an engem Gesetz vergiess ginn.

Dat gesot, Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech ofschléissend nach eemol betounen, datt déi ganz positiv Entwécklung vun der Recherche hei zu Lëtzebuerg och e Beweis fir dës laang, geziilt a geschlosse Politik vun de Regierungen zënter den 80er Joren ass.

D'CSV huet sech bis d'lescht Joer dëser Responsabilitéit och ëmmer ugeholl a mir sinn der fester Iwwerzeegung, datt mer d'Recherche an d'Innovatioun wäit no vir bruecht hunn, zesumme selbstverständlech mat eise Partner. D'CSV huet och jorelaang op eng budgetär Prioritéit fir dëse Beräich gepocht, an dat huet sech ausbezuelt.

D'Recherche ass eis Matière première, eis éischt Ressource, déi eis d'Méiglechkeete gëtt, eis wirtschaftlech, gesellschaftlech a kulturell sou ze entwéckelen, wéi mer dat brauchen. Mir dierfen eis déi Chance net entgoe loossen, zemools an Zäiten, wou villes geännert huet - am Finanzwiesen oder och an der Industrie. A villes wäert sech och nach änneren.

Den FNR ass hei en onëmgänglechen Acteur. Et ass also méi wéi wichteg, dëser Institutioun déi adequat an adaptéiert Moyene weiderhin zur Verfügung ze stellen an hire legale Kader unzepassen.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der gesitt: Ech si begeeschtert vun der Recherche an och vum FNR. Ech ginn natierlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi. Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Madame Hansen, fir Är flott Interventioun. Als nächst Riednerin ass d'Madame Taina Bofferding ageschriwwen.

Mme Taina Bofferding *(LSAP)*.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, aus engem Avis zur Beuerteelung vun der Strategie vum FNR, deen de Fuerschungsministère viru Joren an Optrag ginn huet, geet ervir, dass den FNR maassgeblech dozou bäidréit, déi wëssenschaftlech Qualitéit vun den ëffentleche Fuerschungsprojeten ze erhéijen an d'Wëssenschaftskultur am Land ze förderen.

Wëssenschaft a Fuerschung mat ëffentleche Gelder ze ënnerstëtzen, ergëtt sech aus der zentraler Bedeitung, déi der Produktioun vun neiem Wëssen an dem Weiderginn un d'Gesellschaft zeguttkënnt. An domadder zielt déi systematesch Sich no neien Erkenntnisser ënner Uwendung vu wëssenschaftleche Methoden a geplangter Form zu de gréisste Grondlage vun enger positiver Zukunftsentwécklung.

Wëssenschaft a Fuerschung si Moteure vun der gesellschaftlecher, technescher a wirtschaftlecher Entwécklung vun eisem Land an domadder och e wichtege Bäitrag zur Sécherung vu Wuelstand a Liewensqualitéit. Wëssenschaft a Fuerschung sinn net «de l'art pour l'art», mä sollen och ëmmer eng gesellschaftlech Relevanz hunn. Wann Institutioune mat Steiergelder finanzéiert ginn, musse se alle Beräicher vun der Gesellschaft zeguttkommen. Dofir ass et och richteg, dass den FNR weiderhin aktiv dozou bäidréit, dass dat de Fall ass.

Wëssen ass en ëffentlecht Gutt, a well Grondlagefuerschung an applizéiert Fuerschung zum Beispill net nëmme Bildung a Kultur an eiser Gesellschaft beräicheren, mä och Wuelstand a vollekswirtschaftlechen Erfolleg sécheren, musse se vum Stat ëmfangräich erméiglecht an ënnerstëtzt ginn. An dëst gehéiert zu de wichtegsten Aufgabe vun engem moderne Stat.

Fir d'sozialistesch Fraktioun ass kloer, dass d'Politik an der Flicht ass, der Wëssenschaft, a speziell der ëffentlecher Fuerschung, genuch Entfalungsméiglechkeeten ze ginn, a se net aus der finanzpolitescher Perspektiv eraus ënnert dem Deckmantel vun der Effizienzsteigerung an e wirtschaftslastegt Korsett däerf zwéngen.

Fuerschung brauch e staarken ëffentleche Secteur. Eng finanziell a konzeptuell Kooperatioun mat der Wirtschaft gëtt wichteg Impulser fir d'Fuerschung an d'Innovatioun. Dëst däerf awer net ëffentlech diskutéiert a gesaten Objektiver vun der Wëssenschaftsentwécklung ersetzen. Fuerschungsprojeten, an deenen hirem Zentrum just de finanziellen Notzen - fir net ze soen: just de Profit - steet, kënne fir d'LSAP keng Antwert op déi sozial an ekonomesch Erausfuerderungen a Problemer ginn, déi virun eis stinn. Dofir nach eemol: D'Fuerschung an d'Entwécklung musse sech virun allem un de Besoine vun der Gesellschaft orientéieren an net just un den Interesse vun de Grousskonzerner.

Nun, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fuerschung kascht Geld. A mat der Kreatioun vum FNR viru 15 Joer gouf eng wichteg Finanzéierungsquell fir Wëssenschaftlerinnen a Wëssenschaftler geschafen. Mat dësem Instrument ass och sécher gestallt, dass Lëtzebuerg an d'Wëssenschaft, d'Fuerschung an d'Entwécklung investéiert.

De Stat suergt mat sengen Aktivitéiten a finanzielle Bäiträg derfir, dass d'Fuerschung an d'Innovatioun e gudden, villsäitegen Nährbuedem zu Lëtzebuerg virfannen. Dozou gehéieren zu den direkten Investitiounen an Hëllefstellunge vill weider Tätegkeeten, déi op den éischte Bléck éischter e lasche Lien hunn, wéi d'Investitiounen an d'Infrastrukturen an an d'Bildungsqualitéit.

Fir d'sozialistesch Fraktioun muss d'Fuerschungspolitik finanziell a konzeptuell esou ausgeriicht sinn, dass se den internationale Verflechtunge vu Wëssenschaft a Wirtschaft, de steigende Käschte vun der Fuerschung, der Komplexitéit vun de Fuerschungsaktivitéiten an dem Strukturwandel vun de Fuerschungsorganisatioune begéint.

D'Haaptaufgab vum FNR besteet an der konkurrenzhalteger Auswiel vun de beschte Fuerschungsvirgabe vun de Chercheuren an an der Finanzéierung dovun. An dat geet vum Doktorand iwwert de Postdoktorand, de Junior Scientist bis hin zum Senior Scientist. Den FNR brénqt d'Fuerschung weider an dréit se an d'Éffentlechkeet, woumadder mir wäertvollt Wësse fir d'Gesellschaft, d'Wirtschaft an d'Politik kréien. Och soll de wëssenschaftlechen Nowuess bei der Sich no neien Erkenntnisser ënnerstëtzt ginn. Hei spillt d'Promotioun vun der Culture scientifique, wéi dem Science Festival, dee virdrunner schonn ugeschwat ginn ass, oder dem Internetsite science.lu eng wichteg Roll, an deemno ass et och gutt, dass dës Elementer am Gesetz solle festgehale ginn.

Weider mécht eng Reformulatioun vun den Tâchë vum Fong Sënn. Säi Generalsekretär hat an engem Zeitungsartikel um Ufank vu sengem Mandat ugefouert, dass den FNR als onofhängege Lien tëschent der Regierung an de Fuerschungsariichtungen ze considéréiere wär.

Den FNR beréit d'Regierung an ëffentlech Ariichtungen a wëssenschaftleche Froen. Als eng Stëmm vun der Wëssenschaft am politeschen a gesellschaftlechen Discours begleet de Fong politesch Entscheedungsprozesser mat wëssenschaftlechem Sachverstand. Fir d'Vergi vun ëffentleche Fuerschungsgelder brauche mer en demokrateschen, partizipatoreschen a verlässlechen Entscheedungsprozess, dee fräi vun Interessekonflikt ass an net vun der Industrie dominéiert gëtt. An de Fong ass e Garant dofir.

Fir d'Glafwierdegkeet vun der Wëssenschaft ass d'Schafe vun Transparenz an der Finanzéierung noutwendeg. Hei entscheet net e Lous doriwwer, wien d'Gelder kritt, mä verständlech an transparent Kritären. En externen Avis duerch

Experten ass wesentlech fir Transparenz a Fairness vum Auswielverfahren.

Den FNR ass net just e wichtegt Instrument bei der Verdeelung vu Gelder, mä och bei der Sécherung vun der Qualitéit vun der Fuerschung, déi ënner anerem doduerch ginn ass, dass Experten a renomméiert Wëssenschaftler aus dem Ausland kontrolléieren a beuerteelen.

Wat d'Eligibilitéit betrëfft, fir iwwerhaapt däerfen eng Demande ze stellen, sou ass oft kritiséiert ginn, dass d'Wielbarkeet ze streng geregelt wär. D'LSAP begréisst deemno, dass mam neie Gesetz weider effentlech Etablissementer a Servicer souwéi och Asblen a Fondatiounen, déi sech am Beräich vun der Fuerschung respektiv fir d'Fuerschung engagéieren, künfteg däerfen eng Demande fir eng finanziell Ënnerstëtzung eraginn.

Weider ass et fir meng Partei och verständlech, dass d'Aides à la Formation-Recherche, also déi Stipendien, déi virun - mengen ech - véier oder aacht Joer agefouert goufen, dass déi och fir Projeten, déi méi am Allgemengen, also als Ensembel ze kucke sinn, künfteg ze ënnerstëtze kënne genotzt ginn.

Neierdéngs soll de Fong och aktiv un der Valorisation des résultats vun der ëffentlecher Fuerschung deelhuelen, woumadder gemengt ass, dass Fuerschungsresultater méiglechst schnell dem prakteschen Notzen zougefouert solle ginn.

Eng weider Recommandatioun, déi d'OECD an hirer Analys opgefouert hat, ass eng méi kloer Definitioun vun de Missiounen an Objektiver vun den eenzelnen Acteuren, woubäi eng besser Gouvernance ugestrieft soll ginn. Wichteg ass, dass den FNR gestäerkt gëtt an d'Matwierke vun de Memberen do konzentréiert gëtt, wou et fir Förderungsdécisiounen am effikassten ass. De Partage des pouvoirs mécht deemno Sënn.

Fir der Objektivitéit gerecht ze ginn, sollen am Conseil d'administration nach just Membere vu baussen als Experten en fonction vun hire Kompetenzen erausgesicht ginn. D'Aufgab vum Verwaltungsrot besteet net méi doranner, Entscheedungen zur Gestioun vum Fong ze huelen, mä déi generell politesch Ausriichtung a Strategie ze bestëmmen am Kader vun den Ziler, déi an der Convention pluriannuelle festgehale gi sinn.

Weider Ännerunge gesi vir, dass Membere vum Conseil scientifique net méi gläichzäiteg Bénéficiairë vum FNR däerfe sinn, wat dësem consultativen Organ méi Transparenz an Objektivitéit a sengen Décisiounen erlaabt. Och d'Membere vun de vereenzelte Ministèrë sollen net méi am Conseil d'administration siégéieren.

Fir awer eng gewësse Kontroll iwwert d'Etablissement ze hunn, am Sënn vun der technescher an administrativer Handhabung wéi och dem Observéiere vun de gesetzleche Regelungen, wéi bei de Konventiounen, gëtt de Commissaire du Gouvernement agefouert.

Och déi aner Froen, déi sech stellen iwwert den Numm „Médiateur", „Ombudsman" an esou weider sollen do gekläert ginn. Ech hunn och Problemer mat deem komplizéierten Numm, mä ech mengen, datt et awer och net evident ass, fir ee Médiateur Ombudsmann ze nennen, well en Ombudsmann normalerweis aner Kompetenzen huet. Dee kann Décisiounen huelen, dat ass jo generell de Fall. A mir sollen engem net een Numm ginn, deem en net ka Rechnung droen.

Déi zweet Propositioun vun der Petitiounskommissioun bezitt sech op déi Recommandatioun Nummer 49 vum Médiateur, wat d'Noutwendegkeet vun engem Code de bonne conduite oder vun engem Guide de bonnes pratiques administratives ugeet. Ech mengen, dat ass absolut noutwendeg. Et ass absolut noutwendeg.

An och e Code de bonne conduite an e Guide de bonnes pratiques administratives, déi d'Aart a Weis kloerstellen, wéi d'Verwaltunge solle fonctionnéieren a sech verhalen, wennt sech net géint d'Personal, mä och esou ee Code ass am Intérêt vum Personal.

Iwwregens kann esou ee Code nëmme gemaach ginn, wa mer de Code de déontologie emol fäerdeg hunn a wann d'Missiounen och gekläert sinn, souwuel d'Missiounen allgemeng wéi, sou wéi mer dat virgesinn hunn an der Reform vum Statut, och d'Missiounen an de Verwaltungen, wann déi mat de Leit zesumme gekläert ginn, fir datt jiddweree sech bewosst ass, wat déi Missioune sinn, wat de Code de déontologie ass. An dann ass et méiglech, fir esou ee Code de bonne conduite opzestellen.

Ech wëll einfach drop hiweisen, firwat datt dat sech net géint d'Personal wennt. Am Gemengesecteur beispillsweis, wou ech eng Zäitchen awer aktiv war, ass dat eng Ufro vum Personal a vun de Gewerkschaften, fir esou e Code de bonne conduite an e Guide de bonnes pratiques administratives ze maachen, well se einfach soen: Doraus ergi sech Obligatiounen net nëmme fir d'Personal, wat weess, wou et drun ass. An ech gesinn de Syvicols-President an ech mengen, et gëtt och en Accord zwëschent de Gewerkschaften an dem Syvicol, fir esou ee Code de bonne conduite ze maachen an e Guide de bonnes pratiques ze maachen.

Ech wier frou, wa mer kéinten an déi Richtung goen, well doraus ergi sech net nëmmen Ufuerderungen un d'Personal, mä et ergi sech och Ufuerderungen un d'Verwaltung an un d'Direktiounen, déi mussen dann och déi Moyenen zur Verfügung stellen, déi ee Beamte beispillsweis brauch, fir kënnen eng uerdentlech Aarbecht ze maachen. An och dat geet Hand an Hand an dat solle mer seriö huelen.

Déi drëtt Propositioun ass déi vun den Zoustännegkeetsberäicher, op déi ech aus Zäitgrënn elo net méi ze vill wëll agoen. Ee Médiateur kann net alles maachen. Dat hu mer gesi bei der Santé, déi mer jo un aner Instanze ginn hunn. Woubäi een awer muss drop hiweisen,

datt all Médiateur déi Kompetenze brauch, fir a sengem Beräich kënnen ze schaffen, an de Médiateur am Santésberäich, dee brauch sécherlech net virun allem juristesch Kompetenzen, oder net nëmmen, mä dee brauch och medezinesch Kompetenzen. Ähnlech ass et an anere Beräicher - CET, Handicapéierter -, wou mer an deene Strukture grouss Kompetenzen hunn a wou déi Kompetenze solle genotzt ginn, wou spezifesch Kompetenze solle genotzt ginn, fir do och déi Médiatiounsstrukturen ze schafen, déi mer brauchen.

Eppes, wat virdrun opkomm ass, dat ass, datt d'Erweiderung vun de Kompetenzen op privatrechtlech Betriber contraire wier zu der Erweiderung…, oder zu dem Netwëllen, fir sech an all Beräich anzemëschen.

Neen, ech gesinn dat esou, dat sinn zwou verschidde Saachen. Dat eent huet iwwerhaapt näischt domat ze dinn. Dat eent ass: A wéi enge Beräicher ass de Médiateur zoustänneg? An dat anert ass: A wann en zoustänneg ass, datt en dann och zoustänneg ass souwuel fir ëffentlech wéi fir privatrechtlech Betriber, déi an deem Beräich täteg sinn. Dat ass eng Konfusioun, déi net ubruecht ass.

Déi véiert Propositioun, dat ass déi, datt de Médiateur gläichzäiteg zu enger juristescher Prozedur soll kënne seng Aarbecht maachen, well wann en dat net mécht, mussen d'Leit schonn op d'Geriicht goen, wann d'Délaien…, oder e kann derzou bäidroen, datt eng Léisung kënnt, ier d'Geriicht eng juristesch Léisung muss fannen. D'Suspensioun vun dräi, véier Méint dréit derzou bäi, datt d'Leit net mussen onnéideg Geriichtskäschten engagéieren, ier et noutwendeg ass.

Mir kënnen dat doten… Et sinn eng Rei Saachen, déi mussen am Gesetz geännert ginn. Et muss net alles duerch d'Gesetz geännert ginn. Villes léisst sech och duerch de bon Sens a gudde Wëllen änneren.

Dozou gehéiert och d'Propositioun Nummer 5 vun der Kommissioun, nämlech d'Délaien an d'Aart a Weis vun den Äntwerte vun de Verwaltungen. Ech mengen, bei der Verwaltung gëtt et einfach déi zwee Extremer, well déi eng Verwaltungen, dat sinn déi, déi extrem hëllefsbereet sinn, an dat anert, dat sinn déi, déi extrem resistent sinn, fir Léisungen ze sichen, an éischter refuséieren oder éischter op hire Propositioune campéieren.

Ech wéilt och nach eng Kéier drun erënneren, de Médiateur ass net de Feind vun der Verwaltung; en ass deen, deen hëlleft, Léisunge sichen. An do sollen d'Verwaltungen, wa se mam Médiateur konfrontéiert sinn, wann ech gelift derzou bäidroen, datt déi Argumenter, déi virgeluecht ginn, datt déi solle weiderentwéckelt ginn an d'Dossiere solle weiderentwéckelt ginn, a se solle sech net einfach op Positiounen do campéieren.

Als leschte Punkt wëll ech e puer Froen opwerfen, déi elo direkt net behandelt gi sinn, déi awer menger Meenung no wichteg sinn. Dat Éischt, dat ass, och wéi mer an de Chamberskommissiounen d'Diskussioune féieren, wou een d'Impressioun huet, datt d'Verwaltunge ganz dacks gehéiert ginn, well dat eben och normal ass an üblech ass an déi och in extenso gehéiert ginn, an d'Meenung vum Médiateur do heiansdo awer ze kuerz kënnt. Mir musse kucken, wéi eng Moyenen datt mer eis ginn an de Fachkommissiounen, fir déi Diskussioune méi équitabel ze féieren a fir dann do déi verschidde Meenunge gläichberechtegt, am Sënn vun enger Léisungssich, kënnen do anzebréngen.

Déi zweet Saach, déi ech nach wëll opwerfen, dat ass den Droit d'avis, deen de Médiateur soll kréien, deen och scho vun anere Virriedner ugeschwat ginn ass. Dee schéngt mer einfach wierklech wichteg ze sinn, datt de Médiateur zu Sujeten, déi säin Tätegkeetsfeld betreffen, soll d'Méiglechkeet kréien, fir selwer Avisen ofzeginn. An d'Chamber soll och drun denken, fir en dacks am Virfeld emol mat Saachen ze befaassen, déi en awer eppes uginn.

Mir an de Kapp kënnt zum Beispill elo de Code de déontologie, dee mer an der Fonction-publiques-Kommissioun amgaange sinn ze diskutéieren, deen awer ee Kader gëtt herno fir de Code de bonne conduite. An et wier heiansdo wichteg, datt een de Médiateur do am Virfeld géif befaassen.

Deen drëtte Punkt, deen ech nach wollt opwerfen, dat ass deen, datt mer amgaange sinn, eng Verfassungsreform ze maachen, an datt ee wierklech och haart soll driwwer nodenken an och driwwer schwätzen, ob een d'Médiatioun an och d'Recht vum Bierger op d'Médiatioun net sollt verfassungsméisseg verankeren als eent vun de Rechter, wat een awer als Bierger soll zu Lëtzebuerg hunn.

Wann de Félix Eischen virdru gesot huet, mir hätte manner Dossieren, dat wier, well d'Leit manner géife knouteren oder, ech hat e bëssen esou verstanen, d'Médiateure net méi esou gutt…

(Interruption)

…net méi esou gutt géif schaffen, hunn ech et bal verstanen, wëll ech awer soen, datt ech domadder net kann d'accord sinn. D'Problemer, déi ëmmer erëmkommen, soll ee prinzipiell léisen. An ech mengen, dat ass dat, wat gemaach gëtt. A wann ee se prinzipiell léist, da sinn herno manner där Fäll. An dat ass positiv.

Ech bedaueren, datt de Félix Eischen deen Eenzegen ass, deen der Médiateure an hirem Personal net Merci gesot huet fir déi Aarbecht, déi se maachen!

Zum Schluss wollt ech e Problem opwerfen, deen ech hu mat eiser Prozedur hei. Mir héieren hei zwee Rapporten, mir héieren hei Recommandatioune vun der Petitiounskommissioun, wou ech mengen, datt déi meescht Leit sech eens sinn, mä mir maache kee Vote doriwwer. Ech hat mer ee Moment iwwerluecht, ob een net misst eng Motioun maachen, wou een déi Recommandatioune vun der Petitiounskommissioun géif engem Vote hei ënnerleeën. Ech hu mer soe gelooss, dat wier net üblech esou.

Mir maachen och kee Vote iwwert de Rapport. Mä meng Suerg ass awer déi, an ech mengen, net nëmme meng, och déi vu menge Virriedner a vun de Rapporteuren, ass déi, datt mer déi Recommandatiounen hei seriö huelen, souwuel als Chamber, datt d'Regierung se seriö hélt an och deementspriechend Propositioune mécht. Mä ech sinn iwwerzeegt, datt de Wëllen do ass an datt mer deen och elo confirméiert kréien, mä datt d'Chamber se och seriö hélt.

An ech mengen, mir misste mindestens an der Petitiounskommissioun de Suivi maache vun deene Propositiounen an deene Recommandatiounen. Ech hu virdru mam President vun der Kommissioun geschwat, deen och där Meenung ass, datt mir als Petitiounskommissioun, wa mer hei elo kee Vote maachen, eis sollen déi Aufgab ginn, fir dat dote ganz enk ze suivéieren, souwuel wat d'Reform vum Gesetz ugeet wéi och déi aner Saachen, déi mer ouni Gesetzesännerung elo kënnen ëmsetzen, fir datt mer alleguerten op déi Aart a Weis zu der Verbesserung vun der Qualitéit vum ëffentlechen Déngscht a vum Vertrauen an den ëffentlechen Déngscht bäidroen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert. Fir d'Regierung schwätzt den Innen- a Fonction-publiques-Minister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech emol vläicht am Numm vun der Regierung Merci soe fir dee ganz konstruktiven Débat, dee mer hei konnte féieren. An et wäert Iech net verwonneren, dass ech als zoustännege Minister vun der Fonction publique an der Réforme administrative natierlech ganz beréiert si vun deenen Diskussiounen, déi hei gefouert gi sinn.

Ech hunn awer och eng ganz konkret Fro gestallt kritt, nämlech déi vum Här Marc Angel. Esou wéi hien et richteg gesot huet, ass et effektiv esou, dass mer opgrond vum Avis amgaange sinn, eng Rei vu Regelen, wat d'Deontologie vun de Statsbeamten ugeet, ewechzehuele vum Niveau vum Règlement grand-ducal a se eropzesetzen op den Niveau vum Gesetz.

Et ass och esou, dass mer an der Chamberskommissioun eng Sitzung gebraucht hunn, fir eis exklusiv mat deem Thema ausenanerzesetzen. Dat ass also e Froekomplex, deen awer scho relativ komplex ass. An dofir hu mer eis och déi néideg Zäit geholl, fir dat ze maachen. Déi entspriechend Amendementer sinn och elo fäerdeg. De Statsrot kritt se elo an nächster Zukunft oder en huet se scho kritt. An et ass och virgesinn, dass d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics se och sollt kréien, fir sech dann nach zu dësem Froekomplex kënnen ze äusseren.

Dann, wat kloer ass, dass mer dann, wa mer dat heiten hunn, eis och nach musse mat der Fro ausenanersetzen, fir e Code oder e Guide de bonne conduite oder de bonnes pratiques - wéi mer et dann och nennen, ech mengen, dat ass net dat Entscheedend -, fir dat kënnen op d'Been ze stellen. Wichteg och do, dass mer déi och brauchen, fir herno d'Evaluatioun vun de Statsbeamten ze maachen, esou wéi dat och an deem neie Gesetz iwwert de Statut vun de Statsbeamte virgesinn ass.

Déi Viraarbecht, op déi mer kënnen opbauen, ass zum Deel, wéi gesot, scho gemaach. Eenzel Verwaltunge schaffen haut schonn no enger „Charte d'accueil et de service «Moien Merci»". Dir kennt dee Programm. An et gëtt och dee Code, deen och scho vun der Médiateure eis recommandéiert ginn ass, fir eis drun ze orientéieren, den „Code européen de bonne conduite administrative". Wéi gesot, eng grouss Viraarbecht ass an deem Beräich geleescht, wou mer kënnen drop opbauen.

An dëser Fro hu mer also eng honnertprozenteg Eenegkeet, kann ech soen, tëschent Regierung, Chamber an och der Médiateure, dass mer esou e Code, Guide och Charte, oder wéi mer et dann och nennen, herno brauchen. Fir mech selwer ass den Titel net esou entscheedend, mä entscheedend ass, dass mer wierklech e Leitfaden hunn, un deem d'Beamte sech kënnen orientéieren, fir och ze wëssen, wat vun hinnen an hirem Déngscht verlaangt gëtt.

Ech wëll och soen, dass ech selwer schonn eng Entrevue mat der Médiateure zu deem Thema hat. A mir sinn eis och eeneg am Prinzip, dass mer fir d'Éischt mussen d'Regele vun der Deontologie am Statut geléist hunn, éier mer dann op déi zweet Etapp vun deem Code kënnen iwwergoen.

Ech wollt dann awer nach vun der Geleeënheet profitéieren, fir och engem vun de Rapporteuren - zwee, dräi Rapporteuren hate mer, ass gesot ginn -, ech wëll an deem Kontext hinnen och Merci soen. Den Här Schank hat als Rapporteur déi Problematik vun der Germaniséierung vun de Virnimm ugeschwat. En huet gesot, dass mer eis engagéiert hätten, fir do Léisungen ze sichen.

Ech mengen, ech kann haut soen, dass mer eis net nëmmen engagéiert hunn, mä dass mer Léisungen och konkret ëmgesat hunn. 17.000 bis 18.000 Leit, déi alleguerten eenzel ugeschriwwe ginn a mat enger Procédure simplifiée dëse Problem konnte léisen. An och wa mer an dëser sensibeler Problematik nach deen een oder deen aneren Hickhack an eenzelne Fäll hunn, mengen ech awer, dass déi Mesure, déi mer hei geholl hunn, zur gréisster Zefriddenheet vun de Leit iwwert d'Bühn gaangen ass.

Da wëll ech och nach am Numm vum Premier - Dir wësst, en huet sech entschëllegt, well en elo an enger Audienz beim Groussherzog ass - vläicht dräi kleng Saache soen.

Zur Diskussioun vun der Benennung vun deem Amt, wou mer alleguerte seng Wichtegkeet erkannt hunn, mengen ech, dat ass och hei schonn a verschiddene Rieden ugeklongen, gëtt et vill Iddien, vill gutt Virschléi. Déi eng an déi aner kann ee selbstverständlech diskutéieren. D'Regierung ass do op, wëll ech ganz kloer soen, a waart op konkret Virschléi vun der zoustänneger Chamberskommissioun.

Da wëll ech awer och hei ervirsträichen, dass et an der Tëschenzäit eng verbessert Zesummenaarbecht tëschent Médiateure a Premier engersäits a Regierung, ganzer Regierung anerersäits gëtt, andeems dass d'Médiateure regelméisseg e Listing eragëtt vun deenen Ufroen, déi an deenen eenzelne Verwaltungen net an den Délaie beäntwert gi sinn. Dat erméiglecht eis, dee Listing, dann och um Niveau vum Regierungsrot ze diskutéieren an dann an deene jeeweilege Verwaltungen deen néidegen Drock ze maachen, fir dass d'Médiateure Satisfaktioun kritt.

A wa mer vu verbesserter Zesummenaarbecht schwätzen, vläicht an deem Kontext wëll ech awer nach eng Kéier drun erënneren, dass och am Regierungsprogramm ugekënnegt ass d'Schafung vun enger Maison des Droits de l'Homme, wou mer u sech ënner engem Daach wëllen d'Servicer vum Médiateur, der Commission des Droits de l'Homme, vum Centre pour l'égalité de traitement a vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand vereenegen.

Selbstverständlech soll d'Onofhängegkeet vun deenen eenzelnen Institutioune gewahrt bleiwen. Mä mir mengen awer, dass d'Schafung vun esou enger Maison du Savoir och kann dozou bäidroen, fir eng ganz Rei vun nëtzleche Synergien ze schafen.

Dat gesot, nach eng Kéier villmools Merci fir deen interessanten Débat!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Regierungsvertrieder.

Domat wäre mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm, vu dass mer iwwer näischt ofzestëmmen hunn.

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Pardon!

M. le Président.- Jo?

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Entschëllegt, Här President, ech kréien elo gesot, dass ech mech verschwat hunn. Ech schwätze selbstverständlech vun der Maison des Droits de l'Homme!

Une voix.- Net d'Maison du Savoir.

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- An net d'Maison du Savoir!

M. le Président.- Merci fir d'Prezisioun.

Mir sinn um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert d'Rapporte vun der Médiateure ukomm. Eis nächst Sëtzunge si fir den 8., 9. an 10. Juli virgesinn. An ech wollt Iech just nach informéieren, dass et elo och offiziell ass, dass mer eng zousätzlech Sëtzung hunn de 16. Juli, also déi Woch drop.

Villmools Merci! Kommt gutt heem a bis d'nächst Woch!

(Fin de la séance publique à 16.24 heures)

- **L'actualité parlementaire sur www.chd.lu**
- **Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.**
- **La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.**
- **L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.**
- **Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur www.chd.lu.**
- **De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.**

d'Chamber online op

www.chd.lu

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. Communication
- *M. le Président*

3. Ordre du jour
- *M. le Président, M. Justin Turpel, M. Eugène Berger, M. Alex Bodry, M. Claude Wiseler, M. Claude Adam, M. Roy Reding*
- *Vote*

4. Débat de consultation sur la réforme de l'assurance dépendance
- *Exposé: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*
- *Débat: M. Serge Wilmes, Mme Taina Bofferding*
- *Interruption de la séance publique de 16.00 à 16.01 heures*
- *Mme Josée Lorsché, M. Edy Mertens, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany, Mme Taina Bofferding*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*

5. 6592 - Projet de loi relatif aux règles spécifiques s'appliquant aux accords verticaux de distribution dans le secteur automobile
- *Rapport de la Commission de l'Économie: Mme Tess Burton*
- *Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. André Bauler, M. Henri Kox, M. Roy Reding*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6685 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets
- *Rapport de la Commission de l'Économie: Mme Tess Burton*
- *Discussion générale: M. Félix Eischen, M. André Bauler, M. Henri Kox, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie (M. Fernand Kartheiser pose une question)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Romain Schneider, Mme Lydia Mutsch, M. Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres; Mme Francine Closener, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Ech maachen d'Sëtzung offiziell op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Dat ass net de Fall, Här Chamberspresident.

M. le Président.- Merci, Här Statsminister.

2. Communication

Da wollt ech d'Chamber informéieren, dass d'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen an den Äntwerten um Dësch vun der Chamber deponéiert ass.

Communication du Président - séance publique du 8 juillet 2014

La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

3. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz huet sech op deen Ordre du jour gëeenegt, deen Der zougestallt kritt hutt. Ech hunn eng Wuertmeldung zum Ordre du jour vum Här Justin Turpel. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Ech proposéieren der Chamber, fir de Punkt, deen en Donneschdeg de Mëtteg um Ordre du jour ass iwwert d'Studiebäihëllefe vun de Studenten, 6670, fir dee vum Ordre du jour erofzehuelen.

Et stellt sech ëmmer méi eraus, wat ee méi no bei deen Datum kënnt, datt dee Projet de loi wierklech iwwert de Knéi gebrach ginn ass, datt wierklech eng seriö a fundéiert parlamentaresch Aarbecht, esou wéi se elo leeft, net méi méiglech ass. Ech ginn e Beispill: Dat Eischt, dat ass, mir wëssen, et ass bekannt, an de Minister huet dat och selwer gesot an zougestanen, et feelt eis un Donnéeën, fir ze wëssen: Wat ass d'Situatioun vun de Studenten? Wat ass hire Besoin, wa se studéiere ginn? Wéi wäit muss ee se ënnerstëtzen?

De Minister ass och bereet, fir am Hierscht do Etüden zesumme mat der zoustänneger Kommissioun an d'Wee ze leeden. Et ass esou, datt d'Studente selwer, den Aktiounscomité selwer elo bei senge Memberen eng Etüd gemaach hunn, déi representativ ass, déi awer eng ganz Rei Indikatioune gëtt iwwert d'Konsequenze vun deem Gesetz hei, iwwert d'Situatioun vun de Studenten, a wou et ënner anerem och gutt wier, wann déi géif an d'Diskussioun iwwert de Gesetzesprojet hei erafléissen.

Wéi ech an der Kommissioun proposéiert hunn, dat ze maachen, ass gesot ginn, dat géife mer dann am Hierscht maachen, zesumme mat der Diskussioun, wéi eng Etüden datt d'Regierung géif an Optrag ginn.

Ech ginn nach een zweet Beispill: Dat ass dat, datt d'Chambre des Salariés een Avis ofginn huet, deen, nodeems datt en definitiv virläit, obscho se sech do wierklech Méi ginn hunn, guer net méi konnt diskutéiert ginn an der Kommissioun. An ech fannen et och wichteg, datt een d'Bäiträg vun esou Strukture wéi d'Chambre des Salariés wierklech seriö hëlt an abaut.

Et kënnt derbäi, datt d'Etüd vun de Studente weist, wann een déi liest, datt de Moment ongeféier 37% vun de Studenten ouni Hëllef vun den Eltere studéiere ginn, mat deenen Hëllefen, mat deene Mëttelen, déi se de Moment kréien. An datt, wann dee Projet de loi hei ëmgesat gëtt, een Deel vun deene wahrscheinlech guer net weess, wéi e soll weiderfueren, well de Projet de loi an där Hisiicht keng Iwwergangsbestëmmunge virgesäit fir déi, déi de Moment schonn ënnerwee sinn. An et ass einfach domat ze rechnen, datt eng Rei Studenten hir Studien net kënne fäerdeg maachen.

Mir hoffen, datt de Majoritéitsparteien hei un enger seriöer parlamentarescher Aarbecht geleeën ass. Mir hunn ähnlech Problemer bei anere Projeten, wou et ëmmer méi schwiereg gëtt, fir nach eng seriö Aarbecht ze maachen an deenen imposéierten Délaien. An dowéinst proposéiere mer, dee Projet de loi hei ze verschieben.

Mir wëssen och, wéi eng Konsequenzen datt dat huet. Dat si 40 Milliounen, déi eis dat d'nächst halleft Joer méi géif kaschten. Mir hunn där zeg Milliounen eng ganz Rei an deene leschte Wochen an och an deenen nächsten Deeg nach mussen deblockéieren. Hei geet et ëm en Investissement an d'Zukunft, an d'Bildung, an déi sollen eis dat wäert sinn.

Mir wëssen awer och, wat d'Konsequenze sinn, wa mer de Projet de loi stëmmen. Zum Deel nämlech, datt an der Moyenne d'Studenten 2.000 Euro manner kréien. Mir wëssen awer net, wéi eng Auswierkungen datt dat wäert hunn.

Dowéinst proposéieren ech, dee Punkt hei vum Ordre du jour ze sträichen. An ech hoffen, datt net nëmmen der DP, mä grad besonnesch och deene Kolleege vun der grénger Partei a vun der LSAP dru geleeën ass, fir dee Punkt hei méi seriö kënnen unzegoen, wéi mer dat konnte maachen. Duerfir déi Propositioun.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. Ech hunn d'Wuertmeldung vum Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Jo, Merci, Här President. Ech wéilt dat net esou am Raum stoe loossen, datt hei an deem Dossier keng seriö parlamentaresch Aarbecht geleescht gi wier. Mir sinn elo méintelaang amgaangen, un deem Projet an der Kommissioun ze schaffen. Mir hunn eng ganz Rei Gremien empfaangen. Mir hunn den Aktiounscomité empfaangen, mir hunn aner Jugendorganisatiounen empfaangen. Mir haten am Kader vun der Petitiounsprozedur och hei Leit an der Chamber.

Dat heescht, mir hunn eis wierklech intensiv mat all deene Facettë vun deem Dossier auserneegesat. Mir hu ganz vill Stonnen an de Kommissiounssëtzunge gehat. A mir hunn also do gutt Aarbecht gemaach.

Ech wëll elo net wierklech, well en Donneschdeg wäerte mer nach Geleeënheet kréien, fir iwwert déi Saachen dann ze diskutéieren, op all déi Punkten agoen, déi elo den Här Turpel awer scho schnell einfach esou an de Raum gestallt huet, déi een eigentlech net esou dierft stoe loossen, mat enger Saach, wou e seet, et wieren do, eng Etüd hätt erausfonnt, datt déi eng oder aner Saache wierklech schlecht wieren. Dat ass eng perséinlech Interpretatioun iwwert déi Zuelen, déi do an där Etüd sinn, an och, wéi representativ datt se ass.

Och einfach esou pauschal ze soen, elo kritt jiddwereen 2.000 Euro manner, ass och falsch. Mä wéi gesot, ech ginn elo net an den Inhalt. Här President, ech ginn elo net an den Inhalt vun der Reform an. Éischtens sinn ech der Meenung, net nëmmen der Meenung, mä et ass e Fait, datt mer wierklech eis laang mat deem Projet beschäftegt hunn, datt mer dat consciencieux gemaach hunn, wierklech gekuckt hunn, jiddwereen ze lauschteren, eis e gutt Bild ze bilden. Mir sinn och iwwerzeegt, datt mer elo e gudde Projet virleien hunn, dee mer en Donneschdeg och da kënnen hei diskutéieren an zum Vote bréngen.

Duerfir proposéieren ech, datt mer bei eisem Ordre du jour bleiwen, esou wéi e fixéiert gi war vun der Conférence des Présidents.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Berger. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, u sech déi Argumentatioun do, déi ass net nei par rapport zu deem, wat och schonn d'lescht Woch diskutéiert ginn ass. Mir hunn e Virschlag hei vun der Conférence des Présidents, dee virgesäit, dass mer dës Woch deen dote Projet de loi behandelen.

An ech gesinn hei keen neit Element, wat eis sollt dovunner ofbréngen, fir eng aner Meenung ze hu wéi déi, déi mer geäussert hunn an der Conférence des Présidents. Entre-temps huet och d'Kommissioun hir Aarbechten ofgeschloss mam Vote iwwert de Rapport.

Duerfir mengt d'sozialistesch Fraktioun, mir sollte bei eisem Ordre du jour bleiwen.

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. Jo, just kuerz fir ze soen, datt mir mengen, datt mer wëllen en Donneschdeg Geleeënheet kréien, fir ze soen, wou mer iwwerall Problemer mat deem Text hunn. An duerfir menge mer, datt e soll um Ordre du jour stoe bleiwen a mer en esou sollte stëmmen.

M. le Président.- Merci dem Här Wiseler. Den Här Adam huet d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Jo, Merci, Här President. Ech versti jo och, datt den Här Turpel nach mengt, nei Faiten an d'Spill ze bréngen. An eisen Ae sinn dat awer keng nei Faiten. Ech mengen, déi Etüd, déi en ugeschwat huet, ass zirkuléiert. Mir hunn déi alleguerte kritt. Mir hunn och déi Avisen alleguerte gelies. Mir hate fir dee Projet en Hearing hei an der Chamber, mir haten d'Prozedur vun der Petitiounskommissioun. Ech war elo, et ass déi drëtte Kéier, datt ech derbäi sinn, wou mer iwwer ee Gesetz iwwert d'Aidë vun den Études supérieures diskutéieren.

Ech sinn der Meenung, natierlech hätt een nach kënne méi Zäit hunn. Mä ech soen awer ganz kloer, déi heite Kéier hate mer méi Zäit wéi déi zwou Kéiere virdrun. Ech hunn d'Gefill, wéi wa mer eis Aarbecht do gutt gemaach hätten. An ech gesi mam beschte Wëllen och net an, firwat datt mer sollen den Ordre du jour änneren.

M. le Président.- Merci och dem Här Adam. Den Här Reding huet d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, Merci, Här President. Ech wëll ausdrécklech den Antrag vum Kolleeg Turpel ënnerstëtzen. Dat heiten ass en extrem wichtegt Gesetz, well et geet ëm all déi Studenten, deenen hir Elteren net kënnen oder net wëllen déi Studie bezuelen. An op deen Aspekt geet dat Gesetz hei ongenügend an.

Mir hunn och keng seriö Aarbecht geleescht, well mir hate Kommissiounssëtzungen, déi iwwert de Knéi gebrach waren a Mëttesstonnen, déi sech zum Deel, Här Berger, mat anere Kommissiounssëtzungen iwwerschnidden hunn.

(Interruption)

Mir kënnen net esou aus dem Volle schäffe wéi Dir, mir hunn als méi kleng Parteie manner Deputéierten. Wann dat dote seriö parlamentaresch Aarbecht ass, da weess ech net, wat onseriöer sollt sinn.

D'Amendementer vun der Oppositioun goufe ganz, ganz kuerz diskutéiert, ganz kuerz ugeschnidden. Si goufen alleguerten en bloc verworf. Dat ass net eng Prozedur, wéi mir se fir richteg fannen. Dat heiten ass esou ee wichtegt Gesetz, datt ech och soen, dat sollte mer verschieben.

Merci, Här President.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Domat, mengen ech, wären d'Standpunkter kloer. An ech géif dann d'Fro stellen, fir iwwert den Ordre du jour ofzestëmmen.

Vote

Déi, déi fir den Ordre du jour sinn, wéi e vun der Presidentekonferenz fixéiert ginn ass, stëmme mat Jo. Déi, déi dergéint sinn an derfir sinn, dass mer en ännere géifen, stëmme mat Neen.

De Vote ass un. D'Procuratiounen.

(Interruptions)

„Jo" ass fir den Ordre du jour, wéi e fixéiert ginn ass vun der Presidentekonferenz.

Une voix.- Et geet net!

Une autre voix.- Säin Apparat geet net.

(Brouhaha et hilarité)

M. le Président.- Mir huelen den Här Mertens mat.

De Vote ass ofgeschloss. Wann nach engem seng Maschinn net gaange wier, sot eis Bescheed!

Mir hu 54 Deputéierten, déi um Vote deelgeholl hunn. Dobäi waren 49, déi mat Jo, also fir den Ordre du jour ofgestëmmt hunn, a 5, déi fir eng Ännerung vum Ordre du jour gestëmmt hunn.

Résultat définitif après redressement: l'ordre du jour est adopté par 51 voix pour et 5 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Laurent Mo-

sar (par M. Luc Frieden), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Claude Haagen), Mmes Taina Bofferding (par M. Roger Negri), Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Joëlle Elvinger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam), M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Et ass also ganz kloer: Mir fueren no deem Ordre du jour, wéi en urspréinglech fixéiert war, a wann nach Vote-Korrekturen ze maache sinn oder Maschinnen net sollte gaange sinn, mellt lech beim Generalsekretariat!

Merci villmools!

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass den Débat de consultation, dee vun der Regierung ugefrot ginn ass, fir d'Meenung vun der Chamber ze héieren iwwert déi geplangte Reform vun der Fleegeversécherung. Et ass esou, dass an engem Débat de consultation d'Regierung als Éischt d'Wuert kritt, dann déi verschidde Riedner, an d'Regierung herno zum Schluss nach eng Kéier ka reagéieren.

Ech géif lech bieden, wann Der dat nach net gemaach hutt, lech anzeschreiwe fir den Débat, an ech ginn dann direkt d'Wuert dem zoustännege Sozialminister, dem Här Romain Schneider. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

4. Débat de consultation sur la réforme de l'assurance dépendance

Exposé

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir d'Wuert a virun allem awer och, datt Der dësen Débat de consultation op den Ordre du jour vun der Chamber gestallt hutt iwwert d'Noutwendegkeet vun enger Reform vun der Fleegeversécherung hei zu Lëtzebuerg.

Wa mer drop aginn de Mëtteg op een Débat de consultation, sou wollt ech fir d'Éischt emol eng Kéier de Prozess erklären, wéi ech mer virstellen, datt mer kënnen dëse Projet de loi déposéieren nach eng Kéier, a wéi mer virun allem och d'Iddi haten, ze consultéieren an ze debattéiere mat allen Acteuren.

Dir wësst, datt am Regierungsprogramm steet, datt mer eng Réforme structurelle vun der Assurance dépendance géife maachen. Dir wësst och, datt de Bilan vun der IGSS, deen 2013 erstallt gouf an dee presentéiert gouf an der viregter Chamberskommissioun an och an der jetzeger Chamberskommissioun vun der Sécurité sociale, op d'Noutwendegkeet, op d'Nécessitéit vun enger Reform hiweist.

Ech hu gemengt, wéi ech den Dossier iwwerholl hunn als Minister vun der Sécurité sociale, also responsabel fir dëse Volet, datt et wichteg wier, datt ee sech d'office géif eng Gouvernance vum Projet ginn a virun allem och eng Aarbechtsmethodologie géif opstellen, fir dëse Projet ze géréieren an och ze diskutéiere mat allen, déi do drunhänken. An do ass sécher ee vun de wichtege Partner och d'Parlament direkt.

Fir d'Éischt hu mer intern, an dat war direkt Ufank 2014, en internen Aarbechtsgrupp gemaach tëschent Ministèren, tëschent der IGSS, tëschent der CEO an tëschent der CNS, fir eng Analys ze maache vun deem bestehende Gesetz, awer och ze kucken, fir deen éischte Bilan ze maache vu 15 Joer Fleegeversécherung hei zu Lëtzebuerg.

Et gouf och a verschiddenen Aktivitéitsfelder geschafft, soudatt mer eng Rei positiv Punkten, eng Rei méi Punkten, déi ee muss diskutéieren, erausgeschielt hunn. Déi Punkten iwwregens, déi Der, déi d'Deputéierten an hirem Aarbechtsdokument erëmfonnt hunn, dat ech am Virfeld vun dësem Débat de consultation un déi eenzel Deputéiert weiderginn hunn.

An der Tëschenzäit hunn ech och Consultatioune mat deenen aneren direkt betraffene Ministèrë gefouert, engersäits dem Ministère de la Santé an eiser Plattform, déi mer monatlech hunn, an derniewent awer och mat dem Ministère de la Famille an deene leschten Deeg, fir eng Kéier déi Grondausriichtung, Grondfroen eng Kéier mat ze diskutéieren a mat ze fixéieren.

Elo de Mëtteg, mengen ech, ass et d'Consultatioun vum Parlament, nodeem mer eng éischt Diskussioun an der Chamberskommissioun haten, wou also nach eng Kéier och virun allem op d'Wichtegkeet higewise gouf, fir dëse Rapport vun der IGSS och deenen neie Memberen aus där Chamberskommissioun, an dat waren der ganz vill, eng Kéier ze presentéieren an och mat hinnen eng éischte Kéier unzeschwätzen. Dat gouf och direkt virun e puer Woche gemaach. Do, wou also och deen Débat eng éischte Kéier stattfonnt huet, am Beisein vun deenen eenzelnen Deputéierten an där Kommissioun.

De Mëtteg am Parlament, mengen ech, wäerte mer driwwer diskutéieren, mä virun allem ass dee Prozess hannendrun dann och deen, datt ech mat den Acteuren, déi direkt betraff sinn, engersäits d'Prestatairen, op där anerer Säit d'Personalvertrieder, op där anerer Säit och d'Vertrieder vun de Bénéficiairen, wäert d'Organisatioun vun enger „Journée de réflexion Assurance dépendance" organiséieren, an dat am Hierscht vun dësem Joer, fir och d'Inputer vun hinnen ze kréien, wat déi eenzel Themeberäicher betrëfft. Selbstverständlech och do zesumme mat dem Ministère de la Santé an dem Ministère de la Famille, déi hei enk wäerten agebonne sinn an där Journée de réflexion iwwer eng Reform vun der Assurance dépendance.

All dës Reflexioune wäerte mer da verschaffen an deenen eenzelnen Aarbechtsgruppen a wäerten dann dem Regierungsrot eng Propos maachen, een Avant-projet de loi presentéieren, mat Virschläi säitens vum Minister vun der Sécurité sociale, déi dann d'Regierung muss och guttheeschen. An da wäerte mer an deem Moment de Projet de loi probéieren, Ufank 2015, am Laf vum éischten Trimester 2015 op den Instanzewee ze ginn, fir dann ze kucken, en am Laf vum Joer 2015 och an dësem Parlament, an dëser Plénière ze stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a Virbereedung op dësen Débat de consultation hunn ech iwwert de Weekend eng ganz Rei vun interessante Pabeiere gelies a virun allem hunn ech gelies d'Debatten, déi virausgoungen dem Projet 1998. An hei, mengen ech, konnt ee verfolgen, datt dat e ganz laange Prozess war, bis een dohinnerkoum.

Dës Aarbechten hunn ugefaang, bis dat Gesetz gestëmmt gouf 1998, '92 schonn, wou ee sech iwwert d'Noutwendegkeet vun enger Fleegeversécherung hei zu Lëtzebuerg am Prinzip eens war, driwwer ze diskutéieren a kucke se auszeschaffen.

An ech mengen, wann een deemools de Projet de loi gesinn huet, wann een och d'Interventioune gesinn huet säitens vun der deemoleger Sozialministerin Mady Delvaux, awer och vum Rapporteur Lucien Lux, deen ee Rapport gemaach hat, wou e wäit iwwert d'Assurance dépendance erausgaangen ass, wou en déi eenzel Piliere vun der Sécurité sociale eng Kéier beliicht huet: d'Pensiounen, Maladie, Maternité, Accident, an hei dee fënnefte Pilier och, dee vun der Assurance dépendance erkläert huet an op d'Wichtegkeet agaangen ass, datt mer hei zu Lëtzebuerg och eng Ofsécherung an der Fleegeversécherung mussen hunn, mengen ech, war dat e ganz flotten Text, deen een hei konnt noliesen.

An och déi eenzel Remarquë säitens vun deenen eenzelnen Deputéierten, déi ganz dacks eng ganz Rei vu Froen haten, déi och um Enn vum Vote opbliwwe sinn, a wou mer virun allem hautdesdaags, mengen ech, awer op eng Rei vun deene kënnen äntwerten. Et war awer evident, datt dës Froen deemools gestallt goufen, well et wousst een net, wat effektiv mat dëser Fleegeversécherung hei zu Lëtzebuerg géif geschéien, wéi et sech géif entwéckelen, ob et sech positiv géif entwéckelen, ob mer eng Rei vu Contrainten hätten.

Deemools zum Beispill, ee vun de Punkten, deen erausgeholl gouf, war deen: Hu mer dann effektiv och d'Infrastrukture fir d'Leit, déi mer net kënnen doheem halen? Dat war jo deen éischte Souci, ze probéieren, d'Leit doheem ze halen. Dunn hu mer effektiv d'Infrastrukturen opgebaut, fir och kënnen deem, wat hei am Gesetz steet, Rechnung ze droen.

Et muss ee soen, datt dat deemools net de Fall war, mä datt awer risegrouss Efforte gemaach goufen an deene leschte 15 Joer, fir an d'Infrastrukture massiv ze investéieren, soudatt mer haut eng Landschaft vun Infrastrukturen hunn, déi gutt sinn, déi selbstverständlech och hei mussen enger Analys ënnerzu ginn, a wou ee selbstverständlech och am Kader vun dëser Reform eng Carte sanitaire muss erstellen, wou et esou eng Etablissementer gëtt, a wou ee virun allem och muss Verbesserungen op deenen Infrastrukturen, op deenen Etablissementer maachen.

Mä mir kënne ganz kloer soen, datt déi Fro, déi deemools gestallt gouf, direkt opgegraff gouf vun deenen eenzelne Regierungen, déi hannendru waren, fir virun allem am Beräich vun den Infrastrukture ganz vill ze investéieren an och deem Rechnung ze droen.

Haut kann ee soen, mengen ech, datt 15 Joer no der Aféierung vun der Fleegeversécherung d'Fleegeversécherung zu Lëtzebuerg eng Success Story ass, an datt d'Chifferen - op déi kommen ech zréck - och beweisen, engersäits, wat de Volet vun de Bénéficiairë betrëfft, virun allem awer och, wat an deem ganze Volet Ekonomie an Emploi vun Aarbechtsplazen an dësem Volet geschaf goufen, datt dat schonn enorm ass an datt dat weist, datt d'Aféierung deemools zu Recht gemaach gouf an datt och d'Ausriichtung richteg ass.

An datt och d'Grondprinzipien, déi deemools festgehale gi sinn, eigentlech déi richteg waren. Och déi solle mer nach eng Kéier bestätegen a mer solle se erweideren. Dat ass eben d'Aufgab, niewent dësem Débat de consultation, och herno vun dësem neie Projet de loi, vun dësem neie Gesetz, dat mer wäerten upassen.

Mir sollen awer virun allem och, wann een d'Chifferen analyséiert, net nëmmen op dat rasant Auserneendreiwe vun den engersäits Dépensen an anerersäits de Recettë reagéieren, mä virun allem och d'Assurance dépendance der Zäit upassen. Mir sollen d'Erkenntnisser aus der Praxis verschaffen. Mir sollen nei Krankheetsbiller erfaassen. Mir sollen dat neit Gesellschaftsliewe mat afléisse loossen. Mir sollen d'Liewenserwaardung, déi méi grouss ginn ass, och mat berücksichtegen. Mir sollen déi demografesch Entwécklung hei zu Lëtzebuerg mat berücksichtegen.

A mir solle virun allem och net vergiessen, nei Technologië mat anzebauen, fir engersäits méi preventiv a virun allem och besser kënnen op d'Fleegebedierftegkeet vun deenen eenzelne Leit ze reagéieren. Et geet drëm, de System ze konsolidéieren an domadder eng héich Qualitéit vun der Betreiung vun de Fleegebedierftege weider ze assuréieren, jo, ze verbesseren. Dëst muss eng Flicht fir d'Sozialpolitik an dëser Zäit sinn.

An ech hoffen an ech sinn iwwerzeegt, datt mir an dëser nobeler an absolut noutwendeger Politik keng gréisser Differenzen och hei am Parlament tëschent de Parteie wäerten hunn. Och dës Chamber wäert zum groussen Deel dës Reform, wéi se herno wäert entstoen, virun allem och am ganze Prozess, dee mer amgaange sinn ze maachen, kënnen droen. An ech mengen, dat ass och gutt esou an dëser Fro, déi wierklech ganz nobel ass an déi och ganz wichteg ass, an där mer eng absolut Flicht hunn, och als Politiker, heirobber ze reagéieren an déi néideg Moyenen en place ze setzen.

Loosse mer awer vläicht op e puer Zuele kucken! Ech maachen e klengen Historique, well ech hat probéiert, an deem Pabeier, dat ech lech ginn hunn, en résumé eigentlech en Historique an derniewent och d'Zuelen eng Kéier ze presentéieren. Awer vläicht op e puer Felder kéint een eng Kéier kuerz agoen, déi ee sollt prioritär behandelen an déi solle virun allem och prioritär de Mëtteg diskutéiert ginn. An ech mengen, wann ech lech an där Note eng ganz Rei vu Froe gestallt hunn, vläicht ze vill, wollt ech einfach de Spektrum grouss loossen, datt och wierklech all Thema konnt behandelt ginn.

Ech erwaarde mer net, an d'Regierung och net, datt op déi eenzel Froe geäntwert gëtt, mä déi eenzel Bléck wollt ech einfach eng Kéier zeechnen, datt een do eng gewësse Reaktioun awer säitens vum Parlament, vun de Fraktioune ka kréien.

Enn 2000 hate mer hei zu Lëtzebuerg 5.810 Bénéficiairen. Enn 2013 waren dat der schonn 13.349, also 2,2-mol méi wéi 2000. Dat weist also déi rasant Entwécklung säitens vun de Bénéficiairen. Dovu ware 65% Fraen, et ware 35% Männer. Dovu sinn 68% doheem Bénéficiaire gewiescht, 32% an deenen eenzelnen Etablissementer.

Den Âge moyen louch bei 71,6 Joer. Iwwer 80 Joer waren et 51,3%, déi Bénéficiaire waren, an ënner 60 Joer ëmmerhin 20,5%. Déi meescht Diagnostiken, déi gemaach goufen, ware Fäll vun Demenz a Polyarthros gewiescht.

Och dat gehéiert dozou. Et soll ee sech ëmmer regelméisseg Flëssegkeet zouhuelen. Och dat ass ee Message, deen ëmmer eriwwerzeginn ass, souwuel hei wéi am Sport.

(Brouhaha et hilarité)

Dat heescht awer och...

(Interruption)

Et muss net ëmmer Waasser sinn, Här Gibéryen, mä hei op der Chamberstribün op jidde Fall.

Dat heescht awer och an dësem Secteur, wéi ech scho gesot hunn, niewent de Bénéficiairen, niewent där rasanter Entwécklung - wat eng ganz positiv Entwécklung ass, well virun allem och hei déi héich Qualitéit eigentlech erauskomm ass, soss hätten net esou vill Leit dovu bénéficiéiert -, ass virun allem awer och deen anere Volet, dee vun der Schafung vun Aarbechtsplazen an dësem Secteur ze beuechten, dee bei iwwer 8.500 de Moment läit, déi hei geschafe goufen, a wat ee grousse Secteur an deene leschte Jore ginn ass.

An op dëser Plaz mäi Merci och un all déi, déi um Terrain dës Aarbecht verriichten, déi net ëmmer einfach ass, sief et souwuel am Domicile, doheem bei de Leit, sief et am Etablissement. Ech mengen, et ass eng speziell Aufgab, déi ze maachen ass. Et ass eng nobel Aufgab, déi ze maachen ass. An et ass och virun allem op dësem Volet, wou ech wëll op jidde Fall eng perséinlech Note mat eraginn.

Et geet och drëm an der Ausriichtung vun dëser Reform, datt mer virun allem och d'Méiglechkeet ginn dem Personal, méi Zäit ze hunn eigentlech niewent där Charge, déi se hunn, niewent de Soinen, déi ze gi sinn, och virun allem déi sozial Zäit ze hunn, fir kënne mat de Leit ze schwätzen, fir kënnen och mat anere Soucien ëmzegoen, fir ganz einfach och do dat Sozialliewen héichzehalen; och déi Zäit muss ee virgesinn. An hei musse mer Méiglechkeete fannen, fir och dee Volet kënne mat eranzehuelen, datt also och nach Zäit bleift, net nëmmen d'Leit ze fleegen, d'Leit ze betreien, mä virun allem och kënnen een Dialog mat hinnen ze halen. Och dat ass ganz dacks eng Hëllef, déi eng Soinhëllef ass. An ech mengen, hei musse mer Léisunge fannen, fir dat ze maachen.

An dëser Reform musse mer awer och selbstverständlech am Kader vum Personal kucken, datt mer virun un d'Qualifikatioun denken. Datt mer iwwerleeën, wat fir eng Leit an dësem Secteur aktiv ginn an och solle bleiwen. An datt och déi néideg Qualifikatiounen hannendru sinn. Mir musse vill investéieren an d'Formatioun, awer och an d'Formation continue investéieren. Dat si fir mech ganz wichteg Opportunitéiten, déi mer grad hei an dësem Gesetz kënnen notzen.

A wou mer och mussen, mengen ech, um lëtzebuergeschen Aarbechtsmarché nodenken, datt déi Posten, déi do geschaf ginn, och kënnen Zukunft duerstellen an och eigentlech kënnen eng Rei vu Leit, eng Rei vu Jonke kënnen dirigéieren dohinner, respektiv och Leit, déi aus dem Prozess erauskomm sinn, ëmformëieren, fir grad an dësem Secteur aktiv dann ze ginn.

An hei ass et wichteg, an dat hu mer jo ugefaangen, den Aarbechtsminister Nicolas Schmit och zesumme mam Éducatiounsminister, dem Här Meisch, ze probéieren och virun allem grad am Plan garantie jeunes, datt d'Éducatioun erëm méi no bei den Emploi kënnt, datt se erëm méi no bei déi direkt Beruffer kënnt. Datt een also direkt ufänkt an och bei der Formation de base direkt probéiert, eng Schinn opzebauen, an datt een an Zukunft och hei Leit ausbilt, déi op déi Beruffer passen, mat virgesinnenen eenzelne Moduler, wou se sech während hirem Beruff och kënne weiderbilden, aner Beruffssparten dovunner kënnen opgräifen an derniewent awer och de Volet vun der Formation continue net vergiessen. Och dat ass ganz wichteg an dësem Secteur.

An ech mengen, dës besser Vernetzung tëschent dem Secteur vun der Éducatioun an dem Fleegesecteur wäert um Aarbechtsmaart sécher och positiv Refleten hunn.

Héich Qualitéit u Leeschtungen, ech mengen, déi bescht, déi mer an Europa hunn an dësem Secteur, bedeit natierlech och, datt d'Käschte relativ héich sinn, datt de Käschtepunkt also relativ héich gestallt ass. An och, wann de rectifizéierte Budget 2013 nach een Iwwerschoss vu plus ou moins zwou Milliounen Euro ausweist, bei Dépensë vu 550 Milliounen a Recettë vu 552 Milliounen, heescht et, datt mer awer, wa mer d'Tableaue gesinn iwwert déi nächst Joren an d'Tableaue bis 2030, dann heescht et awer, datt déi Schéier tëschent den Dépensen an de Recetten ëmmer méi wäit wäert auserneegoen, an datt mer hei selbstverständlech musse reagéieren.

Reagéieren awer esou, datt mer d'Qualitéit weider garantéieren, datt mer de System laangfristeg ofsécheren a virun allem och inhaltlech a finanziell Changementer maachen, déi musse gemaach ginn. An dat an Etappen, an dat och a Prioritéiten, déi mer solle festleeën.

Et ass gewosst, datt d'Gesetz vum 19. Juni 1998 op véier grouss Principes directeurs opgebaut ass. Déi waren: éischtens, d'Prioritéit vun de Mesures de réhabilitation, virun der Prise en charge; zweetens, d'Prioritéit fir de Maintien à domicile; drëttens, d'Prioritéit vun de Prestations en nature par rapport zu de Prestations en espèces, a véiertens, d'Kontinuitéit an der Prise en charge.

An ech mengen, dës véier grouss Prinzipie solle mer och net a Fro stellen, géif ech emol mengen. Dat si véier grouss Prinzipien, déi een an Zukunft ka garantéieren, vläicht erweideren duerch aner Prinzipien, vläicht verschidde Prinzipie besser verfeineren. Mä ech mengen, dat si Prinzipien, déi och haut nach zielen. An déi grouss Prinzipie goufe jo och bei der klenger Reform, déi 2005 gemaach ginn ass, déi liicht Adaptatiounen - dat waren d'Leeschtungen an d'Plaffonge virun allem -, net a Fro gestallt.

De Rapport vun der IGSS, deen 2013 gemaach gouf, weist eng Reflexiounsbasis fir eng Adaptatioun vum Gesetz op, mat dem Zil, engersäits d'Viabilitéit vum System, wéi ech gesot hunn, längerfristeg ofzesécheren; verschidde Risikoen ze anticipéieren; drëttens, d'Koordinatioun ze verbesseren tëschent Domicile, Stationnaires aigus a Soins de longue durée; véiertens, d'Qualitéit ze promouvéieren; de System, de Contrôle vun de Prestatiounen en place ze setzen, fir nach méi Transparenz an nach méi effikass ze schaffen; d'Transparenz vum Finanzement generell eng Kéier ze garantéieren an ze iwwerpréiwen.

Interessant och bei der Analys vun der Evolutioun vun de Prestatioune sinn déi eenzel Facteuren. Wat den Niveau Zäit ubelaangt, gesi mer, datt den Deel vun de Bénéficiairen, déi méi wéi 35 Stonnen an der Woch Hëllef brauchen, geklommen ass. Virun allem dat no 2007, vläicht och verbonne mat där klenger Reform vun 2005, déi stattfonnt huet.

Wat d'Moyenne vun der Zäit ubelaangt, ass se méi staark geklommen an den Etablissementer wéi doheem. D'Zäit fir Actes essentiels de la vie par contre ass stabel bliwwen. Grouss Uklamme wat den Temps moyen ubelaangt an dem Beräich Activités de soutien, virun allem am Etablissement. Dëst si Fakten, déi aus dem Rapport vun der IGSS ervirgaange sinn.

Wat d'Käschten ubelaangt, mengen ech, ass ganz kloer, datt folgerichteg och déi, a genau an deenen doten Aktivitéiten an an deenen dote Secteuren, geklomme sinn. De Coût moyen ass gestiegen. De Coût des activités de soutien huet eng Explosioun kannt an de Coût des actes essentiels de la vie, wéi ech gesot hunn, ass bei der Zäit, och natierlech wat de Coût ubelaangt, stabel bliwwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eng Reform ze maachen, hunn ech gesot, muss een eng Rei vu Felder hannerfroen, diskutéieren. Dës Froe sinn déi Bléck, déi ech den Deputéierte weiderginn hat an op déi ech kuerz eng Kéier wéilt agoen an och e puer Piste wéilt soen, iwwert déi mer kënnen an deenen nächste Wochen an an deenen nächste Méint diskutéiere respektiv dorop eis bewegen, fir dat Zil, dat mer eis virauser gestallt hunn, och kënnen ze erreechen.

Engersäits, éischte Punkt wat d'Definitioun vun der Dépendance ubelaangt, mengen ech, datt d'Kritäre vun haut nach ëmmer valabel sinn. Datt mer awer iwwer eng Redefinitioun vun der Fleegebedierftegkeet sollen nodenken am Bezuch op méi eng fréi Prise en charge, mam Zil, d'Perte vun der Autonomie ze verzögeren.

Wat deen zweete Volet ubelaangt, dee vun der Methodologie vun der Evaluatioun eng Kéier analyséieren. An d'Kritike vun der Subjektivitéit vun der Evaluatioun stäerken an hannerfroen an och duerch Instrumenter, déi sech am Ausland bewährt hunn, kënnen anzebauen an ze modifizéieren.

D'Aféierung am Kontext vun deenen eenzelnen Aiden, déi accordéiert ginn, déi meeschtens accordéiert gi mat Actes isolés, an hei eng Kéier d'Fro ze stellen, ob mer dat net besser ze maachen hätten duerch d'Aféierung vun engem Forfait zum Beispill. Dat ass eng Fro, déi, mengen ech, eis géif erlaben, méi eng grouss Flexibilitéit, méi eng grouss individuell Betreiung a méi eng operationell Simplifikatioun kënnen ze kréien an hei och vläicht dee Facteur, deen ech virdru gesot hat, dee vun der Zäit fir sozial Kontakter méi ze fleegen, fir dat och kënnen ze benotzen.

Wichteg ass och hei, datt ee virun allem och kuckt, all Kéiers d'Défien, och d'Betreiung vum Bénéficiaire weider op héijem Niveau ze hale respektiv ze verbesseren.

Déi eenzel Prestatioune vun der Dépendance, wat d'Actes essentiels de la vie, d'Hygiène corporelle, d'Ernährung, d'Mobilitéit ugeet. D'Redefinitioun an och d'Revisioun vun der accordéierter Zäit, wéi gesot. Awer och de Volet Preventioun eng Kéier mat beliichten a kucken, ob et do nei Opportunitéite kéint ginn, déi een am Kader vun dëser Assurance dépendance kéint mat virgesinn.

De Volet vun de Prestations en espèces forfaitaires, wat verschidde Krankheeten an Defizienzen ubelaangt: nodenken iwwer eng Équitéit, iwwert déi eenzel Evaluatiounskonditiounen hei och ze kucken. De Volet vun de Prestations en espèces an den Aidants informels, och dat e Sujet, deen a leschter Zäit ganz dacks erëmkomm ass. Et kënne jo Prestations en nature duerch Prestations en espèces ersat ginn, bis ee gewëssenen Niveau an a Präsenz vun engem Aidant informel, deen d'Aide en soi garantéiert an un de Bénéficiaire iwwerwise gëtt.

D'Prestations en espèces ginn net als ee Revenu de remplacement considéréiert an et besteet de Moment kee Lien tëschent der Sécurité sociale an dem Aidant informel. Dat huet och de Rapport vun der IGSS kloer gewisen. Hei musse mer d'Roll vum Aidant informel definéieren a kloer op d'Qualitéit vun de Prestatioune pochen. A mir mussen hei och an dësem Volet Formatiounen ubidden.

Mir musse virun allem awer oppassen, datt déi Prestatiounen, déi Soinen, déi solle gemaach gi fir déi Bénéficiairen, och effektiv geleescht ginn. An ech mengen, hei ass e wichtege Facteur, wou mer och déi Saach musse mat Qualitéitskritären, awer och mat Kontrollkritäre ganz kloer definéieren. An ech mengen, et soll een och doriwwer nodenken, datt mer virun allem déi an der Praxis an der leschter Zäit opgetauchte Fäll kucke virun an engem gesetzleche Kader ze behalen.

Wat d'Activités de soutien betrëfft, wéi ech gesot hunn, déi an deene leschte Joren eng regelrecht Explosioun kannt hunn, gëllt et souwuel an der Zäit wéi och am Coût, heescht et hei, muss de Contenu an d'Finalitéit preziséiert ginn. Den Utile, den Nécessaire, den Indispensable an den Effikass zielt och an dësem Beräich.

D'Interaktioun mat anere Prestatioune muss gekläert a muss koordinéiert ginn. Virun allem all double Emploi an dësem Beräich musse mer kucken ze évitéieren.

Wat d'Aides techniques betrëfft: Am Maintien à domicile kënne verschidden Aides techniques à charge geholl ginn. Rollstill, Trapelift, zum Beispill, fir nëmme Beispiller ze ginn. Och hei muss een iwwert d'Critères d'attribution nodenken an och eng méi grouss Responsabilisatioun vun de Bénéficiairë sech iwwerleeën.

D'Adaptation du logement, déi derniewent ka gemaach ginn, hei ginn Hëllefen accordéiert, fir Logementer ze adaptéieren. D'Cellule d'évaluation, déi besteet an déi mer an deenen nächsten Zäite wäerten zu enger eegestänneger Verwaltung ëmstrukturéieren, stellt dobäi e Cahier des charges op a leet och de Montant vun enger Participatioun fest. Si assuréiert och de Suivi vun den Aarbechten an ass Médiateur tëschent de Firmen an de Bénéficiairen.

Ass dat d'Roll vun der CEO? Ass dat d'Aufgab vun der CEO? Stellen ech emol einfach hei nëmmen an de Raum. A wa mer do „Jo" soen, da musse mer hinnen och d'Moyene ginn an och dat néidegt qualifizéiert Personal, fir dës Fro ze beäntwerten an dës Fro kënnen ze erfëllen.

Wat d'Tâches domestiques betrëfft, d'Assurance dépendance gesäit hei 2,5 Stonne fir d'Tâches domestiques, dat heescht akafen, Haushalt, Wäsch, Spull an esou weider doheem oder am Etablissement vir. De Bien-fondé vun dëser Mesure, virun allem am Milieu stationnaire, solle mer iwwerschaffen a solle mer och eng Kéier mat deenen eenzelne Partner mat diskutéieren.

D'Offres de services complémentaires, déi entstane sinn, déi nei Aktivitéiten, déi mer all kennen, déi och wierklech a verschiddene Beräicher scho lafen, solle mer kucken, wéi mer se kënne mat integréieren an eng Fleegeversécherung fir déi nächst Joren. Dat heescht, Aktivitéite wéi Télémedezin, heescht Aktivitéite wéi Téléassistance oder wéi Téléalarm hu sech rasant entwéckelt an hu sech a verschiddene Beräicher och bewährt. Am Kader vun der Reform a mam Zil, d'Leit weider doheem ze behalen, musse mer dës Moyene mat afléisse loossen a musse mer dës Moyene mat notzen.

Mir mussen derniewent, mengen ech awer och, d'Chance hunn, grad an dësem Secteur en neie Wirtschaftssecteur mat opzebauen. Hei hu mir als Lëtzebuerg exzellent Outilen. Mir mussen déi notzen, fir deen techneschen Know-how, dee mer och hei hunn an dësem Secteur, grad hei, och vläicht als Pilotprojet fir d'Ausland kënnen ze etabléieren a virun ze entwéckelen.

Wat d'Koordinatioun tëschent deenen eenzelnen Intervenanten an d'Kohärenz vun de Politiken ubelaangt, ass dat e Volet, deen net nëmmen um legislative Volet läit, natierlech, dee läit virun allem an der Praxis. An hei musse mer dat maachen, wat mer mussen ëmmer bei alle Projete maachen: Et muss och tëschent deenen eenzelne Ministèrë geschwat ginn, et muss eng Koordinatioun sinn tëschent deenen eenzelne Ministèren, fir dës Projeten ëmzesetzen a virun allem och deen Impakt op aner Departementer oder Ministèrë kënnen ze garantéieren. A virun allem och kucken, d'Ëmsetzung fléissend ze maachen, mat all deene Saachen, déi ech virdru gesot hunn.

Aner Ministèrë sinn do gefrot a fir d'Écht déi, déi ech virun allem och hei gesinn, déi vun der Famille an déi vun der Santé, déi direkt implizéiert sinn an dësem Beräich. An hei, mengen ech, sinn eng ganz Rei vun Aufgaben, déi opstinn. Ech mengen, hei ass d'Koordinatioun och vum Hospitalier a vum Extrahospitalier, déi mer musse kucken, dat ze garantéieren. Et si virun allem och d'Interaktiounen tëschent der Assurance maladie an der Assurance dépendance, och hei, wat dee ganze Volet Prises en charge, wat d'Soins palliatifs betrëfft, och dat muss een an dësem Projet mat virgesinn a mat bedenken a mat iwwerleeë virun allem.

An dann och virun allem déi ganz Planifikatioune vun den Infrastructures stationnaires a semi-stationnaires an derniewent awer och d'Optimisatioun vun de bestehenden Infrastrukturen. An ech mengen, ech weess hei, datt d'Familljeministesch amgaangen ass, dësen Infrastrukturplan opzestellen, ze kucken, wat mer hunn, ze kucken, wou se beluecht sinn, ze kucken, wou nach wäiss Punkte sinn a virun allem och do, wou muss moderniséiert ginn. Ech mengen, dat ass dee richtege Wee an dat gehéiert parallell zu dësem Gesetz, fir virun allem op déi Reprochen, déi deemools, 1998, do waren, net nach eng Kéier mussen op dëser Plaz anzegoen.

Dann dee ganze Volet awer och vum Agrément, deen een eng Kéier muss hei mat definéieren an zur Koordinatioun tëschent deenen eenzelnen Haiser, tëschent deenen eenzelne Ministèren. An da weess ech och, datt virun allem de Plan d'action démence, deen e ganz wichtege Facteur och an dësem Kader ass, d'Ministesch vun der Santé am Hierscht eis wäert hei dëse Plang konkret, d'Ëmsetzung dervun wäert virstellen, soudatt mer och hei, mengen ech, kloer Incentiver hunn, kloer Punkten hunn, déi och hei parallell zu dësem Gesetz wäerte fléissen a virun allem och kënnen afléissen dann an dat neit Gesetz, wat hei ausgeschafft gëtt.

Soudatt een och op där Plaz sécher hei net dee ganzen Handicapéiertesecteur soll vergiessen. Och deen ass ganz vill implizéiert hei, an och hei muss ee kucken, datt een eng Optimisatioun tëschent deenen eenzelne Begleetmoossnamen an deenen eenzelnen Ënnerstëtzunge fënnt.

Wat de Volet vun der Gouvernance an dem Finanzement ubelaangt: Ech hunn op där enger Säit gesot, wa mer kucken, ze probéieren, datt mer d'Schéier vun den Dépensen an de Recetten no beienee behalen, datt se net ze wäit auserneendrift, schaffe mer fir d'Écht prioritär op enger Reduktioun am Volet vun den Dépensen. Hei hu mer eng ganz Rei vu Schrauwen, soen ech emol esou, un déi mer kënnen dréie goen, u Bléck, wou mer kënnen dréie goen, wou mer sécher wäerten d'Dépensë stabel behalen iwwert déi nächst Joren. Dat ass emol déi éischt Ausriichtung.

Gewosst, datt eng Rei vun neien Défien derbäikommen. Gewosst, datt eng nei Saach, déi mer wëllen afléisse loossen, ass dat deen éischte Punkt, dee mer maachen, d'Dépensen analyséieren. Si musse kloer Qualitéitskritären definéieren, Transparenz- a Kontrollmoyene musse mer eis an dësem Beräich, mengen ech, ganz kloer ginn. Domat wäerte mer, mengen ech, och de Block vun den Dépensë kuerzfristeg oder mëttelfristeg entschlaaken. Wéi vill, dat musse mer gesinn. Laangfristeg musse mer dat och projezéieren, fir och eng Analys ze hunn, wann et net op där enger Säit erausgeet, wat mer op där anerer Säit mussen am Finanzement, an ech schwätzen dann hei d'Recetten un, maachen.

An hei, mengen ech, ginn et keng sechs Zorte vu Recetten. Et sinn dräi grouss Recetten, déi hei gespeist ginn. Dat ass engersäits d'Participatioun vum Stat op den Dépensen, dat ass op där anerer Säit de Cours des contributions dépendance direkt selwer, de Solidaritéitsgedanken, deen hei matgespillt huet, déi 1,4 Prozent, déi mir de Moment hunn, an dat ass dann och déi Adaptatioun. An dat ass dann en anere Volet, dee vun där gewëssener elektrescher Tax, déi ofgeet, wat awer nëmmen ee minimale Betrag an deem ganze Finanzement duerstellt.

Dat sinn déi dräi Saachen, déi de Moment op der Recettësäit stinn, déi musse mer eng Kéier iwwerkucken. A mir musse kucken, awéiwäit, nodeem mer all d'Efforten - all d'Efforten! - gemaach hunn am Beräich vun den Dépensen, och hei muss eventuell eng Contrebalance fonnt ginn. Wa se fonnt gëtt, ass et fir mech awer och, datt mer se fannen an engem vun deenen dräi, déi mer schonn hunn, oder vläicht eng nei, déi derbäigesat gëtt. Mä op jidde Fall net an enger Héijung vun der Eegebedeelegung vun de Leit, mengen ech, kann ech mer net virstellen, datt mer dat géife maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den historeschen Débat iwwert déi fënneft Zeil an der Assurance Sécurité sociale geet weider. En huet haut dee weidere Punkt kritt. Den eenzelne Planning hunn ech erkläert, wéi mer elo wäerten um Terrain weider virugoen, wéi mer an der Regierung wäerte virugoen. Et geet drëm, dee gutt fonctionnéierende System laangfristeg ofzesécheren, mat klengen Ajustementer, opgebaut op den Erfahrungen aus der Vergaangenheet, ugepasst un déi nei Défië vun eiser Gesellschaft, ouni dobäi un d'Grondausriichtung vun der Lëtzebuerger Fleegeversécherung ze goen.

Et ass dat en noblen Défi vun der Politik, vun eis all, fir e würdegen, adequate Kader ze setze fir déi, déi Hëllef brauchen, fir déi och ze garantéieren.

Ech wënsche mir e flotten Débat de consultation de Mëtteg, mat interessanten Iddien, mat deenen ech als responsabele Minister vun der Sécurité sociale dann zesummen duerno mat der Regierung um Projet ka schaffen an dëse Projet da kann och finaliséieren. Déi lescht 15 Joer war d'Fleegeversécherung eng Success Story fir Lëtzebuerg. Ech sinn iwwerzeegt, mat engem gudden Débat, mat engem flotten, nei orientéierten, modernen, adaptéierte Projet de loi wäert dat och déi nächst 15 Joer de Fall sinn.

Ech soe Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Sozialminister. Mir géifen dann zum Débat iwwergoen. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht, an den éischte Riedner ass den Här Serge Wilmes vun der CSV. Här Wilmes, wann ech gelift.

Débat

M. Serge Wilmes *(CSV)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt emol wëlle mer villmools Merci soen och, datt déi Initiativ geholl ginn ass schonn ënnert der leschter Legislaturperiod an och iwwerholl ginn ass vun der neier Regierung, fir eben de Bols ze fillen hei an der Chamber vun de politeschen Acteuren, wat hir Meenung ass zu der Assurance dépendance, well et selbstverständlech e ganz wichtegt Gesetz ass.

De Minister huet dat jo elo hei exposéiert. En huet och de Kader gesat, an deem mer eis hei bewegen. En huet déi Zuele genannt, d'Erausfuerderungen hei genannt, soudatt ech dat net brauch nach eng Kéier am Detail ze maachen. Et ass effektiv e ganz komplexe Sujet, wann ee sech domat auserneesetzt.

Ech hunn dat jo och misse maachen als jonken Deputéierten. Dat läit net vläicht onbedéngt op der Hand, well ee jo mengt, als jonken Deputéierten ass een net dovunner concernéiert, als Jonken allgemeng. Mä d'Assurance dépendance ass selbstverständlech net nëmmen do fir eeler Leit, och wann et zwar dee gréissten Deel dovunner betrëfft. Et ginn och Jonker, déi dovunner betraff sinn. An et ass allgemeng ëmmer wichteg, datt ee sech och fir d'Sécurité sociale, fir d'Erausfuerderungen, déi och baséieren op der Solidaritéit tëschent de Generatiounen, interesséiert.

Dat hunn ech du gemaach. Natierlech och mat der Ënnerstëtzung vu villen erfahrene Kolleegen, déi ech ëm Rot gefrot hunn, fir mech hei ze preparéieren. Nach ass et esou, datt een net alles kann intus hunn. Et ass effektiv esou e komplexen, vaste Sujet. An de Minister huet dat mat all senge Froe jo och hei elo beleet, datt een net op alles direkt och eng Äntwert kann hunn. D'autant plus, wou ons och natierlech eng ganz Partie Donnéeë feelen, fir eis kënnen e konkret Bild ze maachen, wat awer ganz wichteg ass, wann ee gäre wëllt wëssen, u wéi enge Schrauwen datt ee soll dréie goen, fir herno dat Resultat ze kréien, wat ee gären hätt.

En anere Punkt, deen och wichteg ass, ass, datt et net nëmme wichteg ass, och ons elo hei ëm eis Meenung eng Kéier ze froen. Dir hutt jo gesot, Dir hutt Är Methodologie hei exposéiert, eppes, wat mer nach net esou och am Detail alles wossten, wat awer sech jo och gutt unhéiert, wéi Der do wëllt virgoen. An e wichtege Punkt ass ganz kloer, datt een och d'Acteuren

um Terrain selbstverständlech mat ebe consultéiert, well si wëssen am beschten, op wat et ukënnt. A si musse virun allem jo och herno déi Reform kënnen droen an ëmsetzen.

Mir wësse jo alleguerten aus der Erfahrung, datt eng Reform nëmmen dann och wierklech herno kann e Succès ginn, wa se gedroe gëtt vun de Leit um Terrain. Ass dat net de Fall, dann hu mer e Problem. Da musse mer nach eng Kéier erëm vun enger Reform vun der Reform schwätzen. Dofir, wann een hei gär wëllt eng Reform maachen, dann ass et wichteg, niewent der Chamber, nieft deenen Aarbechten, déi mir als Législateur ze maachen hunn, och d'Leit um Terrain ze consultéieren.

Fir eis ass et wichteg als alleréischt Prioritéit, datt een dee System effektiv eng Kéier komplett ënnert d'Lupp an op de Leescht, also ënnert d'Lupp hëlt an op de Leescht hëlt, fir genau ze wëssen, wéi e fonctionnéiert, a fir erauszefannen, ob en iwwerhaapt seng Ziler, déi e sech gesat huet, erreecht, a fir kënnen och herno ze wëssen, u wat ee soll dréie goen, wat ee kann optimiséieren, wat ee ka verbesseren. Well och mir sinn der Meenung, datt ee soll net déi Grondphilosophie, net soll d'Fundament vun där Assurance dépendance, vun deem Gesetz hei a Fro stellen an datt ee virun allem och net soll d'Qualitéit vun de Leeschtungen erofsetzen.

Natierlech ass dat déi ganz Erausfuerderung: Wéi kënne mer et fäerdegbréngen, dat alles ze erhalen, andeems mer awer mussen Änneruge maachen? Dat ass net esou evident. Mä mir versiche jo dann iwwert déi nächst Méint zesummen do zum Enn ze kommen. Nach bleift et, datt et natierlech der Regierung hir Verantwortung ass, fir e konkrete Projet eis nach eng Kéier ze presentéieren. Wéi gesot, mir hunn net iwwerall déi Donnéeën, déi mer bräichten, fir eis ëmmer kënnen iwwerall genau e Bild ze maachen, wat awer ganz wichteg ass.

Déi Aschätzung, déi mir maachen dovunner, gëtt awer och gedeelt vun der Regierung. Wann een hire Regierungsprogramm jo liest, da steet do ganz kloer ënnert dem Kapitel „Assurance dépendance", datt zwee Punkte wichteg si fir ze erfëllen, nämlech deen, datt assuréiert soll ginn, datt d'Assurance dépendance all déi Servicer a Qualitéitsprestatioune couvréiert, déi néideg an noutwendeg sinn an déi eben de Leit, déi Fleeg brauchen, et erlaben, fir kënnen déi Hëllef an déi Soinen an déi Fleeg ze kréien, déi se brauchen, fir kënnen hiert Liewen an Dignitéit an Autonomie ze féieren.

An den zweete Punkt, datt de Finanzement esou och soll organiséiert ginn, fir datt déi Aktivitéiten, déi do prestéiert ginn, och hir Ziler erreechen. Dat ass e ganz wichtege Punkt. A fir dat ebe kënnen ze erreechen, muss een emol wësse fir d'Éischt, aus wéi engen Elementer déi Komponenten, déi Assurance dépendance zesumme sech setzt an déi eng Kéier och kucke genau am Detail, déi eng Kéier hannerfroen, wat jo och de Ministère amgaang ass ze maachen.

Well Dir hutt jo déi Note hei elo grad nach eng Kéier exposéiert, déi Der eis geschéckt hutt a Preparatioun, en vue vun dëser Consultatiounsdebatt. An do hutt Der jo eng ganz Partie Kapitelen, Voleten ugeschnidden, ugefaangen natierlech mat der Definitioun vun der Dépendance a mat der Evaluatioun dovunner selwer.

Dir sot, datt Der drun denkt, fir net elo déi grouss Kritären do ze changéieren, datt déi Dépendance, esou wéi se definéiert ass, soll och bestoe bleiwen. Et stellt ee sech och d'Fro, datt, wann een net wéilt dovunner fortgoen, wéi géif ee se aneschters och dann definéieren.

Am Moment hu mer eng Definitioun, déi ass jo baséiert op d'Actes essentiels de la vie, déi een net méi capabel ass, selwer ze maachen, wou een dann Hëllef brauch vun enger Drëttpersoun, fir se ze maachen. Wou awer och eng gewëssen Zäit, dat heescht, eng gewësse Gravitéit natierlech och muss virleien, datt ee se net méi ka maachen. Sou dräi an eng hallef Stonn d'Woch an op d'mannst sechs Méint muss ee kënne presentéieren, fir an de Genoss kënnen ze komme vun der Assurance dépendance.

Wann een dat elo wéilt gär änneren, déi Definitioun, jo, da misst een och higoen a froen: Op wéi eng Kritäre stäipe mer eis da soss? Stäipe mer eis net méi op d'Akten? Stäipe mer eis net méi op eng Zäit, déi muss respektéiert ginn? Maache mer och kee Mindestzäitseuil méi, dee mer fuerderen? Vläicht am Sënn vun enger, wéi Der sot virdrun och, besserer Preventioun a Verhënnerung, datt een iwwerhaapt an der Autonomie kéint bleiwen, wat jo och ënner anerem ee vun de Punkten ass, deen zum Bespill d'Copas presentéiert, also virschléit, datt een dee Seuil do esou kéint ofschafen.

Do muss een awer och erëm sech an engems dann d'Fro stellen, wat dat u Méi wäert kaschten herno a wéi dat dann och kann erëm finanzéiert ginn a wat dann herno och dobäi erauskënnt. Ob dann och wierklech herno da manner Finanzéierungsbedarf ass, wann een éischter ufänkt, fir ze verhënneren, iwwerhaapt a Fleeg ze kommen.

Dann, wéi ech gesot hunn, mat den Akten. Bis elo ass et gestäipt op Akten. Ass dat nach ëmmer dat, wat soll am Mëttelpunkt stoe bleiwen, Mëttelpunkt soll sinn, den Akt? Oder ass et vläicht éischter, datt ee misst sech konzentréieren op d'Besoinen, déi deejéinegen huet, deen d'Fleeg ebe brauch? Mä och do stellt sech dann erëm d'Fro an engems: Wat ass dann de Besoin? Wéi gëtt deen dann definéiert? A wien definéiert deen herno um Terrain? De Prestataire mat dem Bénéficiaire selwer? Vu wiem gëtt dat herno festgeluecht? Dat ass eng Fro, déi dann och muss beäntwert ginn.

Et kann een och, wann ee bei den Akten ass schonn, op dee Wee goen, wou Der hei virgeschloen hutt, fir ze soen, mir regruppéiere se, mir leeë Standarde fest a mir regruppéiere se, de Volumen dovunner, a mir maache se zesummen och a Forfaiten, déi een herno kann ubidden an déi herno kënne flexibel vum Prestataire zesumme mam Bénéficiaire ausgehandelt ginn. A wann och déi individuell Besoine méi ofgestëmmt ginn, dat ass sécherlech och e Wee, deen ee ka maachen.

Och ass dat natierlech e bëssen e Paradigmewiessel. Et ass schonn eng Änneruung, déi een doranner mécht. A wann een dat mécht an engem System, muss een ëmmer och kucken, wat dann dobäi herno erauskënnt. An ier ee vläicht eng generell Approche direkt wëllt envisagéieren, ass et net och vläicht eng Iddi, fir emol ze probéieren, esou eppes a Pilotprojeten och emol vläicht ze testen eng Kéier, ier een dann op dee Wee geet an déi allgemeng Approche vläicht géif unhuelen?

Dir hat och geschwat vun der Evaluatioun vun de Risquen, fir ze kucken och, ob een net an Zukunft, och am Sënn vun enger Preventioun eben, scho kéint engem säi Risque anticipéieren, deen ee kann hunn, fir méi schlëmm nach herno fleegebedierfteg ze ginn. Dat ass effektiv och eng berechtegt Fro, déi ee sech do ka stellen an déi dann eben och muss gekuckt gi vun deem, deen déi Evaluatioun mécht, no wéi enge Kritären datt déi da festgesat gëtt.

An dann allgemeng déi Procédure vun der Evaluatioun, do muss ee sech och d'Fro stellen, ob déi net ka méi einfach gemaach ginn, ob déi ka méi transparent, méi séier gemaach ginn. Mä do hutt Der jo och scho richteg d'Remarque gemaach, datt dofir natierlech och da vläicht d'Viraussetzung misst sinn, datt ee vläicht da méi Personal erëm astellt, erëm méi Leit och huet, déi dat da mussen herno um Terrain maachen. Well et ass illusoresch ze mengen, datt dat dann einfach esou kéint méi einfach gemaach ginn, datt do net vläicht och nees méi Käschten usprangen, fir dat dann herno kënnen ze realiséieren.

Eng aner Fro, wou Der och um Bord Schinnen hutt, ma net nëmmen um Bord, Dir hutt jo och vill driwwer geschwat, mat der Qualitéit a mat den Normen. Mä eng Fro, déi sech weider och konkret stellt, ass: Wéi ginn am Moment d'Qualitéitskritäre festgesat an d'Norme festgesat an och kontrolléiert um Terrain?

Dat soll jo u sech eng Aufgab sinn, déi ausgeet vun der Cellule d'évaluation et d'orientation, wou jo och zwou Kommissioune geschaf gi sinn, déi eng fir d'Normen, déi aner fir Kontroll, Qualitéitskontrollmechanismen. An do ass och einfach eis konkret Fro: Wou sinn déi mat hiren Aarbechten u sech och drun, fir eben och do Kritären, Standarden, Normen an der Laangzäitfleeg an och an de Qualitéitskontrollmechanisme festzeleeën? Well dat ass jo, wéi gesot, eng vun den Haaptaufgabe vun der CEO.

Do derniewent och eng Aufgab ass et, wéi et am Gesetz steet, fir u sech eng Fleegedokumentatioun och zesummenzestellen. Well et steet am Gesetz dran eben och, datt ënner anerem vun der CEO soll „de contrôler notamment au vu de la documentation de soins", d'Adéquatioun och kënnen ze maachen tëschent deene Prestatiounen, déi wierklech prestéiert ginn, an deem, wat wierklech gebraucht gëtt. Do ass eben och d'Fro: Ass et méiglech, eng komplett an eng eenheetlech Fleegedokumentatioun ze maachen?

Mir wësse jo och, datt déi verschidde Prestataire aus verschiddenen Traditiounen erauskommen an datt et verschidden Aart a Weise gëtt, fir um Terrain dat ze behandelen. Mä aus der IGSS hirem Rapport geet awer och ervir, datt ganz vill Donnéeën do net disponibel sinn. An ob et iwwerhaapt och méiglech ass, dat ze maachen. Wéi eng Moyenen datt mir eis kënne ginn, fir dat vläicht kënnen ze erreechen. Well et awer e wichtege Grondsteen ass, wann ee sech gär wëllt e Bild dovunner maachen.

Nach eng Kéier, fir eis ass et wichteg, datt mer d'Donnéeën eben hunn. Datt mer déi Donnéeën, déi gesammelt och ginn an Analyse kënne gemaach ginn, fir sech kënnen herno vun deem gesamte System och e Bild ze maachen a wierklech ze wëssen, wat dee System och mécht. Well heiansdo huet een nämlech d'Impressioun, wann een de Rapport vun der IGSS och liest, datt net ëmmer gewosst ass, wat am System herno och alles geschitt, an eng ganz Partie Froen opbleiwen, op déi een ebe keng Äntwert kritt, well do net genuch eben Donnéeën zur Verfügung stinn.

Zum Beispill, Dir hutt et virdrun och genannt, Dir hutt gesot, iwwert déi lescht zéng Joer ass de Coût moyen vun der Fleeg an dem Secteur doheem, an deem Volet doheem quasi stabil bliwwen, währenddeems en an den Heemer bal ëm dat Annerhalleffacht geklommen ass. Wann een awer de Rapport kuckt vun der IGSS, geet awer net kloer doraus ervir, wat genau déi Facteure sinn, déi dat erklären. Dat kënnen natierlech méi Personalkäschte sinn, méi käschtenintensiv Fleeg och sinn. Mä do feelen awer nach Donnéeën an do misst och nach vläicht méi gekuckt ginn, erauszefannen, wat genau dozou bäigedroen huet, datt et déi Diskrepanz tëschent deenen zwee Modeller do ebe gëtt.

Datselwecht eben och, fir erauszefannen, ob iwwerhaapt déi Prestatiounen de Qualitéitsnormen entspriechen, déi geleescht ginn, an ob déi och dorobberhi kontrolléiert ginn. Ob déi Prestatiounen, déi mer maachen an deem System, iwwerhaapt alleguerten hir Ziler erreechen. Ob déi verschidde Prestatiounen och wierklech gebraucht ginn. Ob d'Prestatiounen, déi facturéiert ginn, och wierklech prestéiert ginn. Wéi héich och an de Käschten den Deel, d'Part ass, administrativ an „overhead", a wat dovunner herno sech och an der Facturatioun eben erëmfënnt.

Wéi genee den Iwwergang och stattfënnt an der Wierklechkeet um Terrain vun engem Stonnen-Seuil hin op en aneren. Richteg, wéi Der gesot hutt virdru mat den Tâches domestiques: Wat brénge se genau, virun allem op de stationäre Beräicher? Gi se do gebraucht? Musse se do vun der Assurance dépendance couvréiert ginn? An och dat mat den Activités de soutien, zemools am Grupp, wou Der gesot hutt, dat explodéiert souwuel vum Volumen hier wéi vun de Käschten hier, fir do och eng Kéier ze kucken: Wat gëtt wierklech dovunner gebraucht? Wat ass néideg a wat ass et net onbedéngt?

Een anere Volet ass dee vum Aidant informel, deen Der ugeschwat hutt, deen eng wichteg Roll spillt. Well doduerjer erlabe mer jo och nach ganz ville Leit, fir kënnen esou laang wéi méiglech an hirem Ëmfeld doheem ze bleiwen an an Autonomie kënnen ze sinn an net mussen an en Heem oder an en Etablissement eben ze goen. Da stellt sech eben do d'Fro: Solle mer dat méi formaliséieren, deem säi Statut, deem seng Aarbecht? Dat kann een envisagéieren, well ee gären hätt, datt och soll eng gewësse Qualitéit eben assuréiert ginn, an datt eben och soll eng gewësse Kontroll gemaach ginn, well Der virdru gesot hutt: Ginn iwwerhaapt dann och déi Prestatiounen an deem Kader gemaach? Dat ass richteg.

Op där anerer Säit muss ee sech awer och bewosst sinn, datt et dacks Familljemembere sinn. Mä och do feelen awer d'Donnéeën, fir genau ze wëssen, wat déi formell um Terrain wierklech och maachen.

Mä wann et haaptsächlech Familljememberen och sinn, déi dat maachen, an et géif een dann higoen an deenen e Statut ginn, dat Ganzt méi formaliséieren, riskéiert een net och vläicht da grad kontraproduktiv ze ginn an dann ze bewierken, datt déi Leit sech soen: „Jo, wann ech mech elo muss hei enger Kontroll ënnerwerfen, wann ech elo muss hei Qualifikatioune matmaachen, jo, dann hunn ech keng Loscht méi, dann interesséiert mech dat net, dann hunn ech léiwer, e professionelle Prestataire mécht dat"? An da si mer u sech an enger Schinn, wou mer net onbedéngt vläicht hi wollte mat deem System. Och dat musse mer considéréieren.

Ass et da vläicht net besser, ze soen, d'Distinctioun ze maachen, datt, wann et ee vun der Famill ass, da misst een dat vläicht net, dat kéint ee vläicht de System esou loossen, wéi en elo ass. Mä wann et vläicht en Drëtten ass, en Intervenant externe, dee bäigezu gëtt, fir déi dote Fleeg ze maachen, datt een do vläicht awer da ka kucken, an Zesummenaarbecht mat de Prestatairen, wéi een do kann assuréieren, datt déi Prestatioune gemaach ginn, datt se enger gewëssener Qualitéit eben entspriechen. An datt déi Leit eben, déi dat maachen, och wëssen, wat se do ebe maachen.

D'autant plus muss ee jo och soen, datt haut scho fir den Aidant informel jo och d'Méiglechkeet besteet, fir kënnen op Soutien a Conseil zréckzegräifen am Kader vun der Assurance dépendance, datt, wann en net genau weess, wéi een dat soll maachen, e sech do kann hëllefe loossen. Op alle Fall ass dat ee Punkt eben, wou ee muss kucken.

Virun allem muss een och da probéieren, eng Kéier erauszefannen, wat och aus dem Rapport vun der IGSS erausgeet, firwat datt nëmmen een Drëttel vun deene Leit do sozialverséchert ass. Och do ginn et net genuch Donnéeën, fir dat wierklech kënnen ze erklären.

Dat ka sinn, well déi dat net besser wëssen oder well se scho sozialverséchert sinn, oder well se zwar keen Interessi hunn, dat ze maachen, well se d'Sue just astiechen an et awer net wierklech um Terrain wëlle maachen. Dowéinst misst een och higoen an eng Kéier eng Analys maache vun deenen Donnéeën, déi zur Verfügung stinn, fir datt mer eis kënnen e kloert Bild maachen dovunner, wat dozou féiert, datt déi net vun deem System profitéieren, well dat net do ass. Du kriss eng Leeschtung an als Géigeleeschtung bass de dann ebe sozialverséchert.

Den Aidant informel ass jo am Kader ze gesinn, wéi ech virdru gesot hunn, fir de Leit ze erlaben, méi laang kënnen an Autonomie ze sinn a virun allem an hirem gewinnten Ëmfeld ze bleiwen. Een anere Volet dovunner, fir dat kënnen ze erméiglechen, dat ass jo dann de Volet Preventioun. E ganz wichtege Volet, zemools fir d'Prestatairen an den Daachverband dovunner, d'Copas, déi jo seet: Mir musse vill méi investéieren nach an d'Preventioun, fir iwwerhaapt ze verhënneren, datt d'Leit herno fleegebedierfteg ginn. Eng Approche, déi natierlech och ze deelen ass.

An awer muss ee soen, datt dat net nëmmen e Volet ass, dee sech reng op d'Sécurité sociale beschränkt. Dat ass net eppes, wat just nëmmen de Minister vun der Sécurité sociale ka kläre. Ech mengen, do muss e ganz kloer zesummeschaffe mat senge Kolleegen aus der Santé, mä och mat senge Kolleegen aus der Éducatioun, aus dem Sport och. Ech mengen, dat fänkt jo schonn da ganz fréi un. Dat muss dann eng...

Och aus dem Logement, fir vläicht nei Forme vun Zesummeliewen och ze erméiglechen, wou een da vläicht generatiounsiwwergräifend och kann zesummeliewen an een no deem anere ka kucken - wat een awer och emol vläicht misst fir d'Éischt testen a Form vu Pilotprojeten. Mä et ass kloer, datt dat eng Linn muss sinn, déi sech u sech duerch all déi Politikberäicher, déi dovunner concernéiert sinn, muss zéien, an datt dat net nëmmen isoléiert de Fall ass fir d'Sécurité sociale.

Dir hutt gesot, och e Volet, deen doranner afléisse kann, ass ganz kloer den ICT-Beräich, déi nei Technologien, wou Potenzial besteet, eben och fir déi ze notzen an anzesetzen, fir datt déi Leit kënnen doheem bleiwen, a wa se Hëllef brauchen, op déi dote Moyenen zréckgräife kënnen, fir sech dann eben Hëllef ze sichen. Also, dat geet vill méi wäit a souguer och iwwert d'Preventioun eraus.

An deem Volet ass et wichteg, datt eng Zesummenaarbecht tëschent deenen eenzelne Ministèren, déi an deem heite Beräich concernéiert sinn, ebe stattfënnt. Well, Dir hutt et och virdru genannt, an der Santé an an der Famill, wann een eleng scho kuckt, all déi eenzel Pläng, déi et och do gëtt, wéi de Plan démence, wat déi heefegst Ursaach ass vun de Leit, déi herno an der Fleeg sinn, fir deen eben dann och ëmzesetzen, fir do ze kucken, wat mer domadder maachen, fir och erauszefannen a fir och ze déterminéieren: Wéi vill där Leit gëtt et? A wéi engen Etablissementer si se? A sinn déi Leit och do - wa se an Etablissementer sinn - ëmmer encadréiert, wéi se mussen encadréiert sinn?

Ass dat Personal och esou ausgebilt, datt et ka mat deenen dote Krankheetsbiller ëmgoen? Et ass also ganz wichteg, datt dee Plang do och da mat afléisst an déi ganz Reform, och an dee ganze Volet ebe vun der Fleegeversécherung.

Datselwecht gëllt och fir de Spidolsplang, wou eben och da muss festgesat ginn, wéi vill gerontologesch Better et an de Kliniken eben da wäert an Zukunft ginn. Datselwecht gëllt fir de Plan gériatrie.

Datselwecht gëllt awer och fir nei Krankheetsbiller oder fir Forme vu Krankheet, déi am Alter ëmmer méi heefeg ginn, déi bis elo vläicht nach net esou och en considération gezu gi sinn am Kader vun der Assurance dépendance.

Zum Beispill d'Gerontologie, d'Psychiatrie gérontologique, wou meng Kolleegin, d'Sylvie Andrich, och schonn emol eng Kéier eng Fro gestallt huet an drop higewisen huet, wéi wichteg et ass, datt do eben, niewent deenen, déi akut eben Hëllef brauchen, an niewent deenen, déi wierklech ganz schwéier psychesch krank sinn an dann éischter am Centre neuropsychiatrique ebe sinn, wéi mer mat deene Fäll ëm-

ginn, déi esou dertëschent ebe sinn. Wat do fir eng Zesummenaarbecht tëschent de Spideeler, tëschent den Etablissementer ass, ob dat elo onbedéngt muss stationnaire sinn oder méi op den ambulante Wee ka goen. Mä awer och déi Krankheetsbiller musse méi en considération gezu ginn.

Datselwecht gëllt dann och erëm an deem Fall fir d'Qualifikatioun vun de Leit, datt se mat deenen och kënnen eens ginn. Well déi sinn dacks dann iwwerfuerdert, wa se mat esou Fäll konfrontéiert sinn. Dat alles muss natierlech och nach mat afléissen, wa mer gäre wëllen d'Assurance dépendance reformëieren, an all déi Facetten dovunner, déi se huet, och kënnen dann ofdecken.

Stéchwuert Qualifikatioun. Wat ech jo elo schonn e puermol och gesot hunn, wou Der och richteg gesot hutt, eng grouss Erausfuerderung ass et, fir ze kucken, Jonker ze motivéieren, déi dote Beruffer ze léieren, wat Beruffer sinn, déi awer eng Qualifikatioun viraussetzen, wou een net einfach ouni Qualifikatioun kann hi gelooss ginn. Elo kann ee verschidden Degrés vu Qualifikatiounen do natierlech da festleeën a soen, wéi eng Hëllef mer brauchen, wat fir eng Akte musse gemaach ginn. Do muss een dann eng bestëmmte Qualifikatioun derfir hunn. Mä keng Qualifikatioun derfir hunn, ass jo net méiglech.

Elo hu mer awer am Chômage dacks Jonker, déi keng Qualifikatioun eben hunn. Wéi kënne mer da probéieren, déi méi op déi dote Beruffer ze kréien? Déi musse jo dann awer eng Ausbildung iergendwou kréien. Déi kënnen och vläicht emol eng Kéier hir éischt Erfahrunge sammelen, andeems se vläicht wéi Stagen oder wéi Sozialdéngscht eben och kéinten emol eng Kéier leeschten, fir emol eng Kéier en Abléck an déi dote Welt och do ze kréien. Mä nach bleift, datt se awer eng Ausbildung mussen hunn.

An an der Ausbildung selwer ginn et och eng Partie Erausfuerderungen, deene mir eis musse stellen, notamment déi mat der Sprooch jo och, wou mir wëssen u sech, datt jo eis Leit hei zu Lëtzebuerg déi zwou Sprooche mussen awer op engem héijen Niveau beherrschen, Franséisch an Däitsch.

Wou dann awer vill vun hinnen an enger Sprooch net esou gutt sinn an dann doduerjer net duerchkommen, währenddeem mir dann awer aus dem Ausland Leit astellen, well mer och mussen natierlech jo op Personal aus dem Ausland zréckgräifen, well et eleng net duergeet, mat de Besoinen, déi mir brauchen, fir just nëmmen heiheem ze rekrutéieren, déi dann awer meeschtens nëmmen an enger Sprooch eben ausgebilt sinn an dann heihinnerkommen an dann an deem Moment awer kënnen an deene Beräicher schaffen.

Wou sech dann do awer erëm gläichzäiteg de Problem stellt oder d'Fro stellt vum Lëtzebuergeschen, well mir, och wann déi eeler Leit net nëmmen alleguer Lëtzebuergesch schwätzen, mä awer och ganz vill der sinn, déi am Alter, déi nëmme Lëtzebuergesch ebe kënnen a wou et awer dann herno schwéier gëtt, fir déi Verstännegung, wou da souguer abstrus Situatioune kommen, datt déi Eenzeg, déi dann net esou déi héich Qualifikatioun hunn, well se net an der Schoul... well se an enger Sprooch gescheitert sinn, dann nëmmen Aide-soignant vläicht gi sinn, wa se dann higinn a mussen d'Iwwersetzung maachen tëschent deenen, déi aus dem Ausland kommen, nëmmen eng Sprooch beherrschen, an deenen eelere Leit, déi doleien, déi d'Sprooch net verstinn. Dat sinn och Erausfuerderungen, déi mir mussen ugoen, fir ze kucken, dee Problem eng Kéier do an de Grëff ze kréien.

Well u sech sinn dat jo awer krisesécher Beruffer, well et wäerten nach weiderhin där Beruffer geschaf ginn, well d'Zuel vun de Leit, déi eben an d'Fleeg wäerte kommen, eropgeet. Et sief dann, mir géifen et fäerdegbréngen, eng grouss Preventiounspolitik en place ze setzen an et verhënneren, datt méi Leit an d'Fleeg wäerte kommen. Do musse mir nach dorunner schaffen.

Da musse mer kucken, esou wéi d'Zuelen awer elo sech presentéieren, geet et awer a Richtung, datt méi Leit wäerten derbäikommen. Also ass et och an eisem Interessi, bei engem héije Jugendchômage, oder bei ville Jonken, déi net wëssen, wat se solle maachen, datt mir och probéieren, déi Motivatioun, se ze motivéieren, an déi Beruffer ze goen, an datt si och kënnen déi Qualifikatiounen erreechen, wa se motivéiert sinn, déi se brauchen, fir an deem Beruff herno kënnen ze schaffen.

Bleift dann nach zum Schluss vu menger Interventioun dee Volet vun de Finanzschrauwen. Dir hutt et jo grad exposéiert. Eiser Meenung no soll ee fir d'Éischt emol alleguerten déi dote Saache maachen, ier mer un dee Volet vun de Schrauwen an dem finanzielle Beräich, vun der Finanzéierung also drun dréie ginn, esou wéi Dir jo och selwer u sech am Regierungsprogramm et jo festgehalen hutt. Well Dir sot do, datt eng Hausse vun de Cotisatiounen am Beräich vun der Assurance dépendance nëmmen da soll gemaach ginn, en cas de nécessité avérée. Dat deele mir, déi Approche, datt ee fir d'Éischt de System soll wierklech op de Leescht huelen a kucken, wat do nach ze verbesseren ass.

An da bleift awer och, datt et effektiv net ganz vill Schrauwen do gëtt. Et gëtt dat mat de Cotisatiounen, et gëtt déi mat der Bedeelegung vum Stat an et gëtt och déi Fro, déi Dir virdrun eng Kéier kuerz ugeschnidden hutt, ob een net awer soll bei verschiddene Prestatioune vläicht e Supplément froen, also awer eng Bedeelegung vun de Leit ka froen, zemools bei Prestatiounen, déi deier kaschten. Dat heescht, dann och gestaffelt no dem Akommes, datt dat net op eemol zu enger Segregatioun ka kommen oder eng Diskriminatioun do ka kommen.

Mä déi Fro muss awer trotzdeem och kënnen, ouni Tabu, emol op d'mannst diskutéiert eng Kéier ginn, ier een dann eben higeet an décidéiert, wat een dann herno un deene Mechanisme soll änneren.

Ënnert dem Strëch ass et fir eis als CSV also wichteg, wéi ech et elo e puermol probéiert hunn a menger Interventioun kloerzemaachen, datt et drëms geet, fir sech esou e geneet Bild wéi méiglech vum Fonctionnement vun der Assurance dépendance kënnen ze maachen. Déi ass komplex, dat wësse mer. Dat kascht och Zäit, dat kascht och Moyenen, déi ee muss zur Verfügung stellen, fir dat kënnen ze maachen. Mä et ass awer wichteg, dee System eng Kéier kënnen op de Leescht ze huelen, fir genau ze analyséieren, wat bis elo gutt leeft, wat seng Ziler net erreecht huet, fir da kënnen ze wëssen, wat ee soll optimiséieren, wat ee soll verbesseren.

An et ass net, datt mir eis just solle beschränken op eng arithmetesch Fro an dat Ganzt nëmme solle wéi eng Rechnung behandelen, mat: „Do hu mer e Minus, mir mussen erëm e Plus erauskréien", oder „null vun null geet op", mä et soll ee schonn, wéi dat jo och de Wëllen dann ass, un d'Struktur, un de Fong goen an do emol kucken, wat do erauszehuelen ass, ouni awer d'Fundament, dat heescht d'Qualitéit an d'Grondphilosophie vun deem System, wéi en elo besteet, a Fro ze stellen.

Dat ass d'Erausfuerderung, wou mir och prett sinn als CSV, eis do an de Kommissiounen, wann emol e konkrete Projet och doläit, dann natierlech konstruktiv, am Sënn vun enger konstruktiver Aarbecht, als verantwortungsbewosst Partei dat ze maachen. Mä dat ass déi Prioritéit, déi mir elo emol gesinn. Mir sinn da gespaant drop, wat d'Regierung dann an den nächste Méint eis wäert presentéieren, an da wäerte mir dorunner zesumme schaffen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Wilmes. D'nächst Riednerin ass d'Taina Bofferding fir d'LSAP. Madame Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

Mme Taina Bofferding *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fleegeversécherung ass en Erfolleg. Si ass zu engem zentrale Bausteen vun eisem Sozialversécherungssystem ginn. 16 Joer sinn et hier, dass hei op dëser Plaz mat grousser Majoritéit d'Gesetz vun der Fleegeversécherung ugeholl ginn ass. Den deemolege Rapporteur, de Lucien Lux, huet betount, dass mir hei am Land et ëmmer verstanen hunn, sozial Risiken ofzesécheren, an dat am Kader vun der kollektiver Solidaritéit. Hie schwätzt weider vun engem historesche Schrëtt fir d'sozial Sécherheet hei am Land.

Och wann ee mat Lobeshymne soll virsiichteg ëmgoen, esou mengen ech, dass déi Ausso deemools net ze héich gegraff war. Dem Vote vum 27. Mee 1998 war eng laang Preparatioun virausgaangen. Vill Viraarbechten a Consultatioune sinn an de Projet de loi agefloss, deen de 15. Oktober 1996 vun der deemoleger Ministesch vun der sozialer Sécherheet, dem Mady Delvaux-Stehres, déposéiert gouf.

De Kontext vun deemools war keen einfachen. Ëmmer erëm houng den Term vum Fleegenoutstand hei zu Lëtzebuerg an der Loft. Effektiv hunn deemools eng 200 fleegebedierfteg Leit missen am noen Ausland ënnerbruecht ginn, well mir net genuch Better haten. An et gouf och keng flächendeckend a koordinéiert Offer, fir de gudde Suivi vun engem Maintien à domicile ze garantéieren.

Dës Situatioun war leider och den Nährbuedem fir all méiglech Polemiken a populistesch Aussoen, wéi zum Beispill Fleegebetter géint kulturell Institutiounen oprechnen ze loossen, wat a mengen Aen als eng relativ absurd Approche, zumindest haut, erschéngt. Op déi eenzel historesch Etappe wäert ech elo net agoen, well dat de Minister am Virfeld jo schonn ugeschnidden hat.

Ech fänken u mat dem ausféierleche Bilan, deen d'lescht Joer presentéiert gouf, wou ech e puer Eckpunkte wëll eraushuelen.

Éischtens, tëschent 2000 an 2010 huet d'Zuel vun de Bénéficiairë sech verduebelt an ass op 11.706 Persoune geklomm. 2013 hunn etwa 13.000 Persoune Leeschtungen iwwert d'Fleegeversécherung kritt. Weider, d'Zil vum Maintien à domicile gouf erreecht. Am Joer 2000 waren 59% vun de Bénéficiairen doheem, 2010 waren et 67%. A weider kann een och feststellen, dass d'Evolutioun vun deem ganze Secteur enorm ass. D'Personal, dat an deem Beräich vun der Fleeg schafft, huet sech an deem Zäitraum praktesch, kann ee soen, verduebelt.

Niewent de positiven Entwécklunge weist dëse Bilan awer och déi aner Säit vun der Medail, an zwar d'Noutwendegkeet vun enger Reform vun der Fleegeversécherung. D'Ausgabe vun der Assurance dépendance hu sech tëschent 2000 an 2010 an nominalen Terme méi wéi verdräifacht: vun 123 op 416 Milliounen. 2013 waren et schonns 512 Milliounen Euro!

D'Dépensen allerdéngs sinn net proportional zu der Zuel vun de Bénéficiairë geklomm, mä 1,8-mol méi séier. An aus de Projektioune vun der Inspection générale vun der Sécurité sociale geet ervir, dass d'Zuel vun de Bénéficiairen, déi vun de Prestatiounen a logescherweis domadder och de Montant vun den Dépensë weider klamme wäerten. De finanziellen Equiliber vun der Assurance dépendance ass deemno net méi garantéiert.

D'Fleegeversécherung ass net Affer vun hirem eegenen Erfolleg. Dat wier falsch. Mä et ass éischter ze soen, dass si elo de Präis vun hirer Success Story bezilt. A mir mussen elo derfir suergen, fir dass mir eis erëm ëm de Kader an d'Evolutioun vun de Käschte kënne këmmeren.

A well kee Sozialversécherungssystem statesch ass, mä evoluéiert a gegebenenfalls nogebessert muss ginn, si Reformen ëmmer noutwendeg. Dat alles, fir d'Wichtegkeet vun der Diskussioun, déi am Moment gefouert gëtt, an eben och vun haut däitlech ze maachen. Et geet also haut drëms, de Kader ze definéieren, an deem déi Reform herno kéint sech bewegen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Stäerkt vun der Fleegeversécherung berout um Prinzip vun der Solidaritéit. Déi allgemeng finanzéiert Hëllefs- a Fleegeleeschtung ass als Institutioun vun nationaler Solidaritéit, déi vun alle Leit finanzéiert gëtt, gesetzlech verankert.

An eiser Gesellschaft däerf keen, dee fleegebedierfteg ginn ass, an den Abseits gestallt ginn, mä muss sech kënnen op d'Solidaritéit vun deene méi Jonken a besonnesch vun den Netfleegebedierftegen an eiser Gesellschaft verloossen. Dem Gedanke vum Generationevertrag gëtt domadder Rechnung gedroen.

Mat der Aféierung vun der Fleegeversécherung konnt d'Situatioun vun de Leit, déi op Ënnerstëtzung ugewise sinn, enorm verbessert ginn. Am Verglach zum Ausland huet sech de spezielle Lëtzebuerger Modell duerchgesat, deen op individuell Betreiungsmesuren ausgeriicht ass, woubäi déi individuell Hëllefsbedierftegkeet vun all Demandeur eenzel evaluéiert gëtt, fir em dann herno e ganz perséinlech op seng Besoinen zougeschniddene Fleegeplang ze erméiglechen.

Wichteg ass och, dass déi fleegebedierfteg Persoun ëmmer am Mëttelpunkt steet. D'Grondausriichtung vun der Assurance dépendance, déi véier Haaptprinzipien, déi bei der Aféierung festgehale goufen, si fir eis als Sozialistesch Partei nach ëmmer déi nämlecht:

Éischtens: d'Prioritéit vun der Rehabilitatioun virun der Prise en charge vun der Dépendance.

Zweetens: d'Prioritéit vum Maintien à domicile virum Placement an enger Institutioun.

Drëttens: d'Prioritéit vun den Naturleeschtunge virun de Geldleeschtungen.

A véiertens: d'Kontinuitéit vun der Prise en charge.

Ufëiere wëll ech och nach, dass am Géigesaz zu der oft verbreeter Meenung net nëmmen eeler Leit d'Fleegeversécherung an Usproch kënnen huelen, mä all d'Assuréë vun der Lëtzebuerger Gesondheetskeess an hir Familljememberen, onofhängeg vun hirem Alter an onofhängeg vun hirem Akommes. An ech wëll och nach drop hiweisen, dass mam Ratifizéiere vun der UN-Behënnertekonventioun mer eis dem gesellschaftlechen Usaz vun der Inklusioun verflicht hunn, alle Leit mat Behënnerung eng Participatioun a Selwerbestëmmung ze erméiglechen.

Fir d'Sozialiste steet fest, dass un der Qualitéit vun de Leeschtungen op kee Fall gespuert däerf ginn. Dat kënnt fir eis, fir et riicht eraus ze soen, net an d'Tut. Mä dat verhënnert net, dass alles sollt gemaach ginn, fir d'Qualitéit ze assuréieren an ze optiméieren a fir sécherzestellen, dass och déi facturéiert Prestatiounen de reelle Prestatiounen entspriechen an net d'Gelder sënnlos verbrode ginn.

Ech denken, et ass wichteg, dass ee bei de Leit, de Bénéficiairë mat hire Familljen an de Prestatairen, d'Bewosstsinn schäerft, wéi wichteg et ass, fir responsabel mat de Leeschtunge vun der Fleegeversécherung ëmzegoen. Wëlle mer dëse wichtege sozialen Acquis, deen an der Zukunft ëmmer méi eng grouss Roll wäert spillen, erhalen, da musse mer d'Mëttelen, déi zur Verfügung stinn, och sënnvoll asetzen. Dat heescht, esou vill Leeschtung wéi gutt an nëtzlech ass, an do, wou se gebraucht gëtt.

An deem Sënn sollt een all d'Leeschtungen an de Fonctionnement vun der Fleegeversécherung ënnert d'Lupp huelen: Wat ass sënnvoll, nëtzlech an néideg, a wat ass et net?

Iwwregens froen och vill Prestatairen eng méi grouss Transparenz, kloer Regelen an eng verbessert Kontroll, fir Abusen ze verhënneren a fir d'Qualitéit ze garantéieren. Hei spillt sécherlech d'Commission de qualité des prestations eng Roll, déi bei der Reform Enn 2005 agefouert gouf. Ech krut matgedeelt, dass déi Kommissioun net esou optimal géif fonctionnéieren, an et wär vläicht dohier interessant, deem nozegoen an eventuell driwwer nozedenken, dëse Gremium nees ze lancéieren. D'Aufgaben nämlech vun dëser Kommissioun, wéi se geduecht waren, fir zum Beispill d'Referenzstandarden auszeschaffen an Normen ze definéieren, schénge mer ganz schlësseg a sënnvoll.

D'Fro vum „utile et nécessaire" stellt sech och an de Beräicher vun den techneschen Hëllefen a vun den Adaptatioune vum Logement. Och hei gëllt et, d'Kritären, d'Praxis an de Fonctionnement kritesch ënnert d'Lupp ze huelen, fir dass d'Moyenen an d'Ressourcen, déi do sinn, méi responsabel a räsonabel agesat kënne ginn. An dass weider séchergestallt ass, dass déi Leit, déi Hëllef brauchen, se och kréien, an dass déi Leit, déi se kréien, se och brauchen.

Hei spillen och déi nei Technologien eng grouss Roll. D'technesch Assistenzsystemer, déi zum Beipill beim Falen en Alarm ausléisen, erliichteren d'Bewältegung vum Alldag. D'Zil ass et, d'Selbstständegkeet an d'Selwerbestëmmung ze erhéijen an domadder esou laang wéi méiglech d'Verbleiwen am eegenen Doheem ze erméiglechen.

Dofir ass et vun entscheedender Bedeitung, dass dës Hëllefsystemer bei de Fleegebedierftegen op Akzeptanz stoussen a liicht uwendbar sinn. Technesch Systemer, déi stigmatiséierend wierken oder de Fleegebedierftegen duerch hir Benotzung bevormunden, sinn ze évitéieren. Wichteg ass an deem Kontext och, dass d'Technik dateschutzfrëndlech ausgeriicht ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro steet am Raum, ob ee sech net eng aner, besser Definitioun vun der Dépendance an domadder verbonnen eng méi adequat Evaluatioun sollt ginn. Am Gespréch mat de Leit um Terrain héiert een, dass et vläicht géif Sënn maachen, net eenzel Akte mat enger bestëmmter Zuel u Minutten ze accordéieren, mä éischter Forfaiten oder Zäitenveloppen, an deene bestëmmte Leeschtunge sollen abegraff sinn. D'Prestatioune géife méi flexibel organiséiert ginn, woubäi de Bénéficiaire als Persoun ganzheetlech betruecht soll ginn.

De Virdeel wär, dass een doranner och kéint déi zwëschemënschlech a sozial Komponent afléisse loossen, déi fir d'LSAP an der Fleeg e grousse Stellewäert huet. Fir dass dat awer fonctionnéiert an net aus de Fuge geréit, brauch een awer op alle Fall eng méi grouss Transparenz, eng besser Dokumentatioun an Noweisbarkeet vun den Akten. Dat heescht, dass gewësse Standarde misste festgehale ginn, fir d'Kommunikatioun an d'Koordinatioun ze stäerken a fir dass se optimal ka fonctionnéieren.

D'Aféierung vun enger elektronescher Plattform wär eng Iddi, fir op nationalem Niveau Donnéeën ze deelen. Dat kéint ënnert der Agence eSanté lafen, wou dann de Protokoll vun der Evaluatioun vun der Dépendance an de Plang vun der Prise en charge integréiert kéinte ginn.

E weideren Aspekt, deen eng enorm Bedeitung an der Fleegeversécherung huet, zugläich awer och e schwieregen ass, ass dee vum Aidant informel. Bei der Aféierung vum Aidant informel war d'Iwwerleeung, fir de Leit, ganz oft Fraen, déi sech doheem ëm eng fleegebedierfteg Persoun këmmeren, fir deenen eng Unerkennung ze ginn. Dofir sollt déi Persoun entschiedegt

ginn. D'Suen iwwregens kritt awer déi fleegebedierfteg Persoun op hire Konto iwwerwisen, an déi décidéiert, wat si am Endeffekt domadder mécht.

Och gouf d'Méiglechkeet geschafen, fir déi Persoun, déi fleegt, also den Aidant informel, bei der Pensiounskeess unzemellen, woubäi de Stat d'Cotisatiounen op de Mindestloun iwwerhélt.

Fir d'Sozialiste leeschten dës Leit e groussen a ganz wichtege Bäitrag an der Fleeg. Et ass ee berechtegterweis dovunner ausgaangen, dass ouni dëst Engagement d'Fleeg mam Zil zum Maintien à domicile net kann auskommen. Haut weist sech awer, dass mir an der Praxis wéineg Infoen iwwert den Aidant informel hunn.

2010 goufen iwwer 6.000 Prestations en espèces ausbezuelt, awer nëmmen 1.218 Aidants informels ware bei der Pensiounskeess gemellt, also ronn e Fënneftel. Do stellt sech d'Fro, wat da mat deenen aneren Aidants informels ass, wat mat de Geldleeschtunge geschitt. Gi se gebraucht fir d'Ënnerstëtzung an d'Hëllef, esou wéi et geduecht ass?

Ouni emol vu Risques vun Abus ze schwätzen, an do sinn ech ganz bei mengem Virriedner vu virdrunner, wär et awer sënnvoll, Infoen ze hunn, wat mat deene Ressourcë vun der Fleegeversécherung geschitt. Wann eng Persoun an d'Fleegeversécherung erakënnt an e Recht op Leeschtung zougesprach kritt, dann heescht dat jo, dass déi Persoun déi Hëllef och wierklech brauch. Dofir muss eben och séchergestallt ginn, dass déi Persoun, déi eben déi Fleeg brauch, déi Hëllef brauch, déi och am Endeffekt kritt, fir dass mer net riskéieren, eng Verschlëmmerung vum Zoustand vun der fleegebedierfteger Persoun ze kréien.

Et wär vläicht och eng Iddi, sécherzestellen, dass déi Persoun, déi d'Roll vum Aidant informel iwwerhélt, déi kierperlech Capacitéiten iwwerhaapt huet, fir déi Tâchen auszeféieren. Och muss drop opgepasst ginn, dass net herno eng eeler Persoun sech iwwerhélt oder carrément iwwerfuerdert an am schlëmmste Fall herno selwer e Fleegefall riskéiert ze ginn.

D'LSAP kéint sech virstellen, e Statut fir den Aidant informel ze schafen, fir déi effektiv Roll ze encadréieren. Och sollt iwwer eng Offer u Formatioun a Berodung, esou wéi et virdrunner schonn ugeschwat ginn ass, nogeduecht ginn, fir dass déi Persounen eng ëmfaassend Berodung an Uleedung zur Bewältegung vun de Betreiungs- a Fleegeaufgabe kënne kréien an zu all Moment kënnen an dierfen dorop zréckgräifen.

Ech wëll nach emol betounen, dass et wichteg ass, dass mer Leit hunn, déi bereet sinn, eng aner Persoun ze fleegen. Eise System ass op dës wäertvoll Aarbecht ugewisen. Mir mussen awer och sécherstellen, dass déi fleegebedierfteg Persoun och déi Hëllef kritt, déi se brauch. E visible Lien schéngt hei wichteg ze sinn.

Fir d'Sozialiste läit och op der Hand, dass et op alle Fall ze évitéiere gëllt, dass sech an deem do Beräich e parallellen a prekären Aarbechtsmarché entwéckelt. Dat lehne mer strikt of, well domadder ass am Endeffekt kengem gehollef. Well vergiesse mer net, dass d'Aféierung vun der Fleegeversécherung och positiv Auswierkungen op dat ekonomescht Ëmfeld an den nationalen Aarbechtsmarché huet. Si huet zum Ausbau vun de Fleege-Infrastrukture bäigedroen an, et kann ee soen, ass zu engem regelrechte Beschäftegungsmotor ginn.

D'Personalbestänn konnte säitdeem erhéicht ginn, wou iwwer Jore vill qualifizéiert Aarbechtsplaze konnte geschaf ginn. E Bléck op déi aktuell Situatioun wär awer gutt, fir ze iwwepréiwen, ob genuch Personalressourcen nach ëmmer do sinn an ob och genuch an, pardon, an ob och genuch am Fleegesecteur ausgebilt gëtt. An ech war frou virdrun ze héieren, wou de Minister d'Konzept vun der Jugendgarantie erwähnt huet, well et schéngt effektiv d'Iddi ze sinn, fir ze kucken, ob Jonker am Kader ebe vun der Jugendgarantie an dësem Beräich hin orientéiert an ausgebilt kéinte ginn.

Fir d'Réseaue gëllt dat, wat ech virdrun hei iwwert d'Qualitéit gesot hunn. Et brauch ee Qualitéitsstandarden a Kontroll. A vläicht ass jo hei och d'Iddi vun enger Forfaitisatioun vu verschiddenen Akte vu Virdeel.

Dobäi wëll ech awer betounen, och wann een emol vu Mëssbrauch héiert, dass awer eng gutt Aarbecht geleescht gëtt. Déi ass wichteg. Si ass vläicht net ëmmer ganz einfach, mä si ass wichteg a verdéngt dofir och eise Respekt. All déi Leit, déi sech all Dag ëm eng aner Persoun këmmeren. Och bei de Prestatairë soll een awer oppassen, dass een hei net eng Zort Generalverdacht initiéiert. Allerdéngs gëtt et och hei eng konkret Fro no Kontroll a méi Transparenz.

An den Institutioune gëtt et och eng Partie Aspekter, déi ee muss iwwerkucken. Eng dovun ass d'Fro vun den Tâches domestiques, déi bei der Reform vun 2005 am Fong als bezuelte Leeschtung an den Institutiounen ofgeschaf ginn ass, well se am normale Pensiounspräis, deen d'Leit jo musse bezuelen, abegraff misst sinn. Well awer d'Etablissementer dee Coût, dee Montant nach eemol wollten op de Pensiounspräis dropschloen, gouf eng Tëscheléisung gesicht. An esou goufen déi Käschten iwwert de Statsbudget finanzéiert.

D'Fro bleift awer, ob d'Tâches domestiques an enger Institutioun vun der Assurance dépendance finanzéiert ginn oder ob se eigentlech missten am Pensiounspräis abegraff sinn.

Fir d'LSAP ass déi zweet Äntwert eigentlech déi richteg. Dat verhënnert awer net, dass d'Institutiounen d'Tâches domestiques ni doranner verrechent hunn, well se jo esou laang vun der Assurance dépendance iwwerholl goufen. A wa si déi elo weider mat verrechnen, schéngt et wahrscheinlech, dass déi Käschten zu enger Hausse vum Pensiounspräis wäerte féieren. An do misste mer och kucken, wéi mer no alternativ Léisunge kéinte sichen.

D'Facturatioun vun de Prestatiounen ass e grousst Thema. Zur Erënnerung: Déi gëtt berechent net a Fonctioun vun der Mindestqualifikatioun, déi fir déi jeeweileg Prestatioun virgeschriwwen ass, mä a Fonctioun vun der Moyenne nationale. Dat kléngt vläicht elo e bëssen abstrakt a komplizéiert, mä bedeit an der Praxis u sech näischt aneschters wéi dass déi Prestatairen, déi méi a besser qualifizéiert Personal beschäftegen, Perdant sinn, well se manner rembourséiert kréien, wéi hir reell Personalkäschten. An déi Servicer, déi sech just un de strikte Minimum halen, gewanne par contre, well se méi kréie wéi dat, dat hiert Personal eigentlech kascht.

Do misst ee vläicht och Mëttele fannen, fir méi gerecht ofzerechnen, ouni dass een an dat anert Extrem geet, dat heescht, iwwerdriwwen Usprech oder Luxus finanzéiert. Dobäi sollt awer berücksichtegt ginn, dass jee no Krankheetsbild, jee no Degré vun der Dépendance a jee nom Typ vun der Krankheet, wéi zum Beispill bei enger Demenz, aner Ufuerderunge gestallt ginn.

Als Nächst nach e puer Remarquen zu den Activités de soutien, déi och ëmmer méi e grousse Käschtepunkt ausmaachen. Do muss ee sech froen, ob d'Kritäre kloer a prezis genuch sinn. Ob alles, wat gutt a sënnvoll ass, och effektiv ënnert de Wierkungsberäich vun der Fleegeversécherung fält.

Dat gëllt och fir d'Preventioun, déi sënnvoll ass, mä déi awer menger bescheidener Aschätzung no eng gemeinschaftlech Aktioun misst sinn. Hei ginn et eng Rei vun Iwwerschneidungen an de verschiddene Politiken: wéi d'Assurance dépendance, d'Santé, d'Politik vum drëtte respektiv vum véierten Alter, d'Politik fir Leit mat enger Behënnerung oder och de Soins palliatifs ausserhalb vum Spidolswiesen.

D'Konzept vun der Preventioun ass extrem villfälteg a beréiert net just ee Beräich. Et sollt deemno eiser Meenung no och net un engem Forfait festgehale ginn, mä et sollt sech am Alldag an deene verschiddene Politikberäicher erëmspigelen.

Fir konkret ze sinn, nach d'Beispill vum Logement. Dozou gehéieren niewent de Fleegeariichtungen a Fleegedéngschtleeschtungen ënner anerem barrierefräie Wunnraum, barrierefräien ëffentlechen Noverkéier souwéi och den Accès zu den ëffentlechen Ariichtungen. D'Participatioun um ëffentleche Liewen erfuerdert bis an den héijen Alter Mobilitéit. Vläicht sollt een och op de Wee goen a bei de Lotissementer net just un déi jonk Familljen denken, mä sech och virun Aen halen, dass déi eng Kéier méi al ginn.

Ah, elo sinn ech duuschtereg, pardon!

(Coups de cloche de la présidence)

M. le Président.- Ech ënnerbriechen d'Sëtzung fir e puer Momenter.

(La séance est suspendue à 16.00 heures.)

* * *

(La séance est reprise à 16.01 heures.)

Et ass dompeg hei am Sall an et ass duerchaus méiglech, dass een hei e klenge Malaise kritt. Ech géif proposéieren, dass mer an der Riednerlëscht weiderfueren an dass d'Madame Bofferding herno d'Wuert erëmkritt, wann deen nächste Riedner fäerdeg ass.

Nächst Riednerin ass dann d'Madame Lorsché, vu dass eisen Edy Mertens eng...

(Interruptions)

...wichteg Ënnerstëtzung ass. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Villmools Merci.

M. le Président.- A mir wënsche selbstverständlech dem Taina, dass et erëm séier bei eis ass.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Da soe mer dem Här Mertens villmools Merci fir säin Aidant informel, seng Roll, déi en do spillt.

(Interruptions)

Hei an der Chamber huet en déi Roll jo net.

(Hilarité)

M. le Président.- D'Madame Lorsché huet d'Wuert.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Majo, Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, op ville Pläng vun der Gesellschaft an och an der Politik gi jo eigentlech eng ganz Rei Efforte gemaach, fir d'Autonomie vun eelere Leit oprechtzëerhalen. Ech erënneren un d'Europäescht Joer vum aktiven Alteren a vun der Solidaritéit tëschent de Generatiounen, dat 2012 op Initiativ vum Europaparlament stattfonnt huet. Et huet queesch duerch Europa zu ganz fruchtbaren an och innovative Programmer gefouert.

Et si ganz vill Gemengen a Verwaltunge gradesou wéi Veräiner, déi sech doru bedeelegt hunn, an awer muss ee soen: Esou Initiative wierke leider keng Wonner. Si änneren näischt un der Tatsaach, datt vill eeler Leit opgrond vun hirem kierperlechen oder geeschtegen Zoustand op d'Hëllef vun aneren ugewise sinn, an dat hiert Liewe laang.

Den Zuele vun der IGSS a vum Statec no gesäit een, datt d'Liewenserwaardung ëmmer méi laang gëtt. Dat ass jo ganz flott. Et heescht awer net, datt d'Leit méi laang autonom liewen. Dank dem medezinesche Fortschrëtt an der héijer sozialer Protektioun kënne mer dervun ausgoen, datt d'Liewenserwaardung an Zukunft nach vill méi héich gëtt.

Mä déi partiell oder komplett Incapacitéit fänkt net eréischt am spéiden Alter un. An der Moyenne fänkt se scho bei 75,3 Joer un, wat déi Lëtzebuerger Bevëlkerung ubelaangt. Dowéinst ass et och net verwonnerlech, datt déi Zuele geklomme sinn. Mir hu méi Leit, déi am Alter sinn. A mir hu méi ofhängeg Leit. Et sinn der mëttlerweil 13.000, déi am Genoss vun der Fleegeversécherung sinn, esou wéi den Här Minister dat och scho verdäitlecht huet.

Et kann ee soen, déi schläichend demografesch Revolutioun verännert engersäits de Parcours vum Eenzelnen, si verännert awer och d'Organisatioun vun der Kollektivitéit. D'Kollektivitéit muss esou ugepasst ginn, datt d'Renten, d'Gesondheetssystemer an awer och d'Prise en charge vun deene fleegebedierftege Mënsche weiderhi finanzéierbar bleiwen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Nodeems de Gesondheetssystem an de Pensiounssystem an de leschte Jore jo reforméiert gi sinn an eis zumindest kuerzfristeg oder och souguer mëttelfristeg keng Suerge wäerte maachen - hoffentlech! -, sti mer mat der Reform vun der Assurance dépendance virun enger neier Reform. Et ass e grousse Chantier, an et ass net dee mannsten. Ëmmerhi gehéiert d'Fleegeversécherung säit 1998 zu den Haaptpiliere vun eiser Sécurité sociale.

Nodeems am Joer 1998 e Gesetz geschafe ginn ass, wat geziilt op d'Bedierfnisser vu fleegebedierftege Mënschen ausgeriicht ginn ass, huet sech am Laf vun de Jore vill gedoen. Och dat ass scho gesot ginn. Et huet sech erausgestallt, datt dëst Gesetz seng Ziler méi wéi erreecht huet, jiddefalls wat d'Qualitéit ubelaangt an all déi Leit, déi et erreecht. D'Gesetz vun '98 huet zu engem ausgeklügelten a solidaresche System gefouert - dat wëll ech betounen - e System, deen op Solidaritéit baut an op där anerer Säit awer och de ganz individuelle Bedierfnisser vun de Persoune Rechnung dréit.

Dobäi ass et bemierkenswäert, wéi staark de ganze Secteur vun der Laangzäitfleeg sech am Laf vu 15 Joer entwéckelt huet. Engersäits si Servicer a Strukture geschafe ginn, déi et erlaben, méi laang doheem ze bleiwen an ënner gudde Konditioune kënne versuergt ze ginn, och wann ee fleegebedierfteg ass. Parallell dozou sinn awer och eng ganz Rei Alters- a Fleegeheemer entstanen, déi d'Demande praktesch ofdecke momentan an zum Deel no ganz innovative Konzepter funktionéieren.

Déi negativ Duerstellung, déi laang duerch d'Gesellschaft zirkuléiert ass, nämlech d'Virstellung, datt d'Etablissementer just gutt sinn, fir eeler Leit ofzeschieben, loosse mer haut net méi gëllen. Déi ass definitiv net méi berechtegt. An dat gesäit een, wann een d'Dier vun esou engem Etablissement opmécht.

Och d'Enquête de satisfaction, déi rezent duerchgefouert ginn ass, huet op eng ganz grouss Zefriddenheet vun de Résidentë schléisse gelooss, och wa se mat Virsiicht ze genéissen ass, wéi dat an der Introduktioun an an der Konklusioun vun dëser Etüd festgehale ginn ass.

Zwee Drëttel vun de Fleegebedierftege liewen allerdéngs net an enger Institutioun, mä doheem an hirem eegene Logement. 80% vun deene Leit gräifen op d'Hëllef vun de Réseaux d'aides et de soins zréck, déi d'Fleeg sollen assuréieren. Fir de ganze Secteur ofzedecken - an do sinn ech do, wou d'Taina Bofferding och virdru war -, brauche mer ganz vill Aarbechtskräften. Mir mussen och bei dësem Secteur un den Aarbechtsmaart denken, deen hei eng ganz grouss Roll spillt.

Mëttlerweil si menges Wëssens 9.000 Emplois à temps plein am Fleegesecteur ze verzeechnen, während den Zuele vum Statec no schonn dräi Prestatairen aus der Laangzäitfleeg zu den Top-20 vun den Arbeitgeber zu Lëtzebuerg gehéieren. Dat ass och eng interessant Evolutioun. D'Fleegeversécherung bitt also en enormt Potenzial un Aarbechtsplazen, wat eben dem Aarbechtsmaart zeguttkënnt. Et muss een awer op där anerer Säit un d'Formatioun an un d'Qualifikatioun vum Personal denken, vun de Professionnels de santé.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, en héich entwéckelte System wéi dëse kascht natierlech Geld, an e soll och Geld kaschten. E muss Geld kaschten, fir datt e funktionéiert. Mä wann d'Recetten den Dépensen hannendrulafen a wann d'Reserve schmëlzen, da riskéiert de System ze kippen. An et ass do, wou mer momentan histeieren. Bei onverännerter Politik wäert de System am Joer 2015 um Enn sinn.

De Bilan, dee vun der IGSS virgeluecht ginn ass, huet souwuel de Fonctionnement wéi och d'Viabilitéit vum System analyséiert. Säi Resultat war beonrouegend. En huet Prognosen, déi an der Vergaangenheet eigentlech méi informell opgestallt gi sinn, méi wéi bestätegt. D'Zuele beweise ganz kloer, datt kee Wee laanscht eng strukturell Reform vum System wäert féieren, wann e soll iwwerliewen. Ech denken, do si mer eis bis elo emol all eens.

Trotzdeem däerf et eiser Meenung no net drëms goen, Panik ze verbreeden oder Polemik ze bedreiwen. Et däerf virun allem net drëms goen, eng radikal Kursännerung virzehuelen. Ëmmerhi gehéiert de Lëtzebuerger Fleegesystem zu de beschten a soziaalste Systemer vun Europa. D'Grondprinzipie stelle mir duerfir net a Fro. Duerfir sollt alles drugesat ginn, fir de bestoende System ze retten an dëst wäertvollt Instrument eigentlech esou unzepassen, datt de Fleegerisiko weiderhi fir all Mënsch aus eisem Land ofgedeckt bleift, onofhängeg vu sengem Alter, vu senger sozialer Hierkunft, vu senger sozialer Schicht.

Eng wichteg Konditioun, jiddefalls fir eis, ass dobäi, datt de Stat dëst soziaalt Standbeen an eegenen Hänn behält an net u privat Acteuren auslagert. Grad wéi de Gesondheetssecteur gehéiert och de Fleegesecteur fir eis zu engem ëffentlechen Déngschtleeschtungssecteur an domat an d'Hand vum Stat. An deem Sënn hoffe mir - a mir ginn och dervun aus -, datt mer heibannen alleguer un engem Strang zéien, den Här Minister gradesou wéi d'Fraktiounen.

Mir begréissen och, datt Dir eis invitéiert hutt, fir eis Meenung hei duerzeleeën an an engem konstruktive Geescht un d'Reform ze denken an déi éischt Projeten, déi mer am Kapp hunn, schonn eigentlech hei virzestellen.

Erlaabt mer awer déi kleng Remarque, Här Minister: 27 Froe waren der vill. Et kann ee se net am Detail hei beäntwerten, et géif wierklech de Kader vun der Diskussioun sprengen. Duerfir beschränken ech mech just op déi Froen, déi mir elo momentan am wichtegste schéngen an déi och vill an der Diskussioun sinn.

Prinzipiell geet et jo ëm d'Strategie, déi an de folgende Jore muss ugewannt ginn, fir datt de System iwwerlieft, an ëm d'Fro, wéi d'Qualitéit kann ofgeséchert ginn, ouni datt d'Käschten aus dem Rudder lafen. Dat ass eigentlech d'Haaptfro.

Zu de Cotisatiounen: Ech war e bëssen iwwerrascht, d'Cotisatiounen, déi Fro war déi lescht, déi Dir eis gestallt hutt. Ech wousst net, ob se lech vläicht net esou wichteg wier. Ech mengen, de Leit dobaussen ass se ganz wichteg, an duerfir wéilt ech se och als éischt beäntwerten.

D'Fro iwwert d'Cotisatiounen ass eng wichteg Fro, well se grad déi Leit beschäftegt, déi sech Suerge maachen ëm hire Revenu an ëm hir finanziell Situatioun. Et ass déi éischt Fro, déi een dobausse gestallt kritt, wann een iwwerhaapt emol vum Defizit vun der Fleegeversécherung schwätzt.

Als Gréng si mir - wahrscheinlech och wéi jiddwereen heibannen - der Meenung, datt eng

Erhéijung vun de Bäiträg ganz bestëmmt déi einfachst Léisung wier. Domat kéint een de System schonn eleng iwwer Waasser halen, wann een d'Cotisatioune massiv géif erhéijen. Et ass an eisen Aen awer nach laang net déi bescht Léisung. An och net déi Léisung, déi mir haut ustriewen, a scho guer net an enger éischter Phas.

Déi absolut Prioritéit muss an eisen Aen dora bestoen, de Fonctionnement vum System op de Leescht ze huelen - och dat hu meng Virriedner a meng Virriednerin scho gesot -, dat heescht, de System kategoresch op eventuell Abusen, op Duebelstrukturen ze iwwerpréiwen, grad wéi dat, wat parallell am Secteur hospitalier leeft. Och do gëtt no duebele Strukture gekuckt, och do maache se net vill Sënn. Et soll gekuckt ginn, ob onnéideg Servicer en place sinn. An d'Effikassitéit vum System soll iwwerpréift ginn, éier iwwerhaapt emol vun der Erhéijung vun de Cotisatioune geschwat soll ginn.

Sollt et sech dann erausstellen, datt d'Rechnung trotzdeem net opgeet, och wann de System effikass funktionéiert, da féiert natierlech kee Wee derlaanscht, fir un der Schrauf vun de Cotisatiounen ze dréien. Wou ech awer direkt wëll soen, datt mer da vun engem bescheidene Mooss schwätzen. E Mooss, dee verträglech ass, wou ech elo vläicht dat Éischt sinn, wat eng Ziffer avancéiert: Mir stellen eis vir, datt déi Augmentatioun net iwwer 0,2% oder 0,3% erausgeet an datt mer ënnert dem Strëch nach ëmmer ënner enger Cotisatioun vun 2% en total vum Revenu leien.

Zu der Eegebedeelegung. Dat war déi zweetlescht Fro, déi fannen ech awer och ganz wichteg. Eng Alternativ kéint der Froestellung no dora bestoen, de Prinzip vun der integraler Prise en charge vu gewëssene Prestatiounen ze iwwerdenken. An anere Wierder géif dat jo heeschen, der integraler Ofsécherung vum sougenannten „utile et nécessaire" am Fleegesecteur en Enn ze setzen an de Prinzip vun der Eegebedeelegung vun de Bénéficiairen anzeféieren.

Här Minister, dee Wee gefält eis net, an ech erklären Iech och, firwat: Well et sech bei der Assurance dépendance ëm Prestatiounen handelt, déi liewenswichteg Fonctiounen ofsécheren a jiddwerengem vun eis fréier oder spéider kënnen zeguttkommen, kann et net sinn, datt just déi betraffe Leit zur Keess gebiede ginn, wann et se betrëfft, an nëmmen dee Moment! Als Gréng sti mir zum Solidaritéitsprinzip, dee bedeit, datt den eenzelne Bierger net just fir sech selwer zoustänneg ass, mä och fir d'Gesellschaft, och wann et him gutt geet.

An deem Sënn sollen d'Recettë vun der Assurance dépendance iwwert d'Cotisatioune lafen an iwwert d'Eegebedeelegung vun de betraffene Leit soll net geschwat ginn.

Woubäi ze bemierken ass, datt am stationäre Milieu jo vu virera schonn eng zolidd Participatioun vum Résident verlaangt gëtt. Och dat ass vläicht net jiddwerengem bewosst, mä och do ass dee System schonn en place. Anescht kann ee guer net an engem Etablissement opgeholl ginn a versuergt ginn.

Vill méi wichteg wéi de Volet vun der Eegebedeelegung ass fir eis, datt d'Modalitéite vun der Facturatioun a vun der Tarificatioun méi eenheetlech an transparent gestalt ginn. Souwäit ech weess, gëtt et nach ëmmer keng eenheetlech Nomenclature fir d'Akten, déi am Fleegesecteur ugebuede ginn. Dowéinst ass et momentan onméiglech, eng geziilt Käschten-Notzen-Analys a puncto Sachleeschtungen a Servicer duerchzeféieren.

Dat Éischt, wat an eisen Ae muss geschéien - an dat beäntwert och Är deementspriechend Fro, Här Minister -, ass e Mechanismus anzeféieren, deen ähnlech wéi bei der Gesondheetskeess op klore Kritäre vu Qualitéit a vu Quantitéit baséiert. Woubäi et kee Geheimnis ass - ech maachen erëm e Lien zu der Gesondheetskeess respektiv zum Gesondheetsministère oder der Gesondheetsministesch, mir haten déi leschte Kéier driwwer Rieds -, et ass kee Geheimnis, datt och bei der CNS nach keng eenheetlech Nomenclature en place ass. Och do besteet Nohuelbedarf, quitte datt d'CNS net an Ärem Kompetenzberäich läit, Här Minister, mä an deem vun der Gesondheetsministesch.

(Interruption)

Maacht Dir d'Präisser mat? Ma da gëtt et jo nach méi einfach!

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Ma et ass méi einfach...

(Hilarité)

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Ech ginn dovun aus, datt Der Iech zesummesetzt an déi Nomenclaturen, souwuel vun der Assurance dépendance wéi och ebe vun der Santé, zesummen ausschafft a se dann openeen ofstëmmt.

Zu der Fro vun de Forfaite bleift ze soen, datt ee vläicht e bësselchen e Schreck kritt, wann een un eenzel Systemer denkt, wéi dee vum ONE (veuillez lire: Office national de l'enfance), wou laang kritiséiert ginn ass, datt de System ze vill rigid wier. Mir mengen, datt et hei kéint Sënn maachen. Dat heescht, net wéi bis elo fir all Demandeur e ganz individualiséierte Fleegeplang opzestellen, mä eng Rei vun eenzelnen Akte verbonne mat enger Standardzäit a mat definéierte Frequenze festzeleeën. Dëse System war gutt gemengt an ass entstanen, well den däitsche Modell mat de sougenannten „Pflegestufen" als ze vill ondifferenzéiert an ongerecht jugéiert ginn ass.

Allerdéngs schéngt d'Erfahrung elo ze weisen, datt den individualiséierte Fleegeplang an der Praxis Problemer stellt. Laut de Fachleit aus dem Secteur ass de Fleegeplang mat den eenzelnen Akten net nëmme fir d'Prestatairë ganz schwéierfälleg a rigid, mä och fir d'Administratioun ass de System schwéierfälleg, kascht onnéideg Zäit an entsprécht net der Logik eigentlech vun der Simplification administrative, déi mer momentan jo ustriewen.

D'Fro stellt sech och, ob dëse System am Sënn vun der Fleegeversécherung ass, wou et drëms geet, datt déi noutwendeg Fleeg vun de betraffene Leit global ofgeséchert gëtt, an net just iwwer eenzel Akten. Woubäi ech wéilt bemierken, datt Minutten als Moosseenheet, fir de Seuil ze erreechen oder auszerechnen, an den deementspriechenden Tarif, net déi glécklechst Léisung waren an zu ville Mëssverständnisser gefouert hunn.

Duerfir fanne mir d'Iddi, am Virfeld vun der Prise en charge e gewëssene Forfait oder Package vu Fleegeakte festzeleeën, eigentlech ganz sënnvoll. E Betreiungspackage, dee feste Kritären ënnerläit a modulabel ass, géif den Oflaf vun der Prise en charge beschleunegen an dem Personal um Terrain den Traitement vun den Dossieren och vereinfachen.

Eis Propos ass awer, an dat huet den Här Wilmes och gesot, datt déi Leit, déi um Terrain schaffen, grad wéi d'Prestatairen intensiv an d'Diskussioun iwwer eng eventuell Aféierung vu Forfaiten agebonne ginn, well et si si, déi den Terrain am beschte kennen. An et sinn och si, déi wëssen, wou d'Schwieregkeete leien, wann een Dausende vu Fleegepläng muss opstellen. D'Zil muss ënnert dem Strëch jo dora bestoen, de System méi flexibel ze gestalte wéi deen aus Däitschland an d'Packagen esou ze definéieren, datt en differenzéierte System besteet an net e ganz rigide Schema.

Zu de Geldleeschtungen, déi och eng wichteg Roll spille bei der Reform a mengen Aen: Et geet ëm d'Ausbezuelung vun engem gewëssene Montant en espèces, deen de Fleegebedierftege soll erlaben, hir eege Fleeg an eenzel Servicer selwer ze finanzéieren. Dozou ass jo ze soen, datt d'Konversioun an eng Geldleeschtung nëmme méiglech ass, fir d'Hëllefstellung bei den Actes essentiels de la vie a fir d'Haushaltsaarbechten ze finanzéieren. Dee Montant ass och plafonnéiert. Et ass also net, datt een do kritt, wat ee wëllt. An e gëtt ëmmer un de Fleegebedierftege selwer ausbezuelt. Als Revenu de remplacement däerf en net gekuckt ginn.

Als Gréng si mir dem Ausbezuele vu Gelder net gutt gesënnt. Mir sti prinzipiell ëmmer kritesch do, wann et ëm d'Ausbezuele vu Gelder geet, well mir sinn iwwerzeegt, datt déi Gelder net ëmmer do ukommen, wou se sollen ukommen a wou se gebraucht ginn. Sou ass et och bei de Familljeprestatiounen.

Et ass geféierlech, wa Gelder fléissen, ouni datt kontrolléiert ka ginn, zu wéi engem Zweck se schlussendlech agesat ginn. Sou zum Beispill kréien d'Eltere vu behënnerte Kanner e gewëssene Montant iwwert d'Assurance dépendance ausbezuelt, well si d'Fleeg vun hire Kanner assuréieren. Ob dat Geld deene Kanner an der Realitéit vum Alldag awer wierklech zeguttkënnt oder ob vläicht de Kaf vun onnéidege Konsumartikele virgeet, dat ass eigentlech net erauszefannen.

An eisen Ae wier et duerfir vill méi sënnvoll, amplaz vu Geldleeschtungen op de Wee vu Sachleeschtungen ze goen, déi zum Deel ausserhalb vun den Attributioune vun der Fleegeversécherung leien. Dat heescht, héich qualitativ Offere fir den Encadrement vu behënnerte Kanner ze schafen, oder awer den Eltere vu behënnerte Kanner méi Congé parental oder méi Congé social ze accordéieren, fir datt se méi Zäit fir d'Fleeg vun hire Kanner kréien.

Domat verbonne wier och d'Ofsécherung vu Fleegeakten an der Schoul respektiv an de Crèchen oder de Maisons relais als wichteg Konditioun fir eng besser Integratioun oder eng besser Inklusioun vu behënnerte Kanner an deene Strukturen.

Doriwwer eraus musse mer och un déi vill Schoulvakanzen denken. Véier Méint Schoulvakanz ass vill. D'Elteren hunn esou vill Congé net zegutt. Vill Leit respektiv och Elengerzéier kënne kee Beruff ausüben, well hir Kanner während de Vakanzen, am Fall wou se behënnert ginn, net a ville Strukturen opgeholl ginn, wann oft och guer net.

Mat Geldleeschtungen ass deenen Elteren näischt gedéngt. Mir gesinn déi Geldleeschtungen éischter als Almosen un. Fir eis wier et méi sënnvoll, a Servicer, Strukturen an Infrastrukturen ze investéieren. Dat ass natierlech net eleng méiglech iwwert d'Assurance dépendance. Duerfir komme mer bei d'Vernetzung.

Fir dat ze erméiglechen, féiert kee Wee laanscht eng besser Vernetzung vun der Assurance dépendance mam System vun de Familljenzoulagen a mat der Familljepolitik allgemeng.

Dann zum Aidant informel. Den Här Mertens ass keen, den Här Mertens ass en Dokter; ech wëll dat awer redresséieren.

(Interruptions)

An de Kontext vun de Geldleeschtunge gehéiert ebe just och den Aidant informel. Déi Leit leeschte wäertvoll Aarbecht a maachen och vill Aarbecht, déi anerer net wëlle maachen. Duerfir verdénge se Respekt. Dat muss gesot ginn.

An trotzdeem stelle sech beim Aidant informel eng ganz Rei Froen. E Fleegebedierftegen, deen op dës Form vun Hëllef zréckgräift, fir seng Fleeg oder eventuell aner Aarbechten am Haus maachen ze loossen, kritt Geld zur Verfügung gestallt, fir d'Aarbecht vum Aidant informel ze bezuelen. De Montant läit bei 1.150 Euro am Mount, souwäit wéi ech weess. Dëse Betrag läit also wäit ënnert dem Mindestloun. Dat hat awer en Zil: Et gëtt verhënnert, datt d'Mindestlounempfänger ophale mat schaffen, fir sech ëm eng fleegebedierfteg Persoun ze këmmeren an nom Verscheede vun där Persoun aarbechtslos an ouni Statut sinn.

Dat entsprécht wuel enger gewëssener Logik, mä duerchduecht ass dëse System an eisen Aen net. Mir bewegen eis bei där Zort vun Hëllefstellung op dënnem Äis, aus dräi Ursaachen: éischtens, wat déi effektiv geleeschte Servicer an d'Kontroll vun deene Servicer ugeet; zweetens awer och, wat de feelende Statut an déi feelend Qualifikatioun vun deene Leit betrëfft. Och dat ass scho gesot ginn.

Drëttens wéilt ech awer och op d'Abusen hiweisen an op d'Ausbeutung vu bëllegen Hëllefskräften, déi iwwer auslännesch Servicer fir dräi Méint an d'Land agefouert ginn. Dat sinn haaptsächlech Leit aus dem Osten, Fraen aus dem Osten, déi heihikommen, fir eng ofhängeg Persoun ze encadréieren. No deenen dräi Méint gëtt déi Persoun ausgewiesselt, fir ze verhënneren, datt se zu Lëtzebuerg muss ugemellt ginn an en Aarbechtskontrakt no gëltege Kritäre ka kréien. D'Geldleeschtung kann dee Moment och benotzt ginn, fir déi auslännesch Servicer ze finanzéieren. Wou ech muss soen: Do hu mir kee Vertrauen.

Dobäi war et bei der Aféierung vun der Fleegeversécherung e wichtegt Uleies, de Betraffenen eng héichwäerteg Versuergung ze garantéieren, eng vu grousser Qualitéit. Dat war och ee vun de Grënn, firwat eigentlech d'Prioritéit op d'Prestations en nature geluecht ginn ass an net op d'Prestations en espèces. Et ware Mindestqualifikatioune verlaangt, an doru wëlle mir och festhalen.

Iwwert de Wee vun den Aidants informels kann dëse System eigentlech op eng gewësse Manéier ënnerwandert ginn. Dat ass net an eisem Sënn. A schlussendlech stellt sech och d'Fro vun den Objektiver, déi hannert dem Aidant informel stinn. Sielen ass den Aidant informel eng Persoun, déi friem ass, déi vu bausse kënnt. Ganz oft ass et eng Persoun vun der Famill respektiv souguer de Liewenspartner.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An deem Fall kéint een déi deontologesch Fro opwerfen, ob et wierklech muss bezuelt ginn, wann ee sengem Partner moies d'Schmier mécht an him beim Undoen hëlleft. Ech denken, et sinn Zäite ginn, wou dat als normal ugesi ginn ass. Haut muss et bezuelt ginn. Fir eis ass dat net ganz...

(Interruptions)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dat doten nennt ee Famill!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- ...net ganz de gudde Wee.

Zu den Aides techniques. E weidere Punkt sinn d'Aides techniques, op déi ech wéilt agoen. Se sinn am Règlement grand-ducal vun 2006 definéiert ginn. Dozou stelle sech och eng ganz Rei Froen, déi schonn zum Deel opgeworf gi sinn. Ech denke beispillsweis och un d'Trapelifter, déi ëmmer méi héich Käschten duerstellen. D'Bénéficiairë vun engem Trapelift stellen awer nëmmen 2% duer vun de Bénéficiairen, déi eng Aide technique zur Verfügung gestallt kréien. Se maachen awer 30% vun de Gesamtkäschte vun den Aides techniques aus.

Eng Rei vun de Bénéficiairë sinn no de geltende Kritären net fleegebedierfteg, well d'Attributioune vun den techneschen Hëllefen net un de Seuil d'entrée gebonne sinn. Hei besteet natierlech direkt d'Gefor vun Abusen, déi onbedéngt verhënnert musse ginn. An och do geet et drëms, fir d'Éischt eng geziilt Analys ze maachen.

Och misst de Règlement grand-ducal, deen d'Aides techniques regelt, iwwerschafft ginn an op déi heiteg Situatioun ugepasst ginn, well souwäit ech weess sinn do eng ganz Rei technesch Hëllefen dran definéiert, déi iwwerhaapt net a Gebrauch geholl ginn an och ni ugefrot ginn.

Zu der Adaptatioun vum Logement wéilt ech och nach e puer Wierder verléieren. Wat oft hellhéireg mécht, Här Minister, ass de Präis, dee fir dës Adaptatioune bezuelt gëtt. Wann ee kuckt, wat d'Privatleit oppassen, wa se hir Wunneng ëmbauen, da muss een hei staunen. D'Privatleit dréien all Euro dräimol an der Hand ëm, wa se hiert Haus wëlle renovéieren oder Upassunge virhuelen. Bei der Assurance dépendance huet een d'Gefill, wéi wann et hei wierklech ganz generéis géif zougoen.

Ouni fest Behaaptunge wëllen opzestellen, muss och d'Fro erlaabt sinn, ob hei net verschidde Firme sech d'Hänn reiwe par rapport zu aneren, déi méi bëlleg Servicer géifen ubidden. Ech wëll et net behaapten, mä et kéint een et vermudden, wann een d'Präisser gesäit.

Onofhängeg dovu si mir der Meenung, datt de Volet vum Logement a vun der Adaptatioun vum Logement fir fleegebedierfteg Persounen net eleng an d'Kompetenz vum Ministère vun der Sécurité sociale dierft falen. Dat ass net de Wee. Hei muss de Ministère vum Logement enk mat erugezu ginn. Net nëmmen, fir déi aktuell Situatioun vun den Adaptatioune mat ze begleeden an an de Grëff ze kréien, mä och, fir nei Pisten auszeschaffe fir d'Zukunft, wéi zum Beispill de Bau vu barrierefräie Wunnengen oder ebe Méigenerationenhaiser, déi och schonn am Ausland en place sinn.

Wichteg ass och, wa Leit en Haus bauen am jonken Alter respektiv hiert Haus renovéieren, datt se d'office drop higewise ginn, wat Barrierefräiheet heescht, an datt se sech bewosst sinn, datt se am Alter vläicht op déi Barrierefräiheet musse kënnen zielen. Dat ass einfach wichteg, datt ee vun Ufank u weess: Herno brauchs de déi do Adaptatioun net méi ze maachen, wann s de elo scho virbeugs. Hei spillt och d'Roll vun der ADAPTH eng grouss Bedeitung als nationale Kompetenzzenter fir Froe vun Accessibilitéit am Wunnengsbau. Och déi Roll sollt nei iwwerduecht ginn an opgewäert ginn.

Dann zu der éischter Fro, d'Definitioun vun der Assurance dépendance, déi Dir ganz am Ufank eben opgeworf hutt. Momentan ass et jo esou, datt dës Definitioun sech eleng op déi Persoune bezitt, déi an de sougenannten „Actes essentiels de la vie" Hëllef brauchen. An anere Wierder: an de Beräicher Mobilitéit, Kierperhygien an Ernährung. Laut Gesetz kann dës Hëllefstellung verschidde Formen unhuelen: sief et, eppes an der Plaz vun der fleegebedierfteger Persoun ze maachen, wa se net selwer dozou fäeg ass, sief et, der betraffener Persoun ze hëllefen an déi néideg Uleedung ze ginn.

Dës Hëllefstellung ass an eisen Ae ganz sënnvoll, virun allem am Beräich vun der Demenz. An awer muss d'Fro erlaabt sinn, ob nieft deenen dräi liewenswichtegen Akte wéi Hygien, Mobilitéit an Ernährung nach aner Besoinen an d'Assurance dépendance sollen afléissen. Déi Fro hutt Dir gestallt. A mir beäntwerte se ganz kloer mat „Jo". Grad bei Krankheete wéi Alzheimer an Demenz, mä awer och bei anere Pathologië wéi Polyarthrosen ass et wichteg, an engem fréie Stadium anzegräifen, fir de Schued a Grenzen ze halen. Mat de Basisakten ass do net vill gemaach.

Allerdéngs komme mer hei direkt op en déif gräifende Problem, an dat ass deen: Wou hält d'Kompetenz vun der Assurance dépendance op - respektiv d'Kompetenz vun der Sécurité sociale - a wou fänkt d'Kompetenz vun der Santé publique un?

Während d'Sécurité sociale prinzipiell zoustänneg ass, fir de Fleegerisiko integral ofzedecken an anzesprangen, wa Käschten ufalen, ass d'Santé jo eigentlech vun der Definitioun hier zoustänneg fir d'Preventioun. Hei besteet e grousse Klärungsbedarf, ëmsou méi, well ech

d'Gefill hunn, datt och am Secteur verschidde Meenungen zirkuléieren.

Éischtens musse mer zu engem Resultat kommen, an duerfir denke mer, datt déi Systemer an Zukunft besser vernetzt musse ginn. Dernieft muss och de Familljeministère mat agebonne ginn, well och dëse Ministère verschidden Attributiounen am Fleegesecteur huet.

Eng aner wichteg Moossnam wier déi, eng detailléiert Analys vun deene Leit ze maachen, déi en Untrag un d'Assurance dépendance stellen an awer net den néidege Seuil erreechen. Eréischt wann een d'Pathologië vun deene Leit kennt, ass et och méiglech, an engem fréie Stadium ze intervenéieren an ze reagéiere respektiv den dramatesche Verlaf vun enger Krankheet vu vireran ze verhënneren.

An deem Sënn wier et och wichteg, de Leeschtungskatalog no ganzer 15 Joer ze iwwerschaffen, Här Minister. Deen ass agefouert gi mat der Fleegeversécherung oder kuerz duerno. En ass 2007 nach verbessert ginn. En ass ganz generéis ausgeluecht, dréit awer der momentaner Entwécklung net onbedéngt Rechnung.

Duerfir misst analyséiert ginn, wéi een Typ vu Leeschtung fir wéi eng Zort vu Fleegebedierftegkeet hautdesdaags dee beschten ass respektiv wéi eng Leeschtunge sech mëttlerweil als iwwerflësseg erweisen oder awer wéi eng Leeschtunge feelen. Dëst souwuel an den Etablissementer wéi och doheem.

Nach ee Wuert zu der Methodologie vun der Evaluatioun. Déi gëtt jo momentan vun der Cellule d'évaluation et d'orientation duerchgefouert. An anere Wierder, vu qualifizéierte Leit, déi eng gewëssen Erfahrung um Gebitt vun der Fleegebedierftegkeet hunn. Op där enger Säit fanne mer dës Approche gutt, well se op e mënschleche Volet hiweist. Et ass d'mënschlech Qualitéit, déi hei am Vierdergrond steet.

Op där anerer Säit kann dës Approche awer dozou féieren, datt d'Evaluatioun net ganz objektiv ass an eenzel Leit par rapport zu anere bevirdeelegt. Aus deem Grond verschléisse mir eis net der Diskussioun iwwer nei Evaluatiounsmodeller, déi am Ausland applizéiert ginn.

Zum Schluss nach dräi Remarquen, déi eis wierklech ganz wichteg schéngen an dëser Reform.

Éischtens, d'Vernetzung an d'Preventioun. Et ass wichteg, datt net nëmmen d'Ministèrë vernetzt ginn, mä och déi eenzel Servicer um Terrain. Dora läit doudsécher e grousst Spuerpotenzial, net nëmmen, fir de bestoende System ze verbesseren an eng besser Preventioun ze garantéieren, mä och, fir ze klären, iwwerhaapt emol, wéi ee Service oder wéi een Acteur fir wéi eng Leeschtung zoustänneg ass.

Och d'Kommunikatioun gehéiert dozou. D'Kommunikatioun tëschent der Cellule d'évaluation an den Acteuren um Terrain muss verbessert ginn, beispillsweis wéi och, mengen ech, d'Taina Bofferding gesot huet, opgrond vum Dossier partagé.

Zu der Formatioun ass och scho vill gesot ginn. Och mir sinn der Meenung, datt d'Formatioun eng grouss Roll sollt spillen. Ech wéilt op d'Néidegkeet hiweisen, datt mer méi Gériatre brauchen an datt mer och e Beruffszweig sollten opbauen, dee sech „Alterspfleger" nennt oder „Altenpfleger". Dat ass e Beruffszweig, deen an Däitschland scho besteet, deen a Lëtzebuerg vill méi gefuerdert a gefërdert misst ginn. Firwat net och iwwert de Wee vun enger Formation continue?

An et ass och net normal, datt, wann 13.000 Leit vun der Assurance dépendance bénéficiéieren, mir just e Grapp voll Gériatren am Land schaffen hunn. Eng méi spezifesch geriatresch Versuergung géif wierklech och an de Spideeler ganz vill Notze brëngen. Nieft dem Sproocheproblem wier dat eigentlech dat, wat ech wéilt soen, als lescht Remarque.

Mir hunn, wéi gesot, net all Froe beäntwert, sinn net am Detail op alles agaangen an awer ass d'Zäit ofgelaf. Mir si gäre bereet, eisen Deel weiderhi bäizedroen, eis Hëllef unzebidden. Wann Dir eis frot, si mer do, an der Hoffnung, datt d'Reform geléngt zum Wuel vun alle Leit, déi se brauchen.

Villmools Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Lorsché. Ech géif dann d'Wuert dem Här Edy Mertens fir d'DP ginn a soen, dass et dem Taina Bofferding no hirem klenge Malaise gutt geet a si d'Wuert nom Edy Mertens kritt.

M. Edy Mertens *(DP)*.- Villmools Merci, Här President. Et ass selbstverständlech, datt een an deem do Fall hëllefe geet. Dem Taina wäert et schonn erëm gutt goen an et wäert dann och erëm heihinner kënne kommen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass sécher keen, dee sech et wënscht, mä wie kennt d'Situatioun eben net? A vläicht wor et een aus Ärem Ëmfeld, deen op eemol op méi oder manner grouss Hëllef vu baussen ugewisen ass, sief et, datt e plëtzlech krank gouf, e Schlag gemaach huet, en Accident hat an an Zäit vu Sekonnen zu engem liichten oder schwéiere Fleegefall gouf.

An esou Momenter huet d'Famill jo ewell dacks genuch ze di mat der Situatioun selwer, a wann dann nach géif do e finanzielle Problem derbäikommen - an dee kënnt dacks derbäi, trotz eiser Fleegeversécherung! -, da mécht dat wierklech d'Saach net méi einfach.

Et ass awer glécklecherweis esou, an ech hat ewell eng Kéier hei gesot op där Tribün, datt mer ee vun deene beschte Gesondheets- a Sozialsystemer vun der Welt hunn. Et ass d'Flicht vun enger Gesellschaft a vun engem Sozialsystem, dann anzesprangen, wann ee Mënsch senger Situatioun net méi eleng Meeschter ka ginn. Dat ass virun allem, awer net nëmmen, wéi mer elo ewell héieren hunn, fir déi méi eeler Bierger aus eiser Gesellschaft de Fall.

Ech hunn et ewell gesot, eise Sozialsystem am Generellen an awer och eise System vun der Fleegeversécherung sinn eng vun deene generéisten op der Welt, mä ebensou mat eng vun deenen deiersten op der Welt. Virun allem déi demografesch Entwécklung an déi steigend Liewenserwaardung hunn d'Käschte vun der Assurance dépendance massiv an d'Luucht gedriwwen.

D'Rechnung ass déi lescht Joren nëmmen opgaangen, well ëmmer méi Salariéen, also ëmmer méi Bäitragszueler an de System abezuelt hunn. Et kann een op d'mannst a Fro stellen, ob déi méi moderat Hausse bei de Salariéen an Zukunft déi steigend Käschten ausgläiche kann.

D'Situatioun vun der Assurance dépendance situéiert sech an der Problematik vun den Excédenten, déi ëmmer méi erofgi bei de Verwaltungen, vun der Sécurité sociale am Allgemengen. Et muss ee bedenken, datt de Sold vun der Administration publique an de leschte Joren nëmmen dowéinst positiv wor, well d'Administratioune vun der Sécurité sociale nach Excédenten haten. Et muss ee sech d'Fro stellen, wat geschitt, wann dat net méi de Fall ass. An, à politique inchangée wäert dee Fall an de kommende Joren antrieden, do brauche mer eis absolut keng Illusiounen ze maachen.

Besonnesch d'Zuele vun der Assurance dépendance beleeën dat ganz kloer, wou mir säit 2010 ee konstanten Defizit hunn.

Och d'Evolutioun vun der Zuel vun de Bénéficiairen ass impressionnant. Wéi gesot gouf, och vum Minister: Tëschent 2000 an 2010 huet sech d'Zuel vun de Bénéficiairë méi wéi verduebelt op ronn 11.000. Elo si mer ewell 2013 bei 13.000, iwwer 13.000, 13.500 oder esou. An d'Prognose vum zoustännege Ministère, déi soen eis viraus, wann näischt sech ännert, da bleift et esou. Déi rechne mat bis zu 18.000 - also 18.000, fir déi, déi et net verstinn - Bénéficiairen am Joer 2030, wat eng weider Steigerung vun ëmmerhi 65 Prozent bedeit.

Nach bal méi interessant ass awer och d'Entwécklung bei der Zomm vun den Dépensen, déi 2013 elo ewell op 500 Milliounen Euro geklommen ass, wat eng Steigerung vu 6,3 Prozent par rapport zu 2012 ausmécht. D'Dépensen, déi ginn also méi séier an d'Luucht wéi d'Einnahmen.

Wat eis allerdéngs genausou vill Suerge muss maachen, dat sinn d'Dépensen och par rapport zu der Zuel vun de Bénéficiairen, déi och méi séier an d'Luucht ginn, wéi d'Bénéficiairen.

Bei deenen Ausgabe wier et och emol interessant, Här Minister, wann Dir eis déi Donnéeë kéint ginn, wéi vill datt mer vun der Assurance dépendance an d'Ausland iwwerweisen an ob déi Leeschtungen am Ausland och dem Ausland ugepasst sinn, well et dacks, jiddefalls bei menge Patienten, esou ass, datt hei déi Fraisen heiansdo ganz héich sinn, a wa se direkt iwwert d'Grenzgebitt ginn, wou se gefleegt ginn, et wesentlech méi bëlleg ass.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, ob een an dëse budgetär schwéieren Zäite weider mat der Participatioun vum Stat esou an där Héicht rechne kann - elo ass erëm eng Kéier d'Participatioun vu 35 op 40 Prozent eropgaangen; déi leschte Kéier war et vun 30 op 35 Prozent -, oder ob een eventuell un e Plaffong do muss denken.

Et gëtt kee Grond, dovun auszegoen, datt sech dëse kloren Trend a Richtung méi Ausgaben, déi net méi vun neie Recettë kënnen ausgeglach ginn, ouni ee Politikwiessel erëm ëmdréit. Den demografesche Wandel léisst do net mat sech verhandelen. Duerfir ass et un der Politik, elo ze handelen.

Mir schwätzen hei vu Prognosen, déi eigentlech vun allen Acteure gedeelt ginn. D'Cour des Comptes huet ewell an hirem Avis zum Budget am Joer 2006 virdru gewarnt, e strukturelle Problem bei der Sécurité sociale ze ignoréieren, an huet virun allem d'Defiziter vun der Assurance dépendance ugeschwat, déi wuel nëmme mat enger besserer Handhabung vun den Ausgaben oder méi héije Participatiounen ze bewältege wieren. D'Cour des Comptes huet dëse Fait an hirem Avis zum Budget vun dësem Joer nach eng Kéier rappeléiert.

Et ass dann och de Rapport vun der Inspection générale de la Sécurité sociale iwwert d'Assurance dépendance vun 2013, dee ganz kloer weist, datt eng strukturell Reform vun der Assurance dépendance néideg ass, fir d'Evolutioun vun den Ausgaben a Prestatiounen an de Grëff ze kréien.

Fir eis Partei DP ass et wichteg, datt och an Zukunft eng qualitativ héichwäerteg Fleegeversécherung fir ofhängeg Persoune garantéiert ass. D'Cotisatiounserhéijunge sollten awer dobäi net en automatesche Reflex sinn, mä éischter als allerlescht Méiglechkeet ugesi ginn. En éischte Schrëtt muss ëmmer sinn, d'Effizienz vum System eropzeschrauwen.

Mir gesinn haut, datt mer am aktuelle Finanzement vun der Assurance dépendance un de Limiten ukomm sinn. D'Zil vun enger Reform soll et jo sinn, dëse Finanzement à long terme ofzesécheren, soudatt de System laangfristeg iwwerliewensfäeg ass. Dës Iwwerliewensfäegkeet beinhalt, datt de System garantéiert, datt sënnvoll an noutwendeg Prestatioune weiderhi mat enger gewëssener Qualitéit garantéiert ginn, fir datt ofhängeg Persoune weiderhin en autonoomt a würdegt Liewe féiere kënnen. Et muss awer och séchergestallt ginn, datt de Finanzement vun dëse Prestatiounen effikass ass, also datt dat gewënscht Resultat esou effikass wéi méiglech erreecht gëtt.

Wat kann een dann elo maachen, fir esou en neie System fir d'Fleegeversécherung en place ze setzen?

De Regierungsprogramm, deen hält fest, datt eng Erhéijung vun de Cotisatiounen - aktuell si se bei 1,4% - just als lescht Mëttel dénge soll, bis datt et wierklech keng aner Léisung méi gëtt, fir de System ze finanzéieren. Eng Erhéijung vun de Cotisatioune géif wahrscheinlech och Froen an der Steierpolitik opwerfen, déi wuel eréischt am Kader vun der genereller Steierreform gekläert kéinte ginn.

An enger éischter Phas musse mer am Kader vun enger Reform eng breet gesellschaftlech Diskussioun mat alle betraffenen Acteure féieren - wéi et och hei ëmmer erëm widderholl gouf -, déi wëssen, wat tatsächlech an deem Secteur ze bewältegen ass a wéi een de System méi effizient gestalte kann.

Effizienz ass hei dat wichtegt Stéchwuert. D'Qualitéit an d'Käschteneffizienz vun der Assurance dépendance hänken net nëmme vun der Unzuel an den Zorte vun de Prestatiounen of, mä och vum Schaffen, vum Zesummeschaffe vun den eenzelnen Acteuren am Secteur. Et mussen och Synergië vläicht gemaach ginn, do, wou se Sënn maachen.

Dann eppes, wat och ewell erwähnt gouf vum Kolleeg Wilmes: D'Preventiounspolitik ass eppes immens Wichteges. Dat däerf op kee Fall vernoléissegt ginn, wann een derfir wëllt suergen, datt munch Persounen doduerch méi spéit zum Fleegefall ginn.

Ech erënneren u Saache wéi zum Beispill uerdentlecht Astelle vum héije Bluttdrock, fir en Hireschlag ze verhënneren, Diabetes-Astellung, regelméissegt Erëmbestelle vun de Leit a Kontrollen, do eng gutt Reklamm duerch d'Sécurité sociale no bausse maachen. Dann och a Saache Preventioun vum Falen: Well ganz vill Leit, déi sinn tipptopp drop, bis de Moment kënnt, wou se falen. Duerch eng déck Osteoporos, wéi et haaptsächlech bei de Fraen ass am Alter, brieche se dann alles, an duerno geet et „bergab". Dat heescht, si ginn zum Dauerfleegefall. An dat si Saachen, déi ee wierklech bedenke muss!

Eppes aneschters, wat mir als Hausdokter ëmmer Suerge mécht, dat ass d'Geschicht vun der Longenentzündung. Mir wëssen alleguerten, an et gouf och nach eng Kéier duerch e Mail drop higewise vun der Santé publique, datt ee soll d'Leit ab engem gewëssenen Alter mat Prevenar géint déi Longenentzündung impfen. Also, dat ass ganz wichteg, datt een déi Impfung mécht. Do sollt ee vläicht och nach viru Reklamm maachen, well ech mengen, d'Statistike besoen, datt e Patient, dee 70 Joer al ass, bei enger Pneumokokken-Pneumonie... Also iwwer 60% hunn nëmmen eng Chance, do ze iwwerliewen, trotz de moderne Mëttelen, déi mer hunn, oder ginn herno vun der Intensivstatioun direkt an e Fleegeheem geschéckt. Esou vill zu der Preventioun, also net vergiessen!

Effizienz huet och eppes mat Kollaboratioun tëschent den Autoritéiten an den Doktere respektiv dem medezinesche Fleegepersonal ze dinn. Et sinn déi behandelnd Dokteren, déi am Generellen déi sozial a familiär Situatioun vun hire Patienten zënter Jore kennen! Ech kenne se ewell tëschent 28, 29 Joer. Dës Kollaboratioun kann immens wäertvoll si fir d'Cellule d'évaluation, an och während hire Kontrollen.

Ech sinn ëmmer der Meenung, an dat ewell jorelaang, datt den Hausdokter absolut op der Plaz muss gehéiert ginn, an dee soll sech duerfir Zäit huelen. An och d'Doktere solle sech do wierklech zesummerafen, fir eng grouss Hëllef fir d'Cellule d'évaluation ze sinn. Ech weess ganz genau, datt mer jo deen Ziedel hunn, dee mer mussen ausfëlle beim Antrag vun der Fleegeversécherung; mä dat ass alt esou eppes, do mécht een e puer Stéchwierder drop. Mä den Dokter weess nach vill méi! E weess ganz vill méi, wéi iergendeen an der Cellule d'évaluation sech jeemools ka virstellen! Also, Här Meyers, ech mengen, esou ass et?

(Interruption)

Och bei Demandë fir Material zur Erliichterung vun der Mobilitéit oder fir Transformatiounen um Haus sollt den Hausdokter onbedéngt ëm säin Avis gefrot ginn - eppes, wat ech nach ni verstanen hunn! -, well do kënnt et zu grotesken Iwwerraschungen.

Ech hat elo nach esou e Fall, wou d'Leit kräische koumen, si misste Suen zréckbezuelen. Ob dat esou ass, Här Minister, weess ech net, datt ee verflicht ass, wann déi Installatioun net esou an esou al ass an de Patient verstierft dann oder e muss an d'Altersheim goen, datt dann d'Famill muss eppes zréckbezuelen.

Mä mir haten elo grad hei erwähnt déi Geschicht mat den Trapelifter. Dat ass jo grotesk! Also wann Der dat emol matmaacht: en Trapelift, dat wär wonnerbar, „Elo, den Noper huet och een, elo kréie mir en Trapelift."! An da soen ech als Dokter zum Beispill: „Ma Madame, ëm Gottes wëllen, iwwerleet et!" Ech ruffe se souguer an en anert Zëmmer, bréngen hir iergendwéi bäi, dat wor deslescht nach de Fall: „Ma, Ären Här ass awer net méi esou gutt, ech géif mat deem Trapelift waarden. Dat gëtt eng Émstrukturéierung vun Ärer Trap."

Dat ass jo net einfach, en Trapelift. Do kënnt Dir jo net telefonéieren a soen: „Ma, ech hätt gären en Trapelift." Well do zitt eng ganz Batterie vun Architekten, Ingenieuren, Statiker an, déi moossen d'Haus, ob et net an de Koup fält, ier et dann endlech zu dräi Devisë kënnt. An tëschent deenen dräi Devisë muss ee sech dann een eraussichen, deen horrend deier ass.

Ech fannen dat wierklech schrecklech deier! Mä elo kënnt et! Elo kënnt et, wou ech zoustänneg sinn. Et ass esou, de Mann jäizt oder d'Fra: „Ech ginn net op de Lift! Ech fueren net mat engem Lift. Dir kënnt mech klibberen! Au, Hëllef, Hëllef, Hëllef! Ech ginn net op de Lift." Da kënnt awer dann nach d'Fleegepersoun owes, da seet déi: „Du gees elo hei an de Lift! Ech weisen der, wéi schéin datt dat ass." An da gëtt do mat Teddybiere geschafft a mat wat net nach wéinst deem Lift!

(Hilarité)

An dann dauert et dräi Méint, véier Méint, dann ass de Patient am Altersheim, an enger Fleegestruktur, oder leider, wéi et esou dacks virkënnt, ass e verstuerwen. An elo kënnt deen nächste Schrëtt: „A wat maache mir mat deem Lift? Wann ech wëll eng Fotell eroptransportéieren, rennen ech mech mat de Schinnen an de Lift!" Also rappe mer de ganze Lift of. An da gëtt telefonéiert: „Kënnt Dir nach éierens e Lift gebrauchen?" - „Mat deem kënne mir näischt maachen, well do musse jo da Staangen ëmgeännert ginn", an ech weess net, wat alles do kënnt.

Pardon, fir nëmmen e Beispill ze ginn, wou den Dokter wäertvoll Auskunft ka ginn. E soll sech och duerfir Zäit huelen! E soll dat ganz seriö maachen, e soll mat agebonne ginn. Ech mengen, do hätte mer dann... Dat ass elo nëmmen ee Fall! Mä wéi vill hu mer där am Land? An dat kascht richteg Geld, déi dote Geschichten!

Dat Zweet ass dat, wat erwähnt gouf ganz richteg, vum Buedzëmmer. Dir hat elo hei - ech mengen, Dir waart et - mer dat verzielt vum Buedzëmmer, wou dann... Dat ass net einfach! Do kann ech net higoen an da soen ech: „Majo, ech sinn elo der Meenung, ech brauch fir mäi Papp oder meng Mamm e Grëff, fir datt se méi einfach mat engem Opsaz vun der Toilette opkënnt." Ma wat stellt Dir Iech vir?! Do kënnt dann eng Madame, do kanns de net widderspriechen, well déi huet ëmmer recht. An déi seet engem: „Dat gëtt näischt! Elo gëtt hei eng Evaluatioun vun Ärem Haus gemaach! Et gëtt gekuckt, d'Buedzëmmer gëtt erausge-

rappt, nei gemaach...", tattati, tattato, fir horrend Geld.

Ech hat elo selwer e Fall, do huet dee gesot: „Ma, ech wier dovukomm mat 7.000 Euro." Mä elo si si bei enger Planung mat 17.000 Euro, fir dat Buedzëmmer ze maachen, woubäi se awer elo ewell gesinn, datt déi Madame net wäert dräimol am Dag an deem Buedzëmmer gewäsch ginn, ob se dann am Rollstull sëtzt oder net. Well ech kann Iech soen - an ech hunn dräi Persounen doheem gefleegt -, ech weess, vu wat datt ech schwätzen - an dat joren-, jorelaang! A mäi Papp war aacht Joer am Rollstull. Kommt, mir halen dach mat deem Unfug do op!

Dat ass also wichteg, Här Minister: Mir paken et zesummen un, mir halen op a mir gleewen emol de Leit a mir ginn emol d'Situatioun op d'Plaz selwer kucken! An da kucke mer, ob tatsächlech... Wa jo am Haus dann och nach e Schlässer war an de Jong ass Plätterchersleeër, da musse mer dach net eppes do opriichten, wat herno 20.000 Euro kascht! Wann ech gelift! Dat ass d'Geld awer richteg, wéi ewell hei gesot gouf, zur Fënster erausgeworf. A wa se wierklech nëmmen e Grëff brauchen, da solle se nëmmen e Grëff brauchen.

Sou, dat emol dozou!

(Hilarité générale)

Une voix.- Très bien!

M. Edy Mertens *(DP)*.- Fir méi effizient ze schaffen - dat gouf hei och ewell alles gesot: vum Här Wilmes, vun... -, also, fir méi effizient ze schaffen a virun allem och, fir de betraffene Leit a Personal vill onnéidege Misär ze erspueren, muss een dann déi „ausufernd Bürokratie" - hunn ech mer hei opgeschriwwen - ënnert d'Lupp huelen. Dat ass jo onheemlech!

Ech hu mer duerfir erlaabt, vu menger Mamm - dat ass ewell e puer Joer hier - dee leschten Ziedel hei matzebréngen. Dat kritt Der als Patient heemgeschéckt. Do sti Sekonnen drop, do sti Minutten drop, Sekonnen. Do stinn da Saachen drop, „soins buccaux", ech weess net wat, fir zwou Minutte 50, mat den Zänn wäschen. Et kann awer sinn, datt deen Ableck d'Hëllefspersoun ewell urifft: „Ech kommen elo. Maacht direkt d'Zahnpasta op d'Biischt, well et geet net duer!"

(Hilarité)

An da kommen aner Saachen derbäi.

Ech hat emol geplangt, fir hei eng Übung ze maachen, datt ech géif soen, kommt, mir all maachen emol een Effort an ech reeche jiddwerengem en Neelset a mir stinn alleguerten op a mir probéieren eis emol an zwou Minutte 50 d'Neel ze schneiden.

(Hilarité)

Also, nëmme fir e Beispill. Da steet do „soins ongles" fënnef Minutten. Dat sinn awer déi do Ongles an déi do Ongles. A wann een awer weess, datt déi Leit jo awer dann iwwer 60 Joer al sinn, iwwer 70 Joer, dann ass dat ewell alles e bësse méi schwéier.

Da kommen aner Saachen: „sortir du logement" fënnef Minutten, „entrer au logement" fënnef Minutten. Also, d'Personal rëselt de Kapp, wat dohinnerkënnt an Ärt Haus d'Fleeg maachen, d'Personal an eise Strukture rëselt de Kapp. Mä dat huet awer net d'Recht, de Kapp ze rëselen, well soss gëtt et nach vernannt. Also, an eise Strukturen, ech ginn elo, wéi gesot, 28 Joer an eis Altersheimer, also, do kann ech nëmme soen, wann ech dat vergläiche mat der „guten, alten Zeit", dat war herrlech!

Haut gitt Der erop op de Stack - dat ass mer deslescht nach geschitt, et ass emol net esou schrecklech laang hier -, da sëtzt am Schwesternzimmer net d'Infirmière eleng, mä si sëtzt do mat enger Madame, déi hat eng Auer ëmhänken. Du sot ech: „Laaft Dir hei Marathon oder wat maacht Der?" - „Neen, ech kontrolléieren elo d'Madame. Wann Der wëllt, da kënne mer direkt mat Iech goen…", sot d'Infirmière, „...mir stoppen d'Zäit." An dunn hunn ech gesot: „Ech loossen hei keng Zäit stoppen! Also, wann Dir mir d'Zäit stoppt, oder wann hei eng Gesetzgebung kënnt, wou ech als Hausdokter meng Zäit gestoppt kréien, dann halen ech muer op an da ginn ech éierens anescht hin!" Dat ass einfach lächerlech!

(Brouhaha)

Dat kann et net méi sinn! Här Minister, mir mussen do duerchgräifen, datt déi Meedercher a Jongen, déi an esou enger Struktur schaffen, déi eng exzellent Aarbecht maachen, dat wëll ech emol soen! Also mir gesinn déi lescht Jore praktesch kee méi an eisen Altersheimer, wou ech do fréquentéieren, mat engem Dekubitus, duerch natierlech och gutt Hëllefen, technescher. Déi Matratzen do, déi Alternating-Matratzen an esou virun. Eis Leit si super versuergt!

Kommt, mir brauchen näischt Neies ze erfannen, wéi mer elo grad gesot hunn! Oder Dir hutt gesot, mir kucken, wat fir nei Momenter mer an d'Fleegeversécherung erabréngen. Kommt, mir huelen emol dat, wat mer hunn! Mir sëtzen eis an eise Gremien zesummen, an ech mengen, do wär all Partei heibannen averstanen, an dann hale mer mat deem Unfug ganz einfach op!

(Brouhaha)

Ech mengen, mir kënnen dach net higoen, wann do eng Propos wor vun deem, wat Der eis iwwerreecht hutt, eng Iddi vun der Télémedezin! Ma do kann ech soen, jo, Téléalarm, eng wonnerbar Saach, wann een nach weess, op wat een dréckt! Meng Mamm sot ëmmer: „Firwat hunn ech déi Auer dann hei?" Duerfir hunn ech den Alarm zréckginn.

Mä soss ass Téléalarm eppes ganz Wichteges. Mä Télémedezin, do denken ech ëmmer drun: Wou ass de Médecin référent drun?

Elo kënnt dat Nächst. Mir hate schonn eng Kéier Kaarten, fir geröntgt ze ginn, déi fënnt kee Mënsch méi erëm. Elo komme mer an d'Télémedezin fir d'Fleeg vun ale Leit! Also, dat ass vläicht a Kanada, Rocky Mountains, oder am, ech weess net wou d'Distanz méi grouss ass, mir operéiere jo keen doheem. Mä ech weess, wat Der gemengt hutt. Dir hutt gemengt, den elektronesche Patient, wou ech kann am Computer d'Donnéeën de Weekend oder wann ech kommen owes kucke goen. Dat ass wierklech eng wonnerbar Saach, dergéint huet jo och keen eppes.

Mä kommt, mir ginn dem Personal an deene Strukturen... Dir gleeft net, wat eis da geschitt! Déi streeën eis Lorbeeren, wa mir heibannen et fäerdegkréien, alleguerten zesummen dee bürokrateschen Unfug an deenen Haiser ze briechen! An ech mengen, all President vun engem Verwaltungsrot an all Dokter, dee gratuléiert eis dozou. An ech soen Iech och, et geet och esou, well mir hunn do an deenen Haiser...

Natierlech hunn déi Strukturen e Wandel matgemaach. Déi hunn zum Beispill, wann ech dat vergläiche mat fréier - an den Här Meyers hat mech eng Kéier dorop higewisen, datt mer e Gespréich haten -, aner Strukture missen opbauen, well se ëmmer méi schwéier Fleegefäll erakruten.

Schwéier Fleegefäll, wou si gezwonge sinn, sech extra anzeriichten, soss kënne se déi Fleegefäll eben net fleegen. Datt dat eng kostspilleg Geschicht ass, datt dat kascht! A wann deen Ableck dann net esou vill där Fleegefäll do sinn, wat jo och emol virkënnt, zum Gléck, dann ass et esou, datt déi eng ganz deier Infrastruktur do hunn, ganz deiert Personal musse bezuelen, wat dann net ausgelaascht ass.

Kommt, mir kucken, ob mer do näischt zesumme kënne maachen oder ob mer eventuell soen, datt mer an der Gériatrie méi aktiv ginn, wat eben en Haus, eng Gératrie ubelaangt! Mä kommt, mir hale mat deenen Topegkeeten, géif ech se bal nennen, op! Et ass wierklech... Ech kréien et all Dag ze héieren! All Dag, wann Der an d'Altersheim Visite maache gitt, kritt Der... Du sëtz do an du sëtz do.

Ech wéilt, ech hunn d'Recht jo och net, mä ech wéilt, Dir géift hei e Computer vun engem Altersheim gesinn! Also déi Blieder, déi d'Meedercher erausdrécken, déi sinn entre-temps esou grouss, hein, a 50 Zeilen no ënnen, no uewen, zwou Minutten zéng Sekonnen, fir d'Hoer ze maachen. Also do sti Saachen drop! Kommt, mir halen domat op! Da spuere mer immens vill Geld, mir ginn de Leit, déi do sinn, erëm hir Qualitéit erëm. Well si si jo net op enger Intensivstatioun vun enger Transplantatiounsklinik! Sou kënnt dat mir heiansdo vir.

Mir sollen Zäit hunn, an Dir hutt et richteg gesot, Här Minister, an all Riedner, deen hei war: Kommt, mir huelen eis Zäit fir de Patient! Hie gaapst no Zäit, hie freet no Zäit! Hie freet net no komplizéierten Tafelen oder soss iergendeppes. Gitt eisem Personal erëm Zäit! Vläicht spuere mer dann esou vill Suen an, datt mer den Haiser kënnen dat néidegt Personal ginn, wat léif ass zu hinnen - a si sinn alleguerte léif zu hinnen, déi allermeeschten, 99 Prozent -, sech bei si op d'Bett setzt, si tréischt, mat hinne spadséiere geet.

An da komme mer bei all déi Saachen do ronderëm, wéi hei steet, wat een alles do kann ubidden. Do soen ech ëmmer, dat ass „l'offre crée la demande".

Also, ech mengen, wann ech eng riseg Offer hunn an ech muss där Satisfaktioun ginn, dann erfannen ech all méiglech Saachen. Gleeft mir, et sinn net vill Bomien am Altersheim, déi Astrologie wëlle studéieren oder wat fir eng nei Perspektive se do erfannen. Déi Meedercher, déi do sinn, maachen dat. Mä mir mussen awer wëssen, an elo grad gouf et och gesot, wou ass et Schluss!

D'selwecht d'Definéiere vun der Dépendance. Ëm Gottes wëllen, ech maachen ëmmer Reklamm derfir an den Haiser. Ech soen dat zu de Leit. Ëm Gottes wëllen, den Alter ass keng Dépendance! Ech hat Leit, déi si mat 91 Joer de Führerschäin erneiere komm, also, déi wore wesentlech méi fit wéi ech. Also, déi sinn do, ech mengen, den Alter ass net direkt, datt do ee vun der Famill kënnt, wa mer vum Aidant informel schwätzen. An et gouf virdru jo ewell hei gesot, datt mer musse kucken, datt dann awer och eppes Anstänneges doheem geschitt.

Ech soen Iech nach e Beispill, well et esou flott ass. Ech sinn an en Haus erakomm, fir déi Geschicht do ze iwwerpréiwen, well de Mann schrecklech rose wor iwwert deen aneren Hausdokter. Do hunn ech mech gefrot: Wat solls du awer elo nach do maachen? Dat war, éier et d'Fleegeversécherung an deem do Sënn gouf. Du krute se iergendeng Zomm, fir doheem gefleegt ze ginn. Du sinn ech an d'Haus erakomm, do sëtzt e Mann op engem Piano an Tralala. Du sot ech: „Wat ass dann dobanne lass?" - „Ma dat ass de Bop, hie spillt Piano." - „Mä…", sot ech, „...ass dat deen, dee mech elo bestallt huet, fir déi Zomm vun der Fleegedéngen do festzesetzen oder fir ze soen, datt e fleegebedierfteg wier?"

Ech sinn erakomm, dee fält mer bal ëm den Hals a seet: „Mäi léiwe Mann, Dir hätt mech emol misse fréier héieren! Mir sinn aus dem Minette. Ech hunn am Café ëmmer gespillt." Du fänkt deen och nach u mat danzen a spillen. Du sot ech: „Jo, Monsieur, ech kann Iech awer net do…, dann hat deen aneren Dokter awer recht, hein." Do hunn ech natierlech och net méi brauchen hannescht ze fueren.

(Hilarité)

Also, mir musse ganz genau kucken, wou definéiere mer eng Dépendance, well där Fäll gëtt et och nach vill. A mir bréngen hinne klipp a kloer bäi, datt et och nach erlaabt ass - d'Madame Lorsché hat et gesot -, fir mengem Papp eng Taass Kaffi erauszeschëdden, wann en e bëssen ziddert.

Well, wann et bis richteg lassgeet doheem mat der Fleeg, dat kann ech Iech soen, da sidd Der och ënner Opsiicht, da sidd Der an Ärem Haus net méi eleng, well ech wor bei der Fleeg vun enger Persoun doheem net méi eleng. Da stitt Der moies um hallwer siwen op, well da schellt et schonn un der Dier, a Punkt um esou vill Auer geet et op d'Toilette an dräi Minutten duerno gëtt dat gemaach an hei gemaach. Also, dat ass net esou.

Kommt, mir loossen all déi Saachen, déi wierklech net Fleegefäll sinn, net Fleegefäll sinn! Duerfir soen ech, Cellule d'évaluation, mir schaffen zesummen. Mir si gäre bereet als Hausdokter, eisen Deel dozou bäizedroen.

Dann hat ech nach eppes, wou ech soen, mir musse méi Méiglechkeete ginn, datt déi Leit, déi do bei déi Patienten heemginn, e bëssen eng eegen Initiativ fannen. Ech soen Iech elo emol e Beispill.

Also, wann Dir mir telefonéiert an Dir sot zu mir: „Ma ech weess net, ech si mam Knéi widdergestouss. Här Dokter, dierf ech mer Voltaren op de Knéi schmieren?" Da soen ech: „Majo, dat ass déi richteg Creme, Reparil, Voltaren, schmiers de se drop." Ech kann da jo net garantéieren, datt deen net op der Plaz eng lokal Reaktioun vun der Creme mécht oder wat.

Mä hei schellt den Tëlefon: „Här Dokter, mir brauchen nach ee Rezept fir Creme, ee Rezept, fir dat dropzemaachen." Da soen ech: „Ma da reift hir d'Feescht emol gutt an!" - „Dat däerf ech net eleng, dat däerf nëmmen d'Infirmière. D'Fleegepersoun däerf déi Creme net opdroen, dat muss eng diploméiert Infirmière sinn. Duerfir brauche mer erëm e Rezept." An esou schreift Der als Dokter an deenen Institutioune Rezepter vu moies bis owes fir eigentlech Prestatiounen, déi all normale Mënsch, deen net ofhängeg ass, sech selwer mécht: alt erëm Bürokratie! Do musse mer wierklech domat ophalen an da spuere mer ganz, ganz vill.

Une voix.- Très bien!

M. Edy Mertens *(DP)*.- Also villes muss a soll nach am Kader vun der Reform jo diskutéiert ginn, mä wéi gesot, eng Saach soll net diskutéiert ginn, an ech wëll et elo do net an d'Lächerlecht eranzéien, dat ass d'Qualitéit vun de Prestatiounen, well dorop kënnt et wierklech un. A mir sollen och, an och déi, déi no eis kommen, wierklech kënnen op déi Servicer do zréckgräifen an eng uerdentlech Leeschtung kréien.

Da muss ee sech awer och d'Fro stellen, wat fir eng Leeschtungen ënner wéi enger Form solle bei der Fleegeversécherung considéréiert ginn, wéi Dir et richteg geschriwwen hat, Här Minister, do an deem Dengen. Déi 2,5 Stonnen zum Beispill, solle mer déi och an der Institutioun verrechnen? Dat ass jo net Soins à domicile, dat ass Aide à domicile. Solle mer op d'Pauschal zréckgräife bei bestëmmte Krankheeten, déi iwwert d'Fleegeversécherung och gedeckt ginn, Spina bifida an esou weider? Also blann Leit an esou, wéi Der et geschriwwen hat. Dat ass wierklech nozedenken.

Ech géif mengen, ech wier och bei deene Fäll dergéint, einfach ze soen, elo kriss de esou vill, mä dat soll een och evaluéiere loossen.

Ech géif mer d'Fro stellen, ob et net méi gescheit wier, do eng richteg Evaluatioun ze maachen, déi mer neurosensorielle nennen, esou ab 70 Joer, oder bei engem Parkinson, a kucken: Wéi ass d'Evolutioun vun deem Patient? Wat musse mer elo virgesinn?

An dat ass och dat, wann de Modell kënnt, fir et auszerechnen. Also ech gleewen... Ech sinn elo wierklech kee Spezialist am Ausrechnen, wat dat do kascht. Mä mir mussen awer wierklech bei esou engem Patient jo och virausgesinn, jee nodeems, wéi dee Parkinson evoluéiert. Wann dat een ass, dee schnell evoluéiert - dat seet den Neurolog Iech -, da kënne mer eis fir d'Zukunft och méi héich Prestatioune virstellen, méi eng staark Dépendance wéi virdrun. Dat sinn alles Iwwerleeungen, déi mer matenee musse maachen.

Dann hate mer dat och hei virgedroe kritt, datt am Milieu stationnaire een Drëttel ass, zwee Drëttel sinn doheem. Am Milieu stationnaire 67% Käschten, 38%, mengen ech, ass et doheem. Also mir musse versichen, esou laang wéi méiglech d'Leit natierlech an hirem Domicile ze behalen. An et ass onheemlech wichteg, déi Liewensqualitéit de Leit ze loossen, datt se an hirem bekannten Emfeld kënne bleiwen, an hiert Selbstwäertgefill soll net gestéiert ginn an esou laang wéi méiglech kënne se doheem bleiwen. Dergéint huet keen eppes, mä dat ëmmer ënnert der Reflexioun: Wat kënnt do als Embau doheem, oder wat et dann alles ass, op eis zou?

Fir et ofhängege Persounen ze erméiglechen, eben esou laang wéi méiglech dozebleiwen, muss een... Et kann een doheem bleiwen, et muss een awer och un déi denken - an d'DP mécht sech déi Gedanken natierlech och -, déi Leit, déi dann doheem hir Leit fleegen. An ech mengen, déi Zäit muss een hinnen zougestoen. Et muss een dat nokucken. Vläicht: Wéi ass et mam Rentebäitrag? Dat gouf virdrun erwähnt. Dat solle mer wierklech duerchdiskutéieren. An eventuell dann awer och éierlech sinn, heiansdo dorop zréckkommen, fir hinnen dat ze weisen, wat eis verschidden Organisatiounen, wéi Hëllef Doheem, Help an esou virun, hinnen ubidden, nämlech Formatiounscoursen, déi ganz wichteg kënne sinn.

Ech kann Iech soen, wann Der mat demente Leit ze dinn hutt, Dir kommt vun der Aarbecht owes heem, an déi Hëllef, déi da vläicht doheem ass, ass net méi do, an Dir hutt da mat enger dementer Persoun ze dinn, ech kann Iech viraussoen, jee nodeems, wat fir e Charakter, wat fir eng perséinlech Struktur datt Der hutt, dat geet e puer Stonne gutt an da fänkt et awer richteg u schlëmm ze ginn. Wann dann och nach laang Nuechten derbäikomme mat Jäizen an all Méigleches - ech weess, vu wat ech schwätzen, ech hunn dat laang Jore matgemaach -, dat ass net einfach, souguer wann een aus der Professioun kënnt!

Duerfir wëll ech do ofschléissen a soen, do gesi mer emol, wat fir eng Aarbecht datt dat Personal leescht. Wat fir eng Aarbecht och an den Institutiounen datt d'Personal leescht. Wou ech se heiansdo bewonneren, datt et esou ass. A mir heibanne solle wëssen, datt déi dat mat Léift, mat Zouneigung maachen.

Ech hunn nach an Erënnerung eng Madame zu Clierf am Altersheem, zéng Joer war se do, bal zéng Joer a komplett duerjerneen. Total duerjerneen, dement, déi wousst net méi, wien hire Jong wier, absolut näischt méi. An deen Dag, dee koum mat 88 Joer, 89 dunn, wéi d'Madame dout war, du sinn ech dohinnergaang den Doudeschäin schreiwen. Du stoung ënnen am Gank ewell hir Foto an eng Käerz.

A wéi ech op d'Zëmmer bei se koum, Dir gleeft et net, du stoungen do zwou Infirmièren ze kräischen. Dat muss een hei emol soen! Also dat ass wierklech, och esou Leit kënnen engem esou un d'Häerz wuessen! Dunn hu si gesot: „Eist Marieche war awer esou gutt!" An déi hunn, dat war ee Sonndenowend, ech vergiessen en ni, déi haten och nach aner Saachen ze dinn - vläicht, déi hätte jo einfach kënne soen, mir doe se un an da féiere mer se an d'Morgue, dann ass et gutt -, déi hu gekrasch, wéi se hiert Marieche verluer haten.

Dat nëmme fir ze soen! Well mir si jo all gesond oder mir hunn, ech mengen alt emol, also, datt mer soen, dat do, dat geschitt der ni. Neen, da brauchs de och Leit, déi dech betreien. A mir sollen och d'Gewëssheet hunn, datt eis Strukturen esou gutt sinn, an duerfir solle mer dat

Finanziellt, jo, wéi gesot, mir solle gutt iwwerleeën, normal Saachen erfannen a maachen, a kee Blödsinn. Well mir brauchen déi Leit do! An déi Leit solle mer anstänneg astellen, déi brauchen eng gutt Formatioun, mir solle se anstänneg bezuelen, do ass keen Zweifel drun. Also, mir hoffen, datt mer, mir an déi, déi no eis kommen, an esou Strukturen och nach professionell betreit ginn.

Ech wollt dann nach just schwätzen, mä dat hunn ech ewell gemaach, iwwert déi sougenannten „Activités de soutien" - do koumen och ewell déi Spriecher virdrun drop zréck -, wou mer einfach misste kucken. Do hat ech gesot, „l'offre crée la demande". Mir sollen do och mat Verstand virgoen. Vläicht eng Kéier eng Réunioun mat deenen Institutioune maachen a soen, kommt, och kucken, wat net muss sinn, l'utile et le nécessaire, dat ass wierklech... Dat soll een och net an d'Lächerlecht zéien, well et ass och gutt, wa Leit, déi eleng doheem wunnen, där gëtt et och nach, et ginn och Leit betreit vun deene Strukturen oder vun der Fleegeversécherung, déi kee Mënsch doheem hunn.

Also ech hat ee Fall, do louch d'Fra doheem am Bett, am Klinikbett, mat engem Hireschlag säit véier Joer, an de Mann, dee konnt bal net méi goen, dee konnt, ech weess net, en huet, fir zéng Meter ze goen, eng hallef Stonn gebraucht, déi si bis zu hirem Doud doheem betreit ginn, hate keng Famill an näischt. Dat hunn déi Strukture gemaach. Stolz kann een nach dorop sinn, dat muss ech wierklech soen. Dat huet geklappt. An esou eppes ass natierlech ze ënnerstëtzen.

Mä awer aner Saachen, do muss een ebe kucken, wéi wäit gi mer do. A mir froe vläicht emol am beschten an deenen Haiser no, déi dat jo ubidden, firwat datt dat esou deier gëtt. Oder ass dat d'Personal? Ech weess et net.

D'Demokratesch Partei wëllt dann awer och an Zukunft vläicht méi integratives, jo, Wohnen, wéi een dat nennt, fir d'Senioren. Et musse méi Projete fir Senioren, vläicht déi sougenannten „Wohngemeinschaften", déi et jo och am Ausland gëtt, „betreutes Wohnen", déi ee mat de Gemenge kéint ugoen, wouriwwer mer kéinten diskutéieren. Ech hunn et elo grad ewell hei héieren, wou d'Leit dann awer trotzdeem an hirem geregelte Liewe länger kënnen doheem bleiwen.

Fir dat optimal ze organiséieren, sollten esou alternativ Wunnforme fir Senioren direkt vläicht, och wann ee gréisser Wunnengsprojete mécht, mat ageplangt ginn, wou se dann och méi no - ech mengen, dat war jo och ewell vun der Ministerin gesot ginn -, wou ee méi no do an déi Doktersbetreiung a Butteker, oder wat et ass, kënnt.

D'Würd vum Mënsch an esou vill Onofhängegkeet wéi nëmme méiglech sti fir eis natierlech kloer am Mëttelpunkt. An deem Sënn muss ee sech och der Problematik vun de steigende Fäll vu Patiente mat Demenz bewosst sinn. A wann ech net falschleien an deem, wat ech déi lescht Zäit um Fernseh gesinn hunn an an Noriichte krut an an der Fachliteratur, kënnt do nach e schéine Batz op eis duer.

Wéi gesot...

(Interruption)

Jo. Et muss duerfir och bei deene Strukturen, déi mer maachen, och bei deenen anere Strukturen, e bëssen opgepasst ginn, datt mer deen, dee wierklech nach mam Auto an d'Altersheem kënnt, an dat gëtt et och, datt mer dee vläicht, den demente Patient, wou déi doheem komplett verzweifelt sinn, fir en ze betreien, datt mer do kucken, datt mer fir deen en Ënnerdaach hunn an enger Fachklinik oder ebe wou Leit gewinnt sinn, domat ëmzegoen.

Am Allgemenge muss an Zukunft méi cibléiert a méi effikass an eise Gesondheetssystem investéiert ginn, fir weiderhin eng héich Qualitéit vun de Prestatioune kënnen ze garantéieren, ouni onbedéngt mussen déi Prestatiounen ze degradéieren oder d'Cotisatiounen natierlech ze erhéijen. Duerfir muss ee vläicht och dee Katalog vun de Prestatiounen, et ass virdrun och gesot ginn, ënnert d'Lupp huelen a kucke vun der Assurance dépendance, kucken, wat mer do kënne verbesseren.

Dat Zweet hat ech ewell gesot. D'Kontroll vun de geleeschte Prestatiounen duerch d'Cellule d'évaluation, mam Dokter zesummen, dat betounen ech ëmmer, dat ass wichteg, oder wéinstens deen Dokter, dee virdrun dee Kranke gesinn huet.

An den Degré de dépendance vun der betraffener Persoun nei ze evaluéieren. Do ass et heiansdo, menger Meenung no, net néideg, datt d'Cellule d'évaluation sech dohinner déplacéiert, well se do kann e risege Bericht kréie vun dem Fleegepersonal, awer och sech mam Dokter kann a Verbindung setzen.

Bei all de Mesuren, déi eventuell während enger Reform geholl ginn, muss een och drop oppassen, datt ee bei den Ausgabe vum Stat elo net dat mécht, datt ee se just déplacéiert iergendwou hin, ouni se wierklech ze reduzéieren. Et gëllt also dat richtegt Gläichgewiicht bei enger besserer Verdeelung vun de Prestatioune mat sozialem Gespier ze fannen.

Mir brauche méi Effizienz, manner Bürokratie, Här Minister. Mir ënnerstëtzen Iech alleguerten heibannen doran. Do musse mer duerchgräifen! Ech betounen et nach eng Kéier, hoffentlech erliewen ech et nach, mä et wier wonner-, wonnerschéin.

E flexibele System, dee sech den ënnerschiddlechste Situatiounen upasst. Jo, esou stellt eis Partei sech op alle Fall eng gutt Reform vun der Fleegeversécherung vir. Et ass eng Erausfuerderung fir eist Land, mä et soll awer och eng Zukunft sinn. An de Gesondheetssystem ass nun eemol e System - wéi soll ech soen? -, do kanns de net mat Stoppauer schaffen, du kanns net op Kommando iergendee fleegen, dat geet net esou. Bei deem enge sinn d'Prestatioune méi héich néideg wéi bei deem aneren. A gleeft mer et, mir...

(Interruption)

Ech weess net, wéi mer et léisen. Do muss een d'Spezialiste froen, déi dat maachen. Ob een do e Block mécht, wou ee seet, dee Patient evoluéiert dohin, da musse mer dat an dat zur Verfügung stellen. Mä op alle Fall kann ech Iech soen, mir mussen en anere System fanne wéi deen, dee mer hunn. Well op Kommando geet an deem System, an der Fleegeversécherung sécher näischt!

A wann dat Meedchen och moies kënnt, wou ech gewisen hunn, wou hei opgeschriwwen ass, zwou Minutte 50, fir d'Zänn ze wäschen, da kann deen Dag eppes ganz Grujeleches sinn. Nämlech kënnt et dohinner, a plëtzlech muss d'Madame dréngend an d'Spidol, datt se déi ganz Nuecht schlecht war, datt se sech iwwerginn hat, datt se Duerchfall hat. Also, soudatt déi Fleegezäit, déi déi Persoun gerechent kritt, wou déi aner mat der Stoppauer hannendruleeft - dat ass tatsächlech wouer! -, datt dat net opgeet. An dat musse mer verhënneren! Also, ech wëll net vun enger Stoppauer gefleegt ginn, mä vu Leit wierklech, déi sech Zäit huelen, déi Zäit hu fir de Patient, an da geet näischt schif.

Ech soen Iech, Här Minister, bei deem, wat ech bis elo héieren hunn hei um Pult, steet Iech do näischt am Wee. An och an eise Kommissiounen, déi mer wäerten hunn, mengen ech, sinn d'Parteie sech all eens, datt eppes muss geschéien. An ech mengen, ech brauch dem Här President déi dote Lëscht net ze ginn, hie kennt se in- an auswendeg. An hie wëllt sécher och, datt sech eppes do beweegt.

M. le Président.- Ech kenne se.

M. Edy Mertens *(DP)*.- Hie kennt se beschtens.

Sou, ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Mertens. An d'Wuert huet den Här Gast Gibéryen fir d'ADR.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, et ass ëmmer flott, datt mer hei an der Chamber och Leit hunn, déi kënnen direkt aus der Praxis erklären. Et ass dat, wat eis a villen Diskussioune feelt, datt mer méi diskutéieren iwwert dat, wat mer héieren. Mä et ass duerfir och flott, wa mer emol Leit hunn, déi aus deenen eenzelne Branchen direkt kommen, an eis da kënnen erklären, wéi et um Terrain ausgesäit a mat praktesche Beispiller dat och ënnermaueren.

Ech mengen, mat dem Gesetz, wat mer viru 15 Joer hei an der Chamber gestëmmt hunn - et sinn der nach eng Partie heibannen, zwar net méi vill, déi viru 15 Joer derbäi waren, et wiesselt relativ séier heibannen -, hu mer e Meilesteen an der Lëtzebuerger Sozialgesetzgebung gesat.

Wa mer zréckkucken, uganks vum leschte Jorhonnert hu mer déi éischt Sozialversécherung gemaach. Dat waren d'Pensiounskeesen, et waren d'Krankekeesen. Du koumen d'Unfallversécherungen. Mä hei, mat der Fleegeversécherung, si mer op zwee Punkten, géif ech soen, e wesentlech neie Schrack gaangen, wéi mer déi agefouert hunn.

Mir haten, wat d'Krankekeesen ubelaangt, am Ufank verschidde Krankekeesen. Et ware betriblech Krankekeesen, et waren der fir d'Aarbechter, et waren der fir d'Beamten, et waren der fir de Privatsecteur, et waren der fir den ëffentleche Secteur, et waren der fir d'Indépendanten, et waren der fir d'Baueren an d'Wënzer an esou virun. A mat der Zäit hu mer lues a lues versicht, déi Krankekeesen alleguer ze harmoniséieren. Haut hu mer nach fir de Privatsecteur eng Krankekeess a mir hunn nach fir den ëffentleche Secteur hir Krankekeess. Mä alleguer hu si déiselwecht Cotisatiounen, déiselwecht Leeschtungen, a se leien ënnert der Risikogemeinschaft.

En ähnleche Fall hu mer bei de Pensiounskeesen, wou mer och verschidde Pensiounskeesen haten a wou mer haut och am Privatsecteur all d'Pensiounskeesen zesummegeschloss hunn a wou mer nach just am ëffentleche Secteur en anere Regime hunn. Mä och zënter dem 1. Januar 1999 sinn all nei Fonctionnairë beim Stat ënnert deemselwechte Pensiounsregime wéi en am Privatsecteur ass. Mir hunn also do e grousse Wee gemaach.

A wann ech gesot hunn, datt mer mat der Fleegeversécherung zwou Neierungen agefouert hunn, dann ass déi éischt déi, datt mer nëmmen direkt méi eng Fleegeversécherung gemaach hunn, an zwar fir d'ganzt Land. Mir hu keng Differenze méi gemaach tëschent Aarbechter oder Beamten, wéi et déi Zäit war, oder Salariéen a Patronen, Indépendants, Privatsecteur oder ëffentleche Secteur. Neen, mir hunn eng Fleegeversécherung direkt gemaach fir d'ganzt Land!

An déi zweet Neierung, déi mer gemaach hunn, dat ass um Niveau vun de Cotisatiounen, datt mer d'Cotisatiounen net plafonnéiert hunn, wéi mer se bei de Krankekeesen oder Pensiounskeesen hunn, mä datt mer am Fong no uewen opgelooss hunn an all steierflichteg Revenuen där Cotisatioun ënnerworf hunn.

Dat war deemools net einfach, fir dee Schrack ze maachen. An et war am Fong opgrond vun engem Amendement an der deemoleger Sozialkommissioun, wou mer parteiiwwergräifend - ech erënnere mech drun, et war de Lucien Lux, et war den Niki Bettendorf, et war de Jean Regenwetter, et war de Marcel Glesener, et war och ee vun deene Gréngen an ech war vun eis -, mir waren eis parteiiwwergräifend eens: Kommt, mir maachen en Amendement a mir setzen an d'Gesetz an, datt déi Cotisatioun op alle besteierbare Revenuen erhuewe gëtt! Dat war also e grousse Solidaritéitsakt, dee verwonnerlecherweis ouni gréisser Diskussiounen am Land konnt agefouert ginn.

An ech mengen, dee Solidaritéitsakt, dee muss een och mat... Et ass de Mëtteg hei schonn e puermol ugeschnidde ginn, wann ee vu Participatioune géif vu Leit schwätzen, da schwätze mer vu soziale Kritären. Wa mer soen, Leit, déi e klenge Revenu hunn, eng kleng Pensioun hunn, däerfen net esou, oder wéineg oder guer net participéieren, an anerer méi.

Ech mengen, et muss een awer kucken, datt mer hei déi Leit - ech si jo elo net bekannt, datt ech ee vun deene sinn, déi fir déi ganz Räich hei am Land antrieden -, mä et muss een awer hei mat a Rechnung zéien, datt déi vill méi Cotisatioun bezuelen, wéi dat an deenen anere Sozialversécherungen de Fall ass. An duerfir, mengen ech, misst een och déi Iwwerleeung - duerfir wollt ech se ernimmen - hei mat an de Kontext eranzéien, wann ee wëllt iwwer Participatioune schwätzen. Wat ech allerdéngs politesch an och realistesch als e schwaache Wee géif gesinn!

Ech mengen, déi Fleegeversécherung, déi ass, quitte datt mer mussen eng Rei vu Reforme maachen an Upassungen, ass déi Fleegeversécherung awer wierklech eng gutt Versécherung. A mir kënnen houfreg drop sinn, datt mer se hunn. A wa mer dann och gesinn an den Émfroen, déi gemaach gi sinn, 2006 waren 89% vun de Bénéficiairë vun der Fleegeversécherung zefridde mat der Leeschtung. An dee Prozentsaz ass 2009 souguer op 95% eropgaangen!

Déi Zuele beweisen, datt mer duerfir keng integral oder grondleeënd Reform brauchen ze maachen, well de Gros vun de Leit ass zefridden. An duerfir, mengen ech, musse mer ebe méi punktuell virgoen, wéi ze mengen, et misst een d'Rad komplett nei erfannen.

Ier ech op e puer méi spezifesch Punkten aginn, wëll ech eng prinzipiell Remarque maache vun eiser Säit. Ech mengen, et éiert eis als Land, a besonnesch als e räicht Land, wa mer alles maachen, wat mer kënnen, fir de fleegebedierftege Mënschen, handicapéierte Mënschen e mënschewierdegt Liewen, esou wäit wéi dat méiglech ass, ze erméiglechen. Jiddweree vun eis ka muer dovu betraff sinn. Jiddwereen huet der a sengem Frëndes- a Bekanntekrees, déi dovu betraff sinn. Mir wëssen, datt eng gutt, eng intensiv Fleeg Geld kascht, vill Geld kascht. Mä mir mussen, eiser Meenung no, bereet sinn, dat Geld opzebréngen, fir kënnen déi Fleeg och mënschewierdeg ze maachen.

Mir geheien als Stat an als Gesellschaft an eisem Liewen onwahrscheinlech vill Geld onnëtz zur Fënster eraus. Ech soen awer, all Euro, dee mer an d'Fleeg investéieren, ass e gutt investéierten Euro. An duerfir däerfe mer net op deem Niveau spueren. D'Zuele weisen eis, wéi séier d'Zuel vun de Leit, déi Fleeg brauchen hei am Land, an d'Luucht gaang ass. Se si schonn e puermol de Mëtteg genannt ginn. Mir hu mat e puer Dausend ugefaangen. Mir leien haut bei iwwer 13.000, an et wäert an den nächste Joren nach weidergoen.

D'Zuel vun de Leit, déi am Secteur schaffen, ass haut och immens héich gaangen, an ech géif mengen, datt am Kader vun der Fleegeversécherung an deene leschten zéng Joer déi meeschten Aarbechtsplazen hei am Land geschaf gi sinn. Dës Leit, an de Kolleeg Edy Mertens huet et elo grad gesot hei, déi maachen eng éierevoll, awer eng schwéier Aarbecht. An do kommen dacks Relatiounen och mat deene Leit iwwer Joren a Méint zoustanen, déi dacks an der Famill net esou enk zesumme sinn, wéi se tëschent deene Leit an hirem Fleegepersonal sinn.

Duerfir soe mir als ADR prinzipiell: Ier mer iwwer Veränneerungen am Fleegeberäich schwätzen, musse mer eis alleguerten eens sinn - an ech mengen, dat war och haut de Mëtteg an der Diskussioun hei de Leitmotiv -, et däerf net un der Qualitéit gespuert ginn, an et däerf net op d'Käschte vun deene Leit goen, déi an deem Secteur schaffen. Do ware mer eis de Mëtteg hei eens, an ech mengen, dat éiert och dëst Haus, datt mer ëmmer an der Vergaangenheet dorobber opgepasst hunn, datt dat muss zielen. Datt mer mussen iwwer all déi aner Punkte schwätzen, ass selbstverständlech.

E Wuert zu de Finanzen. Am Dokument, wat mer vum Ministère zur Verfügung gestallt kritt hu fir déi Debatt haut de Mëtteg, steet ënner anerem drageschriwwen, datt dank der Augmentatioun vun der staatlecher Participatioun an deene leschte Joren op 35% an du 40% den Defizit pro Joer konnt reduzéiert ginn. Et muss een awer wëssen, an ech mengen, dat misst een och fairerweis hei soen, datt mer 2006, opgrond vun Tripartites-Verhandlungen, dee Prozentsaz erofgesat hunn an e Montant fixe an d'Gesetz geschriwwen hu vun 140 Milliounen.

Ech hunn deemools, dat kënnt Der noliesen, hei an der Chamber gesot: Wa mer d'staatlech Participatioun erofsetzen op e Montant fixe bei permanenter a konstanter Progressioun vun den Dépensen, da gëtt iwwert deen dote Wee automatesch muer den Defizit virgeschriwwen. An et ass dat d'Resultat, wat mer haut hei hunn.

A wann de Stat elo erëm op 85 an elo op 40% eropgaang ass, a mir sinn elo erëm, op d'Joer gekuckt, eenegermoossen am Équiliber, da beweist dat, datt déi Defiziter, déi mer an deene Jore virdru gemaach hunn, wann de Stat seng Participatioun bäibehalen hätt, déi deemools aus Krisenargumenter agefouert ginn ass, hätte mer déi Defiziter net gemaach an d'Reserve wieren haut ëmsou méi héich.

Et wier och interessant, ze wëssen, wéi vill de Stat am Fong gespuert huet doduerch, datt e säi Plafonnement agefouert huet. An op där anerer Säit, wann ee seet, wat der Fleegeversécherung verluer gaangen ass duerch déi Moossnam. Eisen Informatiounen no läit dat wäit iwwer 100.000 Euro, wat der Fleegeversécherung doduerch verluer gaange wier.

Dat géif näischt um annuelle Budget änneren, mä mir hätten awer méi eng grouss Reserv an et géif eis duerfir och net drun hënneren, datt mer misste kucke mëttel- a laangfristeg, datt mer de jährleche Budget awer an den Équiliber misste bréngen.

De Minister huet an deem Dokument eelef Punkten opgeworf. Ech kann an där Zäit, wou ech hunn, net op déi eelef Punkten agoen, mä ech wëll prinzipiell soen, et däerf keen Tabuthema ginn. Déi eelef Punkten, déi opgeworf sinn, déi eelef Punkte sinn alleguer derwäert, datt driwwer diskutéiert gëtt.

Et ass natierlech esou, an ech hunn et virdru gesot vis-à-vis vum Kolleeg Edy Mertens, datt mir als Politiker jo net all Hannergrondinformatiounen hunn. Een, deen aus dem Terrain kënnt, weess méi wéi mir. An duerfir ass et och net oninteressant, wann esou e Questionnaire un déi Concernéiert geet, sief dat un d'Prestataires, sief dat un d'Personal, sief et un d'Patientevertriedung, déi alleguer dermat ze dinn hunn, fir datt déi och hir Meenung ginn.

An ech ginn och dovun aus, datt de Minister dat mécht, ier e spéiderhin dann higeet an en Dokument erschafft. Et soll ee mat deene concernéierte Leit schwätzen. An ech mengen, da kann och déi zoustänneg Chamberskommissioun eng Diskussioun féieren, wann do géifen d'Meenunge wäit auserneegoen an d'Politik dann ebe muss Décisiounen huelen.

Ee vun de Punkten ass wichteg, datt mer eiser Jugend soen, datt et derwäert ass, fir hir For-

matioun an déi dote Richtung ze drainéieren. Si hunn eis gesot, datt déi Zuel haut eng héich ginn ass. Ech mengen, mir leie bei bal 8.000 Leit, déi an deem Secteur beschäftegt sinn. An all déi Leit, déi déi Formatioun hunn, kréien eng Aarbechtsplaz! Et ass also och eng gewësse Sécherheet, déi mer deene kënne ginn. A mir sinn haut frou, datt mer vill Grenzgänger hunn, déi an dee Secteur do schaffe kommen, well mer net genuch eege Leit hei am Land hunn, déi do ausgebilt ginn.

Mat de Problemer, déi och schonn de Mëtten hei ugeschnidde gi sinn, wéi zum Beispill mat dem Sproocheproblem, wou et virun allem an deem dote Secteur wichteg ass, datt déi Leit, déi déi Leit betreien, och eng Sprooch schwätzen - an an dësem Fall ass et meeschtens Lëtzebuergesch -, déi déi Leit schwätzen a kënne verstoen. An duerfir ass et wichteg, an ech mengen, dat gëtt och vun deene Strukture gemaach, wa se Leit astellen, déi net eis Sprooch kënnen, da kréie se en Délai gesat, ech mengen, et sinn zwee Joer, an deem se eigentlech eiser Sprooch musse mächteg sinn, fir ebe kënne mat deene Leit do ëmzegoen.

Een anere Punkt, iwwert deen doudsécher muss diskutéiert ginn, dat ass wa mer kucken d'Progressioun vun de Käschten, déi mer an de Strukturen hunn. 67% si stationär. Also vun den, neen, d'Explosioun vun de Käschten ass an dem Stationären a fënnef Joer ëm 67% an d'Luucht gaangen a bei der Fleeg doheem ëm 38%. Et ass schwéier, fir hei dann als Politiker ze soen, dat ass ze vill. Et weess een net, wat derhannert stécht.

Déi 67% kënnen duerchaus berechtegt sinn. Mä dat entzitt sech eise Kenntnisser, duerfir brauche mer do méi Informatiounen. Mä reng wann een d'Entwécklung kuckt a seet: Firwat ginn déi eng 67% méi deier a fënnef Joer, déi aner 38%?, werft et eng Rei vu Froen op, déi mer dann och mussen diskutéieren.

Datselwecht hu mer bei dem Soutien vun de Groupes non spécialisés, dat ass och schonn de Mëtten ugeschnidde ginn, wou mer och eng Käschtenexplosioun hunn, wou sécherlech och eng sënnvoll Aarbecht gemaach gëtt, mä wou mer mussen hannerfroen an eventuell nei Strukturen a Méiglechkeete schafen, fir et a geuerdnet Bunnen ze kréien.

D'Verwaltungskäschten, och do muss ee kucken. Mir hu jo verschidden Haiser, déi mer maachen. Et kann een also schonn tëschent den Haiser Vergläicher zéien.

An da virun allem dat, wat de Kolleeg Edy Mertens elo grad hei gesot huet, dat ass d'Bürokratie um Terrain. Et ass an deem Zesummenhang, wou mer och schwätze vun Enveloppen. Et ass eng gewësse Kontradiktioun dran. Wa mer haut higinn a mer soen: Ma d'Zäit setzt sech zesummen opgrond vun der Cellule d'évaluation, déi seet, ma déi Persoun muss dëst gemaach kréien, muss dat gemaach kréien, muss dat, do ass definéiert, wat muss gemaach ginn, a se leet och d'Zäit derfir zesummen. Da kritt een eng global Zäit eraus.

Déi aner Säit ass, datt ee géif higoen a soen: Mir definéieren et net méi am Detail, mä mir leeën d'Zäit am Ganzen zesummen. Do ass d'Kontradiktioun awer dran. Wann ee seet, dat muss gemaach ginn, da muss et jo och gemaach ginn an da kascht et och déi Zäit. An duerfir, wann ee wëllt eng Flexibilitéit erabréngen, muss een awer oppassen, datt een duerch déi Flexibilitéit doduerch, datt een eng global Zäit zur Verfügung stellt, datt awer all Soinen, déi gemengt gi vu de Professionellen, datt déi misste gemaach ginn, da mussen awer och gemaach ginn.

D'Aidants informels, nach kuerz. Do sinn ech der Meenung, d'Taina Bofferding an och d'Josée Lorsché hunn dat am Detail gemaach, och do musse mer eng Léisung kréien, fir datt mer do méi eng Kontroll kréien an datt de Sënn vun deem, wat deemools gemengt war, datt dat och an der Realitéit elo kann ëmgesat ginn. Och do sinn ech der Meenung, datt mer wäerten eng Léisung fannen.

D'Adaptatioun vun de Logementer, do, mengen ech, misst de Ministère vum Logement mat erukommen. Dat geet net nëmmen, datt mer soen, wann d'Leit an e gewëssenen Alter kommen a se gi fleegebedierfteg, da musse mer kënnen d'Haiser ëmbauen, mä et ass e generellt Ëmdenken. An do sinn och d'Gemenge mat verflicht, datt se an hire Bautereglementer eng Rei vun Obstaclen ofschafen eben doduerch, datt se se virschreiwen. Ech wéilt just soen, d'Gemeng Fréiseng huet zum Beispill festgeluecht, datt all Geschäftshaiser musse rollstullgerecht aménagéiert ginn, déi nei Autorisatioune kréien. All Appartementshaiser musse rollstullgerecht adaptéiert ginn. All déi Saache sinn iwwert d'Gemengereglement direkt virgeschriwwe ginn.

Wat een net virgeschriwwe kritt, dat ass bei de Privathaiser. An ech ka mech erënnere virun 30, 40 Joer, wéi mir gebaut hunn, du war et Usus, datt een tëschent dem Gank an dem Living och nach en Träpplek gemaach huet. An tëschent dem Living an der Salle à manger nach eng Kéier en Träpplek gemaach huet. Dat ass flott, wann ee jonk ass. Mä wann ee spéiderhin al gëtt, dann hënnert all Träpplek. An och do mengen ech sollt een... Mä dat sinn d'Architekten, déi kucken net esou grad a prioritär duerno, déi kucken éischter aner Prioritéiten. Mä all déi Obstaclen, déi ee sech esou am Liewen opbaut, déi kënnen eng Kéier engem zum Nodeel gereechen.

Här President, ech héieren d'Bimmelche lues hanneru mer goen,...

(Hilarité)

...Dir hutt dat ganz léif gemaach. Ech géif duerfir zum Schluss kommen, andeem datt ech soen, eist Zil muss sinn, eng besser Qualitéit fir déi fleegebedierfteg Leit ze maachen a besser Aarbechtskonditiounen nach fir déi Leit, déi an deem schwéiere Secteur schaffen. A wa mer et dann och nach fäerdegbréngen, esou eng Reform ze maachen a gläichzäiteg och nach Gelder anzespueren, da kënne mer alleguer houfreg dorop sinn.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Gibéryen. D'Wuert huet den Här Urbany fir déi Lénk.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci fir d'Wuert. Et ass wichteg, mengen ech, dass déi Debatt hei iwwert d'Stellung vun der Fleegeversécherung an der Gesellschaft stattfënnt. Ech fanne just, dass ee se net falsch däerf féieren. Mir wëllen déi Debatt hei féiere virun allem no zwee Gesiichtspunkten. Deen éischten, dat sinn d'Bedierfnisser. Deen zweete Gesiichtspunkt, dat sinn déi reell Méiglechkeeten, fir d'Fleeg ze finanzéieren an enger Gesellschaft, déi awer ëmmerhin eng räich Gesellschaft ass.

Zur Fro also vun de Bedierfnisser. Et ass kloer, dass eng allgemeng Verlängerung vum Liewen, a mer gi jo hei an där Debatt dovunner aus, nei Bedierfnisser an nei Erwaardungen ervirrifft. Iwwregens net nëmmen no enger besserer Fleeg, mä och no méi Autonomie am Alter, no méi Bedeelegung an der Gesellschaft, no Weiderbildung a Kultur, awer och no medezinescher Preventioun an engem gesonde Liewen. Wat d'Bedéngungen am Alter besser ginn, wat och d'Fleegeversécherung méi kann entlaascht ginn, natierlech awer net ganz ersat ginn.

Dat verlaangt e besseren Asaz vun de gesellschaftleche Mëttele virun der Fleegeversécherung. Dat heescht fir eis, dat ganzt Liewen duerch eng anstänneg Bildung, eng anstänneg Aarbecht an eng Pai, fir e selbstbestëmmt Liewe kënnen ze féieren, an eng Rent, déi am Alter net zur Aarmut féiert. Awer och ëffentlech Déngschter, déi e gläichen Zougang zu wichtegen Déngschtleeschtungen erlaben, an eng sozial Sécherheet, déi aus de Bäiträg vun der Aarbecht finanzéiert a kollektiv verwalt gëtt an domat d'Autonomie vun den Assuréé garantéiert.

Trotzdeem, menge mer, bleift d'Fleegeversécherung a ville Fäll eng noutwendeg sozial Déngschtleeschtung, déi een net nëmme muss erhalen, mä déi och muss ausgebaut ginn. D'Fleegeversécherung, dat ass heiansdo net esou bewosst, gräift net a bei engem normalen Alterungsprozess, mä nëmme bei Krankheet oder bei Handicap. D'Kärgebitt vun der Fleegeversécherung ass d'Hëllef bei den Actes essentiels de la vie, Hygien, Iessen, Mobilitéit. Déi Hëllef do fänkt awer eréischt un, laut Gesetz, wann dräi an eng hallef Stonne Fleeg an der Woch noutwendeg sinn, net virdrun, net bei enger Stonn oder zwou oder dräi Stonne Fleeg.

D'Fleegehëllef gëtt och eréischt accordéiert, wann et sech ëm en dauerhafte Fleegefall handelt vun enger Dauer vun op d'mannst sechs Méint. D'Copas, dat heescht d'Associatioun vun de Leeschtungsubidder am Fleegesecteur, huet d'Bedeitung vun der Preventioun bei der Fleeg ervirgestrach. Et ass och an e puer Riede virdrun nach eng Kéier dorobber higewise ginn.

D'Copas fuerdert fréi Berodungen a fréi Hëllefen zur Selbsthëllef, entweder individuell oder a Gruppen, also schonn, ier déi richteg Fleeg ufänkt. An duerfir misst een och, ofgesinn dervun, deen ënneschte Seuil vun der Fleegeversécherung hei als Virbedéngung, fir esou Coursen oder fir esou Berodunge gëllen ze loossen. Dat schéngt eis e ganz räsonabele Virschlag ze sinn, dee mer ënnerstëtzen.

Mir mengen och, dass an Institutioune sollen esou Hëllefen ugebuede ginn, déi en Zréckgräifen op Fleeg vu bausse vermeiden oder retardéieren. Et soll duerfir och an den Institutioune méi Personal agestallt ginn an déi Richtung, méi qualifizéiert Personal, wéi zum Beispill Éducateuren. Och dat gëtt gefuerdert an dat gëtt vun eis ënnerstëtzt.

Mir fannen et duerfir och net gutt, wann d'IGSS, d'Inspektioun vun der Sécurité sociale, an hire Konklusioune vum Rapport vun 2013, deen am Iwwrege vu Spuerpropositiounen nëmmen esou strotzt, Leeschtungen an den Institutioune wëllt a Fro stellen an an där Hisiicht den Ubidder wëllt Eegeninteressen ënnerstellen, wa se vu Preventioun schwätzen a wa se méi Preventioun fuerderen.

Et muss ee kloer gesinn, dass d'Fleeg, an dat ass vun der Politik esou gewollt, wäitgehend privat fonctionnéiert. Dat ass 1998 esou festgehale ginn, wäitgehend iwwregens nom däitsche Modell. Mir mengen duerfir, dass d'Regierung haut soll mat deem Fleegesecteur do, wéi en elo besteet, verhandelen a soll verhandelen iwwer Verbesserunge vun de Leeschtungen an net iwwer Verschlechterunge vun de Leeschtungen. Well Verbesserunge sinn noutwendeg op ville Pläng.

Ech hu geschwat vun der Preventioun, déi muss ausgebaut ginn. Leeschtungsverbesserunge sinn och zum Beispill néideg bei der Definitioun vun der Fleegebedierftegkeet a bei der Festleeung vun de Leeschtungen. Et ass geschwat ginn hei iwwer Pauschalen, dass een dat méi soll no Pauschale festleeën, an dass dann um Terrain soll gekuckt ginn, wéi déi Leeschtungen dann am Eenzelnen ausgesinn. Dat ka vläicht a gewëssene Fäll eng Verbesserung bréngen. Et däerf awer eiser Meenung no ni zur Reduzéierung vun de Leeschtunge féieren an et muss och eng wierklech Kontroll stattfannen, dass d'Leit dann och um Terrain déi Leeschtunge kréien, déi noutwendeg sinn.

Mir menge generell, dass d'Fleeg soll individuell a mënschlech ausgeriicht sinn an net nom Chronometer, wéi elo grad virdru bei engem vu menge Virriedner op eng anschaulech Aart a Weis virdemonstréiert ginn ass, zu wat fir absurde Konsequenzen dat féiert.

Mir mengen och net, dass, wéi am IGSS-Rapport steet, do misste komplizéiert technesch, automatesch Kritären ugewannt ginn, fir objektiv festzestellen, wéini dass eng Fleegebedierftegkeet do ass oder net. Dat soll och nach ëmmer gekuckt ginn individuell an et soll d'Persoun gekuckt ginn an et soll net en Automatismus, e Spuerautomatismus agefouert gi bei der Fleegeversécherung.

Duerfir kënne mer och déi Fro konkret beäntwerten, déi des Weideren am Froebou vun der Regierung gestallt ginn ass. Mir wëllen net, dass d'Bedéngungen an d'Niveaue vun der Prise en charge solle moduléiert ginn. Wat och ëmmer dat heescht! Mir wëllen op jidde Fall net, dass Fleegestufen agefouert ginn, wéi mer se kennen aus Däitschland. Ech wëll drun erënneren, dass dat och 1998 bei der Aféierung vun der Fleegeversécherung zu Lëtzebuerg ee Moment envisagéiert gi war an dass erëm dorobber verzicht ginn ass, zu Recht drop verzicht ginn ass.

Mir wëllen och net, dass Käschtebedeelegunge bei de Leeschtunge kommen. An déi Fro ass jo däitlech gestallt ginn an deem Froebou. Ech wëll se och gradsou däitlech beäntwerten: Mir si géint eng Festleeung vun Eegebedeelegungen un de Prestatiounen. Och bei den technesche Hëllefsmëttel. Och wann ee vu menge Virriedner aus senger medezinescher Erfahrung hei plastesch Beispiller geliwwert huet, mengen ech, an deenen allermeeschte Fäll sinn déi technesch Hëllefsleeschtungen, déi d'Assurance dépendance ka garantéieren, berechtegt. Mir wëllen och net, dass et zu engem Leeschtungsofbau bei deenen technesche Hëllefe kënnt oder och souguer bei den Ännerunge vu Wunnengen, wann et noutwendeg ass, fir sech op en Handicap anzestellen, dass do soll gespuert ginn.

Niewent den Aides-soignants an den Aides socio-familiales, déi jo speziell ausgebilt ginn, menge mer och, dass musse genuch Infirmieren an de Strukture sinn, fir och ze garantéieren, dass déi paramedezinesch Gesten, déi do wichteg sinn an eng grouss Bedeitung hunn, och kënne fachgerecht assuréiert ginn.

Mir sinn awer bei alle Leeschtungen, déi d'Assurance dépendance bitt, op fir eng besser Zesummenaarbecht tëschent de Servicer a fir eng méi wierksam Kooperatioun. Mä do muss een awer gläichzäiteg soen, fir eng wierksam Kooperatioun ze erméiglechen an och do op engem zentralen Niveau déi Koordinatioun ze maachen, brauch een awer Leit, brauch ee Leit, déi schaffe fir d'Fleegeversécherung. An och do sollte mer kucken, och dat néidegt Personal auszebauen am Fleegesecteur.

Duerfir si mer iwwregens och der Meenung, dass de Stat an och d'Copas mussen elo de Gehälteraccord beim Stat ëmsetzen, am Gesondheets- an am Fleegesecteur ëmsetzen an och mat de Gewerkschaften iwwer Lounaccorde verhandelen. Ech mengen, dass ustriewenswäert wier eng Ugläichung vum SAS-Kollektivvertrag am Sozialsecteur un de Kollektivvertrag am Spidolssecteur, verbonne mat enger Ugläichung vun den Aarbechtsbedéngunge vun deenen eenzelne Beruffer, onofhängeg dovun, a wat fir engem Secteur se grad täteg sinn, mat Unerkennung och vun den Anciennetéiten. An dat géif och fräiwëlleg Changementer tëschent de Secteure vill méi liicht maachen.

D'accord si mer och mat enger Regulariséierung vun der Situatioun vun den Aidants informels, dat heescht, deene privaten Hëllefskräften, déi kënnen individuell agestallt ginn. Well mer wëllen och do verhënneren, a mir denken do net esou séier u Familljesituatiounen, mä mir wëllen och do verhënneren, dass Aarbechtskräften, dacks auslännesch Aarbechtskräften do op eng Aart a Weis ausgebeut ginn, déi net ka verhënnert ginn duerch d'Aarbechtsrecht, well déi Fäll ganz dacks net bekannt sinn.

Déi zweet grouss Fro niewent där no de Bedierfnisser, déi ouni Zweifel nach klamme wäerten an déi net däerfen ausgebaut sinn (veuillez lire: ausgeklamert ginn), ass déi vun de Mëttelen. Wat fir Mëttel bréngt déi zukünfteg Gesellschaft op, fir dass sech fir all Leit, souwuel fir déi Jonk wéi fir déi Al, an hirer Zukunft besser liewe léisst? Mir wëllen, dass sech déi finanziell Méiglechkeeten, déi an enger räicher Gesellschaft do sinn, no de Besoinen och ausriichten. A mir wëllen net, dass sech d'Bedierfnisser no deem riichten, wat dacks als eng finanziell Grenz bezeechent gëtt. An hannert där finanzieller Grenz, dat wësse mer ganz genau, verstoppe sech ganz dacks handfest Interessen.

Ech wëll ee Beispill ginn, fir dat ze ënnermaueren. Wéi 1998 d'Fleegeversécherung agefouert ginn ass, ass se als eng Branche vun der Sécurité sociale bezeechent ginn. Domadder ass geséchert ginn, dass se an ëffentlecher Hand bleift, an dass d'Assuréen iwwer hir Vertrieder an der Krankeversécherung mat driwwer kënne bestëmmen.

Et ass awer och e wesentlechen Ënnerscheed deemools geschafe ginn zur klassescher Sozialversécherung. An zwar ass als Haapteinnahmequell eng Cotisatioun agefouert ginn, déi fir d'éischte Kéier an der Geschicht vun der Sozialversécherung eleng vun den Assuréé bezuelt gëtt an net méi vun de Betriber.

Derbäi kënnt eng zweet Einnahmequell iwwert de Budget, deen, wéi mer wëssen, haut awer och zu zwee Drëttel finanzéiert gëtt vun de Steiere vun de Stéit. Well also déi Aktiv, also virun allem d'Salariéen an déi Fräischaffend hei, d'Ressourcë fir hir eege Fleegeleeschtungen am Alter selwer mussen opbréngen, ass deemools festgehale ginn, dass och d'Revenuen um Patrimoine mussen hiren Undeel dorun iwwerhuelen. Dat huet d'Revenue betraff a Form vun Zënsen, Dividenden, Loyeren an esou weider.

2005 ass du fir Résidenten an där sougenannter „Loi Relibi" agefouert ginn, dass déi net méi musse progressiv deklaréiert gi mam Revenu, mä dass se forfaitaire an anonym opgehuewe ginn à la source, an zwar zu deem niddregen Taux vun 10%. Dunn ass déi Einnahmequell fir d'Assurance dépendance deemools verluer gaangen, well d'Regierung dat esou wollt.

An d'Gestionnairë vun der Assurance maladie hunn d'Regierung musse virun d'Geriicht huelen, fir dass se hir Sue kréien. Dat heescht, déi 1,4% Cotisatioun op den Zënsen.

Wat huet d'Regierung dunn décidéiert? Si huet décidéiert, net 11,4% opzehiewen op deene Revenuen, wéi se dat eigentlech hätt misse laut Gesetz, mä si huet décidéiert, vun deenen 10% 1,4% ofzeginn un d'Fleegeversécherung an nach 8,6% am Statsbudget ze behalen. An déi, déi d'Suen op der Bank hunn, an dorënner Leit mat ganz ville Suen, si laanscht e Bäitrag un d'Fleegeversécherung komm. An dat ass nach haut esou. Haut verletzt nach de Stat dat Uerteel, wat deemools geholl ginn ass, an och säin eegent Gesetz, wat awer esou eng Contributioun vun 1,4% virgesäit.

An deemools - wëll ech drun erënneren - huet den Deputéierte François Bausch vun deene Grénge gesot: „Dass eben das der Fall sein müsste, ist eine Frage von elementarer sozialer Gerechtigkeit." An och d'Geriicht huet deemools gesot: «Les services de l'État ont fonctionné de façon défectueuse en omettant de donner à l'Administration des Contributions les moyens spécifiques pour exiger l'établissement de la contribution dépendance et en omettant de percevoir la contribution dépendance sur les revenus de l'épargne soumis à la loi Relibi.»

Duerfir menge mir, dass, ier iwwer Cotisatiounserhéijunge geschwat gëtt, déi mer net

wëlle prinzipiell ausschléissen an déi mer ëmmer nach de Leeschtungsverschlechterunge virzéien, muss op jidde Fall an direkt emol déi Cotisatioun, déi am Gesetz steet, op dem Revenu du capital, op den Zënse vum Kapital opgehuewe ginn.

Mir mengen och, déi Debatt hei soll net falsch gefouert ginn. Et däerf keng Spuerdebatt sinn, keng Austeritéitsdebatt - dat ass se och net onbedéngt zu honnert Prozent, et sinn awer esou Elementer derbäi, och an deenen offiziellen Texter, déi mer kréien -, mä mir wëllen au contraire eng Debatt féieren, Här President, vun de Moyenen, déi mer eis ginn, fir deenen neie Besoine Rechnung ze droen, déi sech aus engem méi laange Liewen erginn - leider, trotz allen Efforte vu Preventioun a medezinescher Behandlung, net ëmmer ënner gudde gesondheetleche Bedéngungen.

Duerfir brauche mer d'Fleegeversécherung a mir mussen eis och - nach eng Kéier - déi Moyene ginn, fir déi Fleegeversécherung och kënnen ze finanzéieren. An dat ass méiglech.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Urbany. D'Wuert huet elo d'Madame Taina Bofferding.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Merci, Här President, dass ech nach eng Kéier d'Wuert dierf kréien. Ech entschëllege mech fir mäin Intermezzo vu virdrun. Dir hutt awer Gedold an ech wëll awer och nach eng Kéier de Kolleegen, déi sech esou léif elo ëm mech gekëmmert hunn, villmools Merci soen an och mengem neierdéngs perséinlechen Dokter hei an der Chamber.

(Hilarité)

Dir gesitt, ech hunn erëm Faarf am Gesiicht an et geet mer besser an dofir wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren, awer séier dann trotzdeem hei d'Schlusswuert vun der Sozialistescher Partei ze ginn. Et sinn nämlech nach zwee Punkten, déi ech wëll uschwätzen.

Een dovunner ass d'Eegebedeelegung, där mir relativ kritesch géintiwwerstinn. Bei der Aféierung vun der Fleegeversécherung huet déi deemoleg Ministesch, d'Mady Delvaux-Stehres, vun engem Droit inconditionnel geschwat. Si huet dat e schreckleche Jargon genannt a gläichzäiteg betount, dass et e Recht op Leeschtung ass, egal wéi engem säi Revenu ausgesäit, ob ee vill verdéngt oder ob een net vill verdéngt; an dat muss eiser Meenung no och esou bleiwen.

Falls awer all d'Efforte gemaach goufen, fir d'Mëttele besser a méi responsabel ze notzen, verschléisse mir eis net der Diskussioun, iwwer eng Adaptatioun vun de Cotisatiounen nozedenken, déi awer, eiser Meenung no, an enger breeder Consultatioun mat den Assuréë muss gefouert ginn.

Een zweete Punkt, op deen ech nach wëll agoen… Bon, ech mengen, op déi dräi Saile vun der Finanzéierung brauch ech elo net méi anzegoen, dat hu meng Virriedner gemaach, mä ech géif gären op deen drëtte Pilier agoen, an zwar d'Contribution dépendance, déi Cotisatioun - esou wéi se den deemolege Rapporteur vum Gesetz genannt huet, eng Cotisatioun mat oppenem Enn, also ouni Plaffong - vun 1,4%; urspréinglech iwwregens waren et emol eng Kéier just 1%.

Se gëtt vun allen Akommessen opgehuewen, déi een huet. Dorënner falen d'Salariatsaarbecht, d'Akommes iwwert d'Dividenden oder och de Loyer, fir der e puer ze nennen. Dozou gehéieren och d'Spuerzënsen op enger Partie Kapitalerträg. Dës kënnen awer säit dem Gesetz iwwert d'Quellesteier vun 2005 - esou wéi och de Vertrieder grad vun déi Lénk et schonn ugeschwat huet - net méi opgehuewe ginn, well déi Revenuen net méi bei der Steiererklärung mussen deklaréiert ginn, vu dass eng Steier vun 10% à la source opgehuewe gëtt.

Nun, nodeem d'CNS de Stat op d'Geriicht geholl huet a Recht kritt huet, ass d'Assurance dépendance zwar zu Hirem komm, allerdéngs ass de Stat elo Perdant, well him entginn 1,4% vun der Quellesteier, déi eigentlech sollten integral a seng Keesse fléissen. D'Gewënner sinn déi Leit mat de Kapitalerträg, déi, amplaz vun 10% Quellesteier plus 1,4% Contribution dépendance, also eigentlech 11,4% missten ofginn, am Endeffekt awer just 10% op hiren Zënserträg bezuelen.

An Zäiten, wou de Stat an och d'Populatioun gehale sinn, fir de Rimm méi enk ze schnallen, fir d'Statsfinanzen nees an den Équiliber ze bréngen, ass d'LSAP der Meenung, dass sollt gekuckt ginn, dass d'Gesetz esou sollt applizéiert ginn, wéi et u sech ugeduecht war, nämlech dass op de viséierte Kapitalerträg 1,4% Contribution dépendance opgehuewe misste ginn, niewent awer der normaler Quellesteier vun 10%.

Ofschléissend wëll ech nach eemol ervirhiewen, dass déi stänneg Verbesserung an den Ausbau vun der Fleegeversécherung e gesamtgesellschaftlecht Uleies an eng gesamtgesellschaftlech Aufgab ass. D'Fleeg geet jiddwereen eppes un. An d'Weiderentwécklung vun der Fleegeversécherung ass e wesentleche Bausteen, fir och an Zukunft eng gutt Fleeg ze assuréieren, wou et virun allem drëms geet, dass dem Besoin vun de concernéierte Leit Rechnung gedroe gëtt, an dass déi Leit, déi Hëllef kréien, se och wierklech brauchen, an dass déi, déi d'Hëllef brauchen, se am Endeffekt och wierklech kréien.

Dat war ganz kuerz, mä trotzdeem nach eng Kéier Merci fir Är Gedold a fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Taina Bofferding. An dann huet zum Schluss vun der Debatt d'Wuert nach eng Kéier de Sozialminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Romain Schneider, *Ministre de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Fir zum Schluss e klengen Ofschloss ze maachen an och e bëssen e Résumé vun deenen Debatten, wëll ech fir d'Éischt emol e grousse Merci soe fir déi Impulser, déi hei koumen. Opgrond vun der Trame, déi mer kritt hunn, mengen ech, hu mer virun allem hei dat erëmfonnt, wat ech am Ufank gesot hunn, eigentlech eng grouss Solidaritéit, eng grouss Eenegung, datt mer viru wëllen ee staarke System vun der Assurance dépendance hei garantéieren an dee längerfristeg wëllen ofsécheren.

Sécher sinn eng ganz Rei vu klengen an och gréissere Punkten hei ugeschwat ginn, déi ee muss méi genau kucken. Wou ech Iech ganz recht ginn, datt mer a verschiddene Beräicher selwer, mir selwer als Deputéierten, mä derniewent sécher och mir selwer als Regierung, selwer als Ministère eng Rei vun Analysen nach musse maachen, eng Rei vun Études d'impact musse maachen op verschiddene Projeten, eng Rei vun Donnéeë musse liwweren.

An ech mengen, an deem ganze Prozess, dee mer elo maachen, wou déi nächst Etapp déi ass - dat, wat och gefrot hei gouf vu ville Säiten -, déi ze consultéieren, déi um Terrain schaffen, déi ze consultéieren, déi all Dag an där Aarbecht mat dra sinn, se entweder bewäerten, se accordéieren, mä duerno och déi Soine garantéieren.

Sief dat op där enger Säit d'Cellule d'évaluation, sief dat derniewent déi eenzel Servicer vun de Prestatairen, vum Personal, iwwert d'Aidants informels bis hin awer och iwwert d'Bénéficiairen. All déi soll ee selbstverständlech eng Kéier froen, an deene Bléck, déi hei ugedeit goufen. Dat wäert ech maachen an der Preparatioun hin op d'Journée de réflexion, déi mer zesumme wäerte maachen, fir och déi Punkte konkret mat hinnen unzeschwätzen.

Et gouf awer och richtegerweis gesot - an och dat, mengen ech, war jo och meng Ausriichtung -, datt, wa mer de System wëlle garantéieren, da solle mer fir d'Éischt kucken am Fonctionnement vum System, déi Saachen, déi vläicht net esou riichtlafen, déi vläicht misste besser lafen, wéi een déi méi konzentréiert, méi koordinéiert ka maachen, ze ënnersichen, fir do ze kucken, wat mer effektiv hei kënnen no 15 Joer erabréngen.

Ech muss awer soen, datt, niewent deene Punkten, déi mer doduerch vläicht kënnen an deem ganze Coût, wat d'Dépensen ubelaangt, aspueren, ech ganz vill vun neie Pisten och héieren hunn, déi mer derbäi hunn. An ech mengen, et gouf richteg gesot - ech mengen, et war säitens vum Gast Gibéryen -, datt mer musse wierklech och den Dréi fannen, fir effektiv alles dat, wat mer wëllen erhalen, Neies wëllen derbäihuelen, och effektiv kënne contrebalancéiere mat deenen eenzelne Recetten, déi mer hunn.

Mä ech mengen, dat musse mer an éischter Linn probéieren. Dat wäerte mer och probéieren ze maachen, esou wäit wéi dat geet. A mir wäerte virun allem de Fonctionnement vum System nach eng Kéier hannerfroen. Hannerfroen effektiv op alle Punkten.

Wann dat net geet, da muss ee selbstverständlech kucken, wéi een et mat Recettë ka contrebalancéieren. Do hunn ech ganz kloer verstanen, datt dat deen zweete Wee ass, mä datt een dann awer och kann op ee Wee goen, fir driwwer ze diskutéieren: Wéi kann een dat iwwer Jore bis déi nächst Jorzéngten, bis 2030 zum Beispill, garantéieren, iwwer eng liicht, hunn ech och verstanen, liicht Adaptatioun vun de Cotisatiounen? Awer do och beduecht, datt ee selbstverständlech do och alles dat muss kucken, wat soll erakommen, datt dat effektiv och erakënnt.

An do schwätzen ech eng Kéier un dee ganze Litige, deen do war, deen iwwregens geregelt ass. Déi 30 Milliounen, déi deemools accordéiert waren, sinn iwwerwise ginn. Déi fannt Der och an den Zuele vun der Assurance dépendance erëm. An et ass jo och elo esou, datt déi 1,4% duerno och iwwerwise goufen. An et ass och richteg hei bemierkt ginn, datt se de Moment dem Stat verluer ginn an net der Assurance dépendance.

Dofir ass déi Diskussioun, déi een hei muss féieren, déi vun der Héicht vun der Quellesteier. Ass se 10%? Oder gëtt se 11,4% oder méi? Dat ass d'Fro, déi sech hei stellt. Der Assurance dépendance gi se de Moment op jidde Fall net méi verluer.

Derniewent ass och ganz vill hei drop agaange ginn op d'Kohärenz, op d'Koordinatioun téschent de Ministèren an och téschent deenen eenzelne Servicer. Och déi ass wichteg, datt déi um Terrain gemaach gëtt. Och doduerch, mengen ech, kritt een ee bessere Floss eran. An et ass eigentlech och dat, wat den Dokter Mertens hei gesot huet, deem ech och Merci soen, datt hien der Deputéierten esou direkt konnt spontan hei hëllefen, soudatt se elo erëm fit ass hei.

Mä alles dat, wat hien aus der Praxis eriwwerginn huet, muss ee soen, datt d'Roll vum Dokter sécher eng wichteg ass, an datt et natierlech och wichteg ass, datt um Terrain bei jiddwerengem déi Informatiounen och virugi ginn un d'Cellule d'évaluation, wann d'Evaluatioun gemaach gëtt. Och do, mengen ech, ass et wichteg, datt een de Rôle vum Dokter nei definéiert an an der Praxis dann och esou ëmsetzt.

Ech wëll an deem Kontext soen, wa mer sécher hei eng Rei vu Saachen opgehäit hunn, déi vläicht net esou lafen, muss ee soen, an d'Zuele goufen hei genannt, 95% vun de Leit sinn zefridde mat där Fleeg, déi geleescht gëtt. Dat si 5%, déi bleiwen. A selwer, mengen ech, war et d'Cellule an anerer och, déi drop higewisen hunn, datt mer op verschiddene Beräicher mussen aktivéieren.

An dofir geet mäi Merci och eng Kéier un déi Aarbecht, déi an deene leschte 15 gemaach gouf vun der Cellule d'évaluation, déi awer eng ganz gutt ass, déi sécherlech muss verbessert ginn. Dat ass selwer vun hinnen och proposéiert ginn.

Niewent deene Servicer, déi vum Personal gemaach ginn, déi vun den Aidants informels och gemaach ginn, och wann hei gesot gëtt, mir mussen eng Kéier iwwert de Fonctionnement nodenken, muss een awer soen, all déi Aarbechten, déi et de Moment um Terrain gëtt, ginn och gréisstendeels exzellent geleescht. An et muss een och hei also probéieren, och dat an e richtegt Bild ze réckelen.

Dat, wat d'Recettësäit betrëfft, vläicht nach eng Kéier, ass et eigentlech och kloer eraus gaangen, datt een éischter sollt nodenken iwwert déi zwee, déi dräi éischt Voleten. A wat fir eng Eegebedeelegung, wou mer souwisou schonn eng hunn, soll een eng Kéier méi genau definéieren. Ech muss och kloer soen, datt bei mengen Ausriichtungen hei war, datt ech vun enger Eegebedeelegung of géif gesinn. Ech wollt dat eng Kéier répétéieren, datt ech net falsch verstane gi sinn a menger Introduktioun op dës Debatt.

Ech mengen, datt an deenen nächste Woche ganz interessant a flott Diskussioune wäerten ustoen, esou wéi et hei ugeschwat ginn ass nach eng Kéier vun deenen eenzelne Riedner, sief dat de Serge Wilmes, sief dat den Dokter Mertens, sief dat d'Taina Bofferding, sief dat d'Vertrieder, den Här Urbany, sief dat säitens vun deene Gréngen, d'Josée Lorsché, fir se all ze nennen, mengen ech, waren dat ganz positiv, ah pardon, an de Gast Gibéryen, dee wollt…

(Interruption)

Neen, neen, ech wollt deen zum Schluss elo ernimmen. Well et geet nämlech ëm deen. Dat war jo deen, deen deemools bei der Debatt '98, nach eng Kéier nogeholl, als Éischte geschwat huet, deen och eng ganz Rei vu Froen do gestallt huet, eng Rei vun Angschten ausgedréckt huet an deem Sënn.

Mä ech mengen, och deemools huet e gesot, an den Debatten hu mer zum Schluss an der Kommissioun nach ee ganz wichtegen Amendement gemaach. An dat ass een Amendement, deen haut nach zielt, deen, wat d'Kontributioun betrëfft ouni ee Plaffong hannendrun. Dat war en Amendement, wat parteiiwwergräifend gemaach gouf. An ech ka mer ouni Problem virstellen, datt, wa mer op e Punkt kommen, wou mer deen Accord musse fannen, da fanne mer en hei, well et war ee grousse Konsens, datt mer eng nei Ausriichtung vun dëser Reform wëlle kréien.

An deem Sënn freeën ech mech déi nächst Méint op eng gutt Zesummenaarbecht.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Sozialminister an och de Kolleegen a Kolleeginne fir déi extrem konstruktiv Diskussioun, wou Der mer gleewe kënnt, dass ech och ganz gär mäi Pefferkär bäigefügt hätt. Ech wënschen dem Sozialminister eng ganz glécklech Hand.

Merci!

Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Et ass de Projet de loi 6592 iwwert den Automobilsecteur, an d'Wuert huet direkt eis Rapportrice, d'Madame Tess Burton.

5. 6592 - Projet de loi relatif aux règles spécifiques s'appliquant aux accords verticaux de distribution dans le secteur automobile

Rapport de la Commission de l'Économie

Mme Tess Burton *(LSAP), rapportrice.*- Merci. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet 6592 gouf den 18. Juli d'lescht Joer vun der fréierer Mëttelstandsministesch Françoise Hetto déposéiert. An dësem Projet de loi geet et ëm d'Accords verticaux de distribution am Automobilsecteur.

Ech wëll ufänke mat engem klenge Réckbléck. 2010 gouf dat europäescht Reglement iwwert d'Accords verticaux iwwerschafft. An dat neit Reglement huet du mat sech bruecht, dass d'Distributeure säit dem 31. Mee 2013 net méi deeselwechte Schutz genéisse wéi virdrun. Dat si Garantië wéi zum Beispill d'Durée minimale vun den Accorden an d'Délais de préavis, wat d'Kontrakter betrëfft.

D'Europäesch Kommissioun huet virgesinn, dës Texter um europäeschen Niveau ze désharmoniséieren. Dat heescht, dass an Zukunft all professionell Associatioun aus deem Secteur dës Dispositioune selwer aushandele muss. D'Europäesch Kommissioun iwwerléisst et awer och deenen eenzelne Memberstaten, déi Reglementatioun duerch en nationaalt Gesetz bei sech am Land erëm anzeféieren.

Och aus deem lëtzebuergeschen Automobilsecteur koum d'Demande vun de Federatiounen, dës Dispositiounen an engem nationale Gesetz erëm opzegräifen. De Projet de loi iwwerhëlt Wuert fir Wuert d'Dispositiounen aus dem Artikel 3 vum Reglement mat der Nummer 1400/2002, wat elo aus der europäescher Gesetzgebung erausgeholl ginn ass. Déi Dispositioune betreffen déi minimal Lafzäit vun den Accords verticaux, d'Konditioune fir den Accord indéterminé oder déterminé ze kënnegen, d'Zréckhuele vum Stock vum Garagist, wann de Kontrakt gekënnegt gëtt, an och d'Grënn, firwat de Kontrakt gekënnegt ginn ass, mussen an engem Sträitfall genannt ginn a virun enger neutraler Persoun bewäert ginn.

Dëse Projet de loi inspiréiert sech awer um éisträicheschen Droit, fir genau ze sinn um Paragraf 454 vun hirem Code de commerce an un hirem „Kraftfahrzeugsektor-Schutzgesetz" a gesäit vir, dass an dësem Gesetz och en Droit de remboursement festgehale gëtt, deen a Kraaft trëtt, wann de Garagist Investitiounen op d'Demande vum Autoshiersteller gemaach huet, déi awer nach net ofgeschriwwe sinn oder net méi benotzbar sinn, nodeems de Kontrakt gekënnegt ginn ass.

Dës Schutzmesurë si mat deem neien allgemengen europäeschen Text iwwert d'Accords verticaux net méi garantéiert. Dat bréngt mat sech, dass d'Fournisseuren, säitdeem dës Direktiv ausgelaf ass, profitéiert hunn oder nach wäerten, fir nei Kontrakter, virun allem méi flexibel Kontrakter mat hire Sous-traitanten ze négociéieren. An dat ass fir den Autoshändler hei zu Lëtzebuerg e Problem, well si ee klenge Marché sinn a well do d'Gefor grouss ass, dass si als Distributeur manner gutt ewechkomme wéi bis elo.

D'Garagisten hei zu Lëtzebuerg ginn ausschliisslech vun auslänneschen Autoshiersteller beliwwert an esou baséieren d'Kontrakter, déi tëschent deenen zwee Acteuren ofgeschloss ginn, och prinzipiell op deem auslännesche Gesetz. Hei profitéieren natierlech d'Autoshiersteller, fir hir Regelen an de Kontrakter duerchzesetzen.

D'Zil vun dësem Projet de loi ass et virun allem, d'Gläichgewiicht bei deenen zwou Parteien, déi e Kontrakt mateneen ënnerschriwwen hunn, ze garantéieren. Fir déi méi schwaach Parteie sollen an dësem Gesetz Schutzmesurë festgehale ginn, déi net méi existéieren, säitdeem dat europäescht Reglement iwwert d'Accords verticaux iwwerschafft ginn ass.

De Gesetzesprojet gesäit och am Artikel 2 vir, dass alleguer déi Dispositiounen aus dësem Ge-

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

setz als Ordre public unerkannt ginn an esou dës Dispositioune bei all Accord vertical an der Automobilsbranche ugewannt ginn, wann eng vun deenen zwou Parteien, déi e Kontrakt mateneen ënnerschriwwen hunn, säi Sëtz hei zu Lëtzebuerg huet.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi fréier Regierung huet dofir dëse Projet de loi am Juli 2013 déposéiert, fir dem Secteur hei zu Lëtzebuerg erëm deen néidege Schutz ze ginn. D'Wirtschaftskommissioun huet de 15. Mee dëst Joer de Projet de loi presentéiert krut an de 5. Juni sinn d'Avise vum Statsrot, vun de Beruffskummeren a vum Conseil de la concurrence diskutéiert ginn.

Eng Rei Artikelen, fir genau ze sinn, d'Artikelen 3, 5, 6 an 10 si Wuert fir Wuert aus dem europäesche Reglement iwwerholl ginn. A beim Artikel 8 ass sech un där éisträichescher Gesetzgebung inspiréiert ginn. Ech wëll dofir elo net op all Detail agoen, mä ech géif just nach eemol déi wichtegst Punkten hei ervirhiewen.

Am Artikel 2 geet et drëms, dass déi Dispositioune vun dësem Gesetz sollen Ordre public ginn an dat huet och e klore Sënn: Lëtzebuerg ass kleng an d'Garagisten hunn oft net deen néidege Poids, fir ze négociéieren. Mat dësem Gesetz soll verhënnert ginn, dass d'Autoshiersteller deene lokalen Autoshändler ze streng Konditioune virschreiwen, duerch déi d'Autoshändler a prekär Situatioune kënne kommen.

De Statsrot werft a sengem Avis d'Fro op, wéi ee Sträitfall virum Riichter geléist gëtt, wann e Kontrakt ofgeschloss ginn ass, deen net op nationalem Recht baséiert. Zwou Froe stelle sech an deem Fall: Wéi geet de lëtzebuergesche Riichter mat Dispositiounen am Kontrakt ëm, déi op auslänneschem Gesetz baséieren a Relatioun mat dem lëtzebuergeschen Ordre public? An och ëmgedréit stellt sech d'Fro: Wéi reagéiert en auslännesche Riichter, wann hie mat engem Kontrakt konfrontéiert gëtt, deen op deem lëtzebuergesche Gesetz baséiert, wéi eng Roll spillt dann nach de lëtzebuergeschen Ordre public?

Hei huet déi zoustänneg Kommissioun nach eemol preziséiert, dass, wann an engem Sträitfall eng Affär virun de lëtzebuergesche Riichter kënnt, et da kloer ass, dass dat lëtzebuergescht Gesetz applizéiert gëtt, egal ob de Kontrakt op lëtzebuergeschem oder auslänneschem Gesetz baséiert. A fir deen anere Fall deelt d'Kommissioun d'Vue vun der Regierung, dass fir Lëtzebuerg dës Dispositiounen, d'ordre public, dem Prinzip vum Intérêt général gerecht ginn an deementspriechend d'Convention de Rome 1 respektéieren. Dat heescht, dass och déi Dispositiounen d'ordre public international unerkannt solle ginn.

Dann hat d'Chambre de Commerce nach eng Propos fir den Artikel 4 gemaach. Si huet proposéiert, sech do un deem belschen Text ze orientéieren. An do steet dran, dass, wann e Kontrakt déterminé schonn zweemol verlängert gouf, aus deem Kontrakt automatesch e Kontrakt indéterminé soll ginn. Allerdéngs huet d'Kommissioun hei festgehalen, well et keng Nécessitéit ass, dass mer hei dat, wat an deem europäeschen Text stoung, géifen iwwerhuelen an dass mer keen Amendement géife maachen.

Den Artikel 7 vun dësem Gesetz gesäit vir, dass, wann de Kontrakt vun enger vun deenen zwou Säite gekënnegt gëtt, dann de Fournisseur dem Garagist de Stock, deen de Garagist imposéiert kritt huet ze kafen, erëm muss ofkafen. Hei hat de Statsrot nach d'Remarque gemaach, dass een dat Wuert „usure" aus dem Text sollt eraushuelen, dass et duergeet, wann am Text steet, dass den Akafspräis an de Wäert vum Marché fir dee betreffende Stock deen Ament gekuckt géife ginn.

Am Artikel 8 geet et drëms, dass de Garagist Planungssécherheet soll kréien. D'Regierung huet sech hei och um éisträichesche Code de commerce an um éisträicheschen „Kraftfahrzeugsektor-Schutzgesetz" inspiréiert. Dës Dispositioun soll de Garagist, dee gréisser Investitiounen am Kader vu sengem Accord vertical huet misse maachen, schützen, wann de Kontrakt gekënnegt gëtt. Dëst Gesetz verflicht de Fournisseur, dem Garagist déi Investissementer ze rembourséieren. Wéi eng Exceptiounen et an dësem Fall ginn, wou dës Dispositioun net a Kraaft trëtt, sinn am Gesetz opgezielt.

De Statsrot deelt awer hei a sengem Avis mat, dass hie sech un deene Wierder „motifs légitimes" stéiert, well dëst Interpretatiounsschwieregkeeten ervirbrénge kann. An der Kommissioun ass du festgehale ginn, dass et hei un deenen zwou Parteien ass, déi de Kontrakt zesummen ënnerschriwwen hunn, fir ze preziséieren, wat fir si legitim Motiver sinn, wou dës Dispositioun fir si net a Kraaft trëtt.

Dëst waren Diskussiounen, déi sech prezis op d'Artikelen aus dem Gesetz bezunn hunn. Well eng aner Diskussioun, déi an der zoustänneger Kommissioun gefouert ginn ass, ass déi, dass just ee Secteur mat dësem Gesetz Schutzmesurë kritt, an dass een awer misst nodenken, och aner Secteuren an deem Sënn ze schützen. Et ass virun allem de Conseil de la concurrence, dee kritiséiert, dass mat dësem Gesetz just den Automobilsecteur geschützt gëtt, a proposéiert dofir a sengem Avis e generellt Gesetz fir all Branche anzeféieren. De Législateur soll den Intérêt général privilegéieren an net den Intérêt individuel vun enger Branche.

Éisträich huet schonn en nationaalt Gesetz ëmgesat, an deem drasteet, dass, wann en Accord de distribution gekënnegt gëtt, dann Investissementer, déi bis dohinner nach net ofgeschriwwe gi si respektiv net méi ze benotze sinn, musse rembourséiert ginn. Dëst Gesetz ass net op ee Secteur bezunn, dat steet also net an hirem „Kraftfahrzeugsektor-Schutzgesetz", mä ass e generellt Gesetz a steet dofir an hirem Code de commerce, fir dass dëst Gesetz an alle wirtschaftleche Secteuren ugewannt ka ginn.

D'Kommissioun huet op dës Kritik net negativ reagéiert. Et sollt een duerchaus iwwer e generellt Gesetz fir all Secteur nodenken, mä dass et awer elo eng Urgence an dësem Fall gëtt, an dass een dëst Gesetz direkt sollt ëmsetzen. Dat schléisst also net aus, dass iergendwann eng Loi générale kéint kommen.

Bon, dat waren eng Rei Detailer aus mengem schréftleche Rapport, deen den 19. Juni dëst Joer unanime an der Wirtschaftskommissioun ugeholl ginn ass. Dir wësst, dass dëse Projet de loi eng Urgence ass, dass eis Garagiste Planungssécherheet brauchen, an dofir bieden ech lech, och dësem Projet de loi zouzestëmmen.

Ofschléissend soen ech Iech Merci fir Äert Nolauschteren an ech ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Rapportrice, dem Tess Burton. Éischt Riednerin ass fir d'CSV d'Madame Françoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken der Rapportrice, dem Tess Burton, villmools Merci soe fir hiren ausféierleche schréftlechen an och mëndleche Rapport.

An dësem Gesetz geet et also ëm e Secteur, de Secteur vun den Distributeurs d'automobiles, wou mer déi wëlle protegéieren. Et ass nämlech e sougenannte Secteur, eng „Branche à risques", well en am Fong geholl komplett ofhängeg ass an och à la merci ass vun den Automobilconstructeuren. Et geet hei drëms, den Autoshändler eng gewësse Planungssécherheet ze garantéieren, an et geet virun allem och drëms, hir Investissementer ze protegéieren.

Bis ewell hu verschidden europäesch Texter d'Automobilconstructeuren obligéiert, fir gewëssen Dispositiounen an hir Distributiounskontrakter mat dranzesetzen, déi eben déi lokal Distributeure sollte schützen, wéi zum Beispill d'Minimaldauer vun de Kontrakter oder d'Délaie vun de Préavisen oder och nach motivéiert Résiliatiounen.

Elo ass et awer esou, dass dës Texter zënter dem 31. Mee vum leschte Joer ofgelaf sinn an och net am Règlement général d'exemption mat iwwerholl goufen, mat der Konsequenz, dass d'Protektioun vun den Distributeuren net méi garantéiert ass. An d'Angscht vum Secteur war an ass, dass eben déi al Kontrakter, déi en vigueur sinn, kéinte vun de Constructeure résiliéiert ginn, an dass si domadder de Constructeuren awer komplett ausgeliwwert wieren.

Genee dowéinst ass dann och dësen Text ausgeschafft ginn, ugelehnt, wéi d'Madame Burton och gesot huet, un déi éisträichesch Législatioun, genausou wéi d'Kommissioun dat och virschreift, an zwar, dass et un de jeeweilege Länner ass, fir esou Dispositiounen an hir national Gesetzgebungen ze iwwerhuelen.

Hei an dësem Gesetz goufen déi generell Konditiounen, déi sengerzäit am Reglement 1400/2002 am Artikel 3 virgesi waren, awer net méi an den aktuellen Texter iwwerholl goufen, an engem eenzege Gesetz regruppéiert. Domadder soll séchergestallt sinn, dass déi dach awer équilibréiert Situatioun tëschent Fournisseur an Distributeur, esou wéi mer se bis ewell haten, och bäibehale gëtt.

Am Résumé just e puer Saachen. D'Accorde mat der Durée déterminée, déi musse fir eng Period vu fënnef Joer ofgeschloss ginn. Déijéineg, déi zum Beispill à durée indéterminée ofgeschloss goufen, déi kënnen nëmme gekënnegt gi mat engem Préavis vun zwee Joer. All Résiliatioun muss och schréftlech motivéiert ginn. An de Fournisseur, dee kann och obligéiert ginn, de Stock zréckzekafe respektiv Investissementer, déi den Distributeur huet misse maachen, ze rembourséieren.

Well et muss ee sech hei virstellen, dass de Fournisseur vun haut op muer ka verlaangen, dass de Corporate changéiert, wat dann en extrem héijen Invest vum Distributeur verlaangt. Et muss ee wëssen, dass de Constructeur d'Zort vun de Plättercher, d'Geliichts, souguer d'Büroe kann imposéieren. Wann een als Distributeur also grad richteg vill Suen investéiert huet, fir deem och nozekommen, sech also verschéllt huet, an dann ouni iergendeng Argumentatioun de Kontrakt ka gekënnegt kréien, well dem Fournisseur vläicht de Standuert Lëtzebuerg net méi esou gutt gefält, da brauch een net ganz vill Fantasie, fir ze wëssen, wat dat fir esou e Betrib mat sech bréngt.

Mir schwätzen hei vun enger Branche vun 253 Entreprisen, wou iwwer 5.000 Leit schaffen. Et muss een och wëssen, dass d'Banken zimlech retizent sinn, fir e Prêt fir en Invest ze accordéieren, wa si gesinn, dass et eigentlech just geduecht ass, fir Standarden ze erfëllen an de Betrib awer eventuell ka sechs Méint méi spéit zougemaach ginn, wann de Constructeur dat esou géif décidéieren. Mä wann ee keng Sue léint an och net investéiert, wéi, wann ech gelift, soll dann den Distributeur de Fuerderunge vum Constructeur iwwerhaapt entgéintkommen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz kann, ech hoffen emol, och als Inspiratioun a Modell fir d'Législatioun vun anere Länner gëllen. Ech sinn op alle Fall frou, dass d'Regierung dëst Gesetz net zréckgezunn huet, mä dass mer haut heibanne sinn, fir et ze stëmmen an domadder enger ganz wichteger Branche vun eisem ekonomeschen Tissu e gewëssene Schutz kënne garantéieren.

An noer Zukunft sollt een awer och der Propositioun vum Conseil de la concurrence Rechnung droen an iwwert d'Aféierung vun der sougenannter Notioun „abus de puissance économique" am lëtzebuergesche Recht nodenken, also eng brancheniwwergräifend Solutioun sichen, vun där dann och aner lëtzebuergesch Betriber kënne profitéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimadder och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Hetto. D'Wuert huet elo den Här André Bauler.

M. André Bauler *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt d'Geleeënheet notzen, fir der Rapportrice, der Madame Tess Burton, en häerzleche Merci ze soe fir hire Rapport. Ech wëll nach eng Kéier op e puer méi allgemeng Realitéiten an dësem Kontext hiweisen, déi och weisen, wéi wichteg de Gesetzestext vun de Mëtteg ass.

Am leschte Joer hunn eppes méi wéi 5.000, prezis 5.064 Leit am Beräich vun der Vente an dem Entretien vun Autoen hei am Land geschafft, esou vill wéi nach ni virdrunner. Si schaffen a klengen an a mëttelstännesche Betriber, dacks laangjähreg Familljebetriber, déi sech duerch hir gewëssenhaft Aarbecht iwwer vill Joren en Numm gemaach hunn. Et geet an dësem Gesetzesprojet drëm, fir d'Aarbecht an d'Investissementer vun dëse Patronen an hire Salariéen ze schützen.

Här President, hautdesdaags gehéiert zum Autosverkaf wäitaus méi dozou wéi e gudde Service um Client an déi néideg technesch Kenntnis. Déi grouss Constructeuren, mir hunn et just virdrun héieren, verlaangen dacks vun eise Betriber, fir sech no hire Wënsch, wann net souguer hire Launen a puncto Marketing a Verkafstechnik ze riichten. Sou ass et zum Beispill net ongewéinlech, datt eng Garage quasi vun engem Joer op dat anert e ganz neie Showroom ariichte muss, well d'Marque en anert Verkafskonzept entwéckelt huet.

Dat ass jo alles schéin a gutt. Mä dës Aarbechte musse finanzéiert ginn, dat heescht vum Garage selwer bezuelt ginn. An deem Fall ass et nëmme richteg a fair, datt dësen Distributeur och d'Garantie kritt, fir eng gutt Zäit duerno Autoe vun dëser Marque verkafen ze dierfen.

Et geet hei also ëm d'Planungssécherheet vum Garage, souwuel fir de Patron wéi och fir d'Salariéen. Et ka jo net sinn, datt e Garage och nach vläicht e Prêt ophëlt, fir dee ganze Marketing-Schnickschnack ze finanzéieren, an no zwielef Méint de Kontrakt mat dem Autoshändler gekënnegt kritt, well iergendeen, deen nuets net schlofe konnt, sech eppes Neies a Saache Verkafstechnik ausgeduecht huet.

Mir ass och zu Ouere komm, datt kleng Betriber, déi eréischt nei Miwwele kaaft haten, no zwee bis dräi Joer erëm komplett nei Expo- a Büroséquipementer hunn uschafe missen, well de Constructeur sech eng nei „corporate identity", wéi dat esou schéin heescht, wollt ginn, an dofir nei Standarde verlaangt, déi dacks ganz héich ugesat sinn. Dat féiert gären dozou, datt etlech Betriber am Verkafsnetz vum Constructeur passe mussen, an domat wier dann d'Zil vun deenen erreecht, déi d'Netz vun den Händler onbedéngt verdënne wëllen.

Als DP-Fraktioun ass eis un der Qualitéit vum Service geleeën. De Client brauch och e Service de proximité. Eis kleng Betriber musse geschützt ginn an hir Aarbecht esou weidermaache kënnen, datt se sech op hiert Kärgeschäft konzentréiere kënnen, nämlech op d'Wartung vun den Autoen engersäits an op där anerer Säit d'Berodung vum Client.

Här President, mir sollten dësem Gesetzesprojet eng grouss Zoustëmmung ausschwätzen, well e virun allem Aarbechtsplaze séchert an Investitioune schützt. Staark mëttelstännesch Betriber gehéieren zu enger breet opgestallter Ekonomie. Mir sollte se schützen a se net de Capricë vu Konzerner aussetzen.

Dës Haltung ass net géint d'Logik vun der Konkurrenz. Hei geet et wierklech net ëm Verhënnerung vu Konkurrenz. De Schutz, deen hei opgebaut gëtt, erlaabt eng Panoplie vu Betriber ze erhalen, déi sech am anere Fall gezwonge geséichen, ze kapituléieren an a gréisser Firmen integréiert ze ginn, well déi esou Changementer, finanziell gesinn, besser opfänke kënnen.

Et geet also drëms, datt mer d'Existenz vu klengen a mëttelstänneschen Traditiounsbetriber, déi aus finanzieller Siicht gesond sinn, datt d'Zukunft vun dëse Betriber an hire Mataarbechter net mutwëlleg op d'Spill gesat gëtt. Mir géife riskéieren, besonnesch an engem klenge Land, eng Konzentratioun um Niveau vun de Verkafsstrukturen ze kréien. Da géif eng Marque just nach vläicht vun dräi oder zwee oder just nach engem Distributeur verkaaft ginn! Esou e Prozess ass net onbedéngt am Intérêt vum Konsument, well mer zum Deel op monopolistesch Strukturen erauskéimen, an dat däerfe mer och net aus den Ae verléieren.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Bauler. D'Wuert huet elo den Här Henri Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Ech mengen, ech brauch net méi vill hei bäizefügen, meng Virriednerinnen a -riedner hunn alles gesot. Ech wëll der Rapportrice Merci soe fir dee schréftlechen a mëndleche Rapport, an dofir bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kox. D'Wuert huet dann den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, et ass e richtege Problem, deen à la base ass vun dësem Gesetz. Et sinn net, wéi den Här Bauler gesot huet, d'Capricë vu Konzerner - dat ass e bësselche méi de Sproochgebrauch op där extrem lénker Säit -, et geet ëm Contrats d'adhésion. Dat sinn einfach déi Verträg, wou ee Partner esou staark ass, datt en engem anere ka Konditiounen opzwéngen, déi deen net méi kann négociéieren. Mir kennen dat vun dem Konsumenteschutz; do hu mer Gesetzer géint esou Praktike geholl, mä am Geschäftsliewen hu mer dat net.

Effektiv ass d'Automobilbranche déi, oder eng vun deenen, déi am stäerksten heivunner betraff sinn. An de Kolleeg Bauler huet ganz konkret Beispiller genannt, déi och ganz richteg sinn. Do steet zum Beispill an deene Kontrakter, datt d'Marque kann décidéieren, datt d'Fënsteren ëmgestalt ginn. An da schécke se all véier Wochen een do nei Opkliewer an déi Fënstere maachen, an dat zu Präisser, déi net maartgerecht sinn, mä wäit iwwerdriwwe sinn, a wou Gainen erziilt gi vun deene Firmen, déi net gerechtfertegt sinn.

Mir stëmmen also dee Projet, well e richteg ass fir déi Branche. Mä trotzdeem ass et keng gutt legislativ Aarbecht, an ech félicitéiere weder déi al nach déi nei Regierung, fir an dës Richtung gaangen ze sinn.

Déi richteg Äntwert wier ze soen, et mécht een ee Gesetz fir all Importateuren an all Distributeuren, déi mat Konzerner ze dinn hunn, déi Contrats d'adhésion opzwéngen. Oder, wéi de Conseil de la concurrence gesot huet, kommt, mir maachen en Artikel, deen esou kommerziell Praktiken onméiglech mécht! Dat ass eng richteg Äntwert.

Hei ass eng Deeläntwert. Si ass gutt fir déi Leit aus där Branche, mä si ass net richteg par rapport zu all deenen aneren, déi elo virun dorënner leiden an déi net kënnen op esou e Gesetz zielen. Mir hätte ganz gutt aus dësem Spezialgesetz fir eng Branche kënnen e gutt Gesetz maache fir all d'Branchen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Reding.

Mir sinn domat um Enn vun eiser Diskussioun ukomm, an d'Wuert huet déi zoustänneg Statssekretärin, d'Madame Francine Closener.

Prise de position du Gouvernement

Mme Francine Closener, *Secrétaire d'État à l'Économie*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll och ech der Rapportrice natierlech villmools Merci soen a félicitéiere fir deen exzellenten a komplette Rapport, dee se eis presentéiert huet. Ech wëll awer och de Membere vun der Chamberskommissioun Merci soe fir déi kritesch a konstruktiv Diskussioun, déi eis et erlaabt huet, séier an effikass op dësem wichtegen Text ze schaffen. Schlussendlech natierlech och de Riedner vun haut de Mëtteg Merci fir hir Remarquen.

Et gëtt dacks gesot, datt den Auto dem Lëtzebuerger säi léifstent Kand ass. En ass em op alle Fall wichteg, egal ob Privatauto oder Déngschtwon. An ech weess, vu wat ech schwätzen. An awer ass de Lëtzebuerger Autosmarché fragil. Vun 2012 op 2013 ass d'Zuel vun den Neiumeldungen ëm 7,5% zréckgaang, a quitte datt et déi lescht Méint liicht besser goung, muss een d'Entwécklung awer ganz genee am A behalen.

Déi Lëtzebuerger Autosdistributeure maache sech net nëmme géigesäiteg Konkurrenz, si musse sech och nach géint Garagisten aus der Groussregioun a géint Réimportateure behaapten, déi dacks méi favorabel Konditioune vun den Autoskonzerner kréie wéi si selwer. De Marché ass also hyperconcurrentiel. D'Margë sinn niddreg an dacks genuch leie Succès an Échec ganz, ganz no beieneen.

Laang Joren hunn europäesch Wettbewerbsreglementer derfir gesuergt, datt d'Autoskonzerner de lokalen Distributeure keng ze schlecht an ongerecht Konditiounen imposéiere konnten. Ech ginn net méi drop an, mir hunn dat jo schonn am Detail héieren. Den 31. Mee d'lescht Joer sinn déi lescht vun deene Reglementer ausgelaf an, wéi gesot, esou wéi d'EU-Kommissioun dat suggéréiert huet, huele mir déi favorabel Dispositiounen erëm an dësem Projet de loi.

Vu datt Lëtzebuerg keng Autosconstructeuren huet an eis Distributeuren dacks net déiselwecht gutt Konditioune vun de Konzerne kënne kréie wéi däitsch oder franséisch Distributeuren, war dësen Text nëmmen déi logesch Konsequenz, fir et eisen Distributeure méiglech ze maachen, déi Acquisen ze behalen, déi hinne jo bis elo, bis ganz rezent op europäeschem Niveau zougestane goufen.

Et ass eng eminent wichteg Fro. Mir hunn eis dofir misse fläissen. Mat dësem Gesetz gëtt Lëtzebuerg zu engem Virreider an Europa, zesumme mat Éisträich. Eng Rei aner europäesch Länner sinn och um Wee, fir sech un eis e Beispill ze huelen an ähnlech Texter ze preparéieren. Et ass och evident, datt dësen Text net protektionistesch ass, jiddefalls net am negative Sënn, well d'Gesetz jo u sech nëmmen dat regelt, wat europäesch Texter jorelaang virdru geregelt hunn.

D'Gesetz gëtt den Distributeure virun allem Planungs- an Investitiounssécherheet. Dat ass besonnesch wichteg, well fir d'Exigenze vun den Autosmarken an hirer „corporate identity" kënnen ze erfëllen, mussen d'Distributeuren dacks héich Investitioune maachen, déi verluer sinn, wann de Konzern de Vertrag kënnegt. D'Kënnege vum Vertrag an, als Resultat, de Verloscht vun deenen Investitiounen ass fir den Distributeur eng Katastroph, déi och gären d'Enn vu senger Entreprise bedeit. An der Kontinuitéit mat den europäeschen Texter garantéiert dëst Gesetz also, datt d'Vertragspartner op Aenhéicht matenee verhandele kënnen, an esou soll dat och sinn.

An deem Sënn kann een effektiv awer iwwerleeën, Här President, wéi wäit dëse Projet de loi eventuell e Beispill kéint si fir aner Secteuren. Kann ee sech net virstellen, datt een och anere lokalen Distributeure kéint garantéieren, datt hir Investissementer rembourséiert ginn, wann hire Fournisseur de Vertrag fréizäiteg kënnegt ouni legitime Grond, an natierlech nëmmen, wann d'Investissementer net scho virdrun amortiséiert sinn, an den Distributeur sech selwer natierlech och un all Spillregele gehalen huet?

Et gi jo genuch Beispiller, wou gutt Konzerner, fir hir „corporate identity" ze erhalen, vill vun de lokale Partner via Franchise verlaangen. Ech denken do un d'Restauratioun, awer och Chaînen a Kleederbranche oder eben zum Beispill och Coiffeuren.

Anerersäits gëllt et natierlech awer och onbedéngt derfir ze suergen, datt Lëtzebuerg kompetitiv bleift an attraktiv bleift fir esou Chaînen. Et ass also keng Décisioun, déi ee ganz liichtfankeg hëlt. Duerfir sinn ech och frou, datt schonn an der Kommissioun iwwert de Pro a Kontra geschwat gouf. Ech denken, datt déi Diskussioun déi nächst Zäit nach méi intensiv muss gefouert ginn.

Wéi gesot, de Standuert Lëtzebuerg konkurrenzfäeg halen, awer an engems als lokalen Distributeur Planungssécherheet hunn, dat ass den Défi.

Dëst Gesetz ass jiddefalls e gutt Beispill, wéi Politik zugonschte vun de PME gemaach soll ginn. An anere Wierder, et ass aktiv a konkret Mëttelstandspolitik. An ech freeë mech och doriwwer, datt et hei an der Chamber e Konsens gëtt, datt mer dat Gesetz solle stëmmen. Et ass gutt esou, well et ass wierklech wichteg fir eisen Autosmarché.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!
Hei muss een och betounen, ëffentlech Finanzen, dat sinn dräi Secteuren: also d'Administration publique, dat ass den Zentralstat, dat ass den Domän vun der Sécurité sociale an dat ass den Domän vun de Gemengen. Also ass eigentlech och u sech d'Grondiddi, datt och déi Secteure gefuerdert si respektiv hire Bäitrag do musse leeschten, fir de Budgetséquiliber ze erreechen. Ech kommen herno beim Artikel 5, wann ech dee kuerz wäert explizéieren a kommentéieren, nach eng Kéier dorobber zréck.

Mä, wat bedeit dat konkret, zum Beispill, fir d'Gemengen? Mir haten an der Cofibu, an der Finanz- a Budgetskommissioun - wou och eng Rei Député-mairë sëtzen - eng animéiert Diskussioun doriwwer, wat dat dann herno géif bedeiten, dat Engagement, datt och mussen, zum Beispill, d'Secteur-communalen hire Bäitrag dozou leeschten.

Mir hunn dunn och nach eng Kéier et fir richteg a gutt fonnt, fir en Avis vum Syvicol unzefroen. De President, den Emile Eicher, huet dat dunn och relativ schnell, duerfir soen ech him Merci, gemaach, froe gelooss bei senge Memberen, fir emol esou ze soen. An dunn ass do och awer eng Formule fonnt ginn. Also an hirem Avis soe se, datt den Engagement vun de Gemengen an éischter Hisiicht emol politesch ass. Den Engagement ass politesch. Déi contraignant Mesuren, à voir, wéi dat sech herno wäert ausdäitschen.

Am Artikel 2, am Artikel 3 villméi, gëtt dann den OMT, de sougenannten „Objectif à moyen terme" agefouert, deen ee sech also muss ginn. Et muss ee sech en Zil setzen an och de Wee dohinner, d'Trajectoire, wéi een dëst Zil also kann erreechen. An eisem Fall wier dat 2018 0,5% am Solde structurel.

Hei muss een dann och preziséieren, datt dat hei Gesetz muss complétéiert ginn, oder datt een dat heite Gesetz, besonnesch deen do Artikel 3 muss gesinn am Zesummenhang mat engem neie Budgetsgesetz, engem Budget pluriannuel op fënnef Joer, dee mer wäerten an Zukunft och mussen opstellen. Dës Kéier déi éischte Kéier, am Hierscht 2014 wäerte mer esou e Budget pluriannuel opstellen, fir eben do dann och déi Trajectoire ze zeechnen, wéi mer wëllen eist Zil dann och erreechen.

Den Artikel 6 kommen ech da weider. Do gëtt en anert Element agefouert, dat ass den automatesche Mécanisme de correction, fir de Fall, wou mer da géife significatif vun eiser Trajectoire, fir bei den OMT ze kommen, ofwäichen. Och hei hu mer eng Solutioun, oder deen, deen d'Gesetz geschriwwen huet, oder de Législateur villméi, huet do eng national Solutioun behalen, an praktesch drageschriwwen. Et kéint ee jo soen, mir maachen eng Dispositioun, wou dann, wann hei eppes aus der Bunn geréit, direkt Bréissel géif agräifen. Mä et ass hei esou formuléiert, datt dann net direkt Bréissel agräift, mä datt mir selwer hei zu Lëtzebuerg kucken, dann d'Saach erëm an de Grëff ze kréien. Dat ass also am Artikel 6.

Vläicht nach e klengt Wuert. Wéini ass een Écart significatif? Also e Mécanisme de correction muss spillen, wann den Écart significatif ass, dat ass, wann d'ëffentlech Finanze méi wéi 0,5% vun dem OMT an der Trajectoire am Joer ofwäichen.

Dann déi ganz Uwendung vun deenen dote Regelen, vun där doter Struktur. Déi muss iwwerwaacht ginn, och ob mer déi Trajectoire anhalen, ob mer um richtege Wee sinn. Dat

muss iwwerwaacht ginn. Net nëmmen - natierlech hunn d'Regierung an och d'Chamber Intérêt, fir dat ze iwwerwaachen -, mä dat gëtt awer och vun enger externer, onofhängeger Kontrollinstanz kontrolléiert.

Am Artikel 7 féiere mer duerfir de Conseil national des Finances publiques an. Et ass esou, an där éischter Versioun am Text vum viregte Finanzminister war ugeduecht, fir d'Banque centrale als esou e Kontrollorganismus anzesetzen. Dat huet eng Rei Froen opgeworf. Och d'Banque centrale selwer huet sech Froe gestallt, ob dat net géif e Problem gi mat hirer Onofhängegkeet, ob dat géif eigentlech an d'Missioune vun hirer Politique monétaire erapassen.

Déi nei Regierung huet no Reflexioun dunn nach eng aner Formule an engem Amendement proposéiert, dat ass also e Gremium vun Experten. Déi zwee Modeller gëtt et an Europa. An der Kommissioun hate mer och eng Lëscht ausgedeelt. Et gëtt Länner, wou d'Regierung déi Kontroll mécht, wou d'Chamber déi Kontroll mécht, wou eng Banque centrale déi Kontroll mécht. Mä et gëtt awer eng ganz Rei Länner an Europa, wou och esou onofhängeg Expertegremie sinn. Mir hunn eis also fir dee Wee décidéiert.

Wéi gesäit dee Kontrollgremium aus? Do sinn zwee Experten, déi vun der Regierung nomméiert ginn. Dat heescht, se sinn net aus der Regierung selwer, mä d'Regierung nennt zwee Experten. D'Chamber, mir nennen zwee Experten a Wirtschafts- a Finanzfroen, ee Member Cour des Comptes, ee Member, deen zesumme vun de Chambres de Commerce, Métiers, Agriculture bestëmmt gëtt, an ee Member Chambre des Fonctionnaires et Employés publics a Chambre des Salariés. Dat ass also dee Gremium, deen dann déi Saach iwwerwaacht.

Nach vläicht zwou aner Mesuren, ganz kuerz erwähnt am Artikel 9 an 10, déi awer och, bon, nei och net esou sinn, mä déi mer awer och mussen aschreiwe wéinst deene verschiddene Regelen an Dispositiounen aus der EU. Dat sinn d'Douzièmes provisoires eigentlech, déi mer zwar schonn och haten an der Vergaangenheet hei zu Lëtzebuerg, wéi mer dee Budget vun Douzièmes provisoires hei diskutéiert hunn.

Mir hate jo erkläert, datt praktesch bis an d'50er a 60er Joren dat d'Regel war. Mä hei schreiwe mer dat elo och an dëst - soll ech et Kadergesetz nennen? Ech maachen dat zwar net -, mä an dëst Gesetz an, datt mer also och, wa mer net bis den 31. Dezember e Budget fir dat nächst Joer gestëmmt hunn, da sollen déi d'Prozedur vun den Douzièmes provisoires déclenchéieren.

An dann eben e leschte Punkt am Artikel 9 an 10, dat ass d'Kommunikatioun vun den Informatiounen iwwert d'Finanze vum Secteur public. Wann een dat Ganzt wëllt suivéieren, wann de Conseil national dat Ganzt soll am Bléck behalen, mussen natierlech ëmmer ganz schnell déi noutwendeg Donnéeën vun dem Secteur public do sinn, fir datt een e kloert Bild huet, wéi d'Finanzen evoluéieren. An dat gëtt also och do dann agefouert.

E kuerze Bléck op déi verschidden Avisen, Här President, déi hei erakomm sinn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi fäerten, datt mat deem Gesetz hei géif d'national Souveränitéit, datt mer géifen eigentlech eis Souveränitéit iwwert de Budget verléieren. Si zweifelen och, ob d'Mesuren effikass sinn, déi hei kéinte geholl ginn opgrond vun deem Gesetz, datt dat vläicht méi Austeritéitspolitik kéint bedeiten oder de Sozialmodell a Fro stellen.

D'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce, déi begréissen de Projet a si hoffen, datt mat deem Projet hei méi eng grouss, eng méi streng Disziplin an eise Budget kënnt, an datt mer doduerjer dann och kënnen déi néideg Schrëtt ënnerhuelen, fir op dee richtege Wee fir de Budgetséquiliber ze kommen an eis Schold kënne reduzéieren.

D'Chambre des Salariés ass, fir et emol esou ze soen, guer net waarm fir den Text. De Spillraum vum Budget, soe se, gëtt méi kleng, an och fäerte se, datt dann herno am Endeffekt do kéint d'Sozialpolitik drënner leiden. Si hunn och déi Fro sech gestallt, ob d'Iwwerwaachung vum Budget duerch extern Autoritéiten net géif déi national Budgetskompetenz a Fro stellen. Mä hei nach eng Kéier, mir hunn et jo esou zum Beispill bei de Mécanismes de correction geregelt, datt mir dat wäerte selwer heiheem maachen.

Den Avis vum Statsrot, bon, do hate mer eigentlech e puer Avisen. Mir hate jo e Projet initial an dann nach d'Amendementer. Ech mengen, fundamental mat der Approche huet de Statsrot keng Problemer gehat. Et sinn, wéi üblech, verschidde Modifikatiounen technescher Natur. De Statsrot huet sech mat zwou, dräi Froe méi speziell beschäftegt.

Eng Fro war déi, wou zum Beispill d'europäesch Verflichtungen, also d'Règle d'or oder de Mécanisme de correction, wann déi an déi national Législatioun ageschriwwe ginn an domadder eigentlech iwwert dem Budgetsgesetz solle stoen, ob dat dann net - si gesinn do also eng gewëssen Hierarchie -, ob do net misst mat Majorité qualifiée dat Gesetz an der Chamber gestëmmt ginn. Dat waren och Iwwerleeungen, mengen ech, vun der deemoleger Regierung, och vun der Chambre de Commerce.

De Statsrot seet awer neen. Am Artikel 14 vun der Verfassung ass kloer definéiert, wéini a wat fir engem Fall een e Vote à majorité qualifiée muss huelen. Hei ass jo eigentlech déi Situatioun, Lëtzebuerg kennt jo elo net dat, wat a Frankräich, wat een, mengen ech, Loi organique nennt, dat esou tëschent der Verfassung an deem normale Gesetz steet.

Op alle Fall, hei geet eng normal Majoritéit duer. Wann een dat wéilt à majorité qualifiée stëmmen, da wier dat éischter e politescht Signal. Et wier awer am Endeffekt keen Element, wat wierklech vun der Verfassung eis hei géif opgedrängt ginn. Ech mengen, et ass eigentlech wéinst eisen europäeschen Engagementer, déi mer an den Traitéen hunn, datt mer eben am Budgetsgesetz dann och verflicht sinn, déi verschidde Regelen do anzehalen.

E werft och d'Fro op nach eng Kéier, wéi de Secteur communal an d'Sécurité sociale an déi Budgetsdisziplin mat agebonne kënne ginn. Duerfir war och dann den Artikel 5 complétéiert ginn an deem Sënn, datt eben och déi do Froen - déi Froen, wéi d'Gemenge kënnen an deen Exercice vum Budgetséquiliber mat agebonne ginn -, datt dat eben am Budget pluriannuel da ka vläicht méi konkret preziséiert ginn.

Bon, e weidere Punkt, deen analyséiert ginn ass vum Statsrot, dat war de Mécanisme correcteur, deen den Traité imposéiert. Mä eben, ech hunn et elo scho méi wéi eng Kéier gesot, datt mer eben de Wee gewielt hunn, fir dat da mat eisem nationale Budget, datt dat jo elo kënnt, wa mer géife gesinn, datt mer vun der Trajectoire géifen ofkommen, géife mer am nächsten, eisem Budget eben dann déi Mesuren huelen, fir nees op de Wee ze kommen.

De Statsrot hat eigentlech prinzipiell och näischt géint d'Banque centrale als Iwwerwaachungsgremium. En huet awer och kee Problem mat där neier Formule vum Conseil national des Finances publiques.

Vläicht nach e klengt Wuert awer och zu der Banque centrale. Si haten och en Avis gemaach dozou a si haten also drop higewisen, datt se net waarm wieren, fir déi Roll ze iwwerhuelen. Si haten och en Amendement erabruecht betreffend d'Informatiounen iwwert d'ëffentlech Finanzen. Do hu se gefrot en „accès inconditionnel et automatique à l'ensemble des statistiques des finances publiques". Mir hu gemengt, datt dat souwisou elo an där neier Prozedur, datt do am Artikel 10 dat jo souwisou steet, datt do net elo ee Gremium eng Sonderstellung huet. Mir hunn als Cofibu deen Amendement zur Kenntnis geholl.

Här President, vläicht fir dat ganzt Gesetz och nach eng Kéier an de realpolitesche Kontext hei zu Lëtzebuerg ze setzen. Mir sinn hei zu Lëtzebuerg an dësem Prozess vun neier Finanz- a Budgetspolitik beim Stat eigentlech scho voll engagéiert. D'Regierung, d'Majoritéit huet sech och scho virun dësem Projet dat politescht Zil gi gehat an hirem Koalitiounsaccord, fir de Budgetséquiliber 2018 ze erreechen, fir d'Scholden ofzebauen. Et war also eigentlech schonn am Virfeld eng national Démarche, eng Noutwendegkeet, fir sech besser an nei opzestellen, fir d'Défie vun der Zukunft vu Lëtzebuerg kënnen unzegoen, fir d'Wirtschaft ze relancéieren, nei Aarbechtsplazen ze schafen, déi sozial Stabilitéit ze garantéieren.

Wéi soll dat elo an Zukunft gemaach ginn? Dat wäerte sécherlech nach déi Diskussioune sinn, déi mir och an Zukunft hu bei de Budgetsdiskussiounen. Mä awer ass annoncéiert ginn, datt mir e Budget vun enger neier Generatioun wäerte kréien, datt mir an Zukunft nei Akzenter wäerte leeën, schonn 2015 mat enger Rei vu Mesuren, déi dann am Hierscht wäerte virgestallt ginn.

Ech verweisen och nach eng Kéier op déi zéng Themefelder, déi ech a mengem Budgetsrapport ugeschwat hunn, wou mer musse kucken, datt mer do also dat dann ëmsetzen, wat eigentlech hei an där Struktur an an deenen Ziler niddergeschriwwen ass. Ech mengen, mat deene Mesuren, mat deenen Ziler, déi sech also och d'Koalitioun scho politesch virgeholl hat, gëtt da schlussendlech d'Regierung oder d'Majoritéit och erëm hiren europäesche Fuerderungen, déi hei an deem Gesetz och iergendwéi awer am Hannergrond sinn, gi mer deenen och gerecht. Mir ginn eisen Ufuerderunge gerecht an och den europäeschen, an esou schléisst sech eigentlech dann dee ganze Krees.

Här President, mir bleift ofschléissend nach Mercien auszeschwätzen. Merci un d'Membere vun der Cofibu, déi hei ganz intensiv a konstruktiv matgeschafft hunn. Natierlech och Merci un d'Secrétaire-administrateur Caroline Guezennec an u meng Mataarbechter an der Fraktioun, déi mer hei och eng wäertvoll Hëllef waren. Merci. An ech hoffen, datt dee Projet hei dann op grouss Zoustëmmung wäert hei am Parlament stoussen.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Den Här Claude Wiseler huet elo d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Här President, ech wollt just nach eng kuerz Remarque maachen, déi ech léiwer elo maache wéi virdrun, well d'Regierung elo präsent ass a well ech frou sinn, wa si dat héiert.

D'CSV-Fraktioun kann a sech net d'accord sinn, datt, wann d'Débaten hei an der Chamber ufänken, notamment iwwer Texter vun der Regierung, da während enger Véirelstonn am Ufank d'Regierung net präsent ass. Dat ass net déi éischte Kéier, datt dat geschitt. Mir hunn et schonn déi leschte Kéier gesot. Mir fannen dat par rapport zu der Chamber net korrekt an an eisen Aen ass dat net akzeptabel. Ech wollt dat eng Kéier kloer an däitlech an och einfach hei soen.

Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Dont acte. Ech géif dann direkt d'Wuert weiderginn un den éischten ageschriwwene Riedner, deen den Här Luc Frieden ass. Här Frieden, Dir hutt d'Wuert.

M. Luc Frieden *(CSV)*.- Här President, zënter enger Rei Joren a virun allem am zweeten Deel vun der Wirtschafts- a Finanzkris gouf et an Europa an heiheem eigentlech eng Debatt, déi d'Leit an zwee Campe gespléckt huet: déi, déi wëlle spueren, well se der Meenung sinn, datt net genuch Suen do sinn, an déi, déi mengen, et misst ee méi Suen ausginn, wéi der do sinn, fir Wuesstum ze schafen. Austeritéit géint Wuesstum.

An en fait ass et gutt, datt mer haut hei en Text hunn, deen dësen Débat, wann en och politesch net tranchéiert gëtt, awer dach hei op eng impressionnant Aart a Weis juristesch tranchéiert. Dësen Text nämlech seet, datt mer an Europa, an duerfir och heiheem, Stabilitéit brauchen. An nëmmen, wa mer Stabilitéit bei de Statsfinanzen hunn - dat war och ëmmer meng Meenung als Finanzminister -, da kënne mer och Wuesstum kréien.

Kuerzfristeg mag dat vläicht net ëmmer de Fall sinn. Well kuerzfristeg kënnen zousätzlech Suen, grad och a Krisenzäiten, d'Ekonomie ukuerbelen. Mä wann een op laang Dauer méi Suen ausgëtt, wéi een der huet, da ka keng Famill, da ka kee Betrib an da kann och de Stat net fonctionnéieren. An duerfir sinn ech frou, datt mer an Europa e Regelwierk fonnt hunn, wat et eis erlaabt, an Europa an och heiheem, eng Budgetsdisziplin ze schafen, déi e Kader setzt, un dee jiddweree sech muss halen.

Dësen Text ass also net een, deen an der Richtung vun Austeritéit géint Wuesstum plädéiert, mä plädéiert fir Stabilitéit, gesond, seriö Statsfinanzen, esou wéi mer se zu Lëtzebuerg während laange Joren op eng erfollegräich Aart a Weis haten an och an der Zukunft no dëser Kris erëm mussen hierstellen.

De Rapporteur, den Eugène Berger, deem ech Merci soe fir seng Aarbecht a seng Rapporten an dësem Kontext, ass op de Werdegang, och deen historeschen europäesche Werdegang vun deene Stabilitéitsregelen agaangen.

An et muss een hei ganz kloer gesinn, datt et am Fong zwee Elementer ginn. Dat ass de Volet Budgetsdisziplin oder Stabilitéit, mä et ass och de Volet vun der Zesummegehéieregkeetslogik, déi an Europa virherrscht. Mir hunn net gären, wa mer europäesch Regelen hunn, déi mer zu Lëtzebuerg mussen uwenden. Mä ëmgedréit hätte mer awer gären, datt déi aner sech un europäesch Regelen halen, well, wa Länner ausrutschen an hirer Finanzpolitik, zum Beispill a Südeuropa, dann hu mer missen aus eegenem Intérêt an aus Solidaritéit déi Länner ënnerstëtzen an da fanne mer et ganz normal, datt Europa seet, wat do geschitt ass, dat geet net.

Wann een an enger Wirtschafts- a Währungsunioun ass, wann een décidéiert, e gemeinsame Bannemaart ze hu mat enger gemeinsamer Währung, wou grad e Land wéi eist enorm profitéiert duerch den Export vu sengen Déngschtleeschtungen, duerch den Export vu sengen Industrieprodukter, da mécht et Sënn, datt een eng gemeinsam Währung huet an da mécht et och logesch Sënn, datt ee gemeinsam Spillregelen huet.

Duerfir ass 2005 de Stabilitéitspakt gemaach ginn a reforméiert ginn. Duerfir ass e scho virdrun am Traité vu Maastricht virgesi ginn. An duerfir ass et noutwendeg, datt mer eis zousätzlech Regele ginn, well mer festgestallt hunn, datt net jiddwereen an Europa sech un deen urspréngleche Stabilitéitspakt an och net un dee modifiéierte Stabilitéitspakt gehalen huet.

Eigentlech hätt et ni dierfen dozou kommen, datt „Sixpack" an „Twopack" a wéi dat alles heescht, wat den Här Berger eis virdrun hei am Résumé nach eng Kéier presentéiert huet, komm ass. Mä mir hunn déi nei Regele misse maachen. An ech hunn un deene sëlleche Sitzunge vum ECOFIN-Conseil am Numm vu Lëtzebuerg déi lescht Joren deelgeholl, well mer festgestallt hunn, datt eng Rei Länner sech net un de gesonde Mënscheverstand, un d'Regelen halen, och déi ongeschriwwe Regelen net. An duerfir ass et gutt, datt mir och zu Lëtzebuerg elo hei déi Regel ginn.

Woubäi ech wëll dorop hiweisen, datt mir zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren eis un déi Regelen do gehalen hunn, och wa se net an engem Text stoungen. Ech schléisse vläicht bewosst d'Joren 2008 an 2009 aus, wat extrem Krisejore waren, wou mer hu missen oder wou mer wollten eng antizyklesch Politik maachen, dat heescht, an deene Joren hu mir méi Suen ausginn, fir datt d'Ekonomie net géif direkt zesummebriechen.

Fir mech sinn an dësem Text zwee, dräi Punkten, déi derwäert sinn, se nach eng Kéier kuerz ze beliichten.

Dat eent, dat ass déi Regel, déi mer aus dem sougenannten „Sixpack" vun 2011 eraushuelen an dat ass d'Limite, déi mir eis setze beim Wuesstum vun den Ausgaben. Ech mengen, dat ass äusserst wichteg, datt d'Ausgaben am Gréff bleiwen, och déi, déi duerch Automatisme wuessen. Mä net nëmmen déi! Nach eng Kéier an der Logik, et kann een à la longue, iwwer eng Rei Joren net méi Suen ausginn, wéi een der erakritt. Déi Regel also vum Wuesstum vun den Dépensen, déi mer och emol fréier zu Lëtzebuerg an engem anere Kontext als Norme budgétaire haten, déi gëtt elo mat enger europäescher Definitioun erëm erabruecht.

Dann eng zweet Regel, déi mer wichteg schéngt, dat ass déi, déi aus dem sougenannten „fiscal compact" ervirgeet, dee mer 2012 ugeholl hunn. En Traité, deen ech vill léiwer gesinn hätt, wa mer en an engem europäesche Regelwierk gehat hätten, mä bon, duerfir hate mer keng Unanimitét. Duerfir ass et am Fong en intergouvernementalen Traité ginn, deen dës Chamber jo schonn ugeholl huet. An dee gesäit vir, datt de Budget muss strukturell am Équiliber sinn.

Strukturell am Équiliber, dat heescht, nodeem een exceptionnel Elementer eraushëlt, Elementer, déi eng Kéier stattfannen, oder déi konjunkturell bedéngt sinn. An ech mengen, dat ass wichteg, dat ass gutt. Woubäi ech allerdéngs soen, datt mer dat jo ganz oft fäerdegbruecht hunn, och 2013, deem leschte Joer vun där leschter Legislaturperiod. Mir haten e Budget, dee strukturell am Équiliber war.

Mä um Niveau vun der Administration publique, an dee groussen Défi sécherlech vum leschte Finanzminister an och sécherlech vun deem neie Finanzminister an där neier Regierung ass, de Budget um Niveau vun der Administration centrale, vum Stat selwer, am Équiliber ze hunn. Dat steet net an deenen europäesche Regelen. Mä dat ass wouru mir wäerten och als CSV-Fraktioun déi nei Regierung moossen, ob se et fäerdegbréngt, iwwert déi nächst fënnef Joer och d'Administration centrale an den Équiliber ze bréngen.

Well mir wëssen, datt zu Lëtzebuerg déi besser Situatioun vun de gesamtëffentleche Finanze largement dohier kënnt, datt mer en Excédent bei der Sécurité sociale hunn. A bei de gesamtëffentleche Finanze kucke mer jo net nëmmen de Stat, mä och d'Sécurité sociale an d'Gemengen. An duerfir ass et a) eng Regel, datt mer mussen d'gesamtëffentlech Finanze strukturell am Équiliber hunn. Mä politesch hätte mir gären, datt se och um Niveau vun der Administration centrale no der Kris mussen an den Équiliber erëm kommen, esou wéi mer dat laang Joren zu Lëtzebuerg haten.

Déi drëtt Remarque, déi ech aus dësem Text nach wëll ervirhiewen, dat ass dat Organ, wat soll kucken, ob d'Règle budgétaire, ob d'Règle d'or respektéiert gëtt oder net.

Ech hätt mer selwer kënne virstellen, datt een déi Regel souguer an d'Verfassung geschriwwen hätt. Dat ass net noutwendeg, mä vu datt

et esou eng wichteg Regel ass, géif et mech net stéieren, datt am Kader vun enger Iwwerschaffung eng Kéier vum Artikel 99 iwwert d'Finanzen och doriwwer eng Reflexioun géif gefèiert ginn. Mä dat ass net dat Essenziellt.

Essenziell ass heiranner, datt et Leit ginn, en Organ gëtt, wat kuckt, ob déi Regel respektéiert gëtt. Et ass doranner e klengt Mësstraue sécherlech an deem europäeschen Text vun der Politik, well den europäeschen Traité gesäit vir, datt dat en onofhängegt Organ muss sinn.

Firwat huet déi viregt Regierung d'Banque centrale proposéiert?

Mä aus ganz einfache Spuersamkeetsgrënn, well mer eis gesot hunn: Mir sinn e klengt Land. Solle mer elo nach en Organ schafen? An duerfir hu mer gesot, et kommen der net vill zu Lëtzebuerg a Fro. D'Banque centrale européenne ass..., d'Banque centrale du Luxembourg, déi aus dem Kader vum europäesche System vun den Zentralbanken entsteet, ass en onofhängegt Organ a kéint déi Aufgab iwwerhuelen.

D'Zentralbank selwer an déi Europäesch Zentralbank waren do e bësse retizent. Mir kënnen also ganz gutt liewe mat där Propositioun, déi déi nei Regierung gemaach huet, fir - wéi am Ausland - e Conseil national des Finances publiques an d'Liewen ze ruffen. Mir stellen eis just d'Fro, wat fir eng Leit an engem klenge Land een an dat Gremium nennt.

Mir hunn déi Fro schonn ëmmer bei aneren Organer, wou mer onofhängeg Leit mussen nennen. Et gi sécherlech eng ganz Rei kompetent Leit hei am Land, mä et ass dëst e ganz wichtegt Organ, wat an Zukunft der Chamber, der Regierung seet, ob d'Règle budgétaire respektéiert ginn ass. Vläicht kann de Finanzminister eis och haut soen, u wéi eng Zort Leit, u wéi eng Kategorie vu Männer a Fraen en denkt, fir dës Posten ze besetzen. Woubäi och d'Chamber selwer jo muss niewent der Regierung och Leit doranner nennen.

Op jidde Fall, mir kënnen dee Choix vum Conseil national des Finances publiques, deen do gemaach ginn ass, mat droen. Ech wollt just erklären, firwat mir d'Banque centrale proposéiert haten.

Dëst Regelwierk, wat mer also haut unhuelen, bréngt eng Garantie, datt zu Lëtzebuerg an an deenen anere Länner vun der Eurozon Stabilitéit a seriö Finanzpolitik gemaach gëtt. An déi Stabilitéit ass d'Grondlag, fir datt mer Wuesstum kréien, d'Grondlag, fir datt Aarbechtsplazen entstinn, a fir datt mer net eis mussen iwwerverscholden an domadder enorm Zënse bezuelen, mat deene soss besser Politik kéint gemaach ginn.

Mir hunn et an de leschte Jore fäerdegbruecht, datt Lëtzebuerg säi sougenanntenen „Triple-A" behalen huet. Dat war net einfach. Besonnesch net an där Kris, wou mer och den Triple-A behalen hunn. Dat heescht, datt, wa mer Sue léine ginn - an heiansdo muss e Stat dat maachen, wann e grouss Infrastrukturprojete finanzéiert -, mer da mat ganz wéinegen Niveaue vun Zënse kënne Sue léine goen. An et kritt een iwwerhaapt Sue geléint. Duerfir ass dat eppes, wat wesentlech war, op dat mer stolz sinn a wou mer och hoffen, datt déi nei Regierung et wäert fäerdegbréngen, den Triple-A och iwwert déi nächst Joren ze behalen.

D'Situatioun vun den ëffentleche Finanzen zu Lëtzebuerg war gutt. Se huet an der Finanzkris, aus evidente Grënn, e bësse gelidden, well mer méi Suen ausginn hunn am Ufank, fir d'Ekonomie ze ënnerstëtzen. Mä mir hunn zugläich am zweeten Deel vun där Kris, um Enn vun där Kris gesot, mir mussen d'Dépensen an de Gréff kréien. An duerfir huet déi viregt Legislaturperiod, déi viregt Majoritéit eng Rei Spuerprogrammen op de Wee ginn. A mir wäerte ganz kloer kucken, datt och dës Majoritéit um Wee vun der Budgetskonsolidéierung virufiert, wéi se dat jo och annoncéiert huet.

D'Erausfuerderunge fir 2015 an 2016 an deem Kontext si ganz importent. Mä e klengt Land kann net à la longue iwwer seng Moyene liewen. Dat kann a kengem sengem Intérêt sinn. An duerfir wäerte mer och ganz gespaant kucken, wat aus deene Projete vun der Budgetsreform, déi déi viregt Regierung largement preparéiert hat, notamment duerch exzellent Kontributioune vun der OECD, wat se dorauser zitt. An dat wäerte mer jo kënne beim Budget diskutéieren.

Dëse Projet op jidde Fall ass e gudde Projet fir Europa, et ass e gudde Projet fir Lëtzebuerg, well en d'Stabilitéit vun eise Statsfinanze längerfristeg ofséchert. An duerfir kann ech lech, Här President, an der Chamber soen, datt d'Fro vun der Majorité qualifiée sech net stellt, well d'CSV-Fraktioun wäert dëse Projet matstëmmen, well et e wichtege Projet ass fir d'Zukunft vun eisem Land.

Duerfir, wéi gesot, Merci deenen, déi sech hei intensiv och an der Finanzkommissioun mat drëm bekëmmert hunn. An ech ginn dann den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Luc Frieden. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mat dësem Gesetzesprojet kënnt et net zu engem neie Budgetsgesetz, wéi ech an de Commentairen héieren hunn an deene leschten Deeg. Dat hei ass net déi grouss Budgetsreform, déi dës Regierung sech virgeholl huet ze maachen, wéi iwwregens schonn d'viregt Regierung sech eigentlech virgeholl hat, esou eng grouss Budgetsreform ze maachen, awer se net un e glécklecht Enn bruecht huet.

Abee, dës Regierung, mengen ech, kënnt net derlaanscht, fir iwwert dat, wat mer haut hei diskutéieren, eraus en, wéi de Finanzminister et des Éftere widderholl huet, „Budget vun der neier Generatioun" ze maachen. An dat geet nëmmen opgrond vun enger neier gesetzlecher Grondlag, well all Deelreformen, déi ee géif maachen op dem aktuelle Budgets- a Kontabilitéitsgesetz, nëmme kéinte ganz kleng Bewegungen zouloossen.

Mä dat hei ass eng logesch Suite, dat, wat mer haut diskutéieren, vun der Ratifikatioun, déi mer hei am Parlament virgeholl hu vun dem sougenannten „Fiskalpakt", dem europäeschen Traité iwwert d'Budgeten a Finanzen, dee kontrovers diskutéiert ginn ass an deen och haut, wann een d'Avise liest, nach weiderhi Kontroversen ausléist.

Et brauch een nëmmen d'Avise vun de Beruffschamberen hei ze liesen, gutt Avisen, fondéiert Avisen, och wa se a verschidde Richtunge ginn, déi sech wierklech d'Méi gemaach hunn, sech nach eng Kéier fundamental mat der europäescher Budgets- a Finanzpolitik auserneenzesetzen, a wou diametral géint-iwwergestallte Positiounen nach eng Kéier hei zu Dag trieden, besonnesch dokumentéiert an deenen zwee Avise vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Salariés.

Mä ech mengen, dëst Parlament huet, wéi all aner national Parlamenter vun deene Länner, déi den Traité guttgeheescht hunn, A gesot, et muss hei elo och B soen, mat der Ëmsetzung vun e puer wesentleche Punkten, déi nëmme kënnen iwwer en Nationalgesetz ëmgesat ginn an déi net kënnen iwwer europäesch Reglementer ëmgesat ginn.

Dat hei ass eng virleefeg lescht Etapp vun enger ganzer Rëtsch vu vertraglechen, reglementareschen a legislative Moossnamen, fir d'Budgets-, d'Finanz- an d'Wirtschaftspolitik an Europa méi enk ze koordinéieren, e Schrack méi op eng gemeinsam Wirtschaftspolitik zou, wou et drëm geet, och besonnesch hei an Europa. Déi Kris, déi mer matgemaach hunn, déi scho schéngt vergiess ze sinn an de Käpp vun eenzelne Leit, huet et mat sech bruecht, dass just méi schnell reagéiert ginn ass an dass d'Optioun geholl ginn ass, no engem laangen Zécken, dat muss een och soen, fir d'Éischt eng Verdéiwung awer vun der gemeinsamer Wirtschafts- a Budgetspolitik ze maachen. An deen Traité, wéi och dëst Gesetz, sinn eigentlech de Reflet vun där doter Äntwert op d'Krisis, déi an Europa gemeinsam geholl ginn ass.

Et bleift, dass ee kann a muss kritesch sinn zu eenzelnen Aspekter vun der europäescher Wirtschafts- a Finanzpolitik. Dat hu mer als sozialistesch Fraktioun och kloergemaach bei den Debatten, déi mer hei haten, wéi et ëm d'Ratifikatioun vun deem Traité gaangen ass. An dat, wat deemools gesot ginn ass, gëllt och nach haut fir eis.

Et ass munches am Detail ze kritiséieren a munch Effeten, déi déi dote Politik mat sech bruecht huet, hu sech als néfaste gewisen an eenzelnen europäesche Länner. Et bleift awer, dass ech och keng gangbar Alternativ gesinn, wann et drëms geet, op eng europäesch Kris ze reagéieren, fir och europawäit ze probéieren, e gemeinsame Kader festzeleeën, besonnesch och, wat d'Eurozon selwer ugeet.

Ech wëll drun erënneren, dass et do jo awer verschidde Phase gi sinn an deene leschte Joren, wou gefaart gi war, den Euro kéint zesummebriechen, a virun allem wou eenzel europäesch Memberstaten net méi à même ware praktesch, sech zu engem akzeptabelen Zënsfouss déi néideg Gelder fir d'Finanzéierung vun hire Budgeten ze beschafen.

Dat war jo eigentlech d'Grondiwwel, wat mer haten. Wat duerno als sougenannt „Eurokris" bezeechent ginn ass, war natierlech och zum Deel eng Scholdekris an eenzelnen europäesche Staten, oft och akzentuéiert duerch déi international Finanzkris, déi mer virdru kannt hunn.

A ech muss nach eng Kéier vläicht an Erënnerung ruffen déi dach awer dramatesch Rettungsaktiounen, déi opgebaut si gi fir Griichenland, fir Irland, fir Spuenien, Portugal an och Zypern, alleguerten déi, déi eigentlech och op d'Solidaritéit vun der ganzer EU am Endeffekt konnten zielen, och wann et net ëmmer einfach war, zu deem dote Punkt ze kommen, an och, wann huet missen déi dote Rettungsaktioun verbonne gi mat engem neie gesetzlechen oder konventionelle Kader.

Fir d'LSAP-Fraktioun war et wichteg a bleift et och weider wichteg, dass europawäit Objektiver an der Wirtschafts- a bei der Budgetspolitik fixéiert ginn. Also gemeinsam Objektiver, déi jiddweree muss fir sech realiséieren, déi deklinéiert ginn national. Mä de Wee, fir déi gemeinsam europäesch Ziler vun der Budgets- a Finanzpolitik ze erreechen, dee Wee muss nach ëmmer national bestëmmt ginn. Natierlech ënner Kontroll vun europäeschen Instanzen, mä awer muss de Spillraum bleiwe fir déi eenzel national Regierungen a besonnesch och déi eenzel national Parlamenter, fir selwer am Detail de Wee festzeleeën, wéi déi gemeinsam Ziler sollen erreecht ginn.

Mir stelle fest, dass, wa mer deen heiten Text kucken, dee vun der viregter Regierung agereecht ginn ass, deen nach eng Kéier amendéiert ginn ass vun dëser Regierung, da si mir der Meenung, dass déi dote Virgab, déi fir eis wichteg ass, respektéiert bleift. Hei ass net, géif ech soen, eng maximalistesch Ëmsetzung gemaach gi vun deenen europäesche Regelen - déi een hätt kënne maachen, déi och eenzel Kreesser an hiren Avise méi oder manner verstoppt froen, fir nach méi Automatismen anzebauen, fir eigentlech déi politesch Marge de manœuvre praktesch national op null ze reduzéieren, wat also och a mengen Aen en inakzeptabelt Mësstraue par rapport zur Politik insgesamt duerstellt -, mä si suergt derfir, dass eng minimalistesch Ëmsetzung als Approche erëmgewielt ginn ass hei zu Lëtzebuerg.

Dat bréngt mat sech, dass u sech Regierungen, an do och déi national Parlamenter - besonnesch fir d'Parlamenter ass jo déi budgetär Kompetenz eng Grondkompetenz, och vun dëser Chamber -, dass do déi néideg Marge de manœuvre bleift, fir kënnen national a justement selwer ze décidéieren. Net onbedéngt, wat d'Normes de grandeur vun deenen nationalen Ajustementer ugeet, mä awer, wat den Inhalt vun deenen nationalen Ajustementer ugeet.

Ob een elo méi a Richtung Einnahme versicht, Ajustementer ze maachen, ob een dat méi op der Dépensësäit mécht. Wou een et op der Dépensësäit mécht, dat muss an eisen Aen nach wie vor eng national Prärogativ bleiwen an deem europäesche Kader, dee gemeinsam definéiert ginn ass.

Net eréischt duerch deen Traité! Deen Traité bréngt eigentlech esou vill Neies net - dat ass och e politeschen Traité schlussendlech, deen hei gemaach ginn ass; an notamment Däitschland soll en national erméiglechen, fir eng Rei vun Hëllefsmoossname fir aner europäesch Länner nach kënne mat ze droen -, well u sech de Gros vun deene Punkten hei sech an iergendenger Form och schonn erëmfënnt an aneren europäeschen Texter, sief dat den „Six-pack", sief dat den „Twopack", sief dat déi Texter, déi mer virdru kannt hunn am Kader vum Pacte de stabilité et de croissance.

Mir sinn also als sozialistesch Fraktioun d'accord mat där Aart a Weis, wéi d'Regierung hei deen Interpretatiounsspillraum notzt, fir u sech national d'Marge de manœuvre, déi politesch Marge de manœuvre bäizebehalen a fir esou also och eng gewësse Flexibilitéit, déi mer brauchen, Flexibilitéit an där ganzer Budgetspolitik ze loossen.

Dat spigelt sech och erëm, besonnesch wann et zu Ofweichunge kënnt vun deenen europäeschen Zilsetzungen, wou et jo zu Korrekture muss kommen op nationalem Plang. De Prinzip vun der Korrektur gëtt festgehalen, wéini muss reagéiert ginn national vu Regierung, vu Parlament. Mä wéi reagéiert gëtt am Detail, dat bleift also och an deem dote spezifesche Fall eng Prärogativ vun den nationalen Décisiounsträger.

Mir mengen och, dass an där ganzer Diskussioun, déi momentan an Europa leeft, déi vun engem italienesche Premier ugestouss ginn ass mat där Verve, déi him eegen ass, dass mer eis och där musse selbstverständlech hei zu Lëtzebuerg stellen. Och déi nächst Kommissioun, wa se hire Programm festleet, wäert net ëmhikommen, sech déi dote Fro ze stellen, wéi ee mat deenen doten Instrumenter elo ëmgeet a wéi een och eenzel Staten, déi ënner onheemlech schwieregen Ëmstänn amgaange sinn, Strukturreformen ze maachen, wéi een déi och nach ootme léisst an dësen Zäiten an och verhënnert, dass et zu massiver Aarbechtslosegkeet an deenen dote Länner kënnt.

Ech mengen, mir sinn als sozialistesch Fraktioun fir e flexibelen Ëmgang mat deenen europäesche Regelen, déi mer eis ginn hunn. Ech sinn och der Meenung, dass déi aktuell Texter duerchaus eng gewësse Flexibilitéit zouloossen. Ech mengen net, dass Europa prett ass, fir muer sech nei Texter, nei Regelen ze ginn an deem dote Beräich. Da soll een emol an enger éischter Phas déi Flexibilitéit an deen Interpretatiounsspillraum notzen, deen et haut an deenen europäesche Regele ronderëm déi gemeinsam Budgets-, Finanz- a Wirtschaftspolitik gëtt.

Spueren eleng, dat ass, mengen ech, och ganz kloer ginn, bréngt net neie Wirtschaftswuesstum! Spueren ass sécherlech néideg. Budgetsdisziplin ass néideg, ass eng Viraussetzung, fir nohalteg och kënnen uerdentlech ze wirtschaften. Mä et bleift awer, dass dat eleng net duergeet.

Duerfir insistéiere mer och nach eng Kéier an dëser Debatt drop, dass u sech déi néideg Budgetsdisziplin mat där Flexibilitéit, déi mer gären hätten, och gekoppelt gëtt awer un eng konkret Wuesstumsstrategie, déi sech déi europäesch Instanze musse ginn. D'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet, besonnesch vun der Jugendaarbechtslosegkeet muss definitiv, net nëmmen an de Rieden, mä och am Handele vun der Europäescher Unioun an de Mëttelpunkt récken.

An ech verfollegen do mat engem gewëssenen Interesse déi Diskussiounen, déi elo och stattfannen. Gëschter huet och de Jean-Claude Juncker jo virun eenzelne Fraktiounen, notamment virun der sozialdemokratescher Fraktioun am Europaparlament, Aussoen zu deem doten Thema gemaach. Ech hunn eraushéieren, dass et och seng Absicht ass - an dat ass jo eng Demande, déi sécherlech och un hie geriicht ginn ass -, fir Wuesstum an d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet och an de Mëttelpunkt vun enger neier europäescher Strategie ze stellen. Dat ass, mengen ech, wichteg, dass do och konkret Programmer déi dote gutt Iddien och hëllefen dann ëmzesetzen.

Ech wëll op déi eenzel fundamental Neierungen erëmkommen, déi eis och wäerten als Nationalparlament an deenen nächste Jore beschäftegen an eis begleeden an eisen Aarbechten, wat de Statsbudget ugeet.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Dohanne schénge se sech iwwert d'Nordstrooss ze ënnerhalen.

(Coups de cloche de la présidence)

Mä ier mer déi dote Bauteprojete kënne finanzéieren, brauche mer fir d'Éischt emol eng uerdentlech Budgetssituatioun, an dat ass jo eigentlech dat, wat eis haut sollt ugoen.

An do ass natierlech eppes, wat engem direkt opfält, an dat wäert eis schonn an dësem Joer beschäftege missen, dat ass en neit Gesetz, wat all Joers vun der Regierung gläichzäiteg mam Budgetsgesetz wäert deponéiert ginn. Dat ass eng Loi de programmation financière pluriannuelle. Dat ass also eppes vëlleg Neies, wat hei u sech an eis Gesetzgebung integréiert gëtt. Nei, wat d'Form vum Gesetz ugeet.

Et ass wouer, dass mer haut schonn natierlech eng Rei vun Donnéeën, déi an dat Gesetz do wäerte stoe kommen, erëmfannen an enger Rei vun Dokumenter, déi d'Regierung presentéiert der Chamber, sief dat um Niveau vun den Investitiounsfongen, wou et jo och schonn eng pluriannuell Planung gëtt, sief et besonnesch awer an eiser jährlecher Aktualiséierung vun eisem Programme de stabilité et de croissance, dee mer op Bréissel schécken a wou jo och do déi mëttelfristeg Detailplanung dran erëmzefannen ass. Dat gëtt elo eigentlech integréiert an e Gesetz.

Dat Gesetz do wäert also d'Orientéierung duerstelle mëttelfristeg vun der Budgetspolitik hei zu Lëtzebuerg. Och d'Chamber muss nach léieren a festleeën, wéi se wëllt mat deem doten neie Gesetz ëmgoen. Soll dat gemeinsam afléissen an d'Budgetsdiskussiounen? Maache mer, behandele mer dat dote Gesetz à part vum eigentleche Budget? Alles, all déi Froen, mengen ech, do musse mer eis nach driwwer ënnerhalen.

An dat Ganzt do ënnersträicht nëmmen d'Noutwendegkeet, dass mer eis gesamt Budgetsprozedur och am Reglement vun eiser Chamber de fond en comble nei opbaue mussen opgrond vun dem Semestre européen an all deenen aneren Ännerungen, déi an deene leschte Jore stattfonnt hunn. Eis Texter, déi klappen einfach mat der politescher Realitéit net méi iwwereneen. Do musse mer also och als Chamber ganz schnell eis Hausaufgab maachen.

Loi de programmation budgétaire: Eppes, wat do natierlech fir Diskussioune gesuergt huet, dat ass, wéi wäit ee kann an där Programmatioun och verbindlech Ziler festleeë fir déi aner Secteuren am ëffentleche Raum, also nieft dem Zentralstat, wou selbstverständlech d'Kompetenz vun der Regierung do ass an och vun der Chamber. Wéi wäit kann een also och do verbindlech Ziler festleeën, wat de Gemengesecteur respektiv wat de Secteur vun der Sécurité sociale ugeet?

Do gëtt et jo och de Prinzip vun der Autonomie communale. Och an der Sécurité sociale ginn et Regelen ze respektéieren. An eenzelne Beräicher si jo och d'Sozialpartner mat implizéiert an d'Gestioun vun deenen Organer vun der Sécurité sociale. Also och eng Responsabilitéit fir d'Budgete vun Deeler zumindest vun der Sécurité sociale. An do stellt sech also och d'Fro, wéi u sech déi dote Secteure mat agebonne ginn an déi Diskussioun, déi mer dann hei ze féieren hunn iwwert déi Loi de programmation, wa se, wéi gesot, nieft dem Zentralstat och déi aner Beräicher soll voll integréieren.

An do gëtt den Text, dee mer haut wäerte stëmmen, eis och net all Äntwerten op déi dote Fro, wéi dat dote konkret soll lafe schonn dëst Joer.

Ech mengen, wichteg ass déi Fro vun der Verankerung vun dem mëttelfristegen Objektiv vun eiser Budgetspolitik, dat all Land sech jo muss ginn, ënnert der Kontroll vun den europäeschen Instanzen. D'Objektiv, wat all Joers erëm eng Kéier frësch definéiert gëtt a wou fir Lëtzebuerg jo nach eng Kéier bestätegt ginn ass viru Kuerzem, dass eist mëttelfristegt Objektiv, wat de Budgetséquiliber ugeet oder de Budgetssaldo ugeet, bei plus 0,5% vum PIB läit.

Dat ass en héicht Zil, mat dat héchst an der Europäescher Unioun, erkläert sech awer objektiv duerch notamment déi Schold eigentlech an der Zukunft, déi besonnesch op eise Rentesystem duerkënnt a wou u sech dat d'Haaptargument ass, fir ze soen, dass et fir Lëtzebuerg net duergeet, en einfache strukturellen Équiliber ze hunn, also bei null ze leien, mä eigentlech eist Zil muss sinn, driwwer ze kommen, fir och déi néideg Reserve kënne fir d'Zukunft unzeleeën.

Wat nach eng Kéier wichteg ass, dat ass, dass mer hei mat engem strukturelle Saldo vum Statsbudget oder vum ëffentleche Budget konfrontéiert sinn. Also e Saldo, deen de konjunkturelle Gegebenheeten an aussergewéinlechen Elementer Rechnung dréit. An dat gëtt eng gewësse Flexibilitéit.

Wat stéierend ass an deem Ganzen, dat ass, dass nach haut eigentlech déi Definitioun an d'Method, wéi eigentlech dee strukturelle Saldo ausgerechent gëtt, net festgeluecht ass, an eise Statec zum Beispill eng aner Method hëlt, wéi dat déi europäesch Instanze maachen. Dat brëngt natierlech eng ongutt juristesch Onsécherheet eigentlech an déi ganz Diskussioun eran, well jo awer d'Netanhale vun deenen doten Objektiver ka souguer zu Sanktioune féieren.

Wann also d'Berechnungsmethod nach net definitiv ass, dierften eigentlech och d'Sanktiounen esou liicht net kënne spillen, well mer awer gemierkt hunn, dass do ganz liicht kann eng Differenz, bis zu 0,5% vum PIB, entstoen. A grad dat ass jo déi Marge de manœuvre, déi déi eenzel Länner an deem ganze Kader hei nach hunn.

Also, et ass sécherlech do Handlungsbedarf op europäeschem Plang, dass schnellstméiglech kloer ass, no wat fir enger Method eigentlech déi doten Normen, dat si jo praktesch europäesch Normen hei, an Zukunft berechent ginn. Soss féiert dat zu enger schwéier akzeptabeler Rechtsonsécherheet an deenen nächste Joren.

Ech kommen dann zu der zweeter Neierung. Nieft der Loi de programmation financière pluriannuelle ass dat déi gesetzlech Verankerung vun der sougenannter „gëllener Regel", der Scholdebrems, wou et also drëms geet, fir ze soen, dass d'Budgetspolitik national muss ausgeriicht sinn, fir déi „mid-term objectives" vum Budget ze respektéieren.

Als sozialistesch Fraktioun si mer frou, well dat ëmmer eis Positioun war, dass d'Regierung net op dee Wee gaangen ass, fir esou eng Regel an d'Verfassung anzeschreiwen. De Luc Frieden wollt dat, de Jean-Claude Juncker wollt et net. Schlussendlech ass déi richteg Décisioun geholl ginn, fir et net ze maachen. Iwwregens, déi mannste Länner sinn op deen dote Wee gaangen. Et si vläicht eng knapp hallef Dose vu Länner, déi op de Wee gaange sinn, dat doten an d'Verfassung anzeschreiwen, an dann nach ëmmer mat verschiddene Formulatiounen.

Mir sinn deen dote Wee net gaangen, well mer vun Ufank un, och als LSAP, der Meenung waren, dass dat doten eigentlech friem ass zu eisem ganze Verfassungsopbau, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, wou mer esou Regelen an der Regel net, am Géigesaz zu Däitschland, an eiser Verfassung erëmfannen.

Et ass juristesch ouni Effet! Et ass juristesch ouni Effet, well mer keng abstrakt Normekontroll hei zu Lëtzebuerg hunn. An et ass fir mech ëmmer nach erstaunlech, wéisou e Land wéi Däitschland, mat der Kanzlerin, probéiert huet, en däitsche Modell, deen an Däitschland vläicht Sënn mécht, wann ee wëllt op deen dote Wee goen, anere Länner ze imposéieren, wou esou Regelen an deene Länner guer kee Sënn maachen, well mir nëmmen eng konkret Normekontroll hei zu Lëtzebuerg kennen.

A well ech bis elo nach net esou richteg matkritt hunn, wéini e Budgetsgesetz eigentlech virun engem normale Geriicht an engem Prozess optauche kéint, géif dat dote souguer deen Effet, dee gesicht war, dass sollten d'Geriichter kontrolléieren, ob d'Politik da wierklech hir Aufgab richteg mécht, deen Effet, dee kann et hei zu Lëtzebuerg net ginn, wann een op deen dote Wee gaange wier.

Dat geschitt vläicht an Däitschland duerch d'Bundesverfassungsgeriicht, mä mir hunn hei en aneren - mir sinn net déi Eenzeg! -, en anere Verfassungssystem. An duerfir wier och déi dote Léisung, wéi gesot, juristesch ineffikass hei zu Lëtzebuerg. A mir betruechte se och als politesch net opportun.

Wat rescht bliwwen ass vun deem ganze Virstouss, deen d'Madame Merkel schlussendlech probéiert huet, ze maachen, dat ass, dass den Europäesche Geriichtshaff net kontrolléiert, ob déi eenzel Länner sech un d'Regelen halen an hire Budgeten, mä e kann op Klo hi vun engem anere Land kontrolléieren, ob déi „gëlle Regel" richteg an engem nationalen Text ëmgesat ginn ass.

Och do ass wéineg bliwwe vun deem, wat urspréinglech eigentlech d'Promoteure vun där Iddi vun der zwéngender „gëllener Regel" am Kapp haten. A mir mengen, dass et gutt esou ass, dass eigentlech net méi vun deem Ganzen iwwreg bliwwen ass.

Déi „gëlle Regel" gëtt bei eis Gesetz. Dat stéiert eis net, well et eng Regel ass, déi de toute façon an deene leschte Joren d'Regierungspolitik ëmmer begleet huet, an och d'Diskussiounen hei am Parlament ëmmer och gedréit hunn an aneres ronderëm d'Konformitéit vun dem Budgetsprojet par rapport zu den europäesche finanziellen Zilsetzungen, déi international festgeluecht si ginn.

Drëtt Neierung ass dee Korrekturmechanismus, dee festgehale gëtt an deem heiten Text. An och do stelle mer fest, dass et e Korrekturmechanismus ass, dee spillt vum Prinzip hier, mä deen awer net voll automatesch ass, well en u sech eréischt spillt beim nächste Budget, deem nächste Budget, deen eng Regierung an e Parlament ze presentéiere respektiv guttzeheeschen hunn, an do och eigentlech d'Regierung an d'Parlament d'Hänn net gebonne kréien, wéi se dann deen Ajustement, déi Korrektur wëlle virhuelen, wann et zu enger Ofweichung vun der Trajectoire kënnt zu deem mëttelfristege Budgetszil. Och dat, mengen ech, ass eng gutt Aart a Weis, fir déi Texter vum Traité hei ëmzesetzen.

Véierten a leschte wichtege Punkt, dat ass dee vun engem Conseil national des Finances publiques. Ech wëll mech kuerzfaassen. Do war et esou, dass mer effektiv diskutéiert hunn an der viregter Mandatsperiod, entweder der Banque centrale déi Aufgab ze ginn oder der Cour des Comptes déi Aufgab ze ginn.

Et muss ee soen, béid Instanze waren net besonnesch erpicht, fir déi dote Missiounen ze kréien. Mir ginn also a Richtung vun enger Schafung vun engem neien, onofhängegen Organ. Aus dem Text geet net ganz kloer ervir, ob dat elo eng Entité juridique propre ass. Op jidde Fall kritt dee Conseil national e Sekretariat zur Verfügung gestallt, fir seng Aarbechten ze maachen.

Ech wëll awer just drop opmierksam maachen, dass et immens wichteg ass, dass an deenen nächste puer Méint deen dote Conseil national un d'Fonctionnéiere kënnt, well mer soss eigentlech Schwieregkeete kréien, beim nächste Budget konform ze sinn zu den europäeschen Texter, well do dee Conseil national des Finances publiques och muss säin Avis zu eenzelne Punkten ofginn, notamment zu de Previsiounen, Prognosen, déi de Comité de prévision mécht. Do ass et um Conseil national des Finances publiques, dat do och ze maachen.

Dat gesot, Här President, meng Zäit ass ofgelaf. Ech géif nach eng Kéier den...

Une voix.- D'Riedezäit.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Selbstverständlech! Ech hunn nach wëlles, e puer Jorzéngten drunzehänken, wann och net onbedéngt hei an der Chamber.

(Hilarité)

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun zu dësemText hei ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Bodry. Nächste Riedner ass den Här Henri Kox fir déi gréng.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Hären, fir d'Eischt wëll ech am Numm vun der grénger Fraktioun dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndleche wéi schréftleche Rapport. Besonnesch de schréftleche Rapport retracéiert an dem historeschen Deel déi eenzel Etappen, déi zu dësem Gesetz gefouert hunn.

Et war dëst den Traité vu Maastricht, deen de Coup d'envoi fir d'Union économique et monétaire ginn huet, dëst an der Iddi vum Traité de Rome, deen deemools scho vum „rapprochement progressif des politiques économiques des États membres" geschwat huet. Iwwert den Traité vun Amsterdam mam Pacte de stabilité et de croissance an dem Semestre européen bis hin zu dem „Sixpack" an dann dem „Twopack" stëmme mer haut dann iwwert d'„coordination et la gouvernance des finances publiques", de sougenannten „Fiskalpakt" of, wat jo dann zu enger neier Budgetsdisziplin féiert.

E Fiskalpakt, deen d'europäesch Länner viru weider Budgetsdisziplin stellt a viru grouss Erausfuerderungen. Dat ass och scho virdrun ugeklongen. Dës Erausfuerderunge si mat ganz ville Contraintë verbonnen, déi jo och net bei jiddwerengem Land esou op Zoustëmmung gestouss sinn an och nach ëmmer net richteg stoussen.

Et ass och net nëmmen den Zentralstat eleng, dee sech enger budgetärer Disziplin muss stellen, mä déi Efforte musse souwuel bei der Sécurité sociale wéi bei den Administrations locales gemaach ginn. Heizou hu sech jo och scho meng Virriedner ausgeschwat.

Ech erlabe mer dofir a menger Interventioun och net méi speziell op déi eenzel Punkte vum Gesetz anzegoen, well dëst huet de Rapporteur scho virdrun ausféierlech am mëndleche Rapport gemaach, a virdru mäi Virriedner, den Här Bodry, war op déi eenzel Techniken am Gesetz agaangen. Ech wëll dofir aus grénger Siicht eis Bedenken oder eis Kritiken nach eng Kéier beleeën.

Dëst Gesetz ass och e gutt Beispill, wéi wichteg et ass, sech fréizäiteg mat den europäeschen Dossieren ze beschäftegen. Wuel hu mer aus Lëtzebuerger Siicht de Maximum bei der Ëmsetzung vun dësem Traité erausgeholl an nei Budgetsregelen an Iwwerwaachungsmechanismen agefouert. Ech mengen, de Lëtzebuerger Modell schéngt jo mat dem Asaz vum Conseil national des Finances publiques och erëm ze funktionéieren, wou praktesch jiddwereng vun de Forces vives aus dem Land sech zréckfënnt, iwwert d'Chambres professionnelles, iwwer eis selwer als Chamber an och als Regierungsvertrieder. De Rapporteur ass a senger Ausféierung eben ausféierlech dorop zréckkomm.

De Kader fir dës Budgetsdisziplin ass awer net hei geschitt, geschweige denn ware mir hei mat abezunn, mä zu Bréissel oder nach besser an enger Dunkelkammer mat Merkel a Sarkozy. Säit Ausbroch vun der Finanzkris 2008 duerchlafen Europa a grouss Deeler vun der Welt eng schwéier Zäit. Net nëmmen dréit d'Ekonomie net méi richteg, mä virun allem ass eng immens grouss Aarbechtslosegkeet an Europa entstanen. D'Iwwerschëldung vun de Stéit an d'Spekulatiounsblosen hu vill Leit an de Ruin gefouert, besonnesch a Griichenland, Portugal, Irland a Spuenien.

D'Rettung vun den héich verschëllte Banken huet a ville Fäll d'Verscholdung vun de Länner zousätzlech an d'Luucht gedriwwen an huet de Regierungen déi néideg Moyenen ewechgeholl, fir kënnen d'Konjunktur erëm unzedreiwen. Esou ass d'Schéier och tëschent Aarm a Räich an den europäesche Länner an deene leschte Joren erëm weider auserneegedrift.

Här President, Dir Dammen an Hären, Dir wësst, datt déi gréng sech ganz kritesch zu dësem Fiskalpakt ausgeschwat haten. Mir haten dofir och géint d'Unhuele vun dësem Traité gestëmmt. Ech wëll dofir nach eng Kéier kuerz dräi, véier Argumenter aus der Debatt vum 27. Februar vum leschte Joer widderhuelen.

Éischtens mécht dee Fiskalpakt aus eiser Siicht et méi schwéier, eng antizyklesch Politik ze bedreiwen, wou grad ëffentlech Investitiounen d'Konjunktur beliewen, Aarbecht schafen an eng Ekonomie erëm an d'Luucht bréngen.

Zweetens, an dat war och laang an der Diskussioun, de Fiskalpakt regelt, no eiser Meenung, just nëmmen d'Statsausgaben. Et gëtt bal nëmmen ausschliisslech iwwert d'Ausgabesäit diskutéiert, mä guer net iwwert d'Einnahmesäit. De Steierwettbewerb an der europäescher Steierpolitik, deen de Staten d'Steierrecetten ewechhëlt, geet monter weider.

D'Scholdekris an der EU ass net entstanen, well d'Länner hir Budgete schlecht géréiert hätten, mä well d'Bankekris si gezwongen huet, massiv Suen an d'Rettung vun de Banken ze stiechen an zousätzlech grouss Konjunkturprogrammer ze lancéieren. Dofir ass de Fiskalpakt net déi eenzeg Léisung, fir d'Ursaach vun der Kris ze bewältegen.

An, véiertens, ass d'Aart a Weis, wéi de Fiskalpakt ausgehandelt gouf, och haut bestëmmt net méi esou akzeptabel. Et ass d'Resultat vun engem Konsens tëschent dem Här Sarkozy an der Madame Merkel, ouni Diskussioun mat anere Regierungen a virun allem ouni Diskussiounen an d'Abezéiung vun de Parlamenter am Virfeld.

Bei dëser Kritik stounge mer jo och net eleng do. Ech erënnere mech un déi Debatt vum leschte Joer, wou och den Här Bodry sech iwwert déi Aart a Weis, wéi d'Ëmsetzung geschitt ass, kritesch ausgeschwat huet. An en huet och haut de Moien nach eng Kéier, oder hei virdru grad d'Avisen nach eng Kéier vun deenen eenzelne Chamberen zitéiert, déi awer och eng gedeelten Interpretatioun vun de Moossnamen hei duergestallt hunn.

Allerdéngs, an dat ass och scho virdru gesot ginn, huet déi lescht Chamber de 27. Februar 2013 mat ganz grousser Majoritéit décidéiert, datt Lëtzebuerg dësen Traité soll ënnerschreiwen. Dëser Décisioun kënnen a wëllen déi gréng sech och elo net entzéien. An dofir droe mir d'Ëmsetzung vun dësem Traité mat a wäerten dëst neit Budgetsgesetz, net Budgetsgesetz, mä éischter Budgetsdisziplin matstëmmen.

Et ass jo tatsächlech och esou, datt dësen Traité och eng ganz Rei vu positive Säite mat sech bruecht huet, déi ech och hei wéilt nach eng Kéier ervirbréngen.

Éischtens sinn och déi gréng ni derfir gewiescht, datt op Däiwel komm raus Scholde gemaach solle ginn. Wie Scholden hannerléisst, hannerléisst Scholde fir déi nächst Generatioun. Dat ass och fir déi gréng net akzeptabel. Wie fir Nohaltegkeet antrëtt, trëtt och fir eng nohalteg Finanzpolitik an.

Scholden ze maache mécht just dann nëmme Sënn, wann och kloer nohalteg Benefisser duerch déi Investitiounen entstinn. Wa mer also en Tram bauen oder Schoule bauen oder an erneierbar Energien investéieren, dann huet déi nächst Generatioun eppes dovunner. Wa mer mat esou Scholden d'Zukunft ofsécheren an Aarbechtsplaze schafen, ass dat aus eiser Vue akzeptabel an och sënnvoll. Trotzdeem dierfen och dann d'Scholden net an den Himmel wuessen.

D'Scholdebrems oder déi gëlle Regel aus dem Fiskalpakt war de Präis, dee jo huet misse bezuelt ginn, fir datt et an der EU den Accord gouf fir de Mécanisme européen de stabilité. Den Här Frieden hat dat virdrun a senger Ausféierung nach eng Kéier och hei duergeluecht. An domadder hu mer an Europa e Rettungsanker geschaf, deen derfir suergt, datt zumindest déi méi kleng Ekonomien net méi kënne faillite goen. Dat ware Griichenland, Spuenien, Irland oder Portugal. An et ass e grousse Fortschrëtt, mengen ech, gewiescht, datt mer vu Solidaritéit geschwat hunn a vun Zesummenaarbecht hei an Europa.

Drëttens ass de Fiskalpakt och de Präis gewiescht, dee politesch huet misse bezuelt ginn, fir datt d'EU weider un enger gemeinsamer Léisung schafft, fir aus dëser Kris erauszekommen. Eng Kris, déi bis elo vill Facettë säit 2008 kannt huet. D'Finanzkris, d'Wirtschaftskris, Eurokris, Budgetskris, Sozialkris a vläicht déi schlëmmste Kris, dat ass déi um Aarbechtsmarché mat ganz ville Chômeuren.

Här President, Dir Dammen an Hären, esou wéi d'Kris vill Facetten an der Vergaangenheet kannt huet, esou muss déi gemeinsam europäesch Léisung fir dës Kris och méi Weeër opweisen. De Geescht vum Fiskalpakt ass deemno eng vun de Léisunge fir déi gréng an nach laang net déi eenzeg! Sou wéi scho skizzéiert, ass och fir déi gréng et wichteg, eng nohalteg Finanzpolitik ze definéieren an och anzehalen. Si ass awer net déi eenzeg Léisung.

Ech wëll dofir och hei op dräi Beispiller hiweisen, datt et elo gradesou wichteg ass, e Schratt no vir ze maachen an niewent dem Fiskalpakt aner innovativ an nohalteg Politiken an d'Weeër ze leeden.

Grad am Moment no den Europawahle besteet elo eng reell Chance, eng nei Ausriichtung virzehuelen, datt den designéierte Kommissiounspresident, den Här Juncker, och misst sensibel dorop sinn, niewent deene reng fiskalpoli-

teschen Iwwerleeungen och déi sozialpolitesch Richtlinnen nei ze definéieren. A wann de Fiskalpakt e Pakt fir d'Zukunft soll ginn, esou wéi et am Geescht vun Europa 2020 jo och deels beschriwwen a formuléiert ass, esou muss och déi ekologesch Komponent seriö berücksichtegt ginn.

Zweetens: D'Europawahlen hu gewisen, datt mer mat enger eesäiteger Austeritéitspolitik net eleng weiderkommen. Mir verschäerfen deels déi sozial Ongerechtegkeeten a mir bréngen domat extremistesch an nationalistesch Parteien op de Plang, déi mer net brauchen!

An drëttens, Veränneruge sinn och ënnerwee. Ech mengen, et ass och scho virdru vum Här Bodry hei ernimmt ginn. Sou huet den italienesche Ministerpresident, de Matteo Renzi, dee säit Ufank Juli d'Europäesch Kommissioun leet, och mat verschiddenen dynameschen Aussoen, déi ee kann deelen oder net, trotzdeem d'europäesch Wahle bei sech doheem mat 40% gewonnen.

Deeselwechten Owend nach huet hie fir eng europäesch Wirtschaftsrelance plädéiert. Mëttlerweil ass doraus, wéi Der scho wësst, och eng Allianz mat de Fransousen entstanen. Och an den däitsche Medie gëtt dëst mëttlerweil ëmmer méi thematiséiert. Sou war an engem ganz interessanten Artikel am „Spiegel" vun der leschter Woch ze liesen, datt e groussen Investitiounsdefizit an der Europäescher Unioun bestoe géif.

En „doppelte Bypass", esou den Titel vun dësem Artikel, an ech zitéieren. Oder den Artikel huet de Marcel Fratzscher, Chef vum däitschen Institut fir Wirtschaftsfuerschung, zitéiert. An d'Ausso war vun dem Här Fratzscher: „Wir brauchen einen Impuls, um das Wachstum in den Krisenländern anzustoßen und eine neuerliche Rezession in der Eurozone zu vermeiden."

De Virstouss vu Frankräich an Italien fir méi Wuesstum begréisst hien als grondsätzlech richteg, verweist awer och op d'Anhalen natierlech da vun de Scholderegelen. Hie schléit dofir e milliardeschwéieren europäeschen Investitiounsfong vir, fir besonnesch de Betriber Geld zur Verfügung ze stellen, fir deen Investitiounsdefizit erëm kënnen opzehuelen.

Mir brauchen an Europa also eng Investitiounspolitik, déi Aarbechtsplaze schaaft. Dir wësst, wou mir déi haaptsächlech gesinn: bei den Energieinfrastrukturen an dem Ausbau vun den erneierbaren Energien, an der Energieeffizienz, wat zesummegeet mat dem Ausbau vun Aarbechtsplazen am Bau, am Handwierk an natierlech och eng nei Definitioun vun der Industrie. An net zulescht brauche mer natierlech och eng ganz nei Politik an de sozialen Déngschtleeschtungen, Kannererzéiung, eeler Leit.

Mir brauchen awer och eng besser openeen ofgeschwate Steierpolitik, déi d'Recettë vun de Staten erhält. Virun allem brauche mer méi Solidaritéit tëschent de Staten, well mer nëmmen zesumme weiderkommen. D'Ëmsetzung vum Fiskalpakt haut an d'Aféierung vun engem neie Budgetsgesetz kënne mer also als ee Bausteen gesinn, deen eis um Wee dohinner weiderbréngt.

Mir Gréng froen dofir, datt mer am Kader vun der aussen- an europapolitescher Debatt am Hierscht méi wäit kënnen iwwert déi Weeër diskutéieren a fir eng nei Relance op europäeschem Plang musse plädéieren, fir datt och nei nohalteg Aarbechtsplaze kënne garantéiert ginn.

Domadder ginn ech nach eng Kéier den Accord zu der Ëmsetzung vun dësem Gesetz a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Kox. Nächste Riedner ass den Här Reding fir d'ADR.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, firwat mir als ADR dësem Projet de loi net kënnen zoustëmmen, geet schonn aus dem Här Rapporteur senge Considérations générales ervir. Et geet hei ëm en ëmmer méi grousse Rapprochement vun der Wirtschaftspolitik vun deene verschiddene State vun der EU. Et geet ëm ëmmer méi enk Bezéiungen. Dat si Saachen, déi mir net wëllen. Mir wëllen Europa, mir wëllen e fräie Wueren-, Mënschen- a Kapitalverkéier. Mir wëlle bestëmmt net eng ëmmer méi grouss politesch Unioun.

Mir sinn och fir eng Discipline budgétaire. Mir waren heibannen déi éischt Partei, déi fir eng Scholdebrems plädéiert huet. Mä mir wëllen net eng Entmuechtung vun eiser Politik, vun eiser Chamber! Mir si fir eng budgetär Souveränitéit vun eisem Land. An do huet d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ganz recht, wa se seet, deen heite Projet féiert zu méi Bürokratiséierung, zu enger Perte vun eiser nationaler Souveränitéit, zu enger Mise sous tutelle vun eiser nationaler Politik, vun eiser Regierung an net zulescht och vun eis selwer als Parlament.

D'Chambre des Métiers huet an hirem ganz positiven Avis an zwou Iwwerschréften alles gesot, wat een heizou ka soen: „Bruxelles resserre les boulons en matière de discipline financière et budgétaire." An een aneren Titel: „À défaut d'une politique de consolidation rigoureuse du Gouvernement, la pression de l'Union européenne devrait contribuer à assainir les finances publiques." Dorëms geet et. Et geet ëm eng Substitutioun vun europäesche Bürokraten an Technokraten zu eiser nationaler Politik. Et geet (veuillez lire: féiert) zu enger Perte vun eiser nationaler Souveränitéit.

Et gëtt positiv Aspekter, datt mir als Chamber sollte méi d'Performance vu Budgetsartikele kontrolléieren, datt mer méi sollte kucken, wat ass de But vun Dépensen. Dat sinn alles Saachen, déi ganz, ganz richteg sinn an déi mer befürworten. Mä hei kënnt et zu automatesche Mechanismen, déi, wa se net respektéiert ginn, zu direkte Sanktioune féieren.

Dat huet d'Chambre des Salariés an hirem exzellenten Avis, an ech hoffen, Dir hutt en all gelies, vum 12. November 2013 ganz gutt beschriwwen a gesot: «La norme budgétaire européenne pousse soit à désinvestir…», an dat huet natierlech Répercussiounen op déi zukünfteg Generatiounen, «...soit à serrer la vis de son compte courant où la part des transferts sociaux est importante.» Datt d'LSAP net méi op deen Avis an op déi Bedenken ageet, wonnert mech!

D'Chambre des Salariés sot weider, et wier «fort regrettable que les questions d'organisation d'ordre économique et comptable empêchent de se consacrer au volet social de l'Europe et de ses pays membres». Do kann ech awer d'Chambre des Salariés berouegen, well keen anere wéi den Här Juncker sot schonn 2009, eng Union monétaire ouni Union sociale wier fir hien ondenkbar, an datt et an Europa nach ëmmer kee geregelte Mindestloun géif ginn, dat wier eng Honte, eng Schan! A vu datt mer jo den Här Juncker kennen an deen ëmmer seng Verspriechen anhält, wäert dat sech elo alles verbesseren.

D'Chamber fiert virun, andeem se als Konklusioun zitt, datt d'Konsequenze vun deem Gesetz, wat haut hei gestëmmt gëtt vun enger rout-gréng-bloer Majoritéit, zu engem „affaiblissement social automatique à perpétuité" féiert. D'Chambre des Salariés gesäit an dësem Projet de loi, mat Recht, eng Reduktioun vun eiser Marge de manœuvre, fir national a sozial Politik hei zu Lëtzebuerg ze maachen. Si huet recht, wa se mengt, datt hei restriktiv Politike fir Dépensen a sozial Dépensen duerchgesat ginn, déi souwuel den europäesche Modell wéi och déi sozial Kohäsioun a Fro stellen.

An da schwätzt d'Chambre des Salariés, an ech zitéieren nach eng Kéier, vun enger „conséquence funeste, et non des moindres", nämlech déi, datt de Pouvoir vun den nationale Parlamenter a Fro gestallt gëtt duerch d'Aféierung vun enger ieweschter Instanz a Form vun den Zentralbanken. Or, an eisen Ae soll d'Politik gemaach gi vun de gewielte Vertrieder vum Vollek, net vu Bürokraten, net vun Technokraten a ganz bestëmmt net vun Eurokraten! An duerfir stëmme mir als ADR géint dat Gesetz.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Voilà. Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel fir déi Lénk. Här Turpel, wann ech gelift.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann a Griichenland eng Infirmière hir Kanner zur Adoptioun muss fräiginn, well se se net méi mat hirem gekierzte Gehalt ernähre kann, wann an deemselwechte Land een Drëttel vun der Bevëlkerung keng Krankeversécherung méi huet a Leit net méi a Spideeler ugeholl ginn a stierwe gelooss ginn, dann ass dat vläicht en extreemt Beispill vun deem, wat d'Logik ass vun deem Projet, iwwert dee mir haut diskutéieren a fir dee sech hei eng grouss Koalitioun, méi grouss wéi d'GroKo an Däitschland, staarkmécht.

Mam Budgetspakt an dësem Gesetz wäert an Zukunft och eis Budgetspolitik méi staark conditionnéiert ginn. D'Zil vun deem Ganzen ass et, souwuel d'Dépensë wéi och d'Recetten ze begrenzen. Dobäi gëtt keen Ënnerscheed méi gemaach tëschent lafenden Ausgaben an Investitiounsausgaben. An eng nei Verschëldung, fir Investitiounen an Zukunft ofzesécheren, gëtt ënnerbonnen. Dat heescht, mir solle manner fir déi kommend Generatiounen investéieren. Déi künfteg Generatioune musse selwer méi investéieren. An dat, wat mir elo a si spéider selwer nach maache wëllen, musse mir op enger anerer Plaz spueren, am Prinzip, an der Regel bei deene lafenden Ausgaben a virun allem am soziale Beräich.

Duerch dëst Gesetz gëtt onmëssverständlech festgeschriwwen: Mir musse manner investéieren a manner fir d'Sozialpolitik ausginn! Och Suen op d'Säit leeën, zum Beispill an Investitiounsfongen, wéi mer dat bis elo ëmmer gemaach hunn, wäert net méi esou einfach ginn, well och dat wäert virun allem als Dépensen ugesi ginn, déi ugerechent ginn, an net als Reserven, dat heescht Suen, déi mir fir spéider op d'Säit leeën. Dat ass net gerecht, weder fir déi jëtzeg nach fir déi kommend Generatiounen.

Ee weidere Problem vun der „gëllener Regel", an d'Chambre des Salariés huet dorop higewisen, déi am Budgetspak festgeschriwwen ass an déi mat dësem Gesetz an nationaalt Recht ëmgesat gëtt, ass och, datt alles no der Wirtschaft ausgeriicht gëtt, méi prezis no de Produktiounscapacitéite vun der Wirtschaft. Déi Ausriichtung vun der Budgetspolitik, seet d'Chambre des Salariés an hirem ausféierlechen an exzellenten Avis - deen och den Här Reding hei ervirgestrach huet, och wann en e menger Meenung no net deelt, well do eng aner Logik dran ass -, féiert onweigerlech, geschitt onweigerlech op d'Käschte vun de Stéit a vun de Leit, déi schaffe ginn. Aarbechtsrecht, d'Lounkäschten, Akommespolitik, Sozialversécherung, Steierpolitik ginn ausgeriicht op d'Produktiounskonditioune vun der Wirtschaft oder, wéi de Karl Marx oder den Thomas Piketty géife soen, fir d'Verwäertungsbedéngunge vum Kapital ze verbesseren.

Domadder steet d'Finanz- an d'Wirtschaftspolitik net am Interessi vum Mënsch, mä d'Majoritéit vun de Leit musse sech no den Interesse vun de Kapitalbesëtzer riichten. Schonn déi al Griichen - Aristoteles, Platon - hu gesot, datt een an der Finanz- a Wirtschaftspolitik, der „Oïkonomia", tëschent gudder a schlechter Wirtschaft ënnerscheede muss.

Sou seet de Platon scho véier Jorhonnerte virun eiser Zäitrechnung, datt déi gutt Wirtschaftspolitik d'Konscht ass, de Räichtum ze notzen, fir déi natierlech Bedürfnisser vu jiddwerengem a vun der Allgemengheet ze befriddegen. An déi schlecht „Chrématistique", déi huet zum Zil, Räichtum a Form vu Suen ze accumuléieren. An esou eng Politik schuet, vergréissert d'Ongläichheeten an zerstéiert den Zesummenhalt, seet de Platon 400 Joer virun eiser Zäitrechnung. An dat ass och haut nach esou!

Déi Politik, esou wéi se an de Verträg vu Maastricht festgehale ginn ass an hei ëmgesat soll ginn, geet an eng aner Richtung wéi déi vum allgemenge Wuelstand an der Befriddegung vun de Bedürfnisser vu jiddwerengem. An dat a ganz Europa an och zu Lëtzebuerg.

An dobäi huet déi Politik net nëmmen desastréis Konsequenze fir Millioune vu Leit an Europa, si huet en plus och nach guer näischt erreecht oder geléist. A Griichenland bezuelen d'Rieder, d'Reeder, pardon, an d'Oligarchen haut och nach ëmmer keng Steieren. Dogéint hunn awer 27% vun de Leit keng Aarbecht, 60% vun de Jugendlechen ass et onméiglech, fir eng Aarbecht ze fannen.

D'Statsschold awer, an dorëms goung et jo, huet net of-, mä zougeholl a bedréit haut 175% vum Bruttoinlandsprodukt; virun der Kris waren et 107%. An dat trotz massiven Aspuerungen! An dat obschonn net méi an den ëffentlechen Transport, de Gesondheetssecteur an aner ëffentlech Déngschtleeschtungen investéiert gëtt.

A Portugal sinn déi Räichst 1% haut duebel esou räich wéi virun der Kris. Trotz massiven Aspuerungen, ënner anerem 1,3 Milliarden an der Éducatioun, huet d'Schold duerch d'Troika-Mesurë sech vu 94 op 129% vum BIP vergréissert! Duerch déi verschidden Akommeskierzungen huet d'Wirtschaft ee Verloscht a Portugal vun 21 Milliarden Euro erlidden.

Souguer d'Europaparlament huet, ouni allerdéngs d'Konsequenzen doraus ze zéien, d'Austeritéitspolitik vun der Troika, déi vum Här Juncker an d'Weeër geleet gi war, kritiséiert. An d'OECD, déi och mat um Ursprong vun där Politik steet, weist op déi desastréis Konsequenze vun de wuessenden Ongläichheeten an Europa an an der Welt hin.

Elo, virun den Europawahlen an och duerno, gouf a gëtt dervu geschwat, d'Konvergenzkritären, an den Här Bodry huet et och gesot, méi flexibel ze notzen, d'Sozialpolitik ze verbesseren, souzesoen op Aenhéicht mat der Wirtschaftspolitik an der Finanzpolitik ze stellen. Mä dat geet net. Dat si fromm Wënsch oder ierféierend Verspriechen.

De Kader vun der Stabilitéitspolitik, esou wéi en duerch dëst Gesetz an nationaalt Recht ëmgesat gëtt, suergt derfir, datt déi wirtschaftlech Interesse vun enger Minoritéit ëmmer virun de sozialen Interesse vun enger Majoritéit wäerte stoen. Fir dat ze änneren, geet et och net duer, Indicateure fir déi sozial Situatioun ze schafen, esou wéi d'EU-Kommissioun dat an hirer Kommunikatioun vum 2. Oktober d'lescht Joer iwwert d'sozial Dimensioun vun Europa proposéiert, wann net reell politesch Konsequenzen doraus gezu ginn.

De Stabilitéitspakt mat senge Facetten, Budgetscontrainten a wirtschaftlechen Imperativer wäert verhënneren, datt ee sech an Europa de soziale Problemer widmen an eng Sozialpolitik duerchféiere kann, déi deen Numm verdéngt. Well d'Budgetsvirschréften hunn nämlech ganz konkret e juristesch contraignante Kader mat Sanktiouns- a Korrekturmechanismen. Bei der Sozialpolitik gëtt just un de gudde Wëlle vun de Memberstaten appeléiert. An dat wäert esou laang de Fall sinn, wéi dee Stabilitéitspakt an dee Maastrichter Traité an där Form weiderbestinn, mat alle Konsequenzen, déi dat huet.

Mir sinn net zouversiichtlech, datt d'Politik dat ännere wäert, datt d'Prioritéiten ëmgedréit ginn an de Mënsch a seng sozial Situatioun an de Mëttelpunkt vun der Politik gestallt ginn, wann net Mobiliséierungen an der Strooss se dozou forcéieren. Oder wat huet d'Politik zu Lëtzebuerg konkret, wat huet d'Sozialdemokratie, wat hunn déi gréng bis elo no der grousser Manifestatioun vum 16. Mee 2009 un der Politik geännert, déi do massiv vun de Gewerkschaften a vum Salariat a Fro gestallt ginn ass?

Ass et net un der Zäit, fir déi Mobiliséierung am Hierscht erëm opzehuelen, fir deen Drock ze maachen, deen noutwendeg ass, fir datt sech wierklech eppes ännert? Dat an enger Situatioun, wou besonnesch déi Liberal, d'FDP an d'liberal Fraktioun am Europaparlament - där och d'DP ugehéiert - elo den designéierte Kommissiounspresident Jean-Claude Juncker ënner Drock setzen, fir datt de Stabilitéitspakt net a Fro an net flexibiliséiert gëtt an net opgelockert gëtt.

An ons Kolleeginnen a Kolleege vun deene Gréngen. Ech si frou, virdrun héieren ze hunn, datt si sech nach erënneren un dat, wat se virun engem Joer am Kader vun der Diskussioun iwwert de Fiskalpakt gesot a betount hunn no bausse virun de Wahlen. „Mir stinn och lénks. An elo geet et duer mat där Politik,…", hu se gesot, „…an duerfir si mir géint de Fiskalpakt." An elo stëmme se fir déiselwecht Politik a soen, dat wier e Stéck vun enger gesamter Léisung. War dat also awer alles Schnéi vu gëschter?

An d'Sozialdemokraten, déi während den Europawahle soten: „Mir wëllen e bessert Europa." Richteg! Géif dat net mat sech bréngen, datt een an Europa sozialpolitesch Konvergenz- a Stabilitéitskritäre géif opstellen, statt Sozialdumping a Sozialofbau ze maachen? Sozialpolitesch Konvergenzkritären, esou wéi d'Chambre des Salariés se an engem wierklech ausféierlechen Avis proposéiert huet. An ech géif wierklech de Kolleege vun der Sozialdemokratie roden, den Avis vun der Chambre des Salariés, déi d'Gewerkschaften an d'Salariat zu Lëtzebuerg reell representéiert, méi seriö ze huelen.

Misst een net sozial Mindestnorme festleeën, déi net vun de Maastricht-Kritären a Fro gestallt kënne ginn - wat de Moment nach ëmmer de Fall ass -, an och d'Steierpolitik harmoniséieren, statt deen déidleche Steierwettbewerb a Steierdumping ze maachen, deen de Moment an Europa dominéiert an ons an eng Sakgaass féiert? Misst net d'Héicht vum Chômage, der Aarmut, der Wunnengsnout d'Kritäre vun der Politik sinn, grad wéi d'Aarbechtskonditiounen, dat onméiglecht Ausmooss vun der Prekaritéit, Ongläichheeten, d'Gesondheetsversuergung, d'Erzéiung? All dat si Beispiller vun deem, wat iwwert d'Maastricht-Kritäre gestallt misst gi fir e bessert Europa.

Och wat d'Steier- an Akommespolitik vum Stat ugeet, bréngt et kengem eppes, wa jiddweree versicht, bei deem aneren aus dem Teller ze picken a sech e Stéck bei deem aneren ze huelen, statt gemeinsam derfir ze suergen, datt fir jiddweree genuch do ass. Well et ass genuch do. Et misst just anescht a besser verdeelt ginn. Ech wëll elo net déi Chifferen duerleeën, déi a leschter Zäit publizéiert gi sinn a beweisen, datt grad duerch dës Krisepolitik déi Räich nach ëmmer méi räich an déi aner alleguerte méi aarm gi sinn.

Den Här Franz Fayot, deen d'„Kapital" vum Thomas Piketty ausféierlech gelies huet, kann lech wahrscheinlech dozou eng Rei Opschléss ginn. An ech hoffen, datt e senger Partei déi och eng Kéier wäert virdroen, fir datt deen aneren Här Fayot sech net an Zukunft brauch Suergen ze maachen, datt d'Sozialdemokratie zu Lëtzebuerg definitiv ënnergeet, esou wéi ech dat haut héieren hunn.

An da misst een emol bedenken, firwat verschidden…

(Interruption)

Net ech hunn et gesot. Ech hunn héieren, deen éierewäerten Här Fayot huet dorobber higewisen, datt Der wierklech sollt driwwer nodenken, Här Engel.

An da misst een emol bedenken, firwat verschidde Staten an der Kris an och duerno esou vill Suen ausginn hunn. Et misst een drun erënneren, datt do d'Verscholdung vun de Spekulante vun de Staten iwwerholl ginn ass, déi Suen dofir bei deenen normale Leit geholl gi sinn, duerch massiv Sozialkierzungen an op d'Käschte vun deenen noutwendegen Investitiounen.

An et misst een iwwerhaapt - an un éischter Stell - emol kucken, wat d'Ursaach vun der Kris war an ass: nämlech d'Usammlung vun enormem Räichtum bei engem Deel vun der Bevëlkerung, engem minimal klengen Deel vun der Bevëlkerung, déi net méi woussten, wat se domadder sollte maachen. Déi hu gemengt, et géif sech net méi rentéieren, fir dat an d'Realwirtschaft ze investéieren, an déi Casino-Kapitalismus domadder gespillt hunn an domadder d'Existenz vu Betriber, Banken, Mënschen op d'Spill gesat hunn. D'Usammele vum Räichtum ze verhënnere wier eng wichteg Moossnam, déi ee misst huelen, fir an Zukunft Krisen ze verhënneren.

Bei all deem - an da kommen ech zum Schluss - geet et och ëm d'Kredibilitéit vun Europa, vun enger europäescher Politik an enger europäescher Identitéit. Duerch déi falsch Politik, wéi se hei beschriwwe ginn ass - an dat ass keng moralesch Kategorie -, hu Barroso, Reding a Juncker, gradesou wéi Delors, Schulz a Verhofstadt den Nationalisten a Rietspopulisten d'Dier grouss opgemaach.

(Interruption)

Wann een d'Leit wëllt dovun iwwerzeegen, datt mir Europa als gemeinsame Liewensraum brauchen, dee jiddwereen ofséchert - an dofir triede mir an, am Géigesaz zu der ADR -, muss een déi Politik änneren.

A wann d'Chamber hei décidéiert, fir eng Rei Rechter ofzeginn, ënner anerem dat, fräi ze décidéieren, wéi vill Suen een anzitt an zu wéi engem Zweck datt een déi Suen ausgëtt, da gëtt d'Parlament - wéi de Romain Hilgert dat e Samschdeg am „Lëtzebuerger Land" geschriwwen huet: „Welcome in Post-democracy" - och e Stéck Politikgestaltung, Entscheedungsfräiheet of an dréit zur Aschränkung vun der parlamentarescher Demokratie bäi.

Dat stëmmt iwwregens och fir d'Autonomie vun de Gemengen, déi heimat och an hirer Entscheedungsfräiheet beschnidde ginn. Vläicht ass dat awer nëmmen den Ufank vun deem, wat op eis zoukënnt, wann d'Regierung ons hire Budget vun der neier Generatioun bis virleet. Vläicht komme mer dann endgülteg am postdemokrateschen Zäitalter un.

M. le Président.- Ech mengen, Här Turpel...

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, ech si fäerdeg.

(Hilarité)

M. le Président.- Ech war iwwregens ganz fein mat Iech.

(Brouhaha)

Och mat all deenen aneren. Mat en alleguer. Ausser mam…

(Brouhaha)

Voilà, dat wär den… Dee war ganz fein mat eis.

Mir wären um Enn vun eisen Diskussiounen an ech géif dann d'Wuert un den Här Finanzminister Pierre Gramegna ginn.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre Deputéierten, léif Regierungsmemberen, ech si frou, dass mer déi Debatt haut konnten hunn, well timingsméisseg war et wierklech wichteg, dass mer dat nach virun der Summervakanz konnten hikréien. Duerfir géif ech gären der Kommissioun Merci soen an dem Rapporteur Eugène Berger fir säi Virtrag haut an och fir de schréftleche Rapport.

De Fiskalpakt, dee mer haut hei ëmsetzen, ass eng ganz wichteg Etapp, an ech mengen, et soll ee roueg e puer Minutten dee Fiskalpakt a sengem Kontext kucken.

Contrairement zu deem, wat Verschiddener gesot hunn, mengen ech, dass dee Fiskalpakt en fait eng ganz wichteg Roll gespillt huet, fir d'Eurozon an Europa ze stabiliséieren. Well wann dee Fiskalpakt zesumme mam „Twopack" a mam „Sixpack" - déi mer jo hei zum Deel zesummen an d'Lëtzebuerger Gesetz ëmsetzen - net gewiescht wieren, fäerten ech ganz, dass mer haut vläicht guer keng Eurozon méi hätten. A wa mer nach en Euro hätten, da weess ech net, wéi kredibel dass dee wier.

An et ass esou, dass, well déi verschidden europäesch Mesurë geholl gi sinn, mer haut kënne mat méi Zouversiicht an d'Zukunft kucken an och kënnen enregistréieren, dass Saache wéi „Union bancaire" an eng ganz Rëtsch aner Mesuren, déi an Europa elo eng Stabilisatioun mat sech bruecht hunn, iwwerhaapt kënne stattfannen.

Ech war gëschter um ECOFIN an do ass ënner italienescher Présidence eng Diskussioun geféiert ginn, wat dann elo d'Prioritéite solle fir déi nächst sechs Méint sinn. An och do muss ech soen, wa mer keng Stabilisatioun vun der Eurozon gehat hätten, dann hätt déi doten Diskussioun iwwerhaapt net stattfonnt.

De Finanzminister an Ekonomiesminister Padoan huet d'Présidence vun den Italiener an der EU ënner engem Triptyque virgestallt, dee folgendermoossen ausgesäit: éischtens, d'Integratioun an de Marché unique verstäerken; zweetens, Strukturreformen an den Équilibrage vun de Statsfinanzen an alle Länner weiderféieren. An den drëtte Punkt ass, den Investissement privé et public ze förderen.

Jo, wa mer nach ëmmer Duerjerneen an der Eurozon hätten, da géife mer iwwer all déi Sujeten do guer net kënne schwätzen. An ech muss soen, dass déi Diskussioun, déi mer och gëschter haten am ECOFIN, gewisen huet, dass e Konsensus besteet, e gemeinsamen Nenner, géif ech soen, tëschent allen Eurozonlänner, fir d'Prioritéit op d'Croissance, op d'Investissementer an op d'Reduktioun vum Chômage - an haaptsächlech vum Chômage vun deene Jonken - ze setzen. An dat, andeem een am Kader vum Pacte de stabilité et de croissance, wéi en haut ass, déi Marge-de-manœuvren, déi bestinn, ausnotzt.

Ech mengen, dat ass eng exzellent Noriicht. Well dat ass, mengen ech, de Cercle vertueux, deen ee gären hätt, dat heescht, dass een an engem Kader vu relativ gesonde Finanzen, oder Finanzen an Europa, déi amgaange sinn, gesond ze ginn, versicht, méi ze investéieren. Méi ze investéieren, andeem ee méi ausgëtt wéi dat, wat een huet, ass keng gutt Léisung. Dat ass e Cercle vicieux, an dat ass och genau dat, wat den Här Frieden ganz am Ufank vu senger Interventioun gesot huet. Ech mengen also schonn, dass deen heiten Traité, deen dann elo hei an d'Gesetz vum Lëtzebuerger Land ëmgesat gëtt, eng ganz wichteg a ganz gutt Etapp ass.

Wa mer elo op Lëtzebuerg zréckkucken, wëll ech dat heite Gesetz an e Kontext setzen. E Kontext, wou mer jo iwwert de Lëtzebuerger Budget an d'Statsfinanzen nodenken. An ech wëll e bëssen zréckkucken, well et war an der viregter Regierung en Usaz gemaach ginn - an zwar haaptsächlech vum Finanzminister Luc Frieden -, fir d'Budgetsprozedur zu Lëtzebuerg ze moderniséieren. Do waren Etüden am Finanzministère gemaach ginn. Komplementar dozou huet d'OCDE eng ganz Rëtsch Recherchen a Konklusioune gehat.

Et war e gewëssene Wonsch vun der viregter Regierung schonn do, fir déi Modernisatioun vum Budgetsgesetz zu Lëtzebuerg ze maachen. Dat ass net zum Droe komm, aus enger Rëtsch Grënn. Ee vun de Grënn ass natierlech déi grouss Kris, déi komm ass, an haaptsächlech och, dass Europa u sech vill méi séier agéiert huet, well och keen anere Choix do war.

D'Resultat dovunner ass, dass déi dräi Traitéen oder den Traité an dann den „Twopack" an den „Sixpack" ugeholl gi sinn, an déi stelle mer haut hei ëm an d'Lëtzebuerger Gesetz.

Fir de Rappel: Den „Sixpack", deen ass den 13. Dezember 2011 gestëmmt ginn an deen huet haaptsächlech eng Ëmsetzung fonnt an der Direktiv 2011/85, wou de Cadre budgétaire à moyen terme festgesat gëtt an och d'Kommunikatioun vun Informatiounen; an dat setze mer hei am Gesetz ëm.

Den 2. Mäerz 2012 ass den Traité budgétaire, deen iwwert d'Coordination de gouvernance - deen haut haaptsächlech à l'Ordre du jour ass -, adoptéiert ginn an en ass vu Lëtzebuerg de 27. Februar ratifizéiert ginn. Do sinn déi meeschten Dispositiounen dran, déi mer haut a Lëtzebuerger Gesetz ëmsetzen.

An da schlussendlech den „Twopack", deen ass den 23. Mäerz 2013 ugeholl ginn, wou eng Rëtsch Dispositiounen dra sinn, déi mer och an deem heite Gesetz iwwerhuelen, ënner anerem d'Douzièmes provisoires.

A menger Interventioun hei géif ech am léifste gären an zwee Deeler intervenéieren. En éischten, dat ass dee ganzen europäesche Volet, an dann herno plutôt d'Lëtzebuerger Mise en œuvre dovunner an dann de Budget de nouvelle génération, deen déi ganz Period wäert couvréiere vu virun e puer Méint bis an déi nächst Joren eran.

Fir d'Éischt also emol de Volet européen, dat heescht dat Gesetz, wat mer hei haut stëmmen. Do wéilt ech dräi Elementer ënnersträichen. Fir d'Éischt emol wat erausstécht an deem heite Gesetz, dat sinn dräi Saachen a mengen Aen. Dat ass d'Planification pluriannuelle, zweetens verschidde Budgetsregelen an drëttens de Conseil national des Finances publiques.

Wat d'Planification à moyen terme ubelaangt, ass dat eppes, wat fir Lëtzebuerg relativ nei ass. Mir sinn eent vun deene leschte Länner an Europa, wat dat net huet. An ech fannen dat ganz wichteg, dass mer dat elo ëmsetzen, well déi Planifikatioun gëtt eiser ganzer Budgetspolitik Kredibilitéit a Vertrauen.

Zweetens erlaabt déi Planification pluriannuelle, dass een dem Zyklus, dem Wirtschaftszyklus Rechnung dréit. Contrairement zu deem, wat Verschiddener hei gesot hunn, ass dat Pluriannuellt en Element, wat justement et fäerdegbréngt, dass ee kann an Zäiten, wou et gutt geet, e bësse méi spueren, an an Zäiten, wou et schlecht geet, justement dat, wat ee gespuert huet, ausnotzen.

A well een d'Gefill kritt, dass dat e ganz neit Iwwerleeën ass, wëll ech awer hei eng Persoun zitéieren, déi dat scho viru ganz laanger Zäit erkannt huet, an zwar de fréiere Statsminister Pierre Werner, deen 1970 Folgendes gesot huet: «Il faut dépasser l'appréciation selon la conjoncture du moment et toujours se replacer dans le cadre d'un équilibre pluriannuel. C'est pourquoi certaines critiques sur l'année de départ avec ses fortes chances de plus-value conjoncturelle me paraissent oiseuses. Les excédents de la conjoncture ne servent qu'à améliorer les chances de réaliser l'équilibre pluriannuel et à sauvegarder ainsi la solvabilité du trésor ainsi que ses possibilités d'intervention stimulatrice pendant les périodes de déclin.» Dat huet den Här Werner 1970 gesot. Ech mengen, dass en do eng ganz grouss Visioun hat, an en fait fonctionnéiert de Pacte de stabilité et de croissance ewell och esou.

Drëtte Punkt, wat den Aspect pluriannuel ubelaangt, dat ass, dass ee muss d'Dépensen op ville Jore kucken an dass een d'Folgekäschte vun den Dépensen a vun den Investissementer, déi ee mécht, och soll mat a Betruecht zéien - eppes, wat mir zu Lëtzebuerg beileiwen net genuch maachen.

Den zweete grousse Paquet vu Saachen, déi am Fiskalpakt dra sinn, dat sinn eng Rëtsch Budgetsregelen. Fir d'Éischt emol touchéiert dat de Gesamtstat. Dat hu vill Orateuren ënnerstrach, net nëmmen den État central, mä och d'Sécurité sociale an d'Gemengen.

Zweetens gëtt dat heite Gesetz d'Méiglechkeet, fir Maximalausgabe beim Stat festzesetzen. Den Taux muss d'Regierung au cas par cas maachen. Ech wëll soen, an der Vergaangenheet hate mer dat, dat hu mer emol „Norme budgétaire" genannt. Dat war e bëssen en désuétude gefall, mä ech mengen, dat ass eng effikass Manéier, fir d'Croissance vun den Dépensen an der Gitt ze halen.

Déi drëtt Budgetsregel, dat ass vläicht déi, déi am bekanntesten ass. Dat ass déi, déi seet, dass Lëtzebuerg muss säin Objectif à moyen terme anhalen, an zwar vun +0,5% vum PIB, an zwar ass dat de Solde structurel.

Erlaabt mer vläicht zwou Remarquen zu deem Solde structurel ze maachen. Fir Lëtzebuerg ass dee Solde structurel +0,5%. Do gëtt et eng Rei Länner, do ass e bei 0, an eng Rëtsch Länner, do ass e souguer negativ. Wat huet da bei Lëtzebuerg gespillt, dass en esou héich ugesat ginn ass?

Maja, dat ass, well mer eng Dette cachée hunn, haaptsächlech vun eise Pensiounen, wou d'Kommissioun fënnt, dass dat awer e seriöt Argument ass, fir dass mer sollen en fait zu Lëtzebuerg e Surplus hunn. Mir stellen dat och guer net a Fro. De Calcul vun där Ziffer gëtt och all dräi Joer vun der Kommissioun nei gemaach, mä vu dass eis Dette cachée jo laangwiereg do ass, erwaarden ech mer do keng Änerungen.

Dat anert, wat ee muss zum Solde structurel soen - ech mengen, ech hunn dat schonn eng Kéier op dëser Tribün och hei ënnerstrach -, dat ass, dass dee Calcul extrem komplizéiert ass, an dass d'Kommissioun och en fait nach amgaangen ass, e bëssen hin an hier ze fueren, wéi si deen ausrechent, wat eng grouss Incertitude fir d'États membres mat sech bréngt.

Dir musst Iech virstellen, dass de Finanzminister an all Land muss säi Solde structurel upeilen, an d'Manéier, wéi et gerechent gëtt, ënnerfält enger gewëssener Onsécherheet, soudass ee vläicht eppes upeilt an et rechent een et aus an herno fënnt d'Kommissioun eppes aneschters eraus. Dat, hoffen ech, dass dat an deenen nächste Méint preziséiert gëtt, well dat gëtt eng grouss Onsécherheet. An da leschtens ass natierlech de Mécanisme de correction och an dësen neie Budgetsregelen dran.

Den drëtte Punkt, deen ech wollt ënnersträichen, ass dee vun deem neien Organ, de Conseil national des Finances publiques, dee mer hei an d'Liewe ruffen. Déi viregt Regierung hat proposéiert, d'Banque centrale do ze huelen, wat och enger gewëssener Logik entsprach huet. Mir wëssen haut, dass d'Europäesch Zentralbank dat ofgeroden huet. An duerfir hu mer en fait en Organe indépendant wëlle schafen, deen zwar och d'Forces vives de la nation associéiert, wéi verschidde Leit dat och hei richtegerweis ënnerstëtzt hunn, a genau dat war och de Wonsch. E Wonsch, well mir mengen, dass mer mussen dee Clivage, deen een awer oft verspiert tëschent deene Leit, déi net associéiert sinn an der Diskussioun an dat systematesch kritiséieren, dass een déi och mat an d'Boot erakritt.

De Minister Frieden huet eis gefrot - zu Recht -, wat d'Kompetenze vun deene Leit solle sinn. Eh bein, effektiv d'Äntwert läit an der Fro. Dat solle kompetent Leit sinn, déi d'Finances publiques kennen. A se wäerten hei mussen eng gewëssen Indépendance hunn, fir net ze soen eng total Indépendance hunn, fir hir Aarbecht kënnen ze maachen.

Déi siwe Membere brauch ech elo net hei virzestellen. Ech mengen, et ass équilibréiert. Ech hunn och drop gehalen, dass natierlech d'Chambre des Députés soll do derbäi sinn, well d'Chamber jo de Budget stëmmt. D'Regierung als den Artisan an dann, wéi gesot, d'Forces vives, fir do e gewëssenen équilibréierten Avis ze kréien.

Nach zwee Wuert zum Fiskalpakt, een zum Timing an een zur Aart a Weis, wéi mer dat transposéiert hunn. D'Kommissioun wäert am Laf vum Summer eng Evaluatioun maachen, wéi déi verschidde Länner de Fiskalpakt ëmgesat hunn. Duerfir war et extrem wichteg, dass mer matzäiten deen heiten Text stëmmen, well mir si schonn a Verzug. En hätt scho missen op den 1. Januar gestëmmt ginn - mir wëssen, firwat dass dat net geschitt ass -, an duerfir all deenen, déi gehollef hunn, dass et elo soll relativ séier goen, Merci.

Dann zu der Manéier, wéi mir transposéiert hunn. Do war ech frou, ze enregistréieren, dass jo awer e gewëssene Konsensus besteet, dass mir dat op eng équilibréiert, op jidde Fall net op eng maximalistesch Aart a Weis transposéiert hunn.

Aus zwee Grënn, géif ech soen: Deen éischten ass, fir dass d'Regierung eng gewësse Marge de manœuvre huet, an deen zweeten ass, fir dass d'Parlament, d'Chambre des Députés, eng gewësse Marge de manœuvre huet. A mir wëssen, dass aner Länner dat jo och esou gemaach hunn. Voilà zum Thema.

Zum zweeten Deel wéilt ech e bëssen e Rappel maachen, wou mer stinn a Saache Prozedur vum Budget am Kontext vum Budget de nouvelle génération, e Projet, dee mir jo direkt am Januar vun dësem Joer als nei Regierung lancéiert hunn.

Ech rappeléieren, dass d'Regierung an hire Koalitiounsprogramm geschriwwen huet, dass se d'Verschëldung wëllt limitéieren a sech als iewescht Limite 30% gesat huet, an dass se de Solde structurel bis 2018 op jidde Fall erëm wëllt anhalen. Ech wëll och soen, 2014 hale mer dat alles an, well mer do jo gréng Luucht vun der Kommissioun kruten, ouni eng eenzeg Kritik.

Mir hunn och ausgerechent, wéi vill mer an deenen nächste Jore musse vun Efforte maachen, fir 2018 justement de Solde structurel vun 0,5% kënnen ze erreechen. Déi Ziffere sinn lech bekannt, dat sinn 1.040 Milliounen, eng Milliard 40 Milliounen, déi musse bis 2018 gespuert ginn. Dat kann awer och gemaach ginn, andeem nei Synergië fonnt ginn, méi effikass geschafft ka ginn, en fait de Stat moderniséiert ka ginn.

Ech wëll och ënnersträichen, dass d'Regierung de Rhythmus, andeem se déi Erspuernisser wäert erreechen, nach net ausgerechent huet, well déi Décisiounen eréischt geholl ginn.

Last but not least op dësem Punkt: De fréiere Finanzminister Luc Frieden huet gesot, dës Regierung soll gemooss ginn op den État central, well et ass do, wou mer e Problem hunn. Dat ass ganz richteg. Dat huet sech och déi nei Regierung virgeholl, op deem État central sengem Defizit ze agéieren. Mir stelle fest, dass an deene leschte fënnef Joer justement grad do de Problem louch, well mer do praktesch eng Milliard Defizit haten. Mir wëssen, dass Krisen an där Period waren, mir wëssen also och, dass et do schwéier war, an och muer schwéier gëtt, mä mir hunn eis virgeholl, do ze agéieren.

De Budget de nouvelle génération ass en fait e Processus - ech wéilt dann e bëssen doriwwer aushuelen an dann och ophalen, Här President -, deen dëst Joer an dräi Phase geschitt ass.

Mir hu fir d'Éischt eng Phas de cadrage gemaach - och mat Hëllef vun engem Consultant - an dunn hu mer am ganze Stat 15 Aarbechtsgruppe plus véier Horizontalgruppe gegrënnt, an déi hunn hir Aarbechte grosso modo elo fäerdeg gemaach. An déi drëtt Phas geet elo an dësen Deeg un, wou d'Regierung muss de Choix maachen tëschent de verschiddene Mesuren, déi do virgeschloe gi sinn. Dat heescht, elo fänkt d'Phas un, delikat ze ginn, well do Arbitragë musse gemaach ginn.

Mä deen Exercice, dee mer dëst Joer gemaach hunn, dat heescht, wou mer d'Dépensen all hannerfrot hunn, deen „Budget review", ass en Exercice, fanne mer, dee ganz gutt ass an dee mer all déi aner Jore vläicht misste bäibehalen. Elo kenne mer d'Methodologie a mir mussen dat iwwert déi nächst Joren d'autant plus duerchzéien, well eise Budget haut pluriannuel ass.

Mä doriwwer ewech, wat elo 2015 geschitt, musse mer och op déi nächst Jore kucken. Mir wëllen do d'Missioune vum Stat an de Vierdergrond stellen, andeem mer déi alleguerten definéieren an eis Programmer ginn. Programmer, déi mer wëllen erreechen an déi mer wëlle moossen. Dat ass eng aner Manéier, e Budget opzestellen. Et ass awer och eng aner Manéier, de Budget ze kontrolléieren, andeem ee sech Ziler gëtt an da kuckt, wéi déi Ziler erreecht gi sinn.

Dat ass an anere Länner an der Vergaangenheet gemaach ginn. Dat ass e Processus, deen ass net einfach ze maachen, mä mir hunn eis dorop embarquéiert a mir wäerten och dës Chamber regelméisseg iwwert déi Développementer do au courant halen.

Mir wëlle schonn am Budget 2015 de Budget e bësse simplifiéieren, andeem mer tëschent dräi an 350 Artikelen zesummerafen, fir de Budget méi lieserlech ze maachen, fir awer och de Ministeren eng Responsabilitéit ze ginn, wéi se hir Ziler erreechen, wéi se hir Suen am beschten investéieren.

Bref, esou wéi dat och am Koalitiounsprogramm steet, mir wëllen d'Struktur vum Budget, esou wéi e gemaach gëtt a wéi en ausgeféiert gëtt, op Basis vun den Erkenntnisser vun der OECD, op Basis vun deene Studien, déi am Finanzministère gemaach gi si wéi och an der Inspection générale des Finances, an deene nächste Méint oder Jore maachen an dat am Intérêt vun enger méi effikasser a moderniséierter Ausgaben- a Budgetspolitik.

E lescht Wuert zur Majorité qualifiée. Ech freeë mech, dass d'CSV gesot huet, dass se géif dëse Projet matstëmmen. Doduerch kréie mer eng super Majorité qualifiée - well mir kréien elo eng ganz flott Ziffer eraus.

Ech wëll awer och ënnersträichen, dass, wann een et och um juristesche Plang kuckt, doduerch, dass mer den Traité budgétaire hei mat enger Majorité qualifiée gestëmmt hunn, och schonn am éischten Usaz eng qualifizéiert Majoritéit haten, an dass d'Traitéen zu Lëtzebuerg eng Valeur supérieure hunn an der Hiérarchie des normes du droit, wéi d'Lëtzebuerger Gesetzer, ech mengen, dass mer op kengem Punkt kéinten attackéiert ginn, dass mer dat hei net mat den néidege Majoritéite gemaach hätten.

An deem Sënn un Iech alleguerte fir Är Commentairen a Reaktioune villmools Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Finanzminister. Den Här Turpel freet d'Parole après ministre.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Jo, par rapport zu deem, wat de Minister gesot huet iwwert déi nei Procédure budgétaire, Budget de nouvelle génération. Ech hat verstanen - an duerfir wollt ech dat elo nach eng Kéier wëssen -, d'Chamber géif enk abezu ginn an déi verschidde Phase vun der Ausaarbechtung vun der neier Methodologie.

Elo komme mer an déi drëtt Etapp, an ech hat awer verstanen, dat géif op all Etapp geschéien. Duerfir wollt ech de Minister froen, wéi hie gedenkt, dat ze maachen, fir och d'Chamber an déi verschidde Phase vun der Ausaarbechtung, net vum Budget selwer, mä vun der Methodologie vum neie Budget anzebezéien. Merci.

M. le Président.- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Jo, merci, ech kann dat ganz gären erklären. Déi drëtt Phas an dësem Joer vun der Élaboratioun vum Budget fir 2015, do si mer nach an der - loosse mer soen - Phase pilote, déi mer amgaange sinn 2014 ze maachen. Wa mer eriwwerginn an de Budget par objectif, Budget par programme, dat ass eng Prozedur, déi mer amgaange sinn ze studéieren, do muss och d'Gesetz geännert ginn vun eisem Budget an do gëtt natierlech d'Chamber mat implizéiert.

Mä mir sinn nach net esou wäit. Mir sinn amgaangen, déi Texter ze studéieren. Ech wollt just dat an Aussiicht stellen, dass dat och nach kënnt, mä fir den 2015er Budget si mer nach am aktuelle Rahmen. Voilà.

M. le Président.- Merci dem Här Finanzminister. Mir géifen dann zum Vote iwwert den Ensembel vum Projet de loi 6597 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6597 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6597 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

(Interruption)

Jo, de Generalsekretär mécht mech hei drop opmierksam, dass am Virfeld net matgedeelt ginn ass, dass et e Vote à majorité qualifiée wier.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et ass keen!

(Interruptions)

M. le Président.- Ah voilà. Voilà!

(Interruptions)

Okay, dann ass de Projet de loi 6597 mat 55 Stëmmen ugeholl.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Ech soe Merci.

Mir géifen zum Projet de loi 6631 iwwert déi sougenannten „Sukuken" iwwergoen. An anere Wierder, dat sinn déi islamesch Finanzéierungsmodeller, déi och hei zu Lëtzebuerg solle reglementéiert ginn. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht, an d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Guy Arendt. Här Arendt, wann ech gelift.

3. 6631 - Projet de loi portant autorisation d'aliénation de trois immeubles administratifs en vue de leur location et de leur rachat

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, léif Kolleegen, de Projet de loi, iwwert deen ech lech op dëser Plaz e Rapport maachen, ass de 17. Dezember 2013 vum aktuelle Finanzminister déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 11. Mäerz 2014 finaliséiert an den 19. Juni vun dësem Joer huet d'Cofibu mech zum Rapporteur ernannt. Bei där Geleeënheet sinn de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert ginn an en Amendement ass un de Statsrot geschéckt ginn. Dësen huet säin Avis complémentaire den 1. Juli eraginn, soudass de schréftleche Rapport den 8. Juli an der Kommissioun konnt ugeholl ginn.

Et geet bei dësem Gesetzesprojet drëm, d'Konditiounen ze schafen, fir dass Lëtzebuerg dat éischt Land op der Welt ka sinn, wat e sougenannten „Sukuk" an Euroen op d'Bee stellt. Dëst ass e Finanzproduit, deen de Besoine vun der islamescher Finanzwelt nokënnt, andeems en am Respekt vun de Regele vun der Scharia steet. „Sukuk" steet eigentlech fir „Certificat de financement", deem ee mat Obligatiounen aus eisem bekannten Emprunt obligataire nokënnt.

An dësem Sënn leeft de Rendement vum Invest net iwwer Zënsen, mä iwwert de Gewënn vun engem sougenannten „Actif sous-jacent". An eisem Fall geet dat iwwert de Loyer vu bestëmmte Gebaier. Dëse Finanzproduit riicht sech also un éischter Linn un Investisseuren aus de Golfstaten.

Ier ech op déi genau Funktiounsweis vun esou engem Sukuk ze schwätze kommen, wollt ech dëse Gesetzesprojet an de Kontext vun der Finanzpolitik vun eiser Regierung stellen. Esou wéi de Koalitiounsvertrag dat virgesäit, mécht dës Regierung Efforten, fir de Finanzsecteur hei zu Lëtzebuerg weider ze stäerken, an dat am Intérêt vum Land an de Bierger. Eng gewëssen Diversifikatioun an dësem Beräich ass gefrot, éischtens, wat den Typ vu Finanzproduiten, an zweetens, wat hir geografesch Ausriichtung ugeet. Eréischt déi lescht Woch gouf et jo an dësem Kontext gutt Noriichten, wéi de Finanzminister verkënnege konnt, dass eng weider chineesesch Bank sech zu Lëtzebuerg installéiere wéilt.

Am Gesetzesprojet vun haut de Mëtteg geet et drëm, eng musulmanesch Clientèle vun eise Finanzproduiten ze iwwerzeegen. Déi islamesch Finanzwelt ass e Marché, dee sech an de leschte Jore gutt entwéckelt huet. Dofir ass et wichteg, dass Lëtzebuerg sech an dësem Beräich ganz schnell positionéiert.

Wéi Der wësst, verbitt déi musulmanesch Finanzwelt, dass Zënsen op engem Invest bezuelt ginn. Dat heescht och, dass dës Investisseuren eis klassesch Produiten, zum Beispill wat eis Financements obligataires ugeet, net notze kënnen. Mir wëllen et dësen Institutiounen a Leit méi einfach maachen, op Lëtzebuerg ze kommen, andeem mer op dëser Plaz e Prozess ustoussen, deen dem Stat et erlaabt, e Sukuk op d'Been ze stellen. Dëst ass näischt aneschters wéi e Financement obligataire, deen no de Regele vun der Scharia fonctionnéiert.

Dir verstitt also, dass dëse Projet vun extremer Wichtegkeet fir eise Finanzsecteur ass.

Här President, ech mengen, et ass am verständlechsten, wann ech lech an e puer Wierder erklären, wéi esou e Sukuk fonctionnéiert.

Engersäits verkeeft de Lëtzebuerger Stat dräi bestëmmte Gebaier, déi him gehéieren, un eng Gesellschaft, déi nëmme fir dësen Zweck geschafe gëtt. Et geet hei ëm eng Zomm vun 200 Milliounen Euro. Bei dëser Gesellschaft handelt et sech, fir de professionelle Jargon ze benotzen, ëm en SPV oder „special purpose vehicle", och nach „Véhicule de structuration" genannt. Dës Entitéit huet exklusiv zum Zil, de Sukuk ofzeweckelen. De Stat gëtt zu 100% Aktionär vun dëser Gesellschaft, déi mat dem Mindestkapital gegrënnt gëtt, soudass dës Transaktioun keen Effet op de Statsbudget huet.

Bei de Gebaier handelt et sech ëm déi zwee Tierm um Kierchbierg an ëm d'Gebai Gutenberg zu Stroossen. D'Gesellschaft verlount dann déi Gebaier, vun deene se fir d'Dauer vum Sukuk Propriétaire gëtt, genau wéi de Stat et bis elo gemaach huet. D'Suen, déi iwwert de Verkaf erakommen, ginn an ëffentlech Investissementer, wéi zum Beispill an de Fonds des routes oder de Fonds du rail, investéiert.

Da stellt dës Gesellschaft Obligatiounen am Gesamtwäert vun 200 Milliounen Euro un interesséiert Investisseuren aus, déi haaptsächlech aus de musulmanesche Länner kommen, ouni awer dass dës Obligatiounen op bestëmmten Investisseure limitéiert wieren. All Investisseur kann also do matmaachen, wann e wëllt.

Am Géigenzuch zu dësen Obligatioune kréien d'Investisseuren en Deel vum Loyer, deen déi dräi Gebaier der Entitéit erabréngen. De Retour um Invest hänkt vum Montant of, deen duerch d'Loyeren erakënnt. Deen aneren Deel vum Loyer gëtt geholl, fir déi administrativ Fraisen ze decken, wéi zum Beispill Steieren, déi op d'Gesellschaft falen, oder d'Käschte vum „Shariah Committee". Op dee kommen ech nach ze schwätzen.

An enger nächster Phas léist sech de Sukuk erëm op. No maximal fënnef Joer verkeeft d'Gesellschaft hir Rechter un den dräi Gebaier erëm un de Lëtzebuerger Stat zréck, zum selwechte Präis, wéi si se kaaft huet. Dat heescht fir 200 Milliounen Euro oder de Géigewäert an Dollaren. Zu dësem Zäitpunkt kënnt de Sukuk also op en Enn.

Här President, ech géif dann awer och nach op e puer Detailer agoen, déi de Statsrot a sengem Avis opgeworf huet. Éischtens besteet bei esou engem Sukuk en „Shariah Committee", also e Comité vun Experte vun der islamescher Finanz, an dee stellt sécher, dass alles no de Regele vun der Scharia ofgewéckelt gëtt. An et ka sinn, dass dëse Finanzproduit natierlech méi deier gëtt wéi de klassesche Financement obligataire doduerch, dass eben dee Comité muss agesat ginn. Dat ass gutt méiglech, mä dëse Sukuk muss een an engem vill méi breede Kontext gesinn.

Duerch dëse Gesetzesprojet schéckt Lëtzebuerg d'Signal un déi musulmanesch Länner, dass si bei eis wëllkomm sinn. De Sukuk sollt also net eenzel bewäert ginn, mä am Zesummenhang mat dem Positionéiere vun eiser Finanzwelt, vun eiser Finanzplaz weltwäit, déi oppen an diversifizéiert ass. Wa mer an der musulmanescher Finanzwelt als „halal" bekannt sinn, kann een dovun ausgoen, dass musulmanesch Kapitaler an Zukunft bei eis investéiert ginn.

Dann ass och nach d'Fro vun de staatleche Garantien opkomm, am Fall, dass eent vun de Gebaier während deene fënnef Joer zu Schued komme sollt duerch en Accident, wéi engem Feier zum Beispill. Et ass an dësem Kader ze bemierken, dass sech dës Gefore fir all Propriétairë stellen. Dëst huet also näischt mam Sukuk u sech ze dinn. Ob de Stat dës Gebaier wéi elo direkt oder wéi am Fall vun engem Sukuk iwwert dës nei Sociétéit verlount, spillt do keng Roll.

Och ass d'Fro opgeworf ginn, wéi et mam steierlechen Traitement vun esou engem Sukuk ausgesäit. Sou wéi bei all anerem Finanzproduit hänkt dëse vum Enn-Bénéficiaire of. Dëse muss kucken, dass hien déi Steiere bezilt, déi a senger Législatioun ufalen.

De Statsrot hat och nach eng Fro gestallt am Bezuch op d'Anhale vum Artikel 26 vum Gesellschaftsgesetz vun 1915. Dësen Artikel fënnt allerdéngs hei keng Uwendung, well hei keen Apport en nature an déi Gesellschaft gemaach gëtt. Mir brauchen also hei kee Rapport vun engem Réviseur, deen d'Immeublë géif evaluéieren.

Här President, mat dësem Gesetzesprojet, dee mer de Mëtteg hei diskutéieren, erlabe mir et dem Stat, dräi Gebaier fir eng maximal Lafzäit vu fënnef Joer un eng Sociétéit ze verkafen, déi doduerch nei Clienten op eis Finanzwelt wäert bréngen.

Oppenheet huet eist Land nach ëmmer gekennzeechent, an dës Oppenheet wäert eis och an Zukunft weiderbréngen. De Koalitiounsaccord schwätzt vun Oppenheet, Responsabilitéit, Kohäsioun. Ech mengen, et ass net schwéier, ze gesinn, wéi dëse Projet de loi eng Ouverture maache wäert, fir nei Clienten op Lëtzebuerg ze kréien, eng Ouverture, duerch déi mir Responsabilitéit fir eist Land iwwerhuelen, andeems mer eist Land op der Kaart vun der Finanzwelt placéieren a seng Kohäsioun duerch eis staark Wirtschaft garantéieren.

Ech wëll zum Schluss och de Leit aus dem Finanzministère op dëser Plaz Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht grad wéi mat de Membere vun der Finanzkommissioun. Dat gesot, bréngen ech hei den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem virleienden Text an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Den nächste Riedner ass den Här Luc Frieden fir d'CSV.

Discussion générale

M. Luc Frieden *(CSV).*- Här President, ech sinn eigentlech frou, datt um Enn vun dëser Parlamentssessioun virun der Summervakanz de Mëtteg nach dräi Projeten um Ordre du jour stinn, déi nach d'Handschréft vun der viregter Regierung a vu mir als Finanzminister droen. Dat war dee Projet virdrun, dat ass dësen an dat ass deen nächsten.

Bei dësem stellen ech mat Satisfaktioun fest, datt déi nei Regierung quasi an hirem éischten Akt, dee si gemaach huet, nämlech am Dezember, wéi se ugetrueden ass, dëse Projet, deen nach an der viregter Regierung am Regierungsrot war, och op den Instanzewee ginn huet. Ech mengen, dat ass gutt, well dat beweist, datt d'Finanzplaz an den Ae souwuel vun der viregter Majoritéit wéi vun dëser e ganz wichtege Secteur an der Lëtzebuerger Ekonomie ass. En ass wichteg fir eist Land, d'Plaz selwer, d'Aarbechtsplazen, mä selbstverständlech och fir d'Revenuen, déi fir de Stat a fir aner Betriber an der Ekonomie duerch de Finanzsecteur generéiert ginn.

Sou muss een dëse Projet gesinn, well en ass Deel a mengen Aen als fréiere Finanzminister an och haut am Numm vun der CSV-Fraktioun, fir datt mer eng breet opgestallte Finanzplaz hunn. Mir brauchen awer eng Strategie, déi méiglech mécht, datt eis Finanzplaz sech vun aneren ënnerscheet. An d'Lëtzebuerger Finanz-

plaz ënnerscheet sech virun allem vun aneren, well se méi international ass, well se huet jo kee groussen nationale Marché. Déi Acteuren, déi hei sinn, kucken an d'ganz Welt, an duerfir geet et also drëm, datt mir als Finanzplaz un der globaliséierter Ekonomie deelhuelen.

Duerfir hu mir eis an deene leschte Joren äifreg op de Wee gemaach, andeem mir souwuel Produkter, Déngschtleeschtungen en adequate gesetzleche Kader ginn hunn, wéi och duerch grouss Promotiounsefforten iwwerall op der Welt, och ausserhalb vun eisen traditionellen europäesche Mäert, déi weiderhi wichteg bleiwen, och positionéiert hunn.

De Rapporteur Guy Arendt, deem ech hei villmools Merci soe fir seng souwuel politesch wéi juristesch Erklärungen, huet drop higewisen, datt mer et an deene leschte Jore fäerdegbruecht hunn, déi dräi gréisste chineesesch Banken als hiren europäeschen Hub op Lëtzebuerg ze kréien. Datt deen Effort elo weidergeet, ass gutt, an datselwecht gëllt fir aner Produkter, déi an anere Regioune verkaaft ginn, an dozou gehéiert d'Iddi, déi hannert dësem Sukuk ass.

A priori ass dat net, fir en Emprunt ze émettéieren, fir Suen anzedreiwen, well déi 200 Milliounen hätte mer och op klasseschen europäeschen oder amerikanesche Mäert kënnen andreiwen, mä et geet drëm, de Fändel vu Lëtzebuerg an domat d'Kreatioun vun Aarbechtsplazen ofzesécheren, andeem mer eis Déngschtleeschtungen och an neien Ekonomien, déi schnell um Wuesse sinn, kënne verkafen. An dozou gehéieren déi Länner an der arabescher Welt, mä och virun allem an Asien, wou d'islamesch Finanz bekannt ass.

Eigentlech ass dat, wat an der islamescher Finanz hei geregelt gëtt, guer net esou anescht wéi dat, wat mir an eise Kreesser, an eise geografesche Kreesser historesch kannt hunn.

Dat Wuert „islamesch Finanz" ass heiansdo e bëssen irreführend. Dat huet näischt mat Fundamentalismus ze doen. Dat huet näischt mat Islamisten ze doen. Dat sinn also einfach verschidden ethesch Prinzipien, déi an enger vun de Weltrelioune sinn, déi een interessanterweis an eise Reliounen och fonnt huet. D'kathoulesch Relioun huet laang Zäit och de Prêt à intérêt - well dorëms geet et, datt ee keng Zënse kann ophiewen - verbueden. D'Protestanten och, bis de Calvin komm ass an dat e bëssen opgemaach huet. An d'Judden hunn de Prêt à intérêt ënner sech verbueden, mä vis-à-vis vun Drëtten hu si en erlaabt.

Ech nuancéieren dat net, ech soen dat einfach an engem ganz strikte Résumé. Et gi sécherlech vill méi Nuancen an deenen eenzelne Reliounen, wéi ech se gesot hunn, mä et gouf e Fil conducteur, deen nach haut an der islamescher Relioun bliwwen ass.

Wat also deen eenzegen oder Haaptënnerscheed ass, ass, datt een hei Produkter als Basis setzt, fir als Stat Suen ze léinen, déi net kënnen Zënse generéieren. Et muss och en Investissement hannendru sinn, e konkreten Investissement, duerfir dës Gebaier, an déi musse sozial responsabel sinn. Eppes, wat mir jo och an eiser Ekonomie vill kennen, well d'Betriber an d'State wëlle sozial responsabel sinn. Duerfir kann een also net all méiglech Investissementer als Basis vun deem Prêt huelen, mä nëmmen där, déi och ethesch a sozial responsabel sinn.

An hei an dësem Fall gebraucht d'Regierung Gebaier, déi si als Grondlag hëlt, fir déi ze verlounen, an dat Verlounen ass en fait de Loyer, dee bezuelt gëtt, fir déi Suen, déi de Stat heimadder ophëlt an déi en an de Statsbudget erafléisse léisst.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Et ass also näischt esou Extraordinäres, mä et geet drëm, wéi gesot, datt mir och an Zukunft de Fändel vun der Finanzplaz Lëtzebuerg och op anere Plazen an der Welt kënnen opriichten. An ech soen net nëmmen an de Golfstaten, déi e ganz staarke Wuesstum kennen, mä och an Asien. Dat gréisst islamescht Land ass Indonesien. Dat sinn also och nei Marchéen, op déi mir kënnen an der Zukunft goen.

Ech wëll och drun erënneren, datt déi viregt Lëtzebuerger Regierung zwou Ambassaden opgemaach huet a Länner, wou och déi Prinzipien do zum Deel elo oder an der Zukunft an der Finanzwelt eng Roll spillen, nämlech an Abu Dhabi an de Golfstaten an an der Türkei an Europa an un der Grenz mat Asien.

Et geet also drëm, weider d'Lëtzebuerger Finanzplaz ze diversifizéieren, weider ze stäerken, an dat brauch eist Land och an deenen nächste Joren. Et ass also e gudde Projet, et ass e Projet, deen eis souwuel déi geografesch wéi d'Produktdiversifikatioun erlaabt. An déi ass noutwendeg, wa mir wëllen - an ech mengen, vill heibanne wëllen dat - d'Finanzplaz weider wuesse loossen.

Eng juristesch Remarque, déi ech mat gäre géif ginn och an d'Kommissioun vun den Institutiounen am Kader vun der Verfassungsdiskussioun, mir hate schonn esou eng Reflexioun an eise Remarquë virdrun: D'Fro stellt sech, ob ee wierklech e Gesetz brauch, wann de Stat Gebaier quasi u sech selwer verkeeft. Déi Gebaier hei gehéieren dem Stat, déi ginn, wéi de Rapporteur virdrun exposéiert huet, temporairement an eng aner Gesellschaft transferéiert, déi zu 100% dem Stat gehéiert, an no der Operatioun komme se zréck un de Stat.

Ech sinn also der Meenung, datt vun der Ratio, vum Gesetz hier, vun der Verfassung hier hei sécherlech kee Gesetz géif gebraucht ginn. Ech ginn awer gären zou, datt, wann een eng méi enk Ausleeung vun der Verfassung mécht, all Transfert de propriété e Gesetz verlaangt, datt mir duerfir dat Gesetz hei solle maachen, och fir e ganz kloren a propperen „legal opinion" vun deenen ze kréien, déi ee bei esou Operatioune brauch. Trotzdeem mengen ech, sollte mir an der Institutiounskommissioun vun dësem Haus kucken, ob een net an Zukunft fir esou Transferts de propriété vum Stat un de Stat déi gesetzlech Basis an der Zukunft net méi géif brauchen.

Mat där Remarque géif ech wëllen dës Interventioun ofschléissen. Nach eng Kéier: Et ass, wéi gesot, e Projet, dee wichteg ass, fir datt Lëtzebuerg un der Globaliséierung ka participéieren, datt Lëtzebuerg sech nach méi breet kann opstellen an datt mer och weider an Zukunft Aarbechtsplazen op der Finanzplaz kënne schafen, datt mer kënnen nei Revenue generéieren an datt domadder net nëmmen d'Finanzplaz, mä och all déi aner Betriber, déi direkt oder indirekt vun der Finanzplaz ofhänken, kënnen dovunner bénéficiéieren.

Ech ginn domat den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Här Frieden, fir Är interessant Interventioun. Als nächste Riedner ruffen ech op d'Tribün den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, et ass scho gesot gi vu menge Virriedner: Et ass net déi éischt Tentative mat dësem Projet de loi, fir Lëtzebuerg ze positionéieren als en Zentrum fir islamesch Finance. Et si schonn Efforte gemaach ginn an der Vergaangenheet, ech menge vun 2008 un an der Haaptsaach, fir Lëtzebuerg ze positionéieren. De Luc Frieden huet et gesot. De Finanzministère huet Efforte gemaach, „Luxembourg for Finance" huet Roadshows gemaach, d'Alfi huet och Efforte gemaach an der Vergaangenheet, fir d'islamesch Finanzen, fir Lëtzebuerg als en Zentrum, als eng Plattform fir islamesch Finanze schmackhaft ze maachen.

Et muss een awer leider soen - an ech soen dat als een, deen dat méi vun engem professionelle Standpunkt aus erlieft huet -, dass déi Tentativen ni vu sonnerlech vill Succès gekréint waren an dass déi vill Clienten, déi sollten duerch déi Promotioun do ugezu ginn, méi vun der Fata Morgana hate wéi vun enger bléiender Oasis.

Déi Finanzprodukter, déi zu Lëtzebuerg ënnert de Regele vun der Scharia opgeluecht goufen - an där gouf et, an et gëtt der och nach ëmmer -, waren éischter e Produit vun Zoufall, wéi d'Resultat vun enger concertéierter Politik. An et waren och Niewenerscheinunge vun anere Produiten, vun aneren Industrien, wéi notamment d'Fongenindustrie oder déi Finanzementer, déi iwwer Lëtzebuerg gemaach goufen. Ech kommen nach dorobber e bësse méi spéit zréck.

Mä et ass awer och net esou, dass dëse souveräne Sukuk géif an eng total Wüst falen an an enger totaler Wüst géif entstoen. Lëtzebuerg ass haut schonns, an dat muss ee vläicht och eng Kéier soen, déi Haaptfongeplattform ausserhalb vun der muselmanescher Welt fir Scharia-konform Fongen. Dës Fonge sinn eigentlech näischt aneschters wéi sozial responsabel Investissementer. An ech mengen, do muss een och soen, dass dat jo eng vun de Prioritéiten ass vun dëser Regierung, och an der Promotioun vun der Finanzplaz, fir eben op de Wee ze goe vu méi sozial responsabele Finanzprodukter.

Och op der Lëtzebuerger Bourse gi säit längerer Zäit Sukuke cotéiert. An et ass do interessant ze gesinn, dass viru Kuerzem d'Islamic Development Bank, d'IDB zréckkomm ass op d'Bourse, virun zwee, dräi Méint, fir erëm hei Valeuren ze cotéieren, nodeems se eng Rei Joren net méi do war. An et muss ee wëssen, dass déi IDB deen Émetteur-phare ass schlechthin am muselmanesche Raum. Dat heescht, et ass wierklech e Pôle d'attraction an e wichtege Facteur de réussite fir dës Nisch an e gutt Zeechen, dass deen zréckkomm ass op d'Lëtzebuerger Bourse.

A schlussendlech ginn et och scho säit längerer Zäit Finanzementer, déi Scharia-konform zu Lëtzebuerg gemaach ginn, iwwer Lëtzebuerger Gesellschaften a mat Lëtzebuerger Déngschtleeschter aus dem Finanzsecteur. An d'Steierverwaltung huet d'ailleurs an deem Kontext 2010 eng Circulaire erausginn, den 12. Januar 2010, iwwert de Steierregime vun islamesche Finanzprodukter.

Et gesäit een also, dass et schonn haut op der Lëtzebuerger Finanzplaz eng ganz Rei Déngschtleeschter, Banken, Administratioune gëtt, notamment d'CSSF, déi eng Partie Memoranda of understanding ënnerschriwwen huet mat aneren Autoritéiten aus dem muselmanesche Raum, mä och d'Lëtzebuerger Zentralbank, déi als éischt Zentralbank am Conseil vum Islamic Financial Services Board souz, dass et also schonn eng ganz Expertise gëtt, e ganze Savoir-faire op eiser Finanzplaz en rapport mat islamescher Finanz. An dorobber kann ee sécher opbauen am Développement vun där Nisch och hei zu Lëtzebuerg.

Madame President, Dir Dammen an Dir Häre, dëse Projet - kréie mir vum Finanzministère gesot - soll e Signal sinn, soll enfin e Produit d'appel sinn an der Haaptsaach. An der Haaptsaach am Beräich och vun der Verméigensverwaltung, fir déi grouss Fortunen aus deem Raum ëm de Golf, mä och aus anere muselmanesche Länner op Lëtzebuerg unzezéien, eben am Domän vun der Banque privée.

Et muss een nämlech als Finanzplaz esou Produiten ubidden, fir dass déi Investisseure bei Lëtzebuerger Banken oder bei Lëtzebuerger Déngschtleeschter kommen, och wann een haut schonn an der Praxis gesäit, dass eng ganz Partie där Investisseuren net méi strictement no Scharia-Kritären investéieren. Dat heescht, et si schonn haut eng ganz Rei där Investisseuren, déi och Produite kafen, Finanzproduite kafen, déi net no deene Kritären opgeluecht ginn. Mä et ass awer wichteg fir eng Finanzplaz, dass een déi Produiten huet a senger Gamme. An dofir ass et wichteg, dass dëse Sukuk souverain vu Lëtzebuerg elo émettéiert gëtt.

D'Resultat fir d'Finanzplaz, déi positiv Wierkung duerch eng nei Clientèle, déi doduerch och heihinnerkënnt, soll den zousätzlechen Opwand a Käschtepunkt fir d'Land géigeniwwer engem normalen Emprunt rechtfertegen.

De Statsrot hat jo kritesch dee supplémentairë Coût begutacht, andeem hie gesot huet, dass deen „Shariah Committee" e wichtege Käschtepunkt ass, dass och déi Strukturatioun vun där Operatioun hei e bësse méi komplex ass wéi en normalen Emprunt. Ech mengen, dat sinn effektiv Kritiken, deenen ee soll Rechnung droen. An et ass wierklech ze hoffen, dass deen zousätzlechen Opwand a Käschtepunkt kompenséiert gëtt duerch effektiv eng positiv Retombée fir de Lëtzebuerger Finanzzentrum.

Dat ass ze hoffen. Et kann een, wann een elo gesäit, wat deen engleschen Emprunt, dee jo u sech zäitgläich bal mat deem Lëtzebuerger lancéiert ginn ass, deen englesche souveräne Sukuk, deen Enn Juni ugefaangen huet, seng Roadshow ze maachen, do gesäit een, dass deen e gewëssene Succès huet. Wann een d'Nouvellë liest, gesäit een, dass deen och elo scho bal ganz souscrivéiert ass an dass nach méi Appetit do ass fir esou e Produit um Marché. Dat stëmmt optimistesch och fir eise Sukuk, dee jo deen éischte Sukuk dann ass, deen an Euro dénomméiert ass; deen engleschen ass a britesche Pënner. Dat heescht, dat mécht schonn Hoffnung.

Et ass awer, mengen ech, esou, dass et net duergeet mat där Operatioun. Dat ass och gesot ginn am Kontext vun där englescher Operatioun. Et ass eng Operatioun, et ass also en „One-off", dat heescht, et gëtt keng weider Operatiounen. Et ass e relativ klenge Montant vun 200 Milliounen Euro. Op de Finanzmäert ass dat net schrecklech vill, soudass et u sech hei eppes ass, wat muss begleet ginn. Fir dass et Succès huet, muss et begleet gi vun engem intelligenten a concertéierten Effort, zesumme mat den Acteure vun der Finanzplaz, fir Lëtzebuerg ze positionéieren.

Dat ass en Effort, souwuel an der Kommunikatioun - et muss konsequent a kohärent communiquéiert ginn -, et mussen och reell Efforte gemaach ginn, mengen ech, fir islamesch Banken op Lëtzebuerg ze kréien. Dat ass fir de Moment nach net de Fall. Där gëtt et zu London eng Partie, mä där gëtt et menges Wëssens nach keng zu Lëtzebuerg.

An ech mengen, et muss een och, well mir esou eng wichteg Fongeplaz hunn, Efforte maachen, dass Fongepromoteuren zousehends esou Fongen opleeën ënner Scharia-Prinzipien an eisem Land. Dat ass schonn de Fall. Et gëtt schonn eng Partie esou Fongen. Mä et muss ee kucken, dass et der nach méi ginn. Ech mengen, nëmmen da kann dës Nisch vun der islamescher Finanz hir Friichten droen.

Madame President, ech géif dann och nach gären dem Rapporteur Guy Arendt Merci soe fir säi ganz gudde Rapport an och mengem Virriedner fir seng interessant Prezisiounen. Dëse Projet de loi gëtt och gedroe vun eiser Fraktioun an ech géif lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci dem Här Fayot och fir seng flott Erläuterungen. Als nächste Riedner hunn ech hei ageschriwwen den Här Henri Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Merci, Madame Presidentin. Ech wëll dann dem Rapporteur aus grénger Siicht Merci soe fir säin ausféierleche mëndleche wéi schréftleche Rapport. Och den dräi Virriedner fir hir Explikatiounen, besonnesch dem leschte Virriedner, fir méi déif gräifend Analysen do gemaach ze hunn. An ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun.

Mme la Présidente.- Merci dem Här Kox. Dann hunn ech hei ageschriwwen den Här Gibéryen. Ah, den Här Reding kënnt. Här Reding, et ass un Iech.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Madame Presidentin. Merci dem Här Rapporteur fir säi wonnerbare Rapport, un deem ech allerdéngs eng Klengegkeet ze kritiséieren hunn. Wann hie seet, dat heiten ass e Signal un d'islamesch Finanz, datt se wëllkomm ass. Firwat? Majo, eis Plaz, eis Finanzplaz huet Gott sei Dank net op de Stat gewaart, fir an dëser Matière aktiv ze ginn. A mir hunn, wéi de Franz Fayot mat verschiddene Beispiller beluecht huet, schonn eng ganz, ganz laang Geschicht an eng ganz erfollegräich Geschicht mat der islamescher Finanz, an dat ass och ganz gutt esou!

Ech mengen, 1978 ware mir dat éischt westlecht Land, wat eng islamesch Finanzinstitutioun wëllkomm geheescht huet. 1983 gouf déi éischt „sharia-compliant insurance" hei zu Lëtzebuerg gegrënnt. An 2002 hate mer deen éischte Sukuk, deen op der Lëtzebuerger Bourse cotéiert ginn ass. Do kënnt een elo virufuere mat all deenen Efforten, déi a méi rezenter Zäit geschitt sinn. Mä do gesäit een, dat ass eng ganz laang a ganz erfollegräich Geschicht.

No enger Publikatioun vu Pricewaterhouse, déi ass allerdéngs schonn ee Joer al, hate mer virun engem Joer 16 Sukuken op eiser Bourse, mat engem Gesamtinvestmentvolume vu 5,5 Milliarden Euro! 5.500 Milliounen, fir dat emol an de Kontext ze setze mat deenen 200, vun deenen elo hei Rieds geet. Mir waren domadder deemools d'Nummer dräi op der Welt fir Sukuken, déi op der Bourse gelëscht sinn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mir haten deemools 45 - 45! - islamesch Investmentfonge mat iwwer fënnef Milliarden Assets an dem Management, wat eis laut der Agefi zu der drëttgréisster Plaz op der Welt gemaach huet hanner Malaysia a Saudi-Arabien, wat esou islamesch Fongen ugeet, a ganz kloer zur Nummer eent europawäit! Dir gesitt, mir hu vill Efforte gemaach fir déi dote Produkter. Dat ass gutt esou, soll och esou bleiwen. An do kann een nach vill méi maachen, zum Beispill en institutionaliséierten „Shariah Committee".

Mä datt elo de Stat hei e Sukuk erausgëtt fir - wéi hat Der gesot, Här Fayot? Et ass kee grousse Montant fir d'Finanzplaz - 200 Milliounen Euro, dat ass an eisen Aen awer a Fro ze stellen.

Et ass gesot ginn, et ass zougi ginn, souwuel vum Rapporteur wéi vun deenen anere Riedner, datt dee System hei, fir eng Obligatioun opzeleeë fir de Stat, fir un déi 200 Milliounen ze kommen, och wann dat dann net direkt de But wier, méi deier ass wéi eng klassesch Obligatioun. Dat schéngt ganz kloer ze sinn, besonnesch och duerch deen „Shariah Committee", dee muss agesat ginn. An do sëtze jo Leit dran, déi dofir och ganz bestëmmt rémunéréiert ginn.

Do wier dann eng Fro, déi de Minister mer duerno ka vläicht beäntweren, wéi héich déi Rémunératioun ass vun deene Leit an u wien do geduecht gëtt, fir dee Comité ze besetzen.

Et ass eng extrem komplizéiert Saach, well mir verkafen als Stat enger Gesellschaft Immeublen, déi mer no fënnef Joer nees zréckkafen. Et ass also net e Verkaf mat enger Lafzäit vu fënnef Joer, mä et ass ee Verkaf haut an ee Réckkaf a fënnef Joer. Wann dat eng normal privat Gesellschaft misst maachen, déi misst den Enregistrement bezuelen, da wier dat guer net méi rentabel. Et ass nach iergendwéi erträglech, well et de Stat selwer ass.

Da stelle sech prinzipiell Froe vu Privilegien, déi hei agefouert ginn, duerch de Stat, duerch ee Gesetz par rapport zu aneren Investisseuren, par rapport zu anere Leit, déi Statsobligatioune signéieren. Et ass hei geschwat gi vun där spezieller Garantie op d'Konsistenz vun den Immeublen. Firwat kréien hei Investisseuren aner Privilegie wéi normal? Et war am urspréngleche Projet de loi souguer Rieds gaange vun enger Fräistellung vu Responsabilitéit vun den Administrateuren, den Dirigeanten an den Employéë vun där Gesellschaft. Dat ass Gott sei Dank op d'Bedenke vum Statsrot hin erausgeholl ginn.

Da stellt sech eng wesentlech Fro, an zwar déi vun der Distributioun vun deem Produit. Awéifern kënnen normal Lëtzebuerger Steierbierger dëse Produit kafen? Ass dee reservéiert fir friem Länner, fir aneschtgleeweg Leit, oder kann ech och als Lëtzebuerger Katholik dat dote kafen?

De Statsrot huet sech mat Recht d'Fro gestallt: Wat ass da schlussendlech d'Ursaach, fir dat heiten ze maachen, anstatt eng klassesch Obligatioun? An dann héiere mer, ech mengen, do war all Mënsch elo d'accord, ze soen, et ass e Signal, et ass eng Publicitéit, et bréngt e Fändel fir Lëtzebuerg op d'Plaz.

Et ass e Gimmick, et ass en „Yps"-Gimmick, e Gimmick, deen deier ass, a virun allem ee Gimmick, dee vill ze spéit kënnt! Den Här Frieden huet deen heite souveräne Sukuk 2011 annoncéiert, ulässlech, wa meng Informatioune richteg sinn, vun engem Forum vun islamescher Finanz. 2014 stëmme mer elo d'Gesetz. Ass dat dat Signal, wat mer der Welt wëlle ginn iwwer eis Schnellegkeet, iwwer eis kuerz Weeër, iwwer eis Proaktivitéit fir d'Finanzplaz? Ech denken net!

Datt England eis elo iwwerholl huet, dat ass vläicht d'Faute à pas de chance, do schwätze mer vu 14 Deeg. 2004 gouf deen éischten institutionelle Sukuk an Europa gemaach, an zwar an Euro. Net vun engem Stat, mä vun engem Bundesland: Sachsen-Anhalt huet 2004 deen éischte Sukuk opgeluecht fir 100 Milliounen Euro.

Bref, mir sinn der Meenung, datt, wann de Stat 200 Millioune brauch, mer besser Weeër hunn, méi einfach Weeër hunn, wéi dat heiten ze maachen, an datt déi Suen, déi dat heite méi kascht, datt mer déi sollte stiechen an eng seriö Promotioun vun eiser Finanzplaz an deenen dote Produiten, anstatt „unter ferner liefen", wéi bei der Tour de France, als Leschten an dëser Etapp unzekommen.

Mir stëmmen duerfir géint dat Gesetz. Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Reding. Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Geet d'Auer erëm?

M. le Président.- Ech soen Iech Bescheed, wann et...

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci. Neen, Dir hutt virdru gesinn, wéi laang ech géif schwätzen. Ech hunn et net gesinn, well d'Auer net funktionéiert. Duerfir.

Mir stëmme géint dee Projet de loi hei, net well mir géint d'Finance islamique wieren. D'Finance islamique huet souguer eng Rei Virdeeler par rapport zu anere Finanzmachenschaften, wéi déi zum Beispill, fir net a Rüstung ze investéieren, zum Beispill fir, wann een d'Scharia kuckt, vun der Ausbeutung vun de Mënschen ofzegesinn. Do, mengen ech, stéisst se awer an der Praxis schonn un hir Grenzen. Mä dat vun der Rüstung, dat ass op jidde Fall de Fall, och wann eng ganz Rei Etüden a Beroder, déi elo wëllen d'Finance islamique zu Lëtzebuerg promouvéieren, gläichzäiteg awer an der Rüstungsindustrie mat täteg sinn.

Et ass och net, datt mir elo géint de Sukuk wieren, wat ee Produit, ee Finanzproduit ass ënner villen. Hei geet et jo haaptsächlech drëm, datt d'Dier soll opgemaach gi fir Investisseuren aus de Golfstaten, aus dem Qatar, Dubai, Bahrain. A mir wëssen awer och, datt dat keng Engele sinn, wat d'Mënscherechter ugeet, bis hin zur Sklaverei!

Ech wëll einfach drop hiweisen, datt, eleng - vu datt de Moment jo all Mënsch gär Fussball kuckt - fir déi nei Fussballsstadien ze bauen, am Qatar schonn de Moment 900 Leit ënner sklavenähnleche Bedéngungen ëm d'Liewe komm sinn. 900 Leit ëm d'Liewe komm si beim Bau vun de Stadien, wou net driwwer geschwat gëtt a wou et vläicht derwäert wier, datt een hei och eng Kéier méi ausféierlech dorobber géif zréckkommen.

Mir wëssen och, datt d'Zil vun där Operatioun hei - ass emol net deen Emprunt, deen do gemaach gëtt, wou dann déi Zäit, déi Suen an Investitiounsfonge gestach ginn, wou ech Iech drop hiweise wëll, datt déi a fënnef Joer awer mussen zréckbezuelt ginn, an datt een och a fënnef Joer muss driwwer diskutéieren, wou een déi Suen dann hierhëlt -, mä d'Zil ass hei, fir eng Rei Finanzproduiten zu Lëtzebuerg um Maart, fir déi zu Lëtzebuerg unzebidden. Och aner Finanzproduiten, iwwert déi mer hei nach ze schwätze kommen, fir speziell räich Leit bis hin zu islamesche Banken.

Wat sech jo och hei hannendru verstoppt, dat dierf een awer net vernoléissegen, besonnesch och bei där Regierung virdrun, an déi Regierung hei schéngt dat jo dann och zum Deel mat weider ze ënnerstëtzen, dat sinn awer och geostrategesch Allianzen, esou wéi se beispillsweis ronderëm d'Cargolux gemaach gi waren an an d'Box gaange sinn, wéi kloer ginn ass, wat sech do hannendru vu geostrategeschen Interesse verstoppt.

Mir maache mat deem Produit hei awer net nëmmen d'Dier op, fir datt räich Leit an Investisseuren aus de Golfstaten op Lëtzebuerg kommen, mir ënnerstëtzen domadder och déi Regimer an deenen hir Politik. A wann ee mengt, dat kéint ënnert dem Strëch eigentlech nëmmen eng Win-win-Positioun... eng Win-win-Situatioun sinn, wou mir Suen hei kréien, vun deene mir profitéieren, an déi déi gäre géife placéieren, esou mengen ech, datt dat net richteg ass, well et ass och eng Ënnerstëtzung vu Regimer. A fir déi Leit, déi an deene Länner ënner esou Bedéngunge liewen an aus där hirer Ausbeutung dann d'Suen op Lëtzebuerg solle placéiert ginn, ass dat keng Win-win-Situatioun! Dowéinst stëmme mir do dergéint.

Ech wëll awer och op eppes aneschters hiweisen an deem heiten Zesummenhang, wat mer einfach, oder wat eis awer wierklech ëmmer méi um Mo läit. Mir wëssen, dat hei ass ee Produit vu villen, deen elo ugebuede gëtt, a mir kommen och am Hierscht nach op aner Produiten zréck, wéi d'Fondation patrimoniale oder aner Saachen. Mir wëssen, datt sech ronderëm all déi Produiten zu Lëtzebuerg och ee breeden Déngschtleeschtungssecteur op- an ausgebaut huet, deen och wierklech do vill Intérêten dran huet.

Et ass och esou, datt „Luxembourg for Finance", déi zielt op hirem Site all déi Déngschtleeschter, Consultanten, Bureaux d'études, Avocats d'affaires op, déi Interessi hunn un der Finance islamique, also speziell dorunner, esou wéi se och déi opzielt, déi un anere Produiten Interessi hunn.

Mir fannen et net normal, wann Deputéierten, déi en direkte finanziellen Intérêt un esou Produiten hunn, wann déi hei mat sech amëschen an d'Diskussioun iwwert déi Produiten a sech net... Mir géife mengen, et wier normal, wa se sech géifen zréckhalen, wann iwwer esou Projeten a Produiten diskutéiert gëtt an déi finaliséiert ginn.

Ech wëll drop hiweisen, datt ee Stats- oder ee Gemengebeamten, dee Gefor géif lafen, fir hei mat ze décidéieren an ze diskutéieren iwwer säi Statut oder iwwer säin Akommes, d'office net méi dierf Stats- oder Gemengebeamte sinn, wann e bis hei ass. An e muss ophale mat schaffen.

Ech wëll drop hiweisen, datt an engem Gemengerot en Entrepreneur oder soss iergendeen, deen ee Conflit d'intérêt hätt, deen en Interessi un enger Saach hätt, net dierf un der Diskussioun deelhuelen an och net dierf mat ofstëmmen. A mir géife vun deenen Deputéierte verlaangen, déi an dësem Fall Intérête vertrieden an Interessegemeinschaften do hunn, datt déi wann ech gelift e bësse méi Retenue hätten a sech géifen enthalen, fir an esou Dossieren ze intervenéieren, mat ze diskutéieren an och scho guer net Rapporteur ze gi vun iergend esou engem Dossier.

Mir fannen, datt d'Interesse vun den Deputéierten an deem Sënn… Mir fannen, datt dat misst geschéien, och wann et de Moment net am Code de déontologie virgesinn ass, wa mer nach keen hunn an och wann et am neie Code de déontologie net… Dat misst eigentlech eng normal Saach sinn, wa mer wëllen d'Interessekonflikter verhënneren. A mir fannen, datt all déi Deputéierten, déi Interessen hunn an esou Dossieren - an et wäerten der nach kommen -, déi Interesse sollen offe leeën. D'Leit solle wëssen, mat wiem se ze dinn hunn.

A wann den Här Roy Reding gëschter als Virspriecher vun all deene Leit, déi esou Interessen hunn, um Radio gesot huet, dat wier u sech eng normal Saach an dat wier ze vergläiche mat enger allgemenger Interessevertriedung, sou muss ech drop hiweisen, datt et een Ënnerscheed gëtt, ob een en allgemengen Interessi, wat d'Majoritéit vun de Bevëlkerung betrëfft, vertrëtt oder ob een en eegenen Interessi huet un esou Saachen.

Den Här Reding sot och, et wier normal, datt Experten - an dat ass jo eent vun den Argumenter, wat ëmmer erëm gesot gëtt - iwwer esou Saache sollen diskutéieren, d'Chamber bräicht esou Experten. An et wier och normal, datt an der Chamber déi géifen doriwwer diskutéieren.

Jo, mir brauchen Experten, mä ouni Interessevermëschung. Mir mengen, all Deputéierte muss verstoen, wat en hei ofstëmmt. Dofir soll alles esou duergeluecht ginn, datt all Deputéierten et versteet. An déi Experte solle mer eis siche goe bei de Stat an dat verhënnert net… De Stat brauch déi Experten, de Stat huet wahrscheinlech och déi Experten. A wann e se net huet, da soll e se kréien.

Mir brauche beim Stat déi beschten Experten, déi et gëtt, fir onofhängeg vun enger direkter Interessevertriedung kënnen ze handelen an ze beroden. Mir hunn och kee Problem, wann ee mat deenen Interesseverbänn zesummekënnt. Mä da geschitt dat op eng transparent Aart a Weis. An dat ass an dësem Fall, eiser Meenung no, alles net garantéiert.

Dofir mengen ech, an dësem Dossier an och an aneren Dossieren, déi op eis zoukommen, solle mer déi Froen do klären, well soss ass den Interessekonflikt evident an d'Interessevermëschung direkt ginn.

Merci!

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Ech hat d'Wuertmeldung nach vum Här Rapporteur. Här Rapporteur, Dir hutt d'Wuert.

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Also ech fannen déi Ënnerstellungen, déi hei gemaach ginn, ënner aller Klarinett! Ech mengen, ech hunn e Cabinet d'affaires, jo. Mä awer Interessevermëschung, dogéint wieren ech mech, an ech hätt nawell gären, wann Der do géift mat konkrete Beweiser kommen.

Ech hu keen Dossier vun islamescher Finanz. Dat wëll ech dohinnergestallt si loossen. An ech mengen, et sinn aner Leit heibannen, déi och an enger Businessétude sinn, awer déi keng Interessevermëschungen hunn. Also wa mer esou Tricker ufänken, dann hu mer besser, mir halen direkt op!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. le Président.- Jo, also, ech mengen, hei ass net de Fait personnel ze invoquéieren. Et ass eng Reaktioun op dat, wat den Deputéierte gesot huet. Ech ginn dovun aus, dass alles gesot ass. Den Här Finanzminister huet fir d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre Deputéierten, de Projet de loi iwwert de Sukuk ass deen éischte Projet de loi, deen ech als Finanzminister déposéiert hunn. An ech si ganz frou, dass et grad dee war, deen ech déposéiert hunn, well ech vun Ufank u fonnt hunn, dass dat e ganz wichtege Projet wier fir d'Diversifikatioun vun eiser Finanzplaz. An ech géif gären hei ënnersträichen, wann ech en och déposéiert hunn, ass et effektiv hien - wéi hien et och selwer gesot huet -, mäi Virgänger, deen dat alles ausgeschafft huet, an ech géif him hei gäre formell Merci soe fir déi Aarbecht.

Et ass gesot ginn, dass et schued wier, dass dat esou laang gedauert huet. Jo, et huet effektiv laang gedauert, well et ass fir d'Éischt wou mer dat gemaach hunn. An et ass guer net esou einfach gewiescht, do ware vill Problemer ze léisen. A souguer nodeem ech de Projet am Dezember déposéiert hat, hu mer nawell misse kämpfen, fir dass en an aacht Méint sollt hei virun d'Chamber kommen. Ech freeë mech, dass mat der Zesummenaarbecht vun der Cofibu a schlussendlech och no engem aktive Wiessel mam Conseil d'État all déi Froen, déi sech gestallt hunn, konnte geregelt ginn.

Dofir beweist dëse Projet och, dass déi Kontinuitéit, déi ech ëmmer invoquéieren, wat d'Finanzplaz ubelaangt, keng Wierder an der Loft sinn, mä dass dat eng Realitéit ass. An ech kann nëmme confirméieren, dass ech déi Kontinuitéit och wäert weidermaachen, well d'Défense vun den Intérêts vun eiser Finanzplaz huet näischt mat Parteipolitik ze dinn, dat huet mam Intérêt vun eisem Land ze dinn.

An deem Sënn wëll ech och soen, dass, wann ech mat ville gudden Noriichten aus China erëmkomm sinn, och do vill gutt Viraarbecht vu mengem Virgänger geleescht ginn ass an „ce qui revient à César doit être rendu à César". Hien huet dat wonnerbar gemaach mat senger Équipe. Op där Basis konnte mir och nei Saache maachen, soudass mer net nëmmen eng nei chineesesch Bank hunn, déi schonn e bëssen am Tube war, déi de Luc Frieden scho kannt huet, mä och nach eng aner derbäikomm ass. Et sinn also zwou chineesesch Banken elo op Lëtzebuerg komm an, an der Tëschenzäit, déi zwou Zentralbanken, déi och en Accord fir de Clearing fonnt hunn. Eng Décisioun, wou mer jorelaang drop geschafft hunn - also och déi viregt Regierung -, a mir sollen eis all doriwwer zesumme freeën.

D'Diversifikatioun vun der Finanzplaz mécht een op zwou Aart a Weisen, fir et ganz einfach auszedrécken. Geografesch mécht een dat, andeems een nei Partner fënnt, oder et mécht een dat mat Produiten, andeems een nei Produiten a Servicer erfënnt. De Sukuk ass een en fait, deen déi zwou Saache matenee verbënnt, well duerch de Sukuk kréie mer en neie Produit op eis Finanzplaz, mä mir adresséieren eis do u Länner, mat deene mer schonn heiansdo ze dinn hunn, mä déi nach net genuch präsent sinn op eiser Finanzplaz.

An zwar ass dat haaptsächlech de mëttleren Orient, op där enger Säit, mä awer och dee ganzen asiatesche muslimeschen Deel, ugefaange mat Malaysia an Indonesien, soudass dësen éischte souveräne Sukuk an Euro dénominéiert, dee mir hei zu Lëtzebuerg elo wäerten zu enger grousser Majoritéit stëmmen, eng ganz gutt Saach ass.

Nun ass eis Gesetzgebung an eis Constitutioun esou gemaach, dass dat relativ komplizéiert war, fir dat ëmzesetzen. Mir hunn éischtens emol missen dräi administrativ Gebaier am Wäert vun 200 Milliounen Euro, déi dem Stat ganz gehéieren, an eng Gesellschaft setzen. An dunn hu mer missen déi ganz Aktivitéit vun där neier Gesellschaft garantéieren - an op dëser Garantie ware grouss Problemer mam Statsrot, deen zu Recht Froen doriwwer gestallt huet -, fir dem Artikel 99 vun der Constitutioun, dem Artikel 80 vum Kontabilitéitsgesetz Rechnung ze droen.

Ech gräife ganz gären op, wat de Minister Frieden virgeschloen huet: Mir sollen eis Gedanke maachen, ob mer dat net kënne méi einfach maachen. Mä vu dass et mam Artikel 99 vun der Constitutioun ze dinn huet, da misste mer jo och d'Constitutioun wahrscheinlech änneren, soudass dat net esou einfach gëtt. Mä mir sollen eis dat awer vläicht opschreiwen, dass, wa mer scho konstitutionell Änderunge maachen, mer dorunner denken.

Elo, wou mer dann eng Loi spéciale gemaach hunn, wat geschitt? Déi dräi Gebaier, dat ass dann d'Garantie, déi fir d'Ausbezuelen ass vun en fait engem Emprunt. Den Ënnerscheed mat engem normalen Emprunt ass, dass keng Intérêten ausbezuelt ginn, mä dass Loyeren ausbezuelt ginn. Dat ass u sech relativ einfach. A wat och nach wichteg ass, dat ass, dass dat Ganzt vun enger spezieller Gesellschaft gemaach gëtt, déi honnertprozenteg dem Stat gehéiert. Et ass also eng Société „special purpose vehicle" - wéi dat esou schéin op Englesch genannt gëtt -, soudass dat also konventionell geregelt gëtt.

An ech muss soen, dass ech fannen, dass et extrem wichteg ass, dass mer dat elo maache fir d'Diversifizéierung vun eiser Finanzplaz. An et ass och dat exklusiv de Grond, firwat mer dat maachen. Well mir kéinten eis effektiv anescht finanzéieren op de Mäert a wahrscheinlech liicht méi bëlleg, mä vu dass de Montant jo net esou grouss ass, mengen ech, dass dat heiten derwäert ass. D'autant plus, dass de Marché vun de Sukuken - ech mengen, dat ass nach net hei gesot ginn - ongefäier 100 Milliarden Dollar duerstellt. Dat heescht, eis 200 Milliounen an och déi vun den Englänner sinn och nëmmen nach eng kleng Drëps Waasser.

Richtegerweis ass hei ënnerstrach ginn, dass mir eng laang Erfahrung zu Lëtzebuerg hunn. Et ass bal alles opgezielt ginn: '78 ass dat schonn ugaange gi mat enger islamescher Institutioun zu Lëtzebuerg, '83 mat enger Assurancëgesellschaft - dat ass och gesot ginn - an 2002 mat deem éischte Sukuk, deen hei cotéiert ginn ass. Et sinn der an der Tëschenzäit 16. An, ech mengen, et ass den Här Fayot, dee richtegerweis ënnerstrach huet, dass d'Islamic Development Bank erëm mat ons a Kontakt ass, wat eng exzellent Noriicht ass, well déi war elo jorelaang absent. An ech géif och do den Hutt ofzéie virun der Lëtzebuerger Bourse, déi an deene leschte Méint extrem aktiv war. Si war och mat a China, fir, wéi gesot, esou Partner nei u Land ze zéien.

Wichteg ass och ze wëssen, dass d'Administration des contributions vun onser Säit en Accord ofgeschloss huet, net en Accord ofgeschloss huet, mä en fait d'Prinzipie vum Sukuk, vun de Murabahaen a vun den Ijaraen, alleguerten déi Instrumenter unerkannt huet an domat d'Sécurité juridique ginn huet.

An dann, last but not least, wëll ech ënnersträichen, dass en fait de Sukuk, fir konform zum Islam ze sinn, jo eng Rëtsch ethesch Regele muss anhalen. An déi ethesch Regele gläichen, an dat ass och richteg ënnerstrach ginn, en fait engem Investissement socialement respon sable. An dat soll eis u sech ganz gutt gefalen, deen Investissement socialement responsable.

A wann ee gesäit och, wat fir eng Abusen an deene leschte Jore jo och zu der Finanzkris gefouert hunn, da kann een dee ganzen Aspekt vun der Islam-Finanz op eng vill méi proaktiv Aart a Weis vläicht analyséieren a sech soen, ob mer net iwwert dee Biais justement eis mat Produite kënne befrënnen, déi vläicht manner Risque hunn an déi ethesch méi défendabel sinn.

D'Fro ass gestallt ginn, wien alles esou ee Produit kéint kafen. Eh bien, dat kënne Privatleit kafen, ob dat Lëtzebuerger sinn oder Netlëtzebuerger sinn, kleng Gesellschafte souwéi Investisseurs institutionnels. An ech mengen, domat hunn ech och nach op eng Fro geäntwert.

Ech freeë mech, dass mer mam Sukuk, dee mer elo hei haut stëmmen, an zwar mat enger breeder Majoritéit, eis en neit Instrument gi fir eis Finanzplaz, an ech freeë mech, dat och zesumme mat allen Acteure vun der Finanzplaz dobausse kënnen ze vermaarten.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Finanzminister. Da kéinte mer iwwert d'Sukuken ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6631 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

Mat 55 Jo-Stëmmen a bei 5 Nee-Stëmmen ass de Projet de loi 6631 iwwert d'Sukuken ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam) et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech géif da froen, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn a mech domat vun de Sukuken ze erléisen.

(Hilarité et assentiment)

Merci.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet de loi 6552, engem Ofkommes mat Taiwan iwwert d'Verhënnerung vun der Duebelbesteierung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt eis Rapportrice, d'Madame Joëlle Elvinger. Madame Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

4. 6552 - Projet de loi portant des dispositions fiscales diverses en vue de l'application de l'Accord entre l'Administration des contributions directes du Luxembourg et l'Agence des impôts du Ministère des Finances à Taipei, Taïwan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 19 décembre 2011

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, op dëser Plaz maachen ech Iech de Rapport vum Projet de loi, dee sech mat engem Duebelbesteierungsofkommes tëschent der Lëtzebuerger Steierverwaltung an dem Finanzministère vun Taipeh an Taiwan auserneesetzt.

De 7. Mäerz 2013 ass de Gesetzestext vum deemolege Finanzminister déposéiert ginn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Avis den 10. Abrëll 2013 eraginn an den Avis vun der d'Chambre des Salariés datéiert vum 23. Abrëll 2013. Dee vun der d'Chambre de Commerce ass vum 6. Mee 2013 an de Statsrot huet de Projet de loi den 2. Juli 2013 aviséiert. D'Chambre des Métiers huet hiren Avis de 27. Januar 2014 erausginn.

Den 19. Juni 2014 huet d'Cofibu mech zur Rapportrice ernannt a sech de Projet de loi souwéi den Avis vum Statsrot ugekuckt. Deen Dag drop ass een Amendement un de Statsrot gaangen. Dësen huet den 1. Juli säin Avis complémentaire zum Projet de loi ginn, soudass dee schréftleche Rapport de 7. Juli an der Cofibu konnt ugeholl ginn.

Här President, et geet bei dësem Gesetzesprojet ëm d'Approuvéiere vun engem weideren Duebelbesteierungsofkommes, dës Kéier tëschent der Administration des contributions directes an der Agence des impôts vum Finanzministère vun Taipeh an Taiwan.

Op där enger Säit geet et bei dësem Accord drëm, d'Duebelbesteierung ze vermeiden, soudass engem selwechte Steierzueler säin Akommes oder Verméigen net op méi wéi engem Territoire ka besteiert ginn. Op där anerer Säit ass dat heiten awer och eng weider Mesure am Kader vun den Efforten, déi Lëtzebuerg a puncto Bekämpfung vu Steierbedruch mécht.

Ech mengen, et ass eis all dru geleeën, dass Lëtzebuerg sech an der weltwäiter Finanzwelt gutt positionéiert. Dëse Gesetzestext dréit derzou bäi, fir dass eis Finanzplaz hire gudden Numm dobausse behält, awer och fir duerch d'Ofschléisse vu weideren Duebelbesteierungsofkommessen en attraktive steierleche Kader ze schafen, fir esou weider Investitiounen an eisem Land unzezéien. Vu dass eis Nopeschlänner schonn esou Accorde mat Taipeh ofgeschloss hunn, ass et wichteg, dass och mir eis dësem Marché net verschléissen.

Här President, ech wëll nach kuerz op e puer méi technesch Detailer agoen, wat dëse Gesetzesprojet ubelaangt. Well Lëtzebuerg Taiwan zënter 1972 net méi als eegestännegt Land unerkennt, ass dëst Duebelbesteierungsofkommes kee klasseschen Traité am Sënn vun der Konventioun vu Wien, deen nëmmen tëschent souveräne Staten ofgeschloss ka ginn.

Den Artikel 37 vun eiser Verfassung seet: «Le Grand-Duc fait les traités.» A soumat mécht de Grand-Duc d'Verhandlungen op mat anere Sujets de droit international. Well dëst Ofkommes am Sënn vum internationale Recht net als Traité ka betruecht ginn, ass den Accord um Niveau vun de jeeweilege Steierverwaltungen ofgeschloss ginn.

Wéi Der wësst, gëtt et fir esou Steierofkommessen en OECD-Modell, e Modell, deem de Lëtzebuerger Modell zum gréissten Deel nokënnt. Duerch déi speziell Emstänn awer ass sech bei de Verhandlungen an dësem Fall op eise Lëtzebuerger Modell an op den taiwanesche Modell baséiert ginn, woubäi eise Modell dach ganz vill dem OECD-Modell gläicht. Dësen Accord respektéiert also d'Interesse vu béide Parteien.

Da wëll ech just nach umierken, dass an dësem Accord explizit festgehale gouf, dass och d'Organismes de placement collectif heivu profitéiere kënnen.

Här President, am Moment huet Lëtzebuerg eng 70 Ofkommesse géint d'Duebelbesteierung mat verschiddene Länner. Haut kënnt ee weidert derbäi. De Gesetzesprojet vun haut weist, dass weider gutt geschafft gëtt, fir eis Finanzplaz dobausse professionell ze verkafen am Intérêt vum Land an am Intérêt vu senge Bierger.

Heimat hoffen ech, dass d'Chamber dësem Gesetzesprojet hir breet Zoustëmmung ausschwätze wäert a ginn och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien

M. le Président.- Merci och der Madame Elvinger. Éischte Riedner ass den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Ech kann et kuerzmaachen. Et soll een awer nach eng Kéier ënnersträichen, dass dat hei e wichtege Gesetzesprojet ass, well en am wirtschaftlechen Interessi vun eisem Land ass.

Madame Elvinger, där ech als Rapporteur Merci soen, Dir hutt virdrun ënnerstrach, dass et eigentlech kee klassescht Duebelbesteierungsofkommes ass, wéi mer et des Éfteren an der Chamber scho kannt hunn, mä well mer Taiwan zënter ´72 net unerkennen als Land, ass et en Accord ginn zwësche Steierverwaltungen.

Elo stellt sech natierlech d'Fro: Musse mer e Gesetz dofir maachen? Jo! Firwat? Mä well och eis Verfassung seet, dass mer kee Steierprivileg kënnen hunn ouni Gesetz. A well awer déi Duebelbesteierung, déi juristesch Duebelbesteierung, well déi hei entfält, dofir, trotzdeem dass et en Accord zwësche Steierverwaltungen ass, muss et hei op e Gesetz kommen.

Ech muss och soen, dass de Conseil d'État a sengem Avis déi juristesch Form vun deem Duebelbesteierungsofkommes hei relativ pingeleg gekuckt huet. En huet och sech eigentlech ugeschloss un d'Jurisprudenz vun der Belsch.

An d'Madame Elvinger huet dat virdru richteg ënnerstrach, dass et och fir Lëtzebuerg interessant ass, dëst Duebelbesteierungsofkommes ofzeschléissen, well eigentlech déi direkt Nopeschlänner, sief dat d'Belsch, sief dat och d'Hollänner an Däitschland a Frankräich, trotz alle vläicht politeschen Delikatessen, ähnlech Accorden ofgeschloss hunn.

Zum Fong wäicht et eigentlech net weiderhin of vun deenen anere klasseschen Duebelbesteierungsofkommessen, déi Lëtzebuerg geholl huet. Ee wichtege Punkt ass deen, et ass virdrun ënnerstrach ginn, dass den Informatiounsaustausch geschitt no der OCDE-Modellkonventioun. Dat ass engersäits am Sënn vun der Transparenz, dat ass och am Sënn vun engem politeschen Engagement, dee mer geholl hunn an der OCDE, an dat zënter 2009.

Dofir hu mer eng ganz Rei vun Duebelbesteierungsofkommessen ofgeschloss. An et ass net zulescht, mengen ech, am Interessi vun onser Finanz- a Bankeplaz, well déi weider Créneaue kritt, an och eis gesamt Wirtschaft profitéiert dovunner. An dofir ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Roth. Den Här Franz Fayot huet d'Wuert.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Jo, Merci, Här President. Ech géif och der Madame Elvinger Merci soe fir hire ganz gudde Rapport. An ech géif dann heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun ginn zu dësem Projet de loi.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Fayot. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, mir och soen der Madame Elvinger Merci fir hire mëndlechen a schréftleche Rapport a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. le Président.- Merci. Den Här Reding huet d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Här President, fir deene Lénken eng Freed ze maachen, ginn ech da fir d'Éischt zu Protokoll, datt ech befaange sinn als a Steierfroen tätegen Affekot a bréngen den Accord vun eiser Fraktioun fir dëse ganz exzellenten Text. Merci.

M. le Président.- Merci. Den Här Turpel. Näischt

(Négation)

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

(Prise de position du Gouvernement)

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre Deputéierten, erlaabt mer fir d'Éischt, der Rapportrice, der Madame Joëlle Elvinger, Merci ze soe fir hiren ausféierleche schréftlechen an och mëndleche Bericht.

An dann huelen ech awer och no, dass ech bei deem viregte Projet dem Guy Arendt net félicitéiert hat, well en hat dat effektiv super gemaach. Ech wollt mech entschëllegen.

Ech mengen, hei hu mer keng grouss Divergenzen. D'Schwieregkeet louch doranner, dass mer hei net zwëschestaatlech Relatiounen tëschent Lëtzebuerg an Taiwan kënnen hunn. An duerfir gëtt jo elo hei, wéi richteg ënnerstrach ginn ass, tëschent deenen zwou Steieradministratiounen en Accord gemaach. Deen Accord ënnerfält also och net der Convention de Vienne iwwert d'Traitéen. A mir maachen do näischt aneschters wéi eis Nopeschlänner oder Indien, Australien, Singapur oder vill aner Länner, déi datselwecht gemaach hunn.

Ech wéilt vläicht just ënnersträichen effektiv, dass et net nëmme wäertvoll ass, deen heiten Accord derbäi ze hunn, fir elo vu 70 op 71 ze kommen, wat u sech eng gutt Saach ass, mä zweetens, well mer ganz vill wirtschaftlech Interessen hu mat Taiwan.

Ech hat d'Freed, iwwert déi lescht Jore mech méi mat deem Land ze beschäftegen. An ech weess, dass ganz vill Entreprisen op deen heiten Accord gewaart hunn. Duerfir sinn ech frou, dass mer dat haut kënne maachen.

Vläicht nach zwee Elementer, wat de Contenu ubelaangt: Dat eent ass, dass mer hei dee klasseschen Artikel 26 vun der OECD-Konventioun iwwert den Échange d'information à la demande dran hunn. An, wat manner klassesch ass, dat ass, dass d'Investitiounsfongen extra hei ernimmt ginn, fir dovunner ze bénéficiéieren, wat u sech méi inhabituel ass, an d'Rapportrice hat dat zu Recht ënnerstrach.

An duerfir freeën ech mech, dass mer zu esou enger grousser Majoritéit deen heiten Accord kënne guttheeschen.

Villmools Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Finanzminister.

Mir géifen dann zum Vote iwwert de Projet de loi 6552 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6552 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6552 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter) et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

5. Hommage à Mme Christiane Wickler

Ech géif Iech bieden, just nach ee Moment heizebleiwen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, well ech an eiser aller Numm e puer Wuert un eis Kolleegin Christiane Wickler wollt riichten.

Wéi Der wësst, huet d'Christiane décidéiert, fir sech ab sofort erëm haaptsächlech dem Beruff ze widmen. An et ass déi lescht ëffentlech Sëtzung, déi lescht Sëtzung, wou d'Christiane Wickler bei eis ass. Et ass also déi lescht Chamberssëtzung.

Ech wéilt duerfir an eiser aller Numm dem Christiane, dat d'lescht Joer fir déi éischte Kéier hei an der Chamber siégéiert huet, e ganz häerzleche Merci soe fir seng Aarbecht an där kuerzer Zäit, mä virun allem och fir dee Geescht, mat deem hatt eis begéint ass, déi grouss Kollegialitéit, den Engagement an dat Feier, wat bei him eriwwergeet.

Ech wënschen dem Christiane fir seng berufflech, fir seng privat a fir all aner Engagementer alles Guddes. An ech ginn dem Christiane just nach en „Maach et gutt!" mat op de Wee. Mir bleiwe Frënn…

(Interruption et hilarité)

…an eis Weeër wäerte sech mat Sécherheet nach kräizen.

Merci villmools!

(Applaudissements)

Mme Christiane Wickler *(déi gréng).*- Merci villmools.

M. le Président.- Voilà, mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung. Merci, a mir gesinn eis muer de Moien um néng Auer erëm. Et gëtt ee laangen Dag, duerfir erhuelt Iech gutt!

Merci.

(Fin de la séance publique à 17.12 heures)

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. 6552 - Projet de loi portant des dispositions fiscales diverses en vue de l'application de l'Accord entre l'Administration des contributions directes du Luxembourg et l'Agence des impôts du Ministère des Finances à Taipei, Taïwan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 19 décembre 2011 (suite)
- *Dispense du second vote constitutionnel*

3. Vérification des pouvoirs et assermentation de M. Gérard Anzia
- *M. le Président*
- *Tirage au sort des députés constituant la Commission de vérification*
- *Suspension de la séance publique de 9.10 à 9.23 heures*
- *M. Luc Frieden*
- *Rapport de la Commission de vérification: M. Guy Arendt*
- *Prestation de serment et discours de M. Gérard Anzia*

4. 6686 - Projet de loi modifiant l'article 6, paragraphe 1 de la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux
- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, Mme Cécile Hemmen, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Henri Kox)*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. 6654 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une liaison routière avec la Sarre et autorisant la construction de l'échangeur de Hellange avec raccordement à l'autoroute A13 et à la route nationale N13
- *Rapport de la Commission du Développement durable: M. Gusty Graas*
- *Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Roger Negri, Mme Josée Lorsché, M. Gast Gibéryen, M. Justin Turpel, M. Michel Wolter*
- *Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (M. Marcel Oberweis pose une question)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6697 - Projet de loi relatif à l'équipement meublant, scientifique, informatique et autre de certains bâtiments de la Cité des Sciences à Belval
- *Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen, M. Georges Engel, M. Eugène Berger, M. Justin Turpel*
- *Prises de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. François Bausch, Fernand Etgen, Claude Meisch et Mme Carole Dieschbourg, Ministres; M. Marc Hansen, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 9.05 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Eis Sëtzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

2. 6552 - Projet de loi portant des dispositions fiscales diverses en vue de l'application de l'Accord entre l'Administration des contributions directes du Luxembourg et l'Agence des impôts du Ministère des Finances à Taipei, Taïwan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 19 décembre 2011 (suite)

Dispense du second vote constitutionnel

Ech hunn eng kleng Kommunikatioun ze maachen. Gëschter Owend zum Schluss vun der Sëtzung huet de President leider vergiess ze froen, ob mer d'Dispens vum zweete verfaassungsméissege Vote, net fir de Projet Sukuk, mä fir de Projet Taiwan ginn.

Ech froen dofir elo d'Chamber: Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfaassungsméissege Vote zum Projet 6552 ze ginn?

(Assentiment)

M. le Président.- Da soen ech Iech villmools Merci fir Är Indulgence.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- No räiflecher Iwwerleeung an dëser Nuecht.

(Hilarité)

M. le Président.- Merci villmools, et kënnt och net méi vir.

Une voix.- Oh, dat géif ech net soen!

(Brouhaha)

3. Vérification des pouvoirs et assermentation de M. Gérard Anzia

M. le Président.- Sou, mer kommen dann zu méi engem feierlechen Akt. Mir huelen haut de Moien en neie Member an d'Chamber op.

An hirem Bréif vum 25. Juni 2014 huet d'Madame Christiane Wickler matgedeelt, datt si zum 10. Juli vun dësem Joer op hiert d'Deputéiertemandat verzicht.

Den Artikel 167 vum Wahlgesetz gesäit Folgendes vir: Déi Kandidaten, déi op jiddwer Lëscht no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, sinn dozou opgeruff, d'Mandater vun deenen Deputéierte weiderzeféieren, déi duerch Demissioun, Stierffall oder iergendengem anere Grond fräi goufen.

Den Artikel 9 vum Chambersreglement hält fest, datt de Chamberspresident fir d'Succession vun deem vakanten Deputéiertemandat suergt, nodeems en de Statsminister doriwwer a Kenntnis gesat huet.

A sengem Bréif vum 26. Juni 2014 huet den Här Frank Thillen matgedeelt, datt seng Fra an déi vum Här Deputéierte Claude Adam Schwëstere sinn.

Den Artikel 131 vum Wahlgesetz seet, datt d'Deputéierten ënnereneen net kënnen an direktem Familljebond oder duerch Bestietnis verwandt sinn, an dat bis zum zweete Grad. Doduerch kann den Här Frank Thillen säi Mandat net unhuelen.

A mengem Bréif vum 27. Juni 2014 hunn ech mech also un den Här Gérard Anzia vun Useldeng gewannt, deen als nächste Suppléant op der Lëscht vun deene Gréngen aus dem Wahlbezierk Norde steet.

A sengem Bréif vum 1. Juli 2014 huet den Här Gérard Anzia matgedeelt, datt hie bereet ass, d'Mandat vun der Madame Christiane Wickler ze iwwerhuelen.

Am Artikel 3, Paragraphen 1, 4 a 5 vum Chambersreglement steet Folgendes:

1) La Chambre est juge de l'égibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.

4) En cas d'admission d'un membre suppléant, la vérification est faite par une commission de septs membres tirés au sort.

5) La Chambre se prononce sur les conclusions de la commission et le Président proclame députés ceux dont les pouvoirs ont été déclarés valides.»

Ech géif Iech da bieden, d'Kommissioun ze konstituéieren, wéi et am Artikel 3, Paragraph 4 virgesinn ass.

Tirage au sort des députés constituant la Commission de vérification

A mir lousen elo d'Deputéierten aus, déi an där Kommissioun solle schaffen: Den Här Kartheiser, d'Madame Hansen, den Här Frieden, den Här Guy Arendt, den Här Marcel Oberweis, den Här Frank Arndt. Ass en do? Ah, do ass en, en hat sech verstoppt. An den Här Claude Wiseler.

Ech géif also d'Kommissioun bieden, am Sall 4-5 - et ass ee ganz groussen - zesummenzekommen, fir d'Resultater vun de Wahle vum 20. Oktober 2014 ze préiwen, virun allem, wat den Här Gérard Anzia betrëfft, an der Chamber doriwwer Bericht ze erstatten.

Domat ass d'Sëtzung ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 9.10 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 9.23 heures.)

Déi ëffentlech Sëtzung geet weider.

D'Wuert huet elo de President vun der Kommissioun, déi mer just konstituéiert hunn, den honorabelen Här Luc Frieden.

M. Luc Frieden *(CSV)*.- Här President, déi Kommissioun, déi Dir virun e puer Minutten duerch Lous zesummegesat hutt, setzt sech aus folgenden Deputéierten zesummen - an där Reiefolleg, wéi Dir se geloust hutt: den Här Fernand Kartheiser, d'Madame Martine Hansen, den Här Guy Arendt, den Här Marcel Oberweis, den Här Frank Arndt, den Här Claude Wiseler an ech selwer. An där Kommissiounssitzung, déi elo grad stattfonnt huet, hunn d'Kolleege mech zum President vun där Kommissioun ernannt an den Här Guy Arendt als Rapporteur.

Ier ech Iech géif bieden, Här President, dem Här Arendt d'Wuert ze ginn, fir säi Rapport am Numm vun der Kommissioun ze maachen, géif ech just wëllen drop hiweisen, datt d'Kommissioun opgrond vun deenen Erläuterungen, déi Dir virdru gemaach hutt, nämlech, wou Der eis matgedeelt hutt, datt deen Nächstgewielten op der Lëscht net kéint an d'Chamber noréckelen, well en iwwer Bestietnis e Lien huet mat engem Kolleeg, deen heibanne sëtzt, sech d'Fro gestallt huet, ob d'Chamber an enger appropriéierter Kommissioun net eng Kéier misst déi dote Problematik ganz iwwerkucken, well et haut niewent dem Bestietnis och aner Forme vun Zesummeliewe ginn, déi hei net concernéiert sinn oder net a Betruecht gezu ginn, respektiv déi Leit, och déi, déi am Bestietnis sinn, kee gemeinsame Virfahren hunn, an dat schonn eng Problematik ass, déi ee vläicht nach eng Kéier misst kucken.

D'Ratio vum Gesetz ass kloer: Et soll évitéiert ginn, datt hei ganz Familljen oder Familljeclane géifen d'Demokratie dominéieren. Trotzdeem, mengen ech, war dat den Ausdrock vun der gesamter Kommissioun, datt et derwäert ass, datt déi Problematik eng Kéier géif am Detail gekuckt ginn.

An ech wollt Iech als President vun der Kommissioun, Här Chamberspresident, dëse Message vun där Kommissioun matginn. Dat gesot géif Iech da bieden, dem Här Deputéierte Guy Arendt d'Wuert ze ginn, fir de Rapport vun der Kommissioun ze maachen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här President an der Kommissioun fir déi Suggestiounen. An ech géif dann direkt dem Rapporteur vun der Kommissioun, dem Här Guy Arendt, d'Wuert ginn. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de vérification

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Kommissioun ad hoc géif ech Iech elo eise Rapport virdroen.

An hirem Bréif vum 25. Juni 2014 huet d'Madame Christiane Wickler de Chamberspresident doriwwer informéiert, datt si ab dem 10. Juli dëses Joers op hiert Deputéiertemandat verzicht.

Sou wéi den Artikel 167 vum Wahlgesetz an den Artikel 9 vum Chambersreglement et virgesinn, ginn déi Kandidaten, déi op jiddwer Lëscht no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, dozou opgeruff, d'Mandat vun deenen Deputéierte weiderzeféieren, dat duerch Demissioun, Stierffall oder aus iergendengem anere Grond fräi gouf. De Chamberspresident suergt fir d'Successioun vun deene vakanten Deputéiertemandater an informéiert de Statsminister dovunner.

A sengem Bréif vum 26. Juni 2014 huet den Här Frank Thillen, éischte Suppléant op der Lëscht vun der Partei vun deene Gréngen am Wahlbezierk Norden, de Chamberspresident doriwwer informéiert, datt hien duerch Bestietnis e Familljebond mam Här Deputéierte Claude Adam huet.

Den Artikel 131 vum Wahlgesetz vum 18. Februar 2003 gesäit vir, datt d'Membere vun der Chamber net kënne bis zum zweete Grad Famill matenee sinn, an dat och duerch Bestietnis. Am Fall, wou si zesumme géife gewielt ginn, gëtt iwwer Lous de gewielte Kandidat proklaméiert. Deemno kann den Här Frank Thillen dat fräit Mandat net unhuelen.

A sengem Bréif vum 27. Juni 2014 huet den Här Chamberspresident Mars Di Bartolomeo sech un den Här Gérard Anzia gewannt, deen als nächste Suppléant op der Lëscht vun der Partei vun deene Gréngen aus dem Wahlbezierk Norde steet. Deeselwechten Dag huet de Chamberspresident och de Premierminister doriwwer informéiert.

Am Artikel 118 vum Wahlgesetz a méi speziell am Artikel 3 vum Chambersreglement ass virgesinn - ech zitéieren: «La Chambre est juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.»

Eis Kommissioun hat als Aufgab, déi néideg Verifikatioune virzehuelen. D'legislativ Wahle vum 20. Oktober 2013 sinn den 13. November 2013 vun der Chamber iwwerpréift a validéiert ginn. Aus de Procès-verbaux vun dëse Wahle geet ervir, datt den Här Gérard Anzia, wunnhaft zu Useldeng, effektiv deen nächste Suppléant op der Lëscht vun der Partei vun deene Gréngen am Wahlbezierk Norden ass, fir der Madame Christiane Wickler hir Plaz unzehuelen, no hirer Demissioun an nodeems den Här Frank Thillen dat Mandat wéinst enger Inkompatibilitéit duerch den Artikel 131 vum Wahlgesetz net konnt unhuelen.

A sengem Bréif vum 1. Juli 2014 huet den Här Gérard Anzia eise Chamberspresident informéiert, datt hien d'Mandat vun der Madame Christiane Wickler wëllt weiderféieren.

D'Kommissioun stellt eestëmmeg fest, datt näischt géint d'Vereedegung vum Här Gérard Anzia schwätzt a wënscht him vill Gléck bei der Ausübung vu sengem Mandat. Den Dossier, deen der Kommissioun zur Verfügung gestallt gouf, gëtt um Bureau déposéiert.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Guy Arendt.

Ass d'Chamber mat de Konklusioune vun der Kommissioun averstanen?

(Assentiment)

Da géif ech elo den Här Gérard Anzia bieden, an d'Chamber eranzekommen.

Prestation de serment et discours de M. Gérard Anzia

Häerzlech wëllkomm.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci!

M. le Président.- Här Anzia, ech géif Iech elo bieden, den Eed ze leeschten, sou wéi en am Artikel 57 vun eiser Verfassung virgesinn ass an deen de folgende Wuertlaut huet: «Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'État.»

Hieft wann ech gelift déi riets Hand a widderhuelt no mir: «Je le jure.»

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Je le jure.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun Ärem Eed an, Här Anzia, Dir sidd elo ab sofort Member vun der Chamber. Häerzlech Félicitatiounen! Maacht et gutt! An Dir hutt elo d'Wuert fir Är Untrëttsried.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Merci. Här Chamberspresident, Dir Dammen an Dir Häre Regierungsmemberen, et ass fir mech eng grouss Éier, fir meng Untrëttsried dierfe virun Iech all hei ze halen. Ech wëll awer fir d'Eischt dem Christiane Merci soe fir säin Engagement, dat et hei gemaach huet, souwuel an de Chamberskommissioune wéi eben och hei an dësem Plenum. An ech mengen, dass dat och parteiiwwergräifend déi Leit, déi mat him an deene Kommissiounen zesummegeschafft hunn, kënne bestätegen.

Ech wëll natierlech elo vun dëser Tribün e bëssen da profitéieren, fir mech virzestellen an e bësse meng politesch Iddien. An ech probéiere mech och esou kuerz wéi méiglech ze faassen, mä, Här Chamberspresident, dat geléngt mer net ëmmer gradesou.

M. le Président.- Ech wäert Iech hëllefen.

(Hilarité générale)

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- Très bien. E staarke Mann hanner engem sengem Réck ka jo näischt schueden.

Viru 14 Deeg, wéi mer eis Pressekonferenz haten an ugekënnegt hunn, dass e Wiessel géif ustoen, do hunn ech als Eischt an der Zeitung gelies: „Der Lokalpolitiker Anzia tritt die Nachfolge von Wickler an."

Do hunn ech mech gefrot, ob u sech déi e bësse méi pejorativ Konnotatioun vun deem Begréff „Lokalpolitiker"géif bedeiten, dass esou e Kand vum Land, wéi ech eent ebe sinn, vläicht deenen Erausfuerderungen op nationalem Plang net kéint gewuess sinn. Mä vu dass an dësem honorabele Gremium, muss ech elo awer soen, iwwer 50 hir Wuerzele schonn emol als Gemengepolitiker oder -politikerin haten, sinn ech also do, mengen ech, a beschter Gesellschaft a bal schonn an der Majoritéit ukomm.

Lokalpolitik bedeit fir mech ganz kloer, mat zwee Féiss um Buedem ze bleiwen, an a stiermeschen Zäite schuet dat jo näischt, wann een do och e bësse verwuerzelt ass. Fir mech gëtt dat eng nei Erausfuerderung, an där wëll ech mech natierlech ab haut de Moien och elo stellen.

Mä e bësse kuerz zum Historique, wéi déi Saach elo war: Ech hat kuerz virun Nationalfeierdag eben dann en Tëlefon kritt, fir ze soen, dass ech elo als Norddeputéierten da géif eben an der Chamber noréckelen.

Fir d'Éischt war ech natierlech emol iwwerrascht. Domat hat ech och natierlech net gerechent. Ech hu mer et och net einfach gemaach, fir déi richteg Entscheedung ze huelen, well mir domat natierlech bewosst war, dass ech meng aktuell, elo net méi aktuell Aarbecht am Atert-Lycée zu Réiden, déi ech mat vill Leidenschaft gemaach hunn, eben nun elo hu missen opginn.

Ech hu menge Kolleeginnen a Kolleegen awer am Lycée versprach, dass ech hir Cause och géif hei méiglechst an dem Parlament vertrieden. Dobäi läit mer besonnesch um Häerz natierlech d'Qualifikatioun vun eise Jugendlechen, un där ech selwer mat bedeelegt war, fir dass se eben um Aarbechtsmaart wierklech e gutt Standbee fannen. D'Zesummenaarbecht mam Handwierk a mam Patronat ass wichteg, fir dass si och prett sinn, fir déi Aarbechtsplaze kënnen do ze besetzen.

Do passt och direkt dat nächst Thema hin, vun deem ech mengen, dass mer mussen dru schaffen, fir Aarbechtsplazen ze delokaliséieren e bëssen aus eise Ballungszentren, fir dass erëm eng Kéier d'Wunnen an d'Schaffe méi no beienee kommen, well domat verbonne sinn och natierlech manner Verkéier a sécherlech och méi Liewensqualitéit fir deen Eenzelnen an och fir d'Familljen, woubäi et jo kloer ass, dass mer mat deene stonnelaange Staue moies, owes op eisen Autobunnen a Stroossen och e grousse Verloscht fir eis national Wirtschaft hunn. An et misst jo jiddwerengem och asiichtlech sinn, dass mer op deem Wee, wéi mer elo amgaang sinn ze fonctionnéieren, net méi kënne weiderfueren - woubäi d'Fueren an engem Stau jo komplett onméiglech ass!

Wann ech och nach wëll e bësse vun Energieverbrauch a Klimaschutz schwätzen, dat sinn e bëssen och Saachen, déi a mengem Interesseschwéierpunkt leien, dann denke vill Leit vläicht emol - wat weess ech? - beim Energieverbrauch u Passivhaiser, beim Verkéier un Dräi-Liter-Autoen an Elektroautoen, mä ech mengen, déi Erausfuerderung, déi ass, ass net den Dräi-Liter-Auto, mä: Wéi kréie mer dräi Leit beieneen an een Auto? Wéi kréie mer domat eng aner Mobilitéit, fir e bessere Mix ze kréie vu méi ëffentlechem Transport a manner Individualverkéier?

A wat den Hausbau ugeet, läit sécherlech menger Meenung no d'Erausfuerderung am Sanéiere vum Albau an och vun de Locatiounswunnengen, well grad dee groussen Energiehonger vu Locatiounswunnengen dreift vill Famillje ganz kloer an d'Energieaarmut eran, an dat kënnen d'Offices sociaux iwwert d'Land lech ganz sécher bestätegen.

D'Wunnen an d'Schaffen, de Verkéier an d'Liewensqualitéit sinn also enk matenee fir mech verknüpft an déi sinn och komplett aus dem Équiliber. An do stéisst dann de Lokalpolitiker u seng Grenzen, an do, mengen ech, ass et un der nationaler Politik, fir déi richteg Jalonen ze setzen.

A wa mer lokal Aarbechtsplaze wëlle schafen, musse mer eis och eng Kéier zréckbesënnen op eis lokal Stäerkten. An an deem Sënn muss ech nach eng Kéier den Här Statsminister zitéiere aus senger Ried kuerz virun Nationalfeierdag, an där e sot, dass mir e schéint Land hunn, dass mer dorop kënne stolz sinn, dass mer vis-à-vis vun den Noperen och villes opzeweisen hunn. Mir hunn zwar elo net d'belsch Plage, mä mir hu vill Saachen, déi mer mussen opwäerten oder anescht ausbauen. De regionalen, den nohaltegen, de méi authenteschen Tourismus, dat ass sécherlech eng Pist, an net nëmme fir den Norden, mä och fir all d'Regiounen aus dem Land.

Dann ass mir nach e ganz perséinlecht Uleies, fir dat ech mech och wëll asetzen, d'Schafe vun Infrastrukture fir Personnes à besoins spécifiques. Dofir wëll ech mech asetzen, net nëmmen am Wunnberäich, och am Fräizäitberäich an och am Beräich vun ugepassten Aarbechtsplazen, fir dass déi schwächste Memberen an eiser Gesellschaft zu Lëtzebuerg dann net op der Streck bleiwen an ënnert d'Rieder kommen.

Zu gudder Lescht eppes, wat mir och um Häerz läit, dat ass natierlech d'Erhalen, d'Verbesserung vun der Biodiversitéit. An dat kann nëmmen an engem Partenariat mat der Landwirtschaft fonctionnéieren, fir dass mer u sech eisen nächste Generatiounen och kënnen eng liewenswäert Émwelt hannerloossen.

Sou, elo hoffen ech, dass déi Ried kuerz genuch war. Ech freeë mech op ganz interessant Diskussiounen an dësem Plenum an an de Chamberskommissiounssëtzungen.

An ob ech elo als Greenhorn an dëser Chamber nach gréng hannert den Ouere sinn, dat musst Dir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, alleguerte selwer erausfannen. Mä eppes kann ech Iech versécheren: Gréng sinn ech, an zwar gréng bis an déi déck Zéif eran.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Dem Här Anzia nach eng Kéier alles Guddes.

Mir ginn dann iwwer zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 6686 iwwert d'Preventioun vun, an d'Responsabilitéit bei Émweltschied. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, an d'Wuert huet elo direkt den honorabele Rapporteur, den Här Henri Kox. Et ass nach Zäit, fir sech anzeschreiwen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

4. 6686 - Projet de loi modifiant l'article 6, paragraphe 1 de la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Jo, Merci, Här President. Et ass eng Ännerung vun engem Gesetz, wat den 20. Abrëll 2009 hei gestëmmt ginn ass. Dat Gesetz huet eng Direktiv ëmgesat, an do geet et ëm d'Responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux.

Et geet u sech drëms, esou séier wéi méiglech ze reagéieren, wann eppes sollt sech ukënnegen, an dass souwuel Preventioun, awer och herno d'Reparatioun sollte gemaach ginn. Eist Gesetz hu mer ëmgesat oder d'Direktiv hu mer ëmgesat, andeem mer e Passus agefouert hunn, an deem mer soten, innerhalb vu siwen Deeg kéinte mer dann aktiv ginn, wa sech esou eppes ukënnegt. An der Direktiv selwer steet awer ganz kloer „sans retard". Dat heescht, do sinn ech och der Iwwerzeegung, dass dat och „sans retard" sollt gemaach ginn, wa sech esou eppes ukënnegt. Ech weess awer elo net, firwat dat an eist Gesetz erageflos ass. Jiddefalls huet d'Kommissioun eis drop higewisen, dass mer d'Direktiv net konform ëmgesat hätten an dass mer, wa mer dat net maachen, Gefor géife lafen, um Europäesche Geriichtshaff ugeklot ze ginn.

Dofir, och aus der Sécurité juridique eraus ass et ganz wichteg, dass mer dat doten esou konform wéi méiglech och maachen, an et ass och net einfach esou, wou mer dat maachen, et ass och vis-à-vis vun der Émwelt, an net nëmmen der Émwelt, dat heescht, fir eis selwer ze schützen, wann esou eppes passéiert.

Zu dem legislative Prozess: Dës Ännerung ass den 8. Abrëll da vun der Regierung an engem Gesetz déposéiert ginn, fir dat schnellstméiglech ze änneren.

Ech wëll hei just kuerz op eng Erreur matérielle hiweisen: Am Rapport steet, dass d'Gesetz de 6. Mee déposéiert ginn ass, mä et ass den 8. Abrëll, well de 6. Mee ass dem Conseil d'État säin Avis dozou komm. D'Chambre des Salariés an d'Chambre de Commerce hunn dat de 4. an de 25. Abrëll gemaach. An der Sëtzung vun der Environnementskommissioun den 28. Mee gouf ech selwer als Rapporteur bestëmmt, a mir hunn och gläichzäiteg d'Avisen dozou gekuckt. Den 2. Juli konnte mer dann dat Gesetz an der jëtzeger Form oder d'Ännerung vum Gesetz an der jëtzeger Form unhuelen.

Ech wëll da rappeléieren: Et ass en Artikel unique, et ass den Artikel 6, deen da vum Gesetz vum 20. Abrëll 2009 geännert gëtt. An de Wortlaut ass haut: «Lorsqu'un dommage environnemental n'est pas encore survenu, mais qu'il existe une menace imminente qu'un tel dommage survienne, l'exploitant prend sans retard les mesures préventives nécessaires.»

Ech denken, heimadder hu mer dann eng wichteg Émsetzung vun der Direktiv gemaach, an ech ginn den Accord och vu menger grénger Fraktioun.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur. D'Wuert huet elo direkt den Här Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt um Ufank wéi ëmmer dem honorabelen Henri Kox Merci soe fir de schréftlechen a mëndleche Rapport. E war esou explizit, Här President, dass ech näischt bäizefügen hunn, ausser dem Accord.

Mä, wann ech schonn hei stinn, Här President, dann erlaabt mer vläicht, léif Kolleegen - och vun der Regierung -, eppes ze soen, wat net normal ass hei am Haus.

Mir hunn de Moien en neie jonke Mënsch hei assermentéiert, de Gérard Anzia. Et ass déi éischte Kéier an dësem Land, dass dëst Parlament fënnef Ingenieuren huet. Dat gouf et nach ni!

An dat Schéinst dobäi ass, all déi fënnef Ingenieure kommen aus därselwechter Schoul, aus dem fréieren Technikum,…

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Très bien!

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- …dem spéideren IST, wat haut jo d'Fakultéit ass.

(Interruption et hilarité)

An ech sinn awer desto méi houfreg, well ech ka soen, dass de Max Hahn, de Gérard Anzia an den Henri Kox meng fréier Studente sinn. An ech sinn immens houfreg…

Plusieurs voix.- Aah!

(Applaudissements et brouhaha)

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Ech sinn dorop houfreg, well mer oft…

(Interruption)

Jo, hei am Haus ass et schwéier, mä ech freeë mech doriwwer eraus, well mer oft an der Schoul diskutéiert hunn, dass et wäertvoll ass, dass Ingenieure sech och an d'Politik erabrénge. An ech hunn ëmmer gesot gehat: Egal, wou Der am Liewe stitt, jonk Leit, mä probéiert duerchzesetzen, dass d'Ingenieuren och eppes maachen. Et gëtt ee grousse Sproch vum Jean Paul, deen huet gesot gehat: „Den technesche Fortschrëtt ass d'Wierk vun onzefriddenen Ingenieuren."

Merci villmools.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Oberweis. Dat hat zwar net direkt eppes mat der Preventioun…

(Hilarité)

…vun Émweltschied ze dinn, mä ech mengen, et däerf een awer als Proff houfreg sinn, wa seng Schüler virukommen. Merci. Nächst Riednerin ass d'Madame Hemmen.

Mme Cécile Hemmen *(LSAP).*- Ech wéilt dem honorabelen Deputéierten Henri Kox villmools Merci soe fir dëse gudden detailléierte Rapport vun dësem awer ganz knappe Projet de loi. Deem ass guer näischt méi bäizefügen. An ech géif dann heimat den Accord vun eiser Partei ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci och der Madame Hemmen. Den Här Max Hahn huet d'Wuert.

M. Max Hahn *(DP).*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech géif vläicht enclenchéieren zu deem, wat mäi fréiere Professer vun der Uni Lëtzebuerg, de Marcel Oberweis, gesot huet, dass ech och ganz stolz sinn, dass mer zu fënnef Ingenieuren an deem heiten Haus sinn, wat en Novum ass, wat mer bis ewell nach ni haten. Eppes anescht hate mer awer sécherlech och nach net. Et ass net nëmmen den Här Oberweis, dee mäi fréiere Professer vun der Uni war, mä den Här Anzia, deen haut vereedegt ginn ass, ass mäi fréiere Professer am Lycée gewiescht.

Plusieurs voix.- Aah!

(Hilarité et brouhaha)

M. Max Hahn *(DP).*- An trotzdeem, mengen ech, wier eppes aus mer ginn.

(Hilarité)

Spaass beisäit, Spaass beisäit.

Fir d'Éischt wëll ech och dem Rapporteur e grousse Merci soe fir säin exzellente schréftlechen an och mëndleche Rapport. De Rapporteur huet och am Fong bal alles gesot.

Jo, et besteet e juristeschen Ënnerscheed tëscht dem Term „sans retard", also ouni Verspéidung, an dem Term „spéitstens no siwen Deeg".

D'Europäesch Kommissioun huet eis dat matgedeelt, a fir dës ongenee Transpositioun an d'Lëtzebuerger Recht ze verbesseren, diskutéiere mir haut d'Gesetz vun 2009 op dëser Plaz also nach eng Kéier. Et ass awer op där anerer Säit d'Geleeënheet, fir nach eng Kéier kuerz dëst wichtegt, ganz wichtegt Gesetz ze rappeléieren.

Dëst Gesetz huet nämlech de Prinzip vum Pollueur-payeur an eis Gesetzgebung verankert. Dat heescht, dass deen, dee fir den Émweltschued verantwortlech ass, och muss fir den Émweltschued opkommen. Ech erënneren do nëmmen un déi kierzlech Affär, wou um Findel iwwer dausend Meter Kibb an e Bëschstéck gelaf sinn. Sämtlech Sanéierungsaarbechten hu missen integral vun der verantwortlecher Firma bezuelt ginn, an dat, Dir Dammen an Dir Häre, ass och richteg esou.

Une voix.- Très bien!

M. Max Hahn *(DP).*- Dëst Gesetz schreift awer och d'Preventioun ganz grouss, well wann d'Kand bis am Pëtz läit, wann also den Émweltschued bis entstanen ass, beispillsweis wa Mazout bis an d'Gewässer gelaangt ass, dann ass de Schued mat Suen net méi guttzemaachen.

D'Virsuerg ass déi beschte Medezin. Dat gëllt fir d'Gesondheet, dat wëssen net nëmmen eis zwee Dokteren an der Chamber, den Edy Mertens an den Alexander Krieps, mä dat gëllt genausou fir d'Gesondheet vun der Émwelt. An dofir musse mir alles drusetzen, dass d'Émweltschied vu vireran net entstinn.

An dëst Gesetz, Dir Dammen, Dir Hären, ass e grousse Schrëtt an déi Richtung gewiescht, an dofir huet d'Demokratesch Partei dat och 2009 scho gestëmmt gehat. Deemools war den DP-

Spriecher eisen heitege Fraktiounschef: den Eugène Berger.

Dat hei gesot an deen heite kuerze Réckbléck gemaach, ginn ech heimat dann och den Accord vun der Demokratescher Partei.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Hahn. An d'Wuert huet den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz hei huet vun eiser Säit aus, wat de Fong ugeet, natierlech och eng prinzipiell Zoustëmmung, aus deene Grënn, déi och grad genannt gi sinn. Mä et ass awer emol vläicht eng Geleeënheet, fir nach eng Kéier ze kucken, wéi mir eigentlech déi Texter an déi Bréiwer liesen, déi mir vun der Europäescher Kommissioun kréien.

An där Direktiv, déi mer deemools haten, gouf et e Considérant, dat wor de Considérant 24. An deen huet gesot, et ass richteg: «Il est nécessaire», et ass souguer néideg, «de garantir l'existence de moyens efficaces de mise en œuvre et d'exécution, tout en assurant une protection adéquate des intérêts légitimes des exploitants concernés ainsi que des autres parties interessées. (…)»

Doropshin huet d'Lëtzebuerger Regierung deemools, an et si jo op d'mannst zwou Parteien hei, déi do dra waren, gesot, ma da musse mer en „délai raisonnable" deene Leit och ginn, well dat ass jo „nécessaire" an „légitime". An doduerch ass en Délai raisonnable vu siwen Deeg fixéiert ginn, an enger gudder Intentioun, fir datt deen „sans retard" net kann ze wäit interpretéiert ginn. Dat wor eigentlech d'Ratio vun deem, wat deemools décidéiert ginn ass. An och haut seet d'Chambre de Commerce nach, och aus guddem Grond, an hirem Avis, et wär wichteg, en Délai raisonnable an dësem Gesetz ze hunn.

Wat huet dann elo eigentlech déi Europäesch Kommissioun eis gesot? Déi Europäesch Kommissioun huet net gesot, wéi et hei gesot ginn ass: Mir exigéieren elo, datt dat geännert gëtt an esou weider. Dat ass net de Fall.

D'Europäesch Kommissioun schreift an hirem Bréif vun engem Direkter, et ass elo emol nach net op engem Niveau Commissaire: «Les services de la Commission ont été informés que cette partie de texte», wou et also ëm deen Délai raisonnable vu siwen Deeg geet, «a été ajoutée sur demande du Gouvernement luxembourgeois», also och vun zwou vun deene Parteien, déi haut esou séier enger anerer Meenung sinn, «pour préciser le concept de „sans retard". Une telle demande de précision apparaît tout à fait raisonnable.», schreift déi Europäesch Kommissioun. «Toutefois, il serait utile de considérer une reformulation (…).», an esou weider, wann dat dann elo iergendwéi géif dem Sënn vun der Direktiv widdersprieche. An da seet d'Kommissioun: «J'invite vos observations sur ce point avant de décider de la suite appropriée (…).»

U sech huet d'Europäesch Kommissioun also näischt anescht gemaach, wéi ze soen: Et ass u sech räsonabel, mä sot eis wann ech gelift, erkläert eis wann ech gelift, firwat. Méi ass net geschitt. An direkt wann esou e Bréif kënnt, wou eigentlech just eng einfach Explikatioun gefrot ginn ass, gi mir e Gesetz änneren.

An dat stellt natierlech d'Fro: Ma wéi seriö sinn dann och déi Parteien, wéi seriö wor dann déi al Regierung, wéi seriö..., wéi ass dat dann eescht geholl ginn? A wéi eescht ginn déi Observatioune vun der Chambre de Commerce hei geholl, datt den Délai raisonnable néideg ass, wa mer op enger einfacher Demande d'information - well méi war et net vun der Europäescher Kommissioun - schonn ëmfalen an eist Gesetz änneren?

Et ass déi drëtte Kéier a kuerzer Zäit, dass mir als ADR musse soen: Esou geet dat net. Mir hunn an eis Asylgesetzgebung misse Beispiller eraschreiwen, déi eiser Technique législative widderspriechen. Mir hu beim Spillgezei Änderunge gemaach, déi ridicule sinn, andeem mer „recette" duerch „préparation" ersetzen. An elo fale mer ëm an ännere mer e Gesetz, well d'Kommissioun näischt anescht gemaach huet, wéi eng Informatioun ze froen iwwert d'Ratio vun deem, wat déi fréier Regierung awer hei duerchgesat huet a wat d'Chambre de Commerce och haut nach fir sënnvoll hält.

Dat ass einfach net eescht. Mir mussen eis och emol als Land bewosst ginn, datt mir och géintiwwer enger Europäescher Kommissioun eis Interessen ze vertrieden hunn, an net eis Gesetzer direkt änneren, wann en Direkter vun engem Service vun der Kommissioun eng Erklärung iwwer e Gesetz gär hätt.

Dat gesot, verstitt Der, datt d'ADR sech bei dëser Ofstëmmung enthält. Mir hätte gär, datt mer och als Land selbstbewosst eis Interesse géintiwwert der Europäescher Kommissioun vertrieden.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Här President.

M. le Président.- Jo, de Rapporteur freet d'Wuert. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Ech wollt just eng kleng Bemierkung nach dozou soen. Ech hunn nämlech och hei dee Bréif, an deen hält nämlech och mat engem Abschnitt nach eng Kéier op, an do steet: «Veuillez noter que la Commission peut, dans le cas où elle constate une transposition incomplète, voire une absence de transposition, lancer une procédure d'infraction pour défaut de transposition (…).»

Et ass aus Sécherheetsgrënn. An ech fannen et och richteg, dass mer hei deen Délai sans retard sollten ëmsetzen, an et ass net méi an net manner, wat mer do gemaach hunn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech hu jo nach Zäit, Här President?

M. le Président.- Dir hutt nach Zäit, mä et ass e bëssen onüblech.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech hunn nach Zäit.

M. le Président.- Jo, also, mir sinn hei ganz oppen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Voilà. Da wëll ech op déi Bemierkung do äntwerten.

Dat ass eng ganz interessant Bemierkung, well et ass just, fir ze soen: Et ass déi absolut Routine, eng administrativ Routine, dat steet an all Bréif, deen esou un e Land geschéckt gëtt. An do steet jo och nëmmen dran, et ass e Rappel vun enger Dispositioun am Traité, an där net méi drasteet, wéi, wann eng Infraktioun do wär, an dat ass jo guer net de Fall hei - d'Kommissioun seet mat kengem Wuert, datt dat esou ass, si freet just, firwat mer dat gemaach hunn -, da kéint eben déi Prozedur ageleet ginn.

Dat ass näischt anescht wéi e Rappel vum Traité. Den Traité kenne mer alleguer. Ech si frou ze gesinn, datt och den Direkter vun der Kommissioun säin Traité kennt. Ech si manner frou, fir ze gesinn, datt e gréngen Deputéierten hei den Traité net genuch kennt, fir dee Bréif esou ze interpretéieren, wéi en ze mengen ass.

Ech soen Iech nach eng Kéier Merci.

Plusieurs voix.- Ooh!

M. le Président.- Mir wären um Enn vun der Diskussioun an d'Wuert huet d'Regierung. Madame Ëmweltministesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Ass en un?

M. le Président.- Jo.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Jo, en ass un.

Fir d'Éischt emol e grousse Merci fir de gudde schréftlechen a mëndleche Rapport un den Henri Kox. U sech waren déi meescht Saache elo gesot. Ech mengen, hei an dësem wichtege Gesetz - an do wëll ech och dem Max Hahn e grousse Merci soen, dee wierklech nach eng Kéier op d'Wichtegkeet an op de Sënn vum Gesetz ebe vun engem responsabele Verhalen a vum Schutz vun der Ëmwelt agaangen ass - geet et haaptsächlech hei ëm eng korrekt Transpositioun, awer et geet och ëm Rechtssécherheet.

An da wëll ech awer och nach eng Kéier ganz kuerz drop agoen, wat dann d'ADR awer seet. Ech mengen, dee Bréif ass ëmmer deen éischte Schrëtt an eng Prozedur eran. Hei wou mer awer wierklech kee Problem hunn, dat heiten esou ze maachen, dass, wa mer wëssen, et ass fir d'Preventioun, et ass fir engem virzekommen, an dann awer och, dass een direkt kann eppes ënnerhuelen, ass u sech eng sënnvoll Saach.

Ech soe parteiiwwergräifend e grousse Merci un all Eenzelner, déi dat heiten da wäerten ënnerstëtzen. Ze notéieren ass och, datt mer gesot kritt hunn am Abrëll, datt déi Prozedur, déi dann elo ugelaf wär, dann elo och gestoppt ass, wa mer dat heiten haut esou unhuelen. E grousse Merci.

An dann zum Schluss félicitéieren ech nach gär dem Gérard Anzia am Numm vun der ganzer Regierung, an ech wënschen him eng gutt Aarbecht an eis eng gutt Zesummenaarbecht.

Villmools Merci.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).*- E grousse Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6686.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6686 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass ofgeschloss an de Projet de loi 6686 ass mat 57 Jo-Stëmme bei 3 Enthalungen ugeholl. D'Enthalunge sinn, mengen ech, motivéiert. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies (par M. Luc Frieden), Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Den nächste Punkt op eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 6654, wou eis Autobunn a Richtung Saar elo endgülteg soll fäerdeggebaut ginn an dee Flächenhals zu Helleng sollt en Enn kréien. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ech hunn Inscriptioune vun der Madame Andrich, dem Roger Negri, dem Josée Lorsché, dem Gast Gibéryen. Et ass nach Zäit. D'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

5. 6654 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une liaison routière avec la Sarre et autorisant la construction de l'échangeur de Hellange avec raccordement à l'autoroute A13 et à la route nationale N13

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Liewe muss een heiansdo ganz vill Gedold hunn. An an deem Dossier, iwwert dee mer haut schwätzen, hu besonnesch d'Automobilisten am Raum Helleng op der Saar-Autobunn während iwwer engem Jorzéngt ganz vill Gedold beweise missen.

Dee Gesetzesprojet, deen elo zur Ofstëmmung hei steet an deen de leschten 12. Februar vum Nohaltegkeetsminister déposéiert gouf, deen huet awer elo als Konsequenz, datt déi Gedoldsprouf vun den Automobilisten an deem Raum endlech zu engem Enn kënnt. Fir d'Essenz an d'Komplexitéit zwar vun deem Projet hei ze verstoen, kënnt een awer net derlaanscht, e bësse méi e graffen historesche Réckbléck ze maachen.

Ugefaangen huet u sech alles mam Gesetz vum 16. August 1967 iwwert d'Schafe vun enger grousser Voirie de communication an dem Fonds des routes. Den 13. Juli 1972 gouf dunn hei an der Chamber e Gesetz gestëmmt, wat dunn d'Gesetz vun 1967 ëmgeännert huet, an do war am Artikel 6 folgende Passus ze liesen: «une route collectrice du Sud, reliant entre elles les principales localités du bassin minier - de Bettembourg, à l'est, à Pétange-Rodange, à l'ouest -, son raccordement à la nouvelle route Luxembourg-frontière française (E9, direction de Thionville), et sa jonction, aux frontières respectives, au réseau routier allemand (Sarrebruck-Remich) et au réseau routier belge (Arlon-Longwy)».

Domadder war u sech de legale Grondstee geluecht, fir d'Collectrice du Sud ze bauen. Datt haut, 42 Joer duerno, deen Tracé nach ëmmer net ganz fäerdeg ass, dat huet natierlech net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och doriwwer eraus fir vill Onverständnis gesuergt. Effektiv ass et besonnesch fir Aussestehend schwéier novollzéierbar, firwat mer am Fong haut nach ëmmer net kënnen iwwert d'Autobunn direkt fueren, an datt zënter der Ouverture vun deem Stéck Beetebuerg a Richtung Réimech een am Fong geholl nach ëmmer muss en Ëmwee maachen am Beräich vun Helleng. Dat sinn, wéi gesot, eelef Joer hier.

Mä haut ass dann de Moment, wou u sech dann endlech dee Problem misst geléist ginn. Mä esou wäit si mer nach net. Wéi gesot, et deet mer leed, datt ech hei muss eng ganz Rei Décisiounen, Gesetzesännerungen, Jugementer oplëschten, fir u sech dann déi ganz Komplexitéit vun deem Projet e bësselche méi verständlech ze maachen.

1986, méi spezifesch den 31. August, war erëm en neit Gesetz gestëmmt ginn, an zwar war dunn d'Liaisoun mat der Saar, an och dat ass interessant, erëm abandonnéiert ginn. Et hat gedauert bis de 5. Mäerz 1991, bis datt erëm nei Démarchë gemaach gi waren, fir eng Verbindung mat der Saar ze bauen. Du koum d'Gesetz vum 31. Juli 1995, an an deem Gesetz ass dunn d'Saar-Autobunn erëm reintegréiert ginn an d'Gesetz vun 1967.

Awer och e wichtegen Detail ass deemools hei décidéiert ginn, en Detail, deen awer och sollt eng grouss Roll spillen an der Weiderentwécklung vun deem Dossier, an zwar gouf mat deem Gesetz vun 1995 och d'EU-Direktiv 85/337 iwwert d'Inzidenz vu verschiddene Projeten op d'Ëmwelt ëmgesat. Déi Direktiv, déi den 3. Mäerz 1997 duerch d'Direktiv 97/11 liicht ëmgeännert gi war, hat eng Exceptioun virgesinn, datt se net uwendbar wier, an zwar wann d'Projeten duerch een Acte législatif national spécifique adoptéiert géife ginn. An den deemolege Législateur war och der Meenung, datt, wéi gesot, déi Direktiv net uwendbar fir de Bau vun der Saar-Autobunn wier, wéi een och an engem Rapport vun der parlamentarescher Travaux-publics-Kommissioun vum 18. Oktober 2001 iwwert de Projet de loi 4797 vun dem Bau iwwer eng Stroosseverbindung mat dem Saarland kann noliesen.

D'Regierung vun deemools, dat muss een hei awer och nach ënnersträichen, hat awer eng Rei vun Impaktstudien op de Wee ginn, déi allerdéngs net am Gesetz virgesi waren.

D'Europäesch Kommissioun, déi entre-temps och mat enger Plainte saiséiert war, no enger Reklamatioun vu Propriétairë beim Tribunal administratif, koum zur Konklusioun, datt d'Regierung déi Direktiv net richteg applizéiert hat. An och déi ëffentlech Réuniounen, déi organiséiert gi ware vun den deemolege Responsabelen aus der Regierung, sinn als net recevabel erkläert ginn.

De 14. Juli 1999 koum et och deementspriechend zu enger Mise en demeure duerch d'EU-Kommissioun, an d'Regierung gouf no engem Avis vum 25. Juli 2000 opgefuerdert, de Projet ënner neie Konditiounen unzehuelen. An dat ass och du geschitt duerch e Vote vun engem Gesetz de 25. Oktober 2001, an zwar dem Projet de loi 4797. An an deem Gesetz war och eng Enveloppe virgesi vun 242,9 Milliounen Euro.

Den 12. Juni 2004 - an, wéi gesot, d'Geschicht geet nach ëmmer weider - gouf dunn hei an der Chamber eng budgetär Upassung vun 49 Milliioune virgeholl. An ënner anerem waren an deem Gesetz 750.000 Euro fir de Bau vun engem Rond-point zu Helleng no der Sortie vum Échangeur Helleng virgesinn.

Wéi mer jo all wëssen, ass deen Échangeur bis haut net gebaut ginn, an de Rond-point gouf da provisoresch ënne mat esou plastiksen Elementer aménagéiert. Mä dat huet jo alles seng Ursaachen. An da komme mer am Fong elo op de Kär vun der ganzer Problematik.

Et ass jo och gewosst, datt et Schwieregkeete gouf, wat d'Acquisitioun vun den Terrainen ubelaangt. Eng ronn 3 ha Terrainen hu gefeelt, an zwar waren dat d'Propriétairen, d'Famill Linster, déi aus Grënn, déi hir waren, refuséiert haten, déi Terrainen dem Stat zur Verfügung ze stellen. Dat hat als Konsequenz, datt huet missen dee berühmte Bypass do gebaut gi vun enger ronn 1.300 m. E Bypass, wou dann zwou Bunnen, also zweemol eng Bunn aménagéiert gi war.

An da muss ee sech natierlech virstellen, wann een d'Autobunn erofgefuer kënnt, an op eemol erëm muss vun der Autobunn erof, an dann 1.300 m iwwer e Bypass weiderfueren, fir erëm herno kënnen op d'Autobunn zréckzekommen.

Här President, Dir Dammen an dir Hären, eng wichteg Décisioun vun der Chamber war awer och d'Emännerung vum Artikel 16 vun eisem Grondgesetz duerch d'Gesetz vum 24. Oktober 2007. An ech kucken den Här Paul-Henri Meyers, deen deemools Rapporteur war. Do ass et nämlech ëm d'Expropriatioun gaangen - an zwar ass dunn den Term vun der Indemnitéit, déi geschëllt ass a préalablement misst bezuelt ginn, ier d'Expropriatioun kéint definitiv gesprach ginn, jo dunn ëmgeännert ginn, an den Terme préalable ass erausgeholl ginn, soudatt dat am Fong geholl dunn och d'Expropriatiounsprozedur konnt beschleunegen.

Mä d'Komplexitéit vum Dossier, wéi gesot, huet domadder awer och net ofgeholl, well du koumen nach eng Rei aner Jugementen dobäi, zum Beispill vum Bezierksgeriicht Lëtzebuerg vum 8. Juli 2009, an zwar an deem Sënn, datt dat groussherzoglecht Reglement vum 28. Mäerz 2002 iwwert d'Approbatioun vun de Parzellen, déi ënnert d'Emprise falen, net gülteg wier. Dat hat dunn als Konsequenz, datt dat Reglement erëm eng Kéier huet missen nei publizéiert ginn; an dat ass de 15. Oktober 2009 geschitt.

Den Tribunal huet dunn den 21. Dezember 2011 der Expropriatiounsprozedur endlech och gréng Luucht ginn.

E wichtegt Uerteel koum dunn den 19. Mäerz 2013 vun der Cour constitutionnelle, an zwar an deem Sënn, datt de Recours vun de Propriétairen - déi selbstverständlech vun hirem Recht do Gebrauch wollte maachen - ouni Base légale wier. An domat konnt dann d'Bezierksgeriicht Lëtzebuerg den 2. Mee 2013 de Wee endlech fräi maachen, fir datt de Stat Propriétaire vun deenen néidegen Terraine konnt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass jo dann elo dee grousse Moment, wou mir dann als Chamber endlech kënnen déi Décisioun huelen, datt déi zwee Stécker elo erëm ee Ganzt ginn an datt de Bypass elo endlech ka verschwannen.

Et war also net méi wéi normal, datt de Projet de loi 6654, deen - wéi gesot - elo haut zur Diskussioun an zur Ofstëmmung steet, mam urspréngleche Intitulé „relatif à la construction de l'échangeur de Hellange avec raccordement à l'autoroute A13 et à la route nationale N13", och séier säi Wee an d'Nohaltegkeetskommissioun fonnt hat.

An an der Sitzung vum leschten 23. Abrëll gouf dunn och de Projet vun de Fachleit presentéiert an ech gouf als Rapporteur designéiert. De Rapport, deen den 3. Juli der Kommissioun virgeluecht gi war, ass och eestëmmeg ugeholl ginn.

Mir stëmmen haut u sech eng zousätzlech Enveloppe vu 34,2 Milliounen, déi op de Fonds des routes imputéiert ginn, a folgend Aarbechte kënnen elo am Fong mat där Enveloppe hei realiséiert ginn:

Éischtens - an dat ass d'Filetssteck u sech vun dësem Projet de loi - ass dat natierlech de Bau vum Échangeur Helleng mat Uschloss un d'Autobunn A13 an un d'Nationalstrooss N13, an dat eleng kascht 21,4 Milliounen.

Dann, zweetens, gëtt e Passage inférieur gebaut. Dee war am initiale Projet u sech net virgesinn. En erlaabt engersäits de Rétablissement vu Feldweeër ze maachen an op där anerer Säit ass och virgesinn, fir en neien Accès un déi Bauschuttdeponie, déi an deem Eck do ass, ze garantéieren, well eis jo och gesot ginn ass an der Kommissioun, dat déi Bauschuttdeponie eventuell nach soll ausgebaut ginn.

Drëttens dann, ass awer och de Bau vun engem oppene Réckhaltebecken ënnerhalb der N13 am lieu dit „Kuebelach-Belgrad" verbonne mat engem Renaturéierungsprojet an enger natierlecher Vegetatioun virgesinn.

Véiertens, den Uschloss un d'N13 duerch de Rond-point Helleng, dee jo de Moment zwar besteet, mä dee jo natierlech dann elo frësch aménagéiert gëtt.

Fënneftens dann, d'Zerstéierung an d'Renaturéierung vum Bypass tëschent Helleng a Fréiseng.

An da sechstens, d'Leedung vun dem Iwwerflächenofwaasser vum Échangeur an den „Thalweg Hiergerterweier/Leiteschbach/Schetzwiss".

Och wann déi zwou Enveloppë vun 2001 a vun 2004 nach net ganz opgebraucht sinn, sou ginn déi Kreditter allerdéngs net duer, fir elo de Rescht vun dësen Aarbechten och kënnen ze finanzéieren.

Ech wëll dann awer och hei ënnersträichen, datt ech - streng geholl - guer net misst elo hei stoen an iwwert dee Projet hei schwätzen, well de Projet net hätt missen - theoretesch geschwat - hei an d'Chamber kommen, well mir ënnert dem Seuil vun deene 40 Milliounen Euro bleiwen.

Allerdéngs hat d'Budgetskontrollkommissioun déi weis Décisioun geholl, den 3. Juni 2013, fir de Projet awer hei an d'Chamber ze bréngen, an ech mengen, dat ass och richteg, dat ass och gutt esou, fir voll Transparenz spillen ze loossen, a wien elo e bësselchen all déi Elementer mat verfollegt huet, déi zu där Situatioun hei gefouert haten, wäert jo schnell erkennen, datt et awer wichteg ass, datt een awer nach eng Kéier d'Geschicht opliewe léisst, fir ze kucken, firwat datt mer an déi dach skurril Situatioun hei komm sinn.

D'Entretienskäschte ginn op plus ou moins 77.000 Euro d'Joer geschätzt. Ze soen ass och nach, datt laanscht Helleng - an dat wäert déi Leit do besonnesch freeën - een Écran antibruit aménagéiert gëtt vu plus ou moins dräi Meter Héicht.

Et ass jo och gewosst, datt besonnesch am Raum Helleng scho ganz interessant Fouilles archéologiques realiséiert goufen. Och hei sinn natierlech nach zousätzlech Prouwe gemaach ginn. Wéi eis d'Fachleit allerdéngs confirméiert hunn, ass de Moment elo keng nei Découverte gemaach ginn, soudatt u sech de Projet net doduerch ka retardéiert ginn.

Laut de Verantwortleche vu Ponts & Chaussées dierf dee Chantier hei ronn 550 Deeg daueren. Wat och wichteg ass: Den Trafic gëtt an der ganzer Zäit weidergefouert, wat natierlech awer och mat sech bréngt, datt dach musse grouss logistesch Iwwerleeunge gemaach ginn, wéi den Trafic dann och do ka koordinéiert ginn.

A wat een och nach hei soll ënnersträichen ass, datt dee Projet och den Objet vun engem Sécherheetsaudit ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Conseil d'État hat säin Avis den 10. Dezember 2013 virgeluecht, dee mir natierlech och an der Commissioun den 23. Abrëll 2014 analyséiert haten. An an eiser Sëtzung vum 14. Mee hu mer eis nach eng Kéier mat deem Avis vum Conseil d'État beschäftegt.

Engersäits huet déi héich Kierperschaft proposéiert, fir den Intitulé vum Projet de loi ze änneren - deen ech elo net méi brauch hei ze widderhuelen -, an d'Kommissioun war och där Meenung, sech där Propositioun unzeschléissen.

Wou mer dem Conseil d'État net Recht ginn hunn, ass: En hat gemengt, et soll een „Dépenses occasionnées" duerch „Dépenses engagées" ersetzen. Mir sinn allerdéngs do op deem urspréngleche Term bliwwen.

An der Kommissioun selwer ass natierlech dann och iwwert dee Projet hei eng interessant Diskussioun gefouert ginn. Ech wëll hei e puer Punkten erausgräifen.

Zum Beispill muss een hei och nach ënnersträichen, datt vum Rond-point op der N13 a Richtung Helleng e Réaménagement vun der Strooss kënnt mat Aménagement vun Insele mat Beem, fir virun allem de Verkéier do méi agréabel ze gestalten, datt och manner gerannt do gëtt, an awer och virun allem, fir urbanistesch eng Verbesserung unzestriewen, wat a Richtung vun der Uertschaft Helleng geet.

Do ass natierlech dunn d'Fro och gestallt ginn - an als Rapporteur muss ee jo neutral bleiwen, dofir däerf ech den Numm net nenne vun deem, deen déi Interventioun gemaach huet -, datt awer och a Richtung Beetebuerg soll en ähnlechen Aménagement vun der Strooss geschéien, well mer do direkt am Beräich vum Parc merveilleux sinn, an déi Leit, déi deen Eck kennen, déi wëssen, datt do ganz grouss Geforeplazen entstinn, besonnesch während de Summerméint. An d'Meenung war eben opkomm, fir dann och an dësem Projet dat mat virzegesinn, allerdéngs ass dat majoritaire zréckgewise ginn aus der Iwwerleeung eraus, well soss vläicht de Projet nach méi retardéiert gi wier. An ech mengen, do si mir eis jo alleguer eens, datt et awer wichteg ass, datt déi Aarbechten esou séier wéi méiglech kënne ugefaange ginn.

Dann ass awer och nach an deem ganze Kader diskutéiert ginn iwwert déi zwee ganz grouss Projeten, déi am Raum Beetebuerg-Diddeleng entstinn, an zwar CFL-Multimodal an Eurohub, wou jo awer elo ganz grouss nei Erausfuerderungen op dee Raum do zoukommen, wat virun allem d'Gestaltung vun dem Verkéier ubelaangt.

An d'Meenung war och opkomm, datt een och soll iergendwéi eng Verbindung hierstellen tëschent dem neien Échangeur respektiv zwëschent deenen neie Projeten, déi do an deem Raum realiséiert ginn, fir de Verkéier do méi an engem gesamte Konzept och ze organiséieren.

Gedanke si sech natierlech och iwwert d'Vëlospist gemaach ginn. Ech hat dat virdru scho kuerz ugeschnidden, dee Passage inférieur, deen elo do aménagéiert gëtt, huet och als Ursaach ënner anerem, fir gegebenenfalls d'Vëlospist driwwer lafen ze loossen. Hei ass awer allerdéngs nach keng definitiv Décisioun iwwert den Tracé geholl ginn an et ginn elo nach Etüde gemaach, fir ze kucken, ob dee soll direkt laanscht d'N13 Richtung Beetebuerg lafen oder en aneren Tracé kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer vläicht, zum Schluss awer nach déi eng oder déi aner méi allgemeng Remarque zu dësem Dossier ze maachen.

Ech mengen, dat hei beweist ganz kloer, datt d'Politik all Ursaach huet, fir all gesetzlech Virschréften an Oploen ëmmer genaustens ze respektéieren, wuel wëssend, datt et natierlech ëmmer Interpretatiounsproblemer ginn, mä léiwer eng Démarche ze vill maachen, wéi eng ze mann, an dësen Dossier beweist jo ganz gutt, wat u sech kann d'Konsequenz sinn, wann d'Gesetzer net à la lettre ëmmer respektéiert ginn.

Ech wëll zum Schluss dann awer och - well ech héiere schonn, de President bimmelt hannendrun…

(Hilarité)

…mat der Schell -, mä ech wëll zum Schluss awer och nach een oder deen anere Merci hei ausspriechen. Den éischte Merci geet un eise Mataarbechter aus der DP-Fraktioun, de Ben Jacoby, an och un d'Rachel Moris, ganz emseg Sekretärin vun der Développement-durables-Kommissioun, an de leschte Merci awer och un den Här Roland Fox a seng Mataarbechter vun de Ponts & Chaussées.

Haut komme mer also, no engem jorelaangen Hickhack ëm déi skurril Situatioun hei, endlech zu engem gudden Enn, an duerfir bieden ech och, dësem Projet zouzestëmmen, a bréngen och gläichzäiteg den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Et war ganz zaart.

(Brouhaha et hilarité)

D'Wuert huet dann elo direkt d'Madame Sylvie Andrich-Duval. Madame Andrich, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e bal historeschen Dag haut, op deen d'ganzt Lëtzebuerger Land a besonnesch d'Benotzer vun der Saar-Autobunn gewaart hunn. No jorelaangem Prozesséiere gi mer elo an deem héijen Haus hei endlech gréng Luucht, fir deem éiwege Provisorium vun 1.300 m, dem Bypass Helleng, no eelef Joer en Enn ze setzen. Laut Beschluss vum Bezierksgeriicht Lëtzebuerg vum 2. Mee 2013 sinn déi ëmstridden Terrainen, déi gefeelt hunn, fir d'A13 fäerdeg ze bauen, schlussendlech a Statshand iwwergaangen.

De Spuk ass also elo eriwwer a mer kënnen haut souwuel de Bau vun de reschtlechen 1,7 km vun der 21 km laanger Saar-Autobunn, déi d'Collectrice du Sud verlängert, grad wéi den Aménagement vum Rond-point Helleng autoriséieren. An dofir musse mer nach eng Kéier 34,2 Millioune lackermaachen, well et ass dëst schonn déi zweet Budgetsupassung, nieft där vun 2004, wou e bësse méi wéi 49 Milliounen nogestëmmt goufen, fir ënner anerem de Bypass kënnen ze finanzéieren. Domat klammen elo d'Gesamtkäschte vun där Autobunn op 326,2 Milliounen Euro.

Et ass déi viregt Regierung, déi am Oktober 2013 de virleiende Gesetzestext, deen aus der Fieder vum fréieren Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler staamt, nach pour Avis un de Statsrot viruginn huet. Dat huet deem jëtzegen Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister, deen dunn de Projet de loi mam Avis vum Statsrot op sengem Pult leien hat, et erméiglecht, de Projet direkt Ufank 2014 an der Chamber ze déposéieren.

Endlech verschwënnt domat e schlëmme Geforepunkt vun eisem Stroossennetz. E Geforepunkt, dee scho vill schro Accidenter provozéiert huet mat Schwéierverletzten a souguer Mënscheliewe kascht huet! Op deem geschlängelten eespuerege Bypass mat Géigeverkéier ass eng Vitesse-Limitatioun vu 70 km/h fixéiert an och en Iwwerhuelverbuet, wat awer leider net ëmmer vu jiddwerengem respektéiert gëtt. An et muss een och soen, d'Siichtverhältnisser, besonnesch bei Niwwel, si ganz schlecht. Och entsteet en zolitte Réckstau bis zréck op Fréiseng an a Richtung Rond-point Diddeleng-Biereng, besonnesch zu de Stousszäiten an och bedéngt duerch deen intensive Camionsverkéier.

Während deene bal eelef Joer koume ganz héich Ënnerhaltskäschten derbäi wéinst der Sécherheet an der staarker Ofnotzung vun där provisorescher Strooss. Leider huet de Stat net iwwert déi néideg Terraine verfügt, fir eng Bande d'urgence op béide Säite bäizesetzen, wat eng gutt Léisung gewiescht wier, fir den Accès vun de Rettungskräften ze erméiglechen. An et wier och net méiglech gewiescht, fir dës un de Rond-point Helleng unzebannen.

Gouf et deemools eigentlech eng aner Alternativ zu deem Provisorium, eng gutt Alternativ, déi et méiglech gemaach hätt, fir d'Autobunn den 23. Juli 2003 fir de Verkéier fräizeginn an dat no enger sechsjähreger Bauzäit an en attendant, dass déi lafend Geriichtsprozeduren ofgeschloss wieren?

Et louchen effektiv dräi Propositiounen um Dësch vum Stat, an dat hei war déi, ënnert där d'Hellenger an d'Fréisenger Awunner jiddefalls am mannsten ze leiden haten. Ech erënneren drun, dass et virun allem déi gréng waren, déi géint dës bäi Wäitem verstännegst Léisung Stuerm gelaf sinn, fir déi sech awer décidéiert gouf, an dat mat dem Accord vum deemolege Statssekretär fir d'Ëmwelt Eugène Berger.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

De Rapporteur ass a sengem Rapport besonnesch am Detail op deen historesche Werdegang vun der Saar-Autobunn agaangen, wat e bessert Verständnis och vun der heiteger Situatioun erméiglecht. Ech soen och dofir dem honorable Gusty Graas e grousse Merci fir säin exzellente schréftlechen an och mëndleche Rapport.

Déi zentral Fro an deem Dossier, deen d'Land an d'Leit, besonnesch d'Politiker, d'Regierung wéi d'Deputéierten, déi och eng Hällewull Questions parlementaires an all deene Jore gestallt hunn, an dat zum Plëséier vun de Medien, jorelaang an Otem gehalen huet, déi zentral Fro ass effektiv: Wéi konnt et dozou kommen?

Ech ginn och net op all d'Detailer an, well de Rapporteur dat och schonns beschtens gemaach huet. Mä eng vun den Ursaache läit bei der Gesetzesprozedur vum Bauprojet selwer.

Ech stelle fest, dass vun der éischter Décisioun un, duerch d'Gesetz vun der Schafung vun enger Grande voirie an engem Fonds des routes vun 1967 - dat war iwwregens d'Joer, an deem den obligatoresche Militärservice ofgeschaaft gouf -, ass et tëschent där Décisioun vun deemools, fir ënner anerem, ech zitéieren: „…eist Land duerch Stroossen, déi de Verhältnisser entspriechen, wéi se vun eisen Nopere gebaut gi sinn an nach weider laanscht eis Grenzen entstinn, ze verbannen an unzepassen", esou den deemolege Rapporteur, den honorablen Här Schreiner, vun deemools bis haut 47 Joer vergaange sinn, also ergo bal en halleft Jorhonnert!

Ech stelle fest, dass de Projet 1986 - d'Joer, an deem den RMG agefouert gouf - eng Zäitchen op Äis geluecht ginn ass, wéi décidéiert gouf, d'Collectrice du Sud als eng interregional Schnellstrooss ze definéieren a se un d'bestehend Autobunnsnetz unzeschléissen, bis dass et am Joer 1995 - d'Joer, an deem den Euro gebuere gouf - zur definitiver Décisioun koum, fir eng Stroosseverbindung tëschent dem Minett an de Schwerindustriepole vum Saarland ze schafen, dat opgrond vun engem Accord mat der däitscher Säit, fir eng Bréck zu Schengen ze bauen.

D'Gesetz vun 1967 ass dofir virun 19 Joer, bal op den Dag genee, den 31. Juli 1995 nees ëmgeännert ginn, ënnert deem deemolege Bauteminister Robert Goebbels. Ech stelle fest, dass awer d'Prozeduren am Virfeld vun deem Bauprojet, déi an der EU-Direktiv iwwert d'Impaktstudien op d'Ëmwelt an d'Informatioun vun der Ëffentlechkeet festgehale sinn - well déi Direktiv gouf jo och 1995 a Lëtzebuerger Recht ëmgesat, et gouf scho gesot -, dass déi net richteg applizéiert goufen. Jorelaang Variantendiskussioune waren deem virausgaang, wou den Tracé sollt verlafen, fir iwwert d'Musel ze fueren, mä besonnesch, wat dat Deelsteck tëschent Fréiseng an Altwies ubelaangt. Vun deene verschiddene Varianten huet finalement d'Süd-Variant d'Renne gemaach, anstatt vun der Nord-Variant, déi awer während x Jore méi wéi an de Startlächer stoung. An esou ass de Réimerwee eben engem Biotop zum Affer gefall.

An domat ass och deen eigentleche Mëssel ugaangen, well de Bauer Linster vun Helleng, zugläich e begeeschterten Hobby-Archäolog, sech widdert de Kapp gestouss gefillt huet vum deemolegen Travaux-publics-Minister Robert Goebbels. An de Bauer war net bereet, d'Terraine fir d'Süd-Variant hierzeginn, wuel awer fir

d'Nord-Variant, wouraus et dunn zu deem berüchtegte Rechtssträit komm ass. Hei ass et net méi ëm d'Geld gaangen oder ëm d'Landwirtschaft, hei ass et nach just ëm de Prinzip gaangen!

Eng Reklamatioun virum Verwaltungsgeriicht géint d'Enteegnungsprozedur huet zu enger Plainte bei der EU-Kommissioun gefouert, well déi genannten EU-Direktiv net respektéiert gi wier, an de Minister Goebbels huet effektiv net recht kritt. Ech hunn iwwregens e besonnesche Bezuch zu där Direktiv, déi entre-temps 97/11 heescht, well déi et a sech huet, a si gouf an der Tëschenzäit och schonns e puermol geännert, ergo och eis Lëtzebuerger Gesetzgebung.

Et war am Joer 2007 mäin éischte Rapport, deen ech hei an deem héijen Haus als Deputéiert hei dem Plenum virgestallt hunn. An ech verstinn och elo eigentlech e bësse besser, firwat dass grad mir, als onbeschriwwent Blat, déi Missioun do zougedroe gi war.

(Hilarité)

Jiddefalls huet déi Direktiv schonns deemools zu engem risege Spektakel gefouert an d'Enteegnungsprozedur ass gestoppt ginn. An déi deemoleg Bauteministesch Erna Hennicot-Schoepges huet de Schlamassel behuewen, andeems d'Gesetz vun der Saar-Autobunn 2001 - dat Joer ass Arcelor entstan - nei gestëmmt ginn ass, an dat obschonn d'Baggere schonn de 15. September 1997 ugefaangen haten!

Ech zitéieren den deemolege Rapporteur an CSV-Deputéierten, Strotzen Néckel: „Mir erliewen haut en aussergewéinlechen, rare Phenomeen an der Geschicht vun eiser legislativer Aarbecht, an zwar deen, dass opgrond vun enger Mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun ee mat grousser Majoritéit gestëmmte Projet nach eng Kéier, awer an anerer Form virun de Plenum kënnt."

Duerno huet d'Famill Linster, och nom Verscheede vun dem betreffende Bauer, weider, coûte que coûte, all juristesch Méiglechkeeten ausgeschëpft, fir dem Bau vun der Süd-Variant esou vill wéi méiglech Steng an de Wee ze leeën an de Stat esou laang wéi méiglech ze blockéieren. Mat deem Resultat, wat mer kennen: Vun 1995 bis haut, dat sinn 19 Joer!

Deem viregten Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler ass et awer finalement gelongen, dee gordesche Knuet do ze zerschloen, an net, wéi ëmmer dat behaapt gouf, dem Minister Goebbels!

Dofir verléieren ech och e puer Wierder, zwar als Netjuristin, iwwer eis gesetzlech Enteegnungsprozedur, mat hirem juristeschen Nospill, déi als ausschlaggebend zweet Element hei mat an d'Spill kënnt. D'Enteegnungsprozedur ass éischtmoleg duerch d'Gesetz vum 16. August 1967 iwwert d'Grande voirie an de Fonds des routes agefouert ginn, mat deem mir hei ze dinn hunn. Et besteet awer och nach d'Gesetz vum 15. Mäerz 1979 iwwert d'Expropriatioun an nach aner Texter, an deenen och Enteegenunge virgesi sinn.

Eng Expropriatioun ass ëmmer eng Gratwanderung tëschent dem Schutz vum private Besëtz, wat e Grondrecht ass, wat an eiser Verfassung verankert ass, an dem Allgemenginteressi, fir deen déi Terrainen oder Immobilie gebraucht ginn. Et ass fir d'Éischt en Arrêté grand-ducal, deen d'Noutwendegkeet vun der Enteegnung festhält an d'Utilité publique feststellt opgrond vun dem Avis vum Statsrot. An dann, nëmmen da kënnen d'Enteegnungsprozeduren ufänken.

Si sinn esou konzipéiert, dass et soll schnell goen, fir dass den ëffentlechen Expropriant esou séier wéi méiglech iwwert déi Propriétéite verfüge kann. Et ass awer och esou, dass dem expropriéierte Besëtzer eng gerecht, juste Entschiedegung garantéiert ass. Dës Enteegnungspraxis fonctionnéiert och zënter Joren zefriddestellend an am Prinzip ouni vill Ophiewes. An déi gängeg Praxis ass selbstverständlech, dass et fir d'Éischt zu enger Eenegung am Gudden mat de betraffene private Propriétairë soll kommen, ier d'ëffentlech Hand zum Schratt vun der Enteegnungsprozedur iwwergeet. Wann awer e Propriétaire, wéi an dësem Fall, op stur schalt, egal aus wéi engen Ursaachen, dann huet d'ëffentlech Hand jo och keen anere Choix, wéi op de Wee vun enger Enteegnung ze goen.

Ech zitéieren hei den honorable Paul-Henri Meyers bei den Diskussioune vum 10. Oktober 2007 zum zweete Vote constitutionnel iwwert d'Révisioun vum Artikel 16 aus eiser Verfassung: „Et gëtt keen, deen enteegent gëtt, virun e Fait accompli gestallt. Hien ass am Virfeld informéiert iwwert déi Mesuren an hie kann och deementspriechend seng Recourse géint déi Mesuren do huelen." An et kann ee Respekt hu virun all deene ville Leit, déi sech an all deene Jore mam Stat an an de Gemengen un den Dësch gesat hunn, fir korrekt ze verhandelen. Meeschtens si jo do d'Bauere betraff, fir déi hir landwirtschaftlech Flächen hiert deeglecht Brout bedeiten. An et versteet een och, dass si net ëmmer frou sinn, wa si Lännereie mussen hierginn. Och hei muss d'ëffentlech Hand en Équiliber fannen, besonnesch wat den Émweltberäich ugeet, well et werft Froen op, wann de Baueren d'Liewen duerch Direktive vun uewen - d'Lëtzebuerger Bauerejugend schwätzt vun enger „Ökodiktatur"- ëmmer méi schwéier gemaach gëtt, dass se emol zum Deel net méi kënnen iwwer hiren eegenen Terrain décidéieren.

D'Fro, déi sech awer an dësem Dossier stellt, ass, wéisou d'Enteegnungsprozedur, déi de Stat zënter dem Gesetz vum 31. Juli 1995 huet misse lancéieren, mat esou vill Schwieregkeete verbonne war.

Éischtens huet déi betraffe Bauerefamill all juristesch Registere gezunn, fir de Stat ze blockéieren an huet réusséiert, Lëtzebuerg als Rechtsstat virzeféieren. Zweetens huet de Stat déi éischt Enteegnungsprozedur, déi vum Minister Goebbels agereecht gi war, verluer duerch e Formfeeler. Drëttens sinn zënter 1997 verschidden institutionell, konstitutionell an eng allgemeng Ännerung an eise Rechtsregele komm.

Do ass et nämlech wéinst deem bekannten Procola-Arrêt den 12. Juli 1996 zu enger Verfassungsreform komm. Dem Statsrot seng Missioune vum Verwaltungscontentieux goufen ab dem 1. Januar 1997 vum deem eegens dofir geschafene Verwaltungsgeriicht an der Cour administrative en appel iwwerholl. Dem Statsrot seng Missioune fir d'Konformitéit vun de Projeten, Gesetzer a Reglementer zu iwwergeuerdnete Rechtsnormen, ënner anerem der Verfassung, am Virfeld ze iwwerpréifen, ass verstäerkt ginn. An de Contrôle a posteriori vun der Verfassungskonformitéit ass enger Cour constitutionnelle uvertraut ginn.

Dës Reform huet also nei Rechtsweeër opgemaach, déi forcément nei Jurisprudenze mat sech bruecht hunn. Esou huet e Bierger, deen en Intérêt huet, fir géint deen Arrêté grand-ducal iwwert d'Expropriatioun ze kloen, och d'Recht, e Recours virum Verwaltungsgeriicht anzereechen. An dat ass also och geschitt, well nach ëmmer keng Eenegung mat der Bauerefamill en vue war. Doduerch koumen och verfassungsrechtlech Aspekter dobäi, an et si Questions préjudicielles vum Verwaltungsgeriicht opgeworf ginn, déi fir d'Éischt hu misse vum Verfassungsgeriicht tranchéiert ginn. Ënner anerem, ob d'Utilité publique vum Bauprojet och gi wier, wat 2004 confirméiert gouf an deem deemolege Minister Claude Wiseler, deen deen net beneidenswäerten Dossier entre-temps geierft hat, erlaabt huet, eng nei Enteegnungsprozedur ze lancéieren.

Entre-temps huet d'Regierung, op Urode vun der Bautekommissioun, beim Vote vum zweete Gesetz iwwert d'Saar-Autobunn vun 2004 d'Méiglechkeeten analyséiert fir d'ëffentlech Hand: Wéi kéint d'ëffentlech Hand scho provisoresch an de Besëtz vun Terraine komme bei enger Enteegnungsprozedur, ouni dem Propriétaire seng Rechter ze léséieren?

Fënnef Joer laang huet d'Bezierksgeriicht gebraucht, fir festzestellen, dass d'Annexe vum Enteegnungsarrêté mat de Parzellen an den Nimm vun de Propriétairë missten nei publizéiert ginn. Duerch d'Urteel vum 21. Dezember 2011 ass dunn d'Enteegnungsprozedur virugelaf.

Tranchéiert gouf entre-temps och, ob d'Gesetzer iwwert d'Expropriatioun verfassungskonform wieren. D'Urteeler vum Verfassungsgeriicht vum 7. Februar 2003 a vum 12. Mee 2006 hunn awer festgehalen, dass déi zwee Gesetzer, wou et ëm d'Expropriatioun geet, net konform wieren zum Artikel 16 vun der Verfassung. Du ware guer keng Enteegnunge méi méiglech hei zu Lëtzebuerg, weder duerch de Stat, nach duerch d'Gemengen, well déi zwee Gesetzer net méi applicabel waren.

Opgrond vun der Propos vun der Institutiounskommissioun an no der Analys vun der Regierung koum et dunn duerch d'konstitutionellt Gesetz vum 24. Oktober 2007, de Rapporteur huet et scho gesot, zu enger Ännerung vum Artikel 16 vun der Verfassung, déi d'Enteegnungsprozedur nees débloquéiert huet, ouni dass déi zwee Gesetzer hu misse geännert ginn. Den Artikel 16 huet bis dato gesot, dass nëmmen däerf enteegent gi fir Utilité-publiques-Zwecker, déi gesetzlech festgehale sinn, an dofir eng Entschiedegung misst ausbezuelt ginn, déi juste et préalable wier. Ab 2007 gouf dat Wuert „préalable" gestrach. Doduerch ass d'komplett Ausbezuele vun der Entschiedegung am Virfeld net méi néideg, ier d'ëffentlech Hand Propriétaire gëtt.

Déi viregt Regierung huet also all Hiewel a Bewegung gesat, fir juristesch Kloerheet ze schafen. A senger Äntwert op meng Question parlementaire vum 4. Juli 2007 huet den Här Minister Wiseler ënner anerem bestätegt, dass d'Zivilgeriicht jo scho mam Dossier vun der Expropriatioun saiséiert wier an dass et direkt kéint virugoen, soubal d'Ännerung vun der Verfassung a Kraaft géif trieden, an dass hien d'Virbereedungsaarbechte vum Chantier schonn esou wäit wéi méiglech géif virundreiwen.

Tranchéiert gouf och nach vun der Cour constitutionnelle den 19. Mäerz 2013, dass par rapport zum Gesetz vun 1967 bei Projete vun ëffentlechem Interessi de Recours vun de Propriétairë keng legal Basis huet, vu dass de Gesetzgeber en Équilibre juste realiséiert huet tëschent dem Recht op Privateegentum an dem Recht, fir ze expropriéieren am Fall vun enger Utilité publique. Doropshin ass de Stat du schlussendlech Propriétaire ginn duerch geriichtleche Beschluss vum 2. Mee 2013, wéi aganks gesot.

Fir d'CSV ass et dofir evident, dass de Projet net nëmmen esou séier wéi méiglech gestëmmt muss ginn, mä dass och d'Aarbechten esou séier wéi méiglech mussen ulafen. An et ass net nëmmen eng Fro vu Sécherheet, mä och eng Fro vu wirtschaftlechem Standuertvirdeel.

De fréieren Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler huet och schonn am Virfeld derfir gesuergt, mam Accord vun der Commission vum Contrôle de l'Exécution budgétaire vum 3. Juni 2013 - an net vun der Nohaltegkeetskommissioun, wéi den Här Minister Bausch iertümlecherweis a senger Äntwert op meng Question parlementaire geschriwwen hat -, fir dass d'Soumissioune scho virum Vote hei kéinte lancéiert ginn, mat enger suspensiver Klausel, déi un de Vote vum Projet hei an der Chamber gebonnen ass. An esou konnt ech an der Äntwert gewuer ginn, dass den Appel d'offres den 22. Januar 2014 publizéiert gi war, dass d'Soumissioun am Mäerz géif opgemaach ginn an dass de Chantier endlech am Fréijoer 2014 kéint ufänken. Dee Chantier soll, laut Ponts & Chaussées, jo 550 Deeg daueren, dat heescht ronn annerhalleft Joer.

Dofir meng Fro un den Här Minister: Ass effektiv elo alles prett an, vu dass mer elo schonn am Summer sinn an de Baucongé och gläich usteet, wéini kann dann elo konkret ugefaange ginn?

Weider Froen, déi sech stellen: Wéi verleeft d'Koordinatioun vun dësem Chantier, dee jo och nach eng Verlängerung virgesäit vun der Accélératiounsbunn vun der Bretelle Richtung Esch bis d'Bretelle vun der Sortie Direktioun Lëtzebuerg um Beetebuerger Kräiz?

Wéi verleeft dat mat de Bauphase vum CFL-Multimodal an Eurohub, woubäi mer beim CFL-Multimodal d'lescht Joer jo déi éischt Phas hei gestëmmt hunn? An dann och nach mat dem Rise-Rond-Point Diddeleng-Biereng: Wou ass déi Prozedur do de Moment drun?

Et muss een op jidde Fall e Verkéierskollaps évitéieren, an dass och d'Camionen herno net duerch d'Uertschaften auswäichen. An och riskéiere mer e Réckstau vum Rond-point Biereng bis op d'Saar-Autobunn zréck.

Wéi wäit ass d'Evaluatiounsetüd iwwert de weideren Ausbau vun där momentan saturéierter Bauschuttdeponie nieft dem Échangeur Helleng? Déi kritt zwar eng separat Zoufahrt, wéi mer héieren hunn, mä et gëtt e weidere Plus u Camionen. D'Fro, déi hannendrun hänkt: Geet dann déi Schutzwand vun dräi Meter duer, fir d'Awunner vun Helleng virun deem zousätzleche Kaméidi ze schützen?

Dann eng weider Fro, ob déi Stroossebeliichtung, déi virgesinn ass, effektiv um Échangeur an op den Zoufahrten installéiert gëtt. Well, wann et ass, fir se an e puer Joer nees ofzeseeën, huet et och kee Wäert, dass mir déi 240.000 Euro an de Sand haut setzen.

Wat geschitt mat deem leidege Problem vum Échangeur Fréiseng, wou de Bauer Friedrich scho jorelaang aus onverständleche Grënn - ein Schelm, wer sich Böses dabei denkt - d'Verhandlunge blockéiert. Elo, wou déi juristesch Prozedur kloer ass, wat gedenkt den Här Minister ze maachen?

An, last but not least, d'Tankstell op der A13 Richtung Schengen, un där Ponts & Chaussées jo och schonn dru geschafft hunn a géint déi déi gréng mordicus waren, gëtt se realiséiert oder kënnt op enger Längt vu 40 bis 50 km keng Tankstell op d'A13 an domat eréischt déi éischt op der däitscher Säit, mat der Konsequenz, dass d'Camionen nach ëmmer vun der Autobunn eroffueren an an déi kleng Uertschaften, besonnesch op Schengen, erafueren?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Fazit vun der ganzer Geschicht: Et wär schonn derwäert gewiescht, an dësem Fall, en „MOP" ze schafen, dat heescht e Ministère vun den ongeléiste Problemer. Inspiréiere kann ee sech do beim „Superjhemp".

Jiddefalls wäerten hei d'Prozesskäschten de Wäert vun deenen dräi Hektar Terrain bäi Wäitem iwwerschreiden, net ze schwätze vum enormen Zäitverloscht! Hei huet och méi wéi ee seng Spuren hannerlooss. De Minister Goebbels ass mam Bulldozer driwwer gefuer. En huet jo och schonn eng Kéier de „Gëllene Bagger"kritt. D'Ministeren Hennicot-Schoepges a Wiseler hu sech d'Zänn bal ausgebass, fir d'Käschten aus dem Feier ze huelen. An de véierte Minister setzt et elo ëm.

Institutionell, konstitutionell Ännerunge vun de Rechtsregelen an all deene Joren hu mat sech bruecht, dass d'Rechtslag vun der Expropriatioun elo méi kloer ass. Schleefend Geriichtsprozeduren hu sécherlech net dozou bäigedroen, fir der Affär den néidege Stullgank ze maachen. An d'Verständnis vu verschiddene Bierger, wat d'Allgemengwuel ugeet, gëtt ze denken, an dat a puncto kollektiivt Verantwortungsgefill an och hire Solidaritéitsgeescht. Ouni a Fro ze stellen, dass de Bierger selbstverständlech och viru staatlecher Willkür muss geschützt ginn! Mä hei halen zwee Propriétairen 10.000 Autobunner (veuillez lire: Autofuerer) als Geisel, an dat schonn zënter Joren. Fir d'Politik muss d'Gemengwuel ëmmer iwwert de Partikularinteresse stoen an dofir...

Une voix.- Richteg!

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Dozou steet d'CSV an dofir wäert d'CSV och dësem méi wéi dréngende Gesetzesprojet zoustëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Madame Andrich, fir déi flott Interventioun. Als nächsten ageschriwwene Riedner ruffen ech elo op d'Tribün den Här Deputéierte Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Villmools Merci, Madame Presidentin. Mir als LSAP-Fraktioun wäerte selbstverständlech dësem Projet zoustëmmen. Ech wëll och als Éischt dem Rapporteur Gusty Graas villmools Merci soe fir seng exzellent Rapporten. Mir si wierklech frou als LSAP, dass mer, wéi een op Lëtzebuergesch seet, déi Kou elo vum Äis kréien. Et ass effektiv esou, deen Deel, dat lescht Stéck vun der Saar-Autobunn kann elo realiséiert ginn, dat ënnert dem staarken Impuls vum Robert Goebbels gebaut ginn ass. Wär déi Autobunn net gebaut ginn, wëll ech net drun denken, wéi et haut géif ausgesinn an den Uertschafte vun Helleng, Fréiseng an esou weider.

Dofir sinn eis Gedanken haut virun allem, wéi d'Virriednerin, d'Sylvie Andrich, och scho gesot huet, bei all deene Leit, déi do an Accidenter verwéckelt waren an och respektiv bei deenen Doudeger, déi do waren. Ech mengen, dat ass net gutt. Dofir wëll ech och dem deemolege Minister Claude Wiseler Merci soen, dass hien deen Dossier do konnt finaliséieren.

Ech mengen, mir sinn elo an enger Situatioun, wou et eréischt méiglech ass, eng Expropriatioun duerchzeféieren doduerch, dass mer eis Verfassung hu missen änneren. Dofir wëll ech och Merci soen dem Paul-Henri Meyers fir déi gutt Aarbecht, déi do gemaach ginn ass.

Et ass natierlech ni gutt, wann d'ëffentlech Hand muss Privatleit expropriéieren. Dofir soll een dat och nëmmen an Ausnahmefäll duerchféieren, dofir muss een do mat deem néidege Fangerspëtzegefill op béide Säite virgoen. Mä och do wëll ech, wéi meng Virriednerin, en Appell maachen, dass d'Leit och solle räsonabel sinn an net bis op dee leschten Dibbelchen do och ëffentlech Projete verhënneren.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An deem Sënn wëll ech och vläicht dem heitege Minister François Bausch zwou Froe stellen. An zwar engersäits och déi Fro, déi elo grad scho gestallt ginn ass. Ech mengen, och do ass op der Saar-Autobunn nach deen därege Problem mat der Ausfahrt vun der Fréisenger Autobunn. Ech mengen, dat ass och eng Geschicht, do misst een och elo versichen, déi geléist ze kréien. Wat och relativ - fir d'Leit dobaussen - onverständlech ass, et geet effektiv ëm d'Sécherheet vun deene Saachen. An da soll een awer och net verkennen, hei schwätze mer vun engem Stroossen-, engem Autobunnsprojet. Mir si jo als Lëtzebuerger Stat do amgaang, awer och en Eisebunnsprojet ze maachen op der Streck vu Beetebuerg op Diddeleng, an och do wäerte mer gesinn, dass et net esou einfach ass, ëmmer all Terrain ze kréien.

Ech mengen, Dir wësst alleguerten, dass bei Stroossen- an Eisebunnsprojeten, do kann ee sech net ëmmer erauswielen, wou ee wëllt fueren. Do kann een net einfach contournéieren - dat ass net, wéi wann een eng Schoul wëllt

bauen, déi kann een eventuell op enger anerer Plaz bauen -, mä Stroossebauprojeten an Eisebunnsprojeten, déi muss een eben deelweis op engem gewëssenen Tracé féieren. Do kann ee vläicht mat Varianten e bësse spillen, mä haaptsächlech huet een do net dee Spillraum, wéi dat virgesinn... Dofir ass et och gutt, dass de Plan sectoriel «Transports», dass deen elo raus ass, dass ee sech do ka festleeën.

An deem Sënn wëll ech awer dem Här Minister d'Fro stellen, well mer jo wëssen, dass do nach net all Terraine kaaft gi sinn, wéi do d'Prozedur ass, ob mer do och eventuell an esou eng Enteegnungsprozedur erakommen.

Dofir nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun a villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Negri. An d'Wuert huet elo d'Madame Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass schonn aussergewéinlech, datt fir e Stroossebauprojet aacht Gesetzer gemaach ginn an datt genee 47 Joer tëschent dem éischten an dem leschte Gesetz leien! An et ass nach méi aussergewéinlech, dass u sech fir e banale Stroossebauprojet d'Constitutioun muss geännert ginn. Wann ee sech dann awer méi am Detail mat der Virgeschicht vum Projet beschäftegt, da versteet een, firwat et esou laang gedauert huet, an och ganz gutt, wou d'Knackpunkten an dëser Geschicht louchen.

Den Här Graas ass a sengem Rapport am Detail drop agaangen a verdéngt e grousse Merci fir d'Méi, déi e sech gemaach huet, fir bis op d'Joer 1967 zréckzegoen. A sengem Rapport gesäit ee ganz gutt, datt scho virun 20 Joer eng éischte Kéier iwwert den Tracé vun der Strooss ofgestëmmt ginn ass an och iwwert de Bau vun der Bréck, déi iwwert d'Musel sollt féieren.

Deemools koum et an der Chamber zu hëtzegen Diskussiounen, un deenen natierlech och meng gréng Virgänger bedeelegt waren. D'Madame Andrich hat et gutt erkannt. Ee vun hinne war d'Renée Wagener. Hatt stoung am Joer 1994 op dëser Plaz, hatt war d'Spriecherin vun der grénger Fraktioun an huet Folgendes gesot - 1994: „Fir déi meescht Leit heibannen ass d'Saar-Strooss eng Evidenz, iwwert déi een eigentlech net méi muss diskutéieren. Allenfalls kann ee sech nach iwwert den Tracé des Laangen an des Breeden an d'Hoer kréien. DÉI GRÉNG gesinn dat e bëssen anescht. Fir eis stelle sech eng ganz Rei vu prinzipielle Froen. Dat ass éischtens d'Fro vun der Opportunitéit vun dëser Strooss, an zweetens stellt sech d'Fro vun de Prozeduren, déi deemnächst applicabel sinn, fir d'Planungsphas vu Stroossebaute méi transparent an demokratesch ze maachen, an och fir hiren ekologeschen Impakt besser an de Grëff ze kréien."

Domat hat d'Renée Wagener schonn 1994 ganz genee déi zwou Froen opgeworf, déi dozou gefouert hunn, datt déi gréng Fraktioun effektiv de Bau vun der Saar-Strooss net gestëmmt huet an déi zum Deel och dozou gefouert hunn, datt de Projet an engem prozedurale Chaos geendegt huet.

Déi éischt Fro war natierlech déi vun der Opportunitéit vun dëser Strooss. Ouni d'Rad vun der Geschicht wëllen zréckzedréien, wéilt ech awer kuerz op den ekologeschen a verkéierspoliteschen Aspekt vum Projet agoen. D'Dokumenter, déi 1994 virlouchen, hu kengesfalls op d'Nécessitéit vun der Strooss higewisen. Allerdéngs war et schonn deemools kloer, dass déi schlecht Liewensqualitéit an den Uertschafte vun der betraffener Regioun déi politesch Responsabel dozou beweegt huet, eppes ze ënnerhuelen. Wat louch deemools méi no wéi de Bau vun enger neier Strooss, déi, ähnlech wéi d'Nordstrooss, all d'Problemer sollt léisen?

De Ressort vun den Travaux publics hat zu där Zäit eigentlech just een Zil, an dat war de Bau vu Stroossen. Iwwer méi ëmweltfrëndlech Alternativen ass guer net nogeduecht ginn, obschonn de Bau vun enger Zuchstreck a Richtung Saarland schonn eemol am Joer 1869 am Gespréich war. Deemools huet d'Chamber souguer de Pläng vun enger Zuchverbindung tëschent Esch-Uelzecht, Beetebuerg a Réimech zougestëmmt, dat am Hibléck op d'Ubannung un d'Linn Tréier-Saarbrécken. Haut gëtt vun deem Projet guer net méi geschwat. Deemools war d'Zil, fir d'Minettgéigend mat de Kuelegrouwe vum Saarland a vum Ruhrgebiet ze verbannen. Den däitsch-franséische Krich huet dëse Bau allerdéngs verhënnert.

Ëmmerhin ass awer eng sougenannten „Schmuelspurstreck" vu Lëtzebuerg op Réimech gebaut ginn, mä déi ass am Joer 1955 ausser Betrib gesat ginn. Domat huet also zënter 1955 keng Zuchverbindung méi aus der Stad a Richtung Südoste vum Land funktionéiert, an eng Zuchverbindung, déi d'Südgemenge sollt matenee verbannen, ass ni gebaut ginn.

Vu datt d'Entwécklung an d'Kommerzialiséierung an awer och d'Symbolik vum Auto an de 50er an an de 60er Joren am Mëttelpunkt stoungen, si sämtlech verkéierspolitesch Décisiounen an deene Joren zugonschte vum Auto geholl ginn. Och wann eenzel gesellschaftlech oder politesch Randgruppen, zu deenen och Déi Gréng gehéiert hunn, déi vill Stroossebauprojete kritiséiert hunn, ass et hinnen awer net gelongen, sech mat alternative Proposen duerchzesetzen.

Haut sti mer natierlech virun der Situatioun, datt d'Saar-Strooss bis op hir 1.300 m, ëm déi et haut geet, längst gebaut ass, an dës Situatioun kënne mer och haut net méi ännere. Mir kënnen eis trotzdeem froen, wéi den ekologesche Bilan ausgesinn hätt a wéi de Bilan vun der Liewensqualitéit ausgesinn hätt, wann zu fréieren Zäiten net an de Bau vun enger Autobunn investéiert gi wier, mä an de Bau vun enger Zuchstreck. Eng Zuchstreck, déi d'Stad an de Süde vun eisem Land mam Saarland verbonnen hätt.

D'Äntwert läit op der Hand. Et brauch een nëmmen un all déi Bëscher, Biotopen, d'Grondwaasserschichten an d'Waasserschutzzonen ze denken, déi ronderëm Mondorf, Rëmerschen a Fëlschdref leien, da kann ee soen, de Bilan wär bestëmmt méi positiv wéi haut. Déi negativ Auswierkunge vum Autostrafic op dëser Strooss, op déi brauch een net méi anzegoen. Wie weess, hätt d'Konzept vum MoDu vläicht virun 20 Joer um Dësch geleeën, da wär vläicht haut den Zuch ënnerwee.

Déi zweet Fro, déi d'Renée Wagener schonn am Joer 1994 opgeworf huet, war déi vun de Prozeduren. Well d'Regierung drop verzicht hat, d'EU-Direktiv iwwert d'Impaktstudien aus dem Joer 1985 zu der virgeschriwwener Zäit ëmzesetzen, ass de Robert Goebbels als Transportminister dovun ausgaangen, datt dës Direktiv net misst applizéiert ginn. Wéi d'Direktiv dunn awer ëmgesat war, huet de Minister no engem Wee gesicht, fir se bei Stroossebauprojeten net mussen ze applizéieren an den Impakt op d'Ëmwelt net an der virgeschriwwener Form mussen ze analyséieren.

Dem Renée Wagener war dat net entgaangen. Ech zitéiere si nach eng Kéier. 1994 huet si Folgendes gesot: „Ech bleiwen iwwerzeegt, datt am Fall vun der Saar-Strooss et géif duergoen, dass e Propriétaire géint den Oflaf vun der Prozedur géif virun de Statsrot goen oder virun den Europäesche Geriichtshaff, fir datt d'Saach gekippt géif ginn. "Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Saach ass gekippt ginn, mat de Konsequenzen, déi mer kennen.

Ouni laang nach an der Vergaangenheet wëllen ze réieren, ass dëse Punkt mer wichteg, well et hei net just ëm ekologesch Richtungskämpf geet, bei deenen et fir oder géint de Bau vun de Stroosse geet, mä hei geet et ëm vill méi, hei geet et ëm fundamental Prinzipie vum Rechtsstat. Et geet ëm d'Prozeduren, ëm d'Roll vum Stat beim Anhale vu Prozeduren an ëm d'Spillregelen, un déi net nëmmen d'Biergerinnen an d'Bierger vum Land sech ze halen hunn, mä och de Stat an och d'Regierung.

Wann eng Regierung, trotz verluerene Prozesser, trotz Warnunge vum Statsrot oder vun der Europäescher Kommissioun, trotz staarke Bedenke vun alle Säiten nawell mam Kapp duerch d'Mauer wëllt a fir de Bau vun enger Strooss Prozeduren ausser Kraaft setzt, un déi all normale Mënsch sech muss halen, dann ass dat méi wéi bedenklech. Wa Privatleit, déi e Gaardenhaische wëlle bauen, eng Genehmegung vum Buergermeeschter mussen hunn, da muss och e Stat, deen eng Autobunn duerch eng Gemeng baut an iwwert d'Privatpropriétéite vu Leit verfüge wëllt, déi virgeschriwwe Prozeduren anhalen.

Beim Projet Saar-Strooss ass dat net geschitt. An dat war och de Grond, Madame Andrich, firwat déi gréng sech am Oktober 2001 eng zweete Kéier enthalen hunn. Net emol enthalen, mä guer net emol gestëmmt hunn!

Dee ganze Schlamassel hat awer och eng positiv Säit. Dat Ganzt war eng Léier fir d'Politik. Säit dem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff weess jiddwereen, datt EU-Direktiven ëmgesat an applizéiert musse ginn, datt ee se net no Gutdünken interpretéiere kann, fir politesche Benefiss draus ze zéien, an datt d'Politik d'Rechter vun de Bierger net einfach kann ignoréieren. D'Recht vun der betraffener Famill huet an dësem Fall doranner bestanen, sech géint d'Willkür vum Stat ze wieren.

Dowéinst ass et eiser Meenung no net ganz richteg, mä éischter ongerecht, déi Famill dohinzestellen, wéi wa se soss näischt am Kapp gehat hätt, wéi hiren eegenen Interessi virun d'Interesse vun der Allgemengheet ze stellen, esou wéi wa se keng moralesch Verantwortung hätt wëllen iwwerhuelen, oder wéi wa se just op stur geschalt hätt, wéi d'Madame Andrich dat ausgedréckt huet. Mir sinn der Meenung, datt grad déi Biergerinnen a Bierger, déi de Courage hunn, géint Politiker virzegoen, déi sech net un d'Regele vum Rechtsstat halen, beweisen, datt se Verantwortung iwwerhuelen. Verantwortung fir eng Gesellschaft, déi vun der Politik schéngt op d'A gedréckt ze ginn.

Sou vill zu der net onwesentlecher Virgeschicht vun dësem Projet, dee bei menge grénge Virgänger oft fir héije Bluttdrock gesuergt huet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer awer och nach e kuerze Bléck no vir, an der Hoffnung natierlech, datt esou Konflikter an Zukunft sech net méi wäerte widderhuelen an datt den aktuelle Stau a Geforepunkt op der Streck esou séier wéi méiglech behuewe ka ginn.

An der Kommissioun sinn eng Rei Punkten diskutéiert ginn - déi si schonn erwähnt gi vu menge Virriednerinnen an och vum Rapporteur -, ech wéilt der just zwee ervirhiewen, dat ass natierlech dee vun der Bauschuttdeponie, deen e ganz interessante Volet begräift. An dee vum Vëloskonzept an der Regioun.

D'Pläng weisen aus, datt eben ënnerhalb vun dësem Projet en Zoufahrtswee zu der Bauschuttdeponie wäert geschafe ginn. A mir wëssen, dass déi Deponie bei hire Limiten ukomm ass. Dofir och d'Fro un den Här Minister, ob ugeduecht ass, d'Deponie auszebauen - wat an eisen Ae wierklech positiv wär, vu datt Bauschuttdeponien an eisem Land dréngend gebraucht ginn an och dezentral sollen installéiert ginn -, oder ob den Zoufahrtswee eben aus anere Grënn geplangt ass.

Eng zweet Fro, déi ech wéilt opwerfen, Här Minister, ass déi vun der Verkéiersberouegung op der Streck Fréiseng-Beetebuerg, der N13, wou den Échangeur mündegt. Och den Här Graas huet schonn drop higewisen. Während d'Streck a Richtung Fréiseng ënnerhalb vun dësem Projet de loi berouegt soll ginn, versti mer eigentlech net richteg, firwat deen aneren Deel vun der Strooss net an de Projet fält.

Déi Strooss féiert laanscht de Beetebuerger Parc merveilleux, wou zu Spëtzebesuchszäiten Honnerte vu Kanner an Honnerte vun Autoen ënnerwee sinn. Kierzlech ass déi Strooss réaménagéiert ginn, mä zum Bedauere vun deene Grénge ass deemools just en Trottoir ugeluecht ginn, während net un d'Vëlosfuerer geduecht ginn ass.

Duerch deen héijen Autostrafic an der Vitesse vu ganzer 70 Stonnekilometer, déi op Statsstroosse jo nach ëmmer üblech ass, wann et net an enger Uertschaft ass, gehéieren d'Cyclisten op dëser villbefuerener Streck zu de Verléierer.

Och wann et aus Zäitgrënn net méiglech war, och dëse Volet mat anzebezéien an d'Gesetz, wäre mer awer Demandeur, Här Minister, och deem Deel vun der N13 Rechnung ze droen. Ëmsou méi well dës Streck déi eenzeg direkt Vëlosverbindung a Richtung Mondorf duerstellt, wann ee vu Beetebuerg kënnt. A mir gi jo dovun aus, datt Dir d'Vëlosfuerer net wëllt forcéieren, 50 km Ëmweeër ze fueren! Dat ass jo an Ärem Konzept vun de Vëlospiste mat integréiert.

Dofir eis Fro, ob Dir bereet sidd, den Tempo och emol op Statsstroossen erofzesetzen oder ebe Statsstroossen a Kommunalstroossen ëmzeklasséieren, fir dass d'Gemengen dann eben de Choix hunn, wéi eng Vitesse se op där Strooss wëllen applizéieren, oder ob Der aner Méiglechkeete gesitt, fir de Vëlosfuerer tëschent der zukünfteger Ausfahrt vum Échangeur Helleng bis hin zum Beetebuerger Park an der Beetebuerger Gare souguer méi Sécherheet ze garantéieren.

Mir denken, datt nieft dem Bau vum Échangeur Helleng, dee jo den Autosfuerer zegutt kënnt, eng vun Ären Haaptprioritéite misst doranner bestoen, och eppes fir d'Vëlosfuerer ze maachen, an domat dem ustoende Vëlospistegesetz, wat vläicht nach dëst Joer an d'Chamber kënnt, scho konkret virzegräifen.

An där Hoffnung ginn ech Iech den Accord vun der grénger Fraktioun a soe villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Lorsché. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och mir wëllen dem Rapporteur Gusty Graas Merci soe fir dëse Rapport. Ech mengen, op d'Wichtegkeet vun der Saar-Strooss brauch kee méi anzegoen. An der Zwëschenzäit weess jiddwereen, wéi wichteg de Bau vun där Strooss war.

Ech wëll um Schluss vun dëser Debatt, déi iwwer Jorzéngte bal gedauert huet, hei nach eng Kéier Positioun bezéien a kloerstellen, wien am Fong schold drun ass, datt mer an där Situatioun sinn, datt mer iwwer Joren de Bypass zu Helleng hunn. D'Fro vun der Schold huet vill ze vill laang gedauert an et ass net oft genuch hei diskutéiert ginn. D'Schold dréit am Fong nëmmen een Numm. Dat ass eng Persoun, vun där ech gëschter Owend um Fernseh gemierkt hunn, datt se elo och politesch an d'Pensioun gaangen ass, an déi heescht Robert Goebbels.

Un deem Ganzen, wat mer elo hei erlieft hunn op der Saar-Strooss, gëtt et just eng Persoun, den deemolege Minister Robert Goebbels, deen dorunner schold huet, an ech wäert Iech dat och erklären.

D'Gesëschter Linster vun Helleng, net mam Lea Linster Famill, mä vun Helleng, vun deenen huet ee Mann, den Aloyse Linster - deen an der Zwëschenzäit dout ass -, dee vu Kandheet un um Réimerwee sammele gaangen ass an iwwer 40.000 Objete gesammelt huet, méi wéi de Statsmusée huet - um Réimerwee. Et ass der Famill Linster ni ëm d'Geld gaangen. Et ass ëm de Prinzip gaangen. An d'Famill Linster huet gesot: Wann de Stat eng aner Variant huet, da schenke mer em all d'Terrainen, mä wa se iwwert de Réimerwee fueren, da maache mer alles, fir datt se deen Terrain net kréien. - Dat war dat éischt Argument, wéi et ugaangen ass.

Dobäi koum dann, datt de Stat mat senge Bierger - de Robert Goebbels - op eng gelunge Manéier ëmgaangen ass. Ech ginn Iech e puer Beispiller: An der Chamberskommissioun ass deemools parallell iwwert de Projet Saar-Strooss an d'Ëmsetze vun der europäescher Direktiv diskutéiert ginn, an där d'Konsultatioune vun de Bierger, d'Impaktstudie op d'Ëmwelt virgesi sinn, vun deenen och scho meng Virriedner geschwat hunn.

De Robert Goebbels huet deemools an der Kommissioun argumentéiert: Mir stëmme fir d'Éischt d'Gesetz an e puer Deeg duerno stëmme mer d'Direktiv, da ware mer mam Gesetz virun der Direktiv an da brauche mer se net ze applizéieren. - Obschonn déi Direktiv scho laang hätt missen transposéiert sinn.

All Expert an all d'Parteien hunn deemools gesot: Wann een do klot, verléiere mer doudsécher, well mer se net applizéiert hunn. Déi deemoleg Majoritéit huet dem Minister gefollegt, huet fir d'Éischt d'Gesetz gestëmmt, deen Dag drop d'Direktiv, et ass geklot ginn a mir hu verluer.

En zweete Punkt: De Minister Goebbels huet zu Helleng op enger grousser Versammlung, op där bal 200 Leit waren, de Leit gesot, well d'Leit net esou mat der Variant averstane wieren, hien hätt mam franséische Stat en Accord getraff, fir en Échange mat Terrainen ze maachen. An zwar kréich tëschent Helleng a Fréiseng de Lëtzebuerger Stat Terraine bäi, fir ebe méi Richtung Frankräich ze goen, an dofir kréich de franséische Stat dann zu Rodange Terraine bäi. En huet de Leit deen Accord do erkläert.

Mir waren deemools als Gemeng skeptesch a mir sinn als kleng Politiker vun der Gemeng op Metz an d'Préfecture gefuer an hu gefrot, wéi wäit deen Dossier wier. Déi soten, si hätten nach näischt héieren dovunner. Mä - soten se - mir froen zu Paräis no, da soe mer lech Bescheed.

Déi hunn nogefrot a si hunn zu eis gesot: Et deet eis leed, zu Paräis weess och kee Bescheed.

(Hilarité)

Also, do ass einfach vun engem Minister behaapt ginn an duergestallt ginn, hien hätt déi Terrainen do schonn échangéiert an a ganz Frankräich vu Grouss-Hetteng bis op Marseille - an do läit Metz a Paräis dertëschent - hat nach kee Mënsch eppes dovunner héieren.

En drëtt Beispill: An der Kommissioun huet de Minister deemools behaapt, wéi ech gesot hunn, et wieren nach zwee Terrainen, déi de Stat net hätt: Ech hunn d'Terrainen alleguer fir d'Saar-Strooss ze bauen. A wéi d'Famill Linster dat héieren huet, do ass de Kolli deene Leit geplatzt, a mat Recht.

Et muss ee wëssen, datt déi Famill grouss Méritter vis-à-vis vun dësem Land huet. Déi hunn am Krich 13 Jongen, Réfractairen, laang Jore verstoppt. An nom Krich haten déi Leit guer näischt méi. Eng Kou - net déi, déi den Här Negri wollt op d'Äis féieren, well dat war dem Här Goebbels seng Kou -, nach eng Kou, an et ass e Gielemännche vun der Steierverwaltung nom Krich hinnen déi lescht Kou versteeë komm, well se näischt méi haten, fir hir Steieren ze bezuelen. Se haten alles fir d'Jonge ginn.

An do besteet, ech wëll net soen en Haass, awer eng gewëssen Distanz vis-à-vis zu dësem Stat. A wéi dunn och nach e Minister komm ass, deen esou iwwert d'Leit hiergefall ass, do

huet den Aloyse Linster zu mir gesot: „Gast, wann ech mam Stat fäerdeg sinn, da mécht en dat doten ni méi hei am Land mat iergendengem Bierger. "An en huet recht gehat.

Et ass der Famill Linster ni ëm d'Geld gaangen. D'Gemeng Fréiseng huet all d'Terrainen, déi se gebraucht huet, vun deene geschenkt kritt. An d'Famill Linster huet hiert Haus mat deenen Terrainen, déi un hiert Haus eru ginn, enger Stëftung elo virun e puer Joer ginn, eng Fondatioun Linster/Weydert, wou elo e Musée dra gebaut gëtt iwwert d'Réfractairen - well mer esou een am Land nach keen hunn -, wou dee Bunker och erëm opgeriicht gëtt, wou déi Jongen deemools verstoppt waren, fir och der Jugend kënnen ze weisen, wéi et fonctionnéiert huet, wou e Musée iwwert de Réimerwee dra kënnt a wou all d'Associatiounen hei am Land, déi sech mat der Geschicht befaassen, do hire Siège kréien.

Et ass där Famill ni dorëms gaangen, et ass ëm de Prinzip vum Rechtsstat gaangen. A se hate recht. A mer sollen hoffen, datt mer nach vill Leit hei am Land kréien, déi de Courage hunn, wa se recht hunn, hiert Recht ze sichen.

Duerch der Famill Linster hir Oppositioun hu mer eis Verfassung geännert; mir hu se missen änneren. An elo kréien d'Bierger, wa se vum Stat expropriéiert ginn, hiert Geld, ier de Stat an de Besëtz vum Terrain kënnt. Duerch d'Famill Linster hu mer missen déi europäesch Prozedure respektéieren an d'Gesetz huet missen eng zweete Kéier heibanne gestëmmt ginn, wou dunn d'Prozedure respektéiert waren. An d'Gesetz, wat du gestëmmt ginn ass… Normalerweis gëtt ee Gesetz gestëmmt, ier ee Projet uleeft. Hei war en deemools scho bal fäerdeg, wéi mer e gestëmmt hunn, mä d'Prozedur ass dunn awer gemaach ginn.

Déi Leit hunn also e grousse Mérite. An dofir waren et net Leit, d'Famill Linster, déi de Chantier blockéiert hunn - ech hunn dat dacks héieren, datt d'Leit gesot hunn: Wat hunn déi dann, déi Stauen do, et sinn Doudeger do. -, neen, si waren net déi Schëlleg. Een, dee säi Recht sicht, an och recht kritt huet, deen huet dat als Bierger… An engem Land ass dat eng Flicht an e Recht. Mä et ass um Stat, an a priori un engem Minister, sech un d'Verfassung, un europäesch Rechter an un d'Rechter als Stat vis-à-vis vun de Bierger ze halen.

An dat ass hei op där ganzer Linn vum deemolege Bauteminister Robert Goebbels violéiert ginn an dofir sinn déi Leit zu honnert Prozent am Recht an et ass dofir, datt ech dat haut zum Schluss vun där Debatt hei nach eng Kéier wëll kloer soen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Gutt, dass mer déi europäesch Rechter hunn!

M. le Président.- Merci och dem Här Gibéryen. Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll de schwéierhäerzegen Accord vun eisem Grupp ginn zu deem Projet. Ech huelen déi Informatiounen, déi den deemolege Buergermeeschter vu Fréiseng eis an deem Dossier ginn huet, mat Interesse zur Kenntnis, wëll déi awer elo net kommentéieren.

Eisen Accord fält eis ëmsou méi schwéier, wéi effektiv déi Saar-Autobunn do, wéi dat jo och d'Vertriederin vun deene Gréngen opgeworf huet, eigentlech e Problem u sech schonn ass, déi awer elo fäerdeggestallt gëtt an déi Schikan do aus der Welt geschafe gëtt.

Eigentlech misste mer derfir suergen zesummen, datt souwuel d'Gidder wéi och méi Persounen iwwert d'Eisebunn géifen transportéiert ginn, an eigentlech misste mer derfir suergen, datt déi Nuisancen, déi d'Autobunnen de Moment iwwerall ustellen, souwuel wat de Kaméidi ugeet wéi wat d'Ëmweltbelaaschtung ugeet wéi wat beispillsweis, wat mer an enge vun deene leschte Kommissioune gesot kritt hunn a wourop ech wäert deemnächst eng Kéier zréckkommen, d'Belaaschtung duerch Hydrocarburë laansicht d'Autobunn ugeet, wat Ëmweltbelaaschtunge sinn, déi eigentlech an hirem Ausmooss nach guer net alleguerten aschätzbar sinn.

Eigentlech misste mer derfir suergen, datt opgrond vun all deenen Nuisancen Alternativen am ëffentlechen Transport geschafe ginn.

Mir bedaueren an deem Zesummenhang och ganz kloer, datt hei deemools ee Projet gemaach ginn ass fir eng Autobunn a par contre eng Verbindung vun der Eisebunn u Saarbrécken eigentlech net geplangt ginn ass.

Sou wéi iwwerhaapt während Jorzéngten, an ech hu schonn e puermol hei drop higewisen, an de Fait ass net ze niéieren, d'Investitiounen an den Eisebunnssecteur wäit hannert deem waren, wat misst geschéien. An dat ass eng vun den Ursaachen, firwat datt den ëffentlechen Transport haut hannendran ass par rapport zu dem Individualverkéier a firwat datt déi Belaaschtung duerch den Individualverkéier och esou grouss ass.

Déi Regierung hei huet sech elo op hire Fändel geschriwwen, fir villes nozehuele vun deenen Investitiounen, déi an den ëffentlechen Transport misste geschéien. Mir hoffen, datt och d'Budgeten an d'Recetten duerfir do sinn.

Mä do, wou et sécherlech méi schwéier ass, fir nozehuelen, wat verpasst ginn ass an der Vergaangenheet, dat ass, wat d'Verbindunge vum ëffentlechen Transport a vun der Eisebunn an d'Ausland ugeet. Och wann et mat der Belsch schéngt Fortschrëtter ze ginn, esou si mer awer nach wäit hannert deem, wat eigentlech do vu Verbindunge misst bestoen.

Ech wier och frou, wann de Minister eis kéint soen, wéi et mat de Verbindungen u Frankräich ass, un Däitschland ass. Wa mer kucken, ënner anerem d'Grenzgänger, déi moies am Stau hänken; ech wäert deemnächst och eng Kéier zréckkommen op de Käschtepunkt vun deene Stauen.

Mir stëmmen also deem Projet do, der Fäerdegstellung oder - loosse mer soen - der Ofschafung vun der Schikan zou, net awer ouni drop hinzeweisen, datt esou Stroossebauprojeten iwwerhaapt ouni eng massiv Förderung vum ëffentlechen Transport eigentlech kontraproduktiv sinn.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Ech hunn d'Wuertmeldung vum Här Michel Wolter.

M. Michel Wolter *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech freeë mech, wéi all meng Virriedner, dass e Problem, dee sech iwwer laang, laang Joren higezunn huet, elo dann endlech zu enger Solutioun geféiert gëtt.

Wann een dat nolauschtert, wat de Rapporteur gesot huet, an och, wat vill vun den Intervenanten hei gesot hunn, dann, an egal wéi een d'Situatioun emotional behandelt, ass eigentlech d'Saach hei während Jore gescheitert un der Fro vun de Propriétéitsverhältnisser an un der Fro, ob an ënner wat fir enge Konditiounen de Stat ka par rapport zu Privatleit e Virrecht kréien, fir am Intérêt vun der Allgemengheet Infrastrukturen ze bauen. Onofhängeg dovun, dass selbstverständlech, wéi den Här Gibéryen et gesot huet, all aner Prozeduren dee Moment mussen agehalen a respektéiert ginn.

Or, Autobunnen a Stroosse sinn en Deel vun engem Gesamtkonzept. Stroossen hunn hei zu Lëtzebuerg traditionell säit Jorzéngten eng iwwergeuerdnet Roll gespillt. Mä ech mengen, dass zur gesamter Mobilitéit och d'Mobilité douce gehéiert. A säit 2002 hu mer am IVL festgehalen, dass mer eis zum Zil géife setzen, fir en „modal split" vu 25% erbäizeféiere mat 40% souguer am urbane Raum.

Fir dat awer kënnen ze erreechen, geet et net duer, fir Stroossen ze bauen, et geet net emol duer, fir Zuchverbindungen ze bauen, well déi an hirer Capacitéit och limitéiert sinn. Mä et muss ee virun allem och kucken, dass dee klengen Transport, deen awer ëmmerhin 30 bis 35% vun alle Bewegungen hei zu Lëtzebuerg ausmécht, ka fonctionnéieren.

Dozou gehéieren d'Foussgänger, dozou gehéiert de Vëlo. Mir hunn am IVL deemools festgehalen, dass mer géife probéieren, de Vëlo an de Foussgänger ganz staark ze stäerken. An anere Länner, an déi mer jo oft fueren - ech denken do zum Beispill un Holland -, do gëtt et eng Kultur vum Vëlo. Déi Kultur vum Vëlo, déi kënnt awer net vun engem Dag op deen aneren. Déi Kultur vum Vëlo, déi kënnt, wann ee jorzéngtelaang systematesch an eng Richtung schafft, a virun allem, wann een d'Infrastrukture kritt, fir kënnen déi Pisten unzeleeën, déi noutwendeg sinn, fir dass de Vëlo ka fonctionnéieren.

Wann Dir duerch Holland fuert, dann hutt Der quasi iwwerall, wou et méiglech ass, eng systematesch Trennung tëschent der Strooss an dem Vëlo. An dat, fir ze erreechen, dass méiglechst eng grouss Unzuel vu Leit kënnen op sécherem Wee dann un hiert Zil kommen.

Am Plan sectoriel, an ech mengen, dat ass e ganz gudde Punkt, gëtt den IVL a säi Prinzip rappeléiert. D'Regierung huet sech dann och Méi ginn, fir nei Proposen auszeschaffen, déi am Hierscht solle proposéiert ginn, fir eben deen doten Deel vum Verkéier aneschters ze regelen.

Et gëtt geschwat, den Här Minister huet bei der Presentatioun vun de Plans sectoriels zu Belval geschwat vu Subsiden, déi d'Gemenge kéinte kréien, wa se Vëlosweeër géifen uleeën. En huet och geschwat, dass e besonnescht Augenmerk soll geluecht ginn op d'Ubannung vun de lokale Réseauen zu den nationale Réseauen.

Or, an ech mengen, dat ass de Problem an der Diskussioun, ass de Problem, dee sech eigentlech och an dësem Projet gestallt huet: Fir kënnen ze bauen, geet et net duer, fir wonnerbar Iddien ze hunn, et geet net duer, fir wonnerbar Pläng ze hunn, déi vu Büroen ausgeschafft ginn an déi ganz vill Sënn maachen, mä et muss ee Propriétaire kënne ginn. Dat ass déi eng Konditioun. An déi zweet Konditioun, dat ass, dass, wann een e Vëloswee mécht, een och en uerdentleche Belag muss kënnen hunn, fir da mat deem Vëlo driwwerzefueren.

An ech mengen, domadder ass och d'Boucle geschloss zu dësem Projet. Well wann een net Propriétaire gëtt, da geschitt näischt. Wann een net Propriétaire gëtt an dësem Dossier, dat hu mer gesinn, da geschitt iwwer Jorzéngten näischt. Wann an nächster Zukunft d'Gemengen an de Stat net kënne Propriétaire ginn, fir den net motoriséierte Verkéier ze regelen, da geschitt och op deem Domän net dat, wat mer gären hätten.

Ech hunn den Här Minister bei der Presentatioun vum IVL d'lescht Woch drop ugeschwat, fir an deem Projet de loi vum Oktober virzegesinn, dass d'Vëlosweeër gläichgestallt gi wa méiglech mat den Autosweeër. Net einfach esou, mä ënner Konditiounen an ënner Kritären, déi misste festgehale ginn.

Et geet net drëms, fir arbiträr Propriétairen en Terrain ewechzehuelen, mä et geet drëms, fir an engem ausgeklügelte Konzept vu Mobilité douce, wat a ganz ville Gemengen an dësem Land nach méiglech ass - et ass aneschters, et ass net all Gemeng wéi d'Stad Lëtzebuerg, wou esou e Konzept net méiglech ass, mä et sinn eng ganz Rei Gemengen, wou dat machbar wier, wou et wichteg wier, dass d'Gemenge kéinte Propriétaire da ginn, no Prozeduren, déi ze kläre sinn, mä an der Chance, dass et an engem räsonabelen Délai kënnt.

Well et kann net sinn, do hunn ech e ganz konkret Beispill, wat ech ganz gutt kennen, dass, wann ech eng Ubannung un den nationale Vëloswee wëll maachen, et feele mer 400 m, ech hunn eelef Propriétairen, an et sinn zéng Propriétairen domat d'accord, fir mer déi 400 m ze ginn, déi ech brauch, fir kënnen dann d'Ubannung ze maachen, an et ass ee Propriétaire, aus egal wat fir engem Grond - an do ginn et all méiglech Grënn; jiddweree vun eis, dee Buergermeeschter ass, dee kritt jo ëmmer mat, wann en en Terrain wëllt kafen, wat fir eng Grënn virgeschobe ginn. Dat geet „vu bis", fir dat net ze maachen.

Ech mengen net, dass, wann een als iwwergeuerdnet Zil sech 25% Mobilité douce virstellt, et ka sinn, dass ee vun eelef Propriétairen, wou een da véier Meter brauch op enger Längt vun 20 m laanscht eng Strooss, dass deen eigentlech während Joren a Jorzéngten e Projet ka blockéieren.

An iwwert déi Fro wär ech frou, wa mer am Hierscht kéinten, och am Kader, Här Bausch, Här Minister, vun Ärem Projet, diskutéieren. Well déi schéinste Beweggrënn an déi schéinst Iddien, déi een huet, déi ginn näischt, wann een dat net mécht.

Dir hutt mir op Belval geäntwert, d'Gemengen hätten haut all Méiglechkeeten. Ech hunn dat nach eng Kéier nogekuckt. Ech mengen, dass dat net esou ass. D'Geriichter sinn d'interprétation stricte an deene leschte Jorzéngte gewiescht, wat d'Expropriatioun ubelaangt. Expropriatioune sinn nëmme méiglech an deenen Domänen, déi explizit am Gesetz stinn. D'Vëlosweeër, d'Foussweeër stinn net an där Lëscht dran. Soudass ech mengen, dass mer d'Gesetzer an där Richtung missten änneren, wa mer déi Ziler, déi national politesch Ziler, wa mer déi wëlle maachen.

Ech hu gesot, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dass eng zweet Konditioun noutwendeg ass, dat ass, dass dann dee Vëloswee, deen een uleet, dee ganz oft och mat ganz ville Käschte verbonnen ass fir d'Gemengen, dass deen e Belag huet, iwwert deen een dann och, net nëmmen de Summer, wann et 30 Grad sinn a schéint Wieder ass, ka fueren, mä och am Wanter ka fueren, wann et reent a wann et schneit.

D'Gemengen haten, eng ganz Rei, hir Schwieregkeete mat der Verwaltung an deene leschte Joren, wann et drëms gaangen ass, fir e Belag ze kréien, deen deem entsprécht, wat ee sech haut drënner virstellt. Wann een notamment gären hätt, dass d'Kanner géifen an d'Schoul fueren, da kann et net sinn, dass, wa se an der Schoul ukommen, se eigentlech vun der Joffer dann nees heemgeschéckt ginn, well hiren Zoustand esou ass, well se iwwer e Wee gefuer sinn, deen net där Beschreiwung eigentlech entsprécht.

An ech wollt Iech, Här Minister, Merci soen, well Dir hutt do eppes gemaach, wat jorelaang net méiglech war. Mir hunn nämlech mat grousser Freed festgestallt d'lescht Woch bei engem Projet an eiser Gemeng, dass Der den Tarmac och elo erlaabt, opgrond vun Etüden, déi an Däitschland gemaach si ginn, dass et also net méi déi berühmte Gruine ass, déi ee muss huelen, fir säi Vëloswee ze maachen, mä dass een och mat Beläg kann dat maachen, déi engem duerno als responsabele Gemengepolitiker d'Garantie ginn, dass d'Bierger iwwert deen Invest, deen een do am Intérêt vun der Allgemengheet mécht, och fueren. An duerfir wollt ech Iech och Merci soen.

Voilà.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Wolter. D'Wuert huet elo den Infrastruktur- an Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur souwéi och alle Riedner Merci soe fir hir exzellent Rieden, déi den Historique ganz gutt gemaach hu ronderëm dee Projet hei an och d'Kontroverse gutt erausgestrach hunn, déi et gi sinn an deene leschte Joren.

Ech kann nëmme soen: „Uff, haut huele mer endlech déi Décisioun!" Doriwwer si mer alleguerte frou. Mä ech muss awer op där anerer Säit och soen, den Här Gibéryen huet eng relativ emotional Ried gehalen, an där en hei de Problem beschriwwen huet, dee sech gestallt huet mat dem Här Linster. An ech muss soen, ech ginn em recht a senger Beschreiwung!

Ech fannen, en huet dat eigentlech, zwar op eng relativ emotional Aart a Weis, mä awer ganz gutt beschriwwen, wat hei den eigentlechen Hannergrond vun deem Problem war, an och, wat d'Resultater dovunner waren, nämlech datt mer eng Rei Gesetzer duerno geännert hunn, d'Verfassung geännert hunn, wat d'Situatioun méi kloergemaach huet.

Mä grondsätzlech huet e recht, datt et hei bei deem Mann do..., an dat ass, wëll ech awer dann direkt derbäisoen, dat ass net ëmmer de Fall, wann et ëm Emprisë geet. Ganz oft, wann et ëm Emprisë geet, dat muss een awer och däitlech soen, da geet et net ëm eng éierbar Cause, déi verteidegt gëtt, mä da geet et ëm vill Suen, déi ee gär hätt. Mä bei deem hei Mann ass et net ëm d'Sue gaangen. An ech ginn Iech duerfir total recht an Ärer Iwwerleeung.

An ech mengen, och dat, wat déi meescht Riedner och heibanne gesot hunn, mir sollen och iwwert dee Leidenswee do e bëssen - wéi soll ech soen? -, driwwer nodenken an och wëssen, datt virun allem de Stat, wann et drëms geet, d'Gesetzer ze respektéiere respektiv Reglementer anzehalen, datt de Stat do muss beispillhaft sinn a wierklech mam gudde Beispill virgoen an net däerf dat maachen, wat awer zum Deel effektiv an der Vergaangenheet hei, an do schwätzen ech wierklech an der Ufanksphas virun allem, wat do gemaach ginn ass par rapport zu deem Problem hei.

Mä wéi gesot, de Problem stellt sech awer generell vun Emprisen an oft och ëm de Käschtepunkt an no Präisser, déi gefrot gi bei Emprisen. Dat huet awer oft net ze di mat éierbaren Iwwerleeunge vu Leit, mä wierklech, well versicht gëtt, den absolute Maximum, souguer doriwwer eraus u Präisser erauszeschloen. An dat ass oft de Grond, firwat keng Eenegung ka fonnt ginn.

Dat bréngt mech dann och direkt zu där éischter Fro, déi gestallt ginn ass, an zwar: Wéi ass et mat der Opfahrt Fréiseng? Wou si mer do an der Prozedur drun?

Et ass esou, datt do natierlech Froe vun Emprisë sech gestallt hunn a keng Eenegung bis elo konnt fonnt gi mat de Propriétairen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Dat ass eng aner Basis.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-* Ech muss och... Mä dat ass eng..., mä do ass d'Basis eng ganz aner, wollt ech elo direkt soen. Do huet de Comité d'acquisition vum Stat seng Aar-

becht gemaach. Ech muss och soen, datt souguer versicht ginn ass, e Médiateur anzeschalten, fir ze probéieren, fir do op iergendee grénge Zweig ze kommen, mä dat ass bis elo net méiglech gewiescht.

An et ass elo esou: Déi Propriétairen hunn elo e Rendez-vous bei mir gefrot am Ministère, deen ech hinne selbstverständlech och ginn hunn, fir nach eng Kéier mat mir doriwwer ze schwätzen. Ech soen awer och ganz däitlech: Dat ass dee leschte Rendez-vous, dee mer wäerten zustane bréngen. Ech si bereet, mer selbstverständlech nach eng Kéier alles unzehéieren, wat ech do wäert gezielt kréien, mä wann aus deem Gespréich näischt Positives wäert erauskommen, da wäert et ganz kloer esou wäit op de Wee goen, datt mer hei an d'Expropriatioun ginn.

Well ech mengen, dann hu mer laang genuch diskutéiert. Also, mir wëllen dat elo fair maachen a korrekt an da kucken, datt mer vläicht eens ginn, woubäi ech hoffen, datt mer eens ginn. Wann et net méiglech ass, wäerte mer deen anere Wee ganz kloer goen.

Dann ass gefrot ginn: Wéi geet et lass, wéini geet de Chantier un? Bon, d'Madame Andrich huet gesot, dat ass richteg, datt mäi Virgänger, de Claude Wiseler, d'Ausschreiwunge scho preparéiert hat an an d'Ausschreiwungen draschreiwe gelooss huet, datt natierlech se nëmme kënnen applizéiert ginn, loosse mer et emol esou nennen, sous réserve, datt och d'Chamber d'Gesetz stëmmt.

Dat ass och souwéisou, dat kann ee maachen, dat ass absolut legal, dat ze maachen, dat gëtt och méi wéi eng Kéier gemaach, fir eben derfir ze suergen, datt, wa mer, wann d'Chamber de Feu vert ginn huet, da kann déi Klausel eben do spillen, da kann een direkt ufänken oder éischter ufänke mat schaffen. Dat ass richteg. An duerfir ass et och esou, datt alles prett ass. D'Proposition d'adjudication, déi ass um Lafen.

A wann d'Chamber haut, wéi et jo awer ausgesäit, à l'unanimité dat Gesetz wäert stëmmen, da kënne mer direkt iwwergoen. An am Prinzip - ech soen awer: am Prinzip! - misst dann nom Summercongé direkt d'Aarbecht ugoen. Firwat soen ech „am Prinzip"? Mä dat hänkt natierlech elo dovun of, wann den Zouschlag gemaach gëtt, ob ech keng Reklamatioune kréien.

Dir wësst, datt d'Méiglechkeet vun esou vill Deeg virgesinn ass, wou d'Adjudicatairë kënnen en Asproch maache géint eng Décisioun, wa se fannen, datt d'Adjudicatioun net richteg gelaf wär. Mä wéi gesot, wann dat net kënnt - ech hoffen, datt keen Asproch kënnt -, da geet nom Summercongé de Chantier lass. An da kënne mer effektiv relativ zügeg kucken, datt mer endlech dee Problem do behuewe kréien.

Da sinn eng ganz Rei Froe gestallt ginn am Zesummenhang och mam Échangeur, mam Multimodal an deem, wat de Multimodal alles vu Risike beinhalt vu Verkéier.

Ech wëll éischtens emol soen, datt dee ganze Projet Multimodal - do ass jo och hei an der Chamber d'Gesetz scho gestëmmt -, wann Der kuckt, wéi dee Projet um Ufank sech presentéiert huet an an deem leschten annerhallwe Joer, géif ech soen, sech weiderentwéckelt huet, dat heescht, do si jo vill Reklamatioune komm vu Bierger; et ass och eng Biergerinitiativ ginn, wou d'Leit sech natierlech, aus verständleche Grënn, Suerge gemaach hunn ëm de Verkéier, da gesäit een, datt dee Projet sech enorm verännert huet, sougutt am Stroossebauleche wéi och wat d'Protektiounsmesuren ubelaangt fir d'Bierger par rapport zum Verkéier.

Et ass och esou, datt déi Verbesserung vun de Verflechtungen tëschent dem Échangeur Helleng an der Croix de Bettembourg, datt déi alles virgesinn, datt dat soll parallell elo mam Chantier lafen, wéi och d'Koordinatioun mat dem Échangeur, deen neien Échangeur Biereng, dee soll gebaut ginn, dat soll zügeg virugoen, datt dat alles mat der Éffnung vum Multimodal fäerdeg ass.

D'Eisebunn ass ganz optimistesch am Moment. Si seet, de Multimodal géif am Laf vum Joer 2016 opgoen. Bon, tant mieux, wann dat esou ass. Et ass e wichtege Projet. Mir versichen eben och, dann all déi aner stroossebaulech Mesurë parallell mat ze realiséieren, datt alles prett ass, fir wann de Multimodal opgeet.

Op alle Fall, kann ech Iech soen, ass alles gemaach ginn. An och dës Regierung huet nach eng lescht Décisioun geholl. Virun dräi, véier Méint hate mer mam Buergermeeschter vun Diddeleng eng Biergerversammlung zu Diddeleng, déi ganz gutt besicht war, an do war natierlech ee leschte Sträitpunkt de Kaméidi. An do hunn ech nach eng lescht Décisioun geholl an de Leit versprach, ech géif der Regierung proposéieren, fir definitiv laanscht d'Autobunn och Lärmschutz ze maachen.

Well vill Kaméidi, dee gefaart gëtt duerch dee Multimodal, dee kënnt net duerch de Multimodal, mä dee gëtt et schonn haut duerch d'Autobunn selwer. Et ass och vu Ponts & Chaussées eng Verkéiersetüd gemaach ginn, déi dat och ganz kloer beleet, datt do den Haaptproblem ass. An do wäerte vill Mesurë getraff ginn. Déi eis awer och eppes kaschten, muss ech soen! Dat heescht, dat wäert net bëlleg ginn, fir dee Lärmschutz ze maachen. Mä mir maachen dat awer am Intérêt ebe vun de Bierger, déi do ronderëm wunnen.

An da wëll ech Iech och soen: De Lärmschutz, deen ass sécherlech effikass, well zum Beispill wäert do plazeweis eng Digue vun dräi Meter gebaut ginn iwwert den Niveau vun der Autobunn. Dat heescht, wierklech esou e Wall, deen och nach begréngt gëtt uewendrobber. Also, dat gëtt wierklech en zolitte Schutzwall, deen do gebaut gëtt, fir ze versichen, de Maximum vum Kaméidi, dee vun der Autobunn kënnt, ewechzekréien.

Dann ass d'Fro gestallt ginn, och vun der Madame Andrich, wat d'Beliichtung ubelaangt op den Échangeure respektiv do ronderëm. Et ass esou, et gëtt jo en Audit de sécurité, dee vu Ponts & Chaussées gemaach ginn ass fir all eis Stroossen am Land, dat heescht, och d'Autobunnen. An och natierlech fir deen doten Deel.

Selbstverständlech gëtt deene Saachen, déi am Audit de sécurité zréckbehale ginn, Rechnung gedroen a gëtt d'Beliichtung deementspriechend gemaach, well grad op den Échangeuren ass wierklech e Sécherheetsproblem, deen ee muss ganz staark beuechten a puncto Beliichtung, an net op groussen anere riichte Strecken. An dat wäert alles do och installéiert ginn.

Dann ass d'Fro gestallt ginn och vun der Tankstell zu Schengen. Ech muss Iech soen, déi Tankstell vu Schengen, dat ass net nëmmen eng Fro, well déi gréng do dergéint waren oder ëmmer fonnt hunn, datt eng riseg Tankstell do ze bauen, datt dat net onbedéngt am Aklang wär mat aneren Theorien, déi mer alleguer gär verzielen, wa mer dann ëmmer schwätze vum Ausstieg aus dem Tanktourismus an esou weider an da monter nach iwwerall weider derfir suergen, datt den Tanktourismus éischter nach an d'Luucht geet, wéi datt en erofgeet.

Mä et ass och eng Fro vu Gestaltung vun enger Tankstell. Well, ech kann Iech soen, d'Gemeng Schengen, déi aktuell, ech hat de Schäfferot direkt um Ufank vu mengem Mandat am Januar eng Kéier bei mer, dee Projet, deen eng Kéier emol virgesi war, déi ware guer net „amused" doriwwer, iwwert dee Projet, well dat ass e risegen, gigantesche Projet gewiescht, mat enger Aire de jeux, mat Gott weess wat net nach alles ronderëm. An de Buergermeeschter an de Schäfferot sur place vu Schengen, déi hunn eng aner Visioun, muss ech soen, an ech ka se dofir nëmme félicitéieren, vun hirer Uertschaft, wéi se vläicht emol nach an der Zäit bestanen huet. Déi gesinn hir Uertschaft éischter, fir se nohalteg ze entwéckelen, nohaltegen Tourismus an esou weider. A si sinn éischter méi besuergt de Moment, also, si hätten éischter am léifsten, si géife souguer nach Tankstellen a Schengen kënne lassginn, wat natierlech net esou einfach ass, wéi datt mer elo vill doriwwer nodenken, ob mer uewen eng bäibauen, wou emol guer net sécher ass, datt dat all eis Problemer wäert léisen.

Déi Diskussioun iwwert: d'Camione fueren derduerch. Jo, et gëtt Verbueter, an et gëtt besonnesch do e Verbuet. Well Dir wësst jo, datt Der do an enger héijer Pente sidd. Déi Camionen, déi komme jo op der däitscher Säit eriwwer, tanken zum Deel do an da fuere se illegal déi Pente do erop. An do kommt Der direkt an dem Tunnel eraus, wat en décke Sécherheetsproblem natierlech duerstellt. Mä dat ass illegal, déi dierften net do fueren! A mir mussen eis awer och eng Kéier d'Fro stellen, ob et net derwäert ass, datt mer eis emol aner Moyene ginn, fir dat och ze kontrolléieren.

Ech weess, datt dat net ëmmer ganz einfach ass, well do muss een och soen, do ass mer zu Ouere komm, datt bei de Camioneure verschiddener op Tankstelle souguer esou wäit ginn, datt se de Camioneure carrément d'Protokoller bezuelen, well dat nach ëmmer derwäert ass, well déi tanken iwwer 1.000 Liter! Dat ass natierlech en immens lukratiivt Geschäft. Mä da muss ee sech vläicht eng Kéier d'Fro stellen, ob net a spezifesche Situatioune wéi do d'Protokoller vläicht emol e bësse méi deier gemaach ginn - also fir d'Camione méi deier ginn -, respektiv d'Kontrolle vläicht aneschters gemaach ginn. Ech mengen, dat sinn och Léisungsvirschléi, déi ee sech muss iwwerleeën, wann trotz dem Verbuet, dee besteet, de Camionsverkéier awer nach mengt, e misst eroffueren a Schengen tanken.

Bon, do, wéi gesot, mir sinn amgaang, dat ze kucken. An och si mer amgaang ze analyséieren, ob dat dann net awer Sënn géif maachen, méi eng kleng Tankstell ze maachen. Ech muss Iech awer och allerdéngs soen, de Problem ass, datt mer de Moment nëmme Plaz hunn op där rietser Säit, fir eng ze maachen, an op där lénker Säit vun der Tankstell net. Dat ass och alles net esou einfach. Dat heescht, do gëtt et eng Rei technesch Contrainten, déi maachen, datt, wann ee souguer och wéilt eng Tankstell do installéieren, dat an der Praxis net esou einfach ass, oder méi einfach gesot ass, wéi gemaach ass.

Dann ass d'Fro gestallt gi vun der Madame Lorsché, well jo d'Gemeng Beetebuerg do déi Deponie wëllt maachen, iwwert d'Méiglechkeet vum Accès zu där Deponie. Dat ass virgesinn am Projet. Natierlech, d'Strooss selwer, dat ass de Rôle herno vun der Gemeng. Mä an dem Projet ass virgesinn, datt d'Méiglechkeet vum Accès do geschafe gëtt, soudatt dee Problem dann domadder och behuewen ass.

Dann ass och d'Fro gestallt gi vun der Madame Lorsché an och vum Rapporteur iwwert d'Verkéiersberouegung op der N13. Ech hat jo och am Ministère eng Entrevue mat der Gemeng Beetebuerg, do hu se mer déi Saache jo och all, schonn déi Doléancë virgedroen. An ech muss soen, ech kann dat absolut verstoen. An dofir hu mer och virgesinn, am Kader vun der Verkéiersetüd ronderëm den Eurohub, och mat der Gemeng Diddeleng zesummen, sougutt wat d'Vëlosweeër ubelaangt wéi och eng Rei aner verkéiersberouegend Moossnamen op den Nationalstroossen, déi am Detail ze kucken an op ee Wee ze goen.

An ech kann Iech just soen, ech sinn absolut op, fir och op Statsstroosse Vitessereduktiounen ze maachen. Ech mengen, dat wësst Der. An et sinn och elo eng Rei Gemengen... Awer natierlech net egal wat! Ech sinn net d'accord, datt elo all Gemeng kënnt a seet: Mir hätten op all Statsstrooss gär, ech weess et net, eng Zon 30. Dat maache mer natierlech net! Mä et gëtt sécherlech punktuell Momenter, wou et an engem gesamte Verkéierskonzept duerchweegs Sënn mécht, och Vitessen ze reduzéieren. Sief et zum Beispill bei dem Parc merveilleux, wat effektiv eng Plaz ass, wou vill Leit natierlech higinn, datt ee sech kéint do virdru virstellen, datt een do eppes mécht. An ech mengen, dat soll een am Detail kucken. Op alle Fall sinn ech ganz op, fir dat ze maachen.

Da war nach d'Fro gestallt gi vun... Ech kucken eng Kéier séier no, datt ech näischt vergiessen. D'Deponie, dat hunn ech alles. Da war nach d'Iwwerleeung gemaach gi vum Här Wolter, méi am allgemenge Kontext, mat den Emprisen och am Zesummenhang mat Vëlosfuerer. Also, dat heescht, den Här Wolter huet elo hei de Kontext benotzt, fir dat och e bëssen ze thematiséieren.

An ech muss soen, ech deelen do total seng Aschätzung. An ech sinn och der Meenung, datt ee muss kucken, dat ass bei Vëlospisten - do hutt Der honnertprozenteg recht - oft et e ganz grousse Problem, datt et do bal nach méi schwéier ass, un Emprisen heiansdo ze kommen, wéi wann ee Stroosse wëllt bauen. An do gëtt et Méiglechkeeten, bei den nationale PCen ass op alle Fall kloer, déi stinn am Gesetz dran, do kënne mer op de Wee goen zum Beispill och vun Expropriatiounen. An ech loossen dat wierklech och préiwen, fir ze kucken, innerorts, well et jo awer wichteg ass - ech mengen, dat ass jo och d'Philosophie, wou ech e bësse geännert hunn am Gesetz -, datt mer déi Uschlëss maachen, datt mer och do déi Méiglechkeete schafen. Ech mengen, dat solle mer kucken am Kader vun deem Gesetz. Entweder brénge mer et hei dran an d'Gesetz direkt oder iwwer en anere Wee. Dat sinn ech amgaang, am Detail analyséieren ze loossen. An dann, mengen ech och, datt dat sécherlech e richtege Wee ass, fir dohinner ze goen.

A wat de Belag ubelaangt, wat Der ugeschwat hutt, ech mengen, mir hunn an deene leschte Méint vill dorunner geschafft, mat där neier Cellule de mobilité douce am Ministère a mat där neier Divisioun vu Ponts & Chaussées, a mir ware jo op Würzburg, do hate mer eng Rees organiséiert, wou mer d'Gemengen, de Syvicol och matgeholl hunn, fir eben ze weisen, wéi vill Beläg datt et gëtt an datt een dat och méi flexibel kann handhaben. Awer an engem Sënn, datt et fir de Vëlosfuerer, wéi Der richteg sot, Sënn mécht. An dofir ass elo eng Circulaire ministérielle vu mir erausgaangen, déi eben déi nei Méiglechkeete beschreift. An dat erkläert och, firwat datt Der elo déi Méiglechkeeten do kritt hutt.

Da waren nach d'Froe vum Här Turpel, wat d'Eisebunn ubelaangt an der Grenzregioun. Ech mengen, mat der Belsch ass et esou, datt mer e relativ gudde Kontakt hunn, muss ech soen. Ech mengen, Dir hutt jo och matkritt e bëssen iwwert d'Press iwwert dat, wat elo zu Arel war, wou ech mam Buergermeeschter vun Arel do zesumme war, fir eventuell dee grousse Park & Ride, wou ech och amgaang sinn elo schonn ze kucken, mat der Eisebunn a mat der SNCB zesummen, wéi mer kéinten do och d'Desserte maachen dohinner, datt och do wierklech en Arrêt marquéiert gëtt. Also, wat eis immens nei Méiglechkeete géif bidden, fir wierklech Dausende vun Autoe vun eisem Stroossennetz erofzekréien. Well dee Park & Ride, wou en do virgesinn ass, extrem gutt läit, wierklech un der Eisebunn.

Mir mussen d'Tarifikatioun nach kucken, datt mer eng Eenegung fannen. Mä mat der Belsch hunn ech ganz gutt Gespréicher de Moment, muss ech do soen. Et muss een elo natierlech waarden och, bis déi nei Regierung en place ass, national wéi och regional. Ech hoffen, datt dat net erëm eng Kéier zwee Joer dauert. Dat wär natierlech net dat Allerbescht. Mä ech sinn awer gudder Déng, datt mer do wäerte weiderkommen.

Mat Däitschland ass et esou, datt jo Enn des Joers de Rheinland-Pfalz-Takt wäert a Kraaft trieden, wou am Stonnentakt op Koblenz gefuer gëtt respektiv an de Spëtzestonne souguer am Hallefstonnentakt. An d'Regierung vu Rheinland-Pfalz ass u mech erugetruede respektiv un d'Lëtzebuerger Regierung erugetruede virun zwee Méint, dräi Méint, fir ze froen, ob mer eis kéinte virstelle matzemaachen, haaptsächlech, datt mir géifen d'Desserte maachen dovunner, vun där sougenanntener West-Streck vun Igel op Tréier. Dir wësst, de Moment leeft d'Eisebunn, wann Der vun hei dohinner fuert, op der rietser Säit. Dat läit net ëmmer optimal, well d'Leit wunnen ebe genau op där anerer Säit.

An do gëtt et eng Eisebunnsstreck an déi gëtt de Moment just fir Gidderverkéier genotzt. Do gëtt et och nach souguer Garen, déi sinn awer zou fir de Persouneverkéier. An d'Land Rheinland-Pfalz wär bereet, fir déi Garen erëm ze réaménagéieren, wierklech ze erneieren an och derfir ze suergen, datt do erëm ka Passagéierverkéier gemaach ginn. An da géife mir vun der Lëtzebuerger CFL aus kucken, eben d'Zich ze assuréieren, also matzemaachen, fir datt mir d'Zich géifen assuréieren. Dat géif och bedeiten, datt mer natierlech missten nach där duebelstäckeg „KISS"-Automotrices, déi mer elo no an no geliwwert kréien, datt mer där nach méi musse kréien.

Do ass och eng Optioun nach drop vun der Eisebunn, an ech hunn der Eisebunn och gesot, si sollen emol mer eng Propos maachen, ob een... Ech mengen, datt et Sënn mécht, datt ech der Regierung wäert proposéieren, déi Optioun och ze zéien, well mer do och e gudde Kontrakt kritt haten, also déi lescht Regierung e gudde Kontrakt mat der Eisebunn zesummen do kritt hat. A wann dat alles klappt, da wär dat natierlech eng flott Opportunitéit, well da kéinte mer déi West-Streck och notzen, déi méi no do läit, wou d'Leit wunnen, an dat sécherlech och dozou féiert, datt mer nach méi Leit, och vun der däitscher Säit hier, op den éffentlechen Transport kéinte kréien.

Här President, ech mengen den Här Deputéierten...

M. le Président.- Jo, et wier och gutt, wann Der...

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, ech sinn direkt fäerdeg.

M. le Président.- ...géift zur Konklusioun kommen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech sinn direkt fäerdeg.

M. le Président.- Merci. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Här President, Merci fir d'Wuert. Ech wollt den Här Minister froen, wann Der scho vun där Streck do schwätzt, ob déi al Iddi vun deem Réngzuch, déi an der Zäit emol ronderëm gegeeschtert ass, kéint wouer ginn. Lëtzebuerg, Thionville, Saarbrécken, hannerëm iwwert déi dote Streck op Metz, op Tréier zréckkommen. Dat géif jo eppes bedeiten, wat an der Zäit schonn diskutéiert ginn ass: e Réngzuch an der Grussregioun. Well dat war en Thema, dat Ufank der 2000er Joren, 2000 geschwat ginn ass. Dat ass dunn ewechgetässelt ginn. Mä elo, wann déi dote Streck reaktivéiert gëtt, da géif dat awer op eemol Sënn maachen.

Merci villmools.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Jo, Merci,

Här Oberweis fir déi Fro. De Problem stellt sech natierlech just: Op Saarbrécken, also, do ass einfach verpasst ginn - dat musse mer esou soen, wéi et ass, an et huet och een et opgeworf -, wéi décidéiert ginn ass, eng Autobunn op Saarbrécken ze bauen op Lëtzebuerger Säit, do war deemools eng Diskussioun, ob een net soll eng nei Eisebunnsstreck och bauen op Saarbrécken, mä dat ass awer leider ze spéit. Do ass och haut näischt méi ze maachen. Mir hunn dat alles nach eng Kéier préiwe gelooss. Mä duerfir gëtt et schwiereg, fir den Uschloss Saarbrécken ze maachen.

Wat dat anert ubelaangt, Dir kritt natierlech eng Verbindung Saarbrécken-Tréier, déi gëtt et, an déi gëtt och am Dezember, wann de Rheinland-Pfalz-Takt agefouert gëtt, verbessert vun der däitscher Säit aus gesinn, fir eben och vun do Leit séier op Tréier ze bréngen. Wat natierlech och e Virdeel fir eis ka sinn, well, wa mer dann am Hallefstonnentakt an der Spëtzestonn eroffueren, mer och aus där Regioun Leit iwwer Tréier op Lëtzebuerg kéinte kréien.

Just nach vläicht ee Wuert zu Frankräich. Ech mengen, do ass et am schwieregsten, well et och a Frankräich ganz schwéier ass, fir en Uspréchpartner ze fannen. Do muss ee fir alles op Paräis goen. D'Regioun ass meeschtens mat allem averstanen oder mat villem, mä d'Regioun huet näischt ze soen. Dat ass de Problem.

An ech kann Iech just soen, mir hu vill Problemer mat de Fransousen, och zum Beispill wat de Sécherheetssystem ECTS ubelaangt, wat jo den europäesche Standard soll sinn, wou d'Kommissioun och misst derfir suergen, dass e grousst Land wéi Frankräich deen och applizéiert, mä d'Fransousen hate bis elo refuséiert. Ech hunn elo e Bréif un d'Madame Royal geschriwwe vun dräi Säiten, an ech wäert och versichen, elo e Rendez-vous zu Paräis ze kréien, fir mat hir doriwwer ze diskutéieren.

Mä ech kann Iech just soen: De Problem ass einfach a Frankräich, Paräis ass wäit ewech fir si vu Lëtzebuerg an d'Problemer vun der Lorraine - hunn ech heiansdo d'Impressioun - sinn net déi prioritäerste Problemer vun de Fransousen, also vun der Regierung zu Paräis. Mä bon, mir versichen awer och do natierlech Verbesserungen ze maachen.

Wat awer sécherlech besser gëtt, dat ass, wann d'Beetebuerger Streck op véier Spueren, also véier Gleiser ausgebaut gëtt. Dat gëtt eis méi Capacitéit an da kënne mir mindestens bis Thionville méi ubidde wéi haut, vill méi wéi haut. Also, dat heescht, d'Capacitéit immens eropschrauwen. An d'Gare Lëtzebuerg kritt jo nach e fënneften a sechste Quai an deen ass haaptsächlech geduecht och fir no Süden, soudass och d'Capacitéit awer ganz sécher fir d'Grenzregioun vun där Wart hier wäert besser ginn.

Dat gesot, Här President, soen ech Merci fir déi breet Zoustëmmung, an duerfir freeën ech mech dorobber, an da kënnen den Här Fox a seng Équipe direkt ufänken am Hierscht, am September, mat schaffen.

M. le Président.- Merci och. A mir géifen dann och direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6654 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6654 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An de Vote ass ofgeschloss.

(Brouhaha)

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Den Här Berger soll sech ëm seng Ofstëmmung këmmeren an net ëm meng.

(Hilarité)

M. le Président.- De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmme bei enger Enthalung ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6654 est adopté par 59 voix pour.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An ech géif d'Chamber froen, ob se d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet de loi 6697 iwwert déi éischt Phas vum Bau vun der Cité des Sciences, wou et drëm geet, fir d'Ausstattung vun deene Gebailechkeeten ze finanzéieren. D'Wuert huet direkt d'Rapportrice vum Projet, d'Madame Josée Lorsché.

6. 6697 - Projet de loi relatif à l'équipement meublant, scientifique, informatique et autre de certains bâtiments de la Cité des Sciences à Belval

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, beim Projet de loi 6697 geet et ëm den Équipement vun de Gebailechkeeten, déi an déi éischt Bauphas vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation um Site vu Belval falen.

Den 13. Juni 2014 ass de virleiende Projet de loi vum Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister déposéiert ginn. De 24. Juni 2014 huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn.

An der Sëtzung vum 3. Juli 2014 huet d'Nohaltegkeetskommissioun mech als Rapportrice designéiert. An därselwechter Sëtzung huet d'Nohaltegkeetskommissioun, zesumme mat der Kommissioun vum Enseignement supérieur et de la Recherche, souwuel de Projet de loi wéi och den Avis vum Statsrot an alle Punkten analyséiert an deementspriechend Adaptatiounen um Projet de loi virgeholl.

De 7. Juli 2014 huet d'Kommissioun mäi Rapport unanime ugeholl. Dir kënnt also feststellen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt et dës Kéier ganz séier gaangen ass. Net emol ee Mount no sengem Dépôt steet dëse Projet de loi um Ordre du jour vun der Chamber. An deem Sënn wéilt ech als Presidentin vun der Nohaltegkeetskommissioun...

M. le Président.- Wann ech gelift, et ass e bësse vill Backgroundgeräisch. Lauschtert wann ech gelift der Rapportrice no.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice*.- Merci, dat ass ganz fein.

Ech wéilt dofir als Presidentin vun der Nohaltegkeetskommissioun e grousse Merci ausdrécken un all d'Memberen, déi matgeschafft hunn, fir hir konstruktiv Zesummenaarbecht a bal och guer net polemesch Zesummenaarbecht an dësem Dossier.

Donieft wéilt ech awer och dem Rachel Moris, als Sekretärin vun der Kommissioun, Merci soen, an och de Fachleit aus dem Héichschoulsecteur, déi eis Aarbechte begleet hunn.

Méi speziell handelt et sech beim Projet de loi 6697 ëm de Finanzement vun de Miwwelen a vum informatesche Material fir folgend Établissementer, déi ech op Franséisch benennen, well et eigentlech kee spezifesche lëtzebuergeschen Numm fir dës Gebailechkeete gëtt.

Dat sinn:

- d'Maison du Savoir,
- d'Maison des Sciences humaines,
- d'Maison du Nombre,
- d'Maison des Arts et des Étudiants,
- d'Maison de l'Innovation,
- d'Maison du Livre,
- de Centre de Calcul,
- d'Hall des Ingénieurs an
- de Bâtiment des Laboratoires.

Woubäi ze bemierken ass, datt déi definitiv Ausstattung vum Laboratoiresgebai oder vun de Laboratoireseenheeten net integral an de Programm vun dësem Projet gefloss sinn, dat aus wëssenschaftlechen an techneschen Ursaachen. Fir déi Eenheete gëtt donieft nach e spezifesch Gesetz ausgeschafft.

All dës Gebaier sinn iwwer sechs verschidde Gesetzer an de Joren 2008-2012 autoriséiert ginn an definéiert ginn.

Verschidden Deeler vun deene Gebaier ginn nach aneren Entitéiten, wéi där vun der Uni Lëtzebuerg, zur Verfügung gestallt, an och déi Entitéite kënne vun dësen Équipementer profitéieren.

Dat sinn:

- de lëtzebuergeschen Zenter fir Biomedezin,
- den CRP Henri Tudor,
- den CEPS/Instead,
- de Fonds national de la recherche,
- d'Fondation Restena,
- de Goupement d'intérêt économique Luxinnovation an
- de Weiderbildungszenter Dr Robert Widong.

D'Dépensen, déi mat dësem Gesetzesprojet engagéiert ginn, belafe sech op 140 Milliounen Euro.

D'Aarbechte gi vum Établissement public fir d'Realisatioun vun den Équipementer beim Stat duerchgefouert, dëst um Site Belval-West an no de Konditiounen an de Modalitéite vum Gesetz vum 25. Juli 2002.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir kennt d'Virgeschicht vun dësem Projet de loi. Se geet zréck op d'90er Joren, also op déi Zäit, wou et drëms gaangen ass, 650 ha Industriefrichen am Süde vum Land opzewäerten.

D'Zil war, de Site Belval an d'Südregioun allgemeng ënnerhalb vun enger iwwerluechter an nohalteger Landesplanung ekonomesch a gesellschaftlech an d'Liicht ze stellen. E Projetphare vun där Politik war d'Schafung vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation.

De 25. Juli 2002 ass de Fonds Belval iwwer en deementspriechend Gesetz mandatéiert ginn, fir d'Cité des Sciences - ech soen elo nach just Cité des Sciences - ze bauen, an domadder souwuel de Besoine vun der Uni Lëtzebuerg wéi och deene vun de Centres de recherche publics Rechnung ze droen.

D'Cité des Sciences sollt also Raum schafe fir d'Aktivitéite vun der Recherche, der Wëssenschaft, der Innovatioun, der Literatur, der Mathematik an der technologescher Entwécklung. Wéi gesot, a Verbindung mat der Kreatioun vun der Uni Lëtzebuerg.

Tëscht 2002 an 2005 sinn déi néideg Virstudien an déi generell Programmatioun fir d'Cité des Sciences realiséiert ginn. Dëst an Zesummenaarbecht mat der Sociétéit Agora, de Gemengen Esch/Uelzecht a Suessem an dem Ministère vum Enseignement supérieur et de la Recherche.

Opgrond vu feelenden Donnéeën, wat de Bedarf u Raimlechkeete fir d'Uni Lëtzebuerg ugeet, huet d'Commission d'analyse critique am Joer 2006 décidéiert, eng fundamental Analys dozou duerchzeféieren oder duerchféieren ze loossen, wat déi gebrauchte Surfacen, d'Implantatioun vu gemeinsame Servicer an den noutwendege Budget dofir ugeet.

Am Kader vun där Etüd ass festgehale ginn, datt d'Präisser fir d'Bürosmiwwelen a gemeinsam Servicer sech op 1.450 Euro pro Quadratmeter Surface géife belafen, ausser bei de Laboratoires scientifiques, wou d'Dépensë bei 2.000 Euro de Quadratmeter sollte leien.

Op där Basis huet de Fonds Belval den 3. Oktober 2006 déi budgetär Enveloppe fir den Investissement fir d'Cité des Sciences am Ganzen op 565 Milliounen Euro geschätzt.

Dës Zomm war net an den Autorisatiounsgesetzer enthalen a sollt den Objet vun engem separate Finanzement ginn; haaptsächlech, well d'Evolutioun vun der Uni net virauszegesi war an och där net sollt virgegraff ginn.

Säit dem Gesetz vum 12. August 2003, wat der Uni Lëtzebuerg e juristesche Statut ginn huet, ass d'Zuel vun den ageschriwwene Studente bedeitend geklommen a se klëmmt och weider vu Joer zu Joer. Fir souwuel der Evolutioun vun der Uni, awer och den Aktivitéite vun den CRPe Rechnung ze droen, ass bei der Cité des Sciences bewosst no engem flexibele Konzept gesicht ginn, fir optimal op déi jeeweileg Besoinen an op d'Entwécklunge kënnen ze reagéieren.

D'Realisatioun vum gesamte Projet beleeft sech op eng Lafdauer vu 15 bis 20 Joer an ass a successiv Phasen opgedeelt. Déi éischt Phas soll 2017/2018 ofgeschloss sinn a begräift den néidege Konstruktiounsprogramm, fir datt d'Uni an d'CRPe kënne schaffen. D'Phasen 2 an 3 wäerten no de Besoinen an no der realer Entwécklung um Terrain ausgeriicht ginn.

Fir de genaue Verlaf vun de folgenden Décisioune respektiv och den Netdécisiounen verweisen ech op mäi schréftleche Rapport.

E puer Wierder nach zum Avis vum Statsrot, dee mat ganzer aacht Säiten net ze knapp ausgefall ass an deen an der Kommissioun vum 3. Juli 2014 an all senge Punkten analyséiert ginn ass.

Virop bleift ze soen, datt de Statsrot mat enger Opposition formelle gedroht huet am Fall, dass am Gesetz just vun der Cité des Sciences géif geschwat ginn, ouni datt déi eenzel Gebailechkeeten opgezielt wären.

D'Kommissioun war sech eens, dem Statsrot nozekommen, an huet d'Opzielung vun de Gebailechkeeten an den Artikel 1 integréiert an den Intitulé och an deem Sënn ëmgeännert.

Déi héich Kierperschaft war dann och der Meenung, datt am Gesetzestext net däerf vun „Travaux" geschwat ginn, mä vun Équipementer. D'Kommissioun huet dës Remarque zur Kenntnis geholl, huet awer aus Zäitgrënn décidéiert, keen Amendement an deem Sënn um Text virzehuelen.

Doriwwer eraus huet de Statsrot drop higewisen, datt nëmmen d'Maison des Sciences humaines an d'Maison de l'Innovation iwwert d'Gesetzer vum 18. Dezember 2009 a vum 28. Juli 2011 befugt wieren, aneren Entitéiten, wéi deene vun der Uni, hir Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen.

Aus deem Grond huet déi héich Kierperschaft d'Fro opgeworf, ob déi partiell Affectatioun vun der Maison du Savoir a vun der Maison de l'Innovation fir aner Zwecker wéi déi vun der Uni, déi zwee viregt Gesetzer eigentlech géife respektéieren.

An deem Sënn misst den Objet vun deenen zwee Gesetzer am Nachhinein méi preziséiert an ergänzt ginn an op dëse Projet de loi ugepasst ginn.

Dann huet de Statsrot och op e Problem higewisen: dee vun der Urgence. En huet gemengt, datt et net den Här Bausch wär, den Nohaltegkeetsminister, deen d'Urgence kéint ausdrécken, mä dass dat misst de Premierminister sinn. An e war der Meenung, datt kee Projet de loi, datt keen Dokument géif virleien, wat op eng Urgence géif schléisse loossen.

Réckbléckend huet de Statsrot drun erënnert, datt déi éischt Autorisatioune vum Législateur, fir déi néideg Unisinfrastrukturen ze schafen, op d'Joren 2008 an 2009 zréckginn, an en huet bemierkt, datt largement genuch Zäit gewiescht wier, fir dëse Projet de loi méi fréi auszeschaffen.

Doriwwer eraus huet en och d'Remarque gemaach, datt eng Dépense vun 140.000 Milliounen Euro - neen: vun 140 Milliounen Euro - d'Kreditter vun den ëffentleche Sanitär- a Sozialfongen zolidd géif iwwerschreiden a war der Meenung, datt dëse Projet vun allen implizéierten Instanze ganz genee ënnert d'Lupp geholl misst ginn.

En anere Volet, deen de Statsrot am Kontext vu senger finanzieller Envergure kritiséiert huet, betrëfft déi initial Dispositioun, fir déi finanziell Enveloppe, déi d'Chamber sollt autoriséieren, mat enger Indexklausel ze versinn.

De Statsrot huet doran eng verstoppte Reserv fir eventuell Evaluatiounsfeeler gefaart a war der Meenung, datt den autoriséierte Montant vun 140 Milliounen an de folgende Joren net däerf iwwerschratt ginn.

D'Kommissioun huet dëser Remarque Rechnung gedroen an huet d'Indexklausel, déi et erlaabt hätt, de Montant no uewen unzepassen, aus dem Text gestrach.

Wat déi zukünfteg Entwécklung vum Site a vun den Aktivitéiten ugeet, inklusiv deene vun de Laboratoiren, sou wäerten déi iwwer weider Gesetzer respektiv iwwer Konventioune mam Fonds Belval geregelt ginn. De Statsrot hätt et virgezunn, dës Volete schonn a globaler Form an d'Gesetz ze integréieren.

D'Membere vun der Nohaltegkeetskommissioun ware schlussendlech der Meenung, datt se an Zukunft méi informéiert sollte ginn, wat a Richtung Planung bei der Uni Lëtzebuerg geschitt, a wollte sech eben an Zukunft méi oft mat der Kommissioun vum Enseignement supérieur gesinn, fir gemeinsam iwwert déi do Planung ze schwätzen.

Dat erweist sech als sënnvoll, well ebe sämtlech Infrastrukturprojeten - also och déi vun der Uni Lëtzebuerg - an d'Kompetenz vum Nohaltegkeetsminister falen an net an d'Kompetenz vum Minister vum Enseignement supérieur.

Fir d'Detailer vun der exakter Planung verweisen ech op d'Gesetz, wat mat ganzer 119 Säiten e konkreten Iwwerbléck iwwer all d'Elementer vun dësem Projet liwwert.

Domat wier meng Aarbecht als Rapportrice schonn ofgeschloss. Och dat war eng Urgence.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Ech géif mech freeën, wann Dir dëse Projet géift stëmmen, well d'Uni soss schwéierlech ukënnt mat schaffen.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Rapportrice, an d'Wuert huet direkt d'Madame Martine Hansen.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Här President.

M. le Président.- Gären.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kënnen esou vill Unisgebaier bauen, wéi mer wëllen: Wa se net dat néidegt Équipement hunn, da ka kee Mënsch schaffen, fuerschen a studéieren. An ech mengen, doriwwer si mer eis alleguer eens.

Ech wëll och elo net méi nach eemol am Detail op d'Équipement agoen. D'Madame Rapportrice, d'Madame Lorsché, huet dat ganz ausféierlech gemaach an hirem mëndlechen a schréftleche Rapport, an ech soen hir villmools Merci dofir.

Jiddwereen, deen dëse Projet an der Lescht verfollegt huet, huet och matkritt, datt hei vill Hin an Hier war.

U sech sinn zwou Approchë par rapport zur Problematik hei gestallt ginn. Déi viregt Regierung hat um Ufank d'Approche, datt d'Uni sollt, fir hir Autonomie ze ënnersträichen, Propriétaire vun de Gebaier ginn, a folglech och misst d'Miwwelen an den Équipement iwwerhuelen. Dunn ass awer relativ séier kloer ginn, datt dann och missten d'CRPen, den FNR, etc. Propriétaire vun deenen Deeler vun de Gebaier ginn, déi si géife benotzen - an dat virun allem och, fir eng Ofhängegkeet zur Uni ze verhënneren.

Dëst hätt awer erëm ee Cadastre vertical fir déi eenzel Stäck erfuerdert. Nieft den Tatsaachen, datt dëse Kadaster definitiv net einfach ze kréie war, datt d'Organisatioun vun de gemeinsamen Deeler doduerch net onbedéngt vereinfacht gi wär, a well mer déi eenzel Gesetzesprojeten net wollte retardéieren, hu mer schonns d'lescht Joer dunn décidéiert, datt och fir d'Gebaier vu Belval de Stat géif Besëtzer bleiwen an der Uni, dem CRP, dem FNR an esou weider géif dës Gebaier zur Verfügung stellen. Dëst war also ee klenge Paradigmewiessel.

D'Fro vun den zwou Optiounen, déi ech Iech virauser genannt hunn, war scho virun engem gudde Joer opgeworf ginn am Kader vum Finanzement vum Max-Planck-Institut. Mat dësem Institut ware Verträg ofgeschloss ginn op onbestëmmten Dauer mat engem finanziellen Engagement vu ronn zéng Milliounen Euro d'Joer.

De Contrôle financier war hei zur Konklusioun komm, datt jo zwangsläufeg no e puer Joer de Seuil vu 40 Milliounen Euro iwwerschratt géif ginn a folglech eng Loi spéciale néideg wier. Duerch dës Positioun vum Contrôle financier ass deemools d'Debatt lancéiert gi vun der Méiglechkeet vun engem separate Gesetz, well bis dato eben de Wëllen do war, dat iwwert d'Dotatioun vum Budget un d'Uni ze maachen.

An deem Kader war mäi Virgänger och am Mäerz 2013 an der Comexbu, well och deemools d'IGF der Regierung keng eendeiteg Äntwert op dës Fro konnt ginn an eben dem Minister geroden hat, d'Comexbu ze consultéieren.

Déi al Regierung wollt d'Fro, wéi d'Équipementer géife finanzéiert ginn, am Kader vum Budgetsprojet fir 2014 definitiv tranchéieren.

D'Preparatiounen heifir waren ugelaf. Mer haten d'Informatiounen zum Deel zesummen, se waren net einfach zesummenzekréien, anerer sinn nach eemol nogefrot a mir wollten am Kader vun den Diskussiounen ëm de Budget och mat der Chamberskommissioun doriwwer schwätzen. Dir wësst awer all, wéi et gaangen ass: Am Juli - sou zimlech virun engem Joer - stoung fest, datt mer am Oktober oder am Hierscht keen - ech soen emol tëschent Gänsefëisercher - „normalen" Budget géifen opstellen an nom 20. Oktober 2013 waren där aler Regierung dunn definitiv d'Hänn gebonnen an et ass net méi souwäit komm.

Mä wichteg ass et, datt eis nei Universitéit, eis CRPen, eis Fuerschungszentren déi néideg Équipementer kréien, fir hiren Aufgaben nozekommen, an duerfir ginn ech natierlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Martine Hansen. Nächste Riedner ass den Här Georges Engel.

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer e kuerzen historesche Réckbléck op de Belval an op d'Cité des Sciences.

1996 gouf décidéiert am Kader vun der Stoltripartite, datt d'Regierung an d'Arbed eng Société géife grënnen, fir d'Reconversioun yun den alen Arbedssiten ze studéieren; Belval, Eilereng, Rodange an Terres Rouges. E GIE ass an deem Kontext gegrënnt ginn.

1998 ginn d'Aarbechten un, fir e Masterplan op Belval-ouest auszeschaffen, an 1999 chargéiert de Regierungsrot deen deemolegen Innenminister, deen den Aménagement du territoire a senge Kompetenzen hat, mat der Koordinatioun vum Dossier.

2000 gëtt dunn d'Entwécklungsgesellschaft Agora gegrënnt an datselwecht Joer ass dann och de Projet-phare vun der Cité des Sciences eng éischte Kéier am Mee 2000 hei an der Chamber virgestallt ginn.

De Fonds Belval ass 2002 gegrënnt ginn, fir d'Realisatioun vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation ze realiséieren.

Du goufen 2002 bis 2005 d'urbanistesch Etüden an déi allgemeng Programmatioun vum Projet Cité des Sciences realiséiert a Kollaboratioun mat der Agora, mat de Gemengen Esch a Suessem an och mat dem Ministère des Études supérieures et de la Recherche.

2005 huet dunn de Regierungsrot Belval als Site unique fir d'Uni zréckbehalen. An ech ka mech nach ganz gutt un den Tëlefon vun der deemoleger Deputéiert a Buergermeeschtesch vun Esch erënneren, déi mir mat vill Freed an Opreegung gesot huet, datt d'Regierung de Site Belval als Site unique fir d'Uni géif zréckbehalen.

2006, opgrond vu feelenden Donnéeën iwwert d'Besoine vun der Uni, beoptragt d'Commission d'analyse critique de Bureau d'études Hochschul-Informations-System vun Hannover mat enger Etüd. Opgrond vun dëser Etüd ass dunn och 2006 erauskom a vum Fonds Belval eng budgetär Enveloppe fir d'Investissementer fir d'Cité des Sciences evaluéiert ginn, an dat op 565 Milliounen Euro.

Am Juni 2011 ass déi Zomm awer reduzéiert ginn op 306 Milliounen Euro an am September 2011 hunn dunn d'Ministere Biltgen fir d'Héichschoul, Frieden fir d'Finanzen a Wiseler fir d'Infrastrukture sech getraff - ech huelen un, dass si sech méi oft am September getraff hunn, mä hei war eng Kéier, wou se iwwert d'Uni geschwat hunn. D'Uni hätt missen an dësem Kontext en Inventär virleeën iwwer hir Équipementer, déi mat op Belval geplënnert sollte ginn, an iwwert d'Evolutioun vun hiren Effektiver.

Am Januar 2012 huet dunn den Direkter vun der Uni gefrot, fir Prezisiounen iwwert d'Finanzéierung vun den Équipementer ze kréien. An am Februar 2012 ass du gesot ginn, datt d'Équipementer sollen iwwert déi intern Budgete vun der Uni a vun den CRPe finanzéiert ginn De Fonds Belval sollt just de Suivi technique hei assuréieren.

Am September huet dunn de Fonds Belval dem MDDI - also dem Ministère du Développement durable et des Infrastructures - en Tableau matgedeelt, wat d'Équipementer, déi zum Deel, voire zu honnert Prozent besat wäerten oder sollte ginn, ugeet, a si hunn hire Planning dunn och adaptéiert.

Am Oktober 2013 ass schlussendlech du festgehale ginn, dass d'Équipementer iwwert de Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche géife budgétiséiert ginn. Am Januar 2014 huet de Fonds Belval dunn e Projet de loi ausgeschafft an den 13. Juni dëst Joer ass deen an der Chamber déposéiert ginn.

Dat alles, fir Iech ze soen, dass et vill Hin a Hier ginn ass tëschent deenen eenzelnen Instanzen - der Uni an dem Héichschoulministère -, bis schlussendlech dunn eng Décisioun geholl ginn ass. Et muss een natierlech och soen, dass een an engem Land och net all Dag eng nei Uni baut an dass et eng Rei vun Iwwerleeunge gouf, déi een hei fir d'Éischt huet misse féieren an dat war dunn och net esou evident. An déi virgezunne Wahle vum Oktober 2013 hunn natierlech och Hiert dozou bäigedroen.

Ech wollt awer hei soen, dass déi ganz Evolutioun an deem Dossier, wat d'Gérance vun deem Dossier ugeet, u sech kee ganz gutt Bild no bausse gëtt an och e gewëssene faden Nogeschmaach hannerléisst.

Et muss ee soen, dass, wann een ukënnegt, dass am September 2014 d'Uni Belval soll opgoen, an dann e puer Méint virdru gesot gëtt an der Press: „Mir hu keng Miwwelen, fir d'Studenten do ze accueilléieren.", dass dat e falscht, kee gutt Bild hannerléisst an dass dat bei der Meenung dobaussen net ganz gutt ukënnt.

Dass et eng Rei vun Argumenter dofir ginn an och gutt Grënn dofir ginn, gëtt ëmmer schwiereg herno ze erklären, an dofir ass et u sech eng Démarche, déi hei elo geholl gouf, déi misst ee vläicht an Zukunft probéieren, ze évitéieren, well, bon, wann ee weess, datt och säit 2008 jo hei schonn déi éischt Décisioune geholl goufen, fir d'Uni op de Belval ze brëngen!

Et muss een natierlech och wëssen, datt ee vun Ufank un net kann d'Miwwelen direkt an dëse Projet de loi mat aschreiwen, well ee jo net genau weess, wéi eng Fonctiounen, wéi eng Aarbechten direkt do ausgeféiert ginn an en cours de route och esou e Chantier nach evoluéiert.

Dat ass an alle Gemengen och esou, dass do eréischt d'Miwwele méi spéit bestallt ginn. Hei war et awer esou, dass keng Kreditter virgesi waren, an dofir huet och elo missen d'Urgence dann invoquéiert ginn. Eng Urgence, zu där de Statsrot jo a sengem awer dach pikéierten Avis drop hiweist, datt u sech keen Dokument dobäi läit, fir d'Urgence richteg ze évoquéieren.

An deene leschte Jore wär richteg - dat seet hie jo och - Zäit gewiescht, fir dëse Projet de loi, vun deem mir haut schwätzen, auszeschaffen.

Et geet hei jo ëmmerhin net ëm Peanuts, 140 Milliounen, et ce n'est pas fini. Dat ass jo och net näischt an dofir wëll ech dat heiten eng Kéier gesot hunn, ouni awer hei e Reproche un déi eng oder déi aner spezifesch Adress ze maachen.

Ech weess ganz genau, dass et eng ganz Rei vu Grënn an Explikatioune ginn, firwat dass d'Situatioun déi ass, déi se ass. Ech wollt awer soen, datt een dobaussen domadder net ëmmer ganz gutt ukënnt an dofir misst een dat an Zukunft da probéieren och ze évitéieren.

Am Endeffekt muss een awer soen, dass et éischter e prozedurale Problem war an et am Endeffekt och net méi kascht, wéi wa mer de Projet de loi schon éischter gemaach hätten. Dat ännert näischt un der Endzomm. Et hätt een déi Suen hei och missen engagéieren, wann de Projet de loi éischter op de Wee bruecht gi wär.

Et ass awer kloer, dass een déi sozial, wirtschaftlech a landesplaneresch Wichtegkeet, fir op Belval e Pôle économique et scientifique ze schafen, hei net méi muss ënnersträichen. A wann een déi Zomm vun 140 Milliounen héiert, da muss een dat och an de Kontext setzen vun deene Leit, déi alleguer op der Uni sinn, schaffen a studéieren.

Ech wéilt vläicht eng Kéier e puer Zuelen nennen. Déi Zuele vum Dezember 2013 sinn: 6.157 Studente sinn op der Uni, 3.288 fir de Bachelor, 1.183 fir de Master a 545 Doktoranden, 107 Nationalitéiten an och ganzer 1.460 Employéen, déi do schaffen, mat 730 Vacataires, 48 Formatiounen ginn do ugebueden, eelef Unités de recherche, dräi Fakultéiten an zwee Centres interdisciplinaires.

Dat bedeit natierlech ganz vill Bureauen, dat bedeit vill Salles de réunion, dat bedeit ganz vill informatescht Material - och Auditoiren - an duerfir muss ee soen, dass déi Suen hei mat Sécherheet jo och net an de Sand gesat sinn. Dat ass ganz wichtegt Material, fir datt hei och eng uerdentlech Aarbecht ka geleescht ginn.

D'Josée Lorsché ass a sengem exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport - fir deen ech him vun hei aus och e grousse Merci wéilt soen - op déi néng Haiser agaangen, déi, wéi gesot, schonn 2008 hei den Ufank gemaach hu mam Vote zur Maison du Savoir an déi duerch de Fonds Belval gebaut goufen.

Dass d'Uni eng Erfollegstory ass, weist och, dat d'Zuel vun de Studente kontinuéierlech an d'Luucht gaangen ass.

Déi éischt Phas vun der Uni op Belval soll 2017/2018 dann op en Enn goen an d'Phasen 2 an 3 sollen no den effektiven a reelle Besoine vun der Uni an de Centres de recherche dann och adaptéiert ginn.

Mat dësem Projet de loi ginn d'Gebailechkeete mat Miwwele gefëllt, se mat Liewe fëllen, dat mussen awer anerer. Et ass awer wichteg, dass d'Studenten, d'Proffen souwéi och d'administratiivt an och dat zousätzlecht Personal ënner uerdentleche Konditiounen hir Aarbechte musse kënne maachen. An dofir, nach eng Kéier, déi 140 Millioune sinn och dofir gutt investéiert.

Dat bestehend Mobiliar vun der aktueller Uni geet mat op de Site Belval, gëtt mat op de Site Belval geplënnert. Dat neit Material gëtt komplettéiert, also dëst bestehend Material. Et gëtt net méi deier, wéi wann et éischter gewosst wier. Ech wëll dat nach eng Kéier soen. Et sollt och kee Reproche un deen een oder deen anere sinn, mä déi Démarche misst an Zukunft anescht sinn.

Voilà. Merci fir d'Nolauschteren, an ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Georges Engel. Nächste Riedner ass den Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Ab 2003 sinn éischt Décisioune geholl ginn, fir hei zu Lëtzebuerg der Uni zwee Standbeener ze ginn. Zum engen an der Stad, wou ee weider d'Facultéite vum Droit, vun de Finanze géif maachen. Op där anerer Säit sinn deemools déi éischt Iwwerleeungen oder Décisioune geholl ginn, fir och dann am Süden um Site vun de Frichë vu Belval Facultéiten haaptsächlech am Beräich vun de Wëssenschaften, technesche Wëssenschaften, Sciences humaines dann an d'Wee ze leeden. Duerfir ass dann och déi Iddi komm, fir déi sougenannten „Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation"op de Frichen entstoen ze loossen.

Ech mengen, net nëmmen als Süddeputéierten huet dat een deemools gefreet, datt eben och den Ausbau vun enger Uni net nëmme fir de Süde wichteg ass, mä fir d'Land insgesamt, fir d'Land als Bildungsstanduert, als Fuerschungsstanduert, als Wirtschaftsstanduert, an dat géife mer jo och haut e bëssen ënnert deem Label vun „nation branding" maachen.

Et war e Plus och natierlech fir d'Frichë vu Belval, wou neit Liewe sollt kommen, mat op där enger Säit Uni, Geschäfter, Fräizäit, Wunnen. Et war natierlech och en interessante Projet fir d'Entwécklung net nëmmen op de Frichen, mä doriwwer eraus an den Nopeschgemenge mat deenen neien Aktivitéiten, déi do kënne kommen, an den Nopeschgemengen, wa Studenten do wunnen, wann Enseignanten do wunnen, an esou weider.

Et war eigentlech jiddwerengem dru geleeën, Här President, datt déi Uni Belval och esou schnell wéi méiglech sollt op d'Schinne kommen. Zil war et eigentlech, fir 2012-2014 do kënnen eng Uni ze hunn, déi kéint fonctionnéieren. An nach virun zwee, dräi Joer huet ee sech alt schonn an de Calepin ageschriwwen, wéi wa kuerz virun de Wahlen 2014 wäert

d'Ouverture vun der Uni zu Belval sinn.

Et huet een och gesinn, wann een den Historique kuckt, ab 2006 ass et méi konkret gi mat de Pläng, mat der Planung, mat dem Finanzement, mat de Spuetstécher. Mer kënnen eis nach erënneren, déi eng oder aner, wa mer beim Bagger do stoungen. Wéi gesot, jiddwereen huet gehofft, datt dat géif schnell virugoen.

Wann een eng Uni baut, dann ass et jo kloer, datt dat net nëmme Gebaier sinn, datt dat net nëmmen en Ustrach ass, datt dat net nëmmen Tapéite sinn. Bei enger Uni, do brauch een och Bänken, et brauch ee Laboen, et brauch ee Computeren an esou weider, soss kann een net fonctionnéieren.

Ech mengen, et ass eng Évidence même, datt een also bei enger Uni och muss den Équipement mat aplangen an d'Konzeptioun, an eben och, wéi een dat soll ëmsetzen, wéi een dat soll finanzéieren.

An et ass natierlech dann erstaunlech, dat war den neien Héichschoulminister, wéi deen de 4. Dezember dann ugetrueden ass am Ministère, zesumme mam Statssekretär, do hat deen och nach am Hannerkapp, datt en awer vläicht kéint 2014 da sech op de Lorbeeren ausroue vun deene viregten Héichschoulministeren an da kéint do de Bändchen duerchschneiden. E war zimlech erstaunt, wéi en do an de Ministère komm ass, well do war guer näischt preparéiert fir de Mobiliar, fir dat dann och kënnen..., fir de Mobiliar, soen ech, fir d'Équipementer, fir dat dann och kënne schnellstens ulafen ze loossen. Respektiv war och nach guer näischt, oder en hat sech vläicht scho virgestallt, datt dat schonn amgaang wier ze lafen. Et waren emol keng Budgete virgesi fir den Équipement, an dat war also Januar oder respektiv Dezember 2013. Et stoung e fäerdegt Gebai do, mä näischt war gemaach ginn, fir kënnen dann dat Gebai adequat ze équipéieren.

Et ass esou, datt déi fréier CSV-Héichschoulministeren, souwuel den Här Biltgen wéi och déi fréier Héichschoulministesch Madame Hansen, déi haten eigentlech net déi noutwendeg Initiativen, déi Décisioune geholl, fir dat Équipement kënnen ze finanzéieren, mat dem Resultat, dat mer elo hunn, datt also d'Uni Belval net wäert 2014, wéi et emol virgesi war, kann opgoen, mä datt mer ganz grouss Verspéidung wäerte kréien. Elo ass Rieds vun 2015, wann d'Diere kënnen opgoen. Dat muss ee bedaueren. Bedaueren ass eigentlech nach zimlech diplomatesch ausgedréckt!

Et ass elo einfach, hat ech hei esou d'Impressioun, wann ech och déi fréier Héichschoulministesch héieren hunn, bon, et ass esou an deem Genre: „Et ass domm gaangen, passons à l'ordre du jour." Ech mengen, et muss een awer hei och Froe stellen, firwat näischt gemaach ginn ass.

D'Noutwendegkeet vum Finanzement vum Équipement war laang gewosst. An der Comexbu, an där Reunioun, déi mer virun e puer Wochen haten, ass nach eng Kéier eng Note verdeelt gi mat deene wichtegen Daten, mat Réuniounen, déi säit 2011, also virun dräi Joer, schonn ugefaangen hunn.

Fir nach eng Kéier kuerz ze rappeléieren: Mir kruten déi Note an der Comexbu ausgedeelt, éischt Réunioune waren, fir den Équipement ze organiséieren, 2011, also virun dräi Joer. Do ass gekuckt ginn, wat gebraucht gëtt, et ass en Inventar gemaach ginn, wéi vill Budget néideg ass. Et ass deemools vun enger Enveloppe vun iwwer 300 Millioune Rieds gaangen.

An et ass och gekuckt ginn, wéi een dat Ganzt finanzéieren kann, also virun dräi Joer. An do ass gesot ginn, do war Rieds fir de Budget 2012, fir do ënner iergendenger Form een do also sollt kucken, fir 2012 e Budget fräizestellen.

Och an där Note steet, datt deemools och d'Regierung informéiert war a sech Gedanke gemaach huet. Den deemolegen Héichschoulminister hätt den Nohaltegkeetsminister vun deemools an den Finanzminister vun deemools, den Här Wiseler an den Här Frieden, och informéiert, steet an där Note.

Et ass awer näischt konkret geschitt. Et ass näischt an d'Wee geleet ginn 2011, awer fir de Finanzement vun deem Équipement war ee sech op alle Fall scho bewosst.

Am Ufank 2012, och no där Note an deenen Informatiounen, déi mer kruten, freet d'Uni nach eng Kéier no, wéi dat da soll geschéie mam Finanzement, iwwert d'Budgeten, iwwer wat fir eng Weeër een dat kéint maachen: Fiert een iwwert de Budget vun dem Héichschoulministère oder anerer?

An erëm ass näischt geschitt während engem ganze Joer. Och am Budget 2013, also d'ganzt Joer 2012, ass näischt Konkretes an d'Wee geleet ginn, an da war also och am Budget 2013 erëm näischt virgesinn, op där enger oder anerer Plaz. Egal wéi ee sech ugeluecht hätt, ech mengen, et hat ee genuch Zäit, fir ze iwwerleeën, wéi een dat kéint maachen. Erëm ass ee Joer verluer gaangen, an dann am Oktober 2013 ass erëm nach eng Kéier Rieds gaangen, fir dann iwwert de Budget vum Enseignement supérieur déi Équipementer ze finanzéieren.

Och 2013, do war nach eng Regierung am Amt, hätt se missen awer dann déi néideg Schrëtt, dat war eigentlech hir verdammte Flicht, ënnerhuelen, fir datt deen Dossier géif virukommen. En hat do schonn iwwer zwee Joer geschleeft.

An der Comexbu hate mer dann och, wéi een dann esou ass, an dat ass och déi normal Aufgab vun den Deputéierten, fir dann ze froen, well do och dann déi fréier Héichschoulministesch souz, fir ze froen, wat dann d'Ursaache wären. Se huet eis der hei elo virdrun e puer ginn, déi ech net esou richteg kann novollzéien.

An der Comexbu huet se e puer aner Erklärunge gi gehat. Déi Äntwerte konnt ech deemools och..., oder hunn ech awer komesch, befriemend fonnt. Ënner anerem huet se gesot, et wären Iwwerleeunge gefouert ginn, fir eventuell den Équipement aus anere Gebaier vun Unisgebaier, déi da géifen eidel ginn, wéi zum Beispill dem ISERP, ze récupéréieren. Dat ass jo awer trotzdeem eng komesch Logik, well Bänken, soen ech emol, kéint een nach aus esou engem Gebai huelen, mä esou eng Uni huet wierklech ganz spezifesch Équipementer.

Et geet Rieds vun engem Ordinateur oder vun engem Supercomputer vu 50, 60 Milliounen. Do brauch ee Laboen an esou weider. Ech mengen, deemools déi Erklärung schéngt mer relativ absurd, fir ze soen: Mir huelen einfach Miwwelen aus anere Gebaier, fir déi nei Uni ze équipéieren. Dann hätt een och nach mengetweege kënnen ee Spendenopruff maachen: Kuckt emol alleguerten am Keller, ob Der do net och nach iergendwou eppes hutt, wat mer kënnen op der Uni Belval gebrauchen.

Duerno war nach eng Erklärung, datt gesot ginn ass: Jo, am Abrëll, den 1. Abrëll 2013 hätt d'Uni eis dat misse soen, déi hätt missen do de Plang dohinnerleeën, do war si nach net do. Stëmmt! Mä hire Virgänger huet dunn och näischt gemaach. Mä iergendeng Kéier duerno muss jo awer de Problem bewosst gewiescht sinn an et ass einfach näischt gemaach ginn.

Ech mengen, hei an deem Dossier kann een natierlech technesch Erklärunge ginn a soen, et hätt een iwwerluecht an hei an do. Ma nach ass dat hei awer och en Dossier, wou een awer och eng Kéier muss mam Fanger op déi politesch Responsabilitéit weisen, firwat mer hei esou a Verzuch kommen, soudatt d'Uni Belval wäert eréischt am Hierscht 2015 opgoen. Et ass einfach d'Responsabilitéit vu fréieren CSV-Héichschoulministeren, déi net déi néideg Mesurë geholl hunn, déi néideg Schrëtt geholl hunn, fir dat kënnen ze maachen. An, ech mengen, wa se nach am Amt wieren, géif een haut eigentlech bal bei dëser Diskussioun net derlaanschtkommen, hir Demissioun ze froen, wa se, wéi gesot, nach am Amt wieren. Mä dat si se haut net méi.

Ech sinn op alle Fall frou, datt déi nei Responsabel an deene verschiddene Ministèren - ugefaange beim Claude Meisch an dem Statssekretär wéi awer och den Nohaltegkeetsminister - wierklech direkt am Januar, wéi se den Dossier respektiv déi eidel Tiräng virfonnt hunn, ganz schnell reagéiert hunn. Se hunn an e puer Wochen en Dossier op d'Bee gestallt. D'Aarbechte si ganz schnell an der Kommissioun oder an deene verschiddene Kommissioune gemaach ginn. Duerfir hoffe mer elo, datt dann dee Projet esou schnell wéi méiglech ka weidergoen.

Mir bedaueren awer, datt duerch dat ganzt Verschleefe vun deene fréiere Ministeren hei d'Uni Belval, déi eis wierklech wichteg ass, net nëmmen am Süden, mä am ganze Land, iwwer zwee Joer Retard kritt.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. An deem Dossier hei ginn et véier Tatsaachen, déi kee Mënsch kann niéieren, an och net niéiert.

Éischt Tatsaach ass déi: Déi noutwendeg Équipementer, fir d'Uni an d'Centres de recherche um Site Belval fonctionnéieren ze loossen, waren net virgesinn, obschonn esou Équipementer e wesentleche Bestanddeel si vun deem, wat ee brauch, fir kënnen eng Uni fonctionnéieren ze dinn.

Zweet Tatsaach: De Gebrauch vun deenen Équipementer ass eng absolut Noutwendegkeet, fir datt et ka funktionéieren, an datt se elo net do sinn, ass eng vun den Ursaachen, firwat datt d'Uni méi spéit plënnert.

Déi drëtt Tatsaach ass déi, datt och bis elo nach net alles gekläert ass, wat op eis zoukënnt. Ech wëll drop hiweisen, datt och an der Kommissioun gesot ginn ass, datt nach een Doute besteet par rapport zu dem Équipement vun de Laboen am Keller, also héich technologesch Laboen, wou 150 m² virgesi sinn, wou ee sech d'Fro awer muss stellen, ob een déi awer net soll ausbauen - wat jo eng sënnvoll Fro ass - an dat ka bis zu 4.500 m² sinn, wann ech dat richteg verstanen hunn, mat deem entspriechende Käschtepunkt, deen de Moment nach net festgeluecht ka ginn.

Déi véiert Tatsaach ass déi, datt d'Netplënnere vun der Uni a vun de Centres de recherche op de Site Belval, dat heescht, datt se do bleiwe mussen, wou se elo sinn, och Sue kaschten. Et wier och interessant, fir emol gewuer ze ginn, wéi vill datt dat zousätzlech ausmécht.

Iwwert déi véier Tatsaachen eraus gëtt hei vill diskutéiert doriwwer, wie schold soll dru sinn, datt dat elo esou ass. A besonnesch den Här Berger huet elo ee ganz laangen Exkurs gemaach, fir ze soen, datt dat déi Regierung virdru war. An déi Regierung virdrun gëtt och net midd, an der Kommissioun drop hinzeweisen, wat d'Schwieregkeete waren, fir dat ze maachen.

Mir wëllen net op déi Diskussioun vun der Schold agoen, well mer mengen, se huet haaptsächlech een Zweck, nämlech fir vun engem anere Problem ofzelenken.

Trotzdeem muss ee sech awer och d'Fro stellen, datt et komesch ass, datt en Établissement public - an dësem Fall d'Uni - Suen engagéiert an der Héicht vun - ech mengen - 67 Milliounen Euro, déi net duerch Autorisatioune vun der Chamber ofgedeckt sinn.

Et gëtt fir mech och eng Erklärung dozou. D'Erklärung ass relativ einfach: Well zu Lëtzebuerg jorelaang d'Meenung verbreet ginn ass, en Établissement public, besonnesch en Établissement public de droit privé, géif anere Regelen ënnerleien, wat de Budget ugeet. An dobäi ass dat guer net wouer. D'Budgeten, déi vum Stat allouéiert musse ginn, ënnerleien de Regele vum Stat a musse vun der Chamber autoriséiert sinn.

An ech hoffen, datt net nach aner Établissements publics de droit privé oder aner Organisme mengen, si wieren do wesentlech méi fräi, fir Dépensen ze maachen, ze engagéieren, wéi dat déi offiziell Prozedur eigentlech virgesäit. An ech hoffen, datt do net nach Illusiounen dorëmmer bestinn.

Dat gesot, wëll ech haaptsächlech drop hiweisen, datt, menger Meenung no, eng grouss Gefor hannert där Diskussioun hei stécht, iwwer Schold, Netschold, Retarden, an esou weider.

Nämlech d'Gefor ass déi, datt mat där Diskussioun soll ofgelenkt gi vun engem anere Problem, dee mer gëschter hei diskutéiert hunn, nämlech de Finanzpakt an d'Budgetsprozedur. An ech hoffen, datt de Message hei net dee soll sinn: Et si keng Sue virgesinn, et si keng Suen do, wa mer Sue brauchen, da mussen déi op d'Käschte vun aneren Ausgabe goen.

Well dat ass jo genee de Problem, dee mer gëschter hei diskutéiert hunn, nämlech ganz konkret den europäesche Fiskalpakt an déi nei Budgetskontrollprozedur, déi mer gëschter an d'nationaalt Recht ëmgesat hunn, déi keng Trennung méi mécht tëschent Investissementer a lafenden Dépensen, virun allem och am soziale Beräich.

An d'Gefor, déi mir gesinn an op déi mer hei ausdrécklech wëllen hiweisen, ass déi, datt d'Sozialdépensë gekierzt ginn, fir Investissementsdépensen ze maachen oder datt op deenen zwou Säite gekierzt gëtt opgrond vun deenen neie Budgetscontrainten, déi mer eis ginn hunn.

Duerfir ass et, eiser Meenung no, iwwer all Diskussioun iwwer Schold a Retarden a wat nach op eis soll zoukommen, wichteg, iwwer all Diskussioun iwwert d'Noutwendegkeet, déi net a Fro gestallt ass, fir déi Équipementer do ze maachen, datt dat net geschitt opgrond vun anere sozialen Ausgaben, déi mer och gradesou wichteg brauchen.

Ech mengen, de Mëtteg hu mer ee Projet, iwwert dee mer wäerten diskutéieren, Här Berger, a bei deem mer gesinn, wéi eng Konsequenzen esou eng Politik huet, wéi Dir se de Moment amgaange sidd ze maachen.

Merci.

M. le Président.- Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an d'Wuert huet den Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister.

Prises de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här Minister. Ech wollt op dee souzesoen technesche Volet agoen an herno wäert de Statssekretär am Héichschoulministère nach e puer Wuert soen iwwert déi méi inhaltlech Froen am Zesummenhank mat der Uni.

Ech wëll fir d'Éischt och alle Riedner Merci soen, an och e Merci fir déi grouss Zoustëmmung, déi ech zu deem Projet hei wäert kréien.

Ech mengen, de 4. Dezember sinn ech als Minister vereedegt ginn an direkt an engem éischte Conseil de Gouvernement, well ee vu menge Beamte mech iwwer en Emwee dorop opmierksam gemaach huet... Well den Équipement vun der Uni war jo guer net am Optrag vum Fonds Belval a vu mengem Ministère, fir sech dorëms ze këmmeren. Dat steet och ausdrécklech esou an den Texter. Dat fannt Der och an där Note erëm, déi ech maache gelooss hu fir d'Comexbu, wéi ech deemools an der Comexbu war virun e puer Wochen.

De Fonds Belval sollt sech just ëm de Bau vun de Gebaier an de Mobilier fixe këmmeren, dat heescht de Sanitaire an alles, wat fixe agebaut ass am Gebai. An et war ganz kloer - dat fannt Der eraus an all deenen Texter -, datt am Fong de Rescht hätt sollen entweder iwwer eng Dotatioun vun der Uni selwer finanzéiert ginn oder iwwer e Budgetsartikel am Héichschoulministère.

Et war awer dunn duerch Zoufall, datt ee vu menge Beamte gewuer ginn ass oder ugeschwat ginn ass vun engem Vertrieder vun der Uni, wéi et dann elo wär, well si bräichten onbedéngt déi Équipementer. An doropshin hunn ech am Regierungsrot d'Fro opgeworf. An dunn huet de Claude Meisch dat direkt gekuckt an do huet en awer festgestallt, datt an dem Douzièmes-provisoires-Budget näischt virgesi war fir deen Équipement, also mindestens net a sengem Ministère. An et ass och festgestallt ginn, datt d'Uni zwar nach eng Reserv hätt vu Suen, mä evidenterweis net genuch Suen hätt, fir dat ze finanzéieren, wat op eemol do um Dësch louch, wat dee ganzen Équipement géif kaschten.

Doropshin hunn ech dunn direkt proposéiert, da misst een awer elo schleunigst e Gesetzesprojet ausschaffen. An dat ass am Januar och dunn an Ugréff geholl ginn. De Februar dëst Joer war eng éischt Versioun fäerdeg. An du krut ech awer vum Regierungsrot - wéi dat ëmmer de Fall ass - den Optrag, nach eng Kéier eng Analyse critique maachen ze loossen iwwert dat Ganzt, wouduerch herno jo och nach eng Kéier 15 Milliounen agespuert gi sinn bei deem heite Gesetzesprojet. An doropshin ass dann den definitiven Text ausgeschafft ginn.

Ech mengen, et huet kee Wäert hei no Schëllegen ze sichen. Hei gëtt et just eppes, wat fir mech awer kloer ass, an dat ass, datt e falscht Verständnis besteet bei der Uni selwer iwwer hir Autonomie. Do läit de grousse Problem. Den Här Turpel huet et och elo indirekt ugeschwat.

D'Uni huet selbstverständlech Autonomie - an dozou stinn ech och, also dozou steet och déi heite Regierung -, mä dat heescht awer net, datt d'Uni an hirem eegenen Handelen sech net brauch un d'Kontabilitéitsgesetz ze halen, respektiv muss se kucken, datt se sech u Gesetzer hält hei zu Lëtzebuerg.

An ech mengen, dat ass e bëssen do falsch verstane ginn. An ech kann Iech och soen, wéi mer am Mäerz, Abrëll versicht hunn, déi Analyse critique ze maachen, datt et net einfach war, fir Donnéeën erauszekréien. Do ass am

Suivez la Chambre des Députés sur FACEBOOK et TWITTER

Ufank gesot ginn: Jo, neen, mir brauchen Iech iwwerhaapt keng Donnéeën ze ginn. A mir hu vill misse streiden, fir iwwerhaapt emol Donnéeën ze kréien, fir kënnen eng Fiche financière ze maachen, déi deelweis iwwerhaapt Kapp a Fouss hat, a fir iwwerhaapt och do erauszefannen, wat dann hannen a vir géif gebraucht ginn.

An ech mengen, dat ass eng Léier, déi mindestens elo emol hoffentlech d'Uni doraus awer zitt, datt och si gebonnen ass un d'Ausschreiwungsgesetzgebung, un d'Kontabilitéitsgesetzgebung, an datt se gebieden ass, selbstverständlech am Kader vun hirer Autonomie, déi se huet, awer derfir ze suergen, datt déi Gesetzer an déi Texter respektéiert ginn. An duerfir ass et och esou, datt ech mech nëmme breetschloe gelooss hunn, fir hei elo d'Urgence iwwert d'Regierung invoquéieren ze loossen, et war am Statsrot, well et mer drëms gaangen ass, ze verhënneren, an dat wär jo d'Konsequenz gewiescht vun deem Ganzen, wa mer dat heiten net géife maachen, da géifen déi Gebaier herno zwee Joer eidel an der Landschaft ronderëmstoen.

Also, et muss een awer soen, do géif awer definitiv all Mënsch eis zu Recht soen, ob mer zu Schilda ukomm wären. Nonobstant emol vum Fait, wat och gesot gëtt hei vum Buergermeeschter vu Suessem, vëlleg zu Recht, datt et eng immens Konsequenz huet fir d'Entwécklung vun där ganzer Friche, datt et eng ekonomesch Inzidenz huet fir dee Commerce, deen do ass, an esou weider an esou fort.

Also, ech mengen, dat wär jo net zouzemudden, an dat war och de Grond, firwat dat och an der Regierung gesot ginn ass, obscho mer hei am Verhältnis zu anere Bauteprojete relativ large waren a gekuckt hunn, mat deenen Zuelen, déi mer da kritt hunn, eens ze ginn. Fir déi Analyse critique ze maachen, ass et eis drëms gaangen, fir eben derfir ze suergen, datt déi Gebaier net zwee Joer eidel do stinn, an duerfir sinn ech och op de Wee gaangen, fir an d'Budgetskontrollkommissioun ze kommen, déi direkt ze informéieren an deen heite Wee virzeschloen. An duerfir sinn ech och frou, datt mer eis hei all eens sinn, datt mer unanime dat Gesetz herno wäerte stëmmen.

Mä, wéi gesot, Léiere mussen awer fir d'Uni dorauser gezu ginn, an ech hoffen, datt an Zukunft dat verstane gëtt. Op alle Fall wäert ech derhannert bleiwen, well et kënnt jo nach e Gesetz no, datt mer bei deem Gesetz wann ech gelift detailléiert Zuelen do leien hu fir d'Besoinen, a wann ech gelift och motivéiert, wéi dat sech gehéiert, well soss kréie mer awer hefteg Diskussiounen. Well elo hu mer jo Zäit, fir dat ze maachen, a mir sinn net méi ënnert deem Drock, wéi dat hei de Fall war.

Ech wëll och soen zu där Remarque vum Statsrot: Et ass net de Premierminister, deen d'Urgence invoquéiert, mä de Premierminister am Numm vun der Regierung, an et ass och esou gemaach ginn. Am Regierungsrot hunn ech gefrot, datt d'Regierung soll hei d'Urgence invoquéieren, an duerfir huet de Premierminister och selwer déi invoquéiert. A wann elo gesot gëtt, et ass net motivéiert genuch ginn, also pardon, ech mengen, et brauch een awer net wäit nozedenken, och als Statsrot, wann ee weess, datt et net tragbar wär, datt Gebaier géifen zwee Joer eidel an der Landschaft ronderëmstoen, respektiv datt dat ekonomesch zu deene Problemer kéint féieren, déi hei beschriwwe gi sinn. Ech mengen, dat misst awer als Urgence duergoen, als Motivatioun duergoen, fir hei och relativ séier en Avis ze kréien, dee mer, dat muss ech awer och soen, dann och relativ séier duerno kritt hunn, an duerfir, déi pikéiert Remarque, déi kann ech duerfir mat relativer Fassung awer huelen.

Dat wär et vu menger Säit. Wéi gesot, ech si frou, datt de Projet gestëmmt gëtt, fir datt déi Uni kann... Ah, dat wollt ech iwwregens nach soen: Et ass gemengt ginn hei, ech mengen, de Buergermeeschter vu Suessem huet dat gesot hei, d'Uni hätt sollen opgoen 2014. Dat ass net ganz richteg. Et war virgesinn, datt se am Februar 2015 opgaange wär. An et gëtt elo net Februar 2015, mä September 2015. Dat heescht, mir verléieren awer elo net extra vill Zäit, an ech mengen, dat ass dat, wat wichteg ass. An duerfir, wéi gesot, sinn ech frou, datt dee Projet hei unanime gestëmmt gëtt.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bausch. An d'Wuert huet de Statssekretär am Héichschoulministère, den Här Marc Hansen.

M. Marc Hansen, *Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir e puer Wierder nach mat op de Wee ze ginn, wat den Enseignement supérieur ugeet an déi Urgence, déi do hei geschildert ginn ass, déi ass am Fong nach e bësse méi vast wéi just plënneren eriwwer vun der Uni op de Belval. Hannendru sinn nämlech e ganze Koup aner Siten, déi natierlech mat do betraff sinn. Wann d'Uni bis op de Belval geplënnert ass a wann dat e Retard kritt, da sinn aner Fakultéiten an aner Unitéiten, déi natierlech och mussen eriwwer plënneren an dat eent oder anert Gebai, an dat verzitt sech alles. An iwwerall, wou Retarde kommen a wann déi sech herno accumuléieren, gëtt de Problem fir d'Uni natierlech nach vill méi dramatesch. Dofir ass et wierklech wichteg, dass hei geplënnert gëtt.

Eppes, wat een awer och nach muss derbäisoen: Et ass sécher net méi d'Fréijoer 2015, mä September 2015, an dat kann natierlech, an dat soll een awer och hei éierlecherweis esou ernimmen, och nach eng Kéier retardéiert ginn. An, wa mer mat deene Soumissiounen, déi elo nach kommen - a mir wësse jo all, dass dat grouss Soumissioune sinn -, wann do Problemer optauchen, da kann et natierlech och Retarden do ginn, woubäi mer natierlech hoffen, dass dat net de Fall wäert sinn.

Ech géif der Rapportrice awer och Merci soen an awer och op där anerer Säit alle Mataarbechter aus deene concernéierte Ministèren an dem Fonds Belval, well déi an de leschte Wochen awer wierklech Gas ginn hunn an intensiv zesummesouzen, fir dat doten ze regulariséieren.

Den Här Wolter huet éinescht geschwat vun der Presentatioun vun de Plan-sectorielen an dem Auditoire, mengen ech, ebe vun der Uni, wou déi ganz Équipe amgaangen ass ronderëm ze kommen, an déi hunn natierlech alleguerte festgestallt, dass d'Gebaier fäerdeg sinn, wat den Här Bausch natierlech och ernimmt huet. A wann een dat elo déi nächst zwee oder respektiv dräi Joer souguer eidel stoen hätt, da wär dat net gutt, souwuel fir den Image vun eisem Land wéi dee vun der Uni, well de ganze Site Belval ass elo net nëmmen eng Imagegeschicht oder wéini ee plënnert oder eng Scholdfro, iwwert déi soll geschwat ginn, mä et ass och eng Attraktivitéitssaach fir d'Uni. Do sinn e ganze Koup vu Professeren oder Chercheuren, déi gär op Lëtzebuerg kommen an déi natierlech och wéint dem Site Belval an deem eenzegaartege Kontext natierlech och bei eis op d'Uni kommen, an dat gëtt och esou am Ausland ëmmer presentéiert an dat soll een natierlech och net aus den Ae verléieren.

Ee klengt Wuert awer och nach, fir zréckzekommen op dat, wat gesot ginn ass vun der Madame Hansen, an zwar huet si och gesot, dass dat opgetaucht ass, déi ganz Problematik, bei dem Kontrakt, deen iwwert den MPI, also de Max-Planck-Institut, gemaach ginn ass. Dat ass deen nächste Problem, deen awer beim Enseignement supérieur wäert ustoen; dat Gesetz ass nämlech och um Instanzewee. An do ass et am Fong och genee d'selwescht gelaf, well ouni déi gesetzlech Basis deen MPI-Kontrakt ënnerschriwwe ginn ass. Et muss ee wëssen, dass dat e Kontrakt ass, dee ganz enk gebitzt ass, deen op eng onbestëmmten Zäit leeft, deen awer 12 Milliounen Euro am Joer Engagementer mécht, an do sinn ëmmer Passer-outre gemaach ginn, fir dat ze finanzéieren. Dat ass och net dee richtege Wee, fir do ebe virzegoen.

Dat Gesetz wäert Iech hei an der Chamber an deenen nächste Wochen och beschäftegen, an dat ass en ähnleche Problem, bei deem ee sech natierlech d'Fro ka stellen, wéi déi dote Saachen ugaange sinn, an dat dote kënnt an nächster Zäit dann och op eis duer.

Ech sinn duerfir frou, wann et hei eng Unanimitéit gëtt a wa mer virukommen, well d'Uni, déi waart dorobber, an net nëmmen d'Uni, mä och d'Centre-de-recherchen.

Den Här Turpel huet berechtegterweis och d'Fro gestallt, wat dat doten als Folgekäschten och nach soss dorëmmer huet, well do musse Loyerskontrakter elo nach verlängert ginn, wou déi verschidden Entitéite sëtzen, a mir mussen eng Kéier do de Bilan maachen, wann alleguerten d'Zäitspanen definitiv bekannt sinn, wéi laang nach dat een oder dat anert Institut muss dorëmmer bleiwen. Duerfir ass et ganz gutt, wa mer haut dat heite kënne stëmmen, fir dass mer dann esou séier wéi méiglech virukommen.

Son engagement et son optimisme ont impressionné le Président de la Chambre des Députés. M. Di Bartolomeo a félicité Yannick Lieners et encouragé le jeune sportif à continuer son combat et ses efforts de sensibilisation. Les deux interlocuteurs se sont exprimés en faveur d'une coopération accrue entre les différents acteurs qui œuvrent dans le domaine du don de sang, d'organes, de moelle osseuse ou de rétine.

NOUVELLES LOIS

COMPTE RENDU **N°11** • SESSION EXTRAORDINAIRE 2013-2014

Chambres professionnelles à base élective

6703 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective

Le présent projet de loi a comme principal objectif de régler les difficultés qui sont survenues à la suite d'un arrêt de la Cour administrative du 19 décembre 2013 [Affaire Association des Professeurs de l'Enseignement secondaire et supérieur (APESS) asbl c/ État en présence de la Confédération générale de la Fonction publique (CGFP) asbl, n°32.864C] au niveau de la représentation des fonctionnaires de la carrière supérieure à la Chambre des fonctionnaires et employés publics.

L'objet du présent projet de loi n'est pas de régler la situation créée par l'arrêt de la Cour administrative du 19 décembre 2013 dans l'immédiat mais de la fixer pour les prochaines élections dont les opérations débuteront déjà en octobre 2014, ce qui explique également l'urgence qui commande le présent projet de loi.

Il est remarqué dans ce contexte qu'une modification législative est nécessaire même si la Cour administrative avait recommandé de régler le problème dans un premier temps par une modification du règlement grand-ducal du 17 janvier 1984, soit que cette modification soit confectionnée de telle façon à ce qu'elle aboutisse à envisager spécialement le cas qui se présente lorsque le troisième siège ne peut pas être attribué au candidat d'une liste parce que celui-ci est issu de la même administration que les deux autres candidats, mais qu'il ne peut pas non plus être attribué à aucun autre membre de la liste sur laquelle figure le candidat écarté parce que cette liste ne comprend que des candidats qui sont issus de la même administration que le candidat écarté, soit qu'elle ait pour objet un réagencement des catégories afin de mieux tenir compte de la représentation des différents corps électoraux.

Or, aucune de ces deux solutions n'est satisfaisante alors que les dispositions réglementaires préconisées risquent de se heurter tout simplement à la loi, la première à l'article 43ter, alinéa 5 de la loi du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective et la seconde à l'article 43ter, alinéa 2 de la même loi qui, quant à lui, fixe le nombre de mandats à attribuer par catégorie. En effet, d'après les enseignements dont le Gouvernement dispose aujourd'hui, il voit mal comment un règlement grand-ducal pourrait changer le nombre des mandats à attribuer par catégorie alors que ce nombre est fixé par la loi.

Enfin, le présent texte s'est fixé comme double impératif d'assurer une répartition équitable des sièges dans la carrière supérieure par administration et celui de faire jouer pleinement la représentation proportionnelle et d'éviter ainsi toute altération qui pourrait affecter ce système au détriment d'une liste entière. Cet objectif pourra être atteint en créant deux catégories distinctes au niveau de la carrière supérieure, l'une réservée aux fonctionnaires de l'enseignement et l'autre aux fonctionnaires administratifs.

Si on ne veut pas augmenter le nombre de mandats à la Chambre des fonctionnaires et employés publics, une telle répartition pourrait se faire en réservant deux sièges à la nouvelle catégorie prévue pour les fonctionnaires de l'enseignement secondaire, secondaire technique, supérieur et universitaire et un siège à la catégorie des fonctionnaires de la carrière supérieure des autres administrations. Cette répartition suivrait un rapport entre les fonctionnaires des deux catégories de deux à un et se justifierait donc également au vu des fonctionnaires qui sont représentés par les deux nouvelles catégories.

En effet, d'après les chiffres dont dispose le Gouvernement et qui comprennent les fonctionnaires actifs dans la carrière supérieure au 1.1.2010 et au 1.1.2014 (s'y ajoutent évidemment les retraités pour lesquels on peut toutefois supposer que le rapport est plus ou moins le même), les fonctionnaires de la carrière supérieure de l'enseignement représentent à quelques dizaines d'agents près le double des agents de la carrière supérieure administrative en 2010. Ce rapport s'est encore creusé au profit des fonctionnaires de l'enseignement si l'on se réfère aux chiffres de 2014.

Dépôt par M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 01.07.2014

Rapporteur: M. Georges Engel

Travaux de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

(Président: M. Yves Cruchten):

03.07.2014	Désignation d'un rapporteur
	Présentation du projet de loi
	Examen de l'avis du Conseil d'État
07.07.2014	Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 16.07.2014

■ L'actualité parlementaire sur www.chd.lu

■ Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.

■ La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.

■ L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.

■ Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur www.chd.lu.

■ De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

d'Chamber online op

www.chd.lu

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. le Président*

2. 6400 - Projet de loi portant:

- mise en œuvre de certaines dispositions du règlement (UE) n°1214/2011 du Parlement européen et du Conseil du 16 novembre 2011 sur le transport transfrontalier professionnel d'euros en espèces par la route entre États membres dans la zone euro, et
- modification de la loi du 12 novembre 2002 relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance

- *Rapport de la Commission juridique: Mme Simone Beissel*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth (M. Justin Turpel intervient), M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. 6629 - Projet de loi modifiant la loi du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Lex Delles*
- *Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Claude Haagen, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Justin Turpel*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 6670 - Projet de loi concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

- *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: Mme Simone Beissel (M. Fernand Kartheiser intervient)*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen (Mme Nancy Arendt intervient) (dépôt de 11 amendements), M. Eugène Berger (Mme Martine Hansen - fait personnel; M. Claude Wiseler, M. Marc Spautz, Mme Martine Hansen et Mme Octavie Modert interviennent), Mme Taina Bofferding (Mme Martine Hansen intervient), M. Claude Adam (dépôt d'une motion), M. Roy Reding (question de M. Claude Adam, intervention de M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche), M. Justin Turpel (interventions de M. Claude Adam, Mme Viviane Loschetter, M. Eugène Berger et M. Alexander Krieps) (dépôt d'une motion et de 8 amendements; retire sa motion), M. Claude Adam (fait personnel)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche (M. Marc Spautz et Mme Martine Hansen interviennent)*
- *Amendements 1 à 19: M. le Président, M. Claude Wiseler*
- *Votes sur les amendements 1 à 19 (rejetés)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: M. le Président, M. Gast Gibéryen, M. Claude Wiseler*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Félix Braz, Mme Lydia Mutsch et M. Claude Meisch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.10 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Ech maachen d'Sëtzung op, mat der Entschëllegung fir dee liichte Retard. D'Presidentekonferenz war an der Mëttesstonn nach zesummen. Dat ass also d'Ursaach, firwat dass d'Presidenten e bësse méi spéit komm sinn. Merci fir Äert Versteesdemech.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Neen, Här President.

M. le Président.- Merci, Här Justizminister. Da géife mer an eisem Ordre du jour virufueren. Eischte Projet de Mëtteg ass de Projet de loi 6400, e Reglement iwwert de professionelle Geldtransport zwëschen EU-Länner. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, an d'Wuert huet elo direkt, wann den Här Gibéryen de Wee fräi mécht, d'Rapportrice, d'Madame Simone Beissel.

Madame Beissel, Dir hutt d'Wuert.

2. 6400 - Projet de loi portant: - mise en œuvre de certaines dispositions du règlement (UE) n°1214/2011 du Parlement européen et du Conseil du 16 novembre 2011 sur le transport transfrontalier professionnel d'euros en espèces par la route entre États membres dans la zone euro, et - modification de la loi du 12 novembre 2002 relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance

Rapport de la Commission juridique

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet 6400 geet et drëm, fir d'Dispositioune vun dem europäesche Reglement vum 16. November 2011 iwwert de professionelle grenziwwerschreidenden Transport vun den Euroen op de Stroossen am Euroraum a Lëtzebuerger Gesetzgebung ëmzesetzen. Doniewent geet et drëm, fir d'Gesetz vum 12. November 2002 iwwert d'Sociétés privées de gardiennage et de surveillance ze komplettéieren.

Zur Prozedur: Dëse Projet de loi gouf den 22. Oktober (veuillez lire: den 22. Februar) 2012 vum zoustännege Justizminister déposéiert. Duerno hate mer Avise vun enger Serie vu Chambres professionnelles, vun der Chambre des Salariés an der Chambre de Commerce de 27. Mäerz respektiv de 4. Mee 2012, an den Avis vum Statsrot vum 2. Juli 2013. De Statsrot hat e puer Oppositions formelles formuléiert, dofir ass dee ganzen Text erëm eng Kéier an d'Commission juridique komm.

Den 22. Januar dëst Joer sinn eng Serie vun Amendementer zum Projet de loi ugeholl ginn an de Statsrot huet den 11. Mäerz 2014 en Avis complémentaire positif eraginn. Den 18. Dezember 2013 hat d'Kommissioun mech als Rapporteur genannt. Wéi mer mat den Aarbechten an der Kommissioun, déi ganz komplizéiert waren, well et ass en extrem komplizéierten Text, fäerdeg waren, do hu mer den 2. Juli 2014 de Rapport ugeholl. Souwäit zur Prozedur.

Wat sinn elo de Kontext an de But vun dësem Projet de loi? Dir wësst, wéi mer den Euro agefëiert hunn an dem Euroraum, mä och zu Lëtzebuerg, hat dat net nëmmen Inzidenzen op eiser aller Privatliewen, mä et huet och haaptsächlech mat sech bruecht, dass d'Finanzinstituter an och de Commerce, déi grouss Distributiounen, sech hu missen organiséieren, fir eben ëmmer Euroen an Espècen a genügender Quantitéit zur Verfügung ze hunn. An den Transport vum Boergeld huet op den europäesche Stroossen iwwert d'Lännergrenze säit där Zäit immens zougeholl, wat fir alleguerten d'Länner, déi an der Eurozon sinn, grouss Erausfuerderungen duerstellt.

De Moment gëtt et nach a ville Memberstaten, déi awer an der Eurozon sinn, ganz verschidde Législatiounen, an dat huet déi ganz Saach extrem verkomplizéiert. Et war mat Momenter net méiglech, quitte dass de Principe de libre circulation besteet, fir d'Euroen iwwert d'Grenzen ze kréien an dohinner ze acheminéieren, wou se sollten ukommen.

Doniewent ass dann och, well eben déi diskordant national Législatioune geherrscht hunn, gesot ginn: De Principe vun der libre Prestation de service, wat jo awer ee vun de Grondprinzipie vun Europa ass, konnt och net garantéiert gi mat deenen diskordante Législatiounen.

Et geet drëm, dass déi concernéiert Instituter an notamment de Commerce, déi grouss Distributiounen, d'Méiglechkeet kréien, bei deenen Entreprisen, déi hinnen déi bescht Konditiounen ubidden, déi hinnen déi bescht Servicer ubidden, Kontrakter ze maachen, an dat och grenziwwerschreidend. Et geet och drëm, dass déiselwecht Instituter sech kënne bei der geografesch am beschte lokaliséierter Succursale vun iergendenger Banque centrale nationale approvisionnéieren oder awer dass se hir Centres de traitement d'argent vun den Entreprisë kënnen ufroen, dat heescht benotzen, och wann déi op där anerer Säit vun der Grenz leien.

E puer Länner, an dozou gehéiert Lëtzebuerg och, kréien hir Euroen net op hirem nationalen Territoire gemaach, mä op där anerer Säit vun der Grenz. Dir wësst, dass eis Mënzen an Holland gemaach ginn, eis Schäiner gi vun enger bekannter däitscher Fabrick hiergestallt. Dat ass jo an enger Hisiicht och gutt, well dann hunn d'Spëtzbouwe manner Loscht, fir hei zu Lëtzebuerg déi berühmt „planche à billets" ze kréien. Mä dat bréngt alles mat sech, dass mer mussen déi Euroen acheminéieren, fir dass se à bon port ukommen. Dofir ass d'Iddi gewiescht, dass soll eng eenheetlech Regelung vun dem professionelle Geldtransport a Kraaft trieden an all de Länner vun dem Euroraum.

Dat europäescht Reglement iwwert de professionelle grenziwwerschreidende Stroossentransport vun Euroboergeld zwëschen de Memberstaten aus dem Euroraum dréit all deene Considératiounen a Schwieregkeete Rechnung an dofir ass gesot ginn, mir setzen Artikelen an dat bestehend Gesetz vun 2012 (veuillez lire: vun 2002) a mir komplettéieren dat och.

Mir sinn hei an enger extraer Situation juridique. Wéi Der all wësst, ass normalerweis en europäescht Reglement d'application directe. Mä mir sinn hei vis-à-vis vun engem europäesche Reglement, dat et den Nationalstaten iwwerléisst, bestëmmt Optiounen an Entscheedungen ze huelen, wéi se d'Matière organiséieren. Dofir musse mer de Projet de loi 6400 haut diskutéieren an unhuelen, fir dass mer eis Situatioun regulariséieren.

Ee vun de grousse Problemer, déi mer hunn, dee ganz wichteg ass, dat ass de System vun den europäesche Lizenzen, déi duerch dëse Projet de loi konform zum Reglement elo agefëiert ginn. De System erlaabt et de Memberstaten, ënnert de Konditioune vum Reglement Lizenzen un Transportfirmaen ze verginn, déi et deenen erlaben, grenziwwerschreidend ze fonctionnéieren, dat heescht, Geldtransporter ze maachen iwwert d'Grenzen, ouni - an dat ass ganz wichteg - dass se an den eenzelnen nationale Staten, wou se da passéieren, och bei den nationalen Autoritéiten nach eng zousätzlech Lizenz mussen ufroen.

Mir hunn zu der Legistik décidéiert - an de Statsrot war am Ufank net ganz frou, mä am Sënn vun der Simplification administrative -, net en neit Gesetz ze maachen, well dat Gesetz hätt just een Artikel gehat mat verschiddenen Ënnerartikelen, mä deen Artikel, deen zwar breet gefächert ass, an d'bestehend Gesetz vum 12. November 2002 iwwert d'Sociétés privées de gardiennage et de surveillance eranzesetzen. Et ass also een Artikel mat esou villen Ënnerartikelen, déi awer an enger Sektioun IV integréiert ginn, am Sënn vun enger gudder Legistik.

Et hätt nämlech net vill Sënn gemaach, och fir d'Lisibilitéit vun der Gesetzgebung an dësem dach héich brisanten a komplizéierte Secteur, fir do nach en extrat Gesetz ze huelen. A wéi gesot, an Zäite vu Simplification administrative wär dat net gutt gewiescht.

Mir hunn also eng Sektioun IV hei agesat mat den Artikele 27-1 bis 27-6. Déi sinn ageféiert ginn, an dann hu mer nach den Artikel 30 vun deemselwechte Gesetz vum 12. November 2002 komplettéiert, fir dass dat alles beieneepasst.

D'Reglement gesäit vir, dass déi Entreprisen, déi grenziwwerschreidend Eurogeldschäiner an -mënz wëllen transportéieren, eng Lizenz also bei der zoustänneger nationaler Autoritéit kënnen ufroen. Dat ass zu Lëtzebuerg onse Justizminister. Et ass also eng Saach vu Lizenzen. Fir de genaue Verdeelersystem, dee ganz technesch ass, do renvoyéieren ech op mäi schréftleche Rapport.

Eng zweet wichteg Saach ass, dass drop gepocht gëtt an deem ganze Secteur, dass e ganz intensiven Informatiounsfloss besteet zwëschen den Entreprisen, zwëschen den Transportentreprisen, mä och zwëschen den Autoritéiten, fir dass ee ganz genau vun deem anere weess, wat leeft. An d'Resultat ass, dass all Kéier, wann en Transport gemaach gëtt an e geet iwwer verschidden Territoiren, da mussen déi national Autoritéiten, an do erëm eng Kéier zu Lëtzebuerg de Justizminister, mä och d'Police grand-ducale, ganz genau iwwert d'Natur vun deem Transport informéiert ginn. Dat ass eng Saach vun elementarer Sécherheet a mécht och Sënn.

Mir haten eng Opposition formelle kritt vum Statsrot iwwert de gesetzleche Kader vun dem Eurotransport, well de Statsrot huet ee Moment gemengt, mir hätten ze vill wëllen national iwwerleeën a Saachen iwwer Règlement grand-ducal regléieren, an en huet gesot, dat géif net goen, dat wär contraire zum Principe vun der Hiérarchie des normes. Dofir hu mer dem Statsrot gefollegt an u sech déi ganz Législatioun einfach ënnert de Schierm vum europäesche Reglement direkt gesat, an domat war de Statsrot a sengem zweeten Avis d'accord.

Da sinn och nach speziell Dispositiounen iwwert d'Droe vun de Waffe während dem Transport, dat gëtt och regléiert. An da kënnt dobäi dee leidege Problem vun de Permisen, vun der Formatioun, déi och muss gemaach ginn, wann een am Déngscht, am professionellen Déngscht bien entendu, eng Waff bei sech dréit. Déi Saache mussen och regléiert ginn, well do sinn och Diskrepanzen zwëschen den nationale Gesetzgebungen. Do hu mer och e System fonnt. Wann an deem Land, an deem de Permis ausgestallt gëtt, keng positiv oder net genuch Formatioun ugebuede gëtt, dann ass et d'Méiglechkeet, dass, wa se bei eis op den Territoire kommen, d'Lëtzebuerger hinnen nach zousätzlech Formatiounen ubidden, fir dass u sech dee Stand vun der Formatioun fir all Mënsch deeselwechten ass.

Sanktioune si virgesinn. Wann een d'Konditioune vun der Verdeelung vun de Lizenzen un d'Transportfirmaen net anhält, da spillen d'penal Dispositioune vum Artikel 30 vum Gesetz vun den Activités privées de gardiennage et de surveillance. Et sinn also Strofe virgesinn, well et ass wierklech e komplizéierte Secteur, an il faut faire de l'ordre dans la boutique. Et kann net sinn, dass ee sech net un déi Bestëmmungen do hält, am Interesse vun der Sécherheet.

Här President, zesummefaassend kann ee soen, dass dëst en Text ass, deen endlech Uerdnung mécht an de Législatiounen zwëschen de Länner, déi ebe grenziwwerschreidenden Transport vu Geld maachen, sougutt vu Schäiner wéi vu Mënzen. An ech mengen, dat ass am Interesse vun där ganzer Saach. Mir brauchen Euroen, mir brauchen Euroen, déi a guddem Zoustand sinn. Well Dir wësst, dass déi Euroen och ëmmer, wéi mer soen „gewäsch a gestreckt" sinn, wa se bei eis deelweis och aus den Automate kommen. Et ass wichteg, dass déiselwecht Législatioun an de Länner vum Euroraum besteet. An dofir ass dëse Projet de loi wierklech e positiven Akzent op dem Wee vun enger Unicitéit an deem ganze Secteur.

Ech wëll nach, well et e ganz komplizéierte Projet war, en häerzleche Merci soen un den Här Laurent Besch vun der Justizkommissioun, awer och un ons Jongen aus der Fraktioun, de Jean

Lammar an de Jeff Feller, déi sech geplot hunn, fir duerch Euroen, Waffen, Permisen an esou weider duerchzekommen, fir dass mer lech haut de Mëtteg relativ schnell, nodeem mer ugefaangen hunn 2014, dësen Text kënne presentéieren.

Wéi gesot, Merci fir Äert Nolauschteren, an ech brénge bien entendu den Accord vun der DP-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Rapportrice, mat der Feststellung, dass mer eng Rei vu Leit am Sall hunn, deenen hir Stëmm och wa se flüstere bis hei uewen héierbar ass, also a fortiori och d'Rapportrice oder de Riedner stéiert. Also, wann ech gelift, e bësse méi lues. An et huet elo direkt de Gilles Roth d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen der Rapportrice, dem Simone Beissel, Merci fir hire schréftlechen an awer och hiren anschauleche mëndleche Rapport. Si huet dat ënnerstrach: Dëse Projet geet engersäits ëm d'Sécherheet vun dem Bierger, anerersäits geet en awer och ëm d'Fräiheet, déi grenziwwerschreidend Fräiheet vun de Geldtransporter.

An de Projet ass fir eis Banken- a Finanzplaz wichteg, mä en ass awer och wichteg fir d'Grande-surfacen. Well ech wier eigentlech gären driwwer informéiert, wéi vill boert Geld de leschte Samschdeg eleng an de Grande-surfacen - ech soen - „gebraucht" gouf.

An duerfir, mengen ech, huet dee Projet de loi hei eng praktesch Inzidenz, well d'Madame Beissel huet mat Recht ënnerstrach, dass mir déi Euroen eigentlech net vu Lëtzebuerg aus kréien, mä dass mer se mussen aus dem Ausland huelen. An den Transport vu Geld, dat bedeit ëmmer e Sécherheetsrisiko, an duerfir ënnerstëtze mir och ausdrécklech als CSV, dass dat europäescht Reglement hei am Detail eigentlech déi grenziwwerschreidend Geldtransporter regelt.

Dat Reglement erlaabt eigentlech de Lëtzebuerger Banken an och de Geschäftsleit, fir hir Euroen transportéieren ze loossen, soit vun inlänneschen, mä och vun auslännesche Geldtransporter, an ëmgedréit kënnen awer och déi Geldtransporter, déi zu Lëtzebuerg etabléiert sinn - ech nennen elo keng Nimm -, och Transporter maachen an dem noe Grenzgebitt.

Doriwwer eraus ënnerstëtze mir, dass nach ëmmer - an dat schéngt mer dee wichtegsten Aspekt ze sinn -, wann e Geldtransport gemaach gëtt, da fir de Waffegebrauch vun deene Leit, déi deen Transport maachen, dass do ëmmer muss eng Autorisatioun vun dem Lëtzebuerger Justizminister sinn. Dat ass eppes, wat wichteg ass. Dat heescht, dass net ënner Konditiounen, déi mir net géife kennen, hei Leit, déi keng Formatioun hunn, respektiv Waffe géifen op deem Transport gebraucht ginn, déi net au préalable vun dem Lëtzebuerger Justizminister erlaabt wiere ginn.

En zweete Punkt, deen och wichteg ass fir déi intern Sécherheet, dat ass, dass all Kéiers, wann esou e grenziwwerschreidenden Transport gemaach gëtt vu Gelder, souwuel de Justizminister wéi och eis Police grand-ducale muss doriwwer informéiert sinn. An ech mengen, an der Praxis gesäit ee samschdes oft, wa bei groussen Akafszentren do Geldtransporter gemaach ginn, dass do souguer de Polizeihelikopter vun der Police dat och aus der Loft iwwerwaacht.

Et ass also esou, dass trotz deem europäesche Reglement hei d'Souveränitéitsrechter vu Lëtzebuerg an engem sensibelen Domän wéi deem vun dem Waffegebrauch, mä och vun dem Transport vu Gelder, gewahrt sinn.

D'Madame Beissel huet virdrun ënnerstrach, dass et e bëssen e juristesche Casse-tête war, fir mat dem Statsrot eens ze ginn, wéi een dann dat Reglement net ëmsetzt a Lëtzebuerger Recht, well et ass jo direkt applicabel, mä wéi een déi zousätzlech Bestëmmungen, déi mer an eiser nationaler Gesetzgebung musse maachen, wéi een déi sollt aféieren. An et ass eigentlech interessant gewiescht, dass de Conseil d'État nach eng Kéier drop higewisen huet, well et sech hei jo ëm d'Regelung vun enger Professioun handelt, dass mer op Basis vum Artikel 11 Paragraph 6 vun eiser Verfassung dat alles mussen iwwer e Gesetz regelen, wat et natierlech méi schwéier mécht, fir déi Bestëmmungen an eis national Gesetzgebung anzeféieren.

Déi Bestëmmung vun der Verfassung huet awer duerchaus hire Sënn, am positive Sënn, well déi Bestëmmunge kloer am Gesetz musse festgeluecht ginn an anerersäits déi Restriktiounen, déi de Geldtransporter operluecht ginn, net eleng kënne vun der Exekutiv iwwert de Wee vun engem Reglement gemaach ginn.

Dëse Projet bedeit, wéi gesot, e Plus u Sécherheet. Duerfir stëmmt d'CSV selbstverständlech dësem Projet zou.

Zum Ofschloss, Dir Dammen an Dir Hären, hätt ech nach zwou Froen un de Justizminister. Déi betreffen eigentlech dat Reglement, wat schonns zënter Enn 2012 de facto am interne Recht applicabel ass. Nämlech do gesäit den Artikel 25 e sougenannten „comité du transport" vir, dee sollt all Joers zesummekommen an eng Evaluatioun vun deem Reglement, vun deene Bestëmmunge vun deem Reglement maachen - ob do schonn éischt Konklusioune sinn. Well an deem Reglement jo festgeluecht gëtt, ënner wat fir enge Konditioune Geldtransporter gemaach ginn, zum Beispill an enger ganzer Voiture blindée, wou net nëmmen d'Kabinn, mä och hannen - ech soen - den „Wuereraum" blindéiert ass. Oder wann eng Kabinn eleng blindéiert ass, da mussen eigentlech déi Transporter vu Fongen, déi gemaach ginn, da mussen déi sougenannten „neutraliséierte Billjeeën" ënnerleien. Dat heescht, dass déi sech direkt opléisen, wat och e Plus u Sécherheet ass fir déi Leit, déi den Transport maachen.

Eng zweet Fro, Här Justizminister - ech verstinn, Dir musst dat bei Äre Leit nofroen, mä Dir hutt jo nach Zäit -, eng zweet Fro, déi awer och net onwichteg ass, dat ass déi: D'Reglement gesäit vir, dass ee kann onugekënnegt Kontrolle maachen, wann esou Geldtransporter gemaach ginn, vun den Autoritéiten aus - ob där regelméisseg bei eis gemaach ginn, well, ech mengen, mat deem Reglement jo méi auslännesch Firmaen och op lëtzebuergeschem Territoire verkéieren.

Dann eng lescht Suggestioun, déi mir awer als CSV-Fraktioun ënnerstëtzen, dat ass folgend: D'Chambre de Commerce, also d'Handelskummer, déi huet gefrot, dass ee sollt en Texte coordonné maache vum Gesetz vun 2002 iwwert de sougenannten „gardiennage" mat de Règlements grand-ducaux, déi do zur Applikatioun sinn, a mir géifen eigentlech déi Fuerderung vun der Handelskummer och am Term vun der Lisibilitéit vun eiser Gesetzgebung ënnerstëtzen. Ech mengen, eng Version coordonnée vu verschiddene Gesetzer, dat soll net nëmmen am Justizberäich, mä besonnesch am Justizberäich spillen, well fir déi Leit - an ech gesinn de Guy Arendt, ouni dass en en Interessekonflikt hätt als Affekot -…

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).*- Här Turpel, hutt Der gutt nogelauschtert? Well hie muss och d'Gesetzer liesen…

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- …wat dat ass?

M. Gilles Roth *(CSV).*- D'Affekote wëssen, dass et oft schwiereg ass, fir déi lescht Versioun vun engem Gesetz, déi en vigueur ass, richteg nozevollzéien. An ech mengen, duerfir sollt een op de Wee goen, fir esou wäit wéi méiglech an der Législatioun ze kucken - den Internet erlaabt dat -, fir koordinéiert Versiounen, a wa se och nëmmen op dem Internetsite vun deem engen oder deem anere Ministère sinn, ze diffuséieren.

Dat gesot, Här President, ginn ech selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Ech gesinn, ech hunn eng Minutt an 30 Sekonnen ze laang geschwat.

M. le Président.- Merci dem Här Roth. Dir waart mat zwou Minutte gemellt.

Une voix.- Aha!

M. le Président.- Kee Problem! Den Här Franz Fayot huet d'Wuert.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Här President, ech géif der Madame Beissel gäre villmools Merci soe fir hire ganz gudde Rapport an ech géif och den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Fayot. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, mir soen och der Rapportrice Merci fir hire mëndlechen a schréftleche Rapport a ginn d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e Merci un d'Madame Beissel fir de Rapport. Mir si mat dem Fong d'accord, mir stëmmen dat heite gär mat, mir hu just natierlech déi Bemierkungen, déi ech awer wëll maachen.

Dat Éischt ass: Wann et vun Ufank u kloer ass, datt mer hei musse legislativ täteg ginn, firwat ass dann eis Regierung, wéi dat do am Conseil diskutéiert ginn ass, mat op de Wee vun engem europäesche Reglement gaangen amplaz vun enger Direktiv? An och wa mer hei e Reglement hunn, wat dann eben esou Matière regéiert, ass eis Iwwerzeegung, datt dat eng „mauvaise technique législative" um europäeschen Niveau ass, wou mer gesinn, datt ëmmer méi Vermëschunge bestinn tëschent deem, wat der Direktiv virbehalen ass, an deem, wat duerch Reglement soll kënne geregelt ginn.

Dat awer gesot, stëmme mer dat heite mat. Villmools Merci.

M. le Président.- Merci. Da si mer um Enn vun der Diskussioun an d'Regierung huet d'Wuert.

(Interruption)

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Et ass u mir?

M. le Président.- D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech der Madame Beissel Merci soe fir hire mëndleche Rapport an och hire schréftleche Rapport.

Et ass effektiv en Text, bei deem et e bësse méi schwiereg war, aus engem Reglement, wat jo eigentlech directement applicable ass, och doduerch, well et ganz prezis ass… Dat heite wëll ech och dofir, och wéi den Här Roth, net eng Ëmsetzung nennen, mä eigentlech ass et eng Upassung vun eisem Gesetz un d'Reglement. Wa mer et esou duerstellen, mengen ech, erkläre mer méi genee, wat et ass.

Et ass eng noutwendeg Upassung gewiescht vun eisem Gesetz aus enger Rei vu Grënn: Éischtens emol ass et drëms gaangen, fir och kloer festzeschreiwen an d'Gesetz, wien déi zoustänneg Autorité compétente ass, fir déi europäesch Lizenzen auszestellen, awer och, fir de Port d'armes vun den auslännesche Convoyeuren, wa se iwwert d'Grenz op Lëtzebuerg kommen, auszestellen. Déi Kompetenzen hunn am Gesetz mussen niddergeschriwwe ginn, fir dass de Justizministère oder de Justizminister, fir et méi richteg ze soen, déi Kompetenz och huet.

Et ass och drëms gaangen anzeschreiwen, wien déi zoustänneg a kompetent Autoritéit ass, déi au préalable muss informéiert ginn. Well ëmmer dann, wann en Transport transfrontalier gemaach gëtt, muss och hei zu Lëtzebuerg de Justizministère informéiert ginn, dass esou e grenziwwerschreidenden Transport vun Euroen ënnerwee ass. Dat muss ëmmer zu Lëtzebuerg deklaréiert ginn.

Dann ass et och drëms gaangen, déi technesch Modalitéite festzeleeën. Déi musse respektéiert ginn am Kader vun deenen doten Transporter, ob et e komplett blindéierte Fourgon ass oder e Fourgon, vun deem nëmmen d'Kabinn blindéiert ass, an dann awer och mat engem System, fir Schäiner am Fall vun engem méiglechen Iwwerfall kënnen ze makuléieren, also Flecken op déi Schäiner ze kréien, fir dass se a) net méi brauchbar sinn an och b) kënnen identifizéiert ginn, dass se eben aus esou engem Iwwerfall géifen hierkommen.

Des Weideren huet mussen an d'Gesetz ageschriwwe ginn, dass fir déi Leit, déi e Port d'armes hunn, wa se op Lëtzebuerg komme grenziwwerschreidend, dass och do de lëtzebuergesche Justizministère kompetent ass fir d'Iwwerwaachung vun hire Schéisskompetenzen. Also, si kréien net nëmmen eemoleg de Schäin ausgestallt, mä am Kader - an dat huet den Här Roth ganz richteg gesot - vun eiser Souveränitéit kënne mir dann och d'Kompetenzen, déi si am Schéissen hunn, selwer iwwerwaachen, well mir jo och de Permis mussen ausstellen. Mir mussen eis also do net verloossen op Permisen, déi an engem anere Land ausgestallt gi wieren, an op méi oder manner verlässlech Kontrolle vun deene Schéisskompetenzen. Och do hu mer elo eng Base légale, fir déi le cas échéant kënnen ze iwwerpréiwen.

Mir sinn och déi national Instanz fir mat eisen auslännesche Partner ze kommunizéieren an deem heite Beräich. Och do hu mer d'Base légale elo geschafen, fir den Échange tëschent den Autorités nationales compétentes kënne virzehuelen.

Mir hunn awer och dann am Gesetz elo Sanktioune stoen, déi mer virdrun net haten, fir deen heite spezifesche Fall. Dat si souwuel där administrativer, wann ee sech net un d'Reglement 1214 géif halen, wuelverstanen déi auslännesch Entreprisen, déi hei zu Lëtzebuerg aktiv wieren, awer mir kënnen och penal Sanktioune verhänken, wa sech net géif un eis Reglementatioun gehale ginn. Dat sinn der, déi souwuel Prisongsstrofe virgesi vun aacht Deeg bis zu engem Joer an awer och Geldstrofe vun 251 Euro bis hin zu 250.000 Euro.

Et ass virdru gesot ginn, dass dat e Secteur wier, dee sech géif no uewen entwéckelen, dat ass richteg. Allerdéngs ass et e Phenomeen, deen zu Lëtzebuerg awer relativ limitéiert ass. Et gëtt am Moment zu Lëtzebuerg zwou Firmaen, déi kënnen a Fro kommen, déi éligibel sinn, fir esou eng Lizenz unzefroen, méi net. A si mengen och, dass dat, wat vu Volumen hei entsteet, en fait net esou grouss ass fir si. Si schwätze vun engem Prozentpunkt, vun 1% vun hirem Chiffre d'affaires, dee kéint duerch dës Législatioun betraff ginn. Et ass also kee Phenomeen, deen inexistent ass, mä par rapport zu de Lëtzebuerger Entreprisen ass et awer éischter e marginale Phenomeen, dee mer hei diskutéieren.

De Règlement grand-ducal, un deem gëtt och geschafft. Mir hunn e leschten Avis complémentaire elo vum Statsrot kritt virun e puer Wochen, virun dräi Wochen ongeféier. D'Regierung wäert elo probéieren, de Règlement grand-ducal, deen heizou gehéiert, och ganz séier fäerdeg ze maachen, a mir probéieren dann och, souwuel d'Gesetz wéi de Règlement grand-ducal zum selwechten Zäitpunkt a Kraaft trieden ze loossen. Da wären déi zwee de façon concomitante en vigueur. Dat wär sécher, mengen ech, vun der Technik hier gutt geschafft.

Dann huet nach den Här Roth zwou Froe gestallt an eng Suggestioun gemaach. Zu senger Suggestioun, fir eng Version coordonnée ze maachen, wat jo och de Wonsch ass vun der Chambre de Commerce: Déi huelen ech gären entgéint. Ech kann lech net verspriechen, dass mer et wäerte maachen a wéi séier. Mä ech fannen et och e legitimme Wonsch an eng verstänneg Iddi an déi huele mer ganz gäre mat op.

Zu deenen zwou prezise Froen, déi Der gestallt hutt vun deem Comité du transport: Menges Wëssens ass dee schonn zesummekomm, e puermol souguer. Ech weess näischt vu Konklusiounen, déi se gezunn hätten. Mir kruten op jidde Fall och keng schréftlech matgedeelt. Mä ech weess, dass et de Comité gëtt. En huet dräi-, véiermol, menges Wëssens, scho getaagt.

Zu de Kontrollen: Ob déi gemaach ginn, dat muss ech dann an engem anere Ministère nofroen. Déi ginn net vun eisem Haus selwer gemaach, déi Kontrollen. Ech kann lech déi Froe gären an enger nächster Commission juridique beäntwerten. Do sinn aner Instanze beim Stat, déi déi Kontrollen do effectuéieren. An ech froen dat gären no a soen lech Bescheed.

A Merci och fir d'Zoustëmmung zum Gesetz.

M. le Président.- Merci och dem Här Braz. Mir kéinten dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6400 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6400 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 6400 ass mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Merci.

Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 6629, eng Modifikatioun vum Ge-

setz iwwert d'École de la 2e Chance. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Lex Delles.

Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

3. 6629 - Projet de loi modifiant la loi du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Merci villmools. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Kader vum Débat iwwert d'Aféierung vun enger Schoul vun der zweeter Chance den 30. Abrëll 2009 hei am Haus hu verschidde Riedner drop higewisen, dass et kee gutt Zeeche fir e Bildungssystem wier, wann esou eng Schoul misst geschafe ginn. D'Ursaache vum Échec an dem Décrochage scolaire misste besser ugepaakt ginn, fir dass esou eng Schoul eigentlech net néideg wier.

Dës Aussoe ware sécherlech richteg, mä richteg ass awer och, dass d'École de la 2e Chance an deene leschte Jore gewisen huet, dass si eng Plaz an eisem Schoulsystem huet an dass si eng exzellent Aarbecht leescht.

Erlaabt mer duerfir, dass ech op dëser Plaz de Responsabele vun der Schoul, den Enseignanten an de Formateure fir hiert Engagement an hir gutt Aarbecht beim Opbau an am Alldag félicitéieren.

Här President, ech kommen dann zum Projet de loi selwer. E puer Wierder zu der legislativer Prozedur: Den Text gouf de 5. Dezember 2013 nach vun der viregter Éducatiounsministesch, der Madame Delvaux-Stehres, déposéiert.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

De 5. Februar vun dësem Joer huet d'Éducatiounskommissioun mech zum Rapporteur vum Projet de loi designéiert. De Statsrot huet säin Avis de 25. Februar respektiv säin Avis complémentaire den 3. Juni ofginn.

A sengem éischten Avis huet de Conseil d'État dräi Oppositions formelles formuléiert. Dës hu sech mat der Fro vun der Applikatioun vum Artikel 23 vun der Constitutioun, deen d'Organisatioun vun der Schoul regelt, respektiv mat der Mise en vigueur vu verschiddene Modifikatioune beschäftegt. D'Kommissioun huet de Remarquë vum Statsrot Rechnung gedroen an de Projet de loi entspriechend amendéiert, soudass de Statsrot a sengem zweeten Avis gréng Luucht fir den Text konnt ginn. Avise vun de Chambres professionnelles louche keng vir. Schlussendlech ass de Rapport den 2. Juli bis op eng Abstentioun quasi eestëmmeg vun der Éducatiounskommissioun ugeholl ginn.

Madame Presidentin, grad wéi a villen anere Beräicher vum Liewen ass et och an der Éducatioun gutt, wann no enger gewëssener Zäit de Bilan vun enger Saach gezu gëtt, fir ze kucken, wat gutt fonctionnéiert a wat vläicht manner gutt leeft. Esou ass et och bei der École de la 2e Chance de Fall, déi elo zënter e puer Joer operationell ass an, wéi scho gesot, zu engem integralen a wichtege Bestanddeel vum Schoulsystem ginn ass.

Wat sinn déi wichtegst Ännerungen am Verglach zum urspréngleche Text vun 2009? Ma, op dëser Plaz ass et ganz wichteg ze ënnersträichen, dass d'Philosophie vun der École de la 2e Chance mat dësem Projet deelweis changéiert.

Wann et bei der Aféierung vun dëser Schoul nach haaptsächlech drëm gaangen ass, fir d'Décrocheuren erëm an den Éducatiounssystem ze reintegréieren, esou geet et elo bei dësem Projet no der Analys vun der Aarbecht, déi zënter 2009 do geleescht gëtt, drëm, deene betraffene Jugendlechen eng Qualifikatioun ze verschafen, dëst mat der Méiglechkeet, déi Formatioun och an der École de la 2e Chance kënne fäerdeg ze maachen.

Esou gëtt dee maximalen Alter vun de Schüler vun der Schoul vu 24 op 30 Joer eropgesat. Dëst ass virun allem drop zréckzeféieren, dass d'Mesuren, déi d'Bekämpfung vum Jugendchômage als Zil hunn, sech u Jonker bis 30 Joer riichten. Duerfir ass et logesch, dës Dispositioun deementspriechend ze adaptéieren. Och sollen an Zukunft d'Primo-arrivantë besser an d'Formatioun vun der École de la 2e Chance agebonne ginn, andeem si net méi à part enseignéiert ginn, mä a Formatioune mat engem adaptéierte Régime linguistique agebonne ginn.

D'Limitatioun, dass ee sech nëmme fir zwee Joer an der École de la 2e Chance kann aschreiwen, gëtt opgehuewen. Dat wëllt net heeschen, dass ee während e puer Joer muss an der Schoul ageschriwwe sinn. Et gi jo och Jonker, déi nëmme fir ee Semester ageschriwwe sinn. D'Durée vun den Aschreiwungen hänkt also vum Projet de formation vun deene Jonken of.

D'Bulletinen an d'Diplomer ginn un den nationale System vun der Zertifikatioun ugepasst. D'Modalitéite vun den Épreuven, vun den Exame ginn déiselwecht wéi fir Schüler an der Beruffsausbildung an der regulärer Schoul.

D'Experienz vun deene leschte Joren huet och gewisen, dass de Portfolio vum Schüler net esou gutt als Evaluatiounsinstrument gëeegent ass, mä éischter eng Roll spillt am Kader vum Ausschaffe vum Projet professionnel. E Relevé vun de Kompetenzen als Complément zum Bulletin soll duerfir an Zukunft vun der Schoul ausgestallt ginn.

D'Lëscht vun de Fächer, déi vun der Schoul ugebuede ginn, gëtt ëm d'Naturwëssenschaften an d'Sozialwëssenschaften erweidert. D'Prime de formation gëtt duerch de virleienden Text ofgeschaaft. D'Aide à la formation fir mannerjähreg Apprenantë soll an Zukunft vum CPOS géréiert ginn.

Wat d'Indemnités de formation fir déi volljähreg Apprenanten ugeet, esou bleiwen dës bestoen. Si ginn awer selbstverständlech un déi scho genannt Modifikatiounen am Kader vum Eropsetze vun der Alterslimite op 30 Joer deementspriechend ugepasst.

Well an der Schoul vun der 2e Chance e grousse Wäert op den Encadrement an déi perséinlech Betreiung vun deem eenzelne Schüler geluecht gëtt, soll an Zukunft dee Schüler, deem säin Taux d'absence bei méi wéi 10% vun den obligatoresche Stonne läit, net méi d'Méiglechkeet hunn, fir seng Ausbildung kënne weiderzeféieren. Speziell Ausnahme kënne vum Direkter fir Schüler mat spezifesche Besoinen accordéiert ginn.

Mat dësen Adaptatioune passe mer, wéi scho gesot, de Kader vun der Schoul de Realitéiten um Terrain un. D'Schoul brauch dës Ännerungen, fir och an Zukunft kënne gutt ze funktionéieren.

Zum Schluss, Madame Presidentin, wëll ech och nach e puer Mercie lassginn: E Merci un d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus der Éducatiounskommissioun fir déi gutt Zesummenaarbecht am Kader vun dësem Projet. E Merci awer och un d'Sekretärin vun der Kommissioun, d'Christiane Huberty, fir hir Mataarbecht an natierlech och dem Här Modert. A schlussendlech e Merci un Iech alleguerten, well Der mer nogelauschtert hutt.

Dës Mercien an dëst alles gesot, wëll ech natierlech och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci dem Här Delles fir säin interessante Rapport. Als éischt Riednerin ruffen ech elo hei op d'Tribün: d'Madame Françoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, ech wéilt fir unzefänken dem Rapporteur e ganz häerzleche Merci soe fir säi komplette schréftlechen an och mëndleche Rapport. Ech wëll och net op all déi Neierungen agoen. Hien huet dat ganz gutt gemaach. Mä ech wéilt e puer allgemeng Bemierkunge maachen an och dem Minister e puer Froe stellen.

Wann ech mer déi rezent Chifferen iwwert den Décrochage scolaire ukucken, da stellen ech fest, dass esou eng École de la 2e Chance méi wéi jee hir Daseinsberechtegung huet. Mä si muss awer och eng reell Chance sinn. An duerfir ass et kruzial, wéi ee Choix vu verschiddenen Ausbildungs- a Beruffsméiglechkeeten dës Schoul dann iwwerhaapt ubitt, an dat op allen Niveauen.

D'École de la 2e Chance muss nieft der Lycées- an der professioneller Ausbildung eng complémentaire Offer duerstellen an dierf net zur Konkurrenz ginn. Ganz besonnesch, wa mer vu Léierplaze schwätzen, ass et net gutt, grad an deene Beruffer auszebilden, wou schonn eng Offer op allen Niveaue besteet, och fir Erwuessener, an domadder déi souwéisou rar geséite Léierplazen ze accaparéieren.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Häre, ech wéilt op dëser Plaz dem Minister eng Partie Froe stellen. Zënter dräi Joer fonctionnéiert elo dës Schoul. An haut solle mer dann iwwer éischt Adaptatiounen ofstëmmen, Adaptatiounen, déi sech opgrond vun Erfahrungswäerter erginn hunn.

An duerfir meng éischt Fro: Här Minister, ginn Erfahrungswäerter duer? Misst een do net eng richteg Evaluatioun maachen? Misst net eng Etüd vum Aarbechtsmaart gemaach ginn, fir ze wëssen, ob mer dann elo an déi richteg Richtung histeieren? Oder ass dat Ganzt éischter aus dem Bauchgefill eraus, dass dës Adaptatiounen entstane sinn?

Mech géif och interesséieren, ob alleguerten d'Schüler, déi eng Demande maachen, fir an d'École de la 2e Chance ze kommen, ugeholl ginn a wat iwwerhaapt d'Admissiounskritäre sinn.

Da wëll ech d'Fro stellen, ob d'Offer vun de Formatiounen, déi d'École de la 2e Chance ubitt, och genee mam Aarbechtsmaart ofgestëmmt ass an och deem entsprécht, wat den Aarbechtsmaart réellement brauch.

Wann ech bedenken, dass mer jonk Fraen an osteuropäesch Länner rekrutéiere ginn, fir Leit am Alter doheem ze betreien, da froen ech mech: Majo, wéisou bilde mir net selwer esou Leit aus, déi en plus den Avantage hätten, dass se wéinstens eng vun deenen dräi offizielle Sprooche géife schwätzen?

Mir brauchen och masseg Leit am Spidolswiesen, déi do kéinten eng Hand mat upaken, an zwar op allen Niveauen. Offréiert d'École de la 2e Chance dorobber eng Äntwert?

Wéi gesäit et aus mat Formatioune fir d'Restauratioun, wou mer leider vill ze dacks mussen op auslännesch Main d'œuvre zréckgräifen? A wéi gesäit et aus mat Leit, déi mer géifen ausbilde fir de Logistiksecteur? E Secteur, deen eisem Wirtschaftsminister jo esou um Häerz läit.

Dann, Madame Presidentin, geet hei Rieds iwwer eng Reduktioun vun den Entschiedegungen, déi déi jonk Leit solle kréien. Mä mir gi jo awer hin, mir setzen d'Alterslimite, fir eranzekommen, vu 24 op 30 Joer erop. Da ginn ech awer dovunner aus, dass do eng Partie Leit dobäi sinn, déi vläicht musse schonn e Loyer bezuelen. Wéi sollen déi deen dann an Zukunft finanzéieren, wa se an d'Schoul ginn? Wat ass do virgesinn?

Da gi mer hin a mir setzen d'Zuel vun den „Apprenanten", wéi se hei am Gesetzestext heeschen, vun 300 op 350 erop. Dat ass eng Hausse vu bal 17%. Mir erweideren d'Offer vun de Formatiounsméiglechkeeten. Da stellen ech d'Fro: Brauch een dann net och méi Personal? Och do ass keng Fiche financière virgesinn.

Da meng lescht Fro, Här Minister: Ongeféier 20% vun de Schüler hunn och an der École de la 2e Chance hiert Gléck net fonnt. Wourunner läit dat? Gouf do eng Analys gemaach? A wéi gedenkt Dir dogéint virzegoen?

Voilà, Madame Presidentin, dat war et fir mäin Deel. Ech si ganz gespaant op dem Minister seng Äntwerten. Ech soen Iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

Ech bréngen och heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun, well mir fannen d'Iddi vun enger École de la 2e Chance jo gutt, wa se dann eng reell zweet Chance ass.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Madame Hetto, fir Är konstruktiv Interventioun. Elo ass et um Här Deputéierte Claude Haagen.

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Madame Presidentin, déi technesch an déi prozedural Detailer vun dësem Projet de loi iwwert d'École de la 2e Chance, déi iwwregens e Succès ass, si scho vun deenen zwee Virriedner presentéiert ginn, esou datt ech dat elo net méi am Detail wäert maachen. Ech géif awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Rapporteur, dem honorabelen Deputéierte Lex Delles, Merci ze soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport.

Dëse Projet de loi, dee jo bekanntlech ënnert der viregter Éducatiounsministesch, der Madame Delvaux, déposéiert ginn ass, ass an der Haaptessenz e Projet de loi, deen d'Offerte vun der Formatioun erweidert an dee besonnesch, an dat ass schonn ugeschwat ginn, sech ëm de Phenomeen vun de Schoulofbriecher wäert këmmeren.

Am Allgemenge kann ee feststellen, datt eng Persoun, déi eng unerkannte Qualifikatioun oder en Diplom huet, vill méi grouss Chancen huet, fir um Aarbechtsmaart eng Plaz ze fannen, wéi Leit ouni Qualifikatioun oder Diplom dat hunn. D'Persounen, un déi sech dëse Projet de loi riicht, ginn am Artikel 2, wéi gesot, genannt. Et sinn dëst Leit, déi erëm sollen op eng Formation initiale oder eng Formation des adultes orientéiert ginn, Persounen, déi hire schoulesche Parcours mat engem unerkannte Certificat oder Diplom ofschléissen, a Persounen, déi eng spezifesch Erwuessenebildung ofschléissen, déi en Zougang zum Héichschoulstudium oder déi en Éducateursdiplom kréien.

Ech wollt op e puer Remarquen hei agoen, déi scho gesot gi sinn an déi oft am Kontext vun der Schoul vun der zweeter Chance opgeworf ginn. D'Meenung, déi besteet, datt d'Beruffer, déi an der École de la 2e Chance ugebuede ginn, anere Schüler géifen Ausbildungsplazen ewechhuelen, wëll ech awer gär ganz staark relativéieren. Dat steet iwwregens och am Commentaire vun dësem Projet de loi. An der École de la 2e Chance geet et menges Wëssens drëm, fir Persounen, Schüler, Erwuessenen eng zweet, eng nei Chance ze ginn, an net de Beruffer. Och huet sech an deene leschte Jore gewisen, datt dës Schüler alleguerten eng Ausbildungsplaz fonnt hunn.

Madame Presidentin, zum Schluss géif ech awer nach gär soen, datt mer mat dësem Projet de loi iwwert d'École de la 2e Chance d'Diplomer net bradéieren, mä datt déi Diplomer mat anere Schoule gläichgestallt ginn.

Duerfir géif ech och gär vun der Geleeënheet profitéieren, fir jiddwerengem, den Éducateuren, de Professeren an och de Beamten aus de Ministèren, déi sech ëm d'École de la 2e Chance beméien, Merci ze soe fir hiert Engagement an deem heiten Dossier.

Dat gesot, sinn ech frou, datt Der mer nogelauschtert hutt, an ech géif zu dësem wichtege Projet och den Accord vun der LSAP-Fraktioun bréngen.

Merci.

Mme la Présidente.- Villmools Merci dem Här Haagen. Als nächsten ageschriwwene Riedner ruffen ech den Här Claude Adam op d'Tribün.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir säi flotten an ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. Et ass och net u mir, fir dem Minister virzegräifen an Äntwerten op Froen ze ginn, déi d'Riednerin vun der CSV gestallt huet. Ech kommen awer net derlaanscht, well ech mech mam Sujet e bësselche beschäftegt hunn, an an deem, wat ech elo zielen, do sinn dann eng Rei Saachen, wou een awer trotzdeem schonn e puer Äntwerten op esou Froe kritt.

Mat dësem Gesetz passe mer den urspréngleche Projet vun der École de la 2e Chance der Realitéit un. Déi ursprénglech Iddi: „Mir huele Schüler, déi décrochéiert hunn, a maache se an ee bis zwee Joer fit fir eng Regelschoul", déi funktionéiert leider net ëmmer. Vill Schüler an der École de la 2e Chance hunn 22, 23 Joer, an et ass net einfach, dës Jugendlech ze integréieren. Op enger Quatrième zum Beispill hunn d'Schüler 15, 16, 17 Joer.

Eng weider Ursaach, firwat d'Angebot erweidert gouf an d'Zäit, déi e Schüler kann an der École de la 2e Chance méi laang bleiwen: Déi Schüler, déi hu meeschtens décrochéiert, net, well se net intelligent genuch waren, mä well se mat der Institutioun Schoul net eens gi sinn. An d'Ursaachen dofir si villfälteg: sozial Kompetenzen, déi feelen, sozial Problemer, familiär, finanziell, psychologesch Problemer.

An der École de la 2e Chance gëtt direkt reagéiert, wann e Problem detektéiert gëtt. D'Schüler si ganz gutt encadréiert. De Personalschlëssel vun dëser Schoul ass héich. D'Schüler si vill Zäit an der Schoul: 34 bis 36 Stonnen. Duerfir verlaangt awer keen Hausaufgabe vun hinnen, an dat zu Recht: Si si ganz oft a Situatiounen, wou Hausaufgaben einfach net ze realiséiere sinn. An duerfir féiert e Retour an eng Regelschoul och oft zu engem Échec.

D'École de la 2e Chance funktionéiert e bësse wéi d'Aarbechtswelt: schaffen an duerno fräi. E Retour an eng Regelschoul scheitert oft aus deeneselwechten Ursaachen, aus deene schonn en éischten Échec do virkomm ass.

All Joer melle sech eng 500 bis 600 Schüler. Et gëtt en Entretien, d'schoulescht Wësse gëtt gepréift an de Kandidat muss eng Lettre de motivation schreiwen. 200 bis 250 Schüler ginn ugeholl: déi, bei deenen d'Aussiichten op Erfolleg am gréisste sinn. An am beschte Chancen, esou hunn ech mer soe gelooss, hu jonk Leit, déi éischter duerchschnëttlech talentéiert sinn, keng immens grouss sozial oder finanziell Problemer hunn an déi an hirer Pubertéit relativ vill Quatsch gemaach hunn. Et kéint ee soen: Déi weider näischt wéi Larifari an der Kopp haten an doduerch grouss schoulesch Lacunen opgebaut hunn, déi bléien duerch dee gudden Encadrement op, déi gedeien an der École de la 2e Chance oft perfekt.

Wichteg ass och, datt de Schüler schonn eng Kéier richteg erlieft huet, datt hie sech selwer mat sengem Schoulofbroch geschuet huet, datt hien e gewëssene Leidensdrock um eegene Leif gespuert huet. Mat 16 Joer sinn déi Jonk normalerweis nach net prett fir dës Schoul. Ech mengen, dee Jéngsten huet der och 17. A wien zweemol duerchgefall ass an dann direkt an d'École de la 2e Chance wiesselt, fir et do eng drëtte Kéier ze probéieren, hält et ganz oft net laang aus.

Et gëtt natierlech, an d'Madame Hetto huet et ugeschwat, a leider och Échecen an der École de la 2e Chance. Am heefegste sinn Absencen d'Ursaach vum Échec. 10% Absencë waren eigentlech ëmmer de Maximum, deen toleréiert war, an elo kritt dëse Maximum eng legal Basis. Et ass engersäits ganz schwéier, Schoul ze halen, wann d'Absencen héich sinn. Dat kann all Enseignant soen. De Grupp wiesselt oft; d'Schüler, déi vill feelen, kréie Lacunen. Mä an der École de la 2e Chance spillt awer och d'Logik vum Aarbechtsmaart. Déi jonk Erwuessen an der Schoul ginn och als Erwuessener behandelt. Kee Patron erlaabt heefegt an onmotivéiert Feelen.

E groussen Deel vum Décrochage an der École de la 2e Chance berout drop, datt d'Schüler et net fäerdegbréngen, regelméisseg an d'Schoul ze kommen. An eng weider Ursaach fir d'Anhale vun der Präsenzflicht ass de Fait, datt vill Schüler eng Aide à la formation kréien. Esou vill och zur Finanzéierung: Ech hu mer soe gelooss, datt dat ronn 30% vun de Schüler wieren. An dat ass eng gutt Saach an eng sënnvoll Saach. Déi soll awer och net mëssbraucht ginn. An duerfir gëtt och d'Anwesenheitsflicht esou streng geregelt.

Schüler, déi gréisser psychologesch Problemer oder Verhalensproblemer hunn, riskéieren och an der École de la 2e Chance oft en Échec. Schüler, déi zum Beispill spillsüchteg sinn, depressiv sinn, déi Drogeproblemer hunn, missten eigentlech hir zweet Chance - a fir muncher ass et och schonn eng drëtt oder véiert Chance - mat enger Therapie ufänken. An do stéisst d'Schoul un hir Grenzen. An der Schoul Therapien organiséieren, dat geet leider net.

Eis École de la 2e Chance ënnersteet dem Ministère de l'Éducation nationale a funktionéiert och wéi eng normal Schoul. Duerfir wëllt dës Schoul och zertifizéiere wéi all aner Schoul. An hei bréngt de Projet de loi och eng Rei Upassungen.

Selbstverständlech ass awer och de Gedanke vun enger Insertioun an eng aner Schoul oder an e Beruff och nach ëmmer e Bestanddeel vun der École de la 2e Chance.

A fir ofzeschléissen, Madame Presidentin: Natierlech wier et schéin, wann ee keng esou eng Schoul géif brauchen. An den Här Delles hat dat och ugeschwat, dat hate mer schonn 2009 e puermol gesot. Et muss een awer wëssen, Här Delles: 2009 hate mer grad just en neit Schoulgesetz gestëmmt, do ware mer och vläicht nach e bëssen optimistesch - méi optimistesch.

Mir stellen haut fest, datt d'Realitéit eis ganz kloer seet: Mir hunn Décrocheuren, mir brauchen eng École de la 2e Chance. Mir stelle fest als Gréng, datt do gutt Aarbecht gemaach gëtt. Kanner léieren aneschters wéi Teenager an Teenager léieren aneschters wéi Erwuessener. Trotzdeem: Empathie fir de Schüler, Tutorat, Équipe pédagogique a curriculaire, méi Präsenz vun den Enseignanten, dat sinn Erfahrungen aus der École de la 2e Chance, déi fir all Schoul a fir all Schoulsystem gëllen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, an nach e leschte Punkt: Wéi ech d'Diskussioun, déi mer 2009 haten, nogelies hunn, do war och ugeschwat ginn, datt et net schlecht wier, vu déi Situatioun, aus där vill vun deene Schüler kommen, ob et net géif Sënn maachen, fir och en Internat am Zesummenhang mat der École de la 2e Chance an d'Gespréich ze bréngen.

Duerfir vläicht meng Fro, och méi allgemeng: Wéi sti mer do, wa mer sozial Problemer feststellen? Do wier en Internat fir munch Schüler eng Hëllef. Vläicht och an deem heite Kader dann nach déi Fro un den Här Minister.

Merci fir Är Opmierksamkeet a Merci fir Är Toleranz, Madame Presidentin, wat d'Zäit ubelaangt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Exzellent!

M. le Président.- Merci der Madame Presidentin a Merci dem Claude Adam. An als Nächsten huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'ADR, wéi all déi aner Parteien heibannen, ënnerstëtzt de Prinzip vun enger École de la 2e Chance. A mir soen och dem Här Delles Merci fir dee Rapport, deen en eis presentéiert huet.

Et si vläicht just e puer Kommentare vun eiser Säit: Éischtens sollte mer ufänken, fir ze verhënneren, datt d'Kanner, déi Jugendlech d'Schoul ofbriechen. Ech mengen, dat ass eng Tâche, wou Schoulpolitik kann agräifen, fir eng gutt Orientéierung ze maachen a priori, fir ze kucken, well mir hu jo Etüden, wéi den Décrochage scolaire fonctionnéiert. Wa Leit e puermol redoubléieren a grouss Retarde cumuléieren, si se sécher méi exposéiert wéi anerer. Mir wëssen och, datt d'Neuvième pratique an d'Dixième professionnelle déi Klasse sinn, wou tendenziell am meeschten där Fäll geschéien. Also kënne mer scho politesch op jidde Fall eng Rei Aktiounen ënnerhuelen, fir ze verhënneren, datt et esou wäit kënnt an déi Jonk d'Schoul ofbriechen.

A leschter Zäit an och duerch déi Reformen, déi onglécklech Schoulreformen, déi mer awer iwwert déi lescht Jore gesinn hunn, ass et awer esou, datt mer och mussen oppassen, datt mer net och nach strukturell Ursaachen an eisem Schoulsystem hunn, déi de Schoulofbroch weider verstäerken.

Mir hunn zum Beispill de Beweis...

Ech weess net, Här President, ech wëll och eigentlech mat der Regierung schwätzen, mä den Här Meisch, dee lauschtert gewéinlech net no.

(Brouhaha)

Jo, mä gutt. Also, op jidde Fall hu mer eng Rei vu strukturellen Ursaachen, fir eis Suergen ze maachen. Mir wëssen, datt dee modulàre System net fonctionnéiert am Enseignement professionnel. Dat ass eng ganz schlëmm Situatioun, wou vläicht och einfach duerch den Alter an duerch déi Problemer, déi déi Schüler dann hunn, se och eventuell an e Schoulofbroch erakommen. A mir hunn elo héieren iwwert d'Chambre de Commerce an d'CLC a leschter Zäit e Constat, dee mir och ëmmer erëm gemaach hunn, deen awer hei politesch nëmme vun der ADR virbruecht gëtt, dat ass, datt déi Schüler op enger Neuvième eigentlech net méi genuch wëssen, fir iwwerhaapt an eng Léier eranzekommen. Dat sinn déi Realitéiten, mat deene mer konfrontéiert sinn. An natierlech dréit dat och derzou bäi, datt de Risiko vum Schoulofbroch klëmmt.

An dësem spezielle Projet... Ma dat hänkt och domat zesummen, ech hunn hei den originalen Text vun dem Projet de loi vun der Madame Delvaux matbruecht, fir vläicht nach eng Kéier ze rappeléieren, wéi déi Terminologie an deene leschte Jore war, wa mir iwwer Schoulreforme geschwat hunn. Dat ass e Verbiage, et ass komplett huel!

Zum Beispill: «C'est à partir de compétences formelles, non formelles ou informelles que la formation à l'École est construite en apportant de nouvelles compétences spécifiques et transversales. (…) l'approche par compétences (savoirs, savoir-faire, savoir-être);». Et ass du Verbiage, cela ne veut rien dire! Awer et ass op esou Prinzipien, datt eigentlech déi Schoulreformen an deene leschte Joren ugepaakt gi sinn. An esou si se och ginn, eigentlech, an zulaaschte vun de Kanner, oder eng Bürokratie, déi am urspréngleche Projet de loi hei steet, déi net nozevollzéien ass. Et si fënnef Joer, datt ech an der Schoulkommissioun sëtzen, an no fënnef Joer Schoulkommissioun kann ech mech nach ëmmer nëmme wonneren iwwer esou Texter wéi: «(…) le projet d'établissement qui devra être inscrit à un plan de développement scolaire élaboré par la Cellule de Développement scolaire et agréé par le conseil d'éducation de l'École de la 2e Chance.» Lauter Verbiage!

D'Resultat ass, datt eise Schoulsystem hei am Land an engem ganz, ganz schlechten Zoustand ass. Mir hätte besser, op einfach Prinzipien zréckzekommen, novollzéibar Prinzipie vu Qualitéit a Leeschtung, déi eise Schüler géife laangfristeg am meeschten hëllefen. Hei wësse mer eigentlech net, wat mer stëmmen.

Mir hunn de Problem vun de Primo-arrivants, déi als Kategorie erausgeholl ginn. Da steet an den Texter och eppes, wat den Här Minister eis vläicht kann erklären, mat de Primo-arrivants: «Ils vont faire partie directement des formations à régime linguistique spécifique organisées à l'École.» Mir wëssen awer net, wéi dee Régime spécifique ausgesäit. Dréit en zur Integratioun bäi? Wéi ass et mam Lëtzebuergeschen als Langue véhiculaire an der École de la 2e Chance? Dat wësse mer net. Här Minister, Dir kënnt eis dat vläicht soen.

A mir wëssen och net, wat se da schlussendlech léieren. Hei den Här Delles an aner Intervenanten hunn zwar widderholl, datt d'Zertifikatioun, datt d'Niveauen, d'Prüfungen, d'Programmer am Prinzip d'selwecht si wéi an deenen anere Schoulen, gläichzäiteg soe mer awer, datt mer iwwer eng Voie vun Arrêtéë kënnen Ausnahme maache bei de Programmer, bei de Promotiounskritären, bei der Grille horaire, wat zum Deel praktesch wuel néideg ass, fir e bëssen Enseignement à la carte kënnen ze realiséieren an de Leit beschtméiglech ze hëllefen. Op där anerer Säit heescht et awer och, datt mer eigentlech net wëssen, wat mer hei stëmmen. Mir stëmmen e grousse Pak a mir wëssen net, wat herno konkret do dran ass.

Dat alles gesot, wëlle mer och ënnerstëtzen, wat d'Madame Hetto scho virdru gesot huet: Mir musse kucken, datt mer Beruffer hei ausbilden, déi op eisem Aarbechtsmaart gebraucht ginn. Mir hu Beruffer wéi an der Fleeg, wéi an der Logistik, do si mer komplett mat der Madame Hetto d'accord, wou hei kéinte konkret Bäiträg geleescht ginn iwwert déi Programmer, wou mer och Aarbechtsplazen hei am Land ze offréieren hunn, déi mer dann op eisem nationalen Aarbechtsmarché och kënne befriddegen. An déi Richtung musse mer goen.

A mir musse vläicht och eng Kéier iwwerleeën, an dat ass e bësse méi laangfristeg oder mëttelfristeg, déi Pläng, déi d'Regierung eis presentéiert huet, fir vläicht déi École de la 2e Chance an enger Colocatioun mam Lycée militaire ze gesinn, do hu mer och Zweifel. An et wär vläicht interessant vum Här Minister ze gesinn, ob do d'Regierung weidergeduecht huet oder ob déi Iddi nach ëmmer besteet, fir d'École de la 2e Chance an de Lycée militaire zesummenzebréngen, wat jo awer u sech zwou verschidde Saache sinn.

Ech soen Iech Merci.

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. le Président.- Als Nächsten huet den Här Turpel d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech mengen, d'École de la 2e Chance ass eng wichteg Institutioun, déi scho ville Leit gehollef huet effektiv, erëm en Diplom ze kréien, dee se virdrun net konnte kréien, well se eben an der Schoul opgehalen hunn.

Ech erlabe mer, drun ze erënneren, datt d'Gesetz vun 2009, d'Initiativ fir d'École de la 2e Chance, zréckgaangen ass op eng Initiativ vum René Kollwelter, LSAP-Deputéierten, deen awer an der Zwëschenzäit aus der Partei ausgeschloss ginn ass, well e sech erlaabt huet, fir eng Lëscht ze ënnerschreiwe vun deene Lénke bei de Wahlen.

(Brouhaha et interruptions)

Une voix.- Hei, schwätzt zum Sujet!

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Wéisou esou nervös?

(Interruptions)

Ech wëll...

M. le Président.- Adresséiert lech un d'Chamber, Här Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Wa verschidde Leit sech berouegt hunn, da fueren ech gäre virun.

M. le Président.- Dir hutt jo och probéiert ze provozéieren, Här Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Wat den Interessekonflikt ugeet, do mengen ech, musse mer méi seriö driwwer schwätzen, well ech mengen, do wier et...

(Interruptions)

...do wier et gutt, wann een emol géif liesen, wat de GRECO géif soen. Mä dorobber komme mer jo d'nächst Woch zréck.

Ech wëll am Zesummenhang vun där Diskussioun hei awer och all deene Leit Merci soen, déi an där Schoul do schaffen, se koordinéieren an eng wichteg Aarbecht maachen.

Mir ënnerstëtzen déi Ännerungen, déi hei gemaach ginn, notamment déi zwou wesentlech Ännerungen, wat d'Limite d'âge ass, fir déi vu 24 op 30 eropzesetzen, a mir ënnerstëtzen och déi Definitioun vun de Missiounen a vun den Décrocheuren, déi hei méi preziséiert gëtt.

Ech mengen, et ass och wichteg, op eng Rei Saachen zréckzekommen, déi hei opgeworf gi sinn, nämlech d'Problemer an der Schoul, an där normaler Schoul, fir se elo emol esou ze nennen, déi zum Ofbroch féieren. Ech mengen, dat huet awer näischt direkt ze di mat der École de la 2e Chance, well si fänkt dat op, wat virdru geschitt ass. A mir wäerten och op déi Diskussioun zréckkommen, sief et an der Interpellatioun, déi ech gefrot hunn iwwert d'Formation continue, sief et an der Diskussioun iwwert d'Lycéesreform, sief et am Bilan vun der Grondschoul, wou dat sécherlech eng vun de wesentlechen Diskussioune wäert ginn, wou do d'Schwieregkeete leien. Et sinn och aner Froen opgeworf ginn iwwert d'Diplomer an den Aarbechtsmaart, op déi mer och wäerten zréckkommen.

Ech wëll nach eng zousätzlech Fro opwerfen, an dat ass déi vun der Situatioun vum Personal. Wann ech richteg informéiert sinn, hu mer an der École de la 2e Chance eng Rei Schoulmeeschteren, eng Rei Proffen an e ganze Koup Chargé-de-coursen, a vun deene Chargé-de-coursen och nach eng ganz Rei mat engem Contrat à durée déterminée. Mir wiere frou, och wann de Minister dat haut elo net aus dem Stegreif ka maachen, wa mer eng Kéier kéinten zréckkommen op d'Situatioun vun deene Leit, well ech mengen, datt et scho wichteg wier, datt een och d'Situatioun vun deene Leit géif kucken, fir déi ze qualifizéieren, weider ze qualifizéieren, wou et méiglech ass opgrond vun hirer Erfahrung a vun hirer Ausbildung, fir deenen en CDI ze ginn, déi en CDI kënne kréien, a fir ze kucken, datt een esou vill wéi méiglech qualifizéiert Personal, och Proffen a Schoulmeeschteren, an déi Schoul do hëlt fir déi wichteg Aarbecht, déi se hunn.

Dat gesot, géife mir dee Projet do stëmmen an ech soen lech Merci fir Äert opmierksamt Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- An domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an den Erzéiungsminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir nennen dës Schoul „École de la 2e Chance", an am Term läit et schonn dran: Et ass eng Chance, mä et ass keng Garantie. Wann een do erakënnt a vun där Chance ka profitéieren, dann heescht et, se ze notzen, dann heescht et, sech drun ze ginn, sech un d'Spillregelen ze halen, wéi zum Beispill déi eng, déi de Mëtteg e puermol hei erwähnt ginn ass: dohinner ze goen an net duerch Absencen ze glänzen.

An eng Rei vu Froestellungen hu mech e bëssen awer drun erënnert, wéi wann ee géif mengen, dat doten, dat wär elo déi Boîte, déi sämtlech Problemer kéint léisen, an all déi Schüler, déi op iergendenger anerer Schoul, an iergendenger anerer Formatioun Problemer haten, déi géifen déi Schoul mat engem Diplom verloossen an all hir Problemer wäre geléist. Dat ass sécher net, dat kann net den Usproch vun där Schoul sinn. Virun allem net dann, wa mer op där anerer Säit awer och gären eng qualitativ wäertvoll Ausbildung hätte mat Diplomer, déi equivalent sinn zu all deenen aneren Diplomer, déi mer hei am Land verdeelen.

Ech denken éischter, datt dat heiten eng Schoul ass, déi eng vu villen Äntwerten ass op déi Heterogenitéit, déi mer an eiser Schülerschaft hunn, déi mer an eiser Populatioun hunn, duerch déi mer Schüler hunn, déi mat ganz ënnerschiddleche Viraussetzungen, mat ënnerschiddleche Liewensleef an d'Schoul kommen a fir déi mer och ënnerschiddlech Parcourse musse kënnen ubidden.

Dat sinn déi ganz traditionell Parcoursen, déi mer an eisen - tëschent Guillemeten - „traditionelle Schoulen" ubidden, an dat kann dann eben och dee Parcours sinn, dee mer an der École de la 2e Chance ubidden, an där mer ënnerschiddlech Offeren hunn, an där mer ënnerschiddlech Weeër och vläicht do zouloossen, an där mer mat ënnerschiddlechen Approchen och kënne schaffen, fir richteg a valabel Äntwerten op ganz spezifesch Problematiken heiansdo kënnen ze fannen.

Wat sinn déi ganz spezifesch Problematiken? Nun, dat sinn déi ënnerschiddlech Sproochekenntnisser. Dat ass d'Fro: Wéini sinn ech an d'Land komm? Dat ass d'Fro, ob ech vläicht éischter gëeegent sinn, fir an enger initialer Ausbildung matzemaachen, oder éischter eng Formation des adultes wëll maachen, ob ech éischter eng Formatioun wëll hunn, wou ech präsent muss sinn am Cours, ob ech dat online wëll maachen, ob ech wierklech an déi traditionell Dagesschoul wëll goen oder an Owescoursen eppes wëll maachen. An eben och eng vun all deene Méiglechkeeten do ass d'École de la 2e Chance. Dat ass also ee vu ville Weeër an et ass eben och eng vu villen Zilgruppen, déi hei spezifesch soll viséiert ginn.

An ech froe mech eigentlech, ob deen Numm gutt gewielt ass: „École de la 2e Chance", an ob e wierklech zu deem nach passt, wat mer haut ubidden, well dat heescht jo, datt een eigentlech eng éischt Chance ratéiert huet, a mir mierken awer, datt hei och Schüler kommen, déi duerchaus schonn hire Wee gemaach hunn, déi vläicht scho beruffstäteg waren, déi och vläicht en éischten Diplom iergendzwousch emol scho kritt hunn. Et kommen natierlech och Décrocheuren.

Mir denken och, datt dat heiten e ganz wichtegen Acteur ka ginn an der Garantie pour la jeunesse, déi mer jo ulafe gelooss hunn, wou mer mat Jonken och eng geziilt Formatioun, nach méi eng geziilt Formatioun kënne maachen, wa se probéieren, sief et erëm zréck an d'Schoul ze kommen oder um Aarbechtsmaart Fouss kënnen ze faassen.

Bon, wat natierlech wichteg ass, an och dat ass de Mëtteg hei vu bal jiddwerengem gesot ginn, dat ass, datt mer Formatiounen ubidden, déi gebraucht ginn. An ech mengen, datt d'Schoul dat mécht, datt mer scho kucken: Wou kënne mer spezifesch mat deenen Instrumenter, déi d'École de la 2e Chance huet, Leit do ofhuelen, wou se sinn, an dohinner bréngen, wou se um Aarbechtsmaart gebraucht ginn?

Mir hate kuerz eng Diskussioun an der Kommissioun zum Beispill iwwert d'Éducateuren en cours d'emploi, bei deene mer mierken, datt mer do eng ganz staark Demande hunn, well et e Secteur ass, deen enorm ausgewäit ginn ass iwwert déi lescht Joren a sécherlech och nach gëtt an deenen nächste Joren, vun der Kannerbetreiung bis zur Altenbetreiung, vu behënnerte Matmënschen an esou weider, a wou mer eigentlech an der initialer Ausbildung net nokommen, déi Leit auszebilden. An et ginn der awer ganz vill, déi och ouni initial Ausbildung an deem Secteur täteg waren an do sécherlech iwwert deen dote Wee en cours d'emploi eng Formatioun kënne maachen. Do denken ech wierklech, datt d'École de la 2e Chance gutt outilléiert ass, fir esou e Qualifikatiounswee unzebidden.

D'Fleeg ass oft hei ugefouert ginn. An nach eng Kéier - fir ze soen, datt een net alles muss d'selwecht maachen -, mir denken do éischter, datt mer iwwert de Wee vun der Formation des adultes kënne fueren, fir zum Beispill Aide-soignanteën an Aide-soignanten auszebilden, well dat eis vum Gesetzesarsenal éischter d'Méiglechkeet gëtt, fir d'Leit do ofzehuelen a se dohinner ze kréien, wou se gebraucht ginn, esou datt mer also net onbedéngt dat iwwert d'École de la 2e Chance géife maachen, mä iwwer eise Service am Ministère vun der Formation des adultes.

Et sinn nach eng Rei vu méi prezise Froe gestallt ginn, Här President. Ech probéieren esou gutt et geet, dorobber ze äntwerten. Bon, ob mer hei aus rengem Bauchgefill eraus eppes maachen, mengen ech sécherlech net. Mir hunn déi Schoul elo véier Joer an hirem Exercice erlieft. Do sinn Erfahrunge gesammelt ginn. Et ass gekuckt ginn, wat den initialen Usproch an d'Virstellung an der Theorie waren, wéi dat sollt fonctionnéieren, a mir hu festgestallt, wéi et an der Praxis fonctionnéiert huet. Do huet sech jo eng gewësse Praxis och agebiergert, an dat heiten äntwert jo eigentlech dorobber a baséiert eigentlech déi Praxis, déi sech agebiergert huet, elo op en zolidd legaalt Fundament, esou datt ech scho mengen, datt et opgrond vun den Erfahrungen ass, datt eng Rei vun Adaptatiounen hei gemaach goufen.

Déi Etüd, déi misst gemaach ginn an déi zum Deel och gemaach gëtt, ka sech sécherlech net nëmme bezéien op d'École de la 2e Chance, mä do musse mer dee ganzen Aarbechtsmaart kucken. Mir mussen aner Schoule mat kucken, aner schoulesch Offere mat kucken. Mir mussen och kucken, wat am Grenzgebitt geschitt. Esou isoléiert kann een dat sécherlech net maachen, well soss géif een e verfälscht Bild kréien.

Et ass och gefrot ginn, firwat mer déi Entschiedegungen erofgesat hunn. Ech denken, dat muss een an engem Kontext gesinn, deen nach e bësse méi breet och ass: Mir hu vill Mesuren, déi och elo zum Beispill bei der Garantie pour la jeunesse solle gräifen, do hu mer eenzel Entschiedegungen. Dat si Mesuren, déi sinn historesch gewuess, an et ass eigentlech ni gekuckt ginn, wéi mer de finanziellen Ureiz do wëlle setzen. An et ass mer opgefall, datt eigentlech de finanziellen Ureiz heiansdo am gréissten ass bei deene Mesuren, déi am wäitste vun der Normalitéit - loosse mer soen - ewech sinn.

Ech denken, datt dat net richteg ass, datt dat net onbedéngt déi richteg Approche ass. Duerfir soll een all déi Indemnitéiten och eng Kéier kucken, vun de Beschäftegungsmesuren iwwert dat, wat mer beim Service volontaire vum SNJ ginn, iwwert déi heiten Indemnitéiten, iwwert dat, wat een am Léiervertrag ka kréien, iwwert dat, wat een an der Formation des adultes ka kréien. Alles dat schéngt mer besser ze guidéieren, wa mer et och kohärent halen an do deene méi ginn, déi probéieren, awer an den normaalste Wee erëm eranzekommen.

D'Fro nom Personal ass och gestallt ginn. Si ass hei net mat geléist ginn an dësem Projet de loi. Et ass awer evident, wann d'Formatioun ausgebaut gëtt iwwert déi nächst Joren, datt dann och deementspriechend Personal muss bäikommen, éducatiivt Personal souwisou, an natierlech och dat, wat encadréiert an der Schoul, och nach do derbäi. Woubäi mer hei musse wëssen: Mir sinn an enger relativ klenger Struktur, déi awer e Staff brauch, fir dat Gebai och einfach technesch, logistesch kënne fonctionnéieren ze dinn. An do hu mer nach e gewëssen Nohuelbedarf ze leeschten.

D'Fro vum Internat ass opgeworf ginn. Ech denken, datt mer déi Fro och net nëmme sollte bezéien op d'École de la 2e Chance. Mir mierken, datt mer geziilten Ufroen hu fir Internater, an och sécherlech a Relatioun mat där Zilgrupp, déi mer mat der École de la 2e Chance ganz kloer viséieren. Do brauche mer nach méi Capacitéit. Mir mussen awer och kucken, wéi mer den Encadrement do maachen, wou den Emplacement richteg ass. An ech denken net, datt et sënnvoll wär, fir den Internat direkt un d'École de la 2e Chance ze rattachéieren, mä mir sollten awer kucken, datt mer Konnexiounen hunn, datt et méiglech ass, Internat an École de la 2e Chance sënnvoll mateneen ze verbannen.

Gradesou musse mer eis d'Fro stellen nom Site, wou d'Schoul haut ass. Mir wëssen, datt dat net definitiv ass, datt mer a provisoresche Raimlechkeete sinn. Den Emplacement schéngt mer gutt ze sinn. Wann et also méiglech wär, op där doter Plaz och definitiv eng Kéier eppes ze schafen, definitiv Raimlechkeete fir d'École de la 2e Chance mat de Méiglechkeeten, dat och iwwert déi nächst Joren nach auszebauen, da sollte mer eis och a relativ noer Zukunft dorunner kënne ginn.

D'Froe sinn och gestallt ginn: Wéi ass et mam Décrochage? Wéi kënne mer e besser nach verhënneren? Ech mengen och do, datt mer keng Schoul kënne kréien, déi honnert Prozent vum Décrochage verhënnert. Ech wëll aus enger Etüd zitéieren, déi eis viru Kuerzem am Ministère virgestallt gouf, déi sot, datt quasi 50% vun deene Schüler, déi décrochéieren, och e psychesche Problem hunn. Dat heescht, datt d'Schoul mat hire Methoden an der Schoul eigentlech net alles kann erreechen an datt ganz oft op anere Gebidder, op aneren Terraine Problemer leien, déi musse mat gekuckt ginn, bei deenen och aner Acteure musse mathëllefen, an datt mer eigentlech ee Problem musse léisen, ier mer dee schoulesche Problem iwwerhaapt kënne gutt a richteg ugoen.

Mir hu jo Strukturen, déi géint den Décrochage virginn. Ech denken un d'Action locale pour jeunes, mat där mer ganz fréi wëllen intervenéieren. Mir mussen do sécherlech d'Frühwarnsystem nach besser ausbauen, fir och deen, deen ënnert de Risque fält, fir ze décrochéieren, éischter dann nach un d'Schoul ze rattachéieren, wann en nach an der Schoul ass. Dat fält nämlech vill méi einfach, wéi en duerno erëm eng Kéier ausserhalb vun der Schoul sichen ze goen an an d'Schoul eran ze integréieren.

Da wëll ech och nach rappeléieren, well och déi Fro opgeworf ginn ass: De Lycée militaire hu mer jo kloer net rattachéiert un d'École de la 2e Chance. De Projet de loi, deen elo um Instanzewee ass, deen hei an der Chamber läit, gesäit en eegestännege Lycée militaire vir. Mir wëssen awer, datt déi Aufgab, déi do ze bewältegen ass als Aufgab vum Lycée militaire, fir deene Leit, déi de Militär gemaach hunn, duerno eng zweet Méiglechkeet vu Formatioun kënnen ze ginn, fir datt se no hirem Service militaire besser kënnen an den Aarbechtsmaart integréiert ginn, datt dat sécherlech kee Lycée wäert fëllen, an och net de Lycée militaire, esou wéi en elo geduecht ass, esou datt mer also och do eng weider Zilgrupp musse mat erakréien. An dat kann eng ähnlech Zilgrupp si wéi déi, déi mer och hei viséiere bei der École de la 2e Chance, wat awer - nach eng Kéier - net onbedéngt muss heeschen, datt dat hoergenee d'selwecht muss fonctionnéieren.

An ech denken, datt et interessant wär, och esou eng Offer fir esou eng Zilgrupp ze hunn am Norde vum Land. Dir wësst jo, datt mer dat zu Ettelbréck wëllen implantéieren, fir och deene Leit do an hirer Proximitéit kënnen d'Chance ze ginn, vun esou enger Offer ze profitéieren.

Bon, dat Gesetz hei ass 2009 gestëmmt ginn. Mir hunn dee Moment Neiland betruede mam Prinzip vun enger École de la 2e Chance. Mir hunn eis Experienze gemaach. Mir hunn och festgestallt, datt et zanterdeem eng Rei vun neie Besoine gëtt, an ech wëll och nach eng Kéier rappeléieren, datt déi Reform hei, wat sécherlech elo net eng grondleeënd Reform ass...

M. le Président.- Här Minister,...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo?

M. le Président.- Dir misst zum Schluss kommen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Datt Dir mir dat esou oft géift rappeléieren, dat hätt ech mer net kënne virstellen.

M. le Président.- Jo, mä dass Dir esou onziviliséiert sidd, hätt ech mer och net kënne virstellen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, dann hutt Der mech aneschters an Erënnerung, an ech lech och, Här President.

(Hilarité)

Ech sinn awer scho bal fäerdeg. Ech wollt eigentlech just nach soen, datt déi ënnerschiddlech Modeller, op déi ech elo hei Wäert geluecht hunn, jo och fest ugeluecht sinn an eisem Regierungsprogramm, wou mer soen, datt mer mussen op e puer Aart a Weisen och d'Schoul hei zu Lëtzebuerg kënnen organiséieren, fir deene villfältegen Erausfuerderunge kënne gerecht ze ginn.

Villmools Merci lech alleguerte fir déi ganz breet Zoustëmmung, ganz besonnesch dem Här Rapporteur an och all deene Leit, déi soss an der Schoul an am Ministère um Projet geschafft hunn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6629 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6629 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

59 Deputéiert hunn un der Ofstëmmung deelgeholl: 56-mol Jo, bei 3 Enthaltungen, déi zur Genüge motivéiert sinn.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Paul-Henri Meyers), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An ech géif d'Chamber, nodeem de Projet ugeholl ass, just nach froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

Mir géifen zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung vun haut de Mëtten iwwergoen, dem Projet de loi 6670 iwwert d'Studiebäihëllefen. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Hansen, den Här Eugène Berger, d'Madame Bofferding, den Här Claude Adam, den Här Roy Reding an den Här Turpel. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madame Simone Beissel.

4. 6670 - Projet de loi concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, dass ech am Ufank vun dësem Rapport eng perséinlech Note maachen. Wéi ech déi lescht Deeg an Nuechten - well ech ganz vill Fussball gekuckt hunn - déi Interventioun hei preparéiert hunn, dunn ass meng Studienzäit esou wéi e Film viru mengem „inneren Auge" ofgelaf an dunn hunn ech fonnt, mat all de Schwieregkeeten, déi mer haten, dass et awer eng ganz schéin Zäit vu mengem Liewe war. Mir hu vill geléiert, mir hu gekämpft, mir hu gefeiert, mir hu gelidden, mir hu geléiert, d'Fauscht an der Täsch ze maachen, op d'Zänn ze bäissen. Mir krute Selbstvertrauen, mir kruten der heiansdo op d'Noss an dann ass et erëm virugaangen. Mir hu geléiert falen an erëm opstoen.

Et ass net nëmmen eng Schoul, déi e gudde Kapp soll maachen a vill Wësse vermëttelen, mä et ass och eng Liewensschoul, an ech mengen, alleguerten déi vun Iech heibannen, déi och d'Chance haten, fir universitär Studien ze maachen, si mat mir d'accord. Ech hu sechs Joer studéiert, ee Joer hei zu Lëtzebuerg - wéi et déizäit da war - um Cours an duerno fënnef Joer a Frankräich, mech duerch zwee Diplomer geplot an déi dann och kritt. An, wéi gesot, et war eng schéin Zäit.

Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass een an deem Secteur hei ëmmer alles mécht, fir dass d'Studente kënnen héich Schoule maachen. Dir wësst, dass mer och am Souci si vun „Europa 2020", wou mer sollen en héijen Niveau vu Connaissancen, vu Wëssen zu Lëtzebuerg vermëttelen, an dat ass gutt esou.

Am Koalitiounsaccord vum Dezember 2013 steet am Kapitel vun der Héichschoul: «L'avenir du Luxembourg se construit dans les niches de compétence, la „matière grise" constituant désormais sa première „ressource naturelle".»

Eng staark Ausso, wann ee kuckt, vu wou mer kommen. Nom industriellen Zäitalter ass d'Matière grise elo de Suppléant. Dofir ass déi Reform, déi mer haut diskutéieren an ofstëmme sollen, an der Ligne directe vun deenen Aussoe vum Koalitiounsaccord.

Allgemeng ass ze soen, dass déi Studiebäihëllefen extrem wichteg sinn. Et geet jo drëm, fir de Jonken en Universitéitsstudium ze erlaben, fir se ze motivéieren, dat ze maachen. Et geet och drëm, dass mer, wéi ech scho gesot hunn, esou vill wéi méiglech Leit hu mat enger optimaler Ausbildung a mat héijer Qualifikatioun.

Zënter Joren, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wësst Der, dass mer zu Lëtzebuerg eppes hunn, wat een u sech den „paradoxe luxembourgeois" nennt, an notamment bei eisem Aarbechtsmaart: Op där enger Säit kreéiere mer all Joer Dausende vun Aarbechtsplazen a parallell dozou klëmmt de Chômage op ni gekannten Héichten. Mir leie momentan bei 17.810 Leit ouni Aarbecht, en Taux vu 7,3%, deen alarmant ass. Bon, en hält sech momentan am Gréff. Domat sinn nach net déi 5.000 Leit, déi a Beschäftegungsmesurë sinn, ëmfaasst, mä wat wichteg ass haut an deem Kontext hei, dat ass, dass bei deene 17.810 Leit der 2.026 ënner 25 Joer sinn, dat heescht 11,3%!

Mir leien nach gutt, wann Der kuckt, wat am Süden an de grousse Stied vun Europa lass ass. Mä trotzdeem, et muss een terribel oppassen, well et geet jo ëm d'Zukunft vun eise jonke Leit.

Elo e puer fundamental Remarquen: Déi heiteg Reform vun de Studiebäihëllefen ännert näischt um Grondprinzip vun dësen Hëllefen. Haaptzil ass et weiderhin, fir méiglechst ville Jonken den Accès zu engem Héichschoulstudium ze erméiglechen. Och ass d'Autonomie vun deem Jonke beim Choix sougutt vu sengem Studiefach gradesou wéi vum Land oder der Stad, wou e wëllt studéieren, net duerch déi Reform hei a Fro gestallt.

Wat nei ass, dat ass, dass déi reell Liewenskäschten an déi individuell Situatioun vun deenen eenzelne Studente berücksichtegt ginn. Déi nei Bourse de mobilité soll doniewent déi international Mobilitéit encouragéieren, andeems en Deel vun de Käschte fir d'Locatioun vun engem Zëmmer oder enger klenger Wunneng dee Moment berücksichtegt gëtt.

Fir Lëtzebuerg ass et besonnesch wichteg - mir wëssen dat, mir sinn e klengt Land -, dass mer d'Nues iwwer eis Grenze stiechen, an och eis jonk Leit. An et ass jo ëmmer nach gewosst, dass eng ganz grouss Majoritéit vun eise jonke Leit an d'Ausland studéiere ginn.

D'Bénéficiairë vun den Hëllefe bleiwen déiselwecht, wéi se am Gesetz vum 22. Juni 2000 virgesi waren. Fir allerdéngs eng Diskriminatioun ze évitéieren, gouf d'Notioun vun dem „travailleur" erweidert.

Fazit, zwou Aussoen: Éischtens, dës Reform ass zukunftsorientéiert. Och an Zukunft ka jiddereen dat studéieren, wat e wëllt, an do studéieren, wou e wëllt. Opgrond vun der, wéi Der wësst, awer trotzdeem schwiereger oder op d'mannst prekärer Finanzsituatioun vum Lëtzebuerger Stat ass et awer esou, dass ee Moment komm ass, wou de System net méi ze finanzéiere war, an et ass gesot ginn, mir mussen elo mat manner Suen auskommen.

Zweet Ausso: D'Reform ass solidaresch. Weiderhi bleift de System vun den Hëllefen ee vun deene generéisten iwwerhaapt, an dat ouni dass d'Zukunftschancë vun den aktuellen an zukünftege Studenten ageschränkt ginn, an zweetens, esou dass déi Leit, déi momentan mathëllefen, de ganze System ze finanzéieren, net zousätzlech Käschte kréien.

Här President, ech wëll awer fir d'Verständnis, firwat déi Reform, déi mer haut diskutéieren, esou ausgefall ass, wéi se ausgefall ass, e

kuerzen Historique maachen, d'Evolutioun vun eise Studentebäihëllefen tracéieren, well dann ass dat méi einfach. Et gëtt e berühmtent Zitat, wat Der alleguerte kennt: „Nur wer die Vergangenheit kennt, kann die Gegenwart verstehen und die Zukunft gestalten." Dëst ass an dësem Kontext e ganz passend Zitat vum August Bebel.

Säit 1977 gëtt et hei zu Lëtzebuerg staatlech Bäihëllefe fir d'Studenten. Déi deemoleg DP/LSAP-Regierung hat dat ageféiert, fir eben den Accès zu universitäre Studie méi einfach ze maachen. De System war och deemools an e System vu Prêten a vu Bourssen opgedeelt. D'Pondératioun Bourse/Prêt war ofhängeg vun der finanzieller a sozialer Situatioun vum Student a sengen Elteren. Wie koum a Fro, fir se ze kréien? D'Lëtzebuerger Studenten an auslännesch Studenten, déi hei zu Lëtzebuerg gewunnt hunn.

1992 gouf de System eng éischte Kéier reforméiert: De maximale Montant vun de Bourssen a Prête gouf eropgesat, während parallell den Zënssaz erofgesat gouf. An et gouf eng Prime d'encouragement agefouert.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- Insgesamt konnt ee feststellen, dass dee System '92 d'Aiden demokratiséiert huet.

Am Joer 2000 eng weider Reform: Grosso modo gouf d'Formel vun 1977 bäibehalen, wat de Calcul Bourse/Prêt ugaangen ass, mä parallell zu de Studiebäihëllefen ass do och nach d'Kannergeld ausbezuelt ginn.

2010 koum et dann zu enger grousser Reform: net nëmmen eng grouss Reform, mä e radikale Paradigmewiessel. Firwat? Well d'Kannergeld fir déi Jonk iwwer 18 Joer, déi net méi an engem Lycée - Enseignement secondaire oder technique - ageschriwwe waren, ofgeschaaft gouf. Déi Jonk iwwer 18 Joer si vun haut op muer als autonom ugesi ginn, dee Jonken, onofhängeg vun der Situatioun vu sengen Elteren, sollt d'Méiglechkeet hunn, e Studium unzefänken.

Parallell zu der Ofschafung vum Kannergeld goufen d'Montante vun de Bourssen an de Prête massiv gehéicht op e Maximum vun 13.000 Euro d'Joer. Beim Calcul vun der Pondératioun Bourse/Prêt gouf net méi de Revenu vun den Eltere gekuckt, mä nëmmen dee vum Student selwer, an d'Prime d'encouragement gouf 2010 erëm ofgeschaaft.

Dee prinzipielle Changement - ech hu geschwat vu Paradigmewiessel - a Saache Kannergeld a Studiebäihëllefen huet fir eng grouss Onrou an Opreegung zu Lëtzebuerg gesuergt, net nëmme bei all deene Jonken iwwer 18 Joer, déi keng universitär Studie gemaach hunn an déi d'Kannergeld gestrach kruten, mä virun allem bei de Kanner vun de Frontalieren, déi iwwerhaapt net an de Genoss vun dem System komm sinn.

D'Suite kenne mer: Et si Plainten déposéiert gi beim Tribunal administratif. Den Tribunal administratif huet déi ganz Affären op den Europäesche Geriichtshaff geschéckt. An den 20. Juni 2013 koum en Arrêt, dee festgehalen huet, dass d'Gesetz vum 26. Juli 2010 net konform zum Prinzip vun der libre Circulation des travailleurs wär.

Doropshi gouf d'Gesetz vun de Studiebäihëllefen eng weider Kéier modifizéiert an d'Kanner vun de Frontaliere kruten Accès zum System vun de Bäihëllefen. Dat hat awer als Konsequenz, dass d'Käschten net nëmmen extrem an d'Luucht gaange sinn, mä radikal explodéiert sinn.

Ech ginn Iech hei e puer Chifferen: Wann am Joer 2011/2012 nach ronn 90 Milliounen Euro u Bourssen a 94 Milliounen u Prêten ausbezuelt gi sinn, sinn an dem Joer, an der Année académique 2013/2014 153 Milliounen u Bourssen an 159 Milliounen u Prêten ausbezuelt ginn. An dat sinn nach nëmmen Estimatiounen, well den definitiven Dekont gëtt eréischt den 31. Juli vun dësem Joer gemaach.

D'Zuele weise ganz däitlech, dass de System dauerhaft net méi ze finanzéiere war, an dofir ass gesot ginn, et muss eng Reform op den Instanzewee bruecht ginn, mir mussen deem géigesteieren, well dat do packe mer net.

Zur Prozedur: De Projet de loi 6670, wou d'Ziffer eis geschwënn Dag an Nuecht verfollegt, well mer se a ganz ville Kontexter elo matkritt hunn, ass den 20. Mäerz vum Héichschoulminister an der Chamber déposéiert ginn. Duerno kommen zahlreich Avise vun de Chambres professionnelles tëschent dem 24. Abrëll an dem 30. Juni: D'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers, d'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics hunn interessant Avisen eraginn.

De 27. Mee huet d'Regierung nach eng Rei vun Amendementer virgeluecht, déi och vun de Beruffskummeren nach eng zweete Kéier a schnell aviséiert goufen.

De Statsrot, fir säin Deel, huet a sengem éischten Avis vum 3. Juni schonn déi nei Amendementer vun der Regierung mat verschafft.

Wat d'Aarbechten an der Héichschoulkommissioun ugaangen ass, kruten d'Memberen den Text schonn eng éischte Kéier an der Form vum Avant-projet den 3. Mäerz 2014 presentéiert.

Ervirzehiewen an deem Kontext ass den erfrëschenden Échange de vues, dee mer mat de Vertrieder vun de verschiddene Studentenorganisatiounen an och Jugendparteie an der Kommissioun den 3. Juni haten.

De 17. Juni sinn ech als Rapporteur designéiert ginn, an zwee Deeg duerno, den 19., huet d'Kommissioun an enger gemeinsamer Sitzung mat der Petitiounskommissioun un engem ëffentlechen Hearing deelgeholl, deen am Kader vun der Petitioun N°329, déi als Titel huet «Garantir l'indépendance des étudiants face à des réformes du système d'aide financière». Den Dag duerno, den 20. Juni, goufen eng Rei Amendementer vun der Kommissioun ugeholl. Véier Deeg duerno, de 24. Juni, hu mer an der Kommissioun all d'Amendementer vun der CSV, der ADR a vun déi Lénk diskutéiert. Déi Amendementer sinn awer net ugeholl ginn.

Une voix.- Dat ass schued!

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- D'Amendementer vum 20. Juni sinn an engem Avis complémentaire vum 1. Juli vum Statsrot analyséiert ginn. Den 3. Juli hu mer deen Avis nach analyséiert a mir hunn deeselwechten Dag de Rapport ugeholl.

Dir gesitt - an ech mengen, ech hunn Iech nach net alleguerten d'Kommissiounssitzungen opgezielt -, mir haten en extrem chargéierte Programm, an ech soen alleguerten deenen, déi gehollef hunn, dass mer et fäerdegbruecht hunn, dass mer haut hei dësen Text kënnen diskutéieren an ofstëmmen, en häerzleche Merci. Et war „Heavy Metal", mä Dir hutt alleguerte matgehollef op déi eng oder aner Manéier, an dofir en häerzleche Merci vu mir!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- Här President, ier ech elo op déi wichtegst Modifikatioune vum Text kommen, wëll ech awer nach eng Explikatioun ginn zum Abezéie vun de Kanner vun de Frontalieren an de System: Et ass esou, dass dës Kanner an de Genoss vun den Aidë kommen, wann hir Eltere respektiv een Elterendeel an enger Referenzperiod vu siwe Joer fënnef Joer zu Lëtzebuerg geschafft hunn.

Wat sinn dann elo déi wichtegst Neierungen am Verglach zum aktuelle System?

De Grondprinzip - ech wëll et nach eng Kéier ënnersträichen -, dass d'Hëllefen an een Deel Bourse an een Deel Prêt opgedeelt sinn, bleift bestoen. Nei ass, dass et eng Rei vu verschiddene Boursse ginn, wourënner een Deel vun der sozialer Situatioun vum Student ofhängeg ass.

Also, éischtens: Et gëtt eng Bourse de base vun 2.000 Euro ageféiert. All Student kritt dës Bourse, onofhängeg vun dem finanzielle Background vu sengen Elteren.

Zweetens, d'Bourse de mobilité: An de Genoss vun dëser Bourse an der Héicht vun 2.000 Euro kënnt all Student, deen am Ausland studéiert oder, fir méi prezis ze sinn, deen an engem anere Land studéiert wéi dat, wou de Wunnsëtz vun deem Haushalt ass, zu deem hie gezielt gëtt. Dës Bourse suivéiert iwwerhaapt d'Prinzipie vum europäeschen Erasmus+-Programm, dee jo och als Zil huet, e verstäerkten Austausch vun de Studenten ze garantéieren.

Am Kader vun den Diskussioune ronderëm dës Mobilitéitsbourse an der Kommissioun ass d'Fro opkomm, ob et heimadder net zu enger Diskriminatioun vun deene Studente kënnt, déi zu Lëtzebuerg wunnen a studéieren an déi e laange Wee musse fir op d'Uni maachen, zum Beispill vun Huldang bis op Belval. Ech sinn dofir ganz frou, dass de Minister Claude Meisch d'Zouso gemaach huet, an den nächste Jore méi Studentewunnengen, an och grad fir Lëtzebuerger Studenten, zur Verfügung ze stellen.

Drëttens: D'Bourse sur critères sociaux, déi de maximale Montant vun 3.000 Euro kann erreechen, ass - an dat ass déi gréisst Neiegkeet, well mir wëlle jo sozial Selektivitéit aféieren - ofhängeg vum Revenu vum Haushalt, zu deem de Student zielt. Et gëtt hei eng ganz Staffelung vun 3.000 Euro erof op 500 Euro, déi gekoppelt ass un de jährleche Revenu imposable vum Ménage, esou wéi en am Artikel 7 vum modifizéierte Gesetz vum 4. Dezember 1967 iwwert d'Lounsteier definéiert ass.

Läit de Revenu vum Ménage ënnert dem onqualifizéierte Mindestloun, kritt de Student déi voll Bourse vun 3.000 Euro. Tëscht 1- an 1,5-mol de Mindestloun sinn et 2.600 Euro, tëscht 1,5- an 2-mol de Mindestloun sinn et 2.200 Euro, tëscht 2- an 2,5-mol sinn et 1.800 Euro. Bei engem Revenu tëscht 2,5- an 3-mol de Mindestloun kritt een nach 1.400 Euro, tëscht 3- an 3,5-mol de Mindestloun 1.000 Euro an tëscht 3,5- bis 4,5-mol de Mindestloun nach 500 Euro. Bei engem Revenu vu méi wéi 4,5-mol de Mindestloun entfält déi sozial Bourse.

Wann een déi aktuell Ziffere vun dem Ministère kuckt, da sinn et ongeféier zwee Drëttel vun de Résidentskanner, déi an déi eng oder déi aner Tranche vun der sozialer Bourse kommen, a ronn 90% vun de Frontalierskanner kommen an de Genoss vun dëser sozial gestaffelter Bourse. D'Detailer vun deem ganz komplizéierte System fannt Der an dem schréftleche Rapport.

Véiertens: Déi nei ageféiert Familljebourse vu 500 Euro kann all Student kréien, deen zur selwechter Zäit e Brudder oder eng Schwester huet, déi mat him studéieren. Dëst ass net un de Revenu gekoppelt.

Fënneftens, d'Frais d'inscription: Déi gi bis zu engem Montant vun 3.700 Euro iwwerholl, an dat zu 50% als Bourse a 50% als Prêt. An dësem Kontext ass et och wichteg ze soen, dass eng speziell Kommissioun agesat gëtt, déi bei sougenannten Härtefäll enger Ausnahm kann zoustëmmen, wat d'Iwwerhuele vun den Aschreiwungsgebühren ugeet.

Här President, mat déi spannendst a wichtegst Fro, déi am Kader vun dëser Reform ëmmer erëm gestallt gouf, ass: Wat kascht dat Ganzt dann elo?

Et sinn esou vill Zuele genannt ginn, Zuelen, déi heiansdo wierklech diametral opposéiert waren, an et steet mir net zou, fir Stellung dozou ze huelen. Ech referéiere mech op d'Zuele vum Ministère.

Mir hunn also - en vue vun deem, wat elo kënnt - vum Hierscht un 25.000 Demanden ongeféier, dovu 16.000 Résidentskannerdemanden an 9.000 Demandë vu Frontalierskanner. Wann een elo d'Chiffere kuckt vun de globale Bourssen: d'Bourse de base 50 Milliounen Euro, d'Bourse de mobilité 27,4 Milliounen Euro, d'Bourse sur critères sociaux, all Tranchen zesummen, 36.340.000 Euro, d'Bourse familiale 2.337.500 Euro, d'Frais d'inscription 5.000.000; insgesamt eng substanziell Zomm vun 120.772.400 Euro.

Wat hätt de System da kascht, wa mer elo iwwerhaapt näischt géife maachen? Wann ee kuckt, a mir wäre bei Boursse vu virdru gewiescht vu 7.100 Euro op de Kapp an der Moyenne, da wäre mer op 177,5 Millioune komm. Mat där neier Reform ass et also méiglech, dass de Stat 56,7 Millioune ka spueren, an dat ausdrécklech net op d'Käschte vun den Zukunftschancë vun deene Jonken, mä duerch d'Aféiere vum Prinzip vun der sozialer Selektivitéit, deen ech schonn ervirgestrach hunn. E Begréff - an Dir wësst et alleguerten -, deen an de leschte Jore vu ville Leit gebraucht ginn ass, mä leider ass en net an d'Praxis ëmgesat ginn.

Bei dem virleienden Text ass dëst allerdéngs de Fall. Wie méi Ënnerstëtzung brauch, kritt se, a wien net esou staark op staatlech Ënnerstëtzung ugewisen ass, dee kritt vun elo u manner. An dat Ganzt - wéi jo schonn ugangs a menger Ried gesot - ouni dass de Prinzip vun der Autonomie vum Student a Fro gestallt gëtt.

Här President, de System vun de Studentebäihëllefen huet jo zwee Voleten, d'Bourse an de Prêt. De Volet Bourse hu mer elo gesinn, elo nach e puer Remarquen zum Volet Prêt.

M. le Président.- Ech wollt just d'Rapportrice drop hiweisen, dass hir d'Zäit fortleeft.

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- Gutt, ech wäert dann elo schnell maachen.

Mat de Prêten - just fir Iech e puer Montanten ze soen -, wann ee vu 25.000 Demanden ausgeet, komme mer op en Total vun 162,5 Milliounen. Eng vun den Nobesserunge vum Gesetz besteet bekanntlech och doran, dass all Student d'Méiglechkeet huet, deen Deel vun der sozialer Bourse, deen en elo net méi ka kréien, duerch en zousätzleche Prêt ofzedecken. Bei 25.000 Demandë géif de Gesamtmontant vun der Bourse sociale bei 75 Millioune leien. Dem Ministère no kënnen dovunner 40,8 Milliounen als Bourse accordéiert ginn. Bleiwen also nach 34,2 Milliounen, déi als Prêt kënnen zur Verfügung gestallt ginn.

Ech wäert elo net weider op d'Chiffren agoen, vu dass d'Zäit mer fortleeft. Ech mengen, ech hunn Iech déi ganz wichteg Neierunge gesot. Et ass eng ganz technesch Matière an am schréftleche Rapport hutt Dir nach all d'Detailer.

Mir hu ganz vill interessant Avise kritt vun der Chambre de Commerce (veuillez lire: vun de Chambres professionnelles), déi Der och kënnt noliesen. De Statsrot war ganz konstruktiv. Ech soen iwwerhaapt all deenen Institutiounen en häerzleche Merci, dass se alleguerten esou schnell geschafft hunn, vu dass mer ënner Zäitdrock waren, soss géife mer dat fir den Hierscht absolut net méi hikréien.

De Statsrot hat och nach proposéiert, et sollt een déi ganz Geschicht am Kader vun enger genereller Reform vun dem Kannergeld maachen, mä dozou hate mer d'Zäit net, dat kënnt an enger nächster Etapp.

Zum Schluss wëll ech, well mer nach hei an enger interessanter Matière sinn a well ech als Presidentin praktesch militäresch mat all menge Membere gefuer sinn,…

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- …e ganz häerzleche Merci soen…

(Hilarité)

…an och Iech, Här Kartheiser, speziell, well Dir sidd jo militäresch Disziplin gewinnt. Ech hunn Iech gesot, heiansdo brauch och e gudden Offizéier nach e besseren Admirol.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- En Admirol ass och en Offizéier.

M. le Président.- Loosst Iech net beiren.

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- Jo, mat anere Kompetenzen, ech kennen de Métier.

Wéi gesot, en häerzleche Merci un Iech alleguerten. En häerzleche Merci awer och un d'Madame Secrétaire-administratrice Christiane Huberty, déi wierklech sech gediebelt huet, fir dass alles géif matzäit fäerdeg ginn. Ouni hir Hëllef wier dat alles guer net méiglech gewiescht.

En häerzleche Merci awer och dem Héichschoulminister Claude Meisch, dem aktuelle Statssekretär Marc Hansen a sengem Virgänger, dem André Bauler, mä doniewent och dem Philip Modert vun der Fraktioun an Iech alleguerten als Memberen. Mir hunn heiansdo Joute-oratoirë gehat, et war kontrovers. Et war e Plaisir intellectuel, als Presidentin Iech duerch dës Kommissioun ze féieren, an dofir en häerzleche Merci fir d'Nolauschteren, a mir wäerte virufueren, an deem flotte Secteur zesummenzeschaffen.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Rapportrice. Der Vizepresidentin rode mer, méi suergfälteg mam Chronometer ëmzegoen. Merci.

Als éischt ageschriwwe Riednerin huet d'Martine Hansen vun der CSV d'Wuert. Madame Hansen wann ech gelift.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Also, ech passe mam Chronometer op, mä et ass awer méi einfach, well ech hunn eng Stonn Zäit. Ech wäert awer déi Stonn net ausfëllen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Dir Dammen an Dir Hären, als Alleréischt e grousse Merci un d'Madame Rapportrice, d'Madame Simone Beissel, fir hiren ausféierleche Rapport. Och den Historique, deen dach an dësem Projet zimlech wichteg ass, huet si ausféierlech beschriwwen.

Ech wëll awer nach gär e bëssen op dësen Historique agoen. Ech ginn elo net esou wäit zréck wéi meng Studienzäit, ech gi just zréck bis op den 20. Juni 2013.

Also, virun e bësse méi wéi engem Joer krute mer d'Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff. Wéi mäi Kolleeg Serge Wilmes dat d'lescht Joer hei virun der Chamber scho virgedroen hat, muss een deen Arrêt relativéiert gesinn. De fréiere sozialisteschen Deputéierte Ben Fayot hat den Arrêt vum 20. Juni korrekt analyséiert. Den Arrêt huet zwou Saache gesot:

Éischtens: D'Zil, wat mer mat der Bourse verfollegt hunn, nämlech den Undeel un Héichschoulabsolvente bei de Residenten ze erhéijen, ass e legitimt Zil, mä dee Critère de résidence, fir dëst Zil ze erreechen, ass laut dem Europäesche Geriichtshaff zwar akzeptabel, mä ze vill restriktiv an doduerch eng indirekt Diskriminatioun vun eise Frontalierskanner.

Den Termin, wou mir den Arrêt kritt hunn, hätt bal net kënne méi schlecht leien, hunn d'Studenten dach eng Léisung, eng Planungssécherheet fir d'Semester duerno gebraucht, huet misse verhënnert ginn, fir vun der Europäescher Kommissioun veruerteelt ze ginn. Mir hunn also leider missen ënner staarkem Zäitdrock handelen - wat mer jo och gemaach hunn. Ech zitéiere meng eege Ried vum 9. Juli 2013:

„Entweder mer reagéiere guer net, dann hu mer e Problem, well mir kréien nach zousätzlech Kloen, mir kënne keen Anticumul maachen a mir hunn eng Procédure d'infraction bei der Kommissioun lafen. Dat ass keng Léisung gewiescht.

Mir haten dann d'Léisung, fir eppes ze maachen. Do wieren erëm zwou Méiglechkeete gewiescht: Mir kéinte probéieren, ganz kuerzfristeg e komplett neit Gesetz auszeschaffen. Leider ass d'Zäit net duergaangen. An ech mengen, mir hätten an där Zäit dann och net kënne mat de Partner schwätzen. Also hu mer eben déi zweet Léisung geholl. Mir maachen eis elo emol EU-konform a mir kucken, fir den Anticumul, esou wéi mer en am Moment virgesinn, kënnen am Gesetz anzebauen."

Ech sot dunn och nach: „Ech hoffen also, datt mer elo wierklech genuch Zäit hunn, fir am Dialog dës nei Reform auszeschaffen. An och heimadder fänke mer net eréischt no der Rentrée un, mä mir fänken direkt un a mir si schonn amgaange mat Schaffen drun. Mir wäerten hei verschidde Kritären, wéi zum Beispill d'Mobilitéit, d'Aschreiwungsgebühren an awer och d'sozial Kritären analyséieren."

Dir Dammen an Dir Hären, dës Kritäre louchen also schonn am Tirang - wou esou dacks gesot gëtt, datt do näischt war.

Ech kommen dann awer elo zum Projet de loi 6670 u sech. D'Reform vun de Studiebäihëllefe war absolut noutwendeg, do si mer eis, mengen ech, alleguer eens. Kloer ass och, datt huet missen eng Käschtenexplosioun verhënnert ginn. Sécher ass awer och, datt eis Ekonomie vill méi Leit mat Héichschoulofschloss brauch, well iwwert d'Halschent vun den Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg verlaangen en Héichschouldiplom.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Dat ugestrieftent Zil vun der viregter Regierung ass also nach ëmmer esou wichteg wéi virdrun an ech mengen - ech hoffen zumindest - vu kengem hei a Fro gestallt.

D'Madame Rapportrice, d'Madame Beissel, huet eis am Detail dëse Gesetzesprojet virgedroen an duerfir wëll ech och net méi op all Detail agoen, mä ech konzentréiere mech op d'Bourse selwer.

Ech hat Iech scho gesot, datt d'Kritären, fir nieft enger Basisbourse eng Mobilitéitsbourse an och sozial Kritären, falls et da machbar wär, ze berücksichtegen, d'lescht Joer och esou ugeduecht waren. Et war also an deem Sënn och scho mat de verschiddene Partner diskutéiert ginn. Den Terrain war also virbereet.

D'Kritäre vun der aler Regierung sinn deementspriechend vun der neier iwwerholl ginn. Da kéint Der jo mengen: Firwat seet hatt dann elo net einfach, et ass d'accord? Mä leider kënne mer net mat der Gewiichtung vun dësen eenzelne Kritären, esou wéi se am Projet de loi virgesi sinn, averstane sinn.

Déi vun der Regierung proposéiert Bourse setzt sech zesummen - mir hunn et schonns héieren, ech wëll et awer nach eng Kéier widderhuelen - aus:

- enger Basisbourse vun 2.000 Euro,

- enger Mobilitéitsbourse vun 2.000 Euro,

- enger Bourse familiale, déi ee kritt, wa méi wéi ee Kand, dat heescht zwee a méi studéiere ginn, vu 500 Euro,

- enger Bourse sur critères sociaux, gestaffelt a siwe respektiv aacht Kategorien - well déijéineg, déi näischt kréien, mengen ech, muss een och dozouzielen - vun tëschent 0 an engem Maximum vun 3.000 Euro.

D'Studente kënnen e Basisprêt kréie vu 6.500 Euro, an deen Deel vun der Bourse sur critères sociaux, dee se net kënnen als Bourse kréien, kënne se och zousätzlech als Prêt beusprochen.

Déi virgeschloe Basisbourse vun 2.000 Euro ass eiser Meenung no net héich genuch. Mir sinn der Meenung, datt d'Autonomie vum Student, déi jo esou wichteg war an nach ëmmer ass, mat dësem Gesetzesprojet net méi genuch valoriséiert gëtt. D'Basisbourse muss zumindest annähernd vergläichbar si mam Kannergeld.

D'Diskussiounen iwwer Ongerechtegkeeten tëschent Schüler mat 19 Joer, déi nach am Lycée sinn an déi Kannergeld kréien, an de Studenten, déi am selwechten Alter schonn op der Uni ugefaangen hunn, déi awer kee Kannergeld méi kréien, awer eng Basisbourse vun - an dësem Fall - nëmmen 2.000 Euro kréien, sinn net ze verhënneren a sinn och verständlech.

Mir sinn als CSV der Meenung, datt d'Reform vun de Studiebäihëllefen hätt misse parallell zu där vun der Regierung annoncéierter Reform vun den Allocations familiales gemaach ginn. Mir hunn och heizou eng Partie Froen an der Kommissioun gestallt, mä leider hu mer do nach keng zefriddestellend Äntwert kritt. Mir wëssen och nach ëmmer net, wéi dat zukünftegt Kannergeld soll ausgesinn.

Här President, den Här Minister Meisch sot just, datt de Student awer net direkt vergläichbar wär mat engem Schüler. Hie wär jo schliisslech schonns an enger anerer Liewenssituatioun.

An deem Sënn géif et fir mech awer logesch schéngen, datt de Student, dee jo schonns an enger anerer Liewenssituatioun ass, jo éischter méi misst kréie wéi e Schüler, deen awer an der Regel gratis an d'Schoul geet an doheem wunnt. Heescht dat, datt eist Kannergeld staark no ënnen ugepasst gëtt? Soll d'Kannergeld an Zukunft nach manner héich si wéi d'Basisbourse, also manner wéi 2.000 Euro? Am Moment sinn dat nach 2.800 Euro bei engem Kand.

D'Madame Minister Cahen sot jo an der leschter Heure de questions hei virum Parlament, datt mer dëst géife virum 31. Dezember gewuer ginn. Mir si gespaant!

Mam Critère de mobilité - ech mengen, do wonnert Der Iech net - si mer komplett averstanen, hate mer deen dach och schonns d'lescht Joer proposéiert. Dat ass also näischt Neies vun der Regierung. Eis Méisproochegkeet, eis sproochlech Virdeeler, déi mer hoffentlech nach weiderhi färderen, erméiglechen et eise Studenten, e grousse Choix vu méiglechen Unien ze hunn.

Et ass wichteg fir d'Entwécklung vun eisem Land, datt mer Héichschoulabsolventen aus ville verschiddene Länner, vu ville verschiddenen Unien an Héichschoulen an eis Ekonomie zréckkréien. Diversitéit färdert d'Entwécklung vun eiser Wirtschaft. Lëtzebuerg huet nach ëmmer vun dësem Fait profitéiert.

Domadder wëll ech awer net soen, datt mer d'Studéieren op der Uni Lëtzebuerg net och solle färderen. Neen, mir sollen déi zwou Saache maachen.

Éischtens solle mer all jonk Leit encouragéieren, déi wëllen an d'Ausland studéiere goen - hinnen et also och finanziell erlaben. An déi virgeschloe Bourse de mobilité ass eiser Meenung no an am Sënn vun der Autonomie awer och ze niddreg. Ech ginn dorobber bei eisen Amendementer nach an.

De Lëtzebuerger Stat soll awer och déi Studenten ënnerstëtzen, déi op d'Uni.lu wëllen, an dëst op zwou Aart a Weisen: éischtens duerch d'Ënnerstëtzung vun der Uni iwwer budgetär Moyenen an zweetens doduerch, datt genuch bezuelbar Studentewunnenge geschafe ginn, an dëst virun allem och fir d'Studenten aus dem Norden, déi dach trotzdeem relativ wäit ze fueren hu bis op Belval.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Sou, da kommen ech nach zur Bourse sur critères sociaux. Dës mécht an Ärem Bourssesystem e ganz héijen Undeel aus. An domadder gëtt d'Ofhängegkeet vun den Elteren erëm méi grouss. Dëst ass contraire zum Prinzip vun der Autonomie, deen Der allerdéngs laut Ärem Exposé des motifs nach ëmmer bäibehale wëllt.

(Interruption)

No Ärer neier Berechnung kommen awer 35% vun de Résidentskanner guer net an de Genoss vun der Sozialbourse. 35% vun de Résidentsstudente kréien also nëmmen eng Basisbourse vun 2.000 Euro oder, wa se an d'Ausland studéiere ginn, also mat der Mobilitéitsbourse, 4.000 Euro. Wéi scho gesot, huet déi an Ärem System grouss Gewiichtung vun der Bourse sur critères sociaux eng staark Aschränkung vun der Autonomie als Konsequenz.

An derbäi kënnt dann och nach, datt dës Bourse mat engem relativ héijen administrativen Opwand verbonnen ass, muss dach fir all Demande de Revenu imposable vum Ménage kontrolléiert ginn.

An nach ee Kritikpunkt zu dësem Deel vun der Bourse: Bei der Bourse sur critères sociaux gëtt nëmmen de Revenu zréckbehalen, mä net d'Unzuel vun de Kanner, déi am Haushalt liewen. Et ass awer e groussen Ënnerscheed, ob ee mat engem vergläichbare Revenu zu zwee, dräi, véier oder fënnef am Ménage ass.

D'Kannerunzuel - hei awer nëmmen déi Kanner, déi effektiv studéieren - gëtt da bei der Bourse familiale, déi an den Amendementer vun der Regierung spéider derbäikoum, considéréiert. Dëst ass aus eiser Siicht net ganz konsequent. Wann eng Bourse sur critères sociaux, dann däerf bei där Berechnung net nëmmen de Revenu, mä et mussen och aner sozial Kritären - wéi den Numm et jo och seet -, wéi zum Beispill d'Zesummesetzung vum Haushalt, d'Unzuel vun de Kanner, gekuckt ginn.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Déi Sozialbourse, déi vun dëser Regierung proposéiert gëtt, ass eng reng Bourse sur critères „salariaux" an net „sociaux".

Zur Bourse familiale ass awer och nach ervirzesträichen, datt, wann Är Berechnung stëmmt, net vill Studente vun dëser wäerte profitéieren. Laut Ärer Berechnung kréien nämlech nëmme knapps ee Fënneftel dës Bourse. Méi wéi 80% vun de Studente kënnen also net mat dëser Bourse rechnen.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President... Ech hätt Iech misse virnennen, pardon!

M. le Président.- Dat ass kee Problem.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Nieft de Boursse wëll ech och nach op den Anticumul…

(Brouhaha et hilarité)

…ze schwätze kommen. De Gesetzesprojet gesäit vir, datt ee folgend Avantagen net ka cumuléieren: éischtens d'Studiebäihëllefen, déi een och kéint kréien an deem Land, wou ee wunnt, esou wéi dat och am leschte Gesetz scho virgesi war. An zweetens, ech zitéieren: «tout avantage financier découlant du fait que le demandeur est un étudiant au sens de la présente loi».

Dësen zweete Punkt ass esou vag gehalen, datt dat immens vill kéint sinn. Et ass laut dem Här Minister Meisch net virgesinn, fir dëst an engem Règlement grand-ducal ze definéieren. Par contre soll am CEDIES eventuell eng Lëscht opgestallt ginn, zumindest fir déi wichtegst Länner oder d'Nopeschlänner, wat do kéint drafalen. Hei stellen ech mer d'Fro, wéi d'Administratioun kontrolléiere kann, ob de Student dann och all dës Pabeiere liwwert, wou hien esou en Avantage financier, doduerch datt hien e Student ass, kéint kréien.

Ech stelle mer hei awer virun allem och d'Fro vum Kannergeld. Wéi Der wësst, ass hei zu Lëtzebuerg mam Gesetz vun 2010 d'Kannergeld fir eis Résidentsstudenten ofgeschaaft ginn. Op där anerer Säit kënnen d'Frontalierskanner awer nach Kannergeld an hirem Land kréien. Dëst mécht zum Beispill an der Belsch tëschent 1.400 an 2.900 Euro aus, an Däitschland tëschent 2.200 an 2.900 Euro. Dëst sinn also keng négligeabel Zommen, bal alleguer méi héich wéi eis Basisbourse.

Ech sot schonns genee virun engem Joer hei op dëser Plaz, als Äntwert op dem Här Adam seng Fro a puncto Kannergeld - ech zitéieren: „Mir kënne mat dësem kuerzfristege Gesetz keen Anticumul maachen tëschent enger Aide financière pour études supérieures an enger Allocation familiale. Mir wäerten awer do fir déi nächste Kéier eng Léisung hunn. Mir hunn och schonn eng am A." An ech sot och: „Mä just, dann hätte mer missen zwee Gesetzer änneren. An Dir wësst: Vum 20. Juni bis elo ass net grad vill Zäit!".

Wat heescht dat elo konkret? Mä ech hat en Avis juridique, dee sot - ech zitéieren: «Il ne me semble pas possible de prévoir une règle de non-cumul de l'aide financière versée par l'État luxembourgeois avec les allocations familiales que peuvent percevoir les parents de l'étudiant. Ceci serait complètement contraire à la logique qui était à la base de la loi du 26 juillet 2010. De toute manière, les allocations familiales ont, y compris en droit de l'Union européenne, une autre nature que les aides financières.»

Den Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff iwwert d'Elteregeld a Kannergeld an der Affär C-347/12 am Mee vun dësem Joer seet, datt fir Bäihëllefen, déi de même nature sinn, en Anticumul gemaach ka ginn an datt „de même nature" heescht, wann hiren Objet, hir Finalitéit, hire Berechnungsmodus, d'Konditiounen, fir se kënnen ze beusprochen, déiselwecht sinn a wann den Empfänger deeselwechten ass.

D'Fro stellt sech also, ob d'Finalitéit vun der Studiebäihëllef déiselwecht ass wéi déi vum Kannergeld, ob den Objet deeselwechten ass wéi dee vum Kannergeld. Ech erënnere just elo nach eng Kéier un den Avis juridique vu virdrun, dee sot, déi zwou Aidë wären net de même nature.

Mir haten opgrond vun dësem Uerteel och den Här Minister Meisch gefrot, fir en Avis juridique ze kréien. Dësen Avis krute mer och op eis Nofro hin, an ech géif och dee gären hei zitéieren: «La motivation donnée par le commentaire des articles n'est dès lors pas invalidée par cet arrêt. Elle me semble par ailleurs, et au-delà de l'arrêt, suffisamment plausible pour avoir des chances d'être défendable en cas de contestation devant la Cour de Justice.»

Ech weess net, wéi Dir dat gesitt, mä esou ganz 100%eg iwwerzeegend kléngt anescht, an dat hat den Här Minister Meisch och deemools an der Kommissioun bestätegt. 2013 huet den Avis juridique also gesot, et schéngt net méiglech ze sinn. 2014 seet den Avis, et kéint plausibel genuch sinn, fir Chancen ze hunn, am Fall vun enger Contestatioun et kënnen ze verteidegen.

Wann den Anticumul mam Kannergeld net garantéiert ass, da riskéiere mer dës Kéier eng Diskriminéierung vun eise Résidentskanner vis-à-vis vun eise Frontalierskanner, wat mer net kënnen akzeptéieren. An ech froe mech, ob déi iwwerhaapt e Reklamatiounsrecht hunn. Ech mengen, dat missten eis Juriste préiwen. Ech mengen net, et ass eng national Saach. Eis Résidentskanner wäerte wahrscheinlech kaum géint déi franséisch, däitsch Gesetzgebung iwwer Kannergeld kloen, well si duerch deen eegene System hei benodeelegt sinn.

Ech hat d'lescht Joer och gesot, wa mer dësen Anticumul net hikriten, dann hätte mer missen zwee Gesetzer änneren, nämlech d'Studiebäihëllef an d'Kannergeld. Am Noutfall hätte mer d'Kannergeld erëm missen aféieren. De Problem war also bekannt. An als CSV bedauere mer, datt déi aktuell Regierung, déi jo bekanntlech un der Reform vun den Allocations familiales schafft, dës Léisung net emol a Betruecht gezunn huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Joer am Juli sot den Här Berger op dëser Plaz - ech zitéieren:

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- „Et wäerten eng ganz Rei Paperassë méi gefrot ginn. Et gëtt méi komplex, d'Prozedur."

(Interruption)

Sou. Ma ech wäert Iech beweisen, datt bei Ärem nach vill méi ass, Dir hutt et jo berechent souguer!

Et ass also vläicht d'lescht Joer schonns e bësse méi komplex ginn, well d'Studenten hu misse beleeën, wéi eng Studiebäihëllefe se kéinten an hirem Land kréien. Ech muss awer feststellen, datt mat dëser Reform nach vill méi Paperassë gebraucht ginn, datt d'Prozedur nach vill méi komplex wäert ginn, wéi den Här Berger dat d'lescht Joer nach kritiséiert huet.

Virun allem d'Bourses sur critères sociaux, wou bei all Dossier muss de Revenu imposable vum Haushalt kontrolléiert ginn, mä awer och den Anticumul mat alle méiglechen Hëllefen, déi ee ka kréien, well ee Student ass, déi awer, ech widderhuelen et, net genau definéiert sinn, bedeiten e groussen zousätzlechen administrativen Opwand fir de CEDIES.

Une voix.- Genau. Ganz richteg.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Laut Ära Berechnunge bedeit de proposéierte System en zousätzlechen Aarbechtsopwand vu sechs Minutte pro Dossier, wat op d'Joer gerechent - ass dat net vill? -, wat op d'Joer gerechent 2.500 Aarbechtsstonnen ausmécht, annerhallef Aarbechtskraaft. Dat ass schonns relativ vill. Also eng Administratioun, déi éischtens méi wäert kaschten an zweetens méi komplex wäert ginn, wat jo absolut contraire zur Simplification administrative ass!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech op eis virgeschloen Amendementer aginn, wëll ech awer fir d'Éischt nach op déi Aart a Weis, wéi dësen Dossier behandelt ginn ass, agoen, an op dee vun de Regierungsparteie gemaachte Virworf, datt mer mat eisen Amendementer hätte missen éischter kommen.

Vläicht sinn ech nach net laang genuch an der Politik, fir esou eng Aarbechtsmanéier als normal ze emfannen. Mä ech hoffen awer definitiv och, datt ech mech ni wäert un esou eng Aart a Weis fir ze schaffe misse gewinnen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Als Deputéiert gesinn ech meng Roll doranner, och an der Oppositioun, fir konstruktiv mat un de verschiddenen Dossieren ze schaffen. De Premierminister, den Här Bettel, huet sech viru knapp zwou Wochen um DP-Kongress gefrot, wéini datt d'CSV endlech géif konstruktiv Oppositiounsaarbecht maachen.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Ech géif dem..., oder ech soen dem Här Berger et, den Här Bettel ass net hei: Mir wëllen dat gäre maachen. Mir si bereet, dat ze maachen, mä Dir musst eis et awer och maache loossen! Mir sinn an dësem Dossier, esou emfannen ech dat zumindest, zimlech ofgewimmelt ginn, an net nëmme mir.

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Wien nach?

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Wéi soll ee konstruktiv matschaffen, wann een net däerf matdiskutéieren? Wéi hätte mer solle mat den Amendementer kommen, wa mer nach guer net konnten iwwert de Projet de loi diskutéieren?

Schonns de 4. Abrëll hat d'CSV-Fraktioun...

(Brouhaha)

M. le Président.- Wann ech gelift! Wann ech gelift! Just d'Madame Hansen huet am Moment d'Wuert.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Den Här Berger lauschtert net no.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Schonns de 4. Abrëll hat d'CSV-Fraktioun schréftlech ugefrot - ech hunn d'Demande hei leien -, fir de Projet de loi op den Ordre du jour ze kréien. An dat extra mam Hiweis, datt d'Zäit géif drängen, datt et urgent wär! Well ech wousst, d'lescht Joer ass den 20. Juni den Arrêt komm a mir hu misse bis Ufank Juli eppes hunn. Dëst Joer hate mer méi laang Zäit, an duerfir wollt ech och gären éischter driwwer schwätzen. Als Äntwert krute mer gesot, an dat, mengen ech souguer och, vum Här Berger, datt et net Usus wär, iwwer e Gesetzesprojet ze schwätzen, ouni datt den Avis vum Statsrot do wär.

Da kënnt elo erëm eng Kéier meng nach net ganz vill Erfahrung an der Politik an d'Spill. Mir ass et zimlech egal, ob eppes Usus ass oder net. Wann d'Zäit eis fortleeft an esou engem wichtege Projet,...

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- ...an d'Bildung soll ëmmer prioritär behandelt ginn, da muss dat diskutéiert ginn. Wann ee Problem do ass, da muss e geléist ginn. An e kann nëmmen da geléist ginn, wann een zesummen driwwer diskutéiert. Oder anescht formuléiert, wann d'Regierung, wann d'Majoritéitsparteie gären hätten, datt d'Oppositioun kann zu enger Léisung bäidroen, da musse se hir och eng seriö Geleeënheet duerfir ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, den Avis vum Statsrot war, esou wéi d'Madame Beissel et gesot huet, den 3. Juni erauskomm. De 17. Juni war et dunn esou wäit, mir hunn an der Kommissioun iwwert dësen Avis diskutéiert an iwwert déi noutwendeg Amendementer, déi vun der Regierung da virgeschloe gi waren. D'Pétitionnairen haten eng Onlinepetitioun lafen, déi um Wee war an déi bal 6.000 Ënnerschréfte kritt huet. Si hunn also och nach misse gehéiert ginn, a leider muss ech hei soen, datt dat Verb „missen" hei am Sënn vun Zwang gebraucht ginn ass.

Et war a mengen Aen erëm eng Kéier nëmmen eng Flichtübung, well: Wat ass schlussendlech mat där Diskussioun geschitt? No laangem Hin an Her krute mer zwar erlaabt, fir no der Petitioun nach eemol an eis Fraktioun ze goen an iwwert de Pétitionnairen hir Vuen an och iwwer eis Amendementer ze diskutéieren, mä deeselwechten Dag krute mer dunn awer de Virworf gemaach, mir kéimen ze spéit mat den Amendementer. Op gutt Lëtzebuergesch heescht dat, an ech drécke mech elo fein aus: mat engem de Geck maachen!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Netdiskutéiere wéi Zäit war, wéi et gefrot war, deen duerno ageschloenen TGV-Tempo, fir alles an enger Woch duerchzezéien, den Émgang mat de Pétitionnairen, awer och mat der Oppositioun, dat ass keng Aart a Weis, fir konstruktiv an esou engem wichtegen Dossier ze schaffen. Dëst ass schued, an dat virun allem och, well dës Regierung sech Transparenz a Kommunikatioun grouss op hire Fändel geschriwwen huet.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Wat ass mat dëse gudde Virsätz geschitt? Dat froen ech mech!

Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV huet mat hire proposéierten Amendementer folgend Ziler verfollegt: éischtens, den Autonomieprinzip erëm méi staark ze förderen, esou wéi dat och vun de Studente gefuerdert gëtt, zweetens, de budgetäre Kader dobäi ze respektéieren, drëttens, den administrativen Opwand ze limitéieren, véiertens, de sozial benodeelegte Familljen zousätzlech ënnert d'Äerm ze gräifen, fënneftens a schliisslech, d'Leeschtung erëm ze encouragéieren.

Och do war ech iwwregens erstaunt, wéi ech nogelies hunn, datt d'DP dat d'lescht Joer och gefrot huet. Den Här Berger sot nämlech, ech zitéieren: „Et misst een och iwwerleeën, ob een net de Facteur Leeschtung mat erabréngt". Dat heescht, ech ginn dervun aus, datt zumindest een Amendement vun eis och vun der DP d'Zoustëmmung fënnt.

Eise proposéierte Modell gesäit elo folgendermoossen aus: eng Basisbourse vun 2.750 Euro; eng Mobilitéitsbourse vun 2.750 Euro; eng Sozialbourse vu 1.500 Euro fir déi Familljen, déi d'Allocation de vie chère kënne beusprochen; eng Leeschtungsprime, wann een den éischten, zweeten, drëtte Cycle an der Regelstudienzäit ofgeschloss huet. Dës Prime wär fir den éischte Cycle 1.500 Euro, fir den zweeten 2.000 Euro a fir den drëtten 5.000 Euro. D'Aschreiwungsgebühren an d'Härtefäll gi weiderhi wéi am fréiere Gesetz berücksichtegt. D'Studente kéinten e Basisprêt vu 6.500 Euro kréien an déijéineg, déi d'Sozialbourse net kéinte beusprochen, kéinten och déi 1.500 Euro als Prêt ufroen.

Datt mir mat eisem proposéierte Bourssesystem eis Ziler, déi ech Iech elo grad beschriwwen hunn, kënnen erreechen, wëll ech Iech erklären a begrënnen: Den administrativen Opwand kréie mer däitlech duerch eis Bourse sociale begrenzt. Fir eis Résidentsstudenten entsteet hei keen zousätzlechen Opwand. Dës Famillje sinn nämlech schonns am System vun der Allocation de vie chère erfaasst. Just eis Frontaliersstudente mussen hire Revenu an hir Zesummesetzung vum Haushalt deklaréieren, an hei och net all Studenten, mä nëmmen déijéineg, déi mengen, datt si hei a Fro kéimen. Mir schätzen, dat wäerten 30% vun de Frontalierskanner sinn.

Eis Fiche financière weist ënnerdeems, datt eise System net méi deier wäert ginn, wéi dee vun der Regierung virgeschloene System. Et ass also eng seriö Alternativ, déi och de Budgetskader a Betruecht hëlt.

Wéi mer d'Leeschtung gäre wëlle förderen, ech mengen, dat brauch ech hei net méi nach am Detail ze erklären, d'Leeschtungsprime schwätzt fir sech. Mir sinn als CSV der Meenung, datt mer an eisem gesamten Éducatiounssystem mussen d'Leeschtung fuerderen an och förderen. Net nëmmen d'Leeschtungsfäegkeet, mä och d'Leeschtungsbereetschaft ass eng absolut noutwendeg, wichteg Eegeschaft, an dat net nëmmen am Studium, mä och am spéidere Beruffsliewen.

Déi sozial benodeelegt Familljen ënnerstëtzen: Bei eiser Bourse sociale baséiere mer eis op déi allgemeng unerkannt Kritäre vun der Allocation de vie chère. Et ass an eisen Aen eng richteg sozial Bourse. Deene Familljen, déi wierklech an enger finanziell schwiereger Situatioun liewen an déi also dowéinst och an d'Éligibilitéit vun der Allocation de vie chère kommen, deene Famillje gëtt zousätzlech ënnert d'Äerm gegraff. A bei deene Kritäre gëtt net nëmmen de Revenu gekuckt, wéi dat bei der sougenannter „bourse sur critères sociaux" de Fall ass, mä och d'Unzuel vun de Leit, déi zum Ménage gehéieren - absolut noutwendeg bei enger sozialer Bourse; ech hat dat schonns erwähnt.

Da kommen ech awer elo zu eisem Haaptzil: de Prinzip vun der Autonomie erëm méi ervirzesträichen. Op där enger Säit setze mer d'Basisbourse an d'Mobilitéitsbourse erop an op där anerer Säit ännere mer d'Gewiichtung vun der sozialer Bourse. Ech wëll versichen, dat un engem Beispill méi konkret ze illustréieren a mat Ärem System ze vergläichen.

Ee Student, deen an d'Ausland studéiere geet, wat fir 80% vun eise Studenten de Fall ass, kritt laut Ärem Modell d'office 4.000 Euro. Well 80% och keng Familljebourse kréien a praktesch 36% och keng Bourse sur critères sociaux, kann ee soen, datt méi wéi een Drëttel vun eise Résidentsstudenten, déi an d'Ausland ginn, laut Ärem Modell just 4.000 Euro kréien.

Laut eisem proposéierte Modell kritt jiddwereen d'office 5.500 Euro, jeeweils 2.750 Euro Basis an 2.750 Mobilitéit. Wann dës Studenten och nach d'Leeschtungsprime kréien, wa se an der Regelstudienzäit hire Cycle ofgeschloss hunn, wat laut Statistik ongeféier 60% fir den éischte Cycle sinn, da kriten déi op d'Joer berechent - ech kann dat jo nëmmen op d'Joer berechnen, se kann eréischt duerno ausbezuelt ginn - am Ganze 6.000 Euro. Fir den zweete Cycle sinn et laut Statistik 50% vun de Studenten, déi deen an der Regelstudienzäit fäerdeg kréien. Bei deene géif et op d'Joer gerechent 6.500 Euro ginn.

Och wann een dës Leeschtungsprime net esou kann op d'Joer rechnen - duerfir hunn ech jo mat enger fiktiver Moyenne gerechent -, kann ech awer festhalen, datt méi wéi een Drëttel vun de Résidentsstudenten an Ärem Modell 4.000 Euro d'Joer Bourse kréien, während se bei eis op d'mannst 5.500 Euro kriten. Mat 5.500 -respektiv 6.000 oder 6.500 mat Leeschtungsprime - si mer awer sécherlech erëm méi no bei der Autonomie.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëlle mat eisen Amendementer de Prinzip vun der Autonomie förderen, esou wéi en d'lescht Joer op dëser Plaz ganz gutt vum Här Fayot, dem Här Ben Fayot, beschriwwe ginn ass - ech zitéieren: „Den Objektiv ass et - an dozou sti mir, Här President -, de Student als onofhängegen, intellektuelle Schaffenden ze betruechten, hien also als Erwuessenen ze betruechten, dee selwer décidéiert, wat e studéiert, a mat der finanzieller Studentenhëllef onofhängeg liewe kann."

Mir sinn der Meenung, datt dëse Projet, wéi en eis hei virläit, net genuch dem Autonomieprinzip Rechnung dréit, deen hei viru genee zwielef Méint vun engem LSAP-Deputéierte flott verdeedegt gouf.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Dëse Prinzip ass awer au contraire staark ofgeschwächt ginn, an dëst virun allem duerch den héijen Undeel vun der Bourse sur critères sociaux, enger Bourse, déi also un d'Gehälter vun den Eltere gebonnen ass an déi am Fong herno ville Studenten net zoukënnt.

Mir hunn also intensiv an der Fraktioun un dësem Dossier geschafft an hunn och eis Amendementer ausgeschafft an an der Kommissioun presentéiert, wéi iwwregens och déi zwou aner Oppositiounskräften, déi Lénk an d'ADR, déi och fläisseg hei matgeschafft hunn. Leider si se vun der gesamter Majoritéit allesamt en bloc refuséiert ginn. Ech wäert duerfir mäi Gléck nach eemol probéieren, an der Hoffnung, datt ech e puer Memberen hei am Plenum konnt iwwerzeegen, déi Reform trotzdeem anescht ze gestalten.

Ech déposéieren also nach eemol eis Amendementer dem Chamberspresident, fir se zum Vote ze stellen. Wann ech gelift.

M. le Président.- Merci.

Amendements parlementaires proposés par le groupe politique CSV

Exposé des motifs

Les présents amendements ont pour objectif de redéfinir les montants des bourses octroyées aux étudiants. Si le système se veut équitable et s'il veut considérer la situation socio-économique de l'environnement dans lequel vit l'étudiant, il doit avant tout garantir l'indépendance de l'étudiant délié de son environnement familial.

La loi du 26 juillet 2010 avait proposé un changement de paradigme qui permettait à tout jeune de suivre des études supérieures de son choix et ce indépendamment du pouvoir financier de ses parents. Le but à terme étant l'augmentation du nombre des diplômes de l'enseignement supérieur. L'initiateur du projet de loi en question voyait l'étudiant comme un jeune adulte responsable et indépendant de ses parents. Cette notion d'autonomie de l'étudiant est essentielle et devra être remise en valeur dans la refonte du système d'aide financière de l'État pour études supérieures, tout en tenant compte des capacités budgétaires de l'État.

Chaque étudiant touche une bourse de base à hauteur de 2.750 euros par année académique. Une bourse de mobilité de 2.750 euros par an est accordée à l'étudiant qui poursuit ses études dans un pays autre que celui dans lequel il réside habituellement et s'il peut apporter la preuve qu'il subit des charges en relation avec la prise en location d'un logement. Les amendements visent par ailleurs de venir en aide aux familles les plus défavorables. Les ménages qui remplissent les critères pour bénéficier de l'allocation de vie chère peuvent ainsi toucher une bourse sociale à hauteur de 1.500 euros supplémentaires. Ce critère évite en outre d'alourdir la charge administrative pour le Centre de Documentation et d'Information sur l'Enseignement Supérieur.

Qui plus est, les présents amendements proposent de revenir aux primes d'encouragement de la loi du 22 juin 2000. Ces primes, allant de 1.500 à 5.000 euros, seront attribuées une fois que l'étudiant a terminé avec succès ses études dans le cycle d'études respectif et dans la durée officielle du cycle concerné.

Les modalités quant au prêt ainsi que l'appui financier concernant les frais d'inscription sont également pris en compte et restent inchangés.

Amendements et commentaires

Amendement 1 concernant l'article 1er

L'alinéa 1 de l'article 1er du projet de loi est modifié comme suit:

«La présente loi a pour objet de faciliter l'accès aux études supérieures par l'allocation d'une aide financière sous la forme de bourses, de prêts avec charge d'intérêts ~~et~~, de subventions d'intérêts et de primes d'encouragement.»

Commentaire:

Cet amendement marque le retour des primes d'encouragement qui seront octroyées à l'étudiant méritant, i.e. celui qui réussit son cycle d'études dans la durée officiellement prévue.

Amendement 2 concernant l'article 1er

Un nouvel alinéa 3 est inséré entre l'alinéa 2 et l'alinéa 3 (nouvel alinéa 4) de l'article 1er du projet de loi avec la teneur suivante:

«L'aide financière sous forme de primes d'encouragement est accordée par le ministre, sur demande écrite de l'étudiant à présenter dans les délais et formes à fixer par règlement grand-ducal.»

Commentaire:

Ce nouvel alinéa 3 crée la base légale pour la prise d'un règlement grand-ducal déterminant les délais et formes à respecter par l'étudiant dans le cadre de l'introduction de sa demande en obtention de primes d'encouragement.

Amendement 3 concernant l'article 1er

L'alinéa 3 (nouvel alinéa 4) de l'article 1er du projet de loi est modifié comme suit:

«Le montant total annuel de l'aide financière est fixé à un maximum de dix-huit mille ~~sept~~ deux cents euros. Ce montant total ne tient pas compte des primes d'encouragement.»

Commentaire:

Le montant total de l'aide financière de l'État par année s'élève à 18.200 euros maximum. À ce montant s'ajoutent les primes d'encouragement qui varient entre 1.500 euros et 5.000 euros en fonction du cycle d'études concerné.

Amendement 4 concernant l'article 4

Le point 1 du paragraphe 1 de l'article 4 du projet de loi est modifié comme suit:

«1. Bourse de base: la bourse de base est accessible à l'étudiant qui satisfait aux critères des articles 2 et 3 de la présente loi. Le montant par année académique est fixé à ~~deux mille~~ deux mille sept cents cinquante euros;»

Amendement 5 concernant l'article 4

Le point 2 du paragraphe 1 de l'article 4 du projet de loi est modifié comme suit:

«2. Bourse de mobilité: la bourse de mobilité est accessible à l'étudiant qui satisfait aux critères des articles 2 et 3 de la présente loi et qui est inscrit dans un programme d'enseignement en dehors des frontières nationales du pays de résidence du ménage dont il fait partie et qui apporte la preuve qu'il supporte les frais inhérents à une prise de location d'un logement. Le montant par année académique est fixé à ~~deux mille~~ deux mille sept cents cinquante euros;»

Commentaire:

Dans le but de renforcer l'autonomie de l'étudiant, les montants de la bourse de base et de la bourse de mobilité s'élèvent désormais à 2.750 euros chacune, ce qui signifie une hausse de 750 euros par rapport aux montants prévus dans le projet de loi actuel. Tout étudiant qui poursuit ses études universitaires dans un pays différent de celui dans lequel réside le ménage dont il fait partie et qui supporte des frais de location bénéficiera aux termes des bourses de base et de mobilité d'un montant total minimal de 5.500 euros par an, et ce indépendamment de tout critère socioprofessionnel, financier ou d'encouragement.

Amendement 6 concernant l'article 4

Le point 3 du paragraphe 1 de l'article 4 du projet de loi est modifié comme suit:

«3. Bourse ~~sur critères sociaux~~ sociale: la bourse ~~sur critères sociaux~~ sociale est accessible à l'étudiant qui satisfait aux critères des articles 2 et 3 de la présente loi et dont ~~le revenu total annuel du ménage dont il fait partie est inférieur ou égal à quatre fois et demie le montant brut du salaire social minimum annuel pour salariés non qualifiés. Par revenu total annuel, il faut entendre le revenu imposable tel qu'il est défini à l'article 7 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu. Est ajouté, le cas échéant, l'abattement de cession prévu à l'article 130 de la même loi. Les montants, par année académique, des sous-catégories de bourses sur critères sociaux sont échelonnés comme suit:~~*

~~a) revenu total annuel inférieur à une fois le salaire social minimum annuel pour salariés non qualifiés: trois mille euros;~~

~~b) revenu total annuel compris entre une fois et une fois et demie le salaire social minimum an-~~

~~*nuel pour salariés non qualifiés: deux mille six cents euros;*~~

~~*c) revenu total annuel compris entre une fois et demie et deux fois le salaire social minimum annuel pour salariés non qualifiés: deux milles deux cents euros;*~~

~~*d) revenu total annuel compris entre deux fois et deux fois et demie le salaire social minimum annuel pour salariés non qualifiés: mille huit cents euros;*~~

~~*e) revenu total annuel compris entre deux fois et demie et trois fois le salaire social minimum annuel pour salariés non qualifiés: mille quatre cents euros;*~~

~~*f) revenu total annuel compris entre trois fois et trois fois et demie le salaire social minimum annuel pour salariés non qualifiés: mille euros;*~~

~~*g) revenu total annuel compris entre trois fois et demie et quatre fois et demie le salaire sociale minimum annuel pour salariés non qualifiés: cinq cents euros.*~~ *le revenu annuel global de la communauté domestique dont il fait partie ne dépasse pas les deux mille neuf cent soixante-seize euros pour une personne seule. Cette limite de revenu est augmentée de mille quatre cent quatre-vingt-huit euros pour la deuxième personne et de huit cent quatre-vingt-douze euros et quatre-vingt centimes pour chaque personne supplémentaire dans le ménage. Ces montants correspondent au nombre cent de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948. Ils sont adaptés annuellement à la cote d'application applicable au 1er janvier de l'année en cours suivant les modalités applicables aux traitements des fonctionnaires de l'État et à toute variation du salaire social minium.*

Les montants de revenu prévus à l'alinéa qui précède peuvent en une ou plusieurs étapes être relevés par règlement grand-ducal, sans que cette augmentation ne puisse dépasser 20%.

La bourse sociale s'élève à mille cinq cents euros par année académique.»

Commentaire:

Les seuils de revenus pour la bourse sociale sont ceux retenus pour l'allocation de vie chère, telle que définie au règlement du Gouvernement en Conseil du 19 décembre 2008 portant création d'une allocation de vie chère. Ces niveaux de revenus permettent d'introduire une certaine dose de sélectivité sociale dans le système des bourses pour études supérieures et visent ainsi à soutenir prioritairement les étudiants issus des communautés domestiques les moins aisées au niveau socioprofessionnel. Comme les allocations de vie chère sont pratiquées au Grand-Duché du Luxembourg depuis des années déjà, le recours aux seuils de revenus y visés pour évaluer les besoins en financement supplémentaire de l'étudiant aboutit en outre à une simplification administrative et une réduction des coûts dans le traitement des dossiers.

Amendement 7 concernant l'article 4

Le point 4 du paragraphe 1 de l'article 4 du projet de loi est supprimé.

~~*«4. Bourse familiale: la bourse familiale est accessible à l'étudiant si parallèlement un ou plusieurs autres enfants, faisant partie du même ménage que lui, tombent sous le champ d'application de la présente loi. Le montant par année académique est fixé à cinq cents euros.»*~~

Amendement 8 introduisant un nouvel article 5

Un nouvel article 5 est inséré entre l'article 4 et l'article 5 actuel (nouvel article 6) avec la teneur suivante:

«*Art. 5. Prime d'encouragement*

La prime d'encouragement est déterminée par le diplôme obtenu; ni la situation financière et sociale de l'étudiant, ni celle de ses parents ne sont prises en considération. Le montant de la prime d'encouragement varie suivant le cycle d'études:

- Une prime d'encouragement de 1er cycle d'un montant de mille cinq cents euros est accordée aux étudiants ayant terminé avec succès leur 1er cycle d'études et dans les délais officiellement prévus pour le cycle d'études visé. Cette prime n'est accordée qu'une seule fois aux étudiants concernés.

- Une prime d'encouragement de 2e cycle d'un montant de deux mille euros est accordée aux étudiants ayant terminé avec succès leur 2e cycle d'études et dans les délais officiellement prévus pour le cycle d'études visé. Cette prime n'est accordée qu'une seule fois aux étudiants concernés.

- Une prime d'encouragement de 3e cycle d'un montant de cinq mille euros est accordée aux étudiants ayant terminé avec succès leur 3e cycle d'études et dans les délais officiellement prévus pour le cycle d'études visé. Cette prime n'est accordée qu'une seule fois aux étudiants concernés.»

Commentaire:

La prime d'encouragement vise à récompenser les étudiants méritants, i.e. ceux ayant terminé leurs études dans les délais prévus.

La prime d'encouragement est déterminée par le diplôme obtenu; ni la situation financière et sociale de l'étudiant, ni celle de ses parents ne sont prises en considération. Le montant de la prime d'encouragement varie suivant le cycle d'études. La prime d'encouragement est octroyée à condition de ne pas dépasser la durée prévue pour le cycle d'études en question.

Amendement 9 concernant l'article 5 (nouvel article 6)

Le paragraphe 1 de l'article 5 (nouvel article 6) du projet de loi est modifié comme suit:

«(1) Le montant du prêt garanti par l'État avec charge d'intérêts et avec subvention d'intérêts se compose d'un prêt de base de six mille cinq cents euros par année académique. Le prêt de base de l'étudiant ne bénéficiant pas de ~~*la totalité de*~~ *la bourse* ~~*sur critères sociaux*~~ *sociale définie à l'article 4, paragraphe 1er, point 3, peut être majoré d'un montant maximal de* ~~*trois mille*~~ *mille cinq cents euros* ~~*duquel est déduit le montant de la bourse sur critères sociaux accordée*~~*.»*

Commentaire:

En plus des bourses pour études supérieures, tout étudiant a la possibilité de bénéficier d'un prêt garanti par l'État avec charge d'intérêts et avec subvention d'intérêts à hauteur de six mille cinq cents euros par année académique. Si l'étudiant n'a pas pu percevoir la bourse sociale, il lui est possible d'augmenter le montant du prêt à hauteur du montant prévu par la bourse sociale, à savoir mille cinq cents euros et donc un total de 8.000 euros.

Amendement 10 concernant l'article 7 (nouvel article 8)

Le paragraphe 1 de l'article 7 (nouvel article 8) du projet de loi est modifié comme suit:

«(1) Les bourses et les prêts sont alloués pour la durée d'une année académique; ils sont liquidés en deux tranches semestrielles par année académique en cours. ~~*La bourse définie à l'article 4, paragraphe 1er, point 4, est liquidée en une seule tranche uniquement au semestre d'été.*~~ *La prime d'encouragement est allouée après que l'étudiant ait apporté la preuve d'avoir terminé avec succès son cycle d'études dans les délais prévus par le cycle en question.*»

Commentaire:

Pour pouvoir profiter d'une certaine stabilité financière, les bourses et les prêts sont alloués pour la durée d'une année académique et liquidés par rythme semestriel. La prime d'encouragement, octroyée après l'achèvement d'un cycle d'études, est liquidée au moment indiqué.

Amendement 11 concernant l'article 9 (nouvel article 10)

Le paragraphe 2 de l'article 9 (nouvel article 10) est modifié comme suit:

«(2) Pour l'aide accordée sous forme de bourses et de primes, le bénéficiaire doit en outre payer des intérêts au taux légal à partir du jour du paiement jusqu'au jour de la restitution.»

Commentaire:

Le présent amendement vise à étendre le régime des pénalités dues en cas d'obtention des aides au moyen de déclarations inexactes ou incomplètes aux primes d'encouragement.

Estimation de l'impact financier

Bourses	*Résidents*	*16.000*	*Frontaliers*	*9.000*	*Montant*	*Résidents*	*Frontaliers*	*Total/Coût*
Bourse de base	*100%*	*16.000*	*100%*	*9.000*	*2.750*	*44.000.000*	*24.750.000*	*68.750.000*
Bourse de mobilité	*80%*	*12.800*	*10%*	*900*	*2.750*	*35.200.000*	*2.475.000*	*37.675.000*
Bourse sociale	*10%*	*1.600*	*30%*	*2.700*	*1.500*	*2.400.000*	*4.050.000*	*6.450.000*
Frais d'inscription								*5.000.000*
*Prime d'encouragement**								*7.622.000*
								125.497.000

***

1er cycle (BA)	*1.500*	*dans les délais prévus (estimations à 60%)*
2e cycle (MA)	*2.000*	*dans les délais prévus (estimations à 50%)*
3e cycle	*5.000*	*dans les délais prévus*

(s.) Martine Hansen, Diane Adehm, Nancy Arendt, Emile Eicher, Léon Gloden, Françoise Hetto-Gaasch, Octavie Modert, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marco Schank, Serge Wilmes.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann och dëse Vote negativ ausgeet, da wäert d'CSV, an dat no laanger interner Diskussioun, an där mer awer unanime zu enger Konklusioun koumen, géint dëse Projet de loi stëmmen.

Ech résuméieren nach eemol kuerz eis Haaptgrënn: Éischtens, d'Philosophie, déi hannert Ärem Projet steet, ass eiser Meenung no contraire zum Prinzip vun der Autonomie. Zweetens, eis proposéiert Amendementer sinn en bloc an der Kommissioun refuséiert ginn - wéi et elo hei ausgeet, weess ech jo net - a mir kënnen de Virworf, datt se ze spéit erakomm sinn, net akzeptéieren. An drëttens a leschtens, beim Anticumul mam Kannergeld riskéiere mer eng Diskriminéierung vun eise Résidentskanner.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Hansen. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP ageschriwwen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).*- „Doch vergessen wir die Anfänge der Misere nicht. Es war der Studienbeihilfeminister aus vergangenen Tagen, der diesen ganzen Mist angezettelt hat mit seiner tollen Reform, die ihm jetzt den Buckel runterrutscht. Schliesslich sitzt er nun als Europarichter gemütlich auf dem Kirchberg. Weil nun die ganzen Klagen kommen, kann er ja die Urteile schreiben."

Här President, dat ass an enger Zeitung „Für Wahrheit und Recht", am „Lëtzebuerger Wort", vum Michèle Gantenbein den 28. Juni.

Ech kann nëmme soen: Oh, wéi recht huet déi Journalistin! Dat ass also, firwat mer - wann een e Bléck zréckgeheit vläicht, fir iwwert den 13. oder iwwert de Juli 2013 erauszegoen, fir eng Kéier dat Ganzt ze illustréieren - eis haut eigentlech nach eng Kéier mussen hei an der Chamber treffen e ganzen Nomëtten, fir eigentlech eng Zopp vu fréiere Feelschléi riichtzebéien.

Ech wéilt awer ganz kuerz nach op den Historique agoen. Effektiv ass et esou, datt 2010, kuerz virun de Gemengewahlen - dat war vläicht en Zoufall - den deemolegen Héichschoulminister mat enger Reform vun de Studentesubside komm ass. Et muss ee soen, datt eigentlech deemools net direkt eng Demande do war, fir eng nei Form vu Studentesubsiden anzeféieren.

Deemools war et awer eng Argumentatioun, déi och op deem baséiert huet fir ze spueren. Dir kënnt lech vläicht erënneren, mir waren an engem Kontext vun „no Kris", an d'CSV hat d'Iddi, fir beim Kannergeld ze spueren, beim Kannergeld vun de Kanner vun de Frontalieren, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, an datt een dann amplaz grousszügeg Subsiden eleng fir déi Lëtzebuerger Studente géif aféieren. Deemools ass och estiméiert ginn: 20 bis 30 Millioune kéint een do all Joers spueren.

Mir haten deemools scho gewarnt - also ech ginn e bësselchen iwwert dee Juli vum leschte Joer eraus -, datt dat éischtens e Modell wier, dee sozial ondifferenzéiert wier - och schonn deemools -, datt et an enger Logik wier vu Pai an Autonomie vum Student, déi een awer esou net kéint gëlle loossen. Mir haten och Problemer dermat, datt dann en Ausschloss wier vun enger Rei vu Kanner, nämlech déi vun deenen Elteren, déi hei zu Lëtzebuerg och schaffen an och zu eisem PIB bäidroen. A mir haten och deemools scho gewarnt, gesot: Dat do ka schifgoen, do kënne mer an Europa op d'Nues falen.

Et muss een och soen, datt deemools de Spuereffet ausbliwwen ass - och souguer eleng fir déi Lëtzebuerger Studenten. Dat war also an där Phas, wéi nëmmen déi lëtzebuergesch Kanner dat kruten. Elo sinn awer all Joers mat deene grousszügege Subsiden d'Dépensen an d'Luucht gaangen. Amplaz 20, 30 Milliounen all Joers ze spueren, sinn et der all Kéiers 30, da 40, 50 Millioune méi ginn; an da ware mer dann um Stand vun 2013. Dat war also eng vun de Spuermoossname vun der CSV. Wann also d'CSV wëllt spueren - dat hunn ech och schonn d'lescht Joer gesot -, da gesi mer, wat dobäi erauskomm ass!

Une voix.- Très bien!

M. Eugène Berger *(DP).*- 2013 ass dunn dat komm, wat eigentlech jiddwereen och gefaart huet, awer sech erwaart huet: Mir hunn d'Uerteel gehat vum Europäesche Geriichtshaff. Konklusioun: D'Kanner vun de Frontalieren, vun deenen, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, kënnen net ausgeschloss ginn aus deem System.

D'Konsequenz: Déi, déi geklot haten - dat waren der deemools ronn 700 -, hu missen nodréiglech ausbezuelt ginn. An eben och, datt all déi Nei hu missen do da vun deem Gesetz, wat mer 2013 da schnell nogeschoss hunn, respektiv wat deemools d'Majoritéit nogeschoss huet..., do sinn nach eng Kéier ronn 9.000 Studenten derbäikomm.

Ech mengen, domadder ass de Budget komplett, komplett explodéiert. Wa mer net elo reagéiert hätten, dann hätte mer dëst Joer, 2014, iwwer 170, 180 Milliounen d'Joer als Dépensë gehat.

Ech hat dat och d'lescht Joer scho gesot, ech hat dat schonn… 2010 konnte mer eis dat nach net esou ausmolen, a wat fir eng Richtung déi Dépensë géife goen, mä op alle Fall, d'lescht Joer hat ech dat och scho kritiséiert.

Ech hat och d'lescht Joer gesot - eng Rei Riedner haten dat scho virdru beim Gesetz vun 2010 gesot -, datt ee misst e Plang B am Tirang hunn, wann ee schonn esou en Dossier ugeet. 2013, wéi dunn d'Kand am Pëtz louch, hat d'CSV awer kee Plang B.

Ech muss do och soen, d'Madame Hansen hat do e schwéiert Ierwen ugetratt vum Här Biltgen, dat hunn ech och - dat kënnt Der noliesen - 2013 gesot. Ech hunn hir deemools dat gesot, datt se e Cadeau empoisonné iwwerholl hätt. An et ass sécher richteg, wann d'Madame Hansen sech haut eng Rei Froe stellt. Ech hätt mer awer gewënscht, datt se sech och schonn, wéi se a Fonctioun war als Héichschoulministesch, all déi Froe gestallt hätt. An am léifsten hätt ech och gehat, wa se all d'Äntwerten och deemools scho gehat hätt. Si seet, si hätt am Tirang awer eng Rei Saache gelooss. Jo, si huet eng Rei Froen am Tirang gelooss! D'Äntwerten, déi louchen net am Tirang an déi hu mir also als Majoritéit an deene leschte sechs Méint ausgeschafft.

M. le Président.- Här Berger, d'Madame Hansen freet, ob se…

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, ech hu guer kee Problem.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech wëll just kuerz als Fait personnel drop reagéieren. Also, ech hu mir och du schonns Froe gestallt! Ech hunn dat hei an der Ried gesot. An déi Äntwerten, déi ech dunn nach net hat, dat war zum Beispill den Anticumul mam Kannergeld: Deen hutt Dir och elo nach net geléist. D'Kritären, déi Dir hutt, déi hat ech dunn och schonns definéiert. An ech hat dat dunn och schonns am Juli - Dir kënnt dat noliesen - hei an der Ried zitéiert.

Une voix.- Très bien!

M. Eugène Berger *(DP).*- Dir hutt d'Froen also gestallt, Dir hutt Kritären, déi ee misst considéréieren, mä Dir hutt awer keng konkret Äntwert ginn. An deene sechs Méint, wou Der nach do waart, hutt Der kee Projet de loi…

(Interruptions)

M. le Président.- Ech géif elo de Riedner bieden, sech un d'Chamber…

M. Eugène Berger *(DP).*- Richteg, Här President!

M. le Président.- …ze wenden, fir ze évitéieren, dass mer Zwiegespréicher kréien. Dat wär ganz léif.

M. Eugène Berger *(DP).*- Richteg, Här President.

Wat ech wollt soen, dat ass, datt déi fréier Héichschoulministesch keen Text an deene sechs Méint ausgeschafft huet, deen ee vläicht och nach hätt kënnen amendéieren, op deem een hätt kënne schaffen. Et waren eng Rei Froen, eng Rei Themefelder, déi do vläicht an den Tiräng louchen.

Egal wéi, et war schonn 2013 urgent, fir eng Reform ze maachen, an ëmsou méi ass et 2014 elo eng Urgence gewiescht, fir déi Reform ze maachen, wéinst deem Problem vum Budget, deen hei aus dem Rudder gelaf ass. An awer och - dat muss een awer och soen, an ech wäert do nach drop zréckkommen -, well mer och net nëmmen der Meenung sinn, mä iwwerzeegt sinn, datt mer och en anere Modell brauchen, e Modell, dee virun allem sozial gerecht ass.

Vläicht e puer Punkten zu där Kritik, datt d'Ausschaffen iwwerstierzt an deene leschte Wochen oder Méint geschitt wier. Ech kann déi Reprochen net akzeptéieren.

Zum enge wëll ech nach eng Kéier dat widderhuelen, Här President, wat ech elo virun zwou Minutte gesot hunn, datt een éischtens au départ - wann een eng Kéier d'Subside reforméiert huet 2010 -, hätt missen direkt en uerdentleche Projet brénge, respektiv war och nach d'lescht Joer en halleft Joer Zäit. Nëmme fir ze soen, datt eigentlech d'CSV während Joren Zäit gehat hätt, fir en uerdentleche Projet op den Dësch ze leeën!

Mä och hei: Déi Aarbecht hu mer en bonne âme et conscience gemaach. Et sinn eng ganz Rei Gespréicher gefouert ginn, net nëmmen an der Chamber, och de Minister, d'Statssekretären hunn dat gemaach! Wann dat och heiansdo hannert zouen Diere war, datt net all Kéiers d'Press virun der Dier stoung, mä där sinn der ganz vill gemaach ginn. Den Dialog huet bestanen.

Mir hunn an der Chamber d'Pétitionnairen empfaangen. Mir hunn an der Chamberskommissioun vun den Héichschoulen - wat eigentlech relativ exceptionnel ass - och eng ganz Rei Jugendorganisatiounen, déi d'Studente vertrieden, empfaangen, mat hinnen eng ganz konstruktiv Diskussioun gehat, och hei am Parlament, wat also exceptionnel ass, wat mer praktesch bei kengem anere Projet maachen. Mir waren op fir Verbesserungen. De Minister war op fir Verbesserungen, mir an der Chamber och. Et war eng konstruktiv, eng gutt Zesummenaarbecht op ganz ville Plazen. An dat, wat derbäi erauskomm ass, gëtt jo och op enger Rei Plaze begréisst, och bei deenen, déi d'Studente vertrieden.

Ech wéilt hei eleng aus dem Communiqué vun der leschter Woch vun der - wat awer a mengen Aen d'Haaptstudentevertriedung de Moment ass - ACEL kuerz virliesen. Hei also dann aus dem Communiqué den Ofschloss:

„Déi lescht Amendementer, déi vun der Regierung gemaach gi sinn, begréisse mir integral. Virun allem, dass de Revenu imposable gekuckt gëtt fir déi sozial Bourse an dass de Student per Niewenjob bis eemol de Mindestloun ka verdéngen, sinn an eisen Ae gutt Ännerungen.

Et ass e Beweis dofir, dass sech d'Dialogbereetschaft an déi konstruktiv Kritik vun der ACEL och an dësem Fall nees bewäert hunn. Mir kruten d'Méiglechkeet, eis un der Entwécklung vum Gesetzesprojet ze bedeelegen", ech widderhuelen nach eng Kéier, „Mir kruten d'Méiglechkeet eis un der Entwécklung vum Gesetzesprojet ze bedeelegen, an eis Virschléi sinn och an de Gesetzesprojet mat agefloss, wéi ee ka gesinn, wann een deen amendéierten Text mat eise Fuerderunge vum 2. Abrëll vergläicht."

Esou vill also zu de Meenungen, wéi verfuer ginn ass an där ganzer Prozedur.

Ech muss och soen, och an der Chamber hate mer jo eng Rei Sitzungen. Et ass eng gewëssen Urgence do. Dat ass awer net nei, datt mer awer dat schonn an der Vergaangenheet oft haten, an d'Deputéiert wëssen - dat ass hiren Haaptjob -, datt een och emol eng Kéier kann zwou Kommissiounssitzungen an der Woch hunn, dat ass keen Drama. Et ginn heiansdo esou Dossieren, dat ass net nëmmen an där Kommissioun, mä och an anere Kommissiounen - ech denken zum Beispill un d'Finanzkommissioun -, wou dann heiansdo méi schnell ebe muss geschafft ginn. Awer all déi Awänn oder respektiv déi Amendementer sinn och an der Kommissioun diskutéiert ginn. Och do wäert ech nach eng Kéier duerno drop zréckkommen.

Mir haten also vill Réuniounen, et war vill Dialog a mir sinn op vill Saachen agaangen. An dee Résumé vun der ACEL hei seet jo vläicht am beschten, wéi dat dann och dobausse vun de Studente respektiv vun der aktueller Studentevertriedung opgeholl gëtt.

Ech wëll eigentlech och an deem Kontext - ech hat et nach net gemaach, Här President, well ech mat deem Zitat wollt virdrun ufänken aus der Zeitung „Für Wahrheit und Recht" - awer nach der Rapportrice Merci soen, déi och Presidentin vun der Kommissioun ass, fir hir vill Aarbecht, fir hire Rapport, awer och wéi se déi Kommissioun geleet huet a wéi mer do op eng flott Aart a Weis geschafft hunn. A wann et emol eng Kéier iwwert den normalen Horaire erausgaangen ass, si mer och nach mat Bréidercher gutt zerwéiert ginn.

Här President, d'Demokratesch Partei steet zu deem neie Modell, dee mer haut hoffentlech hei wäerte stëmmen. En ass opgedeelt - ech ginn net an d'Detailer, wëll et awer nach eng Kéier kuerz rappeléieren - a véier Tranchen: eng Prime oder e Subside de base. Da kënnt eng Prime derbäi fir d'Mobilitéit, dat ass fir eis nach wie vor wichteg. Et ass net verbueden - dat ass och interessant - fir hei zu Lëtzebuerg ze schaffen, mä nach si mir frou, förderе mer dat, wann een an d'Ausland studéiere geet, fir säin Horizont opzemaachen. An och do weess ech, datt dat awer, mengen ech, d'Unanimitéit hei op de Bänken ass, datt dat soll gefërdert ginn.

Mir hunn och eppes agefouert no den Diskussioune mat de Studenten, wat dann deen Deel „critère familial" ass. Wann een also zu zwee Studenten, zum Beispill, oder méi Studenten an därselwechter Famill studéiere geet, kritt een och nach eng Kéier e Plus vu 500 Euro.

An dann ass dat, wat fir eis ganz wichteg ass, dat ass déi lescht Tranche, fir se emol esou ze nennen, dat ass déi Tranche, wou mer déi sozial Selektivitéit erabréngen. Dat ass fir eis e fundamentale Punkt, ech wäert och herno nach eng Kéier dorobber zréckkommen, wann ech iwwert d'Amendementer schwätzen. Dat ass fir eis wichteg. Déi Studenten, déi et méi brauchen, solle méi gehollef kréie wéi déi, déi et manner brauchen, wou d'Elteren déi méi breet Schëlleren hunn - d'CSV schwätzt jo gäre vun deene breede Schëlleren -, déi kënnen och da vläicht méi en Effort maachen, fir hire Kanner ze hëllefen, wa se studéiere ginn.

An nach eppes muss ee soen: Eise System hei, dee bleift, géif ech soen, net nëmmen dee grousszügesten an Europa, dee bleift sécherlech ee vun deene grousszügesten Hëllefssystemer fir d'Studenten op der ganzer Welt.

Ech hu versicht, emol déi eng oder déi aner Saachen ze vergläichen. Et ass effektiv net ëmmer esou einfach. Et freet een och seng Kanner, déi am Ausland studéieren, déi do mat belsche Studenten diskutéieren. Déi froe se: „Wat kriss du?" Oder a Frankräich oder an Däitschland. An 99% vun de Fäll sinn do am Ausland Studenten, déi net „manner" kréien, mä déi wierklech „vill manner" kréien. Mir behalen en enorm grousszügege System.

A wann elo de Student vun Thionville, deem seng Elteren hei zu Lëtzebuerg schaffen, de Choix huet zwëschen dem franséische System an dem lëtzebuergesche System, ech kann lech soen, de Student vun Thionville, deen zéckt net eng Sekonn, fir de Choix ze maache fir de lëtzebuergesche System, fir déi lëtzebuergesch Bäihëllefen!

Da gëtt vill geschwat vun dem onofhängege Student: d'Autonomie. Och do solle mer eis awer elo näischt virmaachen. Dat gëtt op e Podest gehuewen, wat awer an der Realitéit ni de Fall war an och net elo kann de Fall sinn. Ech ginn nëmmen eleng... Wann een et reng legal, juristesch kuckt, kann een do schonn argumentéieren, wann een de Code civil hëlt - ech hunn hei och eppes, wou eng Kéier an engem Editorial vum Annette Duschinger eng flott Analys war -, dann zitéieren ech nach eng Kéier de Code civil:

«Si l'obligation d'entretien et d'éducation prend fin, en principe, à la majorité des enfants, les parents demeurent cependant tenus de leur donner, même au-delà de la majorité, les moyens de poursuivre des études destinées à les préparer à la profession qu'ils entendent embrasser, à la condition toutefois qu'ils se révèlent aptes à les poursuivre.»

Also éischtens steet et am Code civil, mä och doriwwer eraus musse mer wëssen, datt dat e schéint Bild ass, dat een dohinnerstellt, mä dat awer eigentlech ni komplett méiglech ass - dat war och fréier net méiglech! Maache mer eis näischt vir, och fréier, mam System vum Kannergeld, war dat net méiglech. Et waren ëmmer zousätzlech Fraisë, wou entweder de Student dann nach schaffe gaangen ass, niewebäi jobbe gaangen ass, e Prêt krut oder wou d'Elteren ebe gehollef hunn.

An dat ass och net mat deem Modell vun 2010 méiglech gewiescht, och do ass et net duergaangen, fir absolut alles ze bezuelen. Dat ass och elo net méiglech mat deene Proposen, déi d'CSV mat hiren Amendementer gemaach huet oder aner Deputéiert, déi vläicht nach herno Amendementer eraginn. Och mat deene Systemer wier dat net méiglech.

Mir sollen net vergiessen, hei handelt et sech weiderhin ëmmer ëm Bäihëllefen: „Beihilfen"! Et geet net drëms - dat ass ni de Sënn gewiescht -, fir integral all d'Fraisë vun de Studente kënnen ofzedecken.

Et sinn elo Etüde gemaach ginn, fir d'Liewenshaltungskäschten an deene verschiddene Stied an Europa ze ënnersichen. Dat ass sécherlech eng interessant Etüd. An ech mengen, et ass och do, wou mer - dat ass eng aner Problematik, déi och drunhänkt - hei zu Lëtzebuerg vläicht net genuch Zuelen hunn iwwer alles dat, wat zu den Héichschoulstudie gehéiert, esou datt mer do also och mussen Efforte maachen.

De Claude Adam wäert herno och eng Motioun dozou erabréngen, déi mir natierlech och voll ënnerstëtzen. Mir haten och schonn deemools - wann ech mech kann erënneren, 2010, Här President, hat den Här Adam och esou eng ähnlech Motioun erabruecht - mat ënnerschriwwen, datt mer bessert Zuelematerial brauchen, net nëmmen an eisem Schoulwiesen, mä och am Héichschoulwiesen.

Dat sinn interessant Zuelen, déi do erauskommen. Mä et kann een awer elo net erwaarden, wann d'Käschten esou héich sinn an deene Länner oder an deene Stied, datt de Stat dann integral dat alles iwwerhëlt. Dat ass eng Illusioun. Ech mengen, et war de Marc Ruppert vun der JDL, dee gesot huet: „De Stat kann net eng eierlegende Wollmilchsau sinn." E kann net Eeër leeën, Woll hunn an och nach Fleesch vun der Sau an och nach Mëllech ginn! Dat ass hei wierklech net dat, wat mer kënnen ustriewen. Et bleiwen ëmmerhi Bäihëllefen.

Den Effort vun de Studenten, déi e klengen Job emol maachen, ass eventuell gefuerdert, wat och näischt Negatives ass. Am Ausland kennt ee ganz vill Studenten, déi dat och elo nach ëmmer maachen, fir ebe kënnen hir Studie mat ze finanzéieren - och fréier hei zu Lëtzebuerg!

Virdrun huet mäi gudde Frënd, den Edy Mertens, gesot: „Jo, wéi hunn ech et da fréier gemaach, fir kënne studéieren ze goen?" Dat ass eppes, wat ëmmer en Deel, praktesch eng Partie intégrante vum Studenteliewe war. Fir méi no un déi Autonomie ze kommen, geet een dann och nach vläicht jobben. Dat ass elo net onbedéngt d'Konditioun, mä dovunner gëtt een net méi domm, do léiert een och Beruffserfahrung. Dat ass souguer herno gutt, wann een dat an engem CV huet.

Dëst einfach, fir nëmmen ze soen: Kommt, mir ginn eis net där Illusioun hin, mir kéinten déi absolut Autonomie - finanziell Autonomie souwéisou net - vun engem Student garantéieren oder de Stat misst déi bezuelen. Dat kann et am Endeffekt net sinn. An eben och esou, datt et - net nëmmen iwwert de Code civil, mä awer och doriwwer eraus - déi moralesch Verflichtung ass, datt d'Elteren och en Deel dozou bäidroen.

An och nach, fir e lescht Wuert zu där Etüd do - bon, eng kleng Etüd, déi lancéiert ginn ass, déi een awer nach muss verfeineren - ze soen: Dat heescht jo, wann déi Käschten esou héich si fir d'Lëtzebuerger Studenten, da sinn déi Käschten och esou héich fir déi Studenten am Ausland. Wéi maachen et dann eis franséisch Studenten a Frankräich? Well déi hu jo déiselwecht Käschten an do sinn d'Elteren der awer oft, déi manner verdéngen. Wéi maache se et an England? Wéi maache se et an Däitschland? An esou weider.

Et kéint een héchstens op eng Iddi kommen, datt ee seet: Dann huele mer eng Moyenne vu ganz Europa, wéi vill do d'Stied kaschten, an dann huele mer eng Moyenne vun all de Subsiden, déi een an Europa kritt, an da leeë mer et esou fest. Also et ass eng Pist, déi interessant ass, fir en Opschloss ze kréien. Et kann awer net d'Konklusioun sinn, well déi eenzel Stied esou vill kaschten oder d'Moyenne an Europa esou ass, datt mer dat dann och mussen integral bezuelen.

Och de Choix vun de Studie wäert bestoe bleiwe mat deem neie System. Dat ass net a Fro gestallt. An och hei muss ee soen, datt och d'Responsabilitéit vun de Studente gefrot ass. Et kann een déi eng oder déi aner Studien op verschiddene Plaze maachen. Do wäert da wahrscheinlech och de Student kucken, mat deene Moyenen, déi en huet, iwwert d'Bäihëllefen, iwwert dat, wat d'Eltere vläicht bäileeën, iwwert dat, wat hie selwer wëllt derzou bäidroen, wou e säi beschte Choix dann ebe mécht.

Ech mengen, wichteg ass, datt dee Choix net agëengt ass, mä datt eben do vläicht d'Responsabilitéit vum Student dann och méi gefuerdert ass. Et verhënnert och net, datt een hei zu Lëtzebuerg studéiert, au contraire.

Da war déi Diskussioun, ob dann elo net deen désavantagéiert ass vun do uewen aus dem Norden, deen eventuell op Belval - wann da Belval endlech opgeet - wëllt studéiere goen - datt deen awer kéint en Désavantage hunn. Mä do huet jo och den Héichschoulminister, d'Regierung gesot, datt se Efforte wäerte maachen, fir da méi Studentesubside kënnen ze hunn (veuillez lire: fir da méi Studentewunnengen unzebidden).

Dann och déi Vergläicher, déi do gemaach ginn elo. Da gëtt elo pauschal gesot, mat deem neie System hätt jiddwereen 2.000 Euro manner. Dat ass falsch! Dat sinn eenzel Fäll, wou ee muss soen, wou d'Elteren iwwer 8.600 Euro de Mount verdéngen - do kommen esou Fäll. Mä awer de Gros vun de Fäll, 75% - de Minister kann dat herno vläicht nach eng Kéier preziséieren - kréien net onbedéngt manner oder net déi 2.000 Euro manner, wéi dat ëmmer esou pauschal duergestallt gëtt. Hei vergläicht een eppes, wat eigentlech net ze vergläichen ass.

Da gëtt och nach gesot, hei géif gespuert ginn um Bockel vun de Studenten, um Bockel vun der Zukunft an esou weider. Och do hunn ech meng Schwieregkeeten, fir dat ze akzeptéieren.

Et muss ee wëssen, datt mer hei zu Lëtzebuerg eis Suen natierlech mussen esou verwalten, datt mer lues a lues an eise Budgetséquiliber kommen, an datt dat eigentlech och awer eng Opstellung ass fir d'Zukunft, well mer also musse mat eise Suen esou ëmgoen, datt och nach eppes fir déi Nächst bleift. Well wann een hei an eng Logik geet, wou een nëmmen d'Sue mat der Schëpp zur Fënster erausgeheit, dann huet vläicht hei eng Generatioun oder e puer Joergäng hunn e Benefiss dovunner, mä déi hannendrun duerno… (veuillez lire: mä déi hannendrun duerno guer näischt méi). Mat wat bezuele mer dat dann, wa mer keng Suen da méi hunn?

Et muss een also och drun denken, datt iergendwann eng Kéier muss zréckbezuelt ginn. An och déi Suen, déi mer elo méi verdeelen, muss een aneren och bezuelen; musse mir mat eise Steiersue bezuelen.

An ech wëll awer och méi generell soen, datt een déi Duerstellung, datt elo géif un der Schoul gespuert ginn oder bei de Studente gespuert ginn, och net kann do stoe loossen. Hei zu Lëtzebuerg investéiere mer weider ganz vill Montanten an d'Universitéit, an d'Schoul, a mir wëllen einfach hei kucken, datt mer hei net alles op eng Kéier ausginn an e puer Joer. Hei wëlle mer och nach eppes hale fir déi Generatiounen duerno.

Ech mengen, dat ass och eppes, wat wichteg ass, datt mer also hei net spueren um Bockel vun der Zukunft, mä mir denke viraus. Mir kucken, datt och nach eppes fir déi Zukünfteg (veuillez lire: fir déi zukünfteg Generatioun) do ass, datt déi dann och nach eppes Klenges hunn an datt net elo alles verbrode gëtt.

An eng lescht Reflexioun zu deem Thema, dat ass, datt een awer och muss wëssen, datt net all Jugendleche studéiere geet. Et sinn och Jugendlecher, déi eng Formation professionnelle maachen, déi schaffe ginn, déi Steiere bezuelen. Et muss een also och wëssen, datt do eng gewësse Solidaritéit da muss bestoen. Et muss ee sech also bewosst sinn, datt, wa mer hei méi Suen ausginn, da sinn dat mir, déi dat bezuelen, awer och déi aner Jonk, déi net studéiere ginn, déi da musse méi Steiere bezuelen eventuell, fir dat kënnen ze finanzéieren. Ech mengen, och hei muss een also de Solidaritéitsgedanken am Hannerkapp hunn.

Här President, ech kommen zu den Amendementer vun der Oppositioun, der CSV. Ech sinn nach wie vor der Meenung, datt se déi Amendementer ganz spéit erabruecht huet. Ech hunn et virdru schonn eng Kéier gesot: Si haten eigentlech jorelaang Zäit, wéi se an der Verantwortung waren, e gutt Gesetz ze schreiwe respektiv do déi néideg Amendementer eranzebréngen. An ech mengen, et ass elo da wierklech um eng Minutt virun zwielef, wou d'CSV mat hire Propose kënnt.

Ech muss soen, dat ass zwar trotzdeem eng gutt Saach. Endlech - endlech! - kréie mer en „débat des idées" hei an der Chamber. D'CSV ass déi lescht sechs Méint net midd ginn, fir ze soen, mir géifen net schnell genuch schaffen. Elo schaffe mer schnell, dann ass dat net gutt. A si huet ëmmer gesot, mir géife keng Propose maachen - elo maache mer Proposen! -, a mir hu gesot, Dir hätt keng Géigepropose fir ze maachen - wat Der och bis elo net bruecht hutt -, an dat hei ass eigentlech déi éischt Géigepropos, déi Der maacht.

Also ech fannen dat u sech gutt, ech hu mech eigentlech drop gefreet, datt dat elo endlech kënnt, fir datt mer da kënnen eis Iddie vergläichen: Wat proposéiert d'CSV, wat proposéiert d'Majoritéit, mat deenen Iddien, wou och d'Demokratesch Partei hannendrusteet.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mir hätten eis natierlech…

M. Eugène Berger *(DP).*- D'CSV…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- …eng méi laang Diskussioun erwaart!

M. Eugène Berger *(DP).*- D'CSV proposéiert graff am Résumé dat hei: D'Basistranche, déi geet an d'Luucht, an d'Prime vun der sozialer Selektivitéit, déi geet erof. Dat ass am Résumé dat, wat d'CSV proposéiert.

An anere Wierder: Si wëll weider mat der Strenz fueren, déiselwecht Logik, déiselwecht Method, mat där se eigentlech elo buede gaange war - on ratisse large -, dat wëll se also elo nach eng Kéier mat Amendementer - ils insistent -, fir nach eng Kéier deeselwechte Prinzip hei ze hunn.

Ob een als Elteren 10.000 oder 15.000 Euro de Mount huet oder 1.800 Euro de Mount, jiddweree soll do datselwecht kréien, ondifferenzéiert. An hannen, déi mat de Primes sociales, deenen et also manner gutt geet, déi solle kucken, datt se eens ginn. Keng Spur vu sozialer Selektivitéit! Wou bleift do eigentlech dat soziaalt Häerz vun der CSV? Den Här Spautz, de President vun der Partei, ass am Wahlkampf net midd ginn, iwwerall hinzegoen an ze soen: „Mir wëlle sozial Selektivitéit." Hei hu se Amendementer, wou se eigentlech géint d'sozial Selektivitéit ginn.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dat ass net richteg!

M. Eugène Berger *(DP).*- Hei fuere se erëm eng Kéier...

Dach! Här Spautz, liest Är Amendementer selwer.

(Interruptions)

Hei fuert Der erëm eng Kéier mat der Strenz...

(Brouhaha)

Hei fuert Der erëm eng Kéier mat der Strenz! Här President...

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dir hutt der Madame Hansen net nogelauschtert.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat ass de Prinzip vun der Autonomie vum Student. Dee misst Der vläicht dann och eng Kéier ënnersträichen.

M. le Président.- Wann ech gelift, wann ech gelift!

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, ech hu laang a breet iwwert d'Autonomie geschwat! Hei ass dat, wat eis fundamental ënnerscheet. Dat ass den „débat des idées", deen ech also gutt fannen. Dir wëllt d'sozial Selektivitéit hei erëm mat Ären Amendementer ofschaffen. Mir si fir d'sozial Selektivitéit bei de Studenten. Déi, déi et méi brauchen,...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Also, mir ënnerstëtzen déi richteg sozial...

M. Eugène Berger *(DP).*- ...déi solle méi kréien.

(Interruption)

Dat ass kloer e Modell, dee mir oflehnen. Duerfir hu mer d'Amendementer ofgelehnt, net well mir elo d'Majoritéit sinn an Dir d'Oppositioun. Dat ass dat, wat eis ënnerscheet.

A mir stinn op alle Fall dozou, datt mir wëllen, datt déi, déi et méi brauchen, et solle kréien, an déi, déi et manner brauchen, datt déi vläicht selwer kënnen en Effort maachen - dat, wat Dir ëmmer genannt hutt „déi breet Schëlleren".

Mir sinn der Meenung zum Beispill, datt déi, déi iwwer 8.000 oder 9.000 Euro de Mount verdéngen, datt dat liicht méi breet Schëllere sinn, datt déi e klengen Effort méi kënne maachen, fir hir Kanner ze ënnerstëtzen, wa se studéiere ginn.

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Dat ass net richteg, Här Berger. Eis sozial Kritäre si vill méi sozial wéi Är!

M. le Président.- Sou, et huet nëmmen den Här Berger d'Wuert! Et ass nach genuch Riedezäit do, fir herno nach Stellung ze bezéien. Här Berger, an Dir riicht lech un d'Chamber wann ech gelift.

M. Eugène Berger *(DP).*- Natierlech, Här President, dat maachen ech ëmmer gären.

Ech kommen nach op en zweete Punkt vun den Amendementer vun der CSV zréck, dat ass deen, fir de Leeschtungsprinzip anzeféieren.

Jo, dat ass richteg, déi fréier Héichschoulministesch hat dat zitéiert. Ech sinn och nach haut als Liberalen der Meenung, datt ee soll kucken, fir e Kritär vu Leeschtung mat eranzebréngen. An an där Propos, déi d'Regierung..., oder an deem Text, deen d'Regierung ausschafft huet, ass deen och nach dran. Do ass nach dran, datt ee muss an engem gewëssen Zäitraum - souwuel de Bachelor oder de Master oder déi zwee zesummen - kënnen absolvéieren. Do ass also kloer de Leeschtungsprinzip och dran.

Et ass net einfach. Mir hunn do och bei eis an der Fraktioun laang iwwerluecht, wéi ee kéint nach en anere Modell fannen. Mä dee Modell, deen d'CSV proposéiert, do hunn ech awer eng ganz Rei Schwieregkeeten domadder, well een einfach net kann ee Studiegang mat deem anere vergläichen, heiansdo innerhalb vun engem Land respektiv iwwer Länner eraus.

Mir hunn zum Beispill e System an Däitschland, wou eigentlech d'Proffen op den Unien heiansdo insistéieren, aus enger Rei Grënn, fir méi laang - zum Beispill fir de Bachelor - wéi dräi Joer - ech soen dräi Joer, oder esou vill Semesteren - ze studéieren: datt dat och eigentlech gutt ugesinn ass an datt een doduerjer net e schlechte Schüler ass oder e schlechte Student, wann een do zum Beispill méi laang dat mécht.

An, wéi gesot, ech mengen, datt een och net einfach kann déi eng Studie mat deenen anere vergläichen an deenen eenzelne Länner, datt dat also e Modell ass, deen herno och géif zu Ongerechtegkeeten a mengen Ae féieren.

Och muss ee soen, datt een déi Prime do, déi Dir géift proposéieren, eventuell och eréischt zum Schluss géif kréien, wann een dann d'Studien an engem gewëssen Zäitraum ofgeschloss hätt, datt een also déi Suen och am Ufank net hätt an datt et do och keng - wéi soll ech soen? - Planungssécherheet géif zousätzlech ginn.

Här President, ech hunn hei versicht, op e puer Awänn anzegoen an och nach eng Kéier kloer duerzestellen, wéi d'Positioun vun der DP zu dësem Projet ass.

Nach eng Kéier: Mir stinn hei zu deem Projet, well e wierklech fir eis eppes Wichteges, eppes fundamental Wichteges aféiert, dat ass de Prinzip vun der sozialer Selektivitéit: deene méi hëllefen, déi et brauchen, an deenen „breede Schëlleren" vläicht och e klengen Effort méi froen.

An ech mengen, et ass esou, datt mer och haut da schlussendlech dat kënnen ofschléissen, woumat mer eis eigentlech vill ze laang hu misse beschäftegen, praktesch en halleft Joer, a mir wiere frou gewiescht, wann dat scho virdru gewiescht wier.

Wann ech elo nach eng Kéier hei vun der Madame Gantenbein deen „Mist, der angezettelt wurde" aus dem „Lëtzebuerger Wort" géif zitéieren, da kéint ech eigentlech elo als Konklusioun soen: Mir hunn dann elo de Stall, den „Miststall ausgemistet"!

Ech sinn op alle Fall frou, datt mer esou schnell konnte schaffen, datt mer intensiv geschafft hunn - jo, well dat muss och en Deputéierten heiansdo kënne maachen -, datt mer am Dialog geschafft hunn, datt déi Haaptstudentevertrieder also eis Proposen och mat amendéiert hunn, datt si konnte mat diskutéieren, datt mer och hinnen, hiren Awänn konnte Rechnung droen an datt mer et also dann elo kënnen ëmsetzen an datt mer dat maachen net op d'Käschte vun den zukünftege Generatiounen, mä grad fir déi zukünfteg Generatiounen, fir datt och nach eppes fir déi iwwreg bleift.

An deem Sënn bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet an.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Nächst Riednerin ass d'Madame Taina Bofferding fir d'LSAP. Madame Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, als Éischt wëll ech der Madame Beissel villmools Merci soe fir hiren ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. D'Reform vun de Studiebäihëllefen ass keen einfachen Dossier. Ech muss awer soen als en Neit hei am Haus: Et ass e ganz interessanten Dossier, fir sech an d'Matière eranzeschaffen.

Dass eng gutt Ausbildung wichteg ass, dorobber wëll ech a menger Interventioun elo net agoen, well ech mengen, doriwwer si mer eis alleguerten eens, dass mer gutt an héich qualifizéiert Leit hei brauchen. Wien awer fir d'Studium soll opkommen a wéi déi staatlech finanziell Hëllef soll ausgesinn, doriwwer ginn d'Meenungen auserneen.

Viru véier Joer hat den deemolegen CSV-Héichschoulminister François Biltgen eng Reform op d'Schinne bruecht, mat där e Paradigmewiessel an der Berechnungsbasis vun der Ënnerstëtzung fir d'Héichschoulstudien ugestrieft ginn ass, esou dass e Jonken, onofhängeg vun der Hëllef vu sengen Elteren, d'Käschte vu sengem Studium selwer droe kann.

An der Debatt zum Projet de loi 6148 hei an der Chamber huet den deemolegen LSAP-Spriecher, de Ben Fayot, dee jo schonn zitéiert ginn ass, vun engem „modernen a sozial fortschrëttleche Modell fir Studenteférderung" geschwat. Et war majoritär festgehale ginn, dass de Student net méi als Kand zulaaschte vu sengen Elteren ze gesinn ass, mä als „autonomen a selbststännege Bierger" mat senger eegener sozialer, familiärer a finanzieller Situatioun.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Un der Aféierung vun der Autonomie vum Student ass näischt auszesetzen. De System, deen och méi Fräiheet versprécht, wierkt a senge Grondgedanke positiv. Ëmmerhin ass d'Schafung vun engem Grondakommes fir Studenten enger aler UNEL-Fuerderung aus de 50er a 60er Joren, fir de Student als „autonomen intellektuellen Aarbechter" ze betruechten, entgéintkomm, souwéi och der Juso-Fuerderung vun der „allocation autonomie".

An awer hat dat Gesetz e batteren Nogeschmaach, andeems deene Jonken Autonomie op d'Käschte vun de Frontaliere versprach ginn ass. Räich Haushalter sinn entlaascht ginn op d'Käschte vun de Grenzgänger, déi weder Kannergeld nach Studiebäihëllefe sollte kréien. De sozialen Zesummenhalt an d'Gläichberechtegung bei de Leit, déi hei am Land Steieren a Sozialbäiträg bezuelen, ass nei definéiert ginn.

Nu kënnt Der mer soen: „Meedchen, pass op mat denger Kritik, du sëtz am Glashaus. Schliisslech huet deng Partei d'Gesetz matgestëmmt." Jo, dat ass richteg. Obwuel, an dat muss een och hei soen, et war de Sozialiste bei der Iddi ni ganz wuel, dass d'Frontaliere beim Kannergeld wéi eben och bei de Studiebäihëllefe sollten ausgeschloss ginn. Den deemolege Minister, dee jo och haut iwwregens Riichter um Europäesche Geriichtshaff ass, huet ëmmer erëm betount an ëmmer nees verséchert, dass dat ganzt Gesetz waasserdicht wier an allen europäesche Gesetzer a Regele géif standhalen.

Net vergiesse soll een, dass dem Här Biltgen seng Reform als Kompensatiounsmoossnam vum deemolege Finanzminister duergestallt gouf fir d'Sträiche vum Kannergeld fir Studenten. Mat dëser Spuermoossnam sollte 40 Milliounen agespuert ginn.

Dës Reform huet mech deemools als JSL-Presidentin, zesumme mat menger Équipe, dozou beweegt, géint d'Gesetz ze mobiliséieren. A mir haten deen Dag virum Vote - virun der Chamber war dat dann - dem Här Biltgen eng Zensur iwwerreecht, mat där mer em eng Datz ginn hunn, well mer fonnt hunn, wa mir mat esou vill Konfusioun an Onkloerheeten an eis Exame gaange wieren, da wiere mer mat Sécherheet duerchgefall.

A mir sollte recht behalen. Mir hunn eis Exame gepackt, mä de Minister war duerchgefall. Den Europäesche Geriichtshaff huet nämlech an engem Uerteel vum 20. Juni 2013 festgehalen, dass dës Reform d'Kanner vu Grenzgänger diskriminéiert an dass déi awer genausou wéi all Kand vun Elteren, déi hei am Land schaffen a wunnen, och missten an de Genoss vun esou Studiebäihëllefe kommen.

An dat ass net méi wéi richteg, well schliisslech contribuéieren och si zu eisem Wuelstand hei am Land. Dass et zu Kloe komm ass, dat ass net de Gewerkschaften hir Schold, mä éischter muss sech d'Fro gestallt ginn, firwat den deemolege Minister et net fir néideg fonnt huet, e Plang B auszeschaffen, spéitstens nodeems jo awer kloer war, dass d'Gesetz net konform zum EU-Traité war.

Dat huet och dem Här Biltgen seng Nofolgerin op enger Pressekonferenz bedauert, dass si keng Léisung, fir net ze soen, keen Text am Tirang vum Ministère fonnt huet. D'Ofännerungen, déi doropshi vun der deemoleger Ministesch Martine Hansen virgeholl goufen, hunn zwar dem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff Rechnung gedroen, hu sech awer als e Faass ouni Buedem entpuppt a sinn deemno alles aneschters wéi eng nohalteg Reform, well eigentlech näischt aneschters gemaach gouf, wéi déi geltend Regelen op d'Grenzgänger auszedehnen, ouni sech awer d'Fro ze stellen, wat dat op laang Siicht fir déi budgetär Situatioun an, domadder verbonnen, fir dee ganze System vun de Studiebäihëllefe géif bedeiten. Dunn, wéi deen nächste Minister an den Héichschoulministère agezunn ass, huet och deen am Tirang kee Plang fonnt.

Elo awer, wou déi nei Regierung e Projet virgeluecht huet, deen équilibréiert ass, deen deene verschiddene Virgabe Rechnung dréit an och rechtlech standhält, spuert d'CSV awer net mat Kritik a mat wann och vläicht nach gutt gemengten Amendementer a gudde Rotschléi. Trotzdeem, och hei stellt sech erneit d'Fro: Firwat huet net d'CSV dunn, wéi se d'Méiglechkeet hat, et direkt selwer an direkt richteg gemaach?

Elo ass awer endlech en neit...

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Well d'LSAP d'lescht Joer scho gebremst huet.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- A mir sinn och schold drun, dass Neiwahlen...

Mme la Présidente.- D'Madame Bofferding huet eleng d'Wuert. Dir kënnt herno schwätzen.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- ...komm sinn, an d'Neiwahle ware schold. Jo, mir kennen dat.

Elo ass endlech en neit Gesetz ausgeschafft ginn. Dass déi zoustänneg Chamberskommissioun huet missen en Zant bäileeën, ass nëmme logesch, fir dass d'Studente fir d'Rentrée wëssen, wou se dru sinn a mat wéi enger staatlecher Hëllef se kënne rechnen. Mir hate vläicht e strammen Tempo an der Héichschoulkommissioun, mä dass d'Reform awer iwwert de Knéi gebrach ginn ass a keng Zäit gewiescht wier, fir eng seriö Diskussioun ze féieren, dat ass awer esou net richteg.

An ech sinn dach iwwerrascht vun der CSV-Riednerin, déi ëmmer erëm behaapt, et wier ze séier gaangen. Ech wëll just nach eng Kéier hei drun erënneren, dass, wann Är Partei 2010 respektiv 2013 hir Hausaufgabe gemaach hätt, da wier eis vill Zäit a vill Kappzerbrieches erspuert bliwwen. Well ëmmerhin ass et Är Ierfschaft, déi dës Regierung hei kritt huet, wéinst där mer elo derfir musse suergen, en nohaltege System op d'Been ze stellen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Deene Kritikpunkten, déi d'Sozialisten zum initiale Gesetzestext haten, deenen ass Rechnung gedroe ginn. Esou goufen zum Beispill d'Gruppenandeelunge vun der sozialer Bourse nogebessert an d'Montanten erhéicht. Mir begréissen och, dass et keng Altersgrenz méi gëtt an dass jiddwereen zu egal wéi engem Zäitpunkt a sengem Liewen e Studium kann ufänken an dass de Stat en dobäi ënnerstëtzt, ganz am Sënn vum „lifelong learning".

Och wichteg ass et, dass d'Studenten, déi enger regulärer Aarbecht noginn, net vum Bourssesystem ausgeschloss sinn, soulaang se net méi wéi 3,5-mol de Mindestloun verdéngen, wat fir eis e ganz räsonabele Kritär ass. Wichteg ass fir eis och, dass de Begréff vum „travailleur" elo méi kloer definéiert ass, dass Persounen drënnerfalen, déi zum Beispill an engem Congé parental sinn, eng Pensiouns- oder eng Invaliderent bezéien oder op der Sich no Aarbecht sinn.

Mat der nei agefouerter Allocatioun, baséierend op de soziale Kritären, gi virun allem d'Kanner aus finanziell schwaach gestallte Familljen zousätzlech ënnerstëtzt. De Maximum läit bei 3.000 Euro a soll deenen zeguttkommen, bei deenen de Ménage, zu deem de Student gehéiert, aus eegenen Efforten de Student finanziell net kann ënnerstëtzen. Déi meescht Elteren hëllefen hire Kanner och gären, mä net ëmmer sinn d'Suen do, fir dat ze maachen. A genau op déi muss de Stat méi opmierksam sinn.

Als fair emfënnt d'LSAP, dass beim Berechne vun dëser Bourse de Revenu imposable vum Ménage geholl gëtt. Et gëtt e méi richtegt Bild vum Stot of, deem de Student ugehéiert. D'Handhabung, zum Beispill einfach déi dräi lescht Méint vum Salaire als Moossstaf ze huelen, wier ongerecht gewiescht. An och de Familles nombreuses gëtt mat der Familljebourse Rechnung gedroen. Déi staatlech Ënnerstëtzung ass als Kompensatioun ze considéréiere fir déi Belaaschtung vum Stot duerch de Fait, dass e Kand en Héichschoulstudium mécht.

Fir eis Sozialiste besteet déi sozial Gerechtegkeet net doranner, dass mer jiddwerengem datselwecht ginn, mä dass déi, déi net esou vill hunn, méi gehollef kréien.

Une voix.- Très bien!

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Dat bedeit fir eis awer net, eng reng Almosepolitik ze bedreiwen, duerch déi nëmmen déi finanziell extrem schwaach Stéit vu Mesuren dierfe profitéieren, esou wéi d'CSV an engem Amendement gefuerdert huet, just deenen eng Sozialbourse ze accordéieren, bei deenen de Ménage eng Allocation de vie chère kritt.

Mir Sozialiste gesinn dat aneschters, well et sinn eben net nëmmen déi finanziell Schwächst, mä eben och ganz vill aner Stéit, déi op esou eng Hëllef kënnen ugewise sinn an déi och frou sinn, fir eng staatlech finanziell Ënnerstëtzung fir hir Studenten am Ménage ze kréien.

Fir d'LSAP ass wichteg, dass net de Portmonni driwwer décidéiert, ob ee ka studéiere goen. Mir gesinn de Stat an der Flicht, fir ze hëllefen.

Wichteg ass mam neie Gesetz och, dass weiderhin Handhabunge fir Spezialfäll, déi sougenannten „Härtefäll", méiglech sinn. Do si weiderhi Léisunge virgesinn, esou dass kee Student an der Loft hänke gelooss gëtt.

An elo huelen ech awer eng Schlupp Waasser, well ech hat haut wëlles, ouni Ënnerbriechung meng Ried duerchzezéien.

Mme la Présidente.- Huelt lech Är Zäit.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Ech gesinn, meng Kolleege kucke schonn, voilà, mäin Dokter...

Une voix.- Den Dokter ass do, an et sinn der souguer zwee do.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Elo kann näischt méi schifgoen. Gutt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Nächst ginn ech op d'Kritik an, dass d'Autonomie vum Student net méi ginn ass, well de Revenu imposable vun den Eltere geholl gëtt, fir de Montant vun der sozialer Bourse auszerechnen. Hei muss nach eemol d'Geriichtsuerteel erwähnt ginn, dass et esou eng Autonomie u sech guer net gëtt.

Une voix.- Genau.

Mme Taina Bofferding *(LSAP)*.- Dat kann een elo gutt oder schlecht fannen, mä esou wéi mäi Virriedner zitéieren ech och nach eng Kéier de Code civil, deen do ganz formell ass a seet, dass d'Eltere musse fir den Ënnerhalt an d'Éducatioun vun hire Kanner opkommen, och iwwert d'Volljäregkeet eraus, wa se nach an d'Schoul respektiv op d'Uni ginn. An an dësem Kader beweegt sech elo d'Politik.

Opgrond vu Kritiken, och vun de Studenten, goufen et Amendementer. Esou zum Beispill hunn déi Studenten, déi keng Sozialbourse kréien, well hir Eltere méi wéi fënnefmol de Mindestloun verdéngen, d'Recht op en zousätzleche Prêt, also de Maximalbetrag vun 3.000 kënne se nach herno accordéiert kréien.

Mat der Mobilitéitsbourse kritt all Student eng finanziell Ënnerstëtzung, wann en am Ausland e Studium mécht, en Atout, deen d'Lëtzebuerger Studenten ëmmer och opgrond vun hirer Méisproochegkeet haten an noutgedrongen och nach déi Zäit, wéi et keng Uni hei am Land gouf, mä deen elo och am Sënn vun eiser Gesellschaft a Wirtschaft onbedéngt muss bäibehalen an nach weider gefërdert ginn.

Dat verhënnert awer net, dass iwwer verschidde Situatiounen, esou wéi se sech a verschiddene Länner presentéieren - ech denken do besonnesch u Groussbritannien, wou d'Studiegebühre konstant an d'Luucht ginn -, dat verhënnert eben net, dass sech do kuerz- a mëttelfristeg Gedanken driwwer gemaach gëtt a Léisunge fonnt ginn, wéi een och kann nach vläicht herno néideg Upassungen am Gesetz virhuelen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Nu steet awer deene Studenten, déi hei am Land op d'Uni ginn an aus wéi engem Grond och ëmmer awer mussen eng eege Wunneng hei huelen, d'Mobilitéitsbourse net zou.

D'LSAP denkt awer, dass Studente mëttelfristeg an onofhängeg vum Gesetz iwwert d'Studentebourse eng zousätzlech finanziell Hëllef kéinte kréien duerch eng Subvention de loyer. A mir denken do konkret un de Projet de loi 6542. D'Zilgrupp vun dësem geplangte Gesetz si Ménagen, déi ënnert dem Seuil de faible revenu leien. Den 1. Januar 2013 waren dat zum Beispill 1.727 Euro fir eng Persoun, déi eleng lieft.

Mat deem Gesetz kéint theoretesch och e Student dës Hëllef ufroen. Am momentane Projet läit deen ieweschte Plaffong vun dëser Subventioun bei 70 Euro pro Mount fir eng eenzel Persoun. Dat wiere fir e Student dann nach eng Kéier zousätzlech 840 Euro pro Joer.

Ier ech zum Schluss vu menger Ried kommen, wëll ech op d'Kritik agoen, dass dës Reform net op novollzéibar Zuele géif opbauen. Dozou wëll ech bemierken, dass deen am Kader vun der Loi Biltgen ugekënnegte Bilan ni gemaach gouf an dass och ni eng méi detailléiert Analys vun den Demanden, zum Beispill iwwert d'Verhältnis vun den ugefroten a schlussendlech gehollene Prêten, gemaach gouf. Wier dat de Fall gewiescht, hätt dat elo villes méi einfach gemaach. Mä ech denken, déi nächst Regierung soll dat elo nohuelen.

An enger Motioun, déi mäin Noriedner, den honorabele Claude Adam, wäert déposéieren an am Detail virstellen, froe mir als Koalitiounsparteien, dass no engem Joer en éischte Bilan vun der Reform gezunn an no zwee Joer eng méi detailléiert Evaluatioun presentéiert soll ginn.

Weider kéint och driwwer nogeduecht ginn, fir eng Aart Observatoire ze schafe mat der Missioun, méi a besser statistesch Donnéeën iwwert déi sozioekonomesch Situatioun vun de Studenten ze kréien an auszewäerten. Et stellt sech d'Fro, ob een eng nei Verwaltungsstruktur muss schafen oder ob een net op e bestehend Organ, wéi eben den CEPS, kann zréckgräifen an esou mat enger neier Missioun sollt beoptragen. Selbstverständlech missten déi implizéiert Administratiounen, virop de CEDIES, och déi néideg Moyene kréien, fir dës Tâchen ze erfëllen.

Schliisslech kéint een - esou wéi meng Kolleegin, d'LSAP-Deputéiert Claudia Dall'Agnol, am Kader vun enger rezenter Fro un den Héichschoulminister - iwwer eng ugeduechte Schafung vun engem national representative Gremium fir Studenten nodenken. Dës Instanz kéint sech um Modell vun der nationaler Schülerkonferenz, der CNEL, orientéieren a Vertrieder vun alle Studentenorganisatioune versammelen a kéint esou Propositiounen ausschaffen an dem Minister ënnerbreeden. An ëmgedréint géif déi och ëmmer vun dësem um Lafende gehale ginn iwwer all Dossier am Beräich vun der Héichschoulpolitik. Dëst géif sécherlech de konstruktiven Dialog tëschent de Studenten an der Regierung verbesseren.

Ofschléissend kann ee festhalen, dass dës Reform, iwwert déi mer elo wäerten ofstëmmen, op sozial Gerechtegkeet ausgeriicht ass, fir déi mir Sozialisten, wéi och fir d'Solidaritéit, stinn.

An domadder ginn ech dann den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Bofferding. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänke proposéieren ech lech e ganz schwéieren Exercice: Kommt, mir vergiessen emol fir e puer Minutten den Historique vun de Studiebäihëllefen. Kommt, mir kucken emol just d'Faiten:

Wat décidéiere mer haut? Wat steet am Gesetz iwwert d'Hëllef fir en Héichschoulstudium? Ma do steet, datt all Student, deen zu Lëtzebuerg wunnt oder duerch d'Aarbecht vu sengen Elteren eng Relatioun mat Lëtzebuerg huet, eng staatlech Hëllef vu bis zu 17.700 Euro an an Ausnahmefäll souguer bis 18.700 Euro zegutt huet. Dës Hëllef besteet zu engem Deel aus enger Bourse an zu engem Deel aus engem Prêt. Zu den Detailer kommen ech nach.

Déi duerchschnëttlech Gesamtausgabe vun engem Student leie laut engem Sondage vun der UNEL tëschent 840 an 1.070 Euro de Mount fir d'Belsch, Däitschland, Éisträich a Frankräich. Dat sinn déi véier Länner, wuer ëmmerhin 71% vun eise Studente studéiere ginn. Déi ronn 18% vun eise Studenten, déi zu Lëtzebuerg studéieren, dierften an dësem Käschteberäich och leien, et sief dann, si géifen nach doheem wunnen, wat meeschtens de Fall ass. Da brauche se manner Suen. Déi 4% Studenten, déi a Groussbritannien sinn, bräichten no dëser Etüd 1.150 Euro de Mount, an déi 3% an der Schwäiz léiche bei 1.440 Euro de Mount.

Dës Zommen aus där Etüd, déi ech elo grad genannt hunn, entsprieche plus ou moins deem, wat een op méi oder manner offizielle Plazen am Ausland gewuer gëtt, an et sinn och bei dësen Zomme keng Aschreiwungsgebühren derbäi. A wann een déi Zommen op zwielef Méint héichrechent, da läit een eigentlech an deene meeschte Fäll ënnert dem Maximum, deen de Stat garantéiert. Dat heescht, et misst och méiglech sinn, souguer ouni de ganze Prêt ze huelen, fir kënnen onofhängeg studéieren ze goen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Duerfir iergert et mech ganz einfach, wann ech E-Maile kréien, an deenen et heescht: „Das Gesetz 6670 beendet das Prinzip der Autonomie: Ohne Übergangsphase ist eine hohe Zahl von Studierenden zum Studienabbruch gezwungen."

Dat ass a mengen Aen einfach onseriö. An ech sinn och enttäuscht iwwer esou Aussoen aus engem Ëmfeld, an deem ech ganz gutt a fundéiert Diskussioune mat intelligente jonke Leit hat.

Ech wëll am Ufank och e bëssen iwwert de Sënn an Onsënn vun engem Gesetz iwwer Studiebäihëllefen an iwwert déi vun der CSV ënner anerem esou héich geprisen Autonomie vu Jugendleche schwätzen.

Hei schénge jo zwou Philosophien openeenzetreffen: All jonke Mënsch soll kënnen onofhängeg vu sengen Elteren dat studéiere goen, wat e wëllt a wou e wëllt. Engersäits géif dat jo bedeiten, datt de Student dann eng Rechnung géif opstellen, jee no Aschreiwungsgebühr an no Stad, wou e wier, an duerno missten dann déi Hëllefe berechent ginn, déi him géifen zoustoen. Anerersäits géif dat och heeschen, datt, wann e jonke Mënsch en Ofschloss vun enger Secondairesschoul huet, dann d'Elteren ofdanken dierften, an da soll de Stat hien ënnerstëtzen, fir fräi kënnen dohinner studéieren ze goen, wuer hie wëllt.

Dat ass déi Positioun, déi ech an deene villen Entrevuen - mir haten der vill, och an der Chamber - ënner anerem vun eenzelne Studentenorganisatiounen an och anere Participantë matgedeelt kritt hunn. Ech nenne just d'CSJ an d'UNEL mam Numm.

Ech sinn allerdéngs der Meenung, datt dës Vue däitlech ze kuerz gräift an datt déi Ufuerderungen, déi mat dëser Philosophie un de Stat gestallt ginn, däitlech ze wäit gräifen. Ech sinn och der Meenung, datt dës Vue fir déi jonk Leit selwer éischter eng Gefor ass wéi eng Hëllef, well se nun eemol e Stéck wäit vun der Realitéit ewech ass.

Här President, mir sinn der Meenung - an da kommen ech dann zu eiser Philosophie vu Studiebäihëllefen -, datt mer mat engem Gesetz iwwert d'staatlech Hëllefe fir postsecondaire Studie mussen d'Méiglechkeet bidden, datt all jonke Mënsch, deen d'Konditiounen erfëllt, fir kënne studéieren ze goen, dat och soll kënne maachen. Anescht ausgedréckt: Kee Mënsch soll dru gehënnert ginn, studéieren ze goen, wann en eventuell d'Suen net kéint opbréngen, fir studéieren ze goen.

Wat heescht „onofhängeg vun den Elteren"? Ech hat mech schonn 2010 gewonnert, datt d'CSV anscheinend der Meenung ass, mir sollten eng Philosophie vertrieden, e politesche Message un d'Eltere schécken: Wann Är Kanner bis 18 Joer al sinn a wëlle studéiere goen, dann hutt Dir keng Verflichtung méi vis-à-vis vun Ärer Kanner.

A wann dat eescht gemengt ass, froen ech mech: Kann esou eng Désolidariséierung vun enger Elteregeneratioun eisen eescht gemengte politesche Message sinn? Mir mengen net!

Den Europäesche Geriichtshaff seet, mir missten de Kanner vun de Frontaliere Studiebäihëllefe ginn, well et en direkte Lien gëtt tëschent der Aarbechtsplaz vun den Elteren an de Studiebäihëllefen un hir Kanner.

De Geriichtshaff schéngt och net un déi komplett Onofhängegkeet vun de Kanner vis-à-vis vun hiren Elteren ze gleewen. Genausou gutt wéi kee Mënsch dovun ausgeet, datt ee mam Kannergeld alleng seng Kanner ka grousszéien, genausou wéineg kann een dovun ausgoen, datt ee mat de Studentebourssen alleng ka säi Studium finanzéieren.

Duerfir gëtt et niewent der Studentebourse och de Studenteprêt, a fir eng grouss Zuel vu Studenten eben och nach eng Famill a fir eng ganz Rei vu Studenten och nach deen een oder anere Vakanzen- oder Studentenjob. Ee Student, op alle Fall een, deen an d'Ausland studéiere geet, huet schonn e grousse Grad vun Onofhängegkeet. Datt hien a sengem Choix vu sengem Elterenhaus ënnerstëtzt gëtt, ass hoffentlech nach net d'Ausnahm hei am Land. Datt hie sech heiansdo mat sengen Interessen och a sengem familiären Ëmfeld muss auserneesetzen an och vläicht muss duerchsetzen oder eventuell Kompromësser agoen, gehéiert an eisen Aen nach ëmmer zum Erwuesseginn.

Wa Leit hei, wann eng CSV hei an dësem Prozess, fir zu enger Décisioun ze kommen, den Ënnergang vun der Fräiheet vun eise Jonke gesäit, dann hu mir ganz einfach eng aner Vue vum Émgaang vun de Generatiounen hei am Land, eng aner Vue vu Familljepolitik, eng aner Vue vu Sträitkultur an eng aner Vue vu Solidaritéit.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Wa mer dovun ausginn, datt jonk Leit mat dem Ophuele vun engem Studium aus de Kannerschong erausgewuess sinn, da musse mer och akzeptéieren, datt et aner Ënnerstëtzunge gi wéi déi vum Kannergeld. D'Studentenhëllefe sinn e ganze Pak vun Hëllefen, deen et soll all Mënsch erméiglechen, ze studéieren. Dee Pak setzt sech aus engem Deel Bourse an aus engem Deel Prêt zesummen.

Ech verstinn, datt et deem engen oder aneren heibanne Spaass mécht, d'Héicht vum Kannergeld mat engem Aspekt vun der Bourse ze vergläichen. Dat ass awer net korrekt. Am Fall vum Student gëtt d'Kannergeld duerch e Pak vun anere Mesuren ersat. Déi Mesurë kann ee gutt oder schlecht fannen, si fonctionnéieren awer nëmmen als Ganzt.

Huele mer emol fir d'Éischt d'Bourse. Mir haten e breede Konsens, datt et géif Sënn maachen, deen Deel Bourse, dee virdrun all Mënsch kritt huet, deen an enger Héichschoul ageschriwwe war, opzeglidderen an een Deel Basisbourse, een Deel Mobilitéitsbourse an een Deel Sozialbourse. Wéi d'Regierung dunn allerdéngs bis ugefaangen huet, déi Opglidderung mat Zuelen ze beleeën, du war de Konsens eriwwer.

Mir sollten net vergiessen, wou mer hierkommen. D'Gesetz iwwert d'Reform vun de Studentebourssen vun 2010 war „als Spuermoossnam geduecht - dat gëtt offensichtlech ëmmer erëm vergiess - an et gehéiert zu deem Krisepak, deen - nom Platte vun der leschter Tripartite - d'Regierung am Sologang ficeléiert an (...) op de Wee geschéckt huet." Esou hat den deemolege Rapporteur Lucien Thiel zum Projet de loi 6148 iwwert d'Bourse vun de Studenten den 13. Juli 2010 seng Ried an der Chamber ugefaangen.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- D'Rechnung vun der Regierung war, fir duerch d'Ofschafe vum Kannergeld a vum Kannerboni fir d'Héichschoulstudente 74 Milliounen anzespueren. Fir déi jonk Leit, déi wëlle studéiere goen, ass en neie System vu Bourssen a Prêten agefouert ginn.

Ech hatt ee Moment wëlles, Iech mat dësen Zuelen ze verschounen. Ech soen lech se awer elo, an zwar am Detail, well mer jo erëm eng Kéier haut virgerechent kritt hu vun der Vertriederin vun der CSV, datt d'CSV en anere Modell huet, wou se eis erëm eng Kéier wollt weisen, wéi gutt si rechne kéint: Mir setzen d'Basisbourse erop, mir setzen d'Mobilitéitsbourse erop, an nawell gi mer näischt méi aus wéi an deem Projet, dee mir virleien hunn.

Duerfir nach eng Kéier, wéi schonn eemol gerechent ginn ass vun engem CSV-Minister: Et war domat gerechent ginn, datt d'Fraisë vun de Boursse géife vu 17 Milliounen op 55 Milliounen eropgoen. Dat heescht, op de Bourssen ass mat enger Méiausgab vun 38 Millioune gerechent ginn. De Stat wollt also ënnert dem Stréch 36 Milliounen Euro spueren. Déi Erspuernis, déi sech mat der neier Regelung sollt erginn, war um Bockel vun de Frontaliere geplangt ginn - dat war schonn alles gesot ginn -, well och fir si d'Kannergeld elo bei 18 anstatt bei 27 Joer opgehalen huet.

D'Rechnung war net opgaangen. Déi nei Regelung huet net 36 Milliounen Euro gespuert gehat 2010, mä ass eelef Millioune méi deier ginn. Et si vill méi Bourssen ugefrot ginn, wéi den Héichschoulminister sech erwaart hat. D'Regierung hat sech also ëm 47 Milliounen Euro verplangt.

(Interruption)

Da sinn ech scho beandrockt, mat wéi engem Culot eng kuerzzäiteg Ministesch eis hei wëllt soen, wéi ee richteg rechent, fir richteg ze spueren. Ech si beandrockt!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Mir hunn oft... Dorop komme mer nach, dat hei ass, ier d'Uerteel war. Ier d'Uerteel war, Madame Modert, eng gutt Interventioun!

(Interruptions)

Mir hunn oft no enger Evaluatioun vun deem Gesetz gefrot, esou wéi et och an enger Motioun versprach gi war, a fir déi gréng hat ech de 25. Mee 2012 e Froekatalog un d'Héichschoulkommissioun eragereecht, fir eng Bilanz ze kréien. Déi Froen an Äntwerte sinn am Procès-verbal vun der Sëtzung vum 11. Juni 2012 festgehalen a veréffentlecht ginn. D'Äntwerte sinn och haut nach ëmmer aktuell an interessant.

An och d'Fro nom Plang B war gestallt ginn, d'Fro: Wat geschitt, wann den Europäesche Geriichtshaff de Frontaliere recht gëtt bei hirem Recours? An et ass geäntwert ginn: „Mir brauche kee Plang B, well mir behale recht." An da muss ech de Mëtteg erëm eng Kéier vun der CSV-Säit lauschteren, wat en Avis juridique ass a wat fir gutt Avis-juridiquë si hunn a wéi gutt si dat alles wëssen!

Ech sinn do erëm eng Kéier ganz erstaunt iwwert déi Unverfrorenheit, déi ech vun Ärer Säit do kréien.

Une voix.- Dat ass richteg.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Wéi dunn den Europäesche Geriichtshaff dem Här Biltgen awer bestätegt hat, datt et net richteg wier, datt d'Frontalierskanner keng Bourse géife kréien, du war aus der Spuermoossnam eng richteg deier Dépense ginn.

An elo komme mer dann nach op déi Chiffferen, Madame Modert! De Montant vun de Bourse war am Budgetsjoer 2014 op 143,8 Millioune geklommen. Nach eng Kéier zur Erënnerung: 2010 ware 55 Millioune viséiert ginn. Da musse mir eis kënnen agestoen, datt dat eng Feelentwécklung ass,...

(Interruption)

...datt et eng Zoumuddung ass, vun all Ressort Spuermoossnamen ze verlaangen an ee Budgetsposten onkontrolléiert fortlafen ze loossen!

Une voix.- Dat hate mer jo gesot.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Et ass nëmme legitim, déi Dépensë vun de Studiebäihëllefen an de Grëff ze kréien, an dat ass och am Interesse vun alle Leit, och vun deene jonke Leit hei am Land, déi Dépensen erëm op eng geregelt Schinn ze kréien.

Mat deene Mesuren, déi d'Regierung hei proposéiert an déi mir haut votéieren, komme mer

erëm op e méi oder wéineger normale Wuesstum vun de Studiebäihëllefen zréck. Natierlech sinn dës Moossname Spuermoossnamen, wa mer se mam Joer 2013/14 vergläichen, an et ass och richteg, datt déi meescht vun de Studenten am Hierscht 2014 manner Bourse kréie wéi am Hierscht 2013.

Et ass och fir déi gréng méi einfach, Suen ze verdeelen, wéi Suen anzespueren. Mir mengen awer, datt mer net derlaanschtkommen, dës Mesuren ze huelen, fir eng falsch Politik ze redresséieren.

An ech muss dann eng leschte Kéier - dann halen ech awer och domadder op - soen, datt ech iwwert de Culot vun der fréierer Ministesch aus där Partei, déi eis dee Schlamassel hei agebrockt huet, beandrockt sinn. Ech sëtzen owes doheem um Canapé, ech kucken d'Noriichten an da mengt grad just déi Politikerin, si dierft dem aktuellen Héichschoulminister eng Lektioun erdeelen, wéi hien d'Studienhëllefen elo misst regelen: Il faut oser le faire!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- D'Bourse am Projet de loi 6670 ass a véier Deeler gedeelt: fir d'Éischt 2.000 Euro Basisbourse, also als Startkapital fir jiddwer Student. Dat ass net esou vill wéi d'Kannergeld virun 2010. Dat ass net sozial gerecht. Dat geet och net duer, fir ze studéieren. Mir betruechten dat als dat, wat et ass, eng Basis vun nëmmen, oder ëmmerhin 2.000 Euro fir jiddwereen, deen an enger Héichschoul ageschriwwen ass, en Encouragement, ee Startkapital, fir e Studium unzegoen.

Et ass probéiert ginn, dëse Montant eropzesetzen. Et huet net un Iddie gefeelt. Et ass awer esou, datt déi Bourse de base, well absolut keng Konditioun dru gebonnen ass, wierklech deen Deel Suen ass, dee mat der Strenz verdeelt gëtt, an natierlech och deen deiersten Deel vun der Bäihëllef ass. Wann een dës Basisbourse substanziell héicht, ass d'Zil, fir erëm eng normaliséiert Entwécklung vun de Käschten ze kréien, net méi ze erreechen, an de Wonsch vun der Majoritéit, fir méi geziilt do ze hëllefen, wou et wierklech néideg ass, kann och net méi ëmgesat ginn.

Dann hu mer 2.000 Euro als Mobilitéitsbourse. Et war e Konsens, datt et am Prinzip méi deier gëtt, fir am Ausland ze studéieren, wéi am Inland. An et war e Konsens, fir eng Mobilitéitsbourse anzeféieren, fir deene Studenten ze hëllefen, déi mussen eng Studentewunneng am Ausland sichen an och musse Loyer bezuelen. Iwwert déi 2.000 Euro war et kee Konsens ginn. 2.000 Euro geet net duer, fir e ganzt Joer de Loyer ze bezuelen. Et ass och richteg, datt de Loyer a verschiddene Länner an a verschiddene Stied méi héich ass wéi an aneren. Paräis a London si méi deier wéi Stroossbuerg oder Aberdeen.

Mir hunn de Kritär vun engem Studium an engem anere Land als Konditioun un dës Bourse gehaangen. Dat gëtt kritiséiert. Dat kann een och kritiséieren. Jo, et ass net glécklech, datt e Jonke vu Wäisswampech keng Mobilitéitsprime kritt, wann en op Esch/Belval studéiere geet, e Jonke vun Athus awer eventuell esou eng Bourse ka kréien. Et ass och eng gewësse Benodeelegung, wann e Student vun Athus muss an en anert Land goen, wann en eng Mobilitéitsbourse vum Lëtzebuerger Stat wëllt kréien, wou hien dach am léifsten a Frankräich studéiert, a Montpellier ass och wäit ewech, an do muss en och Loyer bezuelen.

Et ass gefrot ginn, fir no engem Städteindex ze fueren an d'Bourse unzepassen, jee nodeems et eng méi oder manner deier Stad wier, wou de Student studéiert. Mir sinn net fir esou eng Regel. Et ass méiglech, fir déiselwecht Matière op verschiddenen Unien a verschiddene Stied ze studéieren. De Käschtepunkt vum Loyer, d'Qualitéit vun der Uni - an hei sollte mer net ze vill iwwerhieflech sinn -, d'Distanz vun doheem, d'Sproochekenntnisser, d'Aschreiwungsgebühre spille mat bei der Décisioun, wou de Student wëllt higoen.

Muss de Stat, an et wier och emol vläicht flott, fir eng Kéier ze soen: muss d'Allgemengheet en Ënnerscheed maachen, ob de Student wëllt op Paräis oder op Stroossbuerg goen? Mir mengen net.

Déi absolut sozial Gerechtegkeet kréie mer och net iwwer e System vu Bourssen agefouert. An awer menge mer, datt mat de Kritäre vun der Mobilitéitsbourse, déi déiselwecht si wéi déi vun der Erasmus-Bourse, e puer wesentlech Punkten erfëllt ginn.

Mir hunn an haten ëmmer en Interessi drun, fir eis jonk Leit an d'Ausland studéieren ze schécken. Mir hunn och en Interessi drun, eng gutt Uni zu Lëtzebuerg opzebauen. Mat der Mobilitéitsbourse, wéi mir se hei aféieren, maache mer engersäits d'Uni Lëtzebuerg e bësse méi interessant fir eise Frontalieren hir Kanner, droen anerersäits awer och der Tatsaach Rechnung, datt fir déi allermeescht Studenten e Studium am Ausland nun eemol vill méi oft mat Méiausgabe fir Loyer an Urees verbonnen ass wéi e Studium heiheem.

D'Ongerechtegkeet, datt Tréier am Ausland ass a Belval net, gefält eis net, mä et ass eis kee Modell presentéiert ginn, deen eis méi gerecht virkomm ass. Mat 2.000 Euro si jo bäi Wäitem net all Onkäschte bezuelt. Ech ka mer schlecht virstellen, datt ee just an d'Ausland studéiere geet, fir eng Mobilitéitsbourse ze kréien.

Mir musse ronderëm d'Uni genuch Studentewunnengen hunn, déi mer zu engem faire Präis de Studenten ubidden. A mir mengen, et wier absolut legitim, fir e Contingent fir Résidenten ze reservéieren, déi am eegene Land musse mobil sinn.

De Lëtzebuerger Stat huet iwwregens eng ganz Rei Studentewunnengen. „Net genuch", gëtt oft gesot. Dat ass en Dossier, iwwert dee mer eng Kéier misste schwätzen. Den Informatiounen no, déi ech hunn, ass d'Demande no Wunnengen a Studentefoyeren un de Lëtzebuerger Stat erstaunlech kleng. Vläicht kann de Minister eis herno nach eppes zu deem Punkt soen.

Dann hu mer eng Sozialbourse vun 3.000 Euro. Mat der Sozialbourse ass déi maximal Bourse ëm 500 Euro méi héich wéi bei där aler Bourse Biltgen an Hansen. Et ass deen Deel vun der Bourse, deen u soziale Kritären hänkt. Richteg ass et, datt just wéineg Studente wäerten en Urecht op déi maximal Sozialbourse vun 3.000 Euro hunn. Fir eis ass et awer absolut verständlech, datt e Student, deen aus engem Elterenhaus kënnt, wou de Revenu ënnert dem Mindestloun läit, 3.000 Euro pro Studiejoer méi kritt wéi e Student, bei deem de Revenu vun den Eltere méi wéi 4,5-mol esou héich ass.

Déi Staffelung vun der Sozialbourse ass duerch den Amendement vun der Regierung däitlech verbessert ginn. Mir sinn der Meenung, datt dës Sozialbourse e wäertvollen a sënnvollen Deel vun de Studiebäihëllefen ass. De Prinzip, datt e Student aus engem ekonomesch benodeelegte Milieu soll substanziell méi Hëllefe kréie wéi en aneren, stelle mir net a Fro.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Et ass een Ënnerscheed, ob Elteren hire Kanner e Studium net „wëllen" finanzéieren oder net „kënnen" finanzéieren. Ech kommen nach eng Kéier op dee Punkt zréck, wann ech iwwert de Prêt schwätzen.

Nei zum urspréngleche Projet ass dann och eng Familljebourse, déi d'Regierung agefouert huet. Wann zwee Kanner zur selwechter Zäit op der Uni studéieren, kréie se allen zwee 500 Euro zousätzlech Bourse. Dëst ass weder eng Basisbourse nach eng Sozialbourse. Mat dësem Deel Bourse wëlle mer virun allem der Tatsaach Rechnung droen, datt d'Studenten an hir Famill a méi enger schwiereger Situatioun sinn, wa se nach Geschwëster hunn, déi och studéiere ginn. Wa mer de Prinzip akzeptéieren, datt mam Studéieregoen d'Zäite vum Kannergeld eriwwer sinn, dann ass et och kee Widdersproch, datt just d'Zuel vun den Héichschoulstudenten décidéiert, ob een esou eng Bourse kritt oder net.

E bësse méi problematesch ass et, wann de Brudder oder d'Schwëster zwar nach studéieren, awer keen Urecht méi op eng Studiebäihëllef hunn, well se d'Konditiounen net méi erfëllen. Dann hunn automatesch och de Brudder oder d'Schwëster, déi Student oder Studentin sinn, keen Urecht méi op d'Hëllef, obschonn hien oder hatt sech eigentlech näischt zuschold komme gelooss hunn.

An da gëtt et nach, wéi am ale Gesetz och, d'Méiglechkeet, eng Hëllef vun 1.000 Euro accordéiert ze kréien, wann e Student an enger besonnesch schwiereger Situatioun ass. Hei ass d'Halschent Bourse an d'Halschent Prêt. Mir wëssen, datt hei nëmme wéineg Demandë gestallt ginn. Am Zäitraum vun 2010 bis 2012 waren et der 14. Aacht Demandë sinn akzeptéiert ginn.

Ier ech dann zum eigentleche Prêt kommen, ginn ech nach kuerz op d'Hëllef bei den Aschreiwungsgebühren an. Bis 3.700 Euro Aschreiwungsgebühre kënnen duerch eng staatlech Hëllef gedroe ginn, jeeweils zur Halschent als Bourse an als Prêt.

Do hate mer dann och d'Diskussiounen, ob een déi Fraisë bis zu engem vill méi héije Montant misst droen. Mir mengen net. Nach ass d'Méiglechkeet, fir e Studiegang ze fannen, bei deem d'Aschreiwungsgebühren ënnert dem Seuil leien, grouss genuch. Et kann och net sinn, datt d'Allgemengheet bei allméigleche Privatschoulen onbegrenzt Hëllef finanzéiert.

E spezifesche Problem, an d'Kolleegin vun der LSAP huet et och scho gesot, kéint awer an nächster Zukunft mat Groussbritannien entstoen. Dorop kommen ech nach eng Kéier zréck.

Am Résumé: E Student, deen zu Lëtzebuerg wunnt a studéiert, kritt 2.000 bis 5.000 Euro Bourse. E Student, deen zu Lëtzebuerg wunnt an am Ausland studéiert, kritt 4.000 bis 7.000 Euro Bourse. E Student, deen am Ausland wunnt a vun deem een Elterendeel an deene leschte siwe Joer op d'mannst fënnef Joer zu Lëtzebuerg geschafft huet, kritt 4.000 bis 7.000 Euro Bourse, wann en am Ausland studéiert, och wann en zu Lëtzebuerg studéiert. Deeselwechte Student kritt 2.000 bis 5.000 Euro Bourse, wann en a sengem Heemechtsland studéiert. E Student, deen e Brudder oder eng Schwëster op der Uni huet, kritt 500 Euro zousätzlech.

Dat ass fir wéineg Studente méi wéi bis elo, an dat ass fir vill Studente manner wéi bis elo. Dat ass am europäesche Verglach nach ëmmer eng zimlech anstänneg Hëllef. A wann ech am Ufank gesot hunn, e Gesetz iwwert d'finanziell Hëllefen zu Héichschoulstudie misst all Student et erlaben, studéieren ze goen, dann ass et kloer, datt et mat der Bourse eleng och am gënschtegste Fall net duergeet.

Duerfir gëtt et dann och nach deen Deel Prêt. De Basisprêt ass 6.500 Euro, genee wéi beim Gesetz virdrun. D'Zréckbezuele geet och net direkt nom Studium un, an den Zënstaux ass garantéiert. Dat ass eng gutt Saach. Am Moment leien d'Zënsen déif, da spiert keen dat weider, mä dat muss net ëmmer esou bleiwen.

Wann d'Aschreiwungsgebühren héich sinn, da kann et sinn, datt bis zu 1.850 Euro Prêt derbäikommen. A wann eng Demande fir speziell Hëllefe gemaach gëtt, da kënnen och nach eng Kéier 500 Euro Prêt derbäikommen. Dat ass och nach alles d'selwecht wéi am ale Gesetz.

Nei ass awer dann: Dee Student, dee keng Sozialbourse oder net déi ganz Sozialbourse kritt, ka bis zu 3.000 Euro zousätzlech léine goen. Mir begréissen dës Méiglechkeet, déi och op Interventioun vun der ACEL agefouert gouf. Mir warnen awer och virun dëser Méiglechkeet. Ech kommen nach eng Kéier op dee Punkt ze schwätzen.

Mam Projet de loi 6670 léise mer net all Problemer fir déi nächst zéng Joer. Mir mengen awer, datt de Minister seng Hausaufgabe gutt gemaach huet, an déi gréng ënnerstëtzen dëst Gesetz.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Mir sinn der Meenung, datt mer och an Zukunft nach méi oft iwwert d'Studentebourse wäerten diskutéieren. Duerfir déposéieren ech am Numm vun deenen dräi Majoritéitsfraktiounen eng Motioun, déi selbstverständlech opsteet an och däerf vun deenen anere Fraktiounen a Parteie gedroe ginn, wou mer d'Regierung opfuerderen, no engem Joer e provisoresche Bilan ze maachen an no zwee Joer e fundéierte Bilan ze maache vun deem Gesetz, wat mer haut stëmmen.

Mir froen och, datt d'Regierung déi Gedanken, déi schonn eng Zäit laang am Raum schwiewen, fir en Organ vun enger national representativer Studentevertriedung ze schafen, intensivéiert. Bei deenen Diskussiounen huet ee gemierkt: Esou e Gremium feelt eis. Mir mengen, esou en Organ wier wichteg.

Mir mengen, datt et wichteg ass, e Suivi ze maache vun der Situatioun vun de Studenten. Eventuell wier et ubruecht, en Observatoire anzeriichten. Eventuell kann een awer och e bestehend Gremium mat enger neier Missioun befaassen. Dat muss d'Regierung ënnersichen.

Mir fannen, datt et net gutt ass, datt mer zwar schonn eng ganz Rei Donnéeën hunn, déi iwwert de CEDIES erakommen, datt mer awer keng Auswäertung vun dësen Donnéeën hunn. An et ass nun eemol esou, datt d'Situatioun op den Héichschoulen net statesch ass. Mir mussen eis Méiglechkeete ginn, op Ännerungen ze reagéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- rappelant que dans sa motion votée le 13 juillet 2010, à l'occasion de l'adoption de la réforme de juillet 2010, elle avait invité le Ministre de l'époque à procéder à une évaluation des effets de la réforme au bout de 12 mois;

- notant que cette évaluation n'a été réalisée que de manière rapide et sommaire dans la réunion de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace du 11 juin 2012;

- estimant que la réforme actuelle des aides financières de l'État pour études supérieures, tout comme les réformes et adaptations antérieures, souffre toujours d'un certain manque de données et de statistiques fiables par rapport aux nombreuses implications des modifications proposées;

- considérant que la récente étude lancée par le comité d'action des étudiants en coopération avec le Centre Information Jeunes fournit certaines indications utiles sur les coûts de vie et d'études des étudiants;

- considérant que le nouveau montant maximal d'aide financière auquel peut prétendre l'étudiant-e monte désormais à 18.700 EUR et qu'une partie importante peut être attribuée en tant que prêt;

- rappelant que vu le large choix des domaines, des lieux d'études et des régimes linguistiques qui sont ouverts aux étudiant-e-s luxembourgeois, une orientation efficace s'avère particulièrement complexe et devra être analysée et adaptée aux besoins actuels;

invite le Gouvernement

- à présenter un premier bilan du nouveau système d'aides financières pour études supérieures après un an et une évaluation détaillée deux ans après la mise en application de la réforme;

- à étudier la mise en place d'un Observatoire de la vie estudiantine ayant notamment pour mission le suivi de la situation socio-économique des étudiant-e-s afin d'assurer la disponibilité de données statistiques fiables et régulières;

- à analyser la création d'un organe officiel de représentation nationale des étudiants;

- à se donner les moyens nécessaires pour accomplir ces missions.

(s.) Claude Adam, Eugène Berger, Taina Bofferding.

Ech hat Groussbritannien ugeschwat. Hei ass en Trend zu ëmmer méi héijen Aschreiwungs- a Studiegebühre festzestellen. Dat ass engersäits drop zréckzeféieren, datt d'Englänner eng zimlech liberal Schinn fueren. Mä ech wëll mer et awer och net esou einfach maachen. Et gëtt och nach aner Ursaachen. Et gëtt weltwäit e Flux vu Studenten, déi aus enger Regioun an eng aner Regioun studéiere ginn. Zum Beispill gi vill Studenten aus Osteuropa a Westeuropa studéieren.

Kleng Länner - Lëtzebuerg zielt och nach ëmmer derzou - schécke méi Studenten an d'Ausland, well si net kënnen alles ubidden. Beispill: Zypern huet 12.000 Studenten an d'Ausland geschéckt, aus dem Ausland kommen awer nëmmen 1.600 Studenten an Zypern. A Groussbritannien ass dat Verhältnis e ganz anert. Do sinn 2008/2009 13,6-mol méi Studenten an d'Land komm, wéi der aus Groussbritannien an aner Länner gaange sinn, an duerfir hunn ech och en...

(Interruption)

Här Kartheiser, wann Der eppes ze soen hutt, da waart, bis et un Iech ass, wann ech gelift!

Ob mir grad just...

M. le Président.- Jo,...

(Hilarité et interruptions)

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Datt d'Englänner probéieren, en Deel vun hirem Invest an d'Héichschoul iwwert d'Gebühren eranzekréien, dat musse mir net gutt fannen. Ob grad just mir et sollen allze schaarf kritiséieren, dat ass eng aner Fro. D'Situatioun am A behale musse mer op alle Fall.

Mir sinn der Meenung, datt et an Zukunft wichteg ass, datt och vu Lëtzebuerg aus vill Leit an England studéiere ginn. D'Entwécklung vun de Fraisen un engleschen Héichschoule kéint eis dozou féieren, eng Kéier speziell mussen do Hëllefen anescht ze organiséieren.

Mir sollten och, an dat hat ech och ugedeit, d'Méiglechkeet vun enger iwwerdriwwener Verschëldung vun engem Student eescht huelen. De maximale Prêt, deen e Student ufroe kann, läit bei 11.850 Euro an engem Joer. Wien ass hei am meeschten a Gefor? Ma dee Student, wou de Stat mengt, d'Eltere kéinten opgrond vun hirem Akommes eng finanziell Ënnerstëtzung verkraaften, a wou d'Elteren déi Ënnerstëtzung awer net brénge kënnen oder net brénge wëllen.

An deem Fall kann de Student awer studéiere goen, mécht awer an deem fir hien ongënschtegste Fall en héije Prêt. Mir hunn et jo hei mat jonken Erwuessenen ze dinn, déi hir eegen Zukunft gestalten. Mir si schonn der Meenung, datt et Situatioune gëtt, déi esou e Prêt rechtfertegen. Duerfir ass et och gutt, datt e méiglech ass.

Mir erënneren awer och nach eng Kéier dorun, datt et fir Elteren net esou einfach ass, ze soen: „Ech kéint zwar hëllefen, mä ech wëll net hëllefen." Kanner hunn heescht och Verflichtungen hunn! Déi Verflichtungen halen net op mat engem Gebuertsdag an och net mat engem

Universitéitsstudium, och wann d'CSV déi Meenung vläicht net deelt.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Mir mengen, datt et wichteg ass, datt jonk Leit op eng seriö Berodung kënnen zréckgräifen, a mir sinn och der Meenung, datt een dësen Aspekt vun der Studiebäihëllef soll iwwerwaachen.

Et ass jo haut net méi esou, datt een automatesch no engem Héichschoulstudium en direkten Zougang zu enger gutt bezuelter Plaz op Liewenszäit huet. D'Iddi, fir zumindest en Deel vum Prêt kënnen an eng Bourse ëmzewandelen, ass net verkéiert. Et wier sënnvoll, sech Gedanken driwwer ze maachen, a mir hunn eis der och schonn driwwer gemaach.

Den Amendement vun der CSV schéisst awer wäit iwwert d'Zil eraus, an duerfir ënnerstëtze mir deen net.

Wéi mer 2010 déi sougenannten „Loi Biltgen" agefouert haten, hat den Här Biltgen eis versprach, mir kréiche praktesch gratis an automatesch elo och eng ganz Rei Donnéeën iwwer eis Studente matgeliwwert. Dat hu mer och oft nogefrot, krute mer awer bis elo nach ni.

Mir brauchen esou Donnéeën, fir eng seriö Héichschoulpolitik am Intérêt vun eise jonke Leit ze maachen. Wa mer gefrot hunn: „Wéi vill Studenten halen ënnerwee op?", da krute mer eng Äntwert: „Oh, ongeféier een Drëttel vun de Studenten hält ganz op mat studéieren, een Drëttel fänkt en neie Studium un an een Drëttel mécht de Studium fäerdeg." Déi Aschätzung war eis vill ze vill graff. An ech mengen och, datt se nach e Stéck vun der Realitéit ewech ass.

An deem Sondage vun der UNEL, vun deem ech scho geschwat hunn, heescht et, datt 40% vun de Bachelor-Studente scho méi laang studéieren ewéi sechs Semester, also schonn iwwert d'Regelstudienzäit ewech sinn. Da gëtt och nach gesot, wéi vill Prozent gewiesselt hunn, opgehalen hunn. Dat sinn alles Donnéeën, déi onprezis sinn, mä mir hunn nach keng besser. Et wier awer immens interessant erauszefannen, firwat datt esou vill Studente wiesselen oder ophalen.

D'UNEL seet, well esou vill Studenten ophalen, wiesselen, verlängeren, missten d'Hëllefe verlängert ginn. Mir mengen éischter, datt d'Orientatioun muss wesentlech verbessert ginn. Mir mengen och, datt d'Ausenanersetzung mam schouleschen a familiäre Milieu iwwert dat, wat ech wëll an aller Onofhängegkeet studéiere goen, éischter e wäertvollen Exercice ass wéi eng Kapitulatioun vum onofhängege Student.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, mir hunn en Interessi, datt méiglechst vill jonk Leit studéiere ginn, datt méiglechst vill jonk Leit och an d'Ausland studéiere ginn. Mir hunn et mat jonken Erwuessenen ze dinn, déi hu schonn eng ganz Rei opzeweisen an hirem Liewen: Sechs Joer Primärschoul a siwe Joer Secondaire mat Erfolleg hu si hannert sech bruecht. Dat geet net vum selwen, do brauch een Energie, do brauch ee gutt Enseignanten an do ass mat déi gréissten Hëllef och en Elterenhaus, wat d'Schoul an de schoulesche Wee ënnerstëtzt.

Mat dësem Gesetz kann all Mënsch, deen Zougang zu enger Héichschoul kritt, och studéiere goen. Wa seng Elteren hien net ënnerstëtze kënnen, well se finanziell d'Méiglechkeet net hunn, dann ass et e bësse méi schwéier, mä et ass méiglech. Wa seng Elteren hien net ënnerstëtze wëllen, obscho si dat kéinte maachen, dann ass et nach méi schwéier, mä awer och nach ëmmer méiglech. Dat war mam ale Gesetz och net vill anescht. Mir hunn en Intérêt drun, datt jonk Leit studéiere ginn.

Mir sollten awer och wëssen, datt et aner interessant berufflech Weeër gëtt. Mir sollten deene Jonken, déi net kënnen op eng Héichschoul goen, och net arieden, si wieren näischt oder manner wäert.

(Brouhaha)

Op vill Aspekter sinn ech net agaangen, zum Beispill op d'Méiglechkeet, datt een och bei engem Fernstudium ka finanziell ënnert d'Äerm gegraff kréien, oder op déi positiv Décisioun, datt mer keng Alterslimite fir den Zougang zu den Hëllefen an d'Gesetz gesat hunn. Duerfir sinn ech frou iwwert den ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport vun der Rapportrice, där ech och heimat wëll villmools Merci soen. An lech soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Adam. Nächste Riedner ass den Här Roy Reding fir d'ADR.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wa mer en neit Gesetz maachen an enger esou wichteger Matière, da stellen ech mer einfach emol d'Fro: Wéi sollt esou e Studiebäihëllefegesetz idealerweis ausgesinn? Mir maache jo en neit Gesetz, mir kënnen also innovéieren. Wat wieren d'Ziler vun engem gudden neie Gesetz, wann een Zäit genuch gehat hätt, fir et auszeschaffen?

D'Zil misst sinn, éischtens, datt all Lëtzebuerger Awunner, dee studéiere wëllt a studéiere kann, dat heescht déi néideg intellektuell Viraussetzungen derfir matbréngt, studéiere kann, wat e wëllt a wou e wëllt, an dat, zweetens, onofhängeg vu sengen Elteren a vun deem, wat seng Eltere wëllen a wat seng Eltere kënnen, wie seng Eltere sinn, wat seng Eltere schaffen a wat seng Eltere verdéngen.

(Interruptions)

Den Här Adam huet ganz recht:...

M. le Président.- Wann ech gelift! Just den Här Reding huet d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR)*.- ...Idealerweis mussen a sollen Elteren hir Kanner ënnerstëtzen. A jo, si hunn och eng juristesch..., si hunn och d'Flicht, hire Kanner ze hëllefen, juristesch. Mä en attendant, wat mécht dann dat Kand, deem seng Eltere soen: „Ma mir hunn dech dach elo net d'Première maache gelooss, fir dass de «Nënënë» studéiers zu Souwisou!" Wat mécht et? Et féiert e Prozess géint seng Elteren! An en attendant: Kann et studéieren, jo oder neen? Neen, et kann net studéieren! An zumindest an esou Fäll misst esou Leit kënnen direkt an ad hoc gehollef ginn, onofhängeg vun engem Recours géint d'Elteren.

An idealerweis géif fir eis esou en neit Gesetz drëttens bedeiten, datt mer Sozialtransferten iwwer eis Grenzen ewech verschwannen doen, well déi Leit, déi Grenzgängerkanner an hire Länner - Däitschland, Frankräich, Belgien, dat si jo dann d'Grenzgänger - och méi oder manner gutt Studiebäihëllefen hunn, vun deene se profitéiere kënnen, an dat onofhängeg dovun, ob ee vun hiren Elterendeeler zu Lëtzebuerg schafft oder net.

Den ale System Biltgen war bestëmmt net ideal, mä e war u sech e gudde System, an nees eng Kéier gouf eng gutt an eigentlech ganz generéis Iddi vun Onofhängegkeet vum jonke Mënsch duerch eng falsch interpretéiert EU-Regel futtigemaach. Dat muss een einfach klipp a kloer soen! Europa huet eis dëst generéist Gesetz futtigemaach!

Fakt ass...

(Interruption)

Majo, Madame Loschetter, et ass einfach wouer!

Fakt ass, datt d'EU an Héichschoulsaache kengerlee Kompetenz huet. Fakt ass och, datt et géif duergoen, datt mer aus de Studiebäihëllefen eng kommunal Aufgab géife maachen, da kéinte se guer net méi un eis erukommen. A Fakt ass och, datt ech, wéi den Här Adam sot, et wier bedauerlech, datt e Student vun Athus, deen op Belval geet, kann eng Mobilitéitsbourse kréien an dee vu Wäiswampech net, dat wier onglécklech, datt ech duecht an ech soen Iech: Dat ass net onglécklech, dat ass skandaléis!

Bon, Kolleegen, wéi mer hei den Hearing hate mat de Studenten, huet jiddwereen...

M. le Président.- Här Reding, erlaabt Der, dass den Här Adam lech eng Fro stellt?

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, wann ech dräi Minutte kréien, déi hien iwwerzunn huet, hunn ech kee Problem domat.

M. le Président.- Neen, Dir kritt déi selbstverständlech ugerechent.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, natierlech, selbstverständlech.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här Reding, fannt Der et dann och skandaléis, datt de Student vun Athus, wann en op Montpellier geet, keng Bourse kritt? Oder ass Iech dat méi egal, wéi wann dee vu Wäiswampech op Belval kënnt?

M. Roy Reding *(ADR)*.- Dee kritt déi, well Athus läit a Belgien a Montpellier läit a Frankräich, Här Adam, voilà!

(Hilarité)

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Pardon, da Bréissel.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Sou! Domat dann zu deene Kampfstoryen, déi mer hei erzielt hunn, wéi mer d'Studenten ugehéiert hunn. Wéi mer d'Studenten ugehéiert hunn, hu vill vun de Kolleegen erzielt: „Majo, wéi ech studéiere gaange sinn...", wou sinn ech higaangen, wat krut ech als Bourse, wat hunn ech misse schaffe goen an esou weider an esou weider. An d'Studente ware mat Recht e bësse agacéiert, well se soten: „Mä haut ass alles anescht, haut ass alles méi deier!", an esou weider.

Mä ech kommen trotzdeem drop zréck. Wéi war et da fréier? Deemools konnt ech als Aarbechterkand mat enger Première vum lechternacher Lycée op eng Uni goen, an zwar net egal wat fir eng, mä déi beschten Droits-Uni vu Frankräich. Ech krut e Stéck Prêt mat Zënsen, ech krut e Stéck Prêt ouni Zënsen, ech krut e Stéck Bourse. Meng Prête konnt ech lacker rembourséieren, wéi ech fäerdeg war. Dat war Chancëgläichheet au départ, an et ass déi Chancëgläichheet, déi mer haut mat dësem Gesetz net méi garantéieren.

Fir mech ass e Studiebäihëllefegesetz, wat dat doten net erlaabt, nämlech datt en Aarbechterkand onofhängeg vun der finanzieller an och der moralescher Astellung vu sengen Eltere ka studéieren op enger Topuniversitéit, inakzeptabel. An eleng duerfir géif ech esou e Gesetz nimools stëmmen.

Dat Gesetz hei ass a senger Gesamtheet net gutt an et ass och a sengen Detailer net gutt. Mir hu jo elo schonn d'Mobilitéit ugeschwat. Eng aner Saach ass zum Beispill den Élément de la famille. Dat ass einfach Quatsch! Et ass einfach Quatsch ze kucken, wéi vill Kanner vun enger Famill studéieren. Et muss ee kucken: Wéi vill Kanner huet déi Famill. A wann dat eent scho fäerdeg ass mat de Studien, éier dat zweet ufänkt, oder dat zweet fäerdeg ass, éier dat drëtt dann dohinnerkënnt, da muss een dach a Kont huelen, datt déi Famill iwwer Gebühr an aussergewéinlech vill Efforte muss maachen. An deem muss ee kënne Rechnung droen.

Och déi Limitatioun vum Prêt fannen ech aus deene virgenannten Ursaachen net richteg.

D'Sozialkomponent, et deet mer leed, dat ass de Contraire vun enger Simplification administrative. Et ass schwéierfälleg, et ass kompliziéiert. Et bedeit, datt en Apparat muss opgebaut ginn, deen ech gär géif als Usine à gaz duerstellen. Studenten, déi vun hiren Elteren déi néideg Pabeieren net kréien, kommen an Däiwelskichen. Et ass een onwahrscheinlechen Opwand.

Et sollt een et einfach esou maachen, wéi d'Madame Hansen an hirem exzellenten, ech géif scho bal soen „Rapport" virgeschloen huet.

(Interruptions diverses)

Ech däerf meng Nopesch och eng Kéier luewen, jo. Da kommen ech zum...

Une voix.- ...Éierlechkeet.

Une autre voix.- Ech weess net, ob se dat wëllt.

(Hilarité)

M. Roy Reding *(ADR)*.- Da kommen ech op mäi Lieblingsthema, dat sinn d'Droits d'inscription. Do gesäit dëst Gesetz vir, mir hate scho Rieds driwwer an der Kommissioun, mä ech soen et dann hei fir de Plenum a fir d'Effentlechkeet, do gëtt virgesinn: 3.700 Euro Maximum mat 50% Bourse, 50% Prêt. Mir hunn als ADR do en Amendement erabruecht, wou mer gesot hunn, mir hätte gär zumindest fir dat, wat iwwert dee Montant erausgeet, e Prêt, fir datt Leit kënnen op Unie studéieren, déi ebe méi deier si wéi 3.700 Euro. England ass hei schonn ugeklongen.

Mä kommt, mir nennen emol einfach ganz konkret Chifferen! An England ass déi moyenne Aschreiwegebühr fir eng Uni, fir eng normal Uni - mir schwätzen net vu Medezin an esou - 11.000 Euro d'Joer! An enger Schoul wéi der École hôtelière de Lausanne ass d'jährlech Aschreiwegebühr 45.000 Euro! Dat ass einfach Fakt. An esou Fakte misst ee kënne Rechnung droen.

Bon, deen Amendement gouf niddergestëmmt, genau wéi déi Amendementer vun de Kolleege vun deene Lénken an d'Amendementer vun der CSV. Ech representéiere mäin Amendement, eisen Amendement vun der ADR hei net! Well mir soen, mir wëllen deen „simulacre de démocratie et de débat démocratique" net matmaachen. Dir sidd mam Bulldozer an der Kommissioun driwwergefuer an Dir géift och hei am Plenum mam Bulldozer driwwerfueren. Dat brauche mer net.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Dir waart net ganz oft an der Kommissioun, hunn ech festgestallt.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Pardon? Wien, wou?

M. le Président.- Den Här Minister.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Ah, den Här Minister. Jo, Här Minister Meisch, Dir wëllt mech eppes froen?

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Ma et ass mer an Erënnerung komm, datt Dir net ganz oft an der Kommissioun derbäi waart.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Mä Är Kommissiounen, mir kënnen och doriwwer gäre schwätzen: Wa Kommissioune festgeluecht ginn den Dag selwer oder den Dag virdrun op mëttes eng Auer, wou mer um zwou Auer zum Beispill Agrikulturkommissioun hunn, dann ass et fir eng Partei, déi dräi Deputéierter huet, relativ schwiereg, op zwou Plaze gläichzäiteg ze sinn, Här Meisch!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Da gesäit een, wou datt d'Prioritéite gesat ginn.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Nichtsdestotrotz hunn ech awer déi Aarbecht intensiv verfollegt, an an där doter Kommissiounssëtzung hunn ech jo mäin Amendement proposéiert.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Jo, an enger...

M. Roy Reding *(ADR)*.- Gutt, Här Meisch, wat wëlle mer? Wëlle mer Exzellenz hei am Land? Oder wëlle mer lamentéieren, datt mer et nohalteg net fäerdegbréngen, fir qualifizéiert Leit auszebilden, fir d'Posten ze besetzen? Wëlle mer viru lamentéieren, datt 10.000 nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, a mir hunn hei am Land net déi richteg Leit, fir se ze besetzen?

Dat ass dach d'Fro! Et gëtt eng Inadequatioun tëschent Offer an Demande um Aarbechtsmaart. An do kéint notamment hëllefen, datt mer eise Studente géifen hëllefen, déi beschtméiglech Unien ze maachen. Net iergendeng Uni, wou een eppes ka studéieren. Neen, déi Uni, wou een esou eng gutt Ausbildung kritt, datt een och eng Plaz effektiv ugebuede kritt.

An do hunn ech e ganz einfacht Beispill. Dat kann all Mënsch nopréiwen. Mir hunn hei op der Grenz, eng Stonn mam Auto, zu Koblenz, Vallendar bei Koblenz, eng Schoul, déi heescht „Wissenschaftliche Hochschule für Unternehmensführung, Otto-Beisheim-Schule". Déi kascht 12.000 Euro Aschreiwegebühr pro Joer. Déi gehéiert zu deenen Top-5-Universitéite vun der Welt a Betribswirtschaft. De Loyer fir e Studio kascht do 300 bis 400 Euro. Dat kann all Mënsch sech leeschten.

Firwat empêchéiere mir, datt Leit, déi wëllen a kënnen op esou enger Uni ugeholl ginn, déi Aschreiwegebühre vum Lëtzebuerger Stat kënne kréien, Här Meisch - neen entschëllegt! -, Kolleege vum Parlament?

M. le Président.- Jo, Dir hutt lech selwer zur Uerdnung geruff.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci! Zumindest esou eppes iwwer e Prêt ze finanzéieren, dat misst dach méiglech sinn!

Bon, bref, dat heite Gesetz ass an eisen Aen e klore Réckschrëtt. Et ass inakzeptabel. Et fiert viru mat onnéidegen Transferten iwwer eis Grenzen ewech. Et garantéiert keng Onofhängegkeet vu jonken Erwuessenen, déi studéiere wëllen, vun hiren Elteren. Et garantéiert net, datt deen, dee studéiere kann a wëllt, dat och däerf, och wa seng Elteren dat net kënnen oder wëlle finanzéieren.

D'Liberté de choix, wéi den Här Berger se duergestallt huet, déi hei gelooss gëtt, ass eng Liberté de choix dans la médiocrité, an der Mëttelméissegkeet, a bestëmmt net eng Liberté de choix vun der Exzellenz. An datt d'Regierung dat net wëllt, gesi mer jo och dorun, datt de Leeschtungsprinzip an dësem Gesetz total feelt. Et geet jo net nëmmen drëm, datt d'Leit Regelstudienzäiten anhalen, mä och, wat fir eng Resultater datt se erzilen.

Bon, bref, ech gleewe vill ze vill u Chancëgläichheet an d'Méiglechkeet vum sozialen Opstieg vun Aarbechterkanner, wéi ech eent sinn oder war, fir dësem Text kënnen zouzestëmmen. A fir am Schouljargon ze bleiwen: Gambia, nosëtzen!

M. le Président.- Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel fir déi Lénk. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech aginn op de Projet 6670 selwer, wollt ech nach eng Kéier zréckkommen op d'Reform vun 2010 vun der CSV-LSAP-Regierung, déi sougenannt „Loi Biltgen", déi pauschal all Student ënner bestëmmte Konditioune 7.000 Euro zougeschwat huet.

Menger Meenung no hat d'Loi Biltgen ee wesentleche Virdeel an ee wesentlechen Nodeel. De wesentleche Virdeel, dat war - an dat ass vun alle Bänken déizäit, ausser vun der DP, ënnerstrach ginn - d'Onofhängegkeet vum Student aus gesinn. Dat heescht, de Student krut

dat, wat ee kéint nennen eng „allocation universelle“ oder e „Grondakommes“, wéi verschidde Riedner dat 2010 genannt hunn, oder en „Prêt salaire“, wéi den Hoffmanns Änder dat och nach gesot huet. Och wann een dobäi muss betounen, datt dofir awer de Student eng aner Allocation universelle, nämlech déi vum Kannergeld a vum Kannerboni, net méi kritt huet.

Fir de Projet, deen deemools vun der LSAP matgedroe ginn ass an haut ganz hefteg vun der DP kritiséiert gëtt, hu verschidde Riedner 2010 d'Wichtegkeet vun deem Grondakommes ervirgestrach. Ech wëll hei een zitéieren, dat ass deen deemools jonken Deputéierte Claude Adam vun deene Gréngen, dee sot: „Mir schafen also mat deem Gesetz hei ee Grondakommes fir Studenten. Ech hunn et scho gesot, déi gréng fannen déi Iddi gutt. Jiddweree gëtt d'selwecht gekuckt. Mir hu keng Studente méi aus räichen a manner räichen Elterenhaiser. Mir hu just nach jonk Leit, déi wëlle studéieren. Mir hunn also ee Grondrecht op Studium. An da geet et och net drëm, wat d'Eltere wëllen, mä et geet drëm, wat wierklech de jonke Mënsch, wat de Student wëllt.“

Une voix.- Très bien!

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- An dat huet den André Hoffmann a senger Interventioun 2010 och ënnerstrach.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här Turpel, Dir zitéiert just en Deel, dat ass… Dir hutt d'Ironie net mat zitéiert. Da maacht dat och!

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Wat hunn ech net mat zitéiert?

(Brouhaha)

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- D'Ironie, déi do hannendrukënnt.

Une voix.- ...Dir hat zum Här Kartheiser gesot, hie soll sech aschreiwen, Här President.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Dat ass deene Lénken hir Polemik.

M. le Président.- Jo, ech mengen och…

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Hien huet mech perséinlech ugeschwat.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Schwätzt léiwer iwwert den Inhalt.

M. le Président.- Ech mengen, Dir kritt och jidderzäit d'Wuert,…

(Interruptions diverses)

…wann Der lech ugegraff fillt, mä elo huet just den Här Turpel d'Wuert.

(Brouhaha général)

Här Turpel, fuert Dir weider a loosst Iech net beiren!

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci. Dat waren d'Aussoe vum Députéierte Claude Adam zum Grondakommes. Hien huet och aner Aussoe gemaach, op déi ech nach wäert zréckkommen, mä dat war emol déi.

Ech hu gesot, dat Gesetz vun 2010 hat ee wesentleche Virdeel, dat war déi Allocation universelle, fir d'Onofhängegkeet vum Student ofzesécheren.

Et hat och ee groussen Nodeel, an dat ass d'Diskriminéierung vun de Frontalieren, d'Ausgrenzung vun de Frontalieren, esou wéi se deemools ganz kloer vun der Chambre des Salariés kritiséiert ginn ass a wéi och den Deputéierten André Hoffmann se kritiséiert huet, dee gesot huet: „Mir zweifelen drun, dass dat mat dem europäesche Recht iwwerhaapt vereinbar wier, wat mer do mat de Frontaliere maachen, a sozial gesi fanne mer et de toute façon inakzeptabel! An dofir stëmmen déi Lénk selbstverständlech dat Gesetz net!“ Dat war 2010.

Et muss een drun erënneren…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Mir hunn et och net gestëmmt.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Jo, jo, ech kommen dorobber. Ech wäert et och erklären. Ech wäert och nach dorobber agoen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- … très bien!

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Jo, et ass heiansdo wichteg, drop hinzeweisen, wéi déi gréng Politik a Kontradiktioune kënnt a sech op eemol ganz schnell kann änneren. Mä dorobber komme mer zréck.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci!

(Interruption)

Et gëtt all Dag besser!

(Interruption)

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Ech wollt nach eng Kéier drop hiweisen, wat dat mat sech bruecht huet 2010. Bis dohinner goufe 17 Milliounen ausgi fir d'Studiebäihëllefen, an doduerjer, datt deen Universalbeitrag, déi Onofhängegkeet vum Student mat 7.000 Euro garantéiert ginn ass, sinn 38 Milliounen dobäikomm. Insgesamt waren dat 55 Milliounen, déi gerechent gi waren, datt dat géif kaschte fir ronn 8.000 Studenten. A Wierklechkeet, huet d'Madame Beissel eis virdru gesot, waren et 90 Milliounen, déi et 2011/2012 kascht huet.

A bei där ganzer Operatioun goufen op d'Käschte vun de Frontalieren a vum Kannergeld a vum Kannerboni 74 Millioune gespuert. Mä net nëmmen op d'Käschte vun de Frontalieren, mä och op d'Käschte vun deene Lëtzebuerger Stéit, déi manner Kannergeld kritt hunn, well ee Kand net méi am Groupe familial dra war an doduerjer d'Kannergeld erofgaangen ass. Also ass och do gespuert ginn.

Insgesamt huet déi Rechnung, déi deemools geheescht huet „Mat manner Sue méi maachen“ 36 Milliounen ënnert dem Strëch vun Erspuernis mat sech bruecht.

Elo gëtt gesot: „Mir si konfrontéiert mat enger Käschtenexplosioun an engem Budgetsproblem“, an da ginn Ännerunge proposéiert par rapport zu der Finanzhëllef. Et gëtt eng Bourse de base agefouert vun 2.000 Euro, eng Bourse sociale vun 0 bis 3.000 Euro, eng Bourse familiale, déi awer nëmmen da spillt, wann en zweet Kand op der Uni ass, an déi, wéi d'Etüd vun de Studente weist, virun allem deene Räiche 500 Euro zousätzlech bréngt, an et gëtt eng Bourse de mobilité agefouert vun 2.000 Euro, déi fundamental ongerecht ass, wou ech drop zréckkommen.

Ënnert dem Strëch kritt de Student also statt 7.000 Euro jee no Situatioun 2.000 bis 7.500 Euro, wann en alles kritt. Fir déi meescht Studenten ass dat eng massiv Kierzung, an net emol onbedéngt nëmme fir déi besser gestallt Studenten, mä och fir anerer.

Als Beispill wëll ech soen, datt een, deen all d'Bourse kritt - base, sociale, familiale, mobilité - a wann d'Famill méi wéi annerhallwe soziale Mindestloun Akommes huet, da läit e schonn ënnert deem, wat se hate mat 7.000 Euro. A wann e keng Bourse familiale kritt - wat jo déi meescht net kréien -, da läit e scho mat engem soziale Mindestloun ënnert deem, wat ee bis elo hat. Dat ass net d'Onofhängegkeet vum Student garantéiert!

De Statsrot weist a sengem Avis drop hin, datt et ëmmer méi schwiereg géif ginn, fir den Ënnerscheed ze maachen tëschent den Allocations familiales an der Studentebourse. De Statsrot seet: «…la comparabilité entre les deux mesures devient de plus en plus vraisemblable et la justification de la différence de traitement devient de plus en plus malaisée.» De Statsrot seet, datt et schwéier nozevollzéien ass, wou den Ënnerscheed ass, an ech mengen, déi Fro ass berechtegt.

A wann et en Ënnerscheed gëtt, dann ass et sécherlech deen, datt ee fir ze studéiere méi brauch, wéi fir an e Lycée ze goen. An hei zitt de Projet de loi déi ëmgedréite Konklusioun draus a gëtt deenen, déi studéiere ginn, manner wéi dat, wat se als Kannergeld hunn, wa se an de Lycée ginn.

An dowéinst hu mir och en Amendement an deem Sënn proposéiert, wat seet, datt d'Bourse de base soll an der Héicht vum Kannergeld sinn, an dowéinst kéinte mer och d'Allocations familiales ofschafen, well am Kannergeld jo dran ass, wann ee méi Kanner huet, datt een dann och méi kritt, an déi sozial Bourse da just nach do wier, fir deenen ze hëllefen, déi wierklech soss net d'Méiglechkeet hätten, fir op eng Uni ze goen.

Amendements parlementaires proposés par la sensibilité politique déi Lénk

Amendement 12 concernant l'article 4

Objectif:

L'objectif de cet amendement est de fixer le montant de la bourse de base à la même hauteur que celle des allocations familiales et du boni pour enfants (cf. remarque du Conseil d'État y relative). En adaptant le montant total de la bourse de base à celui des allocations familiales et du boni pour enfants, la bourse familiale, telle que proposée par le Gouvernement, peut être supprimée (cf. amendement 13). La différence avec les allocations familiales ne se fera plus au niveau de la bourse de base, mais au niveau de la bourse sociale.

Texte:

Le paragraphe 1 de l'article 4 est remplacé par un nouveau paragraphe 1 dont la teneur est la suivante:

«(1) Bourse de base: la bourse est accessible à l'étudiant qui satisfait aux critères des articles 2 et 3 ~~de la présente loi~~. Le montant par année académique ~~est fixé à deux mille euros~~ ***correspond au total des montants alloués selon les articles 272 (allocations familiales) et 274 (allocation de rentrée scolaire) du Code de la sécurité sociale et selon la loi du 21 décembre 2007 (boni pour enfant). Pour l'application de ces dispositions légales sont considéré comme appartenant au groupe familial prévu à l'article 270 du Code de la sécurité sociale tous les étudiants qui remplissent les conditions des articles 2 et 3 de la présente loi, ainsi que tous les bénéficiaires de l'allocation familiale.***

Les montants évoqués à alinéa précédent sont considérés au nombre indice valable le 1er juillet 2016 et adaptés aux variations du coût de la vie conformément à l'article 11, paragraphe (1), de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État.»

Commentaire:

C'est à juste titre que le Conseil d'État soulève dans son avis du 3 juin 2014: «Si les allocations familiales contribuent à la compensation des charges familiales, voire de la charge d'enfants, la bourse de base est censée garantir l'autonomie de l'étudiant sans que le nombre d'enfants à charge du ménage influe sur le montant. Néanmoins, la question se pose si les catégories des personnes concernées se trouvent dans une situation comparable. Si les situations devaient être considérées comme comparables, il faudrait analyser si l'objectif poursuivi par le législateur justifie la différence instituée au regard des exigences de rationalité, d'adéquation et de proportionnalité. Avec l'introduction de la bourse familiale, qui prend en compte la charge d'enfants poursuivant des études supérieures, la comparabilité entre les deux mesures devient de plus en plus vraisemblable et la justification de la différence de traitement devient de plus en plus malaisée.» S'il y a une justification à la différence, ce n'est certainement pas celle selon laquelle les charges d'un étudiant (âgé de 18 ans et plus) qui suit un enseignement supérieur seraient moins élevées que les charges familiales pour un élève qui effectue ses études dans un établissement d'enseignement professionnel, secondaire ou secondaire technique au Luxembourg.

Or, la comparaison entre le les allocations familiales et la bourse telle que proposée par le Gouvernement montre que pour un revenu supérieur à deux fois le SSM, le montant de la bourse est inférieur aux montants des allocations familiales allouées avant 2010.

Voilà pourquoi il est proposé de fixer le montant de la bourse de base à la même hauteur que celle des allocations familiales et du boni pour enfants. En plus, l'autonomie de l'étudiant ne peut être garantie sans prise en considération correcte du nombre d'enfants à charge du ménage. Le nombre de tout enfant influe sur la charge effective. Dans ce même ordre d'idées, la bourse familiale, telle que proposée par le Gouvernement, sera supprimée (cf. amendement 13).

La différence réelle entre l'aide familiale et l'aide financière pour études supérieures ainsi retenue, se fera - au regard des exigences de rationalité, d'adéquation et de proportionnalité (cf. Conseil d'État) - par la bourse sociale, qui, au-delà de la bourse de base nécessaire pour toute étude supérieure, doit considérer la capacité du ménage à subvenir aux besoins de l'étudiant.

En plus, et en attendant la réforme des allocations familiales, les montants repris sont à adapter annuellement à l'évolution du coût de la vie, qui était de 652,16 le 1er juillet 2006, l'indice actuel étant de 775,17, soit 18,86% plus élevé qu'en 2006.

Amendement 13 concernant l'article 4

Objectif:

Supprimer la bourse familiale suite aux adaptations de la bourse de base.

Texte:

L'alinéa 1 du paragraphe 4 de l'article 4 est supprimé.

Commentaire:

En adaptant le montant total de la bourse de base à celui des allocations familiales et du boni pour enfants, la bourse familiale, telle que proposée par le Gouvernement, est à supprimer. Pour les détails, voir le commentaire de l'amendement 12.

Amendement 14 concernant l'article 4

Objectif:

Rapprocher le montant de la bourse sociale à la situation de revenu et de patrimoine réel du ménage.

Texte:

L'alinéa 1 du paragraphe 3 de l'article 4 est modifié comme suit:

«(3) Bourse sur critères sociaux: la bourse sur critères sociaux est accessible à l'étudiant qui satisfait aux critères des articles 2 et 3 et dont le revenu total annuel du ménage dont il fait partie est inférieur ou égal à quatre virgule cinq fois et demie (veuillez lire: à quatre fois et demie) le montant brut du salaire social minimum annuel pour salariés non qualifiés. ~~Par revenu total annuel, il faut entendre le revenu imposable tel qu'il est défini à l'article 7 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu. Est ajouté, le cas échéant, l'abattement de cession prévu à l'article 130 de la même loi.~~»

Commentaire:

La capacité financière du ménage se caractérise non seulement par le revenu imposable, mais à plus forte raison du revenu total disponible, y compris, en principe, du patrimoine. Or, comme au Luxembourg les données concernant le patrimoine de chaque ménage ne sont pas disponibles, il y a lieu de considérer au moins le revenu total disponible.

En plus, et afin d'établir l'équité nécessaire par rapport à la détermination de la capacité financière de chaque ménage, il serait utile et urgent que le Gouvernement mette en place les instruments nécessaires pour inventorier le patrimoine de chaque personne. En attendant, et suite à l'adaptation de la bourse de base aux allocations familiales, il y a lieu de prendre en compte pour la fixation de la bourse sociale l'entièreté du revenu disponible, et non seulement le revenu imposable.

Amendement 15 concernant l'article 4

Objectif:

Supprimer la discrimination selon le pays et adapter le montant de la bourse de mobilité aux frais de location et de vie réelle («Städteindex»).

Texte:

Le paragraphe 2 de l'article 4 est modifié comme suit:

«(2) Bourse de mobilité: la bourse de mobilité est accessible à l'étudiant qui satisfait aux critères des articles 2 et 3 ~~de la présente loi et qui est inscrit dans un programme d'enseignement en dehors des frontières nationales du pays de résidence du ménage dont il fait partie et~~ qui apporte la preuve qu'il supporte les frais inhérents à une prise de location d'un logement. Le montant ***maximal*** *à liquider par année académique est fixé* ***pour chaque ville universitaire d'après un barème à établir par la commission consultative prévue à l'article 10. Le montant alloué est décidé par le ministre.»***

Commentaire:

Il n'est pas admissible de limiter la bourse de mobilité aux locations prises à l'étranger. À cet égard la Chambre des Salariés note dans son avis complémentaire du 19 juin 2014: «Il est possible que l'étudiant ait une location dans le même pays mais à un éloignement certain de la résidence des parents, comme par exemple un étudiant demeurant à Clervaux avec ses parents, mais faisant des études à Esch/Alzette. Alors que l'étudiant qui réside à Metz, mais fait des études à l'Université du Luxembourg aura droit à la bourse de mobilité du fait qu'il dépasse les frontières pour faire ses études. Ne devrait-on pas trouver une solution plus équilibrée à ces problèmes en prévoyant que la bourse de mobilité soit due au-delà d'un certain éloignement entre le domicile de l'étudiant et son lieu d'études? À défaut de ce faire, est-ce que notre législation ne sera pas à nouveau source de discrimination des non-résidents en vertu des règles européennes, alors qu'il est très probable que ceux-ci vont souvent faire leurs études dans leur pays de résidence?» Partant, et afin d'éviter de nouvelles discriminations, il est proposé de considérer les frais réels avec un maximum à fixer par cité universitaire («Städteindex») par la commission consultative prévue à l'article 10. Afin de contrôler la dépense budgétaire supplémentaire, c'est, en fin de compte, le ministre qui prend la décision.

Amendement 16 concernant l'article 6

Objectif:

Prévoir une instance de médiation pour les étudiants dont les personnes responsables du ménage ne participent pas correctement ou ne peuvent pas participer correctement au subventionnement des études supérieures.

Texte:

Ajouter un paragraphe 3 avec la teneur suivante à l'article 6:

«(3) Au cas où la ou les personnes responsables du ménage dont fait partie l'étudiant ne participent pas ou ne peuvent pas participer à la hauteur prévue par la présente loi au subventionnement des charges des études, aussi bien la ou les personnes responsables, que l'étudiant, peuvent recourir à une médiation. Le médiateur pourra soumettra une proposition de majoration à la commission consultative prévue à l'article 10; la majoration est décidée par le mi-

nistre. Cette majoration ne peut dépasser trois mille euros pour la bourse et trois mille euros pour le prêt. Les modalités de cette médiation sont arrêtées par règlement grand-ducal.»

Commentaire:

Plusieurs situations, où la ou les personnes responsables du ménage dont fait partie l'étudiant, ne peuvent pas participer ou ne veulent pas participer à la hauteur des besoins au subventionnement des charges pour études, peuvent se présenter:

- il peut y avoir des responsables de ménage qui ne veulent pas contribuer convenablement aux frais d'études, parce qu'ils ne sont pas d'accord avec le choix de l'étudiant;

- il se peut que, pour d'autres raisons, comme l'endettement du ménage, ils ne soient pas à même de subvenir correctement aux frais d'études;

- il se peut que la ou les personnes responsables refusent de subvenir aux frais pour les études - cas dans lequel l'étudiant pourra intenter une procédure juridique civile contre la ou les personnes responsables;

- il se peut qu'il y ait des divergences sur les sommes à mettre à disposition à l'étudiant pour les études.

Dans tous ces cas, il serait opportun que soit l'étudiant, soit la ou les personnes responsables, soit l'étudiant ensemble avec la ou les personnes responsables puissent s'adresser à une instance de médiation pour que celui-ci puisse concilier les parties. Le médiateur sera également habilité à proposer à la commission consultative une proposition de majoration de la bourse et du prêt. Le plafond de cette majoration est fixé par la loi. Les modalités de cette médiation pourront être arrêtées par règlement grand-ducal. La décision sur la majoration appartient au ministre.

Amendement 17 concernant l'article 7

Objectif:

L'émission tardive de certificats et de toute autre pièce à l'appui de la demande d'aide financière ne doit pas pénaliser l'étudiant, soit en lui refusant l'octroi, soit en retardant trop le payement de l'aide.

Texte:

Ajouter un alinéa de la teneur suivante au paragraphe 3 de l'article 7:

«Les pièces et certificats afférents peuvent être versés après ces dates.»

Commentaire:

Selon la pratique actuelle les aides sont refusées aux étudiants qui ne peuvent produire toutes les pièces requises pour le 30 novembre respectivement le 30 avril.

Amendement 18 concernant l'article 7

Objectif:

Il y a lieu de prévoir également pour le deuxième cycle un nombre d'années pendant lesquelles l'étudiant peut bénéficier des aides, correspondant à la durée officielle plus une année. En conséquence, cette durée est à augmenter de deux années pour les étudiants inscrits à un cycle unique.

Texte:

Le paragraphe 5 de l'article 7 est modifié comme suit:

«(5) L'étudiant inscrit en deuxième cycle peut bénéficier de bourses et de prêts pour le nombre d'années d'études officiellement prévues pour l'accomplissement du cycle d'études dans lequel il est inscrit~~. Ce nombre est~~ augmenté d'une unité ~~au cas où l'étudiant a accompli le premier cycle dans la durée officiellement prévue pour l'accomplissement de ce cycle d'études~~.»

Le paragraphe 6 de l'article 7 est modifié comme suit:

*«(6) L'étudiant inscrit en cycle unique peut bénéficier de bourses et de prêts pour un nombre d'années d'études dépassant ~~d'une unité~~ **de deux unités** la durée officiellement prévue pour l'accomplissement du cycle d'études dans lequel il est inscrit.»*

Commentaire:

Afin de permettre à chaque étudiant d'effectuer ses études dans des conditions comparables et de sérénité correcte, il y a lieu de prévoir également pour le deuxième cycle un nombre d'années pendant lesquelles l'étudiant peut bénéficier des aides, correspondant à la durée officielle plus une année. Ceci permettra d'éliminer le facteur de stress, auquel seraient soumis les étudiants du deuxième cycle qui ont bénéficié d'une année d'étude supplémentaire pendant le premier cycle. Ces mêmes dispositions (un plus un) devraient s'appliquer en conséquence aux étudiants inscrits à un cycle unique.

Amendement 19 concernant l'article 10

Objectif:

Le caractère paritaire concernant la composition de la commission consultative (même nombre de représentants des étudiants et du ministère) est à inscrire dans la loi. Cette commission sera également compétente pour l'établissement de la grille prévue à l'article 4 relatif à la bourse de mobilité («Städteindex»).

Texte:

Le paragraphe 1 de l'article 10 est modifié comme suit:

*«(1) Il est institué une commission consultative **composée paritairement de cinq représentants du ministère et de cinq représentants des organisations d'étudiants**, ~~composée de membres~~ nommés par le ministre et dont la composition et le fonctionnement sont déterminés par règlement grand-ducal.»*

Commentaire:

Bien que le Gouvernement ait proposé une composition paritaire de la commission consultative, il est préférable d'inscrire celle-ci dans la loi même. Ceci paraît d'autant plus important que les attributions de cette commission sont élargies en matière de majorations (cf. nouveau paragraphe 3 de l'article 6) et en matière de fixation des frais de mobilité.

(s.) Justin Turpel, Gast Gibéryen, Françoise Hetto-Gaasch, Fernand Kartheiser, Serge Urbany.

Och wat d'Bourse de mobilité ugeet, ass et wichteg, nach eng Kéier drop hinzeweisen, datt do éischtens d'Gefor besteet vun enger Diskriminéierung - well mer hei vu Landesgrenze schwätzen - an datt déi Bourse einfach net richteg an net gerecht ass.

Ech wëll dann net schwätze vun Athus a Montpellier, ech huelen dann Oth a Montpellier. Een, deen zu Oth oder zu Thionville wunnt an op Montpellier geet, dee kritt déi Bourse de mobilité net. Een, deen awer vun Thionville op Lëtzebuerg kënnt, kritt se. Een, dee vun Ëlwen oder nach e bësse méi héich an d'Stad op d'Uni kënnt, kritt se net. An ech mengen, dat ass eng Ongerechtegkeet, déi hei net aus der Welt geschaaft ass.

Zur Motivatioun heescht et: Käschtenexplosioun verhënneren, mä eigentlech misst et heeschen: Spuermoossnam, wann een éierlech ass.

Tatsaach ass, datt mat 8.000 Studente gerechent gi war, an datt et 2010/2011 55 Millioune géif kaschten. Elo hu mir 25.000 Studenten an de fait huet et 90 Millioune kascht. Also misste mer haut méi wéi dräimol dat ausginn, well mer dräimol méi Studenten hunn.

Wann een dräimol méi Studenten huet, gëtt et dräimol méi deier. Dat sinn 172 Milliounen, oder wann ee souguer de reelle Chiffer hëlt vun deem, wat et 2011/2012 kascht huet, sinn dat 270 Milliounen, déi et haut géif kaschten. A fir dat net ze maachen, well d'Regierung seet: „Mir hunn eis do verrechent", oder: „Déi Regierung virdrun huet sech verrechent", kritt jiddweree manner. A wann dat keng Spuermoossnam ass!

Mir mengen, datt dat eng Spuermoossnam aus budgetäre Grënn ass. A fir dann den Här Adam am Kontext nach eng Kéier ze zitéiere vun deem, wat en dozou oder zu enger ähnlecher Problematik am Juli 2013 (veuillez lire: am Juli 2010) gesot huet: „Mir sinn als Gréng natierlech och der Meenung, datt een a Krisenzäite muss spueren." Ech mengen, dat stëmmt jo haut och nach. „Mir sinn allerdéngs och der Meenung, datt ee muss Prioritéite setzen an datt et Gebidder gëtt, wou een net soll spueren. A mir sinn der Meenung, datt ee mat Sécherheet net an der Éducatioun soll spueren. Well wat mir hei maachen, mir spueren un eiser Zukunft. Mir spueren un eise Kanner."

An ech erlabe mer ze soen, datt dat Zitat 2010 gradesou richteg ass wéi haut an haut gradesou richteg wéi 2010.

D'Fro, déi sech stellt, ass déi: Ass d'Weiderféierung vun der Bourse oder eng Bourse, wou mer elo net spueren, ass déi ze finanzéieren? Et bleift e politesche Choix. Eleng wa mer géifen einfach de jëtzege System verlängeren, géif dat eis 40 Millioune méi kaschten. Eng Méiausgab vu 40 Milliounen.

Wat si 40 Milliounen? Ech hunn d'Beispiller schonn e puermol ginn, ech gi se gären nach eng Kéier: 40 Milliounen ass eng hallef Kläranlag am Norden.

Une voix.- Elo ass den Aly net do!

(Brouhaha)

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Elo ass en net do, et deet mer leed. Ech sinn also der Meenung, datt mer déi Kläranlag brauchen. Datt mer déi brauchen!

(Brouhaha)

40 Milliounen ass een Drëttel vun deem, wat mer elo mussen op Esch/Belval investéieren an Équipementer. Ech sinn awer der Meenung, datt mer déi Équipementer brauchen! An ech fannen et net richteg, datt ee seet, dat eent brauche mer an dat anert brauche mer net. Well et geet ëmmer an deem Fall - ob et Équipementer fir eng Uni sinn oder Studiebäihëllefen, fir datt d'Studente kënnen hir Studien absolvéieren -, et geet ëmmer ëm Suen, déi ee muss kënnen ausginn.

Et gëtt sécherlech aner Gebidder, wou mer se net mussen ausginn. Ech wëll d'Militärausgaben zitéieren. Et gëtt och nach aner onsënneg Saachen, op déi ech elo net wëll agoen. Et gëtt och Alternativen, wou ee Sue kann anzéien, ouni bei déi sozial Schwaach ze goen.

Ech gi just als Beispill de Spëtzesteiersaz, wann deen ëm 1% gehuewe géif ginn, dann hätte mer 40 Millioune méi. Et ass genee dat, wat mer brauchen, fir kënnen de Studenten dat weiderzebezuelen, wat se bis elo haten. An dee Spëtzesteiersaz, wann dee gehéicht gëtt, do brauch keen, dee manner wéi aachtmol de soziale Mindestloun verdéngt, ee Sou méi ze bezuelen. Dat trëfft nëmmen déi, déi dodriwwer verdéngen.

Ech mengen, et ass ganz kloer, dat hei ass eng Kierzung, déi berout net op enger Noutwendegkeet, mä op engem Choix, engem falsche Choix. Et spuert een net op der Bildung. Dat Ganzt huet méi mat Fiskalpolitik a Budgetscontrainten ze dinn, wéi hei zougi gëtt.

Da kommen ech zum Protest vun de Studenten, notamment dem Streik vum 25. Abrëll: 17.000 Studenten, déi engem Opruff vum Aktiounscomité gefollegt sinn...

(Interruption)

...Schüler a Studenten, déi engem Opruff - ech erklären och gären, firwat datt och Schüler derbäi waren -, dem Opruff vum Aktiounscomité gefollegt sinn, e risegen Erfolleg.

An déi grouss Zuel vu Schüler a Studenten, déi do mobiliséiert ginn ass, déi ass net nëmme vun der UNEL mobiliséiert ginn, mä déi ass vum Aktiounscomité mobiliséiert ginn, zu deem eng ganz Rei Organisatioune gehéieren: d'UNEL, d'LUS, d'Richtung 22, awer och d'Jugendparteien, JSL, esou wéi deemools och, Jonk Lénk, JCL, Jonk Piraten, d'Schülercomitéen. Solidaresch hu sech erkläert OGB-L, LCGB, ALEBA, SNE, CGFP, SEW, Chambre des Salariés an eng Rei auslännesch Studentenorganisatiounen. An déi stinn haut nach zu deene Fuerderungen, déi opgestallt gi sinn, egal wat gesot gëtt! Den Aktiounscomité a seng Fuerderungen hunn haut nach ëmmer déi Ënnerstëtzung.

A mir bedaueren et, mir bedaueren et, datt de Refus vum Minister, fir mam Aktiounscomité ze diskutéieren an do nei Forme vun Dialog ze akzeptéieren, nei Forme vun Dialog, déi heeschen, offen an Transparenz ze dialoguéieren,...

M. Eugène Berger *(DP).*- ...ACEL...

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- ...an déi Offenheet an Transparenz, déi huet d'Regierung sech op de Fändel geschriwwen a war se hei net bereet, ze maachen.

D'Regierung schwätzt léiwer, an den Här Berger huet et jo elo gesot, si schwätzt léiwer vun deenen, déi net matgestreikt hunn.

(Brouhaha)

A wa Verbesserunge komm sinn, da si se net duerch d'ACEL komm, déi hei ervirgehuewe gëtt, déi net matgestreikt huet, mä da si se komm duerch den Drock vun der Mobiliséierung an der Strooss.

A wann et esou ee massive Protest war, dann ass dat en Ausdrock vun enger Suerg, net nëmmen enger Suerg vu Studenten, mä och vu Schüler. Eng Suerg fir hir Zukunft, net nëmme wéinst der Onofhängegkeet vum Student, mä och eng Suerg iwwer alles dat, wat nach an anere Beräicher op d'Jugend an d'Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, schaffen zoukënnt. A wa mer kucken, wat de Moment an der Diskussioun steet, hu se recht.

Ech wëll nëmmen opwerfen de Problem Kannergeld, wou ee muss fäerten, datt et zu Kierzunge kënnt. Wann ech och kucken de Problem TVA, deen all Famill wäert treffen, bis hin zum Budget nouvelle génération! An et ass net fir näischt, datt se an hirem Protest ënnerstëtzt gi si vun der Chambre des Salariés, déi och nach an hire leschten Avisen dee Protest zum Ausdrock bréngt, och wa mer an der Kommissioun net méi konnten aus Zäitgrënn driwwer diskutéieren.

An eng vun den Haaptursaache vum Protest war déi, datt eng bedarfsentspriechend Bourse hei net méi garantéiert ass, datt et reell Kierzunge si fir déi Studenten, déi drop ugewise sinn, an datt nei Diskriminéierunge méiglech sinn. Mä den Aktiounscomité ass méi wäit gaangen. En huet net nëmmen drop higewisen, wat hei eng Rei Deputéiert gesot hunn, datt Date feelen. En huet net nëmmen drop higewisen, datt d'Bilanz vum Gesetz 2010 net gemaach ginn ass; an ech kommen herno bei der Motioun dorobber zréck.

En huet och erkläert, datt de Bedarf net gekläert ass: Wat brauch e Student fir wou ze studéieren? A si méi wäit gaangen doduerch, datt se eng eegen Etüd gemaach hunn, och a kuerzer Zäit. Mir hätten et och léiwer gesinn, wann de Ministère mam Aktiounscomité zesummen déi Etüd gemaach hätt. Eng Etüd, déi sécherlech representativ ass, där hir Representativitéit net unzezweifelen ass, well hir Ergebnisser méi héich si wéi déi vun aneren Emfroen a professionell ausgewäert gi sinn.

An d'Resultat vun där Etüd ass - och wa keng Zäit méi war, fir an der Kommissioun doriwwer ze diskutéieren, och dat hu mer an den Hierscht verschoben - ganz interessant. Ech wëll just dräi kuerz Punkten erausgräifen: Éischtens, d'Bourse familiale an d'Bourse de mobilité, esou wéi se de Moment konzipéiert sinn, gi virun allem u besser situéiert Studenten an net u méi schlecht situéiert Studenten.

De Bedarf ass emol eng éischte Kéier - vun deem, wat e Student brauch an deenen eenzelne Länner -, ass eng éischte Kéier emol hei erausfonnt ginn a festgehale ginn. Wou ee mierkt, datt een an der Belsch an an Däitschland am mannste brauch, an net an England, mä an der Schwäiz am meeschten. An et ass festgestallt ginn, datt 37% vun de Studenten de Moment ouni Ënnerstëtzung vun hiren Eltere liewen. Wéi dat an Zukunft ausgesäit, ass net kloer.

An d'Studente weise weiderhin op d'Gefor hin, déi de Moment besteet mat deem Gesetz: Nämlech d'Planungssécherheet vun deenen, déi elo op der Uni sinn, ass net garantéiert, well se net wëssen, wat dat fir si an hir Elteren an deenen nächste Joren heescht. D'Gefor ass, datt de Choix vum Student a Fro gestallt gëtt. An d'Gefor ass déi, datt eng Rei Leit net kënne studéieren, well d'Elteren et net packen.

Ech ginn elo net an op de Prêt, well d'Zäit mer dat net erlaabt, obschonn och do Geforen, grouss Gefore bestinn, datt d'Prêten, déi ëmmer méi grouss ginn, net méi kënne remboursséiert ginn. Fréier war et esou, wann de Schüler vun der Uni komm ass, dann hat e praktesch eng Sécherheet vun engem gudden Akommes, wat em erlaabt huet, de Prêt ze remboursséieren. Haut ass d'Prekaritéit vun de Studenten an den Intellektuellen ëmmer méi grouss.

D'Reform ass effektiv iwwert de Knéi gebrach, net wéinst deene ville Sëtzungen, déi mer haten, wou ech och ëmmer derbäi war, inklusiv an de Mëttesstonnen an egal ob ech véier, fënnef Kommissiounssëtzungen den Dag hat, mä well et zum Schluss awer schnell gaangen ass. Iwwer déi lescht Avise konnt net méi geschwat ginn. An et ass eng Reform en méconnaissance de cause.

Et sinn eng ganz Rei Widdersprëch an Onkloerheeten dran, wat d'Dokumenter ugeet, wat d'Anticumulbestëmmungen ugeet. Et ass op d'Elteregeld higewise ginn. Ech wëll d'Beispill gi vum BAföG, wéi dat wäert funktionéieren. Elo wäert de Student mussen e Certificat bréngen, datt e BAföG kritt. Beim BAföG gëtt en e Certificat gefrot, wat en hei huet. Da kritt e säi BAföG. Da bréngt en dee Certificat hei, da kritt en dat hei gekierzt. Da seet de BAföG erëm, jo, elo hues de zu Lëtzebuerg méi kritt, elo kriss de de BAföG erëm gekierzt. Dat heescht, mir sinn an engem Perpetuum mobile dran do, wou een net erauskënnt.

An dat Gesetz, wat hei wierklech onausgeräift ass an iwwert de Knéi gebrach gëtt, och dozou, well et esou schéin ass, wëll ech dann e lescht Zitat bréngen vum Deputéierte Claude Adam, dee sot: „Meng Erfahrung mat där aler Studienhëllef ass, datt et immens komplizéiert ass, wann ee feststellt, datt do Ongereimtheeten (veuillez lire: datt do Ongerechtegkeeten) dra sinn, fir déi erëm erauszebigelen. Et wier wierklech besser, et géif een déi Saache grëndlech analyséieren, ier een et iwwert den Instanzewee gëtt. An dofir, Dir Dammen an Dir Hären, wäerten déi gréng och géint dëst Gesetz stëmmen."

Mir wëssen, datt hei am Sall eng ganz Rei Deputéiert op de Bänke vun der Majoritéit sinn, déi eigentlech d'Bedenke vum Aktiounscomité deelen, mä déi dat awer aus Koalitiounsgrënn net zouginn.

(Brouhaha)

An ech géif lech roden,...

M. le Président.- Jo, Dir misst elo ophalen.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Ech sinn elo fäerdeg, ech wollt nach ee Saz...

M. le Président.- Här Turpel, ech war scho generéis mat Iech...

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Ech wollt nach e Saz soen zur Motioun.

M. le Président.- ...strapazéiert de Bou awer net!

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Ech wollt ee Saz soen zur Motioun. Ech wollt Iech just drun erënneren, datt Der dobaussen eng Pampers kritt hutt.

Plusieurs voix.- Ooh!

(Brouhaha général)

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Ech géif Iech roden: Ditt se un! Da geet et net an d'Box, wann ee vun der Regierungsbänk géint de Projet stëmmt. An ech wäert Iech an e puer Joer drun erënneren. Iwwregens ass déi hei ganz schéin an ech wäert mer se halen.

(Brouhaha général)

Une voix.- Jo! Oh!

Une autre voix.- Dot se selwer un!

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Zur Motioun selwer wollt ech soen...

(Interruption)

M. Alexander Krieps *(DP).*- Fetischist!

(Hilarité)

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Zur Motioun wollt ech soen, datt ech déi éischt Sëtzung vun der Héichschoulkommissioun, wou mer iwwert de Projet de loi geschwat hunn, de Minister gefrot hunn, wat mer vun Etüden hätten. Dee sot: „Leider net vill." An der leschter Sëtzung, wou ech proposéiert hunn, e Bilan ze maache vun deem Gesetz hei no engem Joer, huet de Minister gesot, e wier d'accord. Ech hu virgeschloen, eng Motioun dozou ze maachen.

Motion 2

- Considérant le projet de loi concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures, visant à garantir l'autonomie des étudiants tout en prenant en compte les capacités financières du ménage dont fait partie l'étudiant;

- considérant que ce projet de loi influencera considérablement la situation des étudiants qui souhaitent effectuer des études supérieures;

- considérant le manque de données empiriques sur la situation sociale des étudiants et sur leur situation de vie dans les différents pays et cités universitaires;

- considérant qu'il est également utile de savoir dans quelle mesure la situation socio-économique d'un étudiant influence le choix de ses études et leur déroulement;

- considérant que l'étude «sondage 6670» effectuée par le Comité d'action 6670 avec l'appui du «Centre Information Jeunes» est un premier élément d'étude de la situation des étudiants, et qu'elle démontre un certain nombre de corrélations entre les aides et la situation des étudiants;

- considérant la volonté du Gouvernement d'effectuer ou de faire effectuer les études nécessaires pour analyser en profondeur et en détail la situation des étudiants, de même que les conséquences du projet de loi concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures sur leur situation et leur choix;

la Chambre des Députés

- regrette que de telles études n'ont pas été effectuées plus tôt;

- salue la volonté du Gouvernement de définir les objectifs de ces études ensemble avec la Chambre des Députés;

- invite le Gouvernement à présenter dans un an un bilan intermédiaire et au plus tard dans deux ans un bilan approfondi de la nouvelle loi concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures en rapport avec les conclusions de ces études.

(s.) Justin Turpel.

Ech mengen, mir waren eis all eens, fir esou eng Motioun ze maachen, souwuel d'Regierung wéi d'Oppositioun. Ech hu se leider de Moien eréischt geschriwwen. Ech hu gesinn, d'Kolleege vun der Majoritéit hunn an hirem Numm och eng Motioun geschriwwen. An ech sinn esou fein, datt ech meng Motioun zréckzéien a mech där Motioun uschléissen.

A wann herno nach d'Noutwendegkeet ass, da wäert ech déi puer Sekonnen, déi ech hunn, nach notzen, fir zu den Amendementer ze schwätzen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Ech fäerte ganz, Här Turpel, Dir hutt keng Sekonne méi zu den Amendementer, well d'Amendementer sinn an där normaler Riedezäit abegraff. Ech kann Iech och den Artikel soen, wann Der wëllt. Et ass, mengen ech, den Artikel 37, Dir kënnt en noschloen.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Motiounen an d'Amendementer.

M. le Président.- Jo, d'Motiounen an d'Riedezäit sinn net cumulabel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Neen, ech wëll...

M. le Président.- An Dir hutt elo just zu der Motioun geschwat. Ech soen Iech Merci. D'Wuert huet elo den Här Adam, deen e Fait personnel gefrot huet.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Här President, ech fille mech schonn e bësselche geéiert, wann den Här Turpel mech dräimol zitéiert. Dat ass jo flott. En huet domadder...

(Interruption)

...domadder bewisen, datt en da meng Äusserunge vun 2010 och gelies huet. An esou wéi ech den Här Turpel kennen, huet e se och ganz gelies. An ech wëll net an en Dialog mam Här Turpel antrieden, ech wëll just soen, datt, wann den Här Turpel meng Aussoen och ganz gelies huet, dann huet e se awer hei erëmbruecht, korrekt, Här Turpel, mä en huet se aus dem Kontext geholl. Ech huelen dat éischt Beispill, wou Der sot vun der Gerechtegkeet: „Mir hunn nach just jonk Leit, déi wëlle studéieren. Mir hunn also ee Grondrecht op Studium." Do soen ech dann e bësse méi wäit: „All Student kritt datselwecht. Dat wier an enger postsozialistescher Gesellschaft bestëmmt eng gerecht Léisung."

An ech mengen, ech hunn och eise Vote géint d'Gesetz vun 2010 motivéiert an ech hunn hei méi wéi eng Kéier gesot, datt mer fir dëst Gesetz wesentlech méi Zäit gehat hätte wéi fir all déi aner an datt mer och dëst Gesetz wäerte stëmmen.

Här Turpel, ech hunn oft d'Gefill, wann ech Iech nolauschteren - a mir dierfen Iech jo och ganz oft nolauschteren -, wann Der fäerdeg sidd, ech misst bei de Paschtouer goen an an de Beichtstull goen. Ech soen Iech awer just: Ech maachen Iech déi Freed net, an ech fannen och net, datt et un Iech ass, fir hei mam „erhobenen moralischen Zeigefinger" ze kommen. Ech fannen dat eng onflott Manéier!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Sou, dann huet elo den Erzéiungs- an Héichschoulminister d'Wuert. Just fir virzebeugen: D'Regierung huet 20 Minutten Zäit.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischt wëll ech all de Riedner Merci soe fir virun allem déi konstruktiv Bäiträg, déi mer och de Mëtten hei héieren hunn. Ech wëll, well och d'Riedezäit vun der Regierung knapp bemooss ass, wéi Der wësst, direkt op de Punkt kommen an nach eng Kéier soen, firwat mer en neit Gesetz brauchen.

Mir haten en Accident, dee geschitt ass 2013 um Europäesche Geriichtshaff, well déi lescht Regierung e Projet 2010 op de Wee bruecht huet, fir d'Bourssen nei ze regelen, ganz generéis virun allem fir d'Résidenten, mä et ass schifgaangen. Et war eng Wett, déi gemaach ginn ass, fir op där enger Säit op d'Käschte vun de Frontalieren ze spueren an op där anerer Säit hei am Land vill méi generéis ze ginn. Et ass net akzeptéiert ginn. Et ass schifgaangen. An duerfir ass dat en éischte Grond gewiescht, firwat mer musse reagéieren, firwat mer musse virun allem schnell reagéieren.

Mir haten awer och an eisem Regierungsprogramm eng Rei vun aneren Zilsetzungen definéiert. Mir hu gesot, mer wëllen ewechkomme vun engem System, deen d'selwecht ass fir jiddwereen. Mir wëllen zréck zu enger sozialer Selektivitéit kommen a mir wëllen och de Bedarf considéréieren: Wat brauch de Student, jee nodeem, wou e studéiert? An natierlech wollte mer och weiderhin e System hunn, mat deem jiddweree ka studéiere goen, virun allem dat, wat en och wëllt.

Duerfir hu mer eben net méi an deem neie Projet just eng Bourse, déi d'selwecht ass fir jiddwereen, mä mir hunn eng ganz Serie vu Bourssen, déi deenen eenzelne Situatiounen a genau deenen Usprëch, déi ech hei nach eng Kéier opgezielt hunn, besser gerecht gëtt: eng Bourse de base, eng Bourse sociale, eng Bourse de mobilité, eng Bourse familiale, e Prêt weiderhi vu 6.500 Euro maximal, en zousätzleche Prêt bis zu 3.000 Euro, wat dann de Complément ass zu deem, wat een als Bourse sociale net kritt. Et bleift bei der Regelung fir d'Frais d'inscription mat engem Plaffong vun 3.700 Euro d'Joer, 50% als Bourse a 50% als Prêt. An och déi 1.000 Euro, déi een nach zousätzlech fir e spezielle Bedarf ka kréien, och dat bleift bestoen.

Wann een elo emol déi 1.000 Euro ewechhëlt, well déi meescht se net froen, wann een och d'Inscriptiounsfraisen ewechhëlt, well dat jo eigentlech nëmmen duerch de Budget vum Student transitéiert - et gëtt ee se aus bei der Inscriptioun, et kritt ee se bis 3.700 vum Stat zréck -, dann huet een hei am maximale Fall, wann een all déi Bourssen an all déi Prêten do ka bezéien, 14.000 Euro d'Joer. An dat sinn 1.000 Euro méi wéi dat, wat haut jiddweree ka kréien, nämlech 13.000 Euro d'Joer.

Wann een dann awer och emol eng Kéier kuckt, wat jiddwereen eigentlech haut ka kréien, wann en hei zu Lëtzebuerg studéiert, da sinn dat 2.000 Euro Bourse de base, et sinn déi 3.000 Euro entweder Bourse sociale oder de Prêt, et sinn déi 6.500 Euro Prêt, da kënnt een op e Montant vun 11.500 Euro plus nach eng Kéier d'Droits d'inscription, plus eventuell nach déi 1.000 Euro zousätzlech. Wann ech am Ausland studéieren, da sinn et nach eng Kéier déi 2.000 Euro zousätzlech als Bourse de mobilité, also insgesamt 13.500 Euro plus d'Droits d'inscription, also do scho méi wéi dat, wat ee mat der aktueller Regelung ka kréien.

Wuelverstanen, dat ass dat, wat ee wierklech als Geldmoyene pro Joer ka kréien. Méi ee groussen Deel natierlech, dat wëll ech awer derbäisoen, ass dann eventuell e Prêt. Dat hänkt dann, jee nodeems, wou een am sozialen Tableau agestuuft ass, vun der Bourse sociale of. Méi Prêt heescht awer och méi Eegebedeelegung, heescht och e Stéck méi eege Responsabilitéit, heescht och e Stéck sozial Selektivitéit. Well, wann ech mäi Studium packen, dann hunn ech besser Chancen, herno eng Plaz ze kréien, ech hunn och besser Chancen, eng besser bezuelte Plaz ze kréien. Dat gëtt mer och d'Moyenen no enger gewësser Durée, dee Prêt och besser kënnen zréckzebezuelen.

Mir denken, datt mer heiduerch virun allem awer eppes geschafen hunn, woumat jiddweree ka studéiere goen a wou duerch dat, wat effektiv vläicht fir Eenzelner elo ewechfält, keng Situatioun geschafe ginn ass, wou een net méi kéint dat studéiere goen, wat ee wëllt, well virun allem do, wou prezis eppes ewechfält, dat wierklech dann awer Situatioune sinn, wou entweder de Bedarf net esou grouss ass oder wou d'Elteren awer nu wierklech kee Problem dierften hunn, fir e Stéck wäit besser kënnen ze hëllefen. Wat och eng gesetzlech Verflichtung - ech soen et nach eng Kéier, et ass de Mëtten e puermol gesot ginn - vun den Elteren ass!

Dee Projet hei gëtt jo net esou gestëmmt, wéi en an der initialer Fassung vun der Regierung abruecht ginn ass, d'ailleurs vun der Regierung abruecht ginn ass, mengen ech, no dräi Méint, wou se am Amt war.

Well mer eng gewëssen Urgence haten, hu mer extrem schnell misse schaffen. Ech hunn op ville Plaze gesot, ech soen et och hei nach eng Kéier, datt dee gréisste Regret, deen ech an dësem Dossier hunn, deen ass, datt mer net méi Zäit hate virdrun, fir intensiv ze analyséieren, fir méi e breeden Discours kënnen ze féieren, fir méi ee breeden Débat kënnen ze féieren, an net nëmmen iwwer Geld, wat de Student brauch, mä iwwert d'Studéieren haut an d'Situatioun vun de Studenten haut, d'Perspektive vun de Studenten haut an all déi Froen, op déi och, ech mengen, de Claude Adam méi am Detail agaangen ass, dee gesot huet: Firwat décrochéieren esou vill jonk Leit op der Uni? Firwat komme se zréck? Ass et eng Fro vun Orientatioun? Ass et eng Fro vu Preparatioun? Si se awer ze vill op sech eleng gestallt op deenen eenzelnen Unien? Do bleift nach ganz, ganz vill ze maachen.

Mir hunn awer als Regierung, mengen ech, och deenen nogelauschtert, déi mat eis wollte schwätzen. Mir hunn deenen aneren och nogelauschtert, déi net bei eis komm sinn, déi jo op anere Plazen hir Fuerderungen awer ëmmer erëm artikuléiert hunn. An duerfir huet d'Regierung selwer relativ fréi eng Rei vun Amendementen abruecht.

Do ass et drëms gaangen, fir de maximale Montant vun der Bourse sociale vun 2.500 op 3.000 Euro eropzesetzen. Mir hunn den Tableau vun der Bourse sociale nach eng Kéier komplett geännert gehat, fir déi Spréng, déi dra waren, eng Rei vun Härtefäll also, och auszemäerzen.

Mir hunn dee Complément als Prêt vun der Bourse sociale agefouert, fir wierklech e Stéck méi Onofhängegkeet vum Student ze garantéieren, fir och dat kënnen ze studéieren (veuillez lire: fir och dat kënnen ze studéieren, wat e wëllt), och wann d'Elteren net wëllen hëllefen, vläicht well en eppes studéiert, wat doheem net esou gutt ukënnt.

Mir hunn eng Äntwert fonnt op déi Fro, wat ass, wann der e puer an der Famill studéieren, wat zu enger zousätzlecher, zu enger cumuléierter Belaaschtung vum Portmonni vun den Eltere bäidréit.

A mir waren och d'accord, fir ze soen, datt mer déi Studentewunnengen hei zu Lëtzebuerg - wou mer jo nach e grousse Programm an der Pipeline hunn, fir déi ze schafen - och zougänglech maachen an engem gewësse Contingent fir déi Studenten, déi zwar och schonn e Wunnsëtz hei zu Lëtzebuerg hunn, mä déi méi no, sief et hei an d'Stad oder op Belval wëlle plënneren, fir net all Dag ze vill wäit mussen ze fueren.

Dat sinn der Regierung hir Amendemente gewiescht, mä et si jo och anerer komm. D'CSV huet - ech fannen zwar spéit, mä awer ëmmerhin - Amendemente gemaach, wat ech begréissen. Well et hätt ee sech an dësem Dossier jo kënne verstoppe goen. Et hätt een et och kënnen esou maache wéi déi Lénk: einfach Amendemente bréngen, déi de Budget am Regierungsprojet, dee jo 120 Milliounen d'Joer ausmécht, quasi verduebelt hätten. Mir hunn dat emol eng Kéier iwwert den Daum gerechent: Dat wären 230 Millioune gewiescht, wat déi Lénk proposéiert hunn.

D'CSV bleift ongefeier an deemselwechte Budget, allerdéngs gëtt et awer eng Rei vu gravéierenden Ënnerscheeder. An et ass de Mëtten, mengen ech, och scho vum Eugène Berger gesot ginn: Wa mir als Regierung vu sozialer Selektivitéit schwätzen, dann dréckt dat sech an deem aus, datt mer vum Gesamtmontant, dee mer hei wëllen ausginn u Bourssen, ronn 30% fir déi sozial Bourse ausginn. Der CSV hir Amendemente gesi vir, datt knapps 5% ausgi gi fir de soziale Kritär. Nun, dat schéngt mer awer net eisen Usprëch - op jidde Fall als Majoritéitsparteien an als Regierung - gerecht ze ginn, well mir eben der sozialer Selektivitéit méi eng grouss Plaz wëllen do araumen.

An ech bedaueren et e bëssen, well an de Wahlprogrammer jiddwereen ëmmer erëm vu sozialer Selektivitéit schwätzt, jiddwereen ëmmer erëm seet, datt deen, dee méi muss gehollef kréien, och méi Hëllef muss zegutt hu vum Stat. Hei maache mer et eigentlech fir d'éischte Kéier eng Kéier ganz, ganz prezis. An déi, déi sech verstoppe ginn, dat ass awer erëm eng Kéier d'CSV.

Déi Fro vun der Autonomie, vun der Onofhängegkeet vum Student, déi och vun der CSV... - a se bewaacht jo do e bëssen d'Ierfschaft vum Fränz Biltgen a se hält déi ganz, ganz héich -, muss och vläicht awer eng Kéier ënner engem anere Liicht gekuckt ginn. Virun allem, wann hei gesot gëtt, datt mat där Propos, déi d'CSV gemaach huet, datt mer déi Bourse de base vun 2.000 Euro sollen op 2.750 Euro d'Joer eropsetzen... Dat ass also en Ënnerscheed vun 62,50 Euro de Mount. A wann dat den Ënnerscheed ass vun enger Situatioun, wou d'Autonomie net garantéiert ass, an enger Situatioun fir d'CSV, wou d'Autonomie da komplett garantéiert ass, da muss awer och emol nach eng Kéier ee mer dat doten am Detail virrechnen! Well ech muss Iech soen, ech hunn et eigentlech net verstanen.

Ech wëll och nach eng Kéier relativéieren, datt d'Autonomie vum Student an dee Message, deen Eenzelner do ginn, jo mengen ech net kann heeschen, datt d'Onofhängegkeet vum Student dann erreecht ass, wann een zu honnert Prozent ofhängeg vum Stat ass. Onofhängeg ass een...

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- ...och a menger Virstellung, wann een op eegene Féiss steet, a virun allem als jonken Erwuessenen, wann een och derzou erugefouert gëtt, fir lues a lues selwer Verantwortung, och fir sech selwer, ze iwwerhuelen. An da kann een net nëmme vum Stat ëmmer nëmmen eng Hëllef kréien, a jiddwereen d'selwecht, egal ob een déi Hëllef do brauch oder net, egal ob ee selwer en Effort duerfir mécht oder net.

Ech sinn amgaangen an de Schoulen an op villen anere Plazen an op Eltereréuniounen, d'Elteren drun ze erënneren, datt se eng Verantwortung hu fir hir Kanner. An duerfir kann ech dee Message hei net verstoen, an datt e virun allem vun enger CSV kënnt,...

Une voix.- Jo.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- ...déi seet, d'Elteren hu keng Verantwortung méi fir hir Kanner, dann, wa se studéieren!

(Interruptions)

Dat ass nu wierklech e Message, dee kontraproduktiv ass an deen ech vun der CSV eigentlech esou net erwaart hätt!

(Interruptions)

Une voix.- Dat huet kee gesot...

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Dat huet kee gesot, Här Meisch!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Neen!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Zur Leeschtung, zum Leeschtungsprinzip, dee mer jo an eisem Projet dran hunn, dee mer esou iwwersat hunn, datt mer soen: Deen, dee méi laang studéiert oder vill méi laang studéiert, wéi e misst studéieren, dee kritt herno keng Bourse méi, dee kritt just e Prêt. Mir hätten et aneschters kënne formuléieren. Mir hätte kënne soen: Et kritt een amplaz ee Joer méi laang, also fënnef plus ee Joer fir de Gesamtstudium, de Master, do hätte mer kënne soen, et kritt ee fënnef plus zwee Joer méi laang. A wann een déi fënnef plus zwee agehalen huet, da kritt een nach eng Kéier déi Suen als extra Prime zréck. Dat war jo virdrun esou e System, bis 2010.

(Interruption)

Dann hätte mer herno e Montant vläicht kënnen definéiere vu 7.000 Euro. Mir kéimen op genau deeselwechte System zréck wéi deen, dee mer hei hunn, wou een dann eng Leeschtungsprime hätt kënne ginn. Well virun 2010 war se och just op d'Durée vum Studéiere berechent. A si wär vill méi héich gewiescht wéi dat, wat Dir an Ären Amendementen als Leeschtungsprime ausgewisen hutt. Duerfir kann ech eigentlech och dorobber elo net d'accord si mat Iech, datt eise Projet eigentlech guer kee Leeschtungselement hätt.

Mir hunn driwwer geschwat. Mir sinn der Meenung, datt et schwiereg ass, Leeschtung tel quel ze vergläichen tëscht eenzelnen Unien, tëscht eenzelne Studierichtungen. Do kann een net direkt op eng Benoutung goen. Dat géife mer ongerecht fannen. Duerfir denke mer, datt mer dat am beschte kënne maachen - an et ass jo och am Interessi vum Stat och, wa mer dee Message awer ginn, an et ass och am Interessi vum Student an, ech mengen, och vu sengen Elteren -, wa mer dee Message ginn, datt een net soll ze laang trödelen op der Uni an awer kucken, an enger normaler Zäit respektiv plus ee Joer, wéi mer et hei virgesinn, fäerdeg ze ginn. A mir loosse jo och duerno kee falen. Duerno kann een och nach eng Kéier de Prêt kréien.

D'Chamber huet jo selwer eng Rei vun Amendementen och duerno nach ugeholl, wou een eigentlech kaum diskutéiert ginn ass, dee sécherlech och finanziell Répercussioune wäert hunn, ganz besonnesch fir de Student. Well mir hunn op Urode vum Statsrot d'Notioun vum Revenu total definéiert a mir sinn do zréckgaangen op de Revenu imposable. An elo wëll ech hei kee Cours a Steierrecht halen, mä jiddwereen, deen emol schonn eng Kéier eng Steiererklärung gemaach huet, weess, datt de Revenu imposable däitlech méi niddreg ass wéi säi Bruttoloun.

Wa mer also soen, datt hei een eng Bourse sociale kritt bis 4,5-mol de soziale Mindestloun, wat ronn 8.500 Euro sinn, dann ass dat e Bruttogehalt, wat bal un 11.000 Euro fir déi allermeescht erukënnt. Et ass also bis dohinner, wou mer d'Bourse sociale ausgeweit hunn.

An et ass absolut net ze vergläiche mat deem, wat d'CSV gemaach huet, déi gesot huet, de soziale Kritär, dat ass just dat, wann ech eng Allocation de vie chère kréien,...

Une voix.- Jo.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- ...wou ee quasi de Leit seet: Dir kritt just eppes iwwert de soziale Kritär, wann Der quasi op den Aarmebüro musst goen. Bei eis geet dat vill méi breet an d'Mëttelschicht, well mer och denken, datt ee sozial Selektivitéit net nëmmen esou kann iwwersetzen, datt d'Mëttelschicht ëmmer da bezilt, wann ze bezuelen ass, an ni kann eppes kréien dann, wann eppes ze kréien ass.

Dat ënnerscheet eis och nach eng Kéier fundamental zu deenen Amendemente vun der CSV. Duerfir ass et, mengen ech, net verwonnerlech, datt d'Regierung proposéiert huet, déi an der Kommissioun ofzelehnen. An ech géif déi Propos och haut nach eng Kéier hei widderhuelen.

Wat nach geännert huet par rapport zum Text vun 2010, a ganz besonnesch zu deem Text vu virdrun, dat ass, datt mer jo haut vill méi e prezisen Text hunn. Mir hu Froen hei geregelt, déi wäit iwwert den Domän vum Héichschoulstudium erausginn. Mir hunn eis ëm e Familljerecht op eemol misse bekëmmeren, mir hunn eis ëm Sozialrecht misse bekëmmeren, mir hunn eis ëm Europarecht misse bekëmmeren.

Dat si lauter Froen, déi eigentlech 2010 an och 2013 awer komplett ignoréiert gi sinn. Duerfir hu mer haut sécherlech méi e komplexen Text. Sécherlech ginn och eng Rei vu Froen hei zousätzlech doduerjer opgeworf, déi een an enger einfacher Ried emol eng Kéier hei uewe kann an de Raum stellen, ouni datt direkt eng Äntwert do ass. Ech denken awer, datt deen Text hei der Saach vill méi gerecht gëtt, och vill méi eng grouss rechtlech Sécherheet huet wéi dat, wat mer bis elo haten. An datt den Text vun 2010 déi jo net hat, dat brauch ech hei net nach eng Kéier ze widderhuelen.

D'Madame Hansen huet och d'Fro vum Anticumul opgeworf. Déi beschäftegt mech, a si beschäftegt mech net eréischt zënter deem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff an der Fro, ob d'Lëtzebuerger Kannergeld an dat däitscht „Elterngeld" kënne géinteneen opgerechent ginn.

Ech hat mech virdru gefrot: Wat fir eng Meenung hutt Der dann? Dir hutt se de Mëtte gesot. Och dat wëll ech nach eng Kéier positiv erviirsträichen. Dir hutt hei gesot, datt, wann et esou wär, datt mer keng Garantie hätten, datt mer elo déi Bourse, déi mer ginn, kënne mam Kannergeld am Ausland oprechnen... Wou mer fest wëlles hunn, dat ze maachen, well soss hu mer eng Inegalitéit, an dës Kéier zuongonschte vun deene Studenten, déi hei hire Wunnsëtz hunn, an zugonschte vun deenen, déi een am Ausland hunn.

A mir wëllen dat, mir wëlle se duerfir wierklech maachen. Mir sinn och der Meenung, datt mer se kënne maachen! Well virun allem all déi, déi hei elo stoungen an an de leschte Wochen a Méint gesot hunn, datt ee jo och misst considéréieren, datt d'Kannergeld ewechgefall ass, déi soen domadder jo awer, datt dee Bourssesystem, dee mer hei hunn - an ech mengen, den Här Turpel huet de Statsrot och nach eng Kéier an déi Richtung hei zitéiert -, datt mer domat hei eigentlech e Mix hu vu Leeschtung, dee souwuel op där enger Säit eppes ass, wat d'Kannergeld nach ëmmer zum Deel kompenséiert - och nëmmen zum Deel kompenséiert, jo, mä awer ëmmerhi kompenséiert -, an op där anerer Säit awer dann d'Notioun vun der Bourse huet an hiren eenzelne Composanten. Duerfir wëlle mer dat maachen.

Wann een et awer esou mécht, wéi Dir gesot hutt, Madame Hansen, datt een da soll hei op eng Bourse de base verzichten an d'Kannergeld erëm aféieren, dann hunn ech allerdéngs Är Fiche financière net verstanen. Well dat huet eng Inzidenz. Dat huet eng Inzidenz! Dir gitt domadder méi Geld aus, dat wësst Der jo. Dir gitt domadder vill méi Geld aus wéi haut. Well et ass net esou, datt een dann 2.000 Euro Bourse de base hei sträicht an dann 2.000 Euro jährlech Kannergeld erëm aféiert. Well dee Krees vun deenen, déi se kréien, dat ass e ganz aneren! Haut beschränkt dat sech nämlech eenzeg an eleng op déi...

M. le Président.- Entschëllegt, Här Minister.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Jo?

M. le Président.- D'Madame Hansen freet, ob se...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Oh, wann Der meng Stoppauer unhaalt, Här President, dann ass dat kee Problem fir mech.

M. le Président.- Selbstverständlech. Dir gitt d'selwecht behandelt wéi d'Deputéiert.

Dat Gesetz ass an eisen Ae wichteg a richteg. Et ass inspiréiert vun deene respektive franséischen a belsche Gesetzer. Nach viru Kuerzem huet den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter en Uerteel geholl, an deem en drop geschloss huet, datt dat heite konform zur Europäescher Mënscherechtskonventioun ass.

Ech soen Iech Merci.

6705 *- Proposition de loi ayant pour objet d'interdire la dissimulation du visage dans l'espace public et de compléter certaines dispositions du Code pénal*

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och. Ech ginn dem Här Deputéierten Akt vum Dépôt vun der Proposition de loi.

(La proposition de loi 6705 sera renvoyée à la Conférence des Présidents.)

4. Discours à l'attention de M. Jean-Claude Juncker à l'occasion de son élection à la présidence de la Commission européenne

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt dann direkt am Ufank vun dëser Sëtzung eisem Deputéiertekolleeg, dem Jean-Claude Juncker, an eiser aller Numm häerzlech félicitéieren. Hien ass gëschter vum Europaparlament mat engem zolitte Resultat als President chargéiert ginn, fir eng nei Kommissioun op d'Been ze stellen, déi sech am Hierscht dem Vote vum Europaparlament wäert stellen.

Am Numm vun eis alleguer wënsche mer him vill Courage an Ausdauer a virun allem eng glécklech Hand bei senger neier Missioun.

(Applaudissements)

5. Communication

Ech wollt dann nach d'Chamber informéieren, dass d'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten um Dësch vun dësem Haus deponéiert ass.

Communication du Président - séance publique du 16 juillet 2014

La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

6. Ordre du jour

Den Ordre du jour hutt Der alleguer iwwermëttelt kritt, an ech wollt Iech froen, ob Der mat deem Ordre du jour, wéi e vun der Conférence des Présidents proposéiert ginn ass, d'accord sidd.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert a mir kéinten direkt zu eisem éischte Projet vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6625 iwwert d'Immobilisatioun vun den „actions et parts au porteur". De Riedemodell ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo direkt den honorabele Rapporteur, den Här Guy Arendt.

Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

7. 6625 - Projet de loi relative à l'immobilisation des actions et parts au porteur et à la tenue du registre des actions nominatives et du registre des actions au porteur et portant modification 1) de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales et 2) de la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, iwwert deen ech Iech de Mëtteg op dëser Plaz de Rapport maachen, ass de 4. Oktober 2013 vum Finanzminister vun deemools déposéiert ginn. D'Regierung huet den 28. Mäerz 2014 eng Serie Amendementer déposéiert. D'Chambre de Commerce huet de Gesetzesprojet den 22. Abrëll 2014 aviséiert, an de 27. Mee 2014 hu souwuel de Conseil de l'Ordre vum Barreau vu Lëtzebuerg wéi och d'Chambre des Notaires hir Avisen eragereecht.

De Statsrot huet säin Avis de 24. Juni 2014 finaliséiert. Den 3. Juli vun dësem Joer huet d'Cofibu (Commission des Finances et du Budget) mech zum Rapporteur ernannt. De Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot sinn an där Sitzung duerchgekuckt ginn an den Dag drop sinn eng Serie Amendementer un de Statsrot weidergeschéckt ginn. Dësen huet säin Avis complémentaire den 11. Juli eraginn, soudass de schréftleche Rapport de 14. Juli an der Kommissioun ugeholl ginn ass.

Här President, mir hunn an eisem Gesellschaftsgesetz vun 1915 zwou Zorten Aktien, déi eng Gesellschaft kann ausstellen.

Et handelt sech zum Éischten ëm d'Actions nominatives, dat heescht, de Propriétaire vun dësen Aktien ass an engem Regëster bei der Gesellschaft, déi d'Aktien ausgestallt huet, agedroen. Bei dësen Aktie gëtt de Besëtz opgrond vun den Androungen am Regëster bewisen.

Zum Zweete kenne mer d'Actions au porteur. Do geet et ëm Aktien, déi net agedroe ginn, mä wou de Besëtz bewise gëtt duerch d'Dokument, also duerch d'Aktien am physesche Pabeier. Also deejéinegen, deen d'Aktien hält, ass de Besëtzer dovun. Dës Aktie wiesselen de Propriétaire, ouni dass d'Gesellschaft, déi se erausginn huet, weess, wou hir Aktie grad dru sinn. A genau hei läit de Problem.

D'Anonymitéit vum Propriétaire kann him d'Méiglechkeet ginn, illegal Geschäfter ze bedreiwen, zum Beispill wann et ëm Blanchiment geet oder ëm Steierbedruch. Et ass quasi onméiglech ze verfollegen, duerch wiem seng Hänn eng Action au porteur gaangen ass, well se schnell an ouni Trace de Propriétaire wiessele kann, dee Propriétaire am Sënn vum Bénéficiaire économique vun der Aktie.

Dës Zort vun Aktie si verschiddene Gremien en Dar am A. An de leschte Joren hunn zum Beispill de GAFI an de Forum mondial eng Rei Recommandatiounen zu de sougenannten Actions au porteur gemaach, méi genau wat d'Informatiounen iwwer hir Propriétairen uginn. Sou huet de Rapport vum Groupe d'action financière, also dem GAFI, vun 2010 recommandéiert, dass Lëtzebuerg Moossnamen ergräife soll, fir d'Transparenz vu Propriétairë vun esou Actions au porteur sécherzestellen.

2011 dunn huet de Rapport d'évaluation vum Forum mondial verlaangt, dass déi Lëtzebuerger Autoritéite bestëmmt Informatiounen iwwert déi effektiv Propriétairë vun esou Aktien zur Verfügung gestallt kréien. 2012 huet sech de GAFI widderholl an zousätzlech a senger Recommandatioun 24 e puer Pisten opgezeechent, déi Lëtzebuerg aschloe kéint, fir sécherzestellen, dass keng Abuse mat den Actions au porteur gedriwwe ginn.

Déi éischt Pist wier, d'Actions au porteur ganz ofzeschafen.

Zweetens kéint een d'Actions au porteur an Actions nominatives convertéieren, also an Aktien, bei deenen den Émetteur zu all Moment weess, wiem se gehéieren, well se do an engem Regëster agedroe sinn.

Déi drëtt Pist ass, fir d'Actions au porteur ze immobiliséieren. Dat heescht, dass se bei engem Gremium hannerluecht ginn, wat dann e Regëster mat den Informatioune vun de jeeweilege Propriétairë féiert.

Schlussendlech gëtt och nach d'Méiglechkeet opgeworf, dass de Propriétaire selwer dem Émetteur matdeelt, dass hien Actions au porteur vun dëser Gesellschaft besëtzt.

Vun dëse véier Optiounen, déi et erlaben, eis Législatioun de Recommandatioune vum GAFI a vum Forum mondial unzepassen, schéngt déi drëtt, also déi mat der Immobilisatioun vun den Actions au porteur, déi rotsamst gewiescht ze sinn, well déi an eisem Text vun der Regierung zréckbehale ginn ass. Doduerch, dass en Dépositaire d'Informatiounen iwwert d'Propriétairë vun dësen Aktien an engem Regëster oplëscht, kréien déi Lëtzebuerger Autoritéiten, zum Beispill wat rechtlech a steierlech Geleeënheeten uginn, en Zougang op dës Donnéeën. Gläichzäiteg ass d'Vertraulechkeet vun dësen Donnéeën awer géintiwwer Drëtte geschützt.

Ech wëll och nach preziséieren, dass een als Propriétaire vun esou Aktien nëmmen Accès op déi Informatiounen huet vun Aktien, vun deenen een och selwer Propriétaire ass.

Bei dëser Optioun géif awer och de Mécanisme de cession änneren. Et kann een also net einfach d'Action au porteur engem anere verkafen, mä deen neie Propriétaire muss dat dann och am Regëster vun der zoustänneger Gesellschaft enregistréiere loossen. Den Dépositaire, deen de Regëster féiert, gëtt vum Émetteur vun der Action au porteur genannt.

Duerch dëse Projet gëtt also haaptsächlech den Artikel 42 vun eisem Gesellschaftsgesetz ëmgeännert. An dësem Kontext huet de Statsrot sech mat der Fro vun der juristescher Qualifikatioun vun esou Aktien auserneegesat, dat heescht mat der Fro, ob d'Action au porteur ënnert dëse Konditiounen nach ëmmer kann als Action au porteur bezeechent ginn oder ob d'Immobilisatioun an engem Regëster net esou wäit geet, dass een an deem Fall net méi wierklech vun enger Action au porteur schwätze kann.

Wann elo d'Cessioun manner flexibel ass, well deen neie Propriétaire sech am Regëster umelle muss, fält net nëmmen den Anonymat ewech, mä och eng Partie vun der Flexibilitéit, wat dëse Finanzproduit ugeet.

No verschiddenen Iwwerleeunge kënnt de Statsrot zu der Konklusioun, dass dëst net de Fall ass, dass d'Immobilisatioun also net dozou féiert, dass d'Natur vun der Action au porteur geännert gëtt.

Ier ech zum Schluss kommen, wollt ech nach kuerz op dräi méi kleng Punkten ze schwätze kommen.

Well d'Immobilisatiounsprozedur sech och op Actions au porteur bezitt, déi vu Fonds d'investissement ausgestallt ginn, stellt dëse Gesetzesprojet och d'Konformitéit mat den Ufuerderunge vun der amerikanescher FATCA-Législatioun sécher. FATCA steet hei fir Foreign Account Tax Compliance Act.

Fir dass d'Immobilisatioun vun den Actions au porteur och wierklech geschitt an e Regëster mat Informatiounen iwwert déi effektiv Propriétairë vun dësem Finanzproduit gehale gëtt, hält de Gesetzestext spezifesch strofrechtlech Sanktioune fest.

Dann ass nach ze soen, dass an dësem Text Iwwergangsdispositioune virgesi sinn, soudass déi Actions au porteur, déi am Moment schonn am Ëmlaf sinn, och an den nächste Méint an esou engem Regëster festgehale kënne ginn. D'Gesellschafte kréie sechs Méint, fir den Dépositaire ze benennen, an d'Actions au porteur, déi de Moment am Ëmlaf sinn, musse bannent 18 Méint agedroe sinn. Geschitt dat net, si Mechanisme virgesinn, fir déi Aktien ze blockéieren.

Här President, mat dësem Gesetzestext passe mir eis Législatioun de Recommandatioune vum GAFI a vum Forum mondial un, soudass mer potenziell illegal Praktiken ënnerbannen. Als grouss Finanzplaz huet Lëtzebuerg nëmmen ze gewannen, wa mir eis den internationale Standarden upassen.

Mir brauchen dësen Text dréngend, fir vun dem GAFI an dem Forum mondial nees als „compliant" kënnen agestuuft ze ginn. Eis aktuell Klassifizéierung stéiert enorm de Lëtzebuerger Finanzmaart. Ech hunn déi lescht Woch op dëser Plaz schonn erkläert, wéi mir déi lëtzebuergesch Finanzplaz op der Weltkaart positionéiere wëllen. De Gesetzesprojet vun haut de Mëtteg dréit säin Deel zu dësem Positionnement bäi.

Et ass ze bemierken allerdéngs, dass mir hei ënner extremem Drock gehandelt hunn, well eng Zäitchen net op Relancë vum GAFI reagéiert ginn ass. A sollt et sech erausstellen, dass den Text nach sollt e bësse mussen ugepasst ginn, misst dat natierlech nach dee Moment gemaach ginn. Mä et ass dréngend, dass mer dësen Text nach virum Summer ënnerdaach kréien, well am Hierscht kënnt erëm eng Evaluatioun vu Lëtzebuerg, an do musse mer onbedéngt als „compliant" agestuuft ginn.

Ech wëll dann awer och nach de Leit aus dem Finanzministère Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Cofibu. Domadder bréngen ech och hei den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiende Gesetzestext an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass fir d'CSV ageschriwwen den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur a mengem traditionelle Virriedner, dem Guy Arendt, Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Dat Wichtegst virop, Här Minister: D'CSV wäert dëse Gesetzesprojet stëmmen. Et ass nämlech e Plus fir den Image vun eisem Land an et ass virun allem e Plus um Niveau vun der Transparenz vun eiser Banken- a Finanzplaz. Ech wëll och als CSV-Fraktioun ausdrécklech soen, dass mir et begréissen, dass déi aktuell Regierung d'Approche, déi de fréiere Finanzminister, de Luc Frieden, an dësem net einfachen Dossier gewielt huet, eent zu eent weidergefouert huet.

Mir sinn net op de Wee gaangen, fir d'Actions au porteur einfach ofzeschafen, mä de fréiere Projet, deen op dem Dësch louch, deen hat virgesinn, an dat ass och elo weidergefouert ginn, dass déi Actions au porteur an en Aktieregëster missten ageschriwwe ginn, soudass mer eigentlech elo no dem Gesetz vun 2012 iwwert d'Titres dématérialisés dräi Zorte vun Aktien hunn, nämlech Actions au porteur ënnert dëser Form, Titres nominatifs an Titres dématérialisés.

Wat mer eigentlech mat där subtiler Léisung färdegbruecht hunn, dat ass, dass engersäits de Schutz vun der Privatsphär vun deem eenzelnen Aktionär respektéiert gëtt, an anerersäits gi mer awer och alleguerten deene staatlechen Autoritéiten, de Steier-, mä och de Justizautoritéiten, wann et néideg ass, déi néideg Mëttelen, fir dass si hire staatsrechtlechen Handlunge kënnen nogoen.

Mir hunn et eigentlech iwwert déi lescht véier, fënnef Joer ëmmer schnell färdegbruecht - an dat ënnersträicht och, de Guy Arendt huet et virdru gesot, dee gudde Beamtenapparat, deen a wichtege Ministèren ass, souwuel an de Finanze wéi an der Justiz -, fir dass mer déi Upassungen, déi de GAFI gefuerdert huet, ëmmer an engem Rekordtempo eigentlech iwwert d'Bühn kruten.

Dat war an der Summervakanz 2010, wou mer ganz vill Upassunge gemaach hunn am Gesetz iwwert d'Entraide judiciaire. Dat waren Upassungen um Niveau vun der Finanzkriminalitéit, nei Strofhandlungen hu mer agefouert, Duebelbesteierungsofkommessen, bis haut zu dem Gesetz iwwert d'Actions au porteur.

Et ass richteg, wann ee seet, dass dat hei wuel eng déif gräifend Ännerung ass par rapport zu dem Gesetz iwwert d'Handelsgesellschaft vun 1915, an doriwwer eraus ass et och e groussen Aschnëtt an eigentlech traditionell Prinzipien, déi mer kennen am Zivilrecht.

Ma bis elo hu mer nach ëmmer kannt déi sougenannt „Traditio" oder déi Tradition manuelle, mat all deene verbonnene Rechter. Zum Beispill, wann een en Titer iwwergëtt, dann huet een automatesch domadder d'Recht, wat un deen Titer gebonnen ass, iwwermëttelt mat enger einfacher, onformalistescher Form. Eigentlech zivilrechtlech Adagen, déi d'Leit kennen - «en fait de meubles, possession vaut titre» -, déi gi mat deem heite Gesetz, wat d'Aktien ubelaangt, an e ganz anert Liicht gesat.

Datselwecht zielt, an ech mengen, do ass och nach net alles giess, fir déi sougenannt Titren, déi een „en gage" gëtt, respektiv d'Saisien, déi

herno mussen oder eventuell musse gemaach ginn op eenzel Titren.

Firwat ass dëse Projet awer eng gutt Saach? Wou en dach engersäits awer eng gewëssen Aschränkung mécht vun enger Flexibilitéit, déi op eiser Plaz ëmmer geherrscht huet - de Guy Arendt huet et virdru gesot -; dat huet et eigentlech relativ onkomplizéiert engem erlaabt, fir de Contrôle vun enger Gesellschaft respektiv d'Inhaber vun enger Gesellschaft ze wiesselen. Och domadder gouf an der Vergaangenheet, zu Recht oder zu Onrecht, ëmmer dobaussen e bësse Reklamm gemaach.

Mä et gëtt awer och eng Rei vun neien Opportunitéiten. Firwat? Mä well déi sougenannten „professions réglementées" aus dem Gesetz iwwert de Finanzsecteur, och d'Affekoten, d'Notairen, d'Experts-comptables, d'Family Officen, well déi eigentlech d'Méiglechkeet kréien, fir déi sougenannten „Aktieregësteren" ze halen.

An ech mengen, do stellt sech eng konkret Fro, wou de Barreau eigentlech drop higewisen huet: Wéi ass et, wann eng Saisie soll gemaach ginn, zum Beispill bei engem Affekot, deen dem Gesetz oder de Bestëmmunge vum Artikel 458 vum Beruffsgeheimnis ënnerläit? Wéi muss dat gemaach ginn?

De Barreau huet op déi Situatioun higewisen. Ech weess net, ob de Gesetzesprojet bis an de leschten Detail deem Rechnung dréit.

Dann ass et awer och esou, dass dëse Gesetzesprojet, muss een éierlech soen, net onbedéngt vu Muttwëll ass. Ech hunn iwwert de Weekend eng Jurisprudenz gelies vun enger franséischer Cour de cassation:

Et ass esou, dass zum Deel Lëtzebuerger Gesellschaften, SAen, gebraucht goufen, fir Immeublen a Frankräich ze hunn. An a Frankräich ass et esou, dass een do, eng Gesellschaft, all Joers 3% vun der Valeur vénale, also dem Verkafswäert vun deem Immeubel, misst als Tax bezuelen. Jo, wat ass da geschitt? Déi Gesellschaften hu gemengt, si missten dat net bezuelen, well et brauch een a Frankräich déi Tax net ze bezuelen, vereinfacht gesot, wann de sougenannten „bénéficiaire économique" vun der Gesellschaft de Steierautoritéiten a Frankräich matgedeelt gëtt.

De Problem war awer deen, dass déi franséisch Finanzautoritéite bis hin zur franséischer Cour de cassation nëmme ganz restriktiv d'Moyens de preuve akzeptéiert hunn, fir ze beweisen, dass déi Inhaber respektiv déi Titulairë vun den Actions au porteur gewiesselt haten. Déi hunn einfach gesot: „Jo, Dir musst eis dat da beweise mat enger Aschreiwung an engem Aktieregëster", wat et fir déi doten Aktien net gouf. Mat dem Resultat, dass do Eenzelner, zu Recht oder zu Onrecht, bäigelaf sinn, well dann hate se no enger Zäit, wou se am Litige ware mam franséische Fisc, dann hate se alt fir e puer Joer - siwe mol dräi Joer - déi Tax nozebezuelen, an zum Schluss koum dann och nach eng steierlech Strof vu 40% derbäi. Dann ass eigentlech dat, wat se gutt gemengt haten, fir dat laanscht d'Steieren ze schleisen, dann ass dat net méi gaangen.

Zum Schluss, Här President, mengen ech, dass mer mat der Hëllef vun de Leit aus dem Finanzministère, déi hei wierklech gutt Aarbecht geleescht hunn, et wäerte fäerdegbréngen, dass dee Gesetzesprojet hei am Hierscht kann a Kraaft sinn.

Ech mengen, et sollt een awer net onverschwiege loossen, dass eng Rei Observatiounen an engem leschten Avis complémentaire vum Statsrot gemaach goufen, déi op verschidden - loosse mer soen - Lacunen oder Onzoulänglechkeeten an dem aktuelle Gesetzesprojet nach hiweisen. Als CSV deele mir zum Deel déi Bedenken, déi de Conseil d'État do opgeworf huet.

An eng Fro, Här Minister, dat schéngt mer déi ze si vun der sougenannter „Iwwergangsphas". Well de Gesetzesprojet gesäit vir, dass no enger Iwwergangsphas vun 18 Méint, wann en Titulaire vun enger Action au porteur se net an den Aktieregëster ageschriwwen huet, dass dann déi Aktien null sinn. Null sinn! Mat der Konsequenz, dass déi Gesellschaft muss eng Reduktioun vun dem Kapital maachen.

Dat ass am Gesetz virgesinn, mä dat muss awer nach dann an der Praxis an op dem praktesche Plang vun där Gesellschaft bewerkstellegt ginn. An d'Fro ass awer déi: Wat geschitt, wann duerch Ëmstänn, zum Beispill, dass net déi néideg Majoritéite méi do wieren, dat net gemaach gëtt? Da sinn déi Aktien zwar annulléiert iwwert d'Gesetz, mä wéi ass et mat der Reduktioun vum Kapital, déi dann nach net gemaach ginn ass?

Elo ass meng konkret Fro: Gesäit do de Minister en Awierke vun dem Artikel 203 aus dem Gesetz iwwert d'Handelsgesellschaften, dat déi sougenannten „dissolution judiciaire" virgesäit, nämlech d'Opléisung vun esou enger Gesellschaft, vu dass se sech net konforméiert mat den Dispositioune vun eisem Handelsgesetz, mat alle Konsequenzen, déi dat géif mat sech bréngen?

Fir de Rescht, Här President, nach eng lescht Suggestioun vun der CSV-Fraktioun: Dat hei concernéiert eng ganz Rei och vu klenge Betriber, déi zum Beispill an der Hand vu Mëttelständler sinn, oder vu klenge Familljebetriber, an ech mengen, et wier ubruecht, vu dass et eng gréisser Ëmännerung vun eisem Aktiegesetz ass, mat alle Konsequenzen, déi dat beinhalt, dass een déi néideg Publicitéit mécht, an dat zesumme mat de Patronatsorganisatiounen, fir dass d'Leit op déi Ëmännerunge vum Gesetz opmierksam gemaach ginn.

Fir de Rescht, Här President, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci och dem Här Roth. Nächste Riedner ass den Här Franz Fayot fir d'LSAP. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Och ech géif gäre menge mëttlerweil och traditionelle Virriedner da Merci soen, en particulier dem Guy Arendt fir erëm eng Kéier säi ganz gudden an ausféierleche Rapport zu dësem Projet de loi. Ech mengen, et ass villes gesot ginn. Ech géif just gären op zwee Punkten agoen, een e bësse méi techneschen, awer mat reellen Implikatioune fir d'Finanzplaz. Ech mengen, de Gilles Roth huet schonn an e bësse méi generellen Termen Allusioun dorop gemaach. An deen zweeten ass vläicht e bësse méi eng fundamental Observatioun.

Dëse Projet de loi gesäit eng strofrechtlech Sanktioun vir fir déi Administrateure vu Gesellschaften, déi nominativ Regësteren hunn, am Fall wou se keen esou e Regëster op hirem Sëtz, op hirem soziale Siège halen. An et muss ee wëssen, dass et à l'heure actuelle eng gängeg Praxis ass, dass eng ganz Rei esou Gesellschaften, haaptsächlech am Fongeberäich, just dat maachen. Dat heescht, et sinn eng ganz Rei Gesellschaften, déi just eng Kopie hu vun deem Regëster, mä wou de Regëster en réalité bei engem Dépositaire gehale gëtt.

Dat ass insbesonnesch de Fall bei méi grousse Fongen, dat heescht, bei deenen, wou relativ vill Volume ass, wou d'Parten oft d'Hand wiesselen. Déi Fonge sinn haut u sech an enger Situatioun, wann dat Gesetz bis kënnt, dass se en porte-à-faux si par rapport zu hiren Obligatiounen ënnert dësem Gesetz, an zwar ënner enger strofrechtlecher Mesure.

Dëst ass ëmsou méi problematesch, well mer hei keng Disposition transitoire hunn, dat heescht, dat Gesetz ass d'application immédiate dräi Deeg no senger Publikatioun, soudass mer hei u sech da fir déi Fonge sous forme nominative keng besonnesch gutt Situatioun hunn.

Dëst ass ze bedaueren, well mer net kohärent si par rapport zum Traitement fir d'Actions au porteur. Dat heescht, do hu mer jo d'Méiglechkeet elo am Artikel 42, fir déi Actions au porteur ze hannerleeë bei engem Dépositaire, deen déi dann enregistréiert. Och déi Mesure, och déi Dispositioun ass strofrechtlech beluecht, mä et kann ee sech natierlech där entleedegen doduerch, dass een dat bei engem Dépositaire tiers mécht. Déi Méiglechkeet gëtt et net bei den Actions nominatives, an dat muss ee bedaueren.

Ech mengen, dass dat wierklech e Punkt wär, iwwert deen ee schnell sollt nodenken a wou ee schnell da sollt mat enger Opbesserung kommen zu dësem Projet de loi, fir och do e Parallelismus an eng Kohärenz ze schafe par rapport zu där Situatioun.

Ech verstinn, dass de Finanzministère, deen hei iwwregens eng ganz gutt Aarbecht geleescht huet, elo net méi wollt un deen Text goen, well se gefaart hunn, dass een doduerch net méi GAFI-compliant wär. Mä ech mengen, dat hei ass eng Mesure de législation nationale, wou ech elo net mengen de prime abord, dass een aus dem GAFI sengem Kader géif erausfalen.

Eng zweet Observatioun - an do nach eng Kéier, ouni iergendengem e Reproche ze maachen, insbesonnesch net de Leit aus dem Finanzministère - ass déi, dass mer hei erëm eng Kéier u sech reagéieren. Dat heescht, mir sinn, wéi 2010 mat der GAFI-Klassifikatioun ënnert där „liste grise", hei erëm eng Kéier an der Reaktioun.

An déi Reaktioun ass schnell, déi Reaktioun ass gutt, si ass appropriéiert, do ass näischt ze soen. Mä ech géif mer wënschen, dass mer kéinte méi eng kohärent Politik maachen a vläicht méi eng wäitsiichteg Politik, well déi GAFI-Reviewen, déi Peer-Reviewen och vum Forum mondial verlafe jo elo u sech no prévisibele Rasteren. Mir wëssen, wat déi Leit kucken, mir wëssen, wourop se kucken. An ech mengen, dass dat Saache sinn, déi ee vläicht kéint besser plangen a wou ee vläicht mat méi Preparatioun, vläicht mat enger besserer Négociatioun kéint e bessert Resultat erreechen, soudass mer net an d'Labränte geroden an dass mer net erëm all Kéiers musse reagéieren op esou Situatiounen.

Ech géif mer wënschen, dass mer kënfteg als Land géife méi proaktiv an deenen Dossiere schaffen, dass mer et géife fäerdegbréngen, eng strategesch an eng holistesch Iwwerleeung hinzekréien, och op laang Siicht, wou mer higi mat eiser Finanzplaz, wat fir eng Secteure mer privilegéieren, zesumme mat den Acteuren a fir d'Acteure vun der Finanzplaz, mä och fir d'ganzt Land, fir jiddwerengem méi Planungssécherheet ze ginn.

Dëst gesot, géif ech trotzdeem dann den Accord bréngen vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi, deen e wichtege Projet de loi ass, justement fir eis Finanzplaz, fir eisen Image ze verbessere par rapport zu deenen Actions au porteur an och fir eist Land aus deem schlechte Klassement vum Forum mondial erauszekréien.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Fayot. Nächste Riedner ass den Här Henri Kox fir déi gréng.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Jo, Merci, Här President. Ech wëll am Virfeld direkt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport hei, souwuel schréftlech wéi mëndlech, an ech wëll dat ënnerstëtzen, wat mäi Virriedner hei gesot huet.

Effektiv musse mer kucken, dass mer, besonnesch eis Finanzwelt, méi séier reagéieren a méi anticipéieren, net dass mer ëmmer hannendrulafen. An dofir kann ech nëmmen dat nach eng Kéier ënnerstëtzen, wat mäi Virriedner gesot huet, an ech bréngen heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kox. Nächste Riedner ass den Här Roy Reding fir d'ADR.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Här President, léif Kolleegen, mir begréisse ganz ausdrécklech dëse Projet, deen eiser Finanzplaz hëlleft, „fully compliant" ze ginn, wéi mer dat nennen.

Et ass just schued, datt duerch déi bësselchen Hetz an der legislativer Ausaarbechtung et net méiglech war, deene ganz interessante Froen a Suggestioune vum Statsrot vollkomme Rechnung ze droen.

Trotzdeem denken ech, datt et richteg ass, dee Projet haut ze stëmmen, mä mir hoffen, datt an engem Nofolgegesetz déi opgeworfe Froe kënnen an engem positive Sënn fir eis Finanzplaz reglementéiert ginn. An ech bréngen d'Zoustëmmung vun der ADR.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Reding. Nächste Riedner ass den Här Turpel fir déi Lénk.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci. Mir stelle fest, datt hei, wat d'Emsetzung vun de Recommandatiounen ugeet, wierklech den absolute Minimum just gemaach gëtt, fir datt et iwwerhaapt nach konform ass. Déi sinn net vu Muttwëll - den Här Roth huet dat illustréiert -, mat all deenen Abusen, déi do gemaach gi sinn. Mir sinn awer der Meenung, dat geet net duer.

Aner Länner schafen d'Actions au porteur of - Japan, Holland, Kanada -, oder fréiere se an, wéi Südafrika, wéi Panama, wéi Hongkong, oder schränke se drastesch an, Dänemark an anerer och.

Et ass och guer net kloer, wéi laang datt dat doten iwwerhaapt nach hält, weder juristesch nach wat d'Recommandatioune vum Forum mondial ugeet. A mir mengen, dat géif net duergoen, a mir stëmmen do dergéint.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. An d'Wuert huet den Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre Deputéiert, fir d'Éischt géif ech gär dem Rapporteur Guy Arendt villmools Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Bericht, deen, mengen ech, déi essenziell Punkten ënnerstrach huet. Ech géif och gären ënnersträichen, dass déi Aarbecht hei, déi ganz komplex war a ganz rapid geschitt ass, d'Fruucht vun enger Zesummenaarbecht ass tëschent dem Finanzminister an dem Justizminister, deen och haut hei ass, woufir ech him och wëll Merci soen, an och senge Beamten, déi an där ganzer Matière hei, déi ganz juristesch a ganz technesch ass, hervorragend matgeschafft hunn.

Ech soen direkt am Viraus, dass ech mech freeën, dass mer esou eng breet Majoritéit hei hunn, am Intérêt vun der Place financière, wat net verhënnert, dass ech awer wëll ganz e bëssen iwwert den Historique schwätzen, wéi dat alles gaangen ass.

Ech hu mer aacht Datumen hei opgeschriwwen, fir dass jiddweree sech och sollt bewosst sinn, dass dat alles net vum Himmel gefall ass, déi Notation négative, déi mer am Forum mondial kruten, an dass et do eng Rëtsch Virwarnzeeche gouf, déi vläicht net all richteg wouergeholl gi sinn.

Den 19. Februar 2010 huet de GAFI erëm eng Kéier bestätegt, dass d'Actions au porteur an d'Parts au porteur e Problem wieren. En hat dat schonn 2003 gemaach, en huet dat 2010 bekräftegt. Am September 2011 huet de Forum mondial - 2011, September - gesot: «Le Luxembourg n'assure pas l'identification des détenteurs de titres au porteur des sociétés anonymes et autres sociétés en toutes circonstances.» Dat ass eng ganz breet Formel, déi mer vläicht ënnerschätzt hunn. Am Februar 2012 kënnt eng nei Versioun vun de Recommandatioune vum GAFI eraus, wou justement d'Actions au porteur an d'Parts au porteur ënnerstrach ginn. Ech liesen Iech dat net vir. Dat ass elo d'Nummer 24.

An dann huet déi viregt Regierung de 4. Oktober 2013, dat ass also een, zwee Joer nodeem all déi Signaler opgaange sinn, e Projet de loi déposéiert. Dat ass deen, vun deem mer haut schwätzen. Deen ass awer och amendéiert ginn de 4. Oktober. Den 22. November - dat heescht, dat si sechs Wochen duerno - huet de Forum mondial gesot, dass mer net konform wieren, dass mer „non-compliant" wieren. Ech ka mech gutt erënneren, wéi ech do dës Fonctiounen iwwerholl hunn de 4. Dezember als Finanzminister, dass dat meng alleréischt Suerg war, wéi mer deene Kritike vum Forum mondial sollten entgéintwierken.

Ech mengen, dass mer wahrscheinlech zu Lëtzebuerg ze lues geschalt hunn oder dat ënnerschat hunn. Ech si frou, haut festzestellen, dass mer eis eens sinn, dass mer ganz séier mussen handelen.

D'Regierung huet de 5. Dezember, een Dag no der Assermentatioun, e Sechspunkteplang adoptéiert, wéi mer mussen agéieren, fir vun där Lëscht vum Forum mondial erofzekommen, wou ee muss wëssen, dass deen heite Projet de loi vläicht deen allerwesentlechste Punkt ass, firwat mer als „non conforme" agestuuft gi sinn.

De Projet, den Urprojet vun der viregter Regierung ass och un de Forum mondial geschéckt ginn, an de Forum mondial huet den 10. Februar 2014 eis Remarquë gemaach an eis gesot, dass d'Dispositions transitoires, déi am ursprëngleche Gesetz virgesi waren, vill ze laang wieren an dass, wa mer déi Perioden esou laang géife loossen, mer nach ëmmer net konform wieren. An dat erkläert, firwat den 28. Mäerz dës Regierung dann eben Amendementer erabruecht huet an déi Délaien, iwwert déi mer elo e bësse geschwat hunn, immens gekierzt huet, wat wesentlech ass, fir konform ze sinn!

Déi viregt Regierung huet agéiert, wahrscheinlech e bësse spéit. Déi nei Regierung huet dat opgegraff a versicht, esou séier wéi méiglech dat ze adaptéieren, fir dass mer muer kënne konform sinn. Mir mussen évitéieren, dass mer eng Absence de transparence hunn op deenen Aktiounen, well dat Blanchimenten an aner Prozeduren erlaabt, wat mer natierlech net kënne verteidegen.

Wat elo d'Urgence ubelaangt vum Projet de loi, wollt ech dräi Saachen ënnersträichen.

Éischtens sinn ech ganz frou, dass de President an d'Chamber d'accord waren, dass mer dat heiten nach virun der Summervakanz kënne stëmmen. Dat ass wierklech eng Urgenz gewiescht, well wa mer dat haut stëmmen, da kënne mer dat an de Rapport de suivi vum GAFI a vun dem Forum mondial erabréngen, déi dat an der Mëtt vum Joer maachen. An do kréie mer natierlech méi e positiven Impakt doduerch, dass mer dat elo nach virum Summer stëmmen, wéi wa mer bis Oktober gewaart hätten.

Den zweete Punkt ass, an dat ass e wesentlechen, op deen ech nach oft wäert zréckkommen: Et geet haut net méi duer, dass mir Gesetzer stëmmen, déi formell an der Rei sinn. Si mussen och kënnen applicabel sinn. An de GAFI souwuel wéi de Forum mondial begnüge sech net domat ze soen: „Ah, Dir hutt jo elo e Gesetz gestëmmt, da sidd Der jo elo an der Rei." Si soen eis: „Wéi oft ass dat Gesetz appli-

zéiert ginn? Gräift dat Gesetz?" An domat hu mer eis vill hei beschäftegt.

Deen drëtte Punkt ass, mengen ech, och ganz wesentlech, well doduerch, dass mir elo op déi Lëscht komm si vu Länner, déi net konform sinn, riskéiere mer e Problem ze hu mat den internationale finanziellen Organisatiounen, wéi d'BEI, d'Banque Mondiale, d'BERD zu London, déi soen, wa Lëtzebuerg op där Lëscht bleift mat „non conforme", da kéinte se eis Finanzplaz à terme iwwerhaapt net méi gebrauchen.

Also dat ass e phenomeenalen Drock, deem mer do ausgesat sinn, wat erkläert, firwat mer alles gemaach hunn, fir séier virunzekommen. Mir hunn eng Période de grâce verhandelt mat all deenen Organisatiounen, an déi leeft am Ufank vum nächste Joer aus. Aus all deene Grënn war et extrem urgent.

De Spriecher vun der CSV, den Här Roth, huet gesot, mir hätten dat eent zu eent iwwerholl. Ech kann dat fir verschidden, fir grouss Linnen effektiv confirméieren. Haaptsächlech déi Pist vun der Immobilisatioun schéngt eis déi bescht ze sinn. An dat war déi, déi am viregte Projet de loi dra war. Dat heescht, mir hunn och nach eng gewësse Confidentialitéit - net jiddweree kënnt un déi Informatiounen erun -, mä mir hunn déi néideg Transparenz, fir dass déi, déi musse wëssen, wien de Propriétaire ass, et wëssen.

Ech wëll och, wéi den Här Roth dat richteg ënnerstrach huet, de Fonctionnairë souwuel am Finanzministère wéi och am Justizministère Merci soen, well si hunn effektiv hei am Expresstempo geschafft.

D'Inscription au registre ass de wichtege Schrëtt, an do muss ee kucken, wat fir eng Konditiounen den Dépositaire muss erfëllen. Dat steet am Gesetz dran. An duerfir, wa mer do Oplackerunge wëllen, do si jo verschidden Allusiounen drop gemaach ginn: Mir si bereet, dorop anzegoen. Mir mussen ëmmer kucken, dass et konform ass zum GAFI an zum Forum mondial.

Vläicht dann e Wuert zu der Période transitoire, wat en fait de Kärpunkt vum Projet ass: Do hu mer d'Délaien, déi am Ursprongstext dra waren, immens gekierzt. Dat heescht, dass éischtens emol d'Couverture ganz breet ass. Dat riicht sech un d'Société-anonymen, et riicht sech un SCAen, donc d'Sociétés en commandite par actions, et riicht sech awer och un d'Fonds d'investissement. An do kënne mer eis jo gutt virstellen, dass dat e ganz breeden Impakt zu Lëtzebuerg huet.

Ech wëll och ënnersträichen, dass et sech net un d'Obligations au porteur riicht. Also d'Obligations au porteur sinn hei net viséiert.

Ech géif gär der Cofibu (Commission des Finances et du Budget) an hirem President, dem Eugène Berger, villmools Merci soen, well déi hunn hei Akrobatië gemaach, fir dass mer esou vill Sëtzunge konnte maache wéi néideg, an am Hin an Hier mam Conseil d'État den Terrain geglätt, fir dass mer haut hei zurzäit dat kënne maachen.

Mir hu relativ zum Schluss vun der Ligne droite den Text nach verschäerft, andeem mer Obligatiounen, déi cotéiert sinn, och ënnert de Präbbeli vun dëser Législatioun geholl hunn, wat mer am Ufank wollten ausschléissen, fir totalement konform ze sinn zum GAFI an zum Global Forum.

D'Sanktiounen, déi hu mer aus Grënn vum Parallelismus mat normalen Aktie mat och penale Sanktioune bestéckt, wat och eng Rëtsch Problemer opgeworf huet, mä op déi mer nach vläicht kënne méi spéit eng Kéier zréckkommen.

D'Dispositions transitoires sinn also esou, dass d'Gesellschaft, déi esou Actions au porteur erausginn huet, déi muss an engem Délai vu sechs Méint immobiliséieren. An d'Détenteure vun esou Aktiounen hunn dann 18 Méint, fir sech ze deklaréieren.

Ech mengen, dass mer och do eng Responsabilitéit hunn als Pouvoir public, an deenen nächste Wochen a Méint genuch Publicitéit iwwert dëst Gesetz ze maachen, fir dass jiddwereen och gewuer gëtt, dass Lëtzebuerg do seng Législatioun changéiert huet.

Als Konklusioun, Här President: Dat heite Gesetz ass ee vun de wichtegste Punkten, vläicht dee wichtegste Punkt op dem Wee, fir erëm konform ze gi par rapport zum Forum mondial, dem Global Forum op där enger Säit an och muer dem GAFI. Mir hu misse relativ séier handelen. Duerfir sinn och déi eng oder déi aner Punkte vläicht nach net honnertprozenteg kloer oder hu Konsequenzen, déi mer nach net komplett duerchduecht hunn.

Mä dat Wesentlecht war, dass mer séier virukommen, soudass ech ganz gären eng Rëtsch vu Virschléi, déi haut hei gemaach gi si vu ville Parteien, wëll mat op de Wee huelen an dat alles checken a kucken, wéi mer et kënne verbesseren, ouni natierlech d'Konformitéit mat de Regele vum GAFI a vum Forum mondial a Fro ze stellen.

Ech géif gären och zum Schluss soen, dass et ganz richteg ass, wat den Deputéierte Fayot gesot huet. Mir sollen évitéieren, ëmmer nëmme reaktiv ze sinn. Well souguer wa mer hei elo ganz gutt schaffen, da kréie mer net immens groussgeschriwwen, dass mer elo endlech konform sinn. An ech hat dat, mengen ech, op dëser Tribün schonn eng Kéier gesot: Mir sinn amgaangen, alleguerten d'Regele vum GAFI zesumme mam Justizminister a mat sengen Équipen duerchzekucken, fir ze évitéieren, an Zuchzwang ze kommen, fir ze évitéieren, musse reaktiv ze sinn a fir proaktiv d'Saachen ëmzesetzen.

Ech muss soen, a menge Gespréicher mat der Finanzplaz a mat hiren Acteuren ass e Bewosstsäin elo opkomm, dass mer all Intérêt hunn, séier ze handelen, preventiv ze handele wéi reaktiv ze handelen. An duerfir freeën ech mech, dass mer haut hei esou eng breet Majoritéit hunn, fir deen heite Gesetzestext ze adoptéieren.

Villmools Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Pierre Gramegna.

Mir sinn elo um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6625 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6625 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6625 ass mat 58 Jo-Stëmmen, géint 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech IechMerci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Projet 6535. Do geet et ëm eng Rei vun Ëmännerungen um Gesetz iwwert de Filmfong, iwwert d'Förderung vun der audiovisueller Produktioun. An d'Wuert huet d'Madame Rapportrice, d'Madame Simone Beissel.

Madame Beissel, wann ech gelift.

8. 6535 - Projet de loi relative au Fonds national de soutien à la production audiovisuelle et modifiant 1) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État 2) la loi modifiée du 13 décembre 1988 instaurant un régime fiscal temporaire spécial pour les certificats d'investissement audiovisuel

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, d'audiovisuell Produktioun, a virun allem d'Filmproduktioun, huet an de leschte Joren hei zu Lëtzebuerg eng ganz rasant Entwécklung matgemaach. Lëtzebuerg huet et a kuerzer Zäit fäerdegbruecht, professionell Strukturen opzebauen an esou e Secteur kreéiert, eng kreativ Industrie, déi international unerkannt a respektéiert ass.

Mir sinn elo esou wäit, dass mer all Joer ongeféier 20 Produktiounen hei zu Lëtzebuerg kënne realiséieren, woubäi ongeféier eng Dose Long-métragen - Fiktioun an Animatioun - sinn, dat anert sinn Documentairen a Court-métragen. Gréisstendeels sinn et international Koproduktiounen, déi mat Lëtzebuerger Produktiounsgesellschaften entwéckelt a realiséiert ginn an op deene Lëtzebuerger Schauspiller an och Lëtzebuerger Techniker schaffen.

Fir de Moment si mer esou wäit, dass ongeféier 700 Leit e Beruff hunn, deen am Secteur ass vun der audiovisueller Produktioun. Haut hu mer ongeféier 15 ganz aktiv Produktiounsgesellschaften hei zu Lëtzebuerg, véier Animatiounsstudioen, zwee grouss Filmstudioen, an déi ginn alleguerte privat exploitéiert, dat heescht, de Stat brauch do absolut näischt bäizeleeën.

Déi Entwécklung ass dorop zréckzeféieren, dass d'Regierung an den 80er Joren am Kader vun hirer Diversifikatiounspolitik grouss Efforte gemaach huet, fir de Mediestanduert Lëtzebuerg konsequent auszebauen. Dat sougenanntent „Certificats-Gesetz" an och de Regime vun den Aides directes hu massiv dozou bäigedroen, dass eisen audiovisuelle Secteur sech esou schnell entwéckelt huet.

Nieft den europäesche Koproduktioune ginn och ëmmer méi Filmer vu Lëtzebuerger Réalisateure gemaach. An dat si Filmer, déi Der alleguerte kennt. Ech ginn lech just e puer Beispiller dovun: zum Beispill de Gewënner vum Lëtzebuerger Filmpräis, den „Doudege Wénkel" vum Christophe Wagner, de rezente Film iwwert d'Wierke vum Fernand Fox an der nationaler Theaterzeen vum Désirée Nosbusch, an dann natierlech eisen Oscar-Gewënner, op dee mer besonnesch houfreg sinn, den „Mr Hublot" vum Laurent Witz an Alexandre Espigares.

Här President, zu de finanztechneschen Aspekter: Den „mécanisme des certificats d'investissement audiovisuel", deen Enn vun den 80er Jore lancéiert gouf, war haaptsächlech geduecht, fir auslännesch Produktiounen op Lëtzebuerg ze zéien, also als Attraktivitéit. Finanzementer sollten iwwert d'Finanzplaz gemaach ginn - dat war d'Philosophie, déi hannendrustoung -, fir an den audiovisuelle Secteur ze investéieren an esou e professionelle Produktiounsstanduert ze entwéckelen.

Leider huet ee relativ séier misse feststellen, dass déi ganz Politik an déi Philosophie do awer net opgaange sinn, well d'Finanzementer sinn ausbliwwen. Ons Finanzinstituter hunn einfach net an där Richtung matgemaach. Si hunn net investéiert, si hu sech drop bornéiert, fir de ganze Secteur esou ze organiséieren, dass déi Finanzementer sollte goen, mä d'Geld ass net esou gefloss. A si hu sech haaptsächlech also drop beschränkt, fir de Marché vun de Certificate selwer ze organiséieren.

De Législateur huet dorop op dës Entwécklung reagéiert. D'Certificate konnten net méi u Privatpersoune verkaaft ginn.

Mä och d'Finanzinstituter hunn net méi laang privat Prefinanzementer gemaach. Si hu sech an de leschte Joren ëmmer méi dorop baséiert, oder si hu sech drop bornéiert, fir einfach vun de Produzente Certificaten ofzekafen, fir se steierlech ze notzen. D'Produzenten hunn hir Prefinanzementer haaptsächlech iwwer spezialiséiert Banken am Ausland gemaach.

Aus dem urspréinglech ugeduechte Mechanismus, deen engem Investisseur géif erlaben, e Steieravantage ze kréien, fir säi Risque beim Invest ze reduzéieren, ass e Subventiounsregime gi fir d'Filmproduktioun, deen iwwert de Wee vun de Steiercertificaten ofgewéckelt gouf.

Dat war esou laang kee Problem, wéi mer nach an engem finanziell gudden Ëmfeld waren. Et ass awer alles aus dem Rudder gelaf vun deem Moment un, wou déi grouss finanziell Kris agebrach ass, an dee Moment huet déi dem ganze System, deen hei ugeduecht war, e Stréch duerch d'Rechnung gemaach.

D'Zuel vun de Gesellschaften, déi bereet waren, Certificaten ze kafen, ass drastesch erofgaangen. Et war an et ass ëmmer schwéier, an dësem onstabilen Ëmfeld Steierprevisiounen ze maache fir déi nächst Joren. Et sinn an där Zäit pro Joer Certificate fir ongeféier 70 bis 80 Milliounen Euro brutto ausgestallt ginn, wat e Steierausfall fir de Stat bedeit huet vu 25 Milliounen Euro, déi et geheescht huet, un d'Gesellschaften ze verkafen.

Et ass iwwerhaapt ëmmer méi schwéier ginn, fir Abnehmer ze fanne fir déi Certificaten. Den Zäitopwand war ze grouss. Da waren d'Kommissiounen ze héich. De ganze System war op eemol net méi attraktiv.

Derbäi koum, dass de Prefinanzement, dee jo am Ausland huet misse gemaach ginn, mat engem ëmmer méi grousse Risiko verbonne war, wéinst där schwiereger Situatioun vun de Ventë vun de Certificaten. An dee Risiko, deen huet missen natierlech och rémunéréiert ginn.

D'Konsequenz war, dass vun deene ronn 30% Steieravantagen, déi et de Stat kascht huet, fir an déi audiovisuell Produktioun ze investéieren, am Endeffekt emol knapps méi 22% bis 23% am Secteur ukomm sinn. De Rescht vun de Prozenter, déi si verlaf a Kommissiounen an Zënsen.

Dorop huet d'Regierung reagéiert. Zesumme mat dem Secteur ass décidéiert ginn, fir d'Certificats d'investissement audiovisuel ab 2012 auslafen ze loossen, also net méi bei deem System ze bleiwen. En contrepartie ass de Montant vun den Aides financières sélectives, déi och iwwert de Filmfong ausbezuelt ginn, erhéicht ginn, fir d'Aiden aus dem Steierregime integral kënnen ze kompenséieren.

Här President, dat ass dann och ee vun den Haaptobjektive vun dem virleienden Text. Hien ass den 29. Januar 2013 vum deemolege Medien- a Kommunikatiounsminister déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 12. Juli, och 2013, geholl. Da kommen eis Chambre-professionnellen: D'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, den Institut des réviseurs d'entreprises an och d'Produzentevereenegung ULPA hunn am Laf och vum Abrëll, Mee 2013 hir verschidden Avisen zum Gesetz geholl.

Nodeem de 4. Mäerz 2013 d'Medien- an d'Héichschoulkommissioun eise Kolleeg Serge Wilmes zum Rapporteur vum Projet de loi genannt hat, hunn ech den 20. Januar dëst Joer d'Relève geholl. Ech wëll awer vun hei aus net mëssen, dem Serge Wilmes en häerzleche Merci ze soe fir déi exzellent Viraarbecht, déi hien an deem Projet geleescht huet.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.*- Mir hunn e puer Amendementer ugeholl, dat den 19. Mee an den 2. Juni. An den 3. Juli ass de Rapport presentéiert ginn an och adoptéiert ginn.

Här President, wéi scho gesot, d'Haaptzil vun dësem Projet de loi ass d'Ofschafe vun de sougenannten „Certificats d'investissement audiovisuel". D'audiovisuell Produktioun zu Lëtzebuerg soll just nach iwwert de Mécanisme vun den direkte selektiven Hëllefe geregelt ginn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 8. Mee 2013 proposéiert, fir de Regime net ganz ofzeschafen, well si huet gemengt, wann d'Situatioun géif besser ginn, sollt een awer Passerellen halen, fir eventuell kënnen nach Synergië mat dem Finanzsecteur ze maachen. Dësen Iwwerleeungen ass Rechnung gedroe ginn, gesäit dach deen heitege Projet de loi vir, e strukturelle Fong ze schafen, deen, le cas échéant, et kann erlaben, nei Synergië mat der Finanzplaz ze entwéckelen.

De Lëtzebuerger Filmfong, iwwert dee jo den Développement vun dem Produktiounssecteur organiséiert gëtt, kritt dann och elo d'Missioun, fir d'Mise en œuvre vun esou engem Fong direkt ze analyséieren.

Dir wësst, dass d'Haaptmissioun vum Lëtzebuerger Filmfong déi ass, fir den audiovisuelle Secteur ze entwéckelen an national an international ze promouvéieren. Fir dass de Filmfong ka schaffen, kritt en alljährlech eng staatlech Dotatioun, fir och d'Politique de soutien au secteur vun der Regierung ëmzesetzen. An dat mécht de Fong iwwer eng ganz Zort vun Instrumenter, déi haaptsächlech sinn: d'Hëllefen, da komme Subventiounen, Bourssen a Récompensen. Mä wéi gesot, d'Haaptinstrument sinn d'Aides financières sélectives, déi elo konsequent gi ginn, wéinst dem Ofschafe vun de Certificaten.

A well elo de Système de soutien au secteur geännert huet, ass och d'Iddi opkomm - an dat mécht Sënn -, dass déi ganz Gouvernance vum Fong soll modifizéiert ginn. Dat betrëfft d'Organisatioun vun der Verwaltungsstruktur vum Filmfong. Duerch dëst Gesetz gëtt och e Personalkader geschafen, deem en Direkter, dee vum Grand-Duc genannt gëtt, virsteet.

D'Iddi vum Transfert vu verschiddenen Employéen, déi elo am Filmfong schaffen, an den neie Personalkader hu mer awer fale gelooss, well ebe bei där doter Iddi de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet. An do ass gesot ginn: Dat gëtt fale gelooss, well souwisou hätt dat keng gréisser Ännerunge bruecht.

Här President, betreffend déi zukünfteg Gouvernance an d'Prise de décision beim Filmfong wéilt ech folgend Remarquë maachen. Éischtens: De Conseil d'administration, deen elo aacht Leit huet, gëtt op dräi Leit erofgesat. Déi dräi Membere sinn ee Vertrieder vum Medieministère, deen och de President stellt, dann ee vum Kulturministère an ee vum Finanzministère.

Och musse mer soen, an Dir wësst, dass dat à l'ordre du jour ass: Den heitege Projet de loi gesäit vir, dass all Sexe an deem Verwaltungsrot vun dräi representéiert ass. D'Rechnung ass einfach.

D'Haaptmissioune vum Conseil si klassesch: de Budget unzehuelen, d'alljährlech Konten ze kontrolléieren, den Organigramm ze approuvéieren, derfir ze suergen, dass d'Regierungspolitik am audiovisuelle Secteur realiséiert gëtt an d'Memberen ze nenne vum nei gegrënnte Comité de sélection, dem Haaptstéck vun dem Régime des aides financières sélectives.

Dëse Comité de sélection kritt eng nei Roll a vill méi Pouvoir, well et wäert hie sinn, deen an Zukunft d'Décisiounen huele wäert, wat fir ee Projet eng Aide financière kritt, an och décidéiere wäert, ëm wat fir ee Montant et sech dobäi handelt.

Vu datt jo souwuel de Medien- a Kommunikatiounsminister wéi och de Kulturminister d'Tutelle iwwert de Filmfong hunn an domadder coresponsabel sinn, wat den Développement vum audiovisuelle Secteur hei zu Lëtzebuerg ugeet, wat mer och esou bäibehale wëllen, a vu datt mir eis gutt verstinn an op därselwechter Wellelängt leien, wat d'Politique de soutien au secteur audiovisuel ugeet, ass et mer eng Freed an eng Éier, hei de Mëtteg kënnen zu dësem Projet de loi ze schwätzen.

Loosst mech fir d'Éischt der Rapportrice, der Madame Beissel, an de Membere vun der zoustänneger Kommissioun villmools Merci soe fir déi gutt a vill Aarbecht, déi si geleescht hunn, fir datt mer dëse Projet kënnen haut hei an der Chamber behandelen. Ech soen och all de Virriedner Merci fir hir Ënnerstëtzung zu dësem Projet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zwou Nominatioune bei den Academy Awards, dovunner een Oscar gewonnen, eng Selektioun zu Berlin, eng zu Cannes an eng zu Annecy: D'Joer 2014 huet gutt ugefaange fir d'Lëtzebuerger Filmindustrie!

Eise Filmsecteur récoltéiert haut d'Friichte vun där gudder Aarbecht, déi an deene leschte 25 Joer geleescht ginn ass. Natierlech hunn déi

successiv Regierungen och e Verdéngscht un dëse positiven Entwécklungen. Si hunn de legale Kader geschafen, deen et eise Filmschaffenden erméiglecht huet, aus engem Amateurssecteur Enn vun den 80er Joren, wou et nach keng staatlech Ënnerstëtzung gouf, eng professionell Industrie opzebauen, déi Unerkennung op der internationaler Bühn fënnt.

Et sinn haaptsächlech déi méi wéi 700 Leit hei zu Lëtzebuerg - Produzenten, Techniker, Schauspiller, Réalisateuren a Scénaristen -, déi hiert deeglecht Brout am Filmsecteur verdéngen, duerch deenen hir kreativ a kompetent Aarbecht mir Filmer aus Lëtzebuerg ëmmer erëm um klenge wéi awer och um groussen Écran kënne gesinn. D'Précurseure vum Lëtzebuerger Kino hu missen e Secteur opbauen, deen et viru 25 Joer net ginn ass. Et gouf deemools keng professionell Strukturen, keng finanziell Ënnerstëtzungen.

Hautdesdaags, Dir Dammen an Dir Hären, ass dat just de Contraire. Ech wäert méi spéit nach op déi Evolutioun an op de Bilan agoen. Lëtzebuerg huet an den 80er Joren am Kontext vun der ekonomescher Diversifizéierungspolitik de Secteur vun der Kommunikatioun an Telekommunikatioun mat dem Succès vun SES Astra an den Développementer vum Grupp RTL-CLT weidergedriwwen. Dunn ass, an dat zu Recht, gemengt ginn, datt mir zu Lëtzebuerg net nëmme kéinten op d'Diffusioun vu Programmer setzen, mä, wann een en integrale Kommunikatiouns- a Mediesecteur wéilt hunn, datt dann och Produktiounsaktivitéiten dozou géife bäidroen, där mer bis elo keng haten.

An ech wëll hei nach eng Kéier rappeléieren, datt d'Aiden, déi fir de Secteur vun der Production audiovisuelle zur Verfügung gestallt ginn, de But verfollegen, d'Diversifizéierungspolitik am Beräich Medien, Kommunikatioun, ICT ze vervollstännegen. Esou kann dëse Secteur sech als Ganzt profiléieren, wou souguer munch Synergië méiglech sinn. Ech denken zum Beispill un de Lien tëschent der Animatioun an dem Gaming.

Esou ass dann dat sougenannt „Certificats-Gesetz" entstanen, dat nieft der direkter selektiver Hëllef, der sougenannter „aide financière sélective", dee Mechanismus duergestallt huet, deen et erméiglecht huet, zu Lëtzebuerg eng audiovisuell a Kinosproduktioun an domadder en neie Secteur ze kreéieren.

Fir d'Éischt hu mer mam Certificats-Regime probéiert, international - virun allem nordamerikanesch - Produktiounen op Lëtzebuerg ze zéien, mam Zil, iwwert den Transfert vum Know-how eis hei déi néideg Experienz, d'Expertise an och de Produktiounsvolumen ze ginn, fir eis Leit auszebilden nom System „learning by doing" an esou schnell wéi méiglech eng aktiv professionell Industrie ze entwéckelen.

No an no hu mir eis awer ëmmer méi op europäesch Koproduktioune konzentréiert. Vill international réputéiert Filmer sinn esou entstanen. Ech denken un „Girl with a Pearl Earring", 2003, oder méi rezent „The Congress", 2013, dee beim europäesche Filmpräis am Dezember zu Berlin de beschte Long-métrage d'animation gewonnen huet, oder och nach „Ernest et Célestine", deen de César kritt huet a fir en Oscar nominéiert war.

Méi wéi 550 Produktioune sinn an deene leschte 25 Joer entstanen, fir en Investment vu ronn 300 Milliounen Euro. 60 Nominatiounen an 20 Präisser hunn eis Filmer bei de bekannteste Festivale wéi Cannes, Annecy, Berlin, Locarno a Venedeg gewonnen. A mir däerfen net all déi aner Festivalen a Präisser vergiessen. Et sinn der wäit iwwer 200, déi eis Koproduktiounen an deene leschten 20 Jorzéngte (veuillez lire: 20 Joer) konnte gewannen.

A wien erënnert sech net un de wonnerschéinen Dekor vu Venedeg, deen zu Esch entstane wor, eist klengt Venedeg?

De Certificats-Regime an d'Aides directes hu regelméisseg zesumme fonctionnéiert a wore fir d'Lëtzebuerger Filmschaffend de Garant fir hir Part de financement an enger internationaler Produktioun.

Contrairement zu anere Länner, wou d'Produzenten niewent der nationaler ëffentlecher Ënnerstëtzung och nach op regional Aiden, Investissementer vun Téleechaînen oder -distributeure kënnen zréckgräifen, ginn et zu Lëtzebuerg keng aner finanziell Ënnerstëtzungsquelle wéi d'Hëllefen, déi de Stat zur Verfügung stellt.

Et ass dofir wichteg, datt eis Filmer a Koproduktioune mat auslännesche Partner gemaach ginn. An an deem Kontext ass et och esou sënnvoll, datt mir international Koproduktiounstraitéen ënnerstëtzen. Mir hunn der am Moment siwen, dat sinn nieft Kanada a Québec, Däitschland, Frankräich, d'Schwäiz, Éisträich an Irland, dee leschten, dee mer virun dräi Joer ënnerschriwwen hunn. Säitdeem si siwe Long-métragen tëschent eisen zwee Länner entstanen oder sinn an der Entwécklungsphas.

Déi gutt international Relatiounen, déi eise Secteur konnt opbauen, an dat virun allem duerch de Lëtzebuerger Filmfong, hëllefen, d'Bild vum Grand-Duché dobaussen ze veränneren. Net nëmmen droen déi vill Produktiounen, déi hei am Land realiséiert ginn, dozou bäi, eis Image de marque ze diversifizéieren. Neen, et gesäit een dobaussen, datt Lëtzebuerg och am kreative Beräich international eppes unzebidden huet. An als Kulturminister kann a wëll ech hei ënnersträichen, datt dat an anere Kulturberäicher wéi Theater, Musek, Danz, Literatur, Arts plastiques an Architektur och de Fall ass. Mir mussen derfir suergen, iwwer eise Kultursecteur en général dobaussen nach besser ze communiquéieren.

Eise Filmsecteur huet esou munches opzeweisen. Mir hunn hei am Ländche méi wéi 30 Réalisateuren, déi mindestens schonn ee professionelle Court-métrage realiséiert hunn. Och bei de Schauspiller ass et zu enger Professionalisëierung komm. Ëmmer méi oft gesi mer se an internationale Filmer oder och a méi grousse Rollen.

Besonnesch den Animatiounssecteur huet sech an deene leschte Jore massiv weiderentwéckelt. A véier verschiddenen Animatiounsstudioe ginn hei international Televisiounsserien, Court- a Long-métragë realiséiert an 2D respektiv 3D an och an 3D-Stereoskopie. Domadder sinn déi Filmer gemengt, wou Der musst all en extrae Brëll undoen.

Déi zwou Oscar-Nominatiounen, souwuel vun „Ernest et Célestine" wéi déi vum „Mr Hublot", beweisen, wéi d'Qualitéit a wéi wichteg dëse Beräich bei eis ass. 30% bis 40% mécht d'Animatioun an eisem gesamte Produktiounsvolumen aus.

Eis Lëtzebuerger Techniker sinn international bekannt fir hir Qualitéitsaarbecht, hir Flexibilitéit souwuel a franséisch-, däitsch- oder engleschsproochege Produktiounen. Dat ass e grousse Virdeel vis-à-vis vum Ausland an esou munchen auslännesche Réalisateur kënnt regelméisseg zréck op Lëtzebuerg, fir hei mat därselwechter Équipe nees ze schaffen. Och ginn eis Techniker vun hei op Produktiounen engagéiert, déi näischt mat Lëtzebuerg ze dinn hunn.

Grouss Investissementer sinn am Beräich vun der Postproduktioun hei zu Lëtzebuerg vu privaten Investisseure getätegt ginn. Soundstudioen, Mixage- a Montage-Plateaue sinn entstanen, déi et erlaben, ënner héich professionelle Konditioune Filmer fir d'In- an d'Ausland ze finaliséieren. Mä och d'Filmstudioen zu Conter oder nach de rezente Studiokomplex, deen zu Kielen opgaangen ass, beweisen, datt och de Privatsecteur un d'Entwécklung vum Produktiounssecteur zu Lëtzebuerg gleeft.

Eis Produzente sinn am Ausland sollicitéiert, an dat virun allem, well se e groussen Know-how hunn, wat d'international Koproduktioun ugeet. Mä dat gëtt eise Produzenten awer och eng grouss Responsabilitéit. Och wa mer hei an engem gréisstendeels subventionéierte Secteur aktiv sinn, heescht dat net, datt d'Regele vun der Ekonomie net ze fonctionnéiere brauchen. Och hei mussen d'Produktiounsgesellschaften „en bon père de famille" operéieren. Dofir ass et och wichteg, datt de Lëtzebuerger Filmfong déi néideg Moyenen huet, fir de Contrôle vun de staatleche Subventioune kënnen ze assuréieren.

Vill vun eise Produktiounsgesellschafte si souwäit gaangen, datt se sech och international entwéckelt hunn. Dat heescht, datt si entweder Succursalen am Ausland opgemaach hunn oder awer a Gesellschaften am Ausland investéiert hunn. Dat erlaabt hinnen dann och, an engem aneren Territoire Fouss ze faassen.

Et ass dofir och net verwonnerlech, datt d'Demanden, fir Projeten zu Lëtzebuerg a mat Lëtzebuerg ze dréien, an deene leschte Jore 40% bis 50% an d'Luucht gaange sinn. An der Regel ginn all Joer an der Moyenne tëschent 120 an 150 Demandë beim Filmfong agereecht. Datt déi awer net all kënne finanziell ënnerstëtzt ginn, läit op der Hand, géif ech mengen.

Mir mussen awer derfir suergen, datt de Secteur, dee mer an deene leschte 25 Joer opgebaut hunn, stabiliséiert bleift a sech weider entwéckele kann. An dozou gehéiert och d'Éducatioun an d'Formatioun.

Mir hunn am Lycée technique des Arts et Métiers e BTS fir Animatioun, dee gutt fonctionnéiert. Iwwer 75% vun den Ofschlossschüler fannen duerno eng Aarbecht an hirem Domän. Dës Regierung ass amgaangen ze analyséieren, fir de BTS Animation weider auszebauen. Am September kënnt och elo nach e BTS audiovisuel derbäi, dee méi spezifesch op déi sougenannten „Liveproduktiounen" ausgeriicht gëtt.

An da wäerte mer och derfir suergen, datt déi audiovisuell praktesch Ausbildung a Fortbildung ugepasst un de BTS och ausserhalb ugebuede gëtt. Dofir musse mir Politiker de Cadre règlementaire schafen, an deem de Secteur sech dann développéiere kann.

A wa mer wëllen, datt mer och nach an Zukunft eng europäesch audiovisuell Industrie behalen, mat europäeschem Contenu, an net wëllen amerikaneschen oder asiatesche Produiten de Virrang loossen, da musse mer eis heemesch Produktiounen a Koproduktioune mat ëffentleche Moyenen ënnerstëtzen. Dat mécht all anert europäescht Land, an och d'Europäesch Kommissioun huet Exceptiounen, en „block exemption" fir d'audiovisuell Produktioune virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass dann och schéin ze gesinn, datt säit dem Enn vun den 80er Joren, wou mir déi éischt Hëllefe fir den audiovisuelle Secteur zu Lëtzebuerg geschafen hunn, mer ëmmer quasi eng Unanimitéit hei an der Chamber fonnt hunn, wann et drëms gaangen ass, d'Gesetz iwwert d'Aiden ze optimiséieren. An dat schéngt jo och haut hei de Fall ze sinn.

Mir proposéieren - an d'Presidentin-Rapportrice vun der Kommissioun vum Projet de loi huet et betount -, dat Gesetz iwwert de Certificat audiovisuel, dat elo méi wéi 20 Joer fonctionnéiert huet, ofzeschafen an dem audiovisuelle Secteur déiselwecht finanziell Ënnerstëtzung iwwer en anere Wee zoukommen ze loossen, iwwert de Wee vun der direkter Hëllef.

Dat ass néideg ginn, well an der heiteger Finanzsituatioun sinn d'Sue méi deier gi fir d'Produzenten a si hunn an deene leschte Joren Avantagen, Zënsen a Kommissioune verluer. Wéi des Éfteren, wann d'Ëmfeld sech geännert huet, hu mer et fäerdegbruecht, de Régime d'aide am audiovisuelle Secteur esou ze änneren, datt mer kompetitiv bliwwe si vis-à-vis vum Ausland an datt eis Filmschaffend weider hirem Beruff kënnen effikass nogoen.

Déi nei Aart a Weis, de Secteur ze ënnerstëtzen, erlaabt et net nëmmen, international aktiv ze bleiwen. Neen, mir léisen de Problem och, deen entstanen ass, well d'Certificaten net méi esou fonctionnéiert hunn, wéi se sollten. An en plus beinhalt dëse Projet de loi och e Volet vun der Gouvernance, deen et erlabe wäert, datt d'Décisioune méi séier, manner bürokratesch a méi onofhängeg geholl kënne ginn. D'Rapportrice ass an hirer detailléierter Ried op déi eenzel Ännerungen agaangen, an ech hunn och deem näischt méi zouzefügen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn iwwerzeegt, datt dëse Projet de loi et dem Secteur vun der audiovisueller Produktioun wäert erlaben, sech weider an engem international staarken Ëmfeld kompetitiv weiderzëentwéckelen an dann ze behaapten. Och wann et net Zil an Zweck vun eiser Förderung ass an däerf sinn, Präisser an Unerkennungen ze kréien, esou sinn ech awer iwwerzeegt, datt mat der Kreativitéit, dem Know-how, der Kompetenz an dem Engagement, deen eis Filmschaffend Dag fir Dag hei zu Lëtzebuerg an am Ausland ënner Bewäis stellen, den Oscar fir den „Här Hublot" sécherlech net dee leschten ass.

Ech soen lech elo scho Merci fir déi ganz breet Majoritéit, déi dëse Gesetzesprojet dann elo wäert, nodeems datt ech elo ofschléissen, kréien.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Minister. Ech hunn d'Wuertmeldung vun der Madame Adehm, Parole après ministre, fir Preziounen.

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Ech wëll just erklären - wéinst deem ominéise Rapport annuel -, et ass esou, datt de Filmfong eng Kategorie huet, wou „The Film Fund" steet. Da geet een dorobber klicken, da kënnt ënnendrënner „Mission", „Our Team", „Annual Report", a wann een an déi Kategorie geet „Annual Report", do stinn d'Rapports annuels just bis 2009.

Ech hu mech an Zwëschenzäit och opkläre gelooss, datt et da ganz uewen am Eck rechts eng kleng Kategorie gëtt „Download Center". Du sinn ech och doranner kucke gaangen, an do fënnt een tëschent engem Sammelsurium vun Informatiounen dann effektiv ganz ënnen och iergendwou d'Rapports annuels.

Mä an der Kategorie „Rapport Annuel" um Site vum Filmfong sti se net en tant que tels. Et muss een, wéi gesot, an den „Download Center" siche goen. Dat wollt ech just soen.

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. le Président.- Merci. Domat si mer um Enn ukomm a mir géifen iwwert de Projet de loi 6535 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6535 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6535 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6703, eng Ännerung um Gesetz iwwert d'Beruffschamberen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Georges Engel.

9. 6703 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, de Gesetzestext, iwwert dee mer haut ofstëmmen, huet als Haaptobjektiv, déi Problemer, déi duerch d'Uerteel vum 19. Dezember 2013 vun der Cour administrative opgeworf gi sinn, ze léisen. Bei dësem Uerteel geet et ëm d'Representatioun vun de Statsbeamten aus der Carrière supérieure an hirer Beruffschamber.

D'Gesetz, wat am Moment a Kraaft ass - et ass dat vum 4. Abrëll 1924 -, leet d'Unzuel vun de Sëtz fir d'Kategorie A vun der Carrière supérieure an der Beruffschamber vun de Statsbeamten op dräi Mandater fest. Am Ganze sinn et 27 Mandater. De Rescht vun de Mandater ginn ënnert de Beamte vun deenen anere Carrièrë verdeelt.

Den Artikel 43ter vun deem Gesetz hält ausserdeem fest: «Au sein de la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics aucune administration de l'État ni aucun établissement public ne peut occuper plus de deux mandats pour chacune des categories A, B et C. Au sens des dispositions du présent article, l'enseignement secondaire, secondaire technique, supérieur et universitaire est à considérer comme formant une seule administration.»

De Sträit - dee sougenannten „Sträit", wann een dat esou wëllt nennen -, dee schlussendlech zu deem Uerteel gefouert huet, geet op déi lescht Wahle vun de Beruffschambere vun de Statsbeamten am Mäerz 2010 zréck. Deemools hat d'CGFP no der Verdeelung vun de Sëtz zwee vun den dräi Mandater an der Kategorie A kritt. Dës zwee Sëtz sinn un zwee Beamten aus dem Enseignement gaangen.

D'Lëscht vun der APESS hätt theoretescherweis awer d'Recht op deen drëtte Sëtz gehat, mä well dës Lëscht jo just aus Beamten aus dem Enseignement besteet, par la force des choses, huet d'APESS en dunn net kritt. Dësen drëtte Sëtz ass der CGFP zeguttkomm an un ee Beamten, deen net an dem Enseignement ass,

gaangen. Esou sinn déi dräi Sëtz an der Kategorie A un d'CGFP gaangen.

D'APESS war mat dëser Entscheedung net averstanen an huet reklaméiert. Mä de Regierungsrot huet d'Resultat vun de Wahlen, also och d'Verdeelung vun de Sëtz, den 30. Abrëll 2010 awer validéiert an esou d'Reklamatioun verworf. D'APESS huet dunn e Recours géint d'Décisioun vum Regierungsrot ageluecht.

Den Tribunal administratif huet dunn d'Cour constitutionnelle ageschalt, fir datt dës iwwert d'Constitutionnalitéit vum Artikel 43ter Abschnitt 5 vum Gesetz vun 1924 décidéiert.

An hirem Uerteel vum 9. Mäerz 2012 äntwert d'Cour constitutionnelle, datt deen eventuellen Avantage, deen entsteet duerch d'Regelung vu maximal zwee Mandater pro Administratioun fir e Syndikat, deen d'Fonctionnairë vu verschiddenen Administratioune representéiert, géintiwwer engem Syndikat, dee just d'Intérête vun enger Administratioun, wéi an dësem Fall den Enseignement, vertrëtt, net kann a Considératioun gezu ginn, fir eng Analys vun der Constitutionnalitéit vun dëser legaler Dispositioun ze maachen.

D'Cour constitutionnelle werft awer op, datt muss ënnersicht ginn, ob dës Dispositioun net eng Inegalitéit tëschent de Kandidaten individuell schaaft, well si mécht et méiglech, datt ee Kandidat, dee méi Stëmme krut, zugonschte vun engem mat manner Stëmmen, mä aus enger anerer Administratioun, écartéiert gëtt. Hei werft d'Cour d'Fro no dem Prinzip vun der Egalitéit op, wéi en am Artikel 10bis vun eiser Constitutioun virgesinn ass.

Den Tribunal administratif huet a sengem Uerteel vum 30. Abrëll 2013 de Recours vun der APESS géint d'Décisioun vum Regierungsrot verworf. D'APESS wollt dat awer net esou hinhuelen an ass an Appell gaange bei der Cour administrative.

Dës huet sech op den Artikel 1 vun der Constitutioun bezunn, dee beseet: «Le Grand-Duché de Luxembourg est un État démocratique, (…).» Op Basis vun dësem Artikel seet d'Cour, datt dësen net just fir d'Wahlen an der Chamber, also hei an der Chambre des Députés, gëllt, mä och fir d'Wahle vun de Beruffskummeren, déi och an de legislative Prozess falen. Also muss déi definitiv Verdeelung vun de Mandater deem entspriechen, wat d'Wahlen erginn hunn.

Am Uerteel vum 19. Dezember 2013 huet d'Verwaltungsgeriicht dunn décidéiert, datt den Arrêté vum Regierungsrot misst annulléiert ginn an datt d'APESS hire Sëtz eigentlech zegutt hätt.

Laut dësem Uerteel misst d'Regierung eng nei Décisioun huelen, wat d'Verdeelung vun de Sëtz an der Kategorie A ugeet. Si kann dësen drëtte Sëtz awer der APESS net einfach esou zoudeelen, well dëst contraire zum bestehende Gesetz wär. Een Dilemma.

Sou ass décidéiert ginn, deen drëtte Sëtz bis zu den nächste Wahlen, déi am Mäerz 2015 stattfannen, net ze verdeelen. Dee bleift also onbesat bis an e puer Méint.

Eng Ëmännerung vum Gesetz ass also néideg ginn, fir eng gerecht Verdeelung vun de Sëtz an der Carrière supérieure pro Administratioun souwéi eng proportionell Representatioun ze garantéieren. Dëst Zil soll duerch déi virleiend Gesetzesännerung erreecht ginn.

Déi gesäit vir, datt zwou verschidde Kategorien an der Carrière supérieure geschafe ginn, eng fir Beamten aus dem Enseignement, Kategorie A, an eng zweet fir aner administrativ Beamten, Kategorie A1. Fir datt d'Unzuel vun de Mandater an der Beruffschamber vun de Statsbeamten net muss an d'Luucht gesat ginn, sinn zwee Sëtz fir déi nei Kategorie fir d'Beamten aus dem Enseignement supérieur an ee Sëtz fir déi aner Beamten aus der Carrière supérieure virgesinn.

Dës Verdeelung entsprécht dem Rapport och tëschent de Beamten aus deenen zwou Kategorien. Tëschent 2010 an 2014 waren an der Carrière supérieure d'Beamten aus dem Enseignement zu duebel esou vill wéi déi aner Beamten.

De Statsrot souwéi d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hunn an hirem respektiven Avis keng weider Remarquë formuléiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den Här Paul-Henri Meyers fir d'CSV.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur, dem Här Georges Engel, villmools Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Hien huet dat ganz ausféierlech gemaach, soudass ech eigentlech op de Projet de loi an op déi Ëmännerung net brauch zréckzekommen. Ech soen och elo schonn, dass d'CSV dee Projet de loi wäert stëmmen.

Étant donné, dass awer den Ausléiser vun där Gesetzesännerung hei en Uerteel vum ieweschte Verwaltungsgeriicht war, erlaben ech mer, wat net Usus ass ëmmer, e bëssen iwwert den Tellerrand vum Projet erauszekucken, well et jo e bëssen aussergewéinlech ass, dass d'Chamber no engem Uerteel Gesetzestexter ännere geet. An ech mengen, dann ass et net vu Muttwëll, wann ee sech och e wéineg mat deem Uerteel selwer ofgëtt.

D'Cour administrative ass nämlech zur Schlussfolgerung komm, dass den Artikel 42 Alinéa 8 vum Règlement grand-ducal vum 17. Januar 1984 net konform ass mat dem demokratesche Prinzip, wéi en am Artikel 1 vun der Verfassung steet. Dee Moyen ass en appel vun der Cour selwer opgeworf ginn an esou tranchéiert ginn, wéi den Här Engel et développéiert huet.

Étant donné, dass et awer bei der Juridiction administrative keng Kassatioun gëtt, géif ech mengen, dass et net vu Muttwëll ass, wann een hei awer d'Fro opwërft, ob et net noutwendeg ass, esou wichteg Froen enger zweeter Instanz ze ënnerbreeden, wat hei net méiglech war. Dofir, mengen ech, ass déi Fro vun der Kassatioun och bei der Juridiction administrative ëmmer nach aktuell.

D'Institutiounskommissioun huet sech verschiddentlech mat där Problematik ofginn, an ech mengen, et sollt een déi Fro do net aus den Ae verléieren, well ech mengen, dass hei d'Cour administrative eigentlech selwer d'Motivatioun bruecht huet, firwat een eventuell esou eng Kassatioun sollt virgesinn.

Eng zweet Remarque betrëfft d'Aart a Weis, wéi d'Cour administrative dee Prinzip, den demokratesche Prinzip vum Artikel 1 vun der Verfassung, definéiert: Si definéiert e par rapport zu allen Institutioune vum Stat.

Wat d'Beruffschamberen ugeet, mengen ech, muss ee sech, och wann een dat Uerteel net sollt iwwerbewäerten, awer d'Fro stellen, ob all Dispositiounen, net nëmme vun der Chambre des Fonctionnaires, mä och vun anere Beruffschamberen, da mat deem Prinzip konform sinn, wat d'Sëtzverdeelung ugeet. An ech mengen, dofir wier et och an där Hisiicht net vu Muttwëll, wann ee géif eventuell déi Texter vun de Reglementer eng Kéier nokucken, fir do eng nei Iwwerraschung an där doter Hisiicht ze vermeiden.

Dat gesot, répétéieren ech nach eng Kéier, dass mer eisen Accord ginn zu där heiter Ännerung vum Gesetz.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Meyers. Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech richteg gezielt hunn, dann ännere mer dat Gesetz haut fir d'32. Kéier ëm. Dat beweist jo och, datt et e Gesetz ass, wat permanent nogekuckt muss ginn. An an deem spezifesche Fall hei ass et ganz kloer, datt een awer och muss Verständnis hu fir d'APESS.

Mir sinn an engem demokratesche Rechtsstat. Wann een no Wahlen Urecht op e Sëtz huet an et kann een awer net an de Genoss vun deem Sëtz kommen duerch eng Rei Dispositiounen, dann ass et evident, datt déi betreffend Gewerkschaft natierlech versicht, hiert Recht iwwer en anere Wee ze kréien. Duerfir ass et u sech richteg gewiescht, fir esou séier wéi méiglech elo hei ze légiféréieren, ëmsou méi, datt mer jo och virun Neiwahlen elo stinn. Am Oktober geet am Fong geholl déi Procédure un, well d'nächst Joer dann déi Chamber erneiert gëtt.

Erlaabt mer vläicht awer, am Numm vun der DP nach zwou Remarquen zu dësem Gesetzesprojet ze maachen:

Fir d'Éischt déi, datt et aus eiser Siicht richteg ass, wéi d'Regierung elo gehandelt huet, datt se elo kuerzfristeg dann awer dee Projet de loi hei op den Instanzewee bruecht huet, an datt et och richteg war vun der Regierung, fir elo net weider ze tranchéieren, ob der APESS soll dee Sëtz hei zougesprach ginn oder net.

Eng zweet Remarque ass déi, an indirekt huet den Här Meyers dat och schonn duerchblécke gelooss: Ech mengen, mir sollten dee Reflexiounsprozess allerdéngs haut net ophalen. Et sollt ee sech och Gedanke maachen engersäits iwwert dee juristeschen Aspekt, awer anersäits vläicht och iwwert d'Kompositioun vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, ob, wéi gesot, déi eenzel Kategorien elo dach nach wie vor op eng gerecht Aart a Weis Bestand hunn.

An deem Sënn wëll ech dann awer ofschléissend fir d'Éischt och nach dem Rapporteur e ganz grousse Merci ausspriechen, dem Här Engel, an dann och gläichzäiteg d'Zoustëmmung vun der DP bréngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Graas. Den Här Roberto Traversini huet d'Wuert fir déi gréng.

M. Roberto Traversini *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ma och ganz kuerz wollt ech dem Rapporteur Merci soen. Do mierkt ee wierklech, datt en a sengem Element ass. An heimadder géif ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun Iech matdeelen.

M. le Président.- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosse mer eis emol vläicht fir unzefänken, nodeem ech dem Här Rapporteur e Merci gesot hu fir eng ganz kloer Presentatioun, loosse mer eis emol eng Fro stellen: Wat ass eigentlech d'Chambre professionnelle des Fonctionnaires et Employés publics?

Do gëtt et verschidden Interpretatiounen. Et gëtt déi, déi am Gesetz ass. Et gëtt och eng ganz praktesch, déi mer hei erëmfannen an enger Wahlbroschür vun der CGFP aus dem Joer 2010 fir déi Sozialwahlen, iwwert déi mer hei schwätzen. An d'CGFP seet: «En d'autres termes, l'immense majorité de la Chambre n'est autre que le bras institutionnel de la CGFP.»

Do ass u sech näischt dergéint ze soen, wann dat d'Resultat ass vun engem faire Wahlprozess an net vun engem politesche Wëllen. Ech mengen, wann dat d'Resultat ass, datt eben d'CGFP esou vill Sëtz duerch fair an oppe Wahle kritt huet, ass dat an der Rei. Awer et soll net d'Resultat vun engem politesche Wëlle sinn.

Hei hu mer e Wahlresultat gehat 2010, wou d'APESS sengerzäit 26,91% vun de Mandater kritt huet an en Direktsëtz kritt huet. A si stellt sech vollkommen zu Recht, wéi och den Här Graas et scho gesot huet, d'Fro: Wa Lëtzebuerg en demokratesche Stat ass, hu mir dann net d'Recht op eise Sëtz? Eis Äntwert dorobber ass: Jo!

An do ass deen éischten Denkfeeler - also eiser Meenung no en Denkfeeler - vun der Regierung, deen eis als ADR op jidde Fall vun der Regierungspositioun däitlech trennt. D'Regierung seet: „Mir hunn hei en Uerteel an dorobberhi musse mer légiféréieren." Dat ass net d'Situatioun, wéi an engem demokratesche Stat sech de Problem stellt! De Problem huet sech no de Wahle gestallt! No de Wahlen 2010 wor offensichtlech, datt do eng Gewerkschaft hire rechtméissege Sëtz net konnt kréien. Deemools huet sech schonn de Problem gestallt.

A wann dann eng demokratesch gesënnte Regierung dee Problem sollt analyséieren, da wär deemools schonn de Moment gewiescht, fir dat hei legislativ oder reglementaresch esou ze traitéieren, datt deen demokratesche Wëlle vun deene Leit, déi do gewielt hunn, géif respektéiert ginn, an net fir ze waarden op d'Enn vu Prozesser oder eventuell - wou ech awer elo net am Fong wëll géint eng Kassatioun an den administrative Couren hei räsonéieren -, mä awer net fir och nach zousätzlech Instanze sech ze wënschen, fir dat do eventuell nach eng Kéier iwwerpréiwen ze loossen, wann ee Geriicht schlussendlech zu engem Avis kënnt, datt eng representativ, fräi a gerecht Wahl muss respektéiert ginn!

Mir fillen eis als ADR erënnert, wa mer esou eng Situatioun gesinn, un déi, déi mer och hei hunn an der Chamber mat dem Découpage a Circonscriptiounen an esou weider, déi schlussendlech och drop erausleeft, datt den demokratesche Wëllen hei am Land net vollstänneg respektéiert gëtt. Duerfir och déi Diskussiounen, déi mir hei iwwer eise Wahlsystem am Land hunn. Hei sinn eenzel Schwächte vun ähnlecher Natur ze erkennen.

An dann, wann deemools schonn d'Regierung net dat gemaach huet, wat se hätt misse maachen, nämlech dem Wahlresultat Rechnung droen an doduerch légiféréieren, also eis froen, fir ze légiféréieren oder reglementaresch Ännerunge virzehuelen, firwat soll een dann net elo nach der APESS, och wann et spéit ass, dee Sëtz ginn, dee se zegutt huet? Et géif Méiglechkeete ginn.

Mir kéinten, wa mer schonn hei d'Gesetz änneren, och d'Gesetz änneren, datt déi Gewerkschaft elo nach hire Sëtz kréich. Mir kéinten och reglementaresch, well et am Gesetz virgesinn ass - och wann do vläicht eng Kontradiktioun ass tëschent engem Règlement grand-ducal an deenen aneren Artikele vum Gesetz, mä ëmmerhin ass et am Gesetz virgesinn -, nach eng Ëmverdeelung do maachen, wéi d'Gesetz et virgesäit, fir nämlech méi Mandater an der Carrière supérieure virzegesinn, well einfach d'Kräfteverhältnis tëschent deene verschiddene Gruppe sech fundamental geännert huet.

Ech ginn Iech e Beispill. 2010 woren an der Carrière supérieure 5.707 Électeuren an an der Kategorie C 7.985. Dobäi hat d'Carrière supérieure dräi Mandater an d'Kategorie C hat der néng. Also eng Différence vun eent op dräi, während nëmmen 2.000 Électeuren Ënnerscheed sinn. Et wär also Ursaach do, fir dat do ze änneren, elo ze änneren oder scho geännert ze hunn, amplaz elo ze soen: „Ma mir légiféréieren a mir verdeelen deen drëtte Sëtz net." Hei sinn einfach Ongläichgewiichter!

Et steet och net an deem Gesetz, an duerfir, Här Minister, froen ech Iech et: Wéi sinn dann déi Zuelen 2014? Dir sot, den Écart huet sech nach creuséiert zugonschte vun den Enseignanten. Mä wéi sinn dann déi aktuell Zuelen? A wär déi flagrant Ongerechtegkeet schonn an der Verdeelung vun de Mandater net schonn Ursaach genuch gewiescht, fir dat do ze redresséieren?

An der proportioneller Rechnung hätt deemools schonn, deemools 2010 bei de Wahlen, d'Kategorie A véier Mandater misse kréien, a proportionell wär d'Kategorie C deen Ableck bei fënnef Mandater gewiescht. A Realitéit wor et dräi zu néng, wat dëse Problem, dee mer elo hunn, zum Deel mat bedéngt.

Ech wëll hei anekdotenhaft och nach soen - mat engem Iwwergang vläicht, fir ze soen, wéi ongerecht déi Mandater verdeelt sinn -, et gëtt eng Kategorie, d'Kategorie F, dat ass déi vun de Ministres du culte catholique, déi hätt normalerweis 0,2 Mandater zegutt. Si huet awer een. Ech kritiséieren dat net. Ech sinn dee Leschten, deen de Ministres du culte catholique dat wëllt ewechhuelen.

Mä et ass interessant, fir ze kucken, wéi de Maître Vogel, d'Étude Vogel hei räsonéiert huet, déi d'CGFP vertrueden huet. An dat schéngt mer interessant, dat virzeliesen, well u sech d'Étude Vogel hei - an dat ass ëmmer agréabel ze liesen - dach seet, wéi wäertvoll déi Rotschléi vun der kathoulescher... oder vu Katholike sinn: «D'ailleurs, attribuer le mandat strictement d'après un seul critère arithmétique...»

Ech gesinn, meng Zäit ass ofgelaf, Här President, duerfir kierzen ech dat of.

M. le Président.- Dat ass...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dat ass awer ganz interessant.

M. le Président.- Da brauch ech net aktiv ze ginn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dir braucht et net, ech maachen et selwer.

Mä op jidde Fall, d'Räsonnement ass eben, d'Représentants du culte catholique hätten nëmmen 0,2 Mandater. An d'Étude Vogel seet dozou, dat wär awer keen Argument, well de Représentant vun hinnen «apporte cependant une contribution fort utile et appréciée de préceptes moraux et sociaux». An där Meenung si mir och.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Dann huet d'Wuert de Fonction-publiques-Minister, den Här Dan Kersch.

(Interruption)

Oh, ech sinn ontréischtlech, Här Turpel! Falschen Alarm, Här Kersch, et deet mer leed.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci. Dat ass mer an der Chambre professionnelle ni geschitt, datt ech als eenzegen Net-CGFPs-Member während 20 Joer do ignoréiert gi sinn. Dofir sinn ech frou, datt ech dann awer elo nach d'Wuert ka kréien.

M. le Président.- Oh, et ass ganz schwéier, Iech ze ignoréieren.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Merci!

D'Chambre professionnelle vun der Fonction publique sollt eigentlech schonn 1924 agefouert ginn. '21 hu mer iwwerhaapt d'Chambres professionnelles agefouert, an do war scho virgesinn, '24, fir eng Chambre vun der Fonction publique anzeféieren, déi awer eréischt 40 Joer duerno - 1964 - agefouert ginn ass.

A wéi se agefouert ginn ass, ass eppes festgehale ginn, wat elo zu deem Problem féiert, mat deem mer hei konfrontéiert sinn. Dat ass nämlech deen, datt mer engersäits a Kategorië wiele vu Carrière supérieure, Carrière inférieure,

Carrière moyenne, Enseignanten, Gemengebeamten, an Employéen neierdéngs, déi et deemools nach net gi sinn.

En plus seet d'Gesetz, datt keng Verwaltung beim Stat, awer just beim Stat, vun de Fonctionnairen - dat ass just d'Carrière supérieure, d'Carrière inférieure an d'Carrière moyenne, do zielen d'Employéen net derzou an do zielen d'Gemengen net derzou an do zielt och den Enseignement net derzou -, datt a kenger Verwaltung méi wéi zwee Leit däerfte genannt ginn. An dat ass jo hei, wou mer de Problem hunn. Doduerch, datt vun der CGFP zwee Leit aus dem Enseignement an der Catégorie supérieure genannt waren, krut d'APESS do dee Posten dunn dee Moment net.

Ech mengen, all Mënsch ass hei d'accord, fir ze soen, datt dat net gerecht ass an datt een esou net ka virgoen. Well d'Tatsaach, datt d'APESS dee Posten net kritt huet an d'CGFP dee Posten zousätzlech kritt huet, féiert zweemol zu enger Ongerechtegkeet, déi net d'Wahlresultat respektéiert. Éischtens ass d'Wahlresultat net respektéiert, well d'APESS net vertrueden ass an der Chambre professionnelle, an zweetens ass d'Wahlresultat net respektéiert, well eng aner Gewerkschaft ee Sëtz méi kritt wéi deen, deen d'Wieler hir ginn haten.

An eigentlech hätt do scho vill éischter misse reagéiert ginn. Ech wëll drun erënneren, datt an de 70er Joren eng ähnlech Situatioun war mat der Bréifdréieschgewerkschaft an der Carrière inférieure, d'Bréifdréieschgewerkschaft, déi haaptsächlech bei der Post, wéi hiren Numm et seet, aktiv war an och opgrond vum Wahlresultat ëmmer een Delegéierten hat, mä déi Gewielten, déi sinn ni drukomm, well vun der Post schonn erëm eng Kéier zwee CGFPs-Leit gewielt waren, déi méi Stëmmen hate wéi si.

Dofir ass d'Bréifdréieschgewerkschaft higaangen a si huet eng Astuce gemaach: Si huet ëmmer aus enger anerer Verwaltung nach ee Kandidat gehat. An och wann dee vun de Bréifdréier dee Leschtgewielte war, ass deen da Member gi vun der Chambre professionnelle - wat och net eng korrekt Wahrnehmung war vum Wielerwëllen an deem Secteur. Also hätt do scho vill éischter misse reagéiert ginn.

Dee Problem huet sech geléist, wéi d'Bréifdréieschgewerkschaft vun der CGFP opgeholl ginn ass. Mä de Problem generell ass awer net geléist.

Elo proposéiert d'Regierung hei eng Léisung, déi menger Meenung no eigentlech keng ass fir den aktuelle Problem! D'Regierung proposéiert, an der Carrière supérieure ze splitten, engersäits fir d'Schoulen, dat heescht, déi Verwaltungen, déi wielen da fir sech, an dann anersäits fir de Rescht vun der Carrière supérieure. D'Schoule wielen der dann zwee an de Rescht vun der Carrière supérieure wielt een. Dat bleift da beim Total vun dräi, mä si wiele getrennt.

Wat trotzdeem als Konsequenz huet, datt een, fir eranzekommen an d'Chambre professionnelle, elo méi en héije Prozentsaz brauch bei zwee an deem Grupp wéi virdrun, wou et der dräi waren. Bei engem Nombre électoral konnt ee virdru mat 25% ee kréien, elo brauch een 33% vun de Stëmmen. An ech huelen och un, datt eng Rei Leit drop spekuléieren, datt d'APESS zwar méi wéi 25% hat, mä net méi wéi 33%. Mä dat ass awer reng spekulativ, well dat, wat sech jo ännert, dat ass, datt de Corps och ännert an elo just d'Enseignantë wielen, also d'Proffe wielen, an d'APESS da vläicht op dee Chiffer kënnt.

Mä et féiert awer dozou, datt mer hei an engem Trend dra sinn, wéi dat de leschte Samschdeg am „Land" stoung, vu d'Förderung vu Majorzsystemer, dat heescht, datt een ëmmer méi an heiansdo och elo lues a lues ëmmer muss déi absolut Majoritéit hunn, fir iwwerhaapt nach iergendwou gewielt ze ginn.

En plus ass et haaptsächlech keng Léisung fir déi jëtzeg Situatioun. Dat heescht, d'APESS bleift dobausse laut där Propositioun, déi mer hei stëmmen. An dat ass eppes, deem mir net kënnen zoustëmmen. Dat ass eng Pseudoléisung fir e Problem, dee konkret a reell ass an hei net konkret an net reell geléist gëtt!

Ech wollt och dozou nach zwee Wierder soen. Dat Éischt, dat ass, wann een un d'Chifferen, un de Proporz ännere geet, da muss een awer d'Gesamtzuel an d'Luucht setzen, well awer d'Gesamtzuel sech geännert huet, well soss strooft een erëm eng Kéier a Kategorië Leit, wou dann och Gewerkschaften, déi elo gewielt ginn, net méi kënne gewielt ginn, well se dann am Proporz net méi kënnen drukommen.

An dee leschte Saz ass deen, datt mer eis souwéisou musse Froe stellen iwwerhaapt iwwert d'demokratesch Gepflogenheeten an der Fonction publique. Déi Regierung virdrun, déi hat emol eng gutt Initiativ geholl. Dat war déi, fir ze soen, mir féieren emol demokratesch Personalvertriederwahlen a beim Stat, wou all Statsbeamte seng Delegéiert selwer ka wielen a wou dat net iwwer Associatiounen an esou weider leeft. Si huet dat awer an engem Kompromëss, dee se am Kader vum Gehälteraccord mat der CGFP geschloss huet, erëm ofginn.

An ech stelle mer d'Fro, ob demokratesch Personalvertrieder bei de Wahlen - iwwerhaapt e bësse méi Demokratie! - net eng Noutwendegkeet wieren an och eigentlech opgrond vun den OITs-Konventioune virgeschriwwe wieren. An ech mengen, et géif Zäit ginn, datt mer e Schrack an déi Richtung géife maachen an net an déi ëmgedréite Richtung.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. An elo huet d'Wuert de Fonction-publiques-Minister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Merci, Här President. Ech wéilt vläicht ufänke mat engem grousse Merci un de Rapporteur an un d'Kommissioun fir deen exzellente Rapport, dee mer hei héieren hunn.

Ech mengen, ech gehéieren net zu deene Leit, déi nach eng Kéier dat widderhuelen, wat Der elo grad hei vum Rapporteur en large duergeluecht kritt hutt. Ech mengen, en huet wierklech ganz genau d'Situatioun beschriwwen an och virun allem beschriwwen, firwat dass d'Regierung hei an der Situatioun war, dass huet misse gehandelt ginn.

Ech deelen, an dat wëll ech hei ganz kloer soen, d'Aschätzung vum Här Meyers. Ech mengen, dass dat Uerteel, mat deem mer eis hei mussen ausenanersetzen, eng ganz Rei vun anere Problemer opwërft. En huet eng vun de Léisungspisten hei initiéiert. Dat ass déi, fir eng Kéier ganz seriö driwwer ze diskutéieren, ob een net eng Cour de cassation bei der Cour administrative bräicht. Ech sinn der Meenung, dass dat eng vun deenen Iddien ass, déi ee misst weiderverfollegen, och opgrond vun der Problematik, déi mer hei duergeluecht kritt hunn.

Den Här Gusty Graas huet gesot, mir missten de Reflexiounsprozess weiderféieren. Ech deelen déi Aschätzung. Och vläicht als Reaktioun op dat, wat den Här Turpel elo zum Schluss gesot huet: Mat deem heite Gesetz sinn net allegueren d'Diskussiounen iwwert de Funktionement vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an och net vun deenen anere Beruffschamberen eriwwer. Dat ass ganz richteg. An deen Usproch hate mer hei och guer net.

Mir haten - an dat wëll ech awer zum Zäitpunkt soen, wéini dass dës Regierung reagéiert huet - eng Situatioun virfonnt, déi een u sech ka beschreiwen als e Knuet, deen een huet musse léisen. An ech mengen, dass déi Léisung, déi mer hei fonnt hunn, engersäits gewisen huet, dass dës Regierung gewëllt ass, déi demokratesch Wahlresultater och unzëerkennen, an anerersäits awer och gewëllt ass, ze légiféréieren, wann duerch iergendwelch widderspréchlech Aussoen an deenen eenzelne Gesetzestexter déi demokratesch Wahlprozedur riskéiert, net agehalen ze ginn. Dat ass dat, wat mer mat dësem Gesetz maachen an och mat deene Reglementer, déi nokommen, déi mer och nach mussen deementspriechend upassen.

Ech wéilt just nach eppes soen iwwert d'Zuel vun deenen eenzelne Carrièren, déi an der Chamber vertruede sinn. Ech mengen net, dass d'Zuel vun deene Leit, déi an deenen eenzelne Carrièrë schaffen, deen eenzege Kritär ass, deen iwwert d'Zuel vu Leit ka bestëmmen, déi herno an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics dra sinn.

Den Här Turpel huet schonn ee Grond ginn, firwat dass dat net kann de Fall sinn, mä ech kann Iech awer och nach een anere soen: Wa mer dat géife maachen, da géif dat dozou féieren, dass d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics lues a lues géif zu enger Chambre de l'Enseignement mutéieren. An ech mengen, dass dat weder am Intérêt vum Enseignement wär nach am Intérêt vun der gesamter Fonction publique. A virun allem déi Leit aus dem Enseignement halen drop, dass si ee Bestanddeel, ee feste Bestanddeel vun der Fonction publique sinn a bleiwen. An dofir mengen ech net, dass et richteg wär, ëmmer nëmmen als eenzege Kritär d'Zuel vun deenen eenzelne Beamten an deenen eenzelne Verwaltungen ze kucken, fir dann d'Representatioun an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ze bestëmmen.

Dat gesot, nach eng Kéier villmools Merci fir d'Mataarbechter an der Kommissioun, an ech hoffen, dass dëse Gesetzesprojet op eng grouss Zoustëmmung an der Chamber kann treffen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Minister. A mir géifen…

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President!

M. le Président.- Jo?

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech wollt just dem Här Minister nach eng kuerz Fro stellen.

M. le Président.- Wann den Här Minister dermat d'accord ass,…

(Interruption)

…respektiv, wann Dir Parole après ministre frot.

(Interruption)

Neen, eng Fro a Parole après ministre sinn zwou verschidde Saachen.

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Ech sinn ëmmer op fir Är Froen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Majo, villmools Merci. Ech hu just gesinn, Här Minister, Dir hutt jo selwer an deem Projet de loi gesot, Dir géift déi Zuele kennen, elo 2014, an Dir hutt jo déi Evolutioun verfollegt. An ech wollt ebe just nach eng Kéier nofroen, fir déi aktuell Zuele gewuer ze ginn. Quitte datt Dir vläicht aner Konklusiounen aus deenen Zuelen zitt, wéi ech se géif zéien, mä vu datt Der déi Zuele kennt a se awer net an de Projet de loi geschriwwen hutt, wär et awer interessant, fir ze gesinn, wéi déi effektiv Verhältnisser am Abléck sinn.

Villmools Merci.

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Menge leschten Informatiounen no hu mer 3.200 Leit, déi am Enseignement schaffen an der Carrière supérieure.

M. le Président.- Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun a mir géifen dann iwwert de Projet de loi 6703 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6703 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6703 ass mat 55 Jo-Stëmmen, géint 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zu dem leschte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass den Ofännerungsvirschlag vun eisem Chambersreglement, an et geet do ëm den Deontologiescode fir d'Deputéiert. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

10. 6691 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés portant introduction d'un Code de conduite des députés luxembourgeois en matière d'intérêts financiers et de conflits d'intérêts

Rapport de la Commission du Règlement

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dëser Ofännerung vun eisem Chambersreglement begi mer eis, wéi vill aner Parlamenter och, op de Wee, fir en zesummenhänkenden Text ze ginn, wou d'Verhalensregele festgeluecht gi fir d'Deputéiert, wéi se hir Fonctioun sollen ausféieren.

Dat ass Neiland fir d'Lëtzebuerger Chamber, well mer bis elo an eisem Reglement nëmme verschidden eenzel Bestëmmungen haten, notamment d'Deklaratioun, déi d'Deputéiert ofginn. Mä fir de Rescht feelt et eigentlech un engem zesummenhänkenden Text. Dee gi mer eis heimadder. Mir maachen dat net à la vavite, mä nodeems mer eis intensiv mat där Problematik do befaasst hunn.

Ausléiser fir deen neien Effort, fir sech esou e Verhalenskodex ze ginn, war eng Resolutioun, déi, mengen ech, eestëmmeg vun der Chamber ugeholl gi war den 13. Oktober 2011 am Zesummenhang mat der sougenannter Affär Léiweng/Wickreng, wou gefrot gi war vun der Chamber, dass fir d'Deputéiert, fir d'Ministeren, mä awer och op lokalem Plang, fir déi lokal Responsabel, fir d'Fonctionnairë sollte Verhalensregelen, deontologesch Verhalensregele festgeluecht ginn.

Et ass normal, dass e Parlament sech selwer déi Regele gëtt. Et ass net un der Regierung, fir dem Parlament esou ethesch Regelen ze ginn, mä dat kann nëmmen d'Parlament selwer maachen. Dat maache mer haut iwwert déi Ofännerung vun eisem eegene Chambersreglement, wat jo op der Grondlag vun der Verfassung geholl gëtt an domadder och e staarken Effet eigentlech huet.

D'Viraarbechte vun deem heiten Text ginn eigentlech op d'Enn vum Joer 2011, 2012 zréck, wou mer deemools an der Institutiounskommissioun versicht hunn, eis schlauzemaachen, wat dee beschte Wee wär, dee mer sollte goen. An nodeems mer sämtlech auslännesch Texter gekuckt hu vun eisen Nopeschlänner an deenen eenzelne Parlamenter, hu mer schlussendlech, an dat war, géif ech souguer soen, Eestëmmegkeet sengerzäit, d'Optioun geholl, eis ze orientéieren un dem Text, dee fir d'Europaparlamentarier gëllt. Aus zwou Iwwerleeungen: éischtens well et e relativ rezenten Deontologiestext war, dee sech e Parlament ginn hat, an zweetens och doduerjer, well de Prinzip da respektéiert gëtt, dass Lëtzebuerger Parlamentarier, ob se am Europaparlament sinn oder ob se Member vun dëser Chamber sinn, deeneselwechte Regelen ënnerworf sinn.

Mir hunn dat diskutéiert an engem internen Aarbechtsgrupp, deen d'Kommissioun agesat hat, deen zesummegesat war aus den Häre Meyers, Braz a Bodry an der Madame Polfer. A mir hu sengerzäit ufanks Mäerz 2013 en Text provisoresch festgehale gehat, deen och ëffentlech virgestallt ginn ass, an et sollt ofgewaart gi bis zu där Bewäertung vum GRECO, dat heescht also vun deem Zesummeschloss vun de State vum Conseil de l'Europe, déi sech verschwuer hunn dem Kampf géint d'Korruptioun, bis de GRECO also eng Bewäertungsmissioun fir Lëtzebuerg ofgeschloss hätt, wou an dësem Bewäertungszyklus vun 2013 grad déi Fro vun der Korruptioun vun de Parlamentarier a vun de Magistraten den Haaptpunkt war.

De GRECO huet am Juni 2013 seng Aarbechten ofgeschloss. Entre-temps ass och dee Rapport iwwer Lëtzebuerg public. An am Februar dëst Joer hu mer d'Aarbechten dann erëm opgeholl an der Institutiounskommissioun. An déi Aarbechte si weidergereecht ginn un d'Reglementskommissioun, an Dir hutt also elo e Rapport virleie respektiv och zënter gëschter oder de Moien nach e Rapport complémentaire.

D'Ausriichtung bleift, dass mer eng Rei vu Regelen androen an eist Reglement vun der Chamber, déi sech also op sämtlech Deputéiert applizéieren a wou mer Neiland fir Lëtzebuerg beschreiden. Neiland an deem Sënn, dass mer éischtmoleg op d'Fro vum Interessekonflikt aginn, dass mer dorop aginn, och d'Fro ze regelen, wéi ee mat Kaddoen an aneren Avantagen ëmzegoen huet, respektiv wéi och d'Fro soll geregelt ginn, wat d'Iwwerhuelen duerch Drëtter vu Reeskäschten a Logementskäschte vun Deputéierten ugeet.

Iwwer all déi Froe sinn et bis elo eigentlech zu Lëtzebuerg keng festgeschriwwe Regele ginn. Ethik gëtt et selbstverständlech och ouni Texter. An ech denken, dass och déi ethesch Regelen, och wa se net niddergeschriwwe sinn, hei vun all Mënsch respektéiert ginn. Mä heiansdo

ass et awer och gutt, fir Texter ze hunn, op déi ee sech kann definitiv beruffen.

Ech wëll och soen, dass mer jo och net ouni gesetzlech Bestëmmunge sinn. Dat, wat mer eis hei ginn, dat sinn ethesch Regelen, dat si Verhalensregelen, déi mer eis selwer eigentlech als Parlamentarier operleeën, déi awer näischt mam Strofrecht ze dinn hunn. D'Strofrecht fonctionnéiert niewent deem heiten Text, fonctionnéiert schonn haut och. A wa mer eis déi Regelen net géife ginn, ass selbstverständlech en Deputéierten, deen iwwert d'rout Linnen trëppelt, och strofrechtleche Verfollegungen ausgesat an dee muss d'Konsequenze fir säin ondelikat Verhale selbstverständlech droen.

Ech wéilt nach eng Kéier erënneren un all déi Texter, déi mer do an eisem juristeschen Arsenal hunn. Dat sinn haaptsächlech d'Artikelen 215 bis 249 vum Code pénal, wou et ëm Korruptioun geet, aktiv a passiv Korruptioun, wou et ëm Trafic d'influence geet, wou et ëm d'Prise illégale d'intérêts geet. Alles dat si Punkten, déi mer zënter 2001 hei zu Lëtzebuerg nei geregelt hunn an déi sech och spezifesch op politesch Mandatsträger applizéieren, also och op d'Deputéiert, an déi selbstverständlech och haut scho kënnen Uwendung fannen.

Hei kommen, iwwert dee Verhalenskodex, zousätzlech deontologesch Regelen derbäi, déi net strofrechtlech geahndet ginn, wann et zu Verstéiss kënnt, mä déi disziplinaresch kënne sanktionéiert ginn iwwert déi Sanktiounen, déi mer spezifesch och hei an deem heiten Text agebaut hunn.

Dat fir den Iwwerbléck vun där ganzer Situatioun ze ginn. A selbstverständlech gëllt och fir d'Chamber den Artikel 23 vum Code d'instruction criminelle, dee jo seet, dass, wann ee Kenntnis kritt vu Faiten, déi kéinten e Crime oder en Delikt duerstellen, dann ass ee gehalen, dat dem zoustännege Procureur ze mellen. Dat gëllt natierlech och fir d'Chamber. Wann d'Chamber hei Kenntnis kritt vun esou engem Feelverhalen, dat kéint e Strofvergehen duerstellen, dann ass och d'Chamber als Institutioun gehalen, dat un de Parquet ze mellen. Dat gëtt ausdrécklech nach eng Kéier an eisem Code de déontologie - déi Regel do - och widderholl, mä déi spillt eigentlech och schonn haut opgrond vun eisem Code d'instruction criminelle.

Also, dësen Text ass u sech kee Gesetz, mä et ass awer méi wéi eng einfach Absichtserklärung. Et ass e Regelwierk, wat mer eis ginn, mat enger Rei vun och Prinzipien, un déi mer eis ze halen hunn, wéi mer eis Missioun sollen ausfëllen, mat enger Rei vun Interdiktiounen, déi och an Zukunft hei ze gëllen hunn. An deen, dee sech net drun hält, dee setzt sech hei disziplinaresche Sanktiounen duerch d'Chamber aus.

Wat ass elo an deem Verhalenskodex virgesinn?

Ech hu gesot, allgemeng Prinzipien, wat d'Ausübung vum Deputéiertemandat ugeet, déi iwwert den Artikel 50 vun der Verfassung erausginn, dee jo seet, dass d'Chamber d'Land representéiert, an deen och seet, dass u sech en Deputéierte muss am allgemengen Intérêt, am Interessi vum Land handelen, also ipso facto net däerf reng a sengem perséinlechen Intérêt handelen.

Wat dee Prinzip am Konkreten heescht, dat versiche mer iwwert deen heite Verhalenskodex dann och am Detail ëmzesetzen: Den Deputéierte muss mat Integritéit, Éierlechkeet an Transparenz seng Aarbechten a seng Missiounen hei maachen. An e muss ganz kloer allgemengen Interessen de Virrang gi viru perséinlechen, privaten Interessen, déi e kann hunn.

Nei ass d'Notioun vum Interessekonflikt. Interessekonflikt besteet dann, wann u sech e perséinlechen Intérêt vun engem Deputéierten an Oppositioun steet zum allgemengen Intérêt, deen en ze vertrieden huet. Esou Situatioune kann et ginn, well d'Deputéiert och e professionellt Liewen hunn, u sech eng Vergaangenheet hunn, an do kënne sech, zumindest virtuell, Interessekonflikter stellen. Mir versichen eis hei Regelen ze ginn, wéi een da mat esou enger Situatioun ëmgeet.

D'Grondregel ass, dass dat ëmmer eng Eegeverantwortung ass vum Deputéierten, wéi en domadder ëmgeet. Hien huet jo als Eenzegen all Elementer, fir kënnen anzeschätzen, wéi konfliktuell déi dote Situatioun ass. En anere kann dat net a senger Plaz maachen. Et ass also un him, fir d'Initiativ ze huelen. A wann e mengt, e wär an esou enger Situatioun an e kéint net dorauser erauskommen oder e wéisst net, wéi e soll mat där Situatioun do ëmgoen, dann huet e sech un de President vun der Chamber ze wenne respektiv un en neit Gremium ze wennen.

Dat ass e konsultatiivt Gremium, dat ass dee Comité consultatif fir de Code de conduite vun den Deputéierten, deen natierlech onofhängeg ass, deen aus dräi Leit zesummegesat ass, vun deenen een ee soll sinn, deen Deontolog ass, en aneren, deen u sech Jurist ass, an eng drëtt Persoun, déi eigentlech soll d'Chamber vu banne kennen. Dat kéint also e fréieren Deputéierte sinn.

Mir hunn awer ausdrécklech do net d'Optioun vum Europaparlament zréckbehalen, wou et bei hinnen Europaparlamentarier selwer sinn, déi iwwer aner Europaparlamentarier befannen. Mir hu gemengt, dass dat kee gudde System wär an dass een, wann ee wëllt wierklech e System hunn, dee sech och, mengen ech, vu baussen als neutral presentéiert, da sollt op eng extern zesummegesate Kommissioun zréckgräifen, fir hei den Deputéierten ze begleede bei sengem Verhalen, déi gläichzäiteg awer och natierlech herno eng Roll ze spillen huet. Wann et sollt zu engem Disziplinarverfahre kommen am Kader vum Chambersreglement, ass u sech och dee Comité virgestallt, fir en Avis ze ginn iwwert déi Situatioun, déi eventuell dann e Verstouss zu deem heite Kodex kéint duerstellen.

Nei an deem Ganzen ass och, an dat hu mer gemaach opgrond vun deene Remarquen, déi de GRECO gemaach huet - do hu mer eng Rei vu Modifikatiounen nach um éischte Virprojet virgeholl -, de Lobbying. De Lobbying ass eppes, wat ee kaum erëmfënnt bei eis am Chambersreglement. Et gëtt ee Moment ugeschwat an de Kommissiounsaarbechten: Wa Leit vu bausse kommen, muss dat u sech autoriséiert ginn. Mä mir hunn also gemengt, dass do eng Lacune sécherlech besteet an eisem aktuellen Text.

A wann och bei eis de Lobbying sécherlech zu Lëtzebuerg am Parlament aner Ausmoossen huet, sech an enger anerer Form mécht, wéi dat a grousse Parlamenter wéi dem Europaparlament oder vun anere Länner de Fall ass, mengen ech dach, dass et déi Situatioun gëtt. A mir hu versicht, eis hei eng Regel ze ginn, fir haaptsächlech Transparenz an dee ganze System eranzebréngen.

Et ass a priori näischt Verwerfleches, wann Interessegruppen - dat ka jo ganz vill sinn, do geet et net nëmmen ëm d'grouss Wirtschaft, do geet et och ëm d'Gewerkschaften, et geet ëm d'Associations professionnelles, et geet also ëm all Gruppement, dee gewëssen Intérêten, sektoriell Intérêten ze vertrieden huet -, wann déi a Kontakt triede mat Deputéierten, do ass eigentlech näischt Verwerfleches derbäi. Déi brénge jo och en Know-how an eng Informatioun mat eran, déi ee brauch.

Par contre, wann déi natierlech déi dote Kontakter mëssbrauchen, fir eleng an hirem Intérêt eng gewëssen Orientéierung an Texter, Gesetzestexter eranzekréien - well dat ass d'Haaptaufgab vun dëser Chamber, Gesetzestexter ze diskutéieren an ze stëmmen -, dann ass dat eng aner Saach. An da muss een do e Rigel virschuppen an da muss ee sech eng Rei vu Virsiichtsmoossname ginn, déi mer hei probéiert hunn anzebauen.

De Prinzip ass, dass, wann déi Interessegruppen invitéiert ginn, dat dann offiziell geschitt. Wa se wëlle Kontakt ophuele mat de Fraktiounen, mat eenzelnen Deputéierten, huet dat ausserhalb vum Chambersgebai ze geschéien. A wann en Deputéierten an deem Kontext oder an engem anere wierklech abordéiert ginn ass vun enger drëtter Persoun, déi sech als Interessevertrieder ze erkenne ginn huet, fir Afloss ze huelen op en Text, dann ass den Deputéierten an Zukunft gehalen, dat an der Kommissioun ze mellen. Den Deputéierten huet dat ze mellen. Da gëtt dat aktéiert am Protokoll respektiv kann dat souguer am Rapport dann aktéiert ginn. Och dat muss näischt Béises sinn, wat do geschitt. Mä et geet einfach drëms, fir Transparenz eranzebréngen.

A wann Aflëss sinn op Aarbechten, da soll een dat no bausse weisen, dass en Afloss war. Dat heescht net, dass net och kënne gutt Argumenter vu bausse geliwwert ginn, mä da weess awer jiddwereen, wéi d'Situatioun war. Et gëtt näischt méi verstoppt. Dat ass d'Grondphilosophie eigentlech vun där doter Regel, wat de Lobbying ugeet.

Dann d'Kaddoen. Fir d'Kaddoe gëllt d'Regel, dass déi am Prinzip verbuede sinn. Datselwecht gëllt u sech fir d'Iwwerhuele vu Rees- an Openthaltskäschte vun Drëtten. Verbuede si se natierlech, wann et Kaddoe sinn, déi sech un en Deputéierte riichten als Deputéierten. Ech mengen, déi privat, familiär Kaddoen däerf selbstverständlech och en Deputéierten, wéi all Stierflechen, nach hunn. Ech gesinn hei, ville Leit fält hei e Stee vum Häerz.

(Hilarité)

Dat ass selbstverständlech.

Och do ginn d'Cadeaux de courtoisie toleréiert bis zu enger Valeur vun 150 Euro. Doriwwer eraus ass et absolut verbueden. Eng aner Regelung gëllt natierlech a béide Fäll, wann et sech ëm offiziell Kaddoe respektiv ëm Déplacementer handelt, déi en offizielle Charakter hunn. Do sinn da verschidden Exceptiounen hei am Text virgesinn.

E lescht Wuert wëll ech nach zu de Sanktioune soen. D'Sanktiounen hu mer ausgebaut. Do waren der net vill virgesinn an eisem Chambersreglement, well d'Reglement vun der Chamber eigentlech opgebaut ass op Uerdnungsstrofen. Wann ee sech hei - wat emol heiansdo virkënnt, net oft - derniewentbehëlt, da kann de President do gewëssen..., e Blâme haaptsächlech ausschwätzen.

(Interruptions)

Mir hunn also dat Arsenal vu Strofen, Disziplinarstrofen, étofféiert, eng liicht Strof agefouert, dat ass den Avertissement, an dann u sech nach eng Kéier aner Strofen, notamment fir gewësse Fonctiounen auszeüben, fir Kommissiounsmember ze sinn, fir do zäitlech kënnen eng Begrenzung anzeféieren.

Wat nei ass, net vum Prinzip hier, mä an der Envergure, dat ass déi Déclaration d'intérêts financiers, déi en Deputéierten elo muss ausfëllen, déi och schonn intern fir vill Diskussiounen hei am Haus gesuergt huet, déi och net wäerte mat deem Vote hei eriwwer sinn, mä wou also elo an Zukunft u sech och, dat ass nei, éischtens déi Lëscht vun deem, wat ee muss deklaréieren, méi grouss ass, zweetens een allerdéngs och eng Indikatioun muss ginn, wéi vill Revenu een aus deenen eenzelnen Aktivitéiten erauszitt.

Zwar net de prezise Chiffer - mä keen ass verhënnert, dee prezise Chiffer unzeginn -, mä am Prinzip soll een dat bei „Catégories" uginn, wou mer da véier verschidde Kategorien uginn hunn, wou een also muss eng Indikatioun ginn, wéi grouss eigentlech dee Revenu ass, deen een aus eenzelnen Aktivitéiten, nieft där vum Deputéierten, dann och hei eranzitt.

Do gi mer also vill méi wäit. Dat Ganzt ass selbstverständlech och public. Et ass ëmmer erëm de Prinzip vun der Transparenz, dee mer probéieren, an dee ganze System hei eranzebréngen.

Voilà, dat ass dat, wat ech wollt soen. Zum Schluss vläicht, ech mengen, et huet ee festgestallt, och an den Diskussiounen, déi ee féiert: Deenen enge geet deen heiten Text vläicht schonn e bëssen ze wäit, anere geet en net wäit genuch. Dat hei war awer deen Text, vun deem mer gemengt hunn, dass mer e relativ breede Konsens kéinten drop opbauen.

Et ass sécherlech net der Weisheit letzter Schluss. Mir wäerte sécherlech mussen nach Adaptatioune maachen, wa mer gesinn, wéi an der Praxis deen heiten Text sech wäert ëmsetze loossen. Mir kréien och Enn des Joers, ufanks nächst Joer wahrscheinlech erëm eng Kéier eng Reaktioun vum GRECO, well hien eis u sech 18 Méint Zäit ginn hat, fir kënnen ze reagéieren. An da muss een nach eng Kéier déi Diskussioun onopgereegt, frësch féieren.

Fir een, dee sech als ganz jonken Deputéierten emol scho fréi, vläicht ze fréi, fir déi gliesen Deputéiert agesat hat, ass et eng gewësse Satisfaktioun, dass mer eis wierklech en éischt zesummenhänkend Regelwierk ginn an deem heiten. An ech géif och, wéi gesot, den Accord vu menger Fraktioun zu deem heiten Text mat abréngen.

Ech wëll zum Schluss, Här President, just nach eppes virliesen, well jo awer och eenzel Leit deen heiten Text kritiséieren. Deen ass sécherlech och net perfekt op eenzelne Punkten, ass awer, mengen ech, als éischte Versuch sécherlech valabel.

Fir ze soen, dass awer déi Leit, déi eis bewäert hunn, déi et also vu bausse gekuckt hunn, déi den éischte Projet virleien haten - a mir hunn deen eigentlech nach ausgeweit, mir sinn am Fong nach méi wäit gaangen, wéi mer ganz am Ufank wollte goen, opgrond vun deene Remarquen, déi de GRECO gemaach huet -, dass déi u sech awer eng positiv Aschätzung vun eisem éischte Projet vun engem Code de déontologie haten, wollt ech dat just zitéieren aus dem Rapport GRECO vum Juni 2013. Et ass de Punkt 29:

«Ce code, une fois qu'il sera adopté, comblera des lacunes importantes non seulement en matière de règles de conduite générale visant à prévenir la corruption, mais aussi sur la gestion des cadeaux et des conflits d'intérêts, avec notamment la mise en place d'un dispositif de supervision et de conseil. L'équipe d'évaluation ne peut qu'encourager l'adoption finale de ce texte.»

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Rapporteur, deen duerch groussen Engagement, mengen ech, och deen heite Projet à bon port bruecht huet, zesumme mat senge Kolleegen aus de Kommissiounen. An da géif ech direkt engem vun hinnen, dem Här Paul-Henri Meyers, d'Wuert ginn.

Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech mer Iwwerleeunge gemaach hunn, hunn ech eigentlech déiselwecht Iwwerleeunge gemaach wéi de Rapporteur. Ech ka mer dofir eng ganz Rei vun Appréciatiounen iwwert deen Text hei erspueren. An ech soen och dem Rapporteur villmools Merci fir déi Aarbecht, déi e mat der Kommissioun zesumme geleescht huet, an och fir déi Gedold, déi en opbruecht huet, besonnesch an deene leschte Méint, fir en ausgeglachenen, vun allen akzeptéierten Text och ze fannen.

De Rapporteur huet et scho gesot, dass den Ausléiser déi Resolutioun vun der Chamber war vum 13. Oktober 2011, déi eigentlech vill méi wäit gaangen ass wéi dat, wat mer haut maachen. Well déi Resolutioun huet vun der Chamber gefrot, e Code de déontologie auszeschaffen net nëmme fir d'Deputéiert, mä och fir d'Membere vun der Regierung, fir d'Gemengepolitiker a fir d'ëffentlech Beamten.

D'Institutiounskommissioun, déi mat där Aufgab chargéiert ginn ass, huet och direkt duerno hir Aarbecht opgeholl a si huet eigentlech ganz am Ufank dräi Entscheedunge getraff, wou de Rapporteur och schonn drop agaangen ass.

Dat ass fir d'Éischt emol: Si huet eng ausféierlech Dokumentatioun zesummegestallt iwwert d'Codes de déontologie vun de Länner aus der Europäescher Unioun, wou och eis Nopeschlänner, d'Belsch, Frankräich an Däitschland, derbäi waren, an natierlech och de Code de conduite vum Europaparlament. Déi Dokumentatioun ass de Membere vun der Institutiounskommissioun, awer och deenen eenzelnen an der Chamber vertruedene Parteien zougestallt ginn.

Eng zweet Décisioun war et, fir e Questionnaire auszeschaffen. Dee Questionnaire ass och ausgeschafft ginn, en ass approuvéiert ginn am Januar 2012. En ass de Membere vun der Institutiounskommissioun an och de Parteien zougestallt ginn. Dee Questionnaire war vläicht ze perfekt. Dee war ausgeschafft gi vun der Sekretärin vun der Kommissioun, déi ech a mengem Merci och hei wéilt mat aschléissen. Mir hunn do bei de Parteie missen nohaken, fir dann eenegermoossen Äntwerten ze kréien, fir ze wëssen, a wéi eng Richtung dass d'Kommissioun hir Aarbechte sollt entwéckelen.

An dann huet awer d'Kommissioun eng drëtt Décisioun geholl, dat ass déi, fir d'Membere vun der Regierung ze héieren an ze kucken, wéi si sech dozou géife stellen, well dee Code jo och d'Regierungsmembere sollt aschléissen. Mir waren eis bewosst, dass, wa mer ee Code géife maache fir déi ganz Fonction publique, dass dat net géif duergoe mat engem Reglement, mä dass een da misst e Gesetz maachen, wat natierlech dann iwwergräifend all Institutiounen, a vläicht net nëmmen déi, déi énuméréiert waren an der Resolutioun, ëmfaasst hätt. Do war nämlech och da Rieds vun aneren Institutiounen, notamment vum Conseil d'État.

D'Regierung huet eis matgedeelt, dass si un hirem eegene Code de déontologie géif schaffen an dass dee kuerzfristeg kéint fäerdeggestallt ginn. Ech maachen och drop opmierksam, dass déi al Regierung schonn hir Aarbechten ofgeschloss hat an dass dee Code, deen ausgeschafft ginn ass vun der viregter Regierung, och ënner Form vun engem Arrêté ministériel am Februar vun dësem Joer am Mémorial publizéiert ginn ass.

D'Regierung huet eis och drop opmierksam gemaach, dass si wéilt fir d'ëffentlech Beamten en eegenen Text maachen, dee gegebenenfalls aneschters misst ausgesi wéi dee fir d'Politiker. A mir hunn och e Code a Form vun engem Règlement grand-ducal virgeluecht kritt, deen an de groussen Zich - an eiser Meenung no net ausräichend genuch - déi Regele vun engem Code de conduite fir d'Beamte festgehalen huet.

Dat huet dozou gefouert, dass d'Kommissioun dorophin déi Orientéierung vun der Resolutioun e wéineg geännert huet a selwer nëmmen de Code de déontologie vun der Chamber ausgeschafft huet an net méi op engem méi allgemenge Code fir d'ëffentlech Fonctioun am Allgemenge geschafft huet. Dat huet eis Aarbecht erliichtert, well mer, nodeem mer och déi Dokumentatiounen, déi mer kritt haten, gekuckt haten, zur Meenung komm waren, dass déi einfachst Léisung déi wär, fir an d'Richtung ze goe vun dem Code de conduite vum Europaparlament an och deen als Virlag ze benotzen.

De Rapporteur huet schonn e puer Grënn genannt, et ginn och nach anerer. Ech maachen och hei drop opmierksam, dass dee Code de

conduite vum Europaparlament e relativ iwwersiichtlechen, einfache Code ass mat wéineg Artikelen, nëmmen néng Artikelen. Wat allerdéngs de GRECO, wéi mer eisen Text presentéiert hunn, e bësse beanstant huet: mir géifen ëmmer e bësselchen einfach hei räsonéieren. Mä wann een et komplizéiert mécht, gëtt et net méi einfach. Dofir hu mer gemengt, et sollt een et einfach halen an dofir huet de Code de déontologie vum Europaparlament eis als eng gutt Virlag gedéngt.

Ech muss och soen, dass d'Definitioun iwwert den Interessekonflikt, esou wéi et am Code vum Europaparlament drasteet, wéi do den Interessekonflikt definéiert ass, déi bescht war. Well déi aner Texter, déi mer gekuckt hunn, ware relativ komplizéiert, an et huet ee sech à la fin du compte gefrot: Wat ass dann en Interessekonflikt?

Wann een den Text vum Europaparlament liest, da gesäit een, dass dat eng einfach Definitioun ass, well se engersäits eng Kéier positiv an eng Kéier negativ definéiert gëtt a well se och seet, dass an deene Froen, wou Décisioune geholl ginn, wou ganz vill Leit drënnerfalen, wann d'Deputéiert déi stëmmen, keen Interessekonflikt do ass, well dat jo am Intérêt général ass an net am Intérêt vun den Deputéierten, och wa se vun esou enger Regelung profitéiere kënnen.

Dann, mengen ech, ass et och esou, dass doduerch, dass dat eng einfach Virlag war, och méi séier konnt geschafft ginn an dass mer an e puer Méint en éischten Text, en éischte Projet vun eisem Code de déontologie konnte virleeën.

Ee wichtege Facteur bei der Ausaarbechtung, huet de Rapporteur och scho gesot, war den Avis, wann ech esou ka soen, oder d'Meenung vum Groupe d'États contre la corruption vum Conseil de l'Europe, dem GRECO. De GRECO hat sech virgeholl, fir eenzel Länner, ënner anerem och Lëtzebuerg, ze examinéieren. An en huet gefrot, fir mat der Chamber, mat der Institutiounskommissioun zesummenzekommen. Dat war virgesi fir déi éischt Woch am Oktober 2012.

Mir hunn dofir gläich am Ufank vum Joer drop higeschafft, fir de Code als Projet virleien ze hunn, fir och dem GRECO deen Text kënnen ze iwwerreechen. An ech mengen, dat war eng gutt Approche, well dee GRECO jo och gesinn huet, dass mer géife seriö dru schaffen, a well en och gesinn huet, a wéi eng Richtung dass mer géife goen, esou dass déi fënnef Recommandatiounen, déi e gemaach huet, eigentlech an där grousser Zuel och konnten agehale ginn.

Et war contrairement zu dem Rapport, dee gemaach ginn ass iwwert d'Parteiefinanzéierung, e moderéierte Rapport, dee mer och konnten zum groussen Deel unhuelen. An ech mengen, mir kënnen dervun ausgoen, dass bei der Evaluatioun, déi de GRECO um Enn vun dësem Joer wäert maachen, de Code, esou wéi en elo virläit, och an hiren Aen eng gewësse Genugtuung wäert fannen.

Mir hunn nämlech, dat kann een och soen, vun deene Recommandatioune se quasiment alleguer ugeholl, bis op eng, déi sech mat der Veréffentlechung vun dem Patrimoine, awer och vun de Scholde vun dem Deputéierten a senge Familljememberen ofgëtt.

An ech mengen, mir hunn och, jo, mir hunn och valabel Grënn gehat, fir dat net ze akzeptéieren. Well hei touchéiere mer net nëmmen de ganze Privatberäich vun dem Deputéierten, mä och vu senge Familljememberen. An et hätt ee sech missen d'Fro stellen, ob hei net och elementar - elementar! - Rechter, wéi se an internationale Konventiounen an och an der Verfassung iwwert d'Privatliewen an de Schutz vum Privatliewe stinn, violéiert wäre ginn. Wa mer gesinn, wat elo eenzel Arrêtée vum Europäesche Geriicht bréngen, mengen ech, war dat do eng Décisioun, déi richteg war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen net brauchen op déi eenzel Dispositioune méi anzegoen. Ech géif just mengen, wat de Conflit d'intérêts ugeet, wou sech vill Situatioune kënne stellen, do, mengen ech, muss een am Laf vun der Zäit gesinn, wat fir Fäll dass sech presentéieren. An da muss ee kucken, fir dee Comité consultatif ze befaassen, fir dass mer och an där doter Fro, wann ech esou ka soen, eng gewësse Jurisprudenz oder Beispiller kréien, no deene mer eis kënnen orientéieren.

Dann eng Fro, déi ëmmer erëm gestallt gëtt, dat ass déi: Kënnen dann - an där sinn der jo vill hei an deem Gremium - Buergermeeschteren u Sitzungen deelhuelen, wou et iwwer hir Gemeng geet, zum Beispill bei der Fusioun? An och fir Rapporteur ze ginn? Ech mengen, do ass kee Problem. Well do geet et net ëm de Privatintérêt, esou wéi en definéiert gëtt, mä et geet ëm den allgemengen Intérêt entweder vum Stat oder vun der Gemeng.

Do gesinn ech kee Problem, dass en Deputéierten un deene Sitzungen deelhëlt, well e kritt jo kee perséinlechen Avantage do derbäi. Or, hei geet et ëm de perséinlechen Avantage. A moins dass an engem Text géif stoen, de Buergermeeschter hätt nach en extrae Privileeg. Dat wär natierlech eng aner Fro. Bis elo hunn ech keen esou en Text gesinn. Dofir, mengen ech, kann een déi Fro ganz kloer beäntwerten, dass de Buergermeeschter un deene Sitzungen, un deenen Débate kann deelhuelen an dass och näischt dergéint schwätzt, fir dass hie Rapporteur vun esou engem Projet ka ginn.

Bei de Kaddoe si mer der Recommandatioun vum GRECO suivéiert, fir ze soen, am Prinzip si se net erlaabt. Ech géif och mengen - de Bureau kritt zwar d'Méiglechkeeten, fir dat ze preziséieren -, et sollt ee bei där allgemenger Décisioun bleiwen an net ze vill Ausnahmebestëmmungen do virgesinn, fir net herno deen allgemenge Prinzip dann och nach ofzeschwächen.

Eng kleng Remarque zum Artikel 4 iwwert d'Déclaration d'intérêts financiers. Do hunn ech mer d'Fro gestallt: Déi Revenuen, déi een ugëtt, déi si jo net beim Index 100. Si si beim jëtzegen Index, huelen ech un. Dat do ass eng Fro, déi huet sech beim Europaparlament net gestallt, mengen ech, well net all Länner och den Index hunn. Dat sinn d'Revenue vun deem Moment. An dann ass d'Fro: Sinn dat Revenus bruts imposables oder net? Ech mengen, do wär et gutt, wann de Bureau géif eng allgemeng Direktiv erausginn, fir ze soen, dass all Deputéierten do seng Deklaratioun nom selwechte Modell mécht - wat da wierklech do gemengt ass. Ech mengen, dat ass eng Aufgab, déi de Bureau kéint iwwerhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Code de conduite, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass keen Definitivum. Mir musse kucken, wéi dee sech entwéckelt. Mir mussen och haaptsächlech gesinn am Laf vun der Zäit, wat fir eng Froen dass sech stellen. An ech géif mengen, d'Chamber géif gutt drun doen, fir all Joer vläicht e klenge Rapport ze maachen iwwert d'Situatioun, wéi se sech am Laf vun deem Joer entwéckelt huet.

Dat kann utile si fir all Deputéierten. Dat kann och erméiglechen, dass een eenzel Situatioune vun Explikatioun, vu Beispiller kann zesummestellen, esou wéi dat iwwregens an anere Parlamenter geschitt. Ech verweisen do op de Rapport, deen all Joer den Deontolog vun der Assemblée nationale mécht. Mir hunn dee Rapport vun 2013 kritt vun der Madame Noëlle Lenoir. An deen ausféierleche Rapport iwwer vill Säite bréngt ganz vill Beispiller. An un deene Beispiller kann ee sech och, mengen ech, orientéieren, wa mir eis Décisiounen hei iwwer eise Code de conduite huelen. An da kann een natierlech och eventuell an esou engem Rapport...

M. le Président.- Jo?

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Jo, ech wollt just soen, dass de Rapport virgesinn ass. An eisem Text ass virgesinn, dass de Comité consultatif all Joers e Rapport mécht.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Jo, okay. Da muss en natierlech och veréffentlecht ginn an e muss natierlech jiddwerengem zougänglech gemaach ginn. Entschëllegt, Här Rapporteur. Dir kennt den Text nach besser wéi ech.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An dat wëllt eppes heeschen.

(Hilarité)

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Här President, den Text, esou wéi mer en haut stëmmen, dréit enger ganzer Rei vu Recommandatiounen, notamment deene vum GRECO, enger ganzer Rei vu Fuerderungen, och Erwaardunge vu ville Rechnung, déi am Laf vun deene leschte Méint an deene leschte Joren ëmmer erëm dee Code de conduite gefuerdert hunn.

Den Text kann awer och, mengen ech, ugeholl gi vun all deenen, déi skeptesch waren, well d'Erweiderung vun deene Regelen, déi mer bis elo hunn, dréit derzou bäi, dass am Intérêt vum Parlament méi Transparenz erakënnt. An et ass besser, et huet ee kloer Regelen, un déi ee sech kann halen, wéi dass een à tout moment erëm muss froen: Leien ech richteg oder leien ech falsch? Wa kloer Regelen do sinn, sinn et déiselwecht fir jiddwereen, a jiddweree weess och, u wat e sech ze halen huet.

An deem Sënn fannen ech deen ausgeglachenen Text, deen haut virläit, korrekt. An ech géif och soen, dass d'CSV deen Text wäert stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Paul-Henri Meyers. Den nächste Riedner ass den Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech mer gëschter Owend Notë geholl hu fir haut fir meng Interventioun, dunn hunn ech geduecht: „Wat kéints de eigentlech fir deng Interventioun do als Titel driwwerschreiwen?" An dunn ass mer op eemol agefall, ech kéint dat eigentlech mat deem Wuert „Vertrauen" iwwerschreiwen.

An och mat dem Constat, datt op där anerer Säit d'Vertrauen an d'Politik, an d'Politiker, an eis Institutiounen déi lescht Joren déi eng oder aner Kéier staark an d'Wackele komm ass.

Dat huet seng Ursaachen. Ech denken do u verschidden Dossieren, déi sécherlech derzou bäigedroen hunn, datt d'Vertrauen an d'Politik an de leschte Jore respektiv d'Perceptioun vun der Politik gelidden hunn. Ech denken do zum Beispill un den Dossier Wickreng/Léiweng, dee jo och den Ausléiser praktesch war vun där Debatt, déi mer och haut hei hunn, well deemools eng Resolutioun geholl ginn ass.

Well deemools an deem Dossier konnt ee sech Froe stellen zum Beispill iwwer politesch Engagementer, déi geholl gi waren. Wéinstens vun der Prozedur hier konnt een déi a Fro stellen. Et si sech och deemools Froe gestallt ginn iwwer Relatiounen tëscht Politiker an zum Beispill Promoteuren.

Ech denken un eng SREL-Affär, wou d'Kontroll iwwert de Geheimdéngscht zäitweis abhande komm war a wou och Politiker sech net wollten hirer Verantwortung stellen. Ech denken un d'Bommeleeëraffär, wou och déi eng oder aner Kéier net ëmmer e gutt Liicht op d'Politik an d'Politiker dobäi erauskomm ass. Ech kéint och nach aner Dossieren nennen. Mä dat waren eng Rei Virfäll hei zu Lëtzebuerg, wou eigentlech d'Vertrauen an d'Grondfeste vun den Institutiounen, an d'Politik, an déi eenzel Politiker ganz staark gelidden huet.

Mir kennen natierlech och d'Konsequenzen. Mir haten an der Zwëschenzäit dann och Neiwahlen. Mä et ass eigentlech duerfir un eis all, fir déi néideg Konklusiounen ze zéien, a virun allem och un de Politiker, an dat si mir jo heibannen, datt mir kucken, datt mer all Dag dru schaffen, fir dat Vertraue bei de Leit erëmzegewannen a fir datt mer och am Bléck, an den Ae vun de Leit propper do stinn.

Eng vun deenen Äntwerten op dee Vertrauensverloscht, dat ass deen Deontologiekodex, dee mer haut hei wäerte stëmmen. Et dierf awer net eleng dat sinn. Et mussen och natierlech eng ganz Rei aner Saache sinn, aner Elementer, fir dat Vertrauen erëmzegewannen: Dat mussen déi si vun der Transparenz vun eiser Aarbecht, déi mer maachen, vun där politescher Aarbecht.

An ech mengen, dat ass jo och dat, wat sech d'Koalitioun op de Fändel geschriwwen huet: fir datt déi politesch Aarbecht ganz transparent ass. Ech mengen, dat ass dat, wat wichteg ass, wa mer eis en Deontologiekodex haut ginn, datt mer e kloert Zeechen no bausse setzen. Mir hunn näischt ze verstoppen an eiser Aarbecht, wat vu Relevanz ass an eiser politescher Aarbecht, an ebe besonnesch mat dem Bléck op déi Froen, ob mer am Déngscht vum Intérêt général sinn, oder, wat d'Leit sech dann heiansdo froen, ob mer nëmmen eis Aarbecht maachen am Intérêt vu Lobbyen oder am Intérêt vu soss engem.

Ech mengen, dat ass eigentlech och déi Notioun vum Conflit d'intérêts, déi hei am Vierdergrond steet. Mir mussen also kucken, alles ze maachen, fir dat ze évitéieren, datt ee sech ka Froe stellen, ob do e Conflit d'intérêts virläit oder net.

Wat eis awer och wichteg war bei deem Deontologiekodex fir d'Deputéiert, dat ass, datt mer en Équiliber fannen tëscht der Transparenz an op där anerer Säit awer och dem Schutz vun der Privatsphär vun den Deputéierten. Et muss een awer och soen, datt den Deputéierten natierlech e gliesene Politiker soll sinn, datt en awer och iergendwou a sengem Liewen heiansdo och nach Privatmënsch ass an datt een dat awer och muss respektéieren.

Mir hunn eis bei där Aarbecht vill inspiréiert am Ausland a gekuckt: Wéi ass et an der Belsch, wéi ass et an Däitschland, wéi ass et a Frankräich? Mir hu beim Europäesche Parlament dee Kodex gekuckt. Mir hunn och Recommandatioune vum GRECO gekuckt, nogelauschtert. A mir hunn eis da schlussendlech op dee Modell vum Europäesche Parlament gëeenegt.

Dat ass och gutt esou, dat ass richteg esou. Deen ass ganz komplett. En ass och streng a mengen Aen. A virun allem och, fir datt awer eng Kohärenz do ass tëscht den - ech soen emol - Lëtzebuerger Deputéierten: Mir hunn Deputéiert hei am nationale Parlament, mir hunn awer och Deputéiert, déi am Europaparlament sinn. An et wier sécherlech och kee gutt Zeechen no bausse gewiescht, wann eis lëtzebuergesch Europadeputéiert engem anere Kodex géifen ënnerleie wéi mir hei an eisem nationale Parlament. Et ass also gutt, datt déi zwee Regimer also praktesch identesch sinn.

Ech ginn elo net an d'Detailer vun deenen eenzelnen Artikelen an. Dat huet de Rapporteur, den Alex Bodry, gemaach. Ech wéilt him och hei nach eng Kéier e Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen an och schréftleche Bericht respektiv säin Engagement an all deenen Aarbechten, en Engagement, dat also och scho vu ganz laang hier hierréiert, ouni elo mussen an d'Archive kucken ze goen.

Ech mengen, e puer Akzenter kann een hei ervirsträiche bei deem Code de déontologie. Dat ass eigentlech och d'Preventioun, déi hei am Vierdergrond steet. Mir kréien e Comité consultatif, deen eigentlech kann hëllefen am Virfeld, Interessekonflikter ze vermeiden. Dat heescht, wou ee sech also kann e Rotschlo gi loossen, fir ze wëssen: Ass dat do eppes, wat awer kann duerchgoe respektiv wat am Aklang ass mat deenen Aufgaben, mat deene Flichten, déi den Deputéierten huet?

En anert Element vun deem Code ass dat, datt den Émgang mat Lobbyiste muss éffentlech an transparent sinn. Dat heescht also net, datt dat komplett verbueden ass. Mir hunn all Dag domat ze dinn, och wa mer u Gesetzesprojete schaffen, wou Interessegruppen de Rapporteur oder aner Deputéiert uschwätzen. An dat muss awer och nach an Zukunft méiglech sinn, well dat och en Deel vun der Aarbecht ass, wou een en Échange d'idées huet, ouni direkt mussen awer dann e Lobbyist ze sinn. Dat ass och am Text kloer geregelt, datt dat also och weiderhi méiglech ass, mä eben, datt do einfach muss Transparenz gëllen.

Dann hu mer natierlech d'Deklaratioun vun deenen eenzelnen Akommes vum Deputéierten, datt dat also och elo ausgebaut gëtt, wou en all Indemnitéite muss uginn, déi mat senger Aarbecht, awer och doriwwer eraus, ze dinn hunn.

Och hei vläicht eng Remarque: Mir hunn do och, mengen ech, e gudde Kompromëss fonnt, dee sech eben ulehnt un dee vum Europaparlament. An an eisen Ae wier et och net gutt gewiescht, méi wäit ze goe wéi dat, wat elo an dem Text steet. Ech denken do zum Beispill un e franséische Modell fir déi franséisch Ministeren. Do fannen ech, datt dat wierklech vläicht ze wäit geet, datt dat wierklech an d'Privatsphär vun de Leit erageet. Déi mussen dann uginn an hirer Deklaratioun, wéi vill Vëloen, wéi vill Wäschmaschinnen an ech weess net wat nach, Frigoen, se am Keller stoen hunn, wat fir eng Schold se hunn, an esou weider.

Do kann ee sech wierklech froen, wéi wäit dat soll goen. An do ass wierklech och de Risiko vum Voyeurismus, deen een huet, datt d'Leit herno virun allem dat interesséiert, net méi déi politesch Aarbecht, mä datt se nach just mam Fanger op ee weisen a soen: En huet awer doheem och nach vläicht en Oldsmobile am Keller stoen. An dat dierf dann eigentlech net méi erlaabt sinn. Dat gëtt da schlecht ugesinn.

Et war jo och déi Iddi - an ech hu gesinn, et ass och eng Motioun, déi scho verdeelt ginn ass, vun deene Lénken -, fir datt dat eigentlech och soll op d'Familljememberen ausgedehnt ginn. Do si mir strikt dergéint aus deenen Ursaachen, déi ech elo scho genannt hunn.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech mengen, Dir hutt eis Motioun awer da falsch gelies, Här Berger.

M. le Président.- Ech mengen, esou eng Motioun hunn ech net kritt.

M. Eugène Berger *(DP).*- Et ass eng Motioun verdeelt ginn, wou op alle Fall Rieds ass, wou och vun de Familljemembere Rieds geet.

Une voix.- „Membres du Gouvernement".

M. le Président.- Neen, d'„Membres du Gouvernement".

M. Eugène Berger *(DP).*- Neen, ech schwätzen elo net vun de Regierungsmemberen. Ech schwätze vun där Motioun, wou hei awer dovunner Rieds gaangen ass, datt een op alle Fall dat och soll... Dir kënnt dann herno Prezisioune ginn, mä dann, egal...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dat ass net eis. Dat ass dann awer net eis, Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP).*- Egal, dat gëtt mer...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech wëll dat awer direkt richtegstellen. Mir hu souguer de Contraire gesot an der Kommissioun.

M. Eugène Berger *(DP).*- Här President, mä egal! Da gëtt mer dat awer d'Geleeënheet, fir awer och ze soen, datt mir op alle Fall Problemer dermat hätte respektiv dergéint wieren, datt ënner iergendenger Form géifen déi Deklaratiounen ausgedehnt ginn op d'Familljememberen, datt och déi missten hir Verhältnisser, wat se géife verdéngen oder wat se géife besëtzen, deklaréieren. Och déi Familljememberen hunn eng Privatsphär, an dat ass eigentlech net relevant fir d'Transparenz vum eenzelnen Deputéierten.

Et kéim jo och nach derbäi, datt jo eng Rei Leit hautdesdaags net bestuet, net gepacst sinn an awer Relatiounen hunn, e Partner hunn, an esou weider, an déi géifen dann automatesch

do net considéréiert ginn. Dat heescht, do wier och dann eng Inégalité de traitement. Einfach fir eng Kéier kloer ze ënnersträichen, datt mir domadder Problemer hätten an dat net kéinten akzeptéieren, wann dat géif dohinner ausgedehnt ginn.

Wéi gesot, do ass einfach de Risiko vum Voyeurismus. Ech ka mer och virstellen, datt dat d'Leit wäert interesséieren, wann dat bis um Site vun der Chamber wäert stoen, datt et do virun allem d'Leit wäert interesséieren, wat deen een an deen anere verdéngt, a se vläicht manner wäert interesséieren, datt d'Leit da gesinn, datt dat eigentlech en Zeeche vun Transparenz a Kloerheet ass.

An deem Kodex sinn och Sanktioune virgesinn. Dat ass dann, wann den Deputéierte géint de Code géif verstoussen. Dat geet vum Avertissement, Blâme, bis datt e kéint ausgeschloss ginn aus Kommissiounssitzungen. Ech mengen, do huet een dann alles komplett: vu Berodung iwwer kloer Kritäre bis, wann ee sech net drun hält, eben dann zu Sanktiounen. Dat ergëtt also e Ganzt.

Ech mengen, hei kann een ënnert dem Strëch soen, dëst Regelwierk gëtt dem Deputéierte kloer Richtlinnen, wat deontologesch korrekt ass, gëtt em och eng Hëllefstellung, wann en net sécher ass. An e kann also doduerjer och vermeiden, datt en an Interessekonflikter kënnt. Dat kann een am Virfeld maachen. Et ass also e wichtege Schrëtt a Richtung Transparenz an ëffentlech Kontroll.

Mä ech hat ugefaange mam Vertrauen an d'Institutiounen, an d'Politiker, an d'Politik. Da muss een och drun denken, datt net nëmmen eleng d'Deputéiert Politiker sinn oder politesch aktiv sinn. Dat heescht, et muss een also och nieft deem Kodex, dee mer eis - den Deputéierten - ginn, natierlech och déi aner Saach, déi aner Politiker am Bléck behalen. Och d'Regierung huet elo annoncéiert, datt se en neie Kodex fir d'Ministere wëllt, datt se wäert dee vun der viregter Regierung iwwerschaffen. Och dat, mengen ech, ass wichteg.

Mir hu jo gesinn elo, bei der Annonce vum Départ vum Finanzminister op d'Finanzplaz London, wat dat erëm fir Diskussiounen ausgeléist huet. Ech wëll dat net kommentéieren. Ech wëll just soen, datt ech iwwerzeegt sinn, wéi ech de Luc Frieden kennen, datt hien dat dohanne wäert mat Loyalitéit par rapport zur Lëtzebuerger Finanzplaz maachen.

Mä einfach fir ze évitéieren an Zukunft, datt een esou Diskussiounen huet, ass et wichteg, datt och fir d'Regierungsmemberen e klore Kodex do ass, un deen ee sech kann halen. Dat sinn dann och d'Leitplanken, kéint ee soen, fir déi Regierungsmemberen, fir datt si och do selwer geschützt ginn an datt se och kloer kënnen dann dobausse soen, datt se en ordre sinn. Dat ass also e Kodex fir d'Regierungsmemberen.

Zu engem gewëssenen Deel kann een och soen, d'Statsbeamte gehéieren och zu den Acteure vun der Regierung, an och do wier et gutt, wann ee sech géif an Zukunft kloer Regele ginn. Och do, fir an déi rezent Vergaangenheet ze kucken, hate mer eng Rei Diskussiounen hei am Land iwwert den Départ vun zwee Fonctionnairen aus dem Finanzministère, déi eng Rei Froen opgeworf hunn, déi nach net all geléist sinn. Also do ass d'Noutwendegkeet och, fir kënne Solutiounen ze fannen.

Mir brauchen deen Triptyque: en Deontologiekodex fir d'Deputéiert, d'Ministeren, d'Statsbeamten.

Mä ech hu gesot virdrun, d'Vertrauen an d'Politik oder Leit, déi politesch Décideure sinn, muss hiergestallt ginn. Et ginn nach aner Leit, déi och op eng gewëssen Aart a Weis hei zu Lëtzebuerg Politik maachen oder Décideure sinn.

D'Fro ass zum Beispill opkomm: Wéi ass et mat de Gewerkschaftler? Et wier natierlech och vläicht interessant ze wëssen, vu wiem, firwat se bezuelt ginn, wéi héich hir Paie vläicht sinn. Do kann een op där anerer Säit awer soen, do ass kee Conflit d'intérêts. Mir wëssen, datt dat Lobbyiste sinn, datt déi fir déi eng oder fir déi aner Intérête stinn, datt also do sech d'Fro vläicht manner stellt.

Awer d'Fro kéint sech och beim Statsrot stellen. De Statsrot ass och an deem ganze politeschen Décisiounsprozess mat implizéiert. E gëtt Avisen of, an och do stellt sech déi berechtegt Fro, ob een net och do misst en Deontologiekodex hu respektiv eng gewëssen Transparenz an eng Informatioun iwwert déi Leit, déi am Statsrot do Avisen ofginn.

Voilà, Här President, als Konklusioun kann ech soen: Den Deontologiekodex fir d'Deputéiert schaaft Transparenz a kloer Regelen. Dat ass op där enger Säit gutt fir den Image vun der Politik. Dat wäert doduerjer dozou bäidroen, datt d'Vertraue bei de Leit hoffentlech erëm méi grouss gëtt an d'Politik an an d'Politiker. An op där anerer Säit schützt och dee Kodex deen eenzelne Politiker, well deen also elo kloer Regelen huet a ka soen: Voilà, ech hunn näischt Schlechtes an der Ofsiicht gehat an ech hu mech genau och un dee gehalen.

Ech fannen, dat ass och elo, ier mer an d'Summerpaus ginn, e gudden Ofschloss, datt mer eis also net nëmmen da gutt Virsätz an der Theorie huelen, mä datt mer hei och wierklech Neel mat Käpp gemaach hunn an och déi gutt Virsätz kënnen dann direkt bei der Rentrée émsetzen. An deem Sënn ass et also e gudden Ofschloss, an natierlech ginn ech och hei den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. D'Wuert huet den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Am „Lëtzebuerger Wort" vun haut si mer gelueft ginn, déi gréng géife sech scho jorelaang fir d'Transparenz an der Politik asetzen. Dat si mer eigentlech och net gewinnt, a mir ginn normalerweis och net nëmme gelueft am „Wort", an duerfir kënnt dann och direkt de Saz hannendrun, ee gréngen Deputéierte misst dann haut en „Drahtseilakt" maachen, well mer eis en Deontologiecode fir d'Deputéiert ginn.

déi gréng gesinn dat awer anescht. De Fait, datt mer eis haut endlech e Kodex ginn, ass eppes, wat déi gréng frou mécht an ass ënner anerem och d'Resultat vun der Aarbecht vum Deputéierte Félix Braz, deem ech hei och wëll Merci soe fir seng vill a gutt Aarbecht. An ech hänke gär direkt en zweete Merci drun: e grousse Merci un den Alex Bodry, dee roueg a souverän déi Aarbecht, déi eng laang Virgeschicht huet, déi och am Exposé des motifs steet, zu engem gudden Enn bruecht huet. Et war dem Alex Bodry och wichteg, Konsens do ze sichen an ze fannen, wou et nëmme méiglech war.

Bis haut ware mir virun allem un dee schéinen a wichtege Saz an eiser Verfassung gebonnen: «Les députés votent sans en référer à leurs commettants et ne peuvent avoir en vue que les intérêts (…) du Grand-Duché.»

Déi eenzeg Verflichtung a puncto Transparenz war den Artikel 167 aus eisem Chambersreglement, an deem mer 2003 e Regëster agefouert haten, an deen eng Rei Informatiounen iwwert d'berufflech Aktivitéite vun allen Deputéierten ageschriwwe ginn. An dëse Regëster gouf 2011 iwwerschafft.

Mir hunn als Gréng oft bedauert, datt d'Relatiounen tëschent der Politik an dem Business als niewesächlech betruecht gi sinn an datt net genuch Interessi op méiglech Interessekonflikter geriicht wier. Mir haten an de leschte Joren eng ganz Rei Verbindunge vu Politiker mat Investisseuren, Promoteuren oder grousse Konzerner festgestallt. Mir haten awer ni e klore Verhalenskodex a keng transparent Regelen. Domat hate mer näischt an der Hand, fir dem Risiko vu Verontreiung virzebeugen oder dem méigleche perséinleche Profit vun Eenzelnen eppes entgéintzesetzen.

Mir haten e gewëssene Flou artistique, an dat ass schlecht. Duerfir si mer frou, datt mer haut endlech e verbindleche Schrëtt a Richtung Transparenz maachen. Mir sinn eis bewosst, datt d'Politik Verbindungen zu der Wirtschaft brauch. Et geet also net drëm, fir Verbindungen tëschent Politik a Wirtschaft ze verhënneren, mä fir fir kloer Verhältnisser ze suergen an Transparenz ze schafen.

Schonn de 6. Mäerz 2013, wéi déi gréng nach net an der Regierung waren, hate mir an engem Pressecommuniqué matgedeelt, datt mir den Entworf vun dësem parlamentareschen Deontologiekodex géife begréissen, datt mer géifen zu deem Text, dee sech wäitméiglechst un deem vum Europaparlament orientéiert, stoen.

Eisen Avant-projet vum Deontologiekodex - den Här Bodry huet et gesot, an net nëmmen hien - fir d'Parlament ass vun den Experte vum GRECO gecheckt ginn a mir hunn déi verschidde Recommandatioune vum GRECO an der Kommissioun vun den Institutiounen diskutéiert an esou wäit, wéi et eis sënnvoll geschéngt huet, och an eist Reglement iwwerholl.

Wat steet dann elo an deem Code de déontologie fir Deputéiert? Ech wëll et vläicht net ganz soen, mä eng Rei Punkte si mer awer trotzdeem esou wichteg, datt ech se nach eng Kéier wëll hei soen, obschonn et eventuell eng Widderhuelung ass vun deem, wat meng Virriedner gesot hunn.

Fir d'Éischt geet et, an dat huet de Paul-Henri Meyers och opgeworf, ëm d'Definitioun vum Conflit d'intérêts. Hei hu mer logescherweis déi Definitioun vum Europaparlament zréckbehalen. Logescherweis, well mer eis eben um Europaparlament orientéiert hunn, an och, an dat gesinn ech grad wéi den Här Meyers, well et eng gutt Definitioun ass.

Mir schwätze vun engem Interessekonflikt, wa Privatinteresse sech den Interesse vun der Allgemengheet opposéieren a riskéieren, dem Interesse vun der Allgemengheet am Wee ze stoen. Mir schwätzen net vun engem Conflit d'intérêts, wann den Deputéierten en Avantage huet, just well en eben och e Bierger vun dësem Land ass oder zu enger bestëmmter Grupp gehéiert. Dat ass och gutt esou. D'Beispill vun de Gemengenaffären ass zitéiert ginn. Et kann een och nach aner Beispiller bréngen. Wann all Statsbeamten heibannen net dierft matschwätzen, wa mer eng Reform vum Statsbeamtestatut maachen, dann hätte mer jo net méi genuch Leit, fir esou e Gesetz ze stëmmen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat géif awer eng gutt Reform ginn.

(Hilarité)

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Ech hoffen, dat kënnt dann och an de Rapport.

Bei eis ass et üblech, datt e Politiker, deen zum Beispill aus dem Éducatiounsberäich kënnt, och an der Chamber ënner anerem den Dossier Éducatioun betreit. Dat ass net nëmme gutt, an ech hunn och alt schonn emol Parlamentarier am Ausland, notamment am schwedesche Parlament, begéint, déi gesot hunn, bei hinne wier et éischter d'Regel, datt e gewielte Vertrieder net géif an deem Beräich weiderschaffen, an deem e virdrun am Beruffsliewe stoung. Déi Regelung huet bestëmmt hire Charme, ass awer op Lëtzebuerg kaum ze applizéieren. Mir missten dann nach vill méi kompetent Mataarbechter hunn. Ech mengen, mir kënnen eis et net leeschten, datt all Deputéierten emol fir d'Éischt eng Kéier déi Dossieren ofgeholl kritt, wou en eppes dovu kennt.

Wann en Deputéierte feststellt, datt e perséinlechen Intérêt d'Ausübe vum Mandat ka beaflossen, da muss hien alles maachen, fir dee Conflit d'intérêts ze behiewen. Ass dat net méiglech, informéiert en de President vun der Chamber. E kann och den Avis vum Comité consultatif froen. Den Deputéierte mécht säi Conflit d'intérêts public, mëndlech oder schréftlech un de President, ier e sech an der Plénière oder a soss engem Chambersorgan äussert. E Conflit d'intérêts heescht also net automatesch, datt een net um Vote däerf deelhuelen. Déi Méiglechkeet bleift awer och bestoen.

Spéitstens 30 Deeg no der Vereedegung respektiv 30 Deeg no all Changement vun der finanzieller Situatioun mécht all Deputéierten eng Deklaratioun vu senge finanziellen Interessen. Dat ass dat, wat mer bis haut am Artikel 167 vum Chambersreglement stoen haten, just maache mer dat elo méi komplett an ausféierlech.

Wat kënnt do drastoen? Ma all professionell Aktivitéit bis dräi Joer virun der Vereedegung, Memberschaften a Conseils d'administration vun Entreprisen, Organisatiounen, Associatiounen oder allen aneren Organismë mat engem juristesche Statut, also och net bezuelt Memberschaften - och dat ass eng nei an eege Kategorie -, all Indemnitéit am Kader vun engem anere politesche Mandat, all regelméisseg rémunéréiert Aktivitéit, déi parallell zum Deputéiertemandat gemaach gëtt, sief se indépendant oder salarié, spezial Pensiounen, Traitement d'attente, okkasionell bezuelten Aktivitéiten, déi méi wéi 5.000 Euro am Joer abréngen, Participatiounen an enger Entreprise oder Partenariat, insofern se kënnen d'Politik beaflossen, oder wann den Deputéierten e signifikanten Afloss op d'Affäre vun dësem Organismus huet, all finanzielle Soutien, personnel oder matériel, deen en Deputéierten en plus zu deene vun der Chamber zur Verfügung gestellte Moyene kritt.

Fir all Kategorie ginn d'Revenuen uginn an Tranchë vu 5.000 bis 10.000 Euro an esou weider, bis iwwer 100.000 Euro d'Joer. Dat ass alles um Chamberssite ëffentlech an dat kann een do consultéieren, an dat ass an eisen Aen net näischt! Dem Deputéierte seng Revenue gi public gemaach, dat kenne mer ënner enger ähnlecher Form bei der Fonction publique. Am Privatsecteur gëtt et dat net.

Dozou ass dann och ze soen, datt d'Deputéiertemandat kee Vollzäitmandat ass. Déi meescht vun eis heibannen hunn nach eng aner Beschäftegung. Et gëtt ganz vill Gemengepolitiker heibannen, et gëtt awer och nach eng Rei Fräberuffler. Doranner ënnerscheet sech zum Beispill den Deputéierte vum Regierungsmember. De Regierungsmember huet e Vollzäitmandat. Vill Kolleegen heibanne gi gutt mat hire verschiddene Mandater eens. Ech denken un déi vill Députés-maires, déi zwar heiansdo liicht gehetzt sinn, awer am Allgemengen zefridde sinn.

(Interruption)

Den aktuelle Wahlsystem begënschtegt d'Bäibehale vum Duebelmandat. Do sinn nach eng Rei Diskussiounen ze féieren, bis mer op e Konsens kommen, fir dat ze änneren.

Net iwwerholl hu mer d'Recommandatioun vum GRECO, datt d'Informatiounen iwwert de finanzielle Volet missten nach méi ausgedehnt ginn, datt zum Beispill Donnéeën iwwert den Actif financier oder iwwert d'Scholde vun engem Deputéierte missten ugefouert ginn. Dat soll et jo och ginn.

An de GRECO huet souguer gemengt, dat kéint dann och op dee ganze Patrimoine an op d'Familljememberen an de Conjoint ausgedehnt ginn. Mir sinn der Meenung, datt de Patrimoine an engem seng Famill ënner anerem och privat sinn an datt d'Privatsphär vun all Mënsch schützenswäert ass, och wann de Mënsch Deputéierten ass. Och eis Familljememberen hu Rechter. Mäi Brudder kann net derfir, datt ech Politik maachen; meng Fra, déi am Private schafft, wëllt net, datt hir Pai public gemaach gëtt. Wann et Verdachtsmomenter gëtt géint e Politiker, da muss de Procureur aktiv ginn.

De GRECO mengt, déi Donnéeën iwwert de Patrimoine vun engem Politiker a senger Famill kéinte jo hannerluecht ginn, missten awer net onbedéngt public gemaach ginn. Mir mengen, datt mer dat zurzäit net solle maachen. Mir mengen, datt de Risque, datt esou Donnéeë mëssbraucht ginn, méi grouss ass wéi de Gewënn, dee mer hunn, wa mer dës Donnéeën hannerleeën.

Mir kënnen eis natierlech virstellen - an ech sinn och frou, datt meng Virriedner dat gesot hunn -, datt dat net éiweg esou bleiwe muss. Esou een Deontologiekodex gëtt jo net a Stee gemeesselt. Mir wäerten do am Laf vun der Zäit schonn nach mussen Upassunge maachen.

Wa mer eng Kéier riskéieren - wat ech eis net wënschen -, Zoustänn ze kréie wéi a verschiddenen osteuropäesche Länner, wou e System vun Oligarche mat hire Familljeclanen d'Politik dominéieren, da musse mer op d'Recommandatioune vum GRECO zréckkommen. Mä hoffentlech ännert eis Gesellschaft éischter an eng aner Richtung, an eng positiv: A Schweden kann een all Steiererklärung vun all Bierger akucken; an da brauche mer keng speziell Regele méi an deem Beräich fir Parlamentarier. Am Moment kënne mer mat där Regelung, wéi se am Code steet, zefridde sinn.

Et steet dann och iwwert de Lobbying an eisem Reglement: Kontakter mat Représentanten aus dem ëffentlechen oder private Liewen däerfe just am Kader vun der Chamberskommissioun stattfannen. Falls dës Kontakter kënnen e Projet de loi oder lafend Diskussioune beaflossen, da muss den Deputéierten dat an der Kommissioun soe respektiv am Rapport écrit festhalen.

Et steet näischt dran iwwer Kontakter mat Lobbyisten ausserhalb vun der Chamber. Wat ass da mat Entrevuen ausserhalb? Misst een déi net och systematesch public maachen?

Mir maachen dat jo och heiansdo. Wann et eis an de Krom passt, da maache mer e Communiqué de presse. Perséinlech hunn ech och nach ëmmer nëmmen emol éischter op där anerer Säit Bedenke gehat, fir Communiqués de presse ze maachen, awer net bei eis. Esou transparent funktionéiere mer.

Mir haten och an der Kommissioun doriwwer diskutéiert, waren dunn awer der Meenung, datt et ongesond wier, wa mer géife probéieren, déi Kontakter, déi mer mat der Baussewelt hunn, nach méi staark ze regléieren. Et muss méiglech bleiwen, mat Leit ze schwätzen, ouni virgeworf ze kréien, datt ee mat Leit schwätzt. Kontakter mat de Vertrieder vun alle Gesellschaftssparte si fir de Politiker iwwerliewenswichteg. Dat soll an aller Transparenz an no Regele geschéien. Dat soll awer net onméiglech gemaach ginn.

Iwwert d'Kaddoen ass schnell gesot: Méi wéi 150 Euro däerf e Kaddo net wäert sinn, an dat gëllt dann och fir Reesen a fir Séjouren.

De Comité consultatif ass och erwähnt ginn: dräi Memberen, déi vum Bureau genannt ginn. Dat si keng Chambersmemberen. De Comité kann Deputéierten Avisen a Rotschléi ginn. Op Demande kann e mam Accord vum President extern Experten ëm Rot froen an e mécht e Rapport annuel, dee selbstverständlech dann och publizéiert gëtt. Strofe sinn och virgesinn, déi zielen ech elo net méi op.

Erlaabt mer just zum Schluss nach e puer allgemeng Bemierkungen. Mir hate mat der Resolutioun, déi d'Chamber 2011 ugeholl huet, eigentlech, an de Paul-Henri Meyers huet dat och gesot, méi wäit gegraff. Mir hunn eis nach méi virgeholl. Mir sinn nach net fäerdeg mat eiser Aarbecht. Et ass och e Kodex vun der Regierung gefrot ginn. Dee steet nach dëse Freideg am Regierungsrot a wäert dann deemnächst public gemaach ginn. E Kodex vun de Statsbeamten, dee schéngt eis och eng Noutwendegkeet. Do froe mer scho jorelaang duerno. Do gi mer och dovun aus, datt mer deemnächst Neies vun der Regierung gewuer ginn.

An da gëtt et och nach d'Demande fir e Kodex fir Gemengepolitiker. Do kann ech just e klengt Beispill och nach bréngen. Ech kennen e Schoulmeeschter, deen huet missen déi Gemeng,

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

an där e 17 Joer geschafft huet, wiesselen, well e wollt sech gemengepolitesch engagéieren.

A well dee Fall mech interesséiert huet, hat ech eng Question parlementaire gestallt, nodeems mer 2009 d'Schoulgesetz geännert hunn, woumat jo d'Gemeng eigentlech vill manner Afloss huet op d'Schoulorganisatiounen a virun allem op d'Léierpersonal. An dat ass awer nach ëmmer gülteg: E Schoulmeeschter däerf net an där Gemeng, an där e schafft, e Gemengemandat iwerhuelen. Jo, de Schoulmeeschter an d'Léierin kéinten d'Schoulpolitik mat beaflossen. Si oder hie kéinte soen, datt missten nei Bänke kaaft ginn, d'Klasse méi kleng misste sinn oder et Zäit géif ginn, fir en neit Schoulgebai ze plangen.

Ech kennen awer och Leit, deenen hire Beruff et ass, fir Haiser ze kafen an ze verkafen, fir Terrainen ze kafen an ze verkafen, fir Lotissementer ze plangen an ze realiséieren. Déi Aarbechte sinn net contraire zu engem Gemengemandat. Dat schéngt kee Problem ze sinn, datt déi eventuell en Interessi hätten, d'Gemengepolitik ze beaflossen. Si kënnen hiert Fachwëssen an den Intérêt vun enger gudder Bautepolitik an hirer Gemeng abréngen. Si kënnen hëllefen, de PAG vun enger Gemeng nei ze definéieren.

Et wier also och gutt, wa mer e Verhalenskodex fir Gemengepolitiker géife kréien.

Domat wëll ech Iech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Reglement bréngen an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Adam. D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, wann ech gelift.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll vun eiser Säit aus dem Kolleeg Alex Bodry Merci soe fir säi gudde Rapport, deen e gemaach huet.

Mir hunn als Reglementskommissioun dee Rapport iwwert deen Text haut hei proposéiert, mä fairerweis muss een awer soen, datt et net d'Reglementskommissioun war, déi deen Text ausgeschafft huet, mä datt et d'Kommissioun vun den Institutioune war, vun där de Kolleeg Bodry och President ass, déi deen Text hei, dee gudden Text, ausgeschafft huet an dunn an d'Reglementskommissioun weiderginn huet, an där en dann am Fong elo an eist Reglement agebaut ginn ass. D'Reglementskommissioun huet am Fong just gekuckt, datt et konform zu deenen aneren Artikelen ass, déi am Reglement sinn, an datt mer keng Kontradiktiounen dran hunn oder Saachen, déi sech iwwerschneiden.

De Kolleeg Bodry, ech wëll dat och hei express ervirhiewen, huet versicht, de Konsens ze sichen, ouni datt dat awer op d'Käschte vun der Substanz vum Text gaangen ass, an ech mengen, dat ass och gutt esou.

Datt d'Institutiounskommissioun festgehalen huet, datt mer eis sollten un d'Reglementer an de Code de déontologie vum Europaparlament ulehnen, ech mengen, dat war eng gutt Décisioun; meng Virriedner hunn dat scho gesot. Éischtens ass dat en Text, deen op engem breede Konsens, op enger breeder Basis berout, an et bréngt da mat sech, datt mer doduerch och déiselwecht Regele kréie souwuel fir eis national Parlamentarier wéi fir d'Europaparlamentarier vu Lëtzebuerg.

Dat Ganzt baséiert, déi Diskussioun, déi mer haut hei féieren, op enger Resolutioun, déi d'Chamber hei den 13. Oktober 2011 geholl huet, wou mer am Fong gesot hunn, datt mer mussen en Deontologiekodex kréien, souwuel fir d'Chamber wéi fir d'Regierung wéi fir d'Gemenge wéi fir d'Fonctionnairen, an ech mengen, datt d'Chamber mat dem Vote haut vun dësem Projet hir Aarbecht domadder gemaach huet.

mécht. Den Deputéierte stëmmt se.

Wann also en Deputéierte wëllt e gewësse Lobbyismus fir eng bestëmmt Organisatioun oder e Betrib maachen, dann ass en an enger éischter Stell emol eleng. An e muss seng Partei, seng Fraktioun, e muss eng Kommissioun, e muss e Parlament an e muss eng Regierung iwwerzeegt kréien, fir datt seng Iddi Afloss an d'Texter fënnt. Dat heescht, den Deputéierten huet menger Meenung no net dee grousse Pouvoir, fir de Lobbyismus ëmzesetzen, wéi aner Leit am Land awer e Pouvoir hunn, fir kënnen dat ëmzesetzen.

An dann ass et och esou, datt en Deputéierte fir fënnef Joer gewielt ass - och eng Regierung -, dat heescht, dee kann och erëm ofgewielt ginn. Par contre, en héije Fonctionnaire, deen och Pouvoiren huet op deem Niveau, deen ass am Fong agestallt op Liewenszäit.

Duerfir, mengen ech, ass et wichteg, datt, nodeems d'Chamber haut hir Aarbecht hei gemaach huet, déi Aarbecht awer muss zügeg weidergoen. An d'Regierung huet dat an hirem Regierungsprogramm stoen, a si ass jo och dorun amgaangen ze schaffen, datt mer deeselwechte Code kréie souwuel fir d'Regierung wéi fir héich Fonctionnairen.

Et huet kee Wäert, datt ech elo nach op eng ganz Rei vu Bestëmmungen aus deem Code de déontologie hei aginn. Dat hu meng Virriedner gemaach. Ech wëll duerfir vläicht nach déi eng oder aner méi prinzipiell Iwwerleeung hei erabréngen.

Wa mer vu Lobbyismus schwätzen, da solle mer net nëmme vu Lobbyismus schwätze vun den Deputéierten, mä, ech mengen, et misst een automatesch dann och d'Regierung, d'Gemengen an d'Fonctionnairë matabezéien - wann ech „Fonctionnairen" soen, mengen ech hei a priori déi héich Fonctionnairen, déi un der Ausaarbechtung vun de Gesetzer bedeelegt sinn an och un der Exekutioun vun de Gesetzer hei. Ech mengen, do gëtt et vläicht och e gewësse Lobbyismus. An duerfir huet d'Resolutioun jo och vun der Chamber deemools déi verschidde Kategorië festgehalen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

De Kolleeg Berger huet virdrun hei vun de Lobbyiste geschwat, wou e vu Gewerkschaftler geschwat huet; dat ass richteg. Ech mengen, wa mer kucken, wa mer de Lobbyismus esou breet definéieren, dann ass jiddwereen heibannen e Lobbyist. Ech mengen, mir sinn un éischter Stell scho Lobbyisten da vun eise Parteien, well mer vertriede jo d'Interesse vun eise Parteien.

Datt e Gewerkschaftler, deen an d'Chamber kënnt, datt dee gewielt ginn ass vu Leit, déi d'Gewerkschaft oder d'Gewerkschafte wëllen ënnerstëtzen, schéngt mer dat Normaalt ze sinn, an datt déi och da vun deem verlaangen, datt e vläicht déi Interessen hei vertrëtt.

E Bauer, deen an d'Chamber kënnt, do ass et normal, datt d'Baueren dovun ausginn, datt en d'Interesse vun de Baueren heibanne vertrëtt. An, Här Berger, e Fonctionnaire, deen an d'Chamber kënnt, oder e Schoulmeeschter, deen hei an d'Chamber kënnt, ass och e Lobbyist, an där hu mer der vläicht méi heibanne sëtze wéi mer Gewerkschaftler heibanne sëtzen hunn.

Duerfir, mengen ech, soll ee wëssen, datt, wa mer de Lobbyismus esou breet spreeën, dann ass jiddwereen e Lobbyist heibannen, deen op dëser Plaz schwätzt oder heibannen agéiert.

Mä et ass jo awer net dat, wat hei gemengt ass. An ech mengen, déi Definitioun vum Lobbyismus, wéi en am Europaparlament ofgegrenzt ginn ass, dat beweist jo och, datt et eng Differenz gëtt vum Intérêt général oder vum Interesse vun dem Eenzelnen. Ech mengen, et ass dorobber, wou et ukënnt, a wou mer sécherlech elo net bei all deene Froen, déi wäerten an Zukunft kommen, scho genau wëssen, wou d'Grenz vun deem engen a vun deem anere läit.

Mä dat wäert d'Praxis erginn. An ech mengen, mir hu jo och dee Comité consultatif, an d'Erfahrung wäert eis da soen, wou mer déi eng Kéier en Interesse hunn a wou mer keen hunn, a wéi mer deen och sollen ze spillen hunn, souwuel an de Kommissiounsaarbechte wéi och hei an den Debatten a bei de Voten am Parlament. Woubäi ech ëmmer der Meenung sinn, datt en Deputéierten, deen hei ass, ëmmer muss d'Recht hunn, kënnen ze schwätzen, an och ëmmer d'Recht hunn, fir kënnen ofzestëmmen, quitte datt e muss eng Deklaratioun maachen iwwer seng Situatioun.

Da muss een och den Afloss kucken, de politeschen Afloss: Hu mir als Deputéiert, déi jo wuel d'Gesetz stëmmen, da méi e groussen Afloss wéi aner Leit am Land zu der Gestaltung vun engem Gesetz? Och doriwwer kann een diskutéieren. Ech mengen, e Member, deen an der Regierung ass, e Minister, dee mat héije Fonctionnairen e Gesetz ausschafft, deen huet jo och e gewëssen Afloss. Deen huet vläicht souguer méi e groussen Afloss wéi den Deputéierten, well en och weess, wat hannert den Texter vläicht méi am Detail steet, a well e se herno exekutéiert, wat den Deputéierten net

An do stellt dann d'Fro sech vun der Valeur juridique vun deene Codë fir d'Regierung respektiv fir de Fonctionnaire. Eiser Meenung no - als ADR - kann dat nëmmen iwwert de Wee vun engem Gesetz goen. Esou wéi mir dat hei maachen, eise Code ëffentlech debattéieren, ëffentlech ofstëmmen, muss dat och eiser Meenung no fir d'Regierung sinn, och fir déi héich Fonctionnairen - a wa mer ee fir d'Gemenge maachen, och fir d'Gemengen -, datt dat eng Valeur kritt vun engem Gesetz, wat hei duerch d'Chamber geet, wat hei diskutéiert gëtt a wat hei ofgestëmmt gëtt. Dat schéngt eiser Meenung no wichteg ze sinn.

Genausou gutt wéi et dann och do muss ëm d'Sanktioune goen. Mir hunn hei an der Chamber eng Rei vu Sanktiounen an deem Code hei definéiert. Mir haten der schonn eng Partie an eisem Reglement definéiert, dat och ëffentlech gemaach ginn ass. An d'Effentlechmaache vun enger Sanktioun vun engem Politiker ass heiansdo méi eng grouss Sanktioun wéi d'Sanktioun u sech selwer, eleng duerch d'Tatsaach, datt se ëffentlech gemaach gëtt.

An ech mengen, déi Spillregelen, déi mir eis als Deputéiert ginn, solle mer och soen, déiselwecht Spillregele mussen och fir d'Regierung a se mussen och fir déi héich Fonctionnairë spillen. Well et virun allem jo och d'Chamber ass, déi d'Regierung kontrolléiert. A wann d'Chamber hirer Missioun nogeet, datt se d'Regierung kontrolléiert, da kann et net sinn, datt eng Regierung sech e Code gëtt, wou d'Parlament net matschwätzt a wou d'Parlament net a senger Fonctioun als Kontrollorgan vis-à-vis vun enger Regierung och d'lescht Wuert huet an d'Décisiounen hëlt.

An ech mengen, et wier och fir eng Regierung selwer méi eng héich Valeur, wa se ka soen, dat doten ass e Code, dee mir eis ginn hunn an dee vun dem Parlament ofgeseent ginn ass iwwert de Wee vun engem Gesetz, wéi wann eng Regierung sech selwer e Code gëtt, deen hausgemaach ass, intern gemaach gëtt an dee keng gesetzlech Basis huet, wou eventuell och keng Sanktiounen dra virgesi sinn a wou och kee weess, wien dann d'Recht huet, fir do ze kontrolléieren, a wann eppes do geschitt, fir dat dann och esou un d'Rullen ze bréngen.

Dat soll alles kloer definéiert ginn. An deem Sënn hunn d'Kolleege vun déi Lénk eng Motioun eraginn, wou se soen, datt d'Regierung invitéiert gëtt, e Projet de loi ze déposéieren, deen eben d'Rechter an d'Flichte vun hire Regierungsmembere festleet - dat ass dat, Här Berger, wat am Fong an dëser Motioun steet -, datt se dat a Form vun engem Projet de loi soll hei déposéieren. Dat ass eng Motioun, déi mir kënne mat zwou Hänn ënnerschreiwen, an duerfir wäerte mer se och matstëmmen. Ech mengen, dat géif zur allgemenger Transparenz vun der Aarbecht vun der Lëtzebuerger Politik hei bäidroen.

Bei der Motioun hätten natierlech och kënnen déi aner zwee - d'Gemenge respektiv d'Fonctionnairen - derbäi sinn, mä dat hei ass awer schonn e wichtegen Deel.

Här President, zum Schluss wëll ech soen, mir wëssen, datt mer esou eppes musse maachen, a mir wëssen och, datt mer international do ënner Kontroll stinn. De GRECO ass virdru genannt ginn, deen dat systematesch mécht. Mir kommen also net derlaanscht.

Mä am Prinzip ass et am Fong schued, datt mer mussen esou e Code de déontologie maachen, datt net deen eenzelne Politiker vu sech selwer dee Code a sech huet. Well et ass dat, wat ech mengen - wann ee politesch aktiv ass an et hëlt een Décisiounen an esou virun, muss ee sech jo ëmmer a Fro stelle selwer: ob esou e Code de déontologie, ob een deen net a sech misst hunn an am Fong am Sënn vun deem all seng Aktivitéiten a seng Décisiounen huelen.

Ee Member, wéi mer kierzlech de Fall haten, mat engem Regierungsauto, dee gesot huet: „Ech war kucken an de Code de déontologie vun der Regierung an ech däerf dat!", eleng, datt ee sech déi Fro stellt, hätt scho missen zur Konklusioun bréngen: Ech maachen et net, well et sech net passt! An deen CD, deen um Auto ass, wann e Minister an d'Ausland fiert, dee steet jo och net fir „Code de déontologie" ënnen um Auto drop.

(Hilarité)

Duerfir géif ech ganz kloer soen: Et soll jiddweree sech selwer säi Code a sech uleeën a praktizéieren, an da fueren ech net mat engem Regierungsauto an d'Vakanz. Ob et erlaabt ass oder net, dat passt sech net.

Duerfir, wat mer haut hei stëmmen, ass gutt, mä vill méi wichteg ass, datt jiddweree säin eegene Code de déontologie huet a sech och dorunner hält.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci dem Här Gibéryen. Als nächsten ageschriwwene Riedner ruffen ech op d'Tribün: den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Häre Deputéiert, d'Verfassung stellt en héijen Usproch un d'Deputéiert. An hirem Artikel 50 seet se: «La Chambre des Députés représente le pays. Les députés votent sans en référer à leurs commettants», dat heescht hir Wieler, «et ne peuvent avoir en vue que les intérêts généraux du Grand-Duché.»

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Dat heescht, et gëtt am Fong geholl eng konstitutionell Fiktioun hei opgebaut, déi seet, dass d'Deputéiert eleng dat ganzt Land vertrieden, dass se kengem eigentlech Rechenschaft schëlleg si während hirem Mandat, a si seet, dass vun hinnen erwaart gëtt, dass se dat am allgemengen Interesse maachen. An a Wierklechkeet hu se och am Prinzip keng aner gesetzlech Limitatioun, déi se dorun erënnert, dass se dat musse maachen. Si hu keng aner Limitatioune wéi net och déi Limitatiounen, déi all Bierger am Land huet.

Ech mengen awer, dass d'Situatioun vun den Deputéierten eben duerch hir Roll, déi se spillen an enger Demokratie, eng aner ass an dass se net ze vergläiche si mat eenzelne Bierger, och iwwregens, wat d'Veröffentlechung vun hirem Akommes ugeet. Den Här Adam huet virdru gesot, soulaang net d'Akommes fir all Bierger op wier, bräichten och d'Deputéiert hiert Akommes net opzeleeën. Ech mengen, dass dat esou net stëmmt.

Ech mengen,…

(Interruption)

D'accord, d'accord. Dat ass, wat ech och elo just wollt soen. Mir féieren hei natierlech eng Rei vun esou Limitatiounen an. Et sinn nei Limitatiounen, déi d'Deputéiert hei kréien. Ob se duerginn, do ginn eis Meenungen auserneen. Mä ech mengen, dass et wichteg ass, besonnesch an eiser Zäit, dass déi Limitatioune kommen. Aus zwee Grënn iwwregens, mengen ech, an do rejoignéieren ech erëm dat, wat den Här Adam virdrun awer gesot huet.

Et ass ëmmer eng Begrenzung gi fir eng Kategorie vu Leit, wat d'Ausübung vum Mandat vum Deputéierten ugeet: Et kann een net Deputéierte sinn a gläichzäiteg aktive Funktionär, Beamten, Aarbechter, Schoulmeeschter, wann een iergendwéi vum Stat, am wäiteste Sënn vum Wuert nëmmen, bezuelt gëtt. Et muss een dann déi Aarbecht nidderleeë fir d'Dauer vum Mandat an et kritt een dofir eng finanziell Kompensatioun.

Dat ass jo eigentlech e Verbuet vu Beruffsausübung, wat et do scho laang gëtt. Dat Verbuet vu Beruffsausübung betrëfft haut ganz Wirtschaftssecteuren. Et ass iwwregens e Beweis dofir, dass berufflech Aschränkungen, wat d'Funktioun vum Deputéierten ugeet, méiglech sinn. Et ass awer och e bëssen e Beweis dofir, dass et och ëmmer nach Begrenzunge gëtt, awer berufflech Begrenzungen, déi net an alle Fäll berechtegt sinn, mä dat ass elo net dat, wat ech hei wollt développéieren.

An der Verfassung iwwregens, do sinn nëmmen e puer begrenzte Situatiounen opgezielt, déi net mam Mandat vum Deputéierten ze vereinbare sinn, wéi zum Beispill Riichter oder Militär oder Statskontabel, woubäi dat Beruffer sinn, bei deenen ee versteet, firwat dat drasteet.

Ech mengen awer och, dass mer eng Erneierung brauchen, zweetens, well et net méi haltbar ass, allgemeng, dass all Beruffer am Privatsecteur, am Géigesaz zu deenen am

ëffentleche Secteur, weiderhi vun där Fiktioun, vun där ech virdru geschwat hunn, dass se d'Gesamtinteresse vun der Gesellschaft vertrieden, kënne profitéiere ganz allgemeng.

Ech mengen, dass dat iwwregens och gëllt fir verschidde Verméigenssituatiounen, déi kënnen en Afloss op d'Ausübung vun engem Mandat vum Deputéierten hunn.

Et solle selbstverständlech hei keng Generalverdächtegunge ginn. Et muss ee sech bewosst sinn einfach, ëm wat et geet a wat dee gesellschaftlechen Intérêt ass fir esou Limitatiounen, wéi mer se hei begrenzt iwwregens och aféieren, wat se bedeiten.

Am Artikel 3 vum Code, dee mer hei votéiere sollen, steet eppes ganz Richteges: «Il n'y a pas de conflit d'intérêts lorsque le député tire un avantage du seul fait d'appartenir à la population dans son ensemble ou à une large catégorie de personnes.»

Eleng dat weist, dass déi Notioun vum Conflit d'intérêts, dee kann entstoe bei der Ausübung vum Deputéiertemandat, eng aner Notioun ass wéi Lobbyismus a Kontakter zu Organisatiounen a Veräiner oder och souguer Gesellschaften am Allgemengen. Ech mengen, dass et spezifesch ëm den Afloss vu gewëssene groussen ekonomeschen Interessen oder op d'mannst wichtegen ekonomeschen Interesse fir d'Ausübung vun der Funktioun geet.

Den Hannergrond vun der aktueller Deontologiediskussioun ass nämlech deen - a mir schwätze jo iwwer Deontologie souwuel wat d'Ministeren ugeet wéi och d'Deputéiert oder héich Beamten -, an an allen entwéckelte Länner ass et déiselwecht Fro, déi sech stellt: Et gëllt, fir ze vermeiden, dass eng Vermëschung vu privaten ekonomeschen Interesse geschitt mat politeschen Décisiounen op héijem Niveau.

Den Hannergrond ass natierlech och deen, dass d'Politik an Europa an an deenen eenzelne Länner esou eng Entwécklung fërdert vun ëmmer méi Amëschung, vun ëmmer méi Implikatioun vun deene verschiddenen Intérêten ënnerteneen, doduerch dass gemëschte Gesellschaften ëmmer méi geschafe ginn, doduerch dass gemeinsam wirtschaftlech Unternehmunge kommen, zum Beispill a Form vun engem Public-Private Partnership.

A grad an deene Situatiounen hate mer et jo ze dinn, reell, konkret mat Interessevermëschungen. Mir hate vill ze di mat der Affär Wickreng/Léiweng, wou et ëm Verspriechunge gaangen ass fir eng Kategorie vun Entrepreneuren, fir en neie Fussballstadion oder eng nei Industriezon opzeriichten.

An engem Avis juridique, deen deemools iwwregens vun der DP-Fraktioun commandéiert ginn ass, e juristeschen Avis, ass iwwert d'Gefor vun der Verdonkelung a vun der Personaliséierung geschwat ginn, déi grad evident ass bei esou ekonomesche Relatiounen zwësche Stat a Privatleit, deene sougenannten „Public-Private Partnerships".

D'Affär Cargolux, déi kuerz drop komm ass, huet och gewisen, op engem aneren Niveau, op engem méi héijen Niveau mat internationalen Implikatiounen, wéi esou eng Interessevermëschung méiglech ass, déi keng demokratesch Kontroll zougelooss huet vun der Chamber deemools. Dat ass kritiséiert gi vu Leit, déi haut an der Regierung sëtzen. Déi implizéiert Ministere si vun der Oppositioun deemools ganz schaarf kritiséiert ginn.

D'Fro stellt sech natierlech: Wäert dat elo an Zukunft net méi méiglech sinn? Do musse mer natierlech waarden op dee Projet vun deem neie Code, wat d'Regierungsmemberen ugeet.

Mä bezitt sech d'Fro vun engem Interessekonflikt just op Regierungsmemberen? Sinn net och d'Deputéiert heiansdo an exponéierte Beruffer, Wirtschaftsberoder, Geschäftsaffekoten an esou weider, déi enk mat engem Deel vun der Geschäftswelt verbonne sinn - dat ass eng Realitéit -, mat wichtegen Deeler vun der Wirtschaft an eisem Land verbonne sinn?

Gëtt do déi Kloerheet geschafen heimat, déi noutwendeg wier? Ech mengen net!

De GRECO, de Groupe anticorruption vum Conseil de l'Europe, deen hei schonn dacks genannt ginn ass, vun deem iwwregens Lëtzebuerg d'Presidentschaft huet an der Persoun vun der Madame Brasseur, warnt awer däitlech viru méigleche berufflechen Interessekonflikter, déi iwwert dee Wee kënnen entstoen, iwwert d'Porte dérobée vun der Chamber zum Beispill, duerch Leit, déi an der Chamber selwer vertruede sinn.

Dat soe se ganz däitlech. Si schwätze vun Affekoten, déi gewësse berufflech Interessen hei zu Lëtzebuerg vertrieden. Si schwätze vun enger besonnescher Situatioun zu Lëtzebuerg, déi doranner besteet, dass hei ekonomesch Interesse konzentréiert sinn, dass hei juristesch Konstruktioune gebaut ginn, fir gewëssen Interessen ze vertrieden. An ech mengen, dass deen heite Code net genuch där Situatioun Rechnung dréit.

Interessekonflikter gi wuel definéiert hei, et bleift awer den Deputéierten iwwerlooss, sech selwer ze mellen. Et feelt eng Obligatioun, preventiv och d'Existenz vun Interessekonflikter unzeginn, ier iwwerhaapt eng konkret Situatioun an engem bestëmmte Gesetz sech stellt. «Obligation de déclarer les activités et intérêts représentés», fuerdert de GRECO.

Ass dat dann, wat hei geschitt?

Et gëtt och zum Beispill guer keng «interdiction de fonder des structures et sociétés de conseil après la prise de fonction de parlementaire». Dat ass e weidere Virschlag vum GRECO.

Schonn eleng eng Formuléierung, déi elo drasteet, wat d'Participation à titre personnel u Gesellschaften ugeet, déi ass an der Kommissioun heftegst diskutéiert ginn: wat dat heescht, wat fir Type vu Gesellschaften do betraff sinn. Doropshi sinn d'Sociétés civiles immobilières ausgeschloss gi vun deene Gesellschaften, déi vun esou Deklaratioune betraff sinn.

A puncto Deklaratioun vu Beruffsinteresse bleift just eng vag Formuléierung: «tout autre intérêt financier» misst deklaréiert ginn, «qui pourrait influencer l'exercice des fonctions de députés.» Dat ass awer eng Formuléierung, déi riskéiert, inapplicabel ze bleiwen, well se esou vag ass an och well gläichzäiteg, dat muss een awer och soen, kloer an der Kommissioun gesot ginn ass, d'Beruffsgeheimnis géif do driwwerstoen.

Ech respektéierte ganz gären d'Beruffsgeheimnis vun engem Affekot, vun engem Dokter an esou weider, mat wat fir Clienten en et ze dinn huet. Mä wann et sech ëm Clienten handelt, déi eng eminent Roll am Wirtschaftsliewen zu Lëtzebuerg spillen, mengen ech, muss do eng Deklaratiounsflicht bestoen.

Ech mengen och, dass d'Steiergeheimnis net dierf do driwwerstoen. Kommt, mir ginn emol a Frankräich kucken: Am franséische Gesetz vun 2013 gëtt däitlech d'Steiergeheimnis opgehuewe vis-à-vis vun den Deputéierten. Ass dat hei de Fall?

Ech wëll och en aneren Artikel aus dem franséische Wahlgesetz zitéieren, an deem steet: «Le Bureau de l'Assemblée nationale examine si les activités professionnelles (…) mentionnées par les députés dans la déclaration d'intérêts et d'activités (…) sont compatibles avec le mandat parlementaire.» Dat heescht, et gëtt souguer d'Méiglechkeet hei theoretesch ënnert der Kontroll vum Conseil constitutionnel geschafen, fir engem ze soen: Du kanns däi Mandat, wann s du esou e Beruff ausübs, net méi ausüben als Deputéierten. Dat ass a Frankräich haut méiglech.

Ech wëll net soen, dass mer esou wäit solle kommen, mä ech hätt awer op d'mannst gär eng Deklaratioun vun Interessen, déi méi wäit geet.

Et ass iwwregens eng Bestëmmung, déi a Frankräich vum Conseil constitutionnel ofgeseent ginn ass. En huet gesot, si wier kompatibel mat der Verfassung. Ech sinn och der Meenung, dass se kompatibel mat eiser Verfassung wier, well och an eiser Verfassung steet kloer dran, dass d'Inkompatibilitéiten, déi an der Verfassung stinn, nach kënnen duerch Gesetz weider ausgedehnt ginn. Dat huet näischt mam Recht op Aarbecht ze dinn, vun deem heiansdo geschwat gëtt.

Mir kritiséiere weider Saachen un deem Code. Et sinn zum Beispill keng Verflichtunge virgesinn. Wann en Deputéierte seet: „Jo, ech si befaangen", da muss en dat zwar deklaréieren, dann deklaréiert en et, mä dat heescht awer net, dass en net um Vote kann deelhuelen.

Ech ka mech erënneren, den Här Henckes ass hei eng Kéier op d'Tribün komm an en huet gesot: „Ech sinn Affekot an enger Affär", an dat war den Dossier Cargolux, „Ech si befaangen, ech kann net um Vote deelhuelen." En ass eraus-gaangen.

Wat seet de Rapport vun der Kommissioun? «Cette non-participation à un ou à des votes n'est pas la conséquence souhaitée par les auteurs du code de conduite»…

M. le Président.- Ech wëll Iech just soen, Här Urbany, d'Zäit ass Iech fortgelaf.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech weess dat, Här President.

(Interruption)

M. le Président.- Dir misst zur Konklusioun kommen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech weess dat, Här President, ech hat dofir och gefrot eigentlech, e Modell 2 ze kréien…

M. le Président.- Jo, mä…

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- …an der Conférence des Présidents.

M. le Président.- D'Conférence des Présidents huet kloer tranchéiert, Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dat hei ass eng wichteg…

M. le Président.- An hei hält jiddweree sech un d'Riedezäit. Wann ech gelift,…

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech fannen, dass dat hei eng…

M. le Président.- …kommt elo zur Konklusioun.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- …wichteg Diskussioun ass. Ech vertrieden deen eenzege Géige…

M. le Président.- Jo, also elo, Här Urbany…

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Bis elo hunn ech just d'Pensée unique héieren.

M. le Président.- Hei ass eng kloer Décisioun geholl ginn, wann ech gelift, kommt zur Konklusioun, soss muss ech Iech d'Wuert ewechhuelen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Gutt. Jo, „Très bien !", seet d'DP, dat ass kloer! D'DP ass déi Partei, déi hei an der Kommissioun…

(Brouhaha général)

(Coups de cloche de la présidence)

…verhënnert huet,…

M. le Président.- Wann ech gelift! Wann ech gelift, Här Urbany,…

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- …dass dat an de Code kënnt, wat eigentlech misst drastoen!

M. le Président.- …notzt Är Riedezäit, fir zur Konklusioun ze kommen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Dat betrëfft och déi Saach mat den Tranches de revenus, déi mussen deklaréiert ginn, déi grad déi héich Revenuen, zum Beispill, favoriséiert. Et ass vum GRECO kritiséiert ginn. De GRECO huet och kritiséiert, dass d'mobilt an d'immobilt…

(Brouhaha général)

…dass dat mobilt an immobilt Verméigen…

M. le Président.- Här Urbany!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- …net misst deklaréiert ginn.

M. le Président.- Här Urbany, wa mer d'Verwarnung schonn hätten, géif ech se gebrauchen!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Gutt. Da kommen ech zum Schluss, Här President. Ech wëll Iech awer soen, ech hunn awer och eng Motioun, déi geet jo eigentlech och op meng Riedezäit.

M. le Président.- Dat ass net cumulabel.

(Interruption)

Dat ass net cumulabel, Dir kënnt déi herno jidderzäit nach presentéieren. Mä wann d'Chamber d'accord ass, géife mer Iech elo nach d'Geleeënheet ginn, fir d'Motioun ze presentéieren. Da braucht Der net eng Kéier erof- an nach eng Kéier erëm eropzekommen.

(Interruption)

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Gutt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- saluant la volonté du Gouvernement de se doter d'une législation sur les droits et devoirs de ses membres, comme cela fut retenu dans son programme gouvernemental: «Le Gouvernement présentera un projet de loi sur les droits et les devoirs des membres du Gouvernement.» (p. 7, voir sous «Renouveau démocratique - Institutions - Gouvernement»);

- considérant que l'une des missions fondamentales de la Chambre de Députés réside dans le contrôle du Gouvernement et qu'elle dispose notamment d'un droit d'accusation envers les membres du Gouvernement (chapitre V, article 82 de la Constitution);

- estimant qu'il en résulte que la Chambre des Députés doit être étroitement impliquée dans l'élaboration d'un code de conduite concernant les membres du Gouvernement qui aura force de loi et qui doit par conséquent parcourir la voie parlementaire prévue à cet effet;

invite le Gouvernement

- à déposer un projet de loi relatif fixant les droits et devoirs de ses membres dans les meilleurs délais.

(s.) Serge Urbany, Justin Turpel.

Déi Motioun, déi betrëfft de sougenannten „Kodex fir Ministeren", dee soll dës Woch virgestallt ginn. Am Regierungsprogramm -an dat steet an där Motioun do dran - steet ganz däitlech, dass dat soll e Projet de loi ginn, wat ech ganz normal fannen. D'Kontrollrechter vum Parlament vis-à-vis vun der Regierung bestinn. An ech mengen, dofir muss och d'Parlament dee Code, deen d'Regierung sech wëllt ginn - fir esou Saache wéi déi vu Wickreng/Léiweng ze verhënneren, am Laf vun där hei déi fréier Oppositioun, d'DP an déi gréng, Enquêtëkommissioune verlaangt hunn an esou weider -, da fannen ech, misst hei d'Prioritéit vum Parlament sinn, fir iwwert déi Saachen do ze diskutéieren, wat d'Regierung sech do selwer wëllt fir e Code de déontologie ginn. An net, dass mer deen an der Press mussen um Enn vun der Woch liesen!

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Oh mei, oh mei, oh mei!

M. le Président.- Voilà, da wiere mer um Enn, bal um Enn vun der Diskussioun ukomm. Den Här Rapporteur freet d'Wuert nach eng Kéier.

Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech wollt am Fong meng Riedezäit huele fir d'LSAP-Fraktioun, déi ech nach net entaméiert hunn an deem Ganzen. Et konnt ee vläicht net alles am Detail esou virstellen an där Véirelstonn, déi dem Rapporteur zur Verfügung stoung.

Ech wëll nach op eppes hiweisen, wat mer agebaut hunn, wat wéineg Parlamenter hunn a wat mer de notre propre initiative eigentlech nach agebaut hunn. Dat ass, eng Regel virzegesinn, wann d'Deputéiert intervenéiere fir Drëttpersounen. Dat gëtt diskutéiert an anere Parlamenter, mä am Fong déi wéinegst Parlamenter hu sech do eng Regel ginn, während mir bei de Principes directeurs festgehalen hunn, dass, wann esou Interventioune vun Deputéierte gemaach gi fir aner Persounen, dass dat nëmme ka sinn opgrond vun de Rechter, opgrond vum Mérite vun esou enger Persoun. Dat schéngt mer och wesentlech ze sinn an engem klenge Land, dass ee sech esou eng Verhalensregel gëtt.

Dat Zweet, wat ech wollt soen: Déi Interventioun vum Här Urbany huet den Androck ginn, wéi wa mer an deem Rapport do vum GRECO zerrappt gi wären. Dat ass net wouer. Dee Rapport vum GRECO huet fënnef Recommandatioune gemaach, a véier Recommandatiounen hu mer zréckbehalen.

Et ass just effektiv déi Fro vum Patrimoine, bei där mer eis net eens konnte setzen a mer schlussendlech zur Konklusioun komm sinn, dass mer déi Fro vum Patrimoine, aktiv a passiv, „fir de Moment" - steet souguer am Rapport dran - net géifen zréckbehalen. Mä an all deenen anere Froen, deene Recommandatiounen, déi gemaach gi sinn, hu mer Stellung bezunn a si mer op dee Wee gaangen, wéi de GRECO dat proposéiert huet.

An ech hunn och nach eng Kéier déi allgemeng Appréciatioun vum GRECO hei zitéiert. An déi ass positiv zu deem éischten Entworf vum Code de conduite, dee mer eis hei ginn an dee mer jo eigentlech nach op eenzelne Punkte komplettéiert a verdéift hunn, soudass ech Schwieregkeeten hu mat där Kritik do.

Eng Kritik, déi och nach geäussert ginn ass - den Här Urbany ass net méi dozou komm wahrscheinlech, déi hei ze äusseren, si ass awer an der Pressekonferenz vun deene Lénke geäussert ginn: Et ass jo gesot ginn, jo, dat heite wär Wischiwaschi, an am Gemengesecteur, do wär alles ganz gutt, et bräicht een nëmmen déi Regel vum Gemengesecteur ze huelen. Esou ass et emol eriwwerkomm an deenen Extraiten, déi ech de Privileg hat dann do ze héieren.

Mir kënne ganz gären duerch d'Gemengegesetz goen. A jiddwereen an der Gemengepolitik weess jo, bei wat fir enge Fäll dat doten applizéiert gëtt a wéi oft et an de Gemengen applizéiert gëtt. Wann hei gemengt gëtt, dass dat elo d'Léisung wär, da mengen ech, da leie mer awer total schif. An dann hunn ech awer léiwer déi Regelen, déi mer eis elo hei ginn, wéi déi Regele vum Gemengesecteur, deenen no zwar, dat ass wouer, d'Conseilleren an d'Membere vum Schäfferot net dierfen deelhuelen un eenzelnen Délibératiounen, mä et muss all Kéiers en Intérêt direct et personnel virleien.

A wéini spillt et? Et spillt, wa Leit agestallt gi bei der Gemeng, an et spillt, wa Marchéen ofgeschloss ginn, an et spillt à la rigueur, wann de PAG ofgeännert gëtt. Woubäi ech mer hei d'Fro dierf haart stellen: Wat geschitt, wann en neie PAG opgestallt gëtt? Huet dann net jiddwereen, deen en Terrain huet, en Intérêt direct et personnel? Et ass also bonne Chance, deemno wat fir eng Ausleeung mer vun den Texter maachen, wat schlussendlech dobäi erauskënnt. Soudass ech also géif mengen, dass hei och vill bon Sens spillt.

An nach eppes wëll ech hei soen, dat mat deene beschten Texter, a Frankräich ass e Beispill dofir! Firwat ass Frankräich esou wäit gaangen, wéi et gaangen ass, an ech weess net wéi vill Reformen, déi se duerchgezunn hunn an deene leschten 20 Joer? Well se vu Skandal a Skandal eragefall sinn! Well se ëmmer Leit haten, dat muss ee soen, déi déi néideg Énergie criminelle praktesch entwéckelt hunn, fir esou Saachen ze maachen, déi strofrechtlech och net an der Rei sinn!

An ech menge ganz einfach, dass ee sech do näischt soll virmaachen, och dobaussen de Leit soll een näischt virmaachen: Wann hei een Deputéierte wierklech déi Energie criminelle huet, fir ze fuddelen a Schmu ze maachen, da kënne mir hei déi bescht Regele festleeën, da schiebe mir deem am Endeffekt kee Rigel vir. Däers musse mer eis bewosst sinn! Wat mir regelen, ass ëmmer den Normalfall.

Wat een, mengen ech, sollt erreechen duerch deen heiten Text, ass, dass vill Saachen, déi mer vläicht als normal ugesinn, well et se gëtt, dass mer déi vläicht méi a Fro stellen a méi Virsiicht eigentlech hunn, wéi mer an eenzelne Situatiounen eis verhalen.

Ech hoffen, dass mer dat duerch deen heiten Text erreechen. A wa mer dat erreecht hunn, mengen ech, dass mer schonn en déckt Stéck weiderkomm sinn.

Plusieurs voix.- Très bien!

Motion 1

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Wat d'Motioun vun deene Lénken ugeet, wëll ech och kuerz Stellung bezéien. Dat betrëfft jo d'Aarbechten, déi d'Regierung ze maachen huet a wou jo och viru Kuerzem eng Pressekonferenz war; oder am Kader vum Pressebriefing vun der Regierung huet och de Justizminister do Indicatioune ginn iwwert deen neien Entworf, deen d'Regierung festgehalen huet, deen, souwäit ech weess, soll iwwer Règlement grand-ducal en vigueur gesat ginn.

Dat ass effektiv net konform zu deem, wat am Regierungsprogramm steet. An ech géif einfach proposéieren, dass mer deen heiten Text géifen an d'Institutiounskommissioun verweisen an dass mer an enger nächster Sitzung, dat kann ufanks September sinn, dass mer do den zoustännege Minister ruffen, fir dass en eis soll Explikatioune ginn, wat se virhunn, an natierlech och Explikatioune ginn, firwat se elo net wëllen, schéngt et, op dee Wee goe vun engem Gesetz, esou wéi et am Koalitiounsaccord feststoung.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Alex Bodry. Vläicht ugefaange mat der Propositioun: Ass dat eng Propositioun, déi d'Auteure vun der Motioun kéinten unhuelen?

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Also et bleift eng Tatsaach, dass dee ganze Code de déontologie, deen e Règlement grand-ducal soll sinn - kee Gesetz, wéi versprach -, Enn vun der Woch virgestallt gëtt. Ech huele gären och Explikatiounen entgéint dann an der Commission des Institutions am September doriwwer, dat ass jo dat Eenzegt och, wat eis iwwreg bleift, wann eis Motioun net ugeholl gëtt.

M. le Président.- Dat heescht, mir ginn zu engem, géifen zu…

(Brouhaha)

Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech deelen eigentlech fundamental d'Aschätzung, dass et der Chamber och net kann egal sinn, wat fir e Code de déontologie se sech an de Regierungsmembere gëtt. Dat ass schonn eng Affaire publique an déi muss och d'Chamber interesséieren.

Ech deelen do eigentlech d'Grondaschätzung vun där doter Fro. Dofir mengen ech, dass d'Regierung awer gutt berode wär - dee Message kritt se dann och hei iwwert déi heiten Debatt, si kann natierlech hir Texter virstellen, dat ass hiert gutt Recht -, d'Mise en vigueur eréischt ze maachen, nodeem en Échange de vues och an der Chamber stattfonnt huet, notamment dann iwwert d'Institutiounskommissioun.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- D'accord! Da si mer d'accord, dass se un d'Kommissioun verwise gëtt, a mir wäerten awer och an der Kommissioun drop drängen, dass dat d'Form vun engem Gesetz kritt, net vun engem Règlement grand-ducal, wou een iwwregens…

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Do muss jiddweree seng Positioun da festleeën, dat ass...

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- …nach ëmmer net weess, op wat fir ee Gesetz dee Règlement grand-ducal sech schlussendlech wäert beruffen. Dat wësse mer jo och iwwregens nach net. Dat ass och eng spannend Fro.

Une voix.- D'Accord.

M. le Président.- Merci. Dat ass kloer. Ech wollt déi Fro just stellen, ob mer ee Vote ze maachen hunn oder zwee. Da kënne mer eis deen ee Vote spueren, a mir géifen der Propositioun vum Rapporteur nokommen an déi Diskussioun an engem anere Kader féieren.

(La motion 1 est renvoyée à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)

An elo géife mer dann iwwer eisen Deontologiekodex a sengem Ensemble ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6691

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

De Code de déontologie ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An déi traditionell Fro brauch ech hei net ze stellen.

11. Discours de M. le Président

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif lech nach ëm zwou Minutten oder ëm e puer Minutte Gedold bieden. Mir sinn um Enn vun dëser Sëtzung, déi lescht vun dëser aussergewéinlecher Sessioun, an ech wollt lech bei där Geleeënheet, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eisem Personal alleguer, mengem Noper, dem Claude Frieseisen, dem Generalsekretär a sengen Adjointen, eise Leit, déi eis ëmmer bei eise Sëtzungen hei begleeden am schwaarze Kostüm, dem Personal an de Fraktiounen an an de politesche Sensibilitéiten an der Press Merci soe fir hir Aarbecht.

An deene leschte Méint ass vill geschafft ginn an ech mengen, datt no de Spannungen, déi dat lescht Joer gekennzeechent hunn, an der Tëschenzäit jiddweree seng Plaz fonnt huet.

D'Klima heibannen ass kolleegial, an och an de Kommissiounen, am Bureau, an der Conférence des Présidents schaffe mer konstruktiv zesummen. Dës extraordinär Sessioun ass eng Zort Iwwergangssessioun, an där mer keng Rekorder gebrach hunn. Mir haten 33 Sëtzungen, mir hu 74 Projets de loi verofschit. Mä Rekorder waren och net onbedéngt eist Zil.

Et ass vill an intensiv a gutt an de Kommissioune geschafft ginn an dat wäert am Hierscht nach e bësse méi intensiv ginn. D'Erausfuerderunge si grouss an et stinn eng ganz Rei vu wichtegen Diskussiounen um Programm.

An deene leschte Méint huet d'Parlament méi Demokratie gewot an nei Initiative lancéiert: Esou ass d'Petitiounsrecht via Internet e wichtege Schrëtt gewiescht. An de Succès ass méi grouss wéi erwaart, wann een dat esou däerf soen. Mir hunn also eis éischt Experienze gemaach an déi sinn duerchweegs positiv. Mä et ass nach net alles perfekt an dofir wäerte mer am Laf vun der Zäit de Bilan zéien an déi noutwendeg Adaptatioune maachen.

Ech wollt bei dëser Geleeënheet och d'Dignitéit, mat där esou e sensibelen Débat wéi deen iwwert de Mariage pour tous hei an der Chamber gefouert ginn ass, ervirsträichen an op d'Wichtegkeet vun deem rezenten Débat iwwert d'Reform vun der Fleegeversécherung hiweisen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn an deene leschte Joren duerch déi schlëmmste Kris zënter der Stolkris gaangen an och wann een an der Tëschenzäit erëm méi optimistesch däerf sinn, sinn och an Zukunft weider couragéiert Décisiounen ze huelen, fir d'Finanzen an d'Rei ze kréien an domat de sozialen Engagement ofzesécheren. Dat gëllt fir eisen Asaz hei, mä och an Europa.

12. Hommage à M. Luc Frieden

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn de Moien e Bréif kritt, deen dat offiziell mécht, wat mer zënter leschter Woch woussten. Haut ass déi lescht ëffentlech Sëtzung fir eise Kolleeg, de Luc Frieden, deen am Hierscht net méi als Deputéierten op der CSV-Bänk wäert sëtzen. Hien huet eng aner Missioun iwwerholl.

De Luc Frieden - an dat hat e mer eng Kéier gesot -, dee sech a jonke Joren als Student en Täschegeld als „Tageblatt"-Ausdréier verdéngt huet - dat net ganz ofgefierft huet, mä, ech mengen awer, e bëssen -, huet seng exemplaresch politesch Carrière 1994 an der Chamber ugefaangen, bal genee op den Dag vun haut, also virun 20 Joer. No véier Joer Deputéierten an net grad 16 Joer Member vun der Regierung, wou hie virun allem fir de Budget, den Trésor, d'Finanzen, d'Justiz, d'Défense - an ech vergiessen der sécher - zoustänneg war, sicht de Luc Frieden elo en neien Challenge.

Luc, Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an all deene Joren. Merci och fir deng Frëndschaft iwwer all Parteigrenzen eraus.

Mir wënschen Dir an där neier Etapp an dengem Liewen, zesumme mat denger Famill, vill Succès a Freed.

Maach et gutt, an ech sinn zudéifst iwwerzeegt, datt och wann s de zu London oder zu Frankfurt schaffs, däin Häerz wäert hei zu Lëtzebuerg sinn. Merci Luc!

(Applaudissements)

Ier ech dem Luc d'Wuert ginn, wollt ech um Enn nach gär de Kolleegen aus der Regierung an aus deenen aneren Institutiounen, déi am…

(Interruption)

Jo, mä dat ass dës Kéier e bësse méi normal, well d'Chamber sech ëm hir Affäre gekëmmert huet.

…aus deenen aneren Institutiounen, déi am legislative Prozess bedeelegt sinn, e grousse Merci soen, an ech hoffen op eng weider gutt Zesummenaarbecht.

